ADR-Walprogramm

fir d'Chamberwalen, den 8. Oktober 2023

adr

Inhaltsverzeechnes

Virwuert vum President 3

1. E qualitative Wuesstem 5
2. Sécherheet 14
3. D'Famill revaloriséieren 22
4. Schoul 32
5. Logement 39
6. Kultur a Patrimoine 56
7. Sozial Kohäsioun a Solidaritéit 74
8. De Pensiounssystem 81
9. Lëtzebuergesch: d'Sprooch fir Integratioun a sozial Kohäsioun 87
10. Méi Liewensqualitéit fir Mënsche mat Behënnerung 94
11. Eeler Matbierger – den 3. Alter 103
12. Fra a Mann 110
13. Mëndeg Bierger 114
14. Mobilitéit 123
15. Aarbecht 131
16. D'Gesondheetswiesen 147
17. Energie- a Klimapolitik 172
18. Ëmwelt-, Natur- an Déiereschutz 180
19. De ländleche Raum 197
20. Landwirtschaft 200
21. Prioritéit fir Lëtzebuerger Betriber 212
22. Den ëffentlechen Déngscht 228
23. Natioun an Identitéit erhalen 235

24. Demokratie an Institutiounen 244

25. Baussepolitik 249

26. Eng Verdeedegungspolitik, déi bei eist Land passt 261

27. Justiz 272

28. Steierpolitik a Staatsbudget 282

29. Fir eng staark Ekonomie 298

30. Digitaliséierung 303

31. Sport 309

32. Eis Jugend héieren an ënnerstëtzen 315

33. Staark an autonom Gemengen 317

34. E stabilt Konzept fir den Tourismus zu Lëtzebuerg 323

Virwuert vum President

Léif Lëtzebuerger,

den 8. Oktober huelt Dir eng wichteg Entscheedung fir d'Lëtzebuerger Land. Vun Ärer Stëmm hänkt et of, op wéi e Wee et an den nächste Jore fir Lëtzebuerg geet. Eppes ass kloer: D'ADR ass do, fir dem Land erëm d'Chance op eng besser Politik ze ginn!

No zéng Joer Gambia-Politik hu mir e Land, wou iwwert de Kapp vun de Leit ewech decidéiert gëtt, wéi et beispillsweis och bei der neier Verfassung de Fall war; wou d'Kriminalitéit ëmmer méi schlëmm Ausmoossen erreecht, awer vun der Politik alles schéigeschwat gëtt; wou an der Covid-Zäit Fräiheeten a Grondrechter a Fro gestallt goufen; wou d'Kafkraaft erofgeet a Verbueter an Aschränkungen d'Politik bestëmmen; wou eis Nationalsprooch verschwënnt, den Niveau an de Schoulen zeréckgeet an d'Roll vun der Famill ëmmer manner wäert ass; wou dausende Lëtzebuerger all Joer d'Land verloosse mussen a gläichzäiteg d'Politik op hiren Eng-Millioun-Awunner-Staat zousteiert.

Déi eenzeg Leit, déi eist Land erëm zum Gudden ännere kënnen, sidd Dir, d'Lëtzebuerger Bierger! An déi eenzeg Partei, déi eng aner a besser Politik aféiere kann a wëll, si mir, d'ADR. Eise Programm ass geprääagt vu folgende grousse Kärpunkten:

- Mat eis entscheeden d'Bierger un Hand vu Referende mat!
- Mat eis gëtt et d'Meenungsfräiheet, an Dir musst net fäerten, fir Är Meenung ze soen!
- Mat eis gëtt et Fräiheeten amplaz just Zwäng a Verbueter, och de Verbrennungsmotor gëtt 2035 net verbueden!
- Mat eis bleiwen d'Spritpräisser och an Zukunft däitlech ënnert deene vun eisen Nopeschlänner!
- Mat eis kritt eis Sprooch déi richteg an néideg Ënnerstëtzung, eis Geschicht gëtt héichgehalen an de Commemoratiounsdag gëtt en offizielle Feierdag.
- Mat eis gëtt d'Famill gestäerkt, well si ass d'Basis vun eiser Gesellschaft, an d'Elteren an hir Kanner kréien de Choix vun der Betreiung.
- Mat eis wäert d'Schoul erëm zeréck an déi richteg Bunn kommen, ouni Experimenter!

- Mat eis kritt Dir d'Transparenz bei der Kriminalitéit a mir wäerte fir Sécherheet suergen!
- Mat eis kënnen d'Lëtzebuerger zu Lëtzebuerg wunne bleiwen a ginn net méi an d'Ausland erausgedréckt!
- Mat eis kritt Dir eng verantwortungsbewosst Politik fir d'Zukunft, a mir féieren e gesonde Wuesstem an, deen net an den Eng-Millioun-Awunner-Staat steiert.

Dat ass eise Programm, fir dee mir astinn, mat Courage a Verantwortung, fir e Land mat Gebuergenheet, mat Fräiheet a mat Sécherheet; dat sech trei bleift, seng Sprooch héichhält, grad ewéi seng Souveränitéit an Toleranz! E Land, wou d'Lëtzebuerger gelauschtert ginn a mat decidéiere kënnen; wou si an hir Famillje kënne wunne bleiwen, an och gär wunnen, an dat a gudde Situatiounen.

Keen Eng-Millioun-Awunner-Staat, mee e Land mat engem gesonde Wuesstem fir eng gutt Zukunft fir eis an eis Kanner:

Alles dat maache mir, well mir Lëtzebuerg gär hunn.

Fred Keup,
President vun der ADR

1. E qualitative Wuesstem

Den onkontrolléierte gewaltege Wuesstem stellt d'Land viru grouss Problemer!

Déi lescht zéng Joer ass d'Zuel vun den Awunner am Schnëtt all Joer ëm 13.000 eropgaangen. Mir als klengt Land hunn e Wuesstem vun iwwer zwee Prozent d'Joer, wärend déi meescht aner europäesch Länner e Wuesstem vun däitlech manner wéi engem Prozent d'Joer hunn.

De Constat

D'Populatioun an eisem Land ass vun 365.000 Leit am Joer 1981 op 500.000 Leit am Joer 2010 gewuess. Dat sinn 135.000 Leit a knapp 30 Joer. A bis 2022 koumen an nëmmen 12 Joer nach emol 150.000 zousätzlech Awunner dozou. Dës Bevëlkerungsexplosioun ass d'Resultat vun engem politesch onkontrolléierte Wuesstem. D'Konsequenze kenne mir alleguer a kréie se all Dag ze spieren, an ëmmer méi schlëmm.

Mir gesinn a spieren et beim Logement, beim Stroosseverkéier, beim Schinneverkéier, beim Gesondheets- a Fleegeservice, bei de Schoulen a beim Enseignement, bei de Servicer vum ëffentlechen Déngscht, beim Handwierkservice, an och bei der Sécherheetsfro ginn d'Konsequenze vum onkontrolléierten a massive Wuesstem ëmmer méi däitlech.

D'Lëtzebuerger Bevëlkerung ass laut Statec d'lescht Joer (2022) ëm 15.412 Mënsche gewuess. All Joer 15.000 zousätzlech Awunner (Netto-Zouwuess) ze kréien, bedeit, datt all Joer 6.000 zousätzlech Wunnenge misste gebaut ginn. An dat nieft deem Retard, dee sech schonns iwwer Joren ugesammelt a vergréissert huet. Duerch d'Bevëlkerungsexplosioun kënnt d'Offer um Wunnengsmaart der Nofro net hannendrun. An dat ass de Grond fir déi schrecklech deier Wunnpräisser zu Lëtzebuerg. Esou hu sech d'Wunnpräisser hei bannent zéng Joer verduebelt.

Gläichzäiteg verloossen ëmmer méi Lëtzebuerger hiert Land, well si sech d'Wunnen hei net leeschte kënnen, a ginn domat zu Grenzgänger am eegene Land. Mëttlerweil hu mir wäit iwwer 50.000 Lëtzebuerger hannert der Grenz am noen Ausland wunnen. Wann et mam Wuesstem esou virugeet, da wäerten d'Wunnpräisser wéinst dem Konkurrenzdrock weider onbezuelbar bleiwen. D'Ongläichgewiicht tëscht Offer an Nofro gëtt ëmmer méi grouss, well

de Retard weider wiisst a mir deem massive Wuesstem net hannendrukommen an e laangfristeg net packe kënnen, op kengem Niveau an a kengem Secteur.

Parallel zu den zousätzlechen Awunner ass d'Unzuel vu motoriséierte Gefierer natierlech och geklommen. Dës Zuel ass vun 200.000 am Joer 1990 op aktuell iwwer 500.000 geklomm. Pro Joer ginn 10.000 zousätzlech Autoen am Land ugemellt. Dozou kommen dann nach d'Autoe vun de Frontalieren. Eng Zuel, déi och ëmmer weider an d'Luucht geet. Zu deene 15.000 neie Bierger kommen also nach all Joer 8.000 bis 9.000 zousätzlech Grenzgänger derbäi. Zesummen also iwwer 20.000 Leit weider am Land pro Joer, vun deene jidderee sech all Dag beweegt, fir op d'Aarbecht, an d'Schoul, de Sport, fir akafen ze goen oder op e Rendez-vous (z.B. beim Dokter, op der Bank asw.) ze fueren, fir op eng kulturell Aktivitéit oder mat Frënn a Famill zesummenzekommen a wat ee soss nach esou am Alldag mécht. Am Joer 1995 hate mir 50.000 Grenzgänger am Land, haut ziele mir der iwwer 220.000.

Weder de Stroossebau nach den ëffentlechen Transport kënnen deem Rechnung droen. D'Resultat si vill an dauernd Schantercher, Verkéierschaos an éiweg laang Stauen an en enorme Verloscht un Zäit- a Liewensqualitéit fir d'Awunner, ganz besonnesch fir déi, déi schaffe ginn. Och d'Verkéierssituatioun wäert sech mat engem Maximalwuesstem weider dramatesch verschlechteren.

Méi Leit am Land heescht méi Bauen, wouduerch d'Natur zerstéiert an d'Land weider zoubetonéiert gëtt. Vun 1990 bis 2015 ass zu Lëtzebuerg méi Terrain verbaut gi wéi an all deene Jore virdrun zesummen. Haut hu mir bal dräimol esou vill Terrain verbaut ewéi nach viru gutt 30 Joer. An trotzdeem hinke mir, am Verglach zum Wuesstem, nach wäit hannendrun.

Wa mir also weider esou wuessen, si mir bis 2050 en Eng-Millioun-Awunner-Staat. Da musse mir alles, wat haut besteet an ugebuede gëtt, quasi verduebelen. Allerdéngs si mir dann nach net an enger balancéierter Situatioun vun Offer an Nofro, well d'Problemer déi selwecht wäerte bleiwen a mir deem Tempo guer net kënnen nokommen.

Den extreme Wuesstem vun der Bevëlkerung ass déi gréisst Erausfuerderung vun eiser Natioun. E féiert zu all eise grousse Problemer, vun der katastrophaler Verkéierssituatioun zu den héije Wunnengspräisser, déi dozou féieren, datt Lëtzebuerger net méi an hirem Land wunne kënnen, vun Naturzerstéierung, Zoubetonéierung an Zerstéierung vun eisem

historesche Patrimoine zu enger ëmmer méi anonymer Gesellschaft ouni sozialen Zesummenhalt, Integratiounsproblemer, Réckgang vun eiser Sprooch, enormen Erausfuerderunge fir eis Schoul an zu chroneschem Manktem un Infrastrukture wéi Klinniken a Waasserversuergung zu chroneschem Manktem u Personal wéi Polizisten, Léierpersonal, Dokteren an anert Personal am Gesondheets- a Fleegesecteur, Handwierker, Beamten, zum Verloscht vun eiser Liewensqualitéit, asw. An trotz deem extreme Wuesstem liewe vill Leit un der Aarmutsgrenz a bei ville sinn d'Keessen eidel.

Vun deene geschwë 650.000 Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen an ugemellt sinn, huet haut schonn nëmmen nach d'Hallschent d'Lëtzebuerger Nationalitéit. Wa mir bis eng Millioun Awunner hunn, da wäerte mir nëmmen nach knapp en Drëttel vun der Bevëlkerung ausmaachen. D'ADR ass awer, grad ewéi ronn 80 Prozent vun de Wieler hei, net der Meenung, datt d'Lëtzebuerger sech mussen den auslänneschen Awunner upassen an eng aner Sprooch ewéi Lëtzebuergesch schwätzen, fir sech am Alldag (z.B. am Spidol) ze verstännegen oder auslänneschen Awunner – déi sech net integréieren a sech net mam Land, sengem Vollek, senger Geschicht, Kultur an Traditioun identifizéiere kënnen – d'Decisiounen an der Chamber ze iwwerloossen.

Dozou kënnt, datt och muss iwwert den dofir néidege Budget verfüügt ginn, fir déi staatlech Hëllefsleeschtungen, d'Kranken- an d'Pensiounskeess weider ze garantéieren. Méi Awunner erfuerderen och hei méi Depensen an domat och e méi grousse Budget. Et kann een net einfach soen: „Méi Leit bedeiten och méi Steierrecetten".

Wien net iwwer d'Wuesstemsproblematik diskutéiere wëll, argumentéiert, datt mir de Wuesstem bräichten, fir eis Pensiounen ze bezuelen. De Problem vum Erhale vun der sozialer Sécherheet, a ganz besonnesch dee vun der Ofsécherung vun de Pensiounen iwwert déi nächst Generatiounen eraus, gëtt awer net iwwert den onmoossege Wuesstem geléist. (Kuckt och d'Kapitel iwwert de Pensiounssystem.) Schliisslech brauche mir, fir eng Pensioun ze bezuelen, 2,5 Aktiver um Aarbechtsmaart. De Moment hu mir iwwer 600.000 Aktiver. Also hu mir a 40 Joer och ronn 600.000 Leit an der Pensioun, woufir mir dann 1,5 Milliounen Aktiver bräichten, fir déi Pensiounen ze bezuelen. An dat steigert sech ëmmer sou weider. Am beschte Fall gëtt d'Rentemauer domat nach e puer Joer no hanne gedréckt. Wat mir méi laang waarden, wat et méi schlëmm gëtt. D'Laascht, déi aus där Spiral resultéiert, ass iergendwann net méi ze meeschteren.

Dat wichtegst an dréngendst Thema ass also d'Wuesstemsproblematik. Si ass d'Ursaach vu bal alle grousse Problemer, déi mir am Land hunn. Mir mussen eis dësem Problem elo endlech stellen an eis aus där Wuesstemsfall befreien. Déi Leit, Politiker a Parteien, déi refuséieren, heiriwwer ze diskutéieren an ze handelen, beginn e Verbriechen un der Zukunft vun dësem schéine Land, senger Gesellschaft a ganz besonnesch de kommende Generatiounen.

D'ADR huet de Wëllen an de Courage fir dëst Thema unzepaken, doriwwer ze diskutéieren an natierlech och ze handelen. Mat Hëllef vun den néidegen Donnéeën an Analysë si mir bereet eng Strategie auszeschaffen, fir eise Sozialmodell vun eisem Wuesstemsmodell deelweis ze entkoppelen.

Raus aus der Wuesstemsfal

Vill Leit, virun allem och jonk Leit, déi sech wëllen eng Wunnecht uschafen an eng Zukunft opbauen, sti virun enorme finanziellen Erausfuerderungen. Déi Wéinegst kënne sech nach eppes kafen, weder en Haus nach eng Wunneng. Haut muss een dacks zu zwee schaffe goen, fir de Loyer vun engem Appartement ze bezuelen, an da wunnt een dacks nach wäit vun der Aarbechtsplaz ewech. De Stau op de Stroosse wiisst iwwer d'Grenzen eraus. Laang Weeër op d'Aarbecht an heem schueden der Liewensqualitéit a ginn op d'Käschte vum Familljeliewen. Virun e puer Joerzéngten hunn d'Leit gréisstendeels an Haiser mat Gaart gewunnt a konnte sech dat mat nëmmen enger Pai leeschten. Dat war nach eng héich Wunnqualitéit. D'Zesummeliewe war och e ganz anert. D'Liewensqualitéit war vill besser an et gouf manner Stress an Hektik. Et ass manner zoubetonéiert ginn an d'Natur gouf manner gestéiert a war méi intakt, esouwuel an den Uertschaften ewéi ausserhalb.

Haut héiert ee just nach „méi bauen, vill bauen, verdichten a méi héich bauen". Déi sougenannte Léisungsvirschléi, déi d'Regierung an aner Parteien hei proposéieren, ginn op d'Käschte vun der Liewens- a Wunnqualitéit. De staarke Wuesstem widdersprécht der Liewensqualitéit an der Wunnqualitéit. An d'Baulücken, wäertvoll innerurban Biotoper, dem Wuesstem ze afferen, widdersprécht och dem Naturschutz.

Liewensstandard an -qualitéit si wichteg Aspekter fir d'Wuel vun der Gesellschaft. Wa mir kucken, wat mir haut scho vu Problemer hunn a wou mir iwwerall am Retard sinn – deen

ëmmer méi grouss gëtt, a vun engem gewësse Punkt un och net méi kann ageholl ginn –, wéi soll dat dann am Joer 2050 mat engem Eng-Millioun-Awunner-Staat eréischt ausgesinn? All dat wäerte besonnesch eis Kanner a Kandskanner ze spiere kréien. A wa mir eis net aus där Wuesstemsfal befreien, da leeft dee System mat all senge Problemer a Konsequenzen ëmmer esou viru bis zum vollstännege Kollaps.

A mir als ADR soen, dat kann net d'Zil sinn. Den Eng-Millioun-Awunner-Staat wëlle mir net a mir sinn dovun iwwerzeegt, datt déi meescht Awunner vum Land dat och net wëllen. Wéi komme mir also ewech vun engem massiven, onkontrolléierten, rapide Wuesstem zu engem gesonden a verantwortungsvolle Wuesstem, dee moderat ass, mënschen- an naturfrëndlech?

Mir als ADR wëllen e verantwortungsvolle Wuesstem, deen an éischter Linn deene Leit zegutt kënnt, déi haut zu Lëtzebuerg wunnen oder schaffen, an deenen, déi muer hei op d'Welt kommen. Mir brauchen e moderaten a kontrolléierte Wuesstem mam Mënsch am Mëttelpunkt; fir eng nohalteg Liewensmëttelproduktioun; fir e verstännegen Naturschutz, fir eng diversifizéiert Ekonomie, an där jiddereen eng Aarbecht fënnt a mat senger Pai zu Lëtzebuerg anstänneg wunnen a liewe kann, fir e soziale System; e Wuesstem, dee fair ass a kee vergësst a wou d'Pensiounen e schéine Liewensowend erlaben.

De Staatsbudget ass net am Equiliber, an d'Staatsschold wiisst an absolutten Zuelen. Ëmmer méi PIB wëllen/mussen ze schafen, fir datt d'Staatsschold prozentual stabil bleift, ass einfach onsënneg an onverantwortlech. De forcéierten ekonomesche Wuesstem kascht méi wéi en erabréngt.

D'ADR wäert där Situatioun Rechnung droen an de Staatsbudget nees an en Equiliber bréngen. D'Depensë gi mat kloere Prioritéiten a Krittäre vu Sënn an Notzen iwwerschafft, d'Scholde gi progressiv beglach an et gi keng nei Scholde gemaach, déi eis kommend Generatioune belaaschten oder duerch ëmmer méi Wuesstem mussen opgefaange ginn. (Kuckt och d'Kapitel iwwer d'Staatsfinanzen.) Mir si bereet an den ënnerschiddleche Beräicher ze ënnerhuelen, wat néideg ass, fir d'Land nees zu deem ze maachen, wat et emol war: e schéint a friddlecht Land, mat enger gudder Liewens- a Wunnqualitéit an enger Gesellschaft, déi zesummenhält a bei där sech keng Parallelgesellschafte bilden.

D'ADR ass sech bewosst, datt méi e klengen ekonomesche Wuesstem méi Solidaritéit fuerdert, fir dëse soziale System weider op engem héijen Niveau ze halen. Allerdéngs muss

den ekonomesche Wuesstem net gläichzäiteg och weideren demografesche Wuesstem bedeiten. Den ekonomesche Wuesstem soll zum engen net forcéiert ginn an zum anere musse mir den ekonomesche Wuesstem vun deem demografesche lasskoppelen.

Aus wirtschaftspolitescher Siicht mécht et wéineg Sënn ëmmer nees d'Usidele vu Betriber ze förderen, déi vill Plaz brauchen, personalintensiv an ëmweltbelaaschtend sinn, déi keng spezifesch strategesch Perspektive bidden an och soss keng nennenswäert Plus-valuë bréngen. Mir mussen ophalen, Investitioune finanziell a steierlech ze förderen, déi wirtschaftlech onsënneg sinn. Dat betrëfft esou Investitiounen, bei deenen op d'mannst 98 Prozent vun den Aarbechtsplaze vu Leit, déi mir net am Land hunn, besat ginn an iwwer 95 Prozent vu Frontalieren, déi net vill méi wéi de Mindestloun verdéngen an domat och bal keng Steiere bezuelen. Dëst féiert just zu méi Persounen am dagdeegleche Stroossen- a Schinneverkéier, ouni datt de Staat e wirtschaftlechen a sozialen Notzen doraus zitt.

Fir datt d'Gesondheetswiesen, d'Transportwiesen, d'Bildungswiesen, den Aarbechts- an de Wunnengsmaart, an nach weider wichteg Beräicher kënnen adequat opgestallt an ugepasst ginn, ass et wichteg, den demographesche Modell realistesch ze erstellen. Bis elo goufen d'Projektiounen ze niddereg ugeluecht mat der Konsequenz, datt eis Strukturen iwwerlaascht sinn, well si net der reeller Nofro entspriechen. Ob de Grond dofir e politeschen Onwëllen oder Inkapazitéit ass, sief emol dohigestallt. Mat der ADR wäert dat op alle Fall net méi virkommen. Mir wäerten dann och déi néideg ëffentlech Investissementer prioriséieren, fir Infrastrukturen am Verkéier, an der Educatioun an am Gesondheets- a Sozialwiesen un déi jeeweileg Besoinen unzepassen.

D'ADR steet fir eng Wunnengspolitik, déi d'Funktioune vu Wunnen, Schaffen, Akafen a Fräizäit nees méi no beienee bréngt a wou prioritär an Zonen aus den aktuelle PAGen an op de Frichë gebaut gëtt. Iwwert de Wee vum „portage foncier" wëlle mir Terrainen, déi an ëffentlecher Hand leien, erschléissen; den Accès op eng eege Wunneng erliichteren.

Mir wëllen e Lëtzebuerg, an deem déi Leit wëllkomm sinn, déi bereet sinn, sech ze integréieren an dem Land an der Gesellschaft eppes zeréckzeginn. Mir sinn der fester Iwwerzeegung, datt déi Integratioun nëmme kann iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch geschéien. Mir stinn hannert der Lëtzebuerger Schoul mat enger natierlecher Integratioun, déi d'Zesummeliewen an e Matenee förderd, an net fir eng ëffentlech „international" Schoul, an där d'Kanner no hirer Mammesprooch opgedeelt a getrennt ginn.

D'ADR setzt sech fir d'Familljen a fir d'Kanner an, well eenzeg an eleng Kanner, déi an engem gesonden Ëmfeld grouss gi sinn, op all Plang de Garant vun enger nohalteger Zukunft duerstellen.

Mir sti fir e Lëtzebuerg mat enger héijer Liewensqualitéit, enger staarker sozialer Kohäsioun, enger ëffentlecher Sozialversécherung mat héijem Niveau, wou eis Sprooch an eis Kultur respektéiert ginn an all dës Errongeschaften un déi nächst Generatioune verierft kënne ginn.

Wéi wëlle mir de Wuesstem begrenzen?

- De politesche Wëllen

Fir de Wuesstem ze begrenzen, muss fir d'éischt emol d'Bereetschaft an de politesche Wëllen do sinn, fir iwwert dëse Sujet ze diskutéieren. D'ADR ass bis elo déi eenzeg Partei, déi sech dozou bereet weist an de Problem wierklech upake wëll.

Fir fräi ze sinn, musse mir eis sozial Systemer lassléise vun deem extreme Wuesstem, dat heescht mir mussen aus der Wuesstemsfal eraus an eng Onofhängegkeet vum extreme Wuesstem erreechen. Dat musse mir maachen, well soss gëtt d'Situatioun ëmmer schlëmmer a mir brauchen nom Eng-Millioun-Awunner-Staat en Zwou-Milliounen-Awunner-Staat. All Joer, dat mir waarden, gëtt d'Situatioun fir eis a fir déi zukünfteg Generatiounen nach méi schlëmm.

- Transparenz a keen Tabu

Et muss oppen an transparent iwwert all d'Konsequenze vum Wuesstem diskutéiert ginn, doriwwer, wat en eis bis elo kascht huet a wat en eis bruecht huet. Dobäi däerf och kee Sujet a keng Konsequenz tabuiséiert ginn. Mir brauchen hei e kompletten Dossier, deen dem Vollek kloer an däitlech weist, wéi d'Situatioun ausgesäit a wéi si sech weiderentwéckelt, wa mir eis net aus der Wuesstemsfal léisen. Dobäi mussen dann och all déi concernéiert Leit mat driwwer diskutéiere kënnen.

- Referendum

Fir d'Bevëlkerung mat anzebannen a si selwer iwwert d'Zukunft vun hirem Land ofstëmmen ze loossen, wäerte mir e Referendum organiséieren. Änlech zu deem Referendum an der Schwäiz vun 2014 sollen d'Bierger entscheeden, ob si weider an den Eng-Millioun-Awunner-

Staa wëllen oder ob si fir e qualitative Wuesstem sinn, deen d'Bevëlkerung och laangfristeg ënnert der Millioun hält. Dëse Referendum géif och dozou féieren, datt d'Politik an d'Ëffentlechkeet sech an enger breeder Debatt mat dësem wichtege Sujet auserneesetze kënnen.

Sollt d'Vollek sech an der Majoritéit fir de qualitative Wuesstem ausschwätzen, da wäerte mir am Optrag vun de Bierger och de Vollekswëllen ëmsetzen. Eng Rei vu Propositioune kéinten dobäi als Léisungsméiglechkeet a Fro kommen:

- Am Hibléck op eis spezifesch Problemer mat der Bevëlkerungsexplosioun hei am Land kéinte mir progressiv vun engem Regime vun der kompletter Nidderloossungsfräiheet iwwergoen zu enger méi selektiver Immigratioun, z.B. op Basis vun engem Punktesystem, wéi et a villen anere Länner gemaach gëtt.
- Fir d'ADR heescht e verantwortungsvolle Wuesstem, datt fir all nei gréisser Entreprise, déi sech zu Lëtzebuerg wëll nidderloossen, eng Impaktstudie iwwer d'Virdeeler an d'Nodeeler opgestallt gëtt. Dobäi ginn all déi verschidden Aspekter iwwerpréift ewéi den Terrainbedarf, den Energieverbrauch, wat un Infrastruktur néideg ass, d'Auswierkung op de Verkéier, wéi vill a wat fir Aarbechtsplazen doduerch geschaf ginn, respektiv wat fir e Personal mat wat fir Qualifikatiounen do gebraucht gëtt, wat si dem Staat u Recettë bréngen, asw. Ugeholl ginn dann déi Betriber, deenen hire globale Bilan positiv fir d'Land ass.
- Aarbechtsplaze begrenzen, dei manner produktiv sinn. Verschidde Beräicher solle manner attraktiv gemaach ginn, well de Méiwäert fir eist Land kleng ass: Beräicher, déi manner produktiv sinn, wou haaptsächlech Leit fir Mindestléin agestallt ginn, déi aus dem Ausland entweder als Immigrant oder Frontalier musse kommen, déi also fir eis Sozialsystemer en Negativgeschäft duerstellen (bezuele manner wéi si erauskréien) a wou d'Betriber net vill Steiergelder erabréngen.
- D'Digitalisatioun muss massiv virugedriwwen an d'Produktivitéit verbessert ginn.
- Nische musse bäibehalen a Beräicher gefërdert ginn, déi wéineg Aarbechtskraaft brauchen a produktiv (Banken) sinn respektiv finanziell vill bréngen: Tanktourismus, niddereg Taxe d'abonnement, asw.

Bis elo huet nach keng aner Partei de Problem erkannt, verstan oder och nëmmen thematiséiert. Si stiechen de Kapp an de Buedem a liewen op Käschte vun der Zukunft.

Jiddereen, deen net wéi mir fir qualitative Wuesstem ass, deen ass fir nach méi Stau, nach méi Lëtzebuerger, déi an d'Ausland musse wunne goen, nach méi Verloscht vun der Liewensqualitéit, asw. D'ADR ass iwwerzeegt, datt an engem Referendum, genau esou wéi beim Auslännerwalrecht, eng grouss Majoritéit wäert fir e qualitative Wuesstem stëmmen.

D'Leit sollen d'Kontroll zeréckkréien iwwert dat Lëtzebuerg, dat si wëllen hunn. Mir stëmmen driwwer of, wéi d'Zukunft vun eisem Land soll sinn.

2. Sécherheet

Lëtzebuerg huet an deenen leschte Joren eng dramatesch Entwécklung bei der Kriminalitéit ze bekloen. Op ville Plazen am Land huet sech d'Situatioun esou degradéiert, datt vill Leit sech net méi dohintrauen. Och méi kleng Uertschaften si well scho vun där Plo betraff.

Zu Lëtzebuerg ginn et am europäesche Verglach vill méi Iwwerfäll wéi am europäeschen Ausland. Bei enger Statistik vun Eurostat ass Lëtzebuerg, wat d'Iwwerfäll ugeet, op der fënnefter Plaz ënner 27 Länner, d'Situatioun bei eis am Land ass däitlech méi schlëmm wéi z.B. a Frankräich oder an Däitschland. Dës Statistike ginn d'Unzuel vun Iwwerfäll op 100.000 Awunner zeréck. Och bei den Abréch ass Lëtzebuerg ënnert den Top Five an der EU. Dës Statistike widderleeë kloer den Narrativ vun engem „Onsécherheetsgefill" a weisen op de Fakt hin, datt Lëtzebuerg mëttlerweil eent vun de geféierlechste Länner an der EU ass.

Fir Lëtzebuerg nei Forme vu Kriminalitéit, ewéi zum Beispill Jugendbanden, hu staark zougeholl. Déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit an d'Abréch huelen zou. Vun offizieller Säit kréie Frae gerode keng Bijouen unzedoen, wa si an d'Stad ginn, oder och owes net eleng virun d'Dier ze goen. D'Leit kréie geroden, Alarmanlagen ze installéieren. Ëmmer méi dacks gi Leit iwwerfall, reegelméisseg mat Messeren. Déi kriminell Gewalt gëtt ëmmer méi brutal. Eist Land ass an eng richteg Kriminalitéitskris geroden.

Alles dëst ass fir d'ADR absolut inakzeptabel. Déi bannenzeg Sécherheet an de Kampf géint d'Kriminalitéit sinn dowéinst fir eis eng absolut Prioritéit.

Mir wëllen, datt allzäit jiddereen hei am Land sech ka fräi a sécher iwwerall beweegen, wou, wouhin a wéi hie wëll. Mir wëllen de Leit d'Angscht huelen an hinnen hir Liewensqualitéit zeréckginn. Mir wëllen déi international Reputatioun vun eisem Land als eng kleng, awer sécher Plaz retabléieren.

Mat der ADR gëtt et eng komplett Éierlechkeet an Transparenz an der Kommunikatioun am Beräich vun der bannenzeger Sécherheet. Mir erhiewe komplett Statistiken a suerge fir eng ëmfaassend soziologesch Beschreiwung an Analys vun de Problemer, fir datt mir kënnen effikass Léisunge fannen an duerchsetzen. Mir wëlle selbstverständlech och all Méiglechkeeten ausnotze fir preventiv ze schaffen. D'ADR begréisst dowéinst ausdrécklech, datt d'Police selwer immens vill Preventiounsaarbecht leeescht.

Mir liewen an enger Gesellschaft, déi sech permanent ännert. D'Police muss sech kënnen esou weiderentwéckelen, datt si an all Situatioun hir Missioun kann effikass erfëllen. D'ADR ënnerstëtzt d'Police a betount, datt den Ausbau vun der Police parallel och muss vun engem Ausbau vun de Justizautoritéite begleet sinn. Fir hir Missioun kënnen ze erfëllen, brauch d'Police ënner anerem genuch a gutt Leit, dat modernsten a beschte Material an all néideg legal Kompetenzen. Déi ëffentlech Sécherheet bedéngt e gutt Zesummespill vun der Police an der Justiz.

Fir d'ADR huet d'Police eng prezis Missioun, an dat ass déi, fir déi bannenzeg Sécherheet ze garantéieren. Fir datt si sech kann op déi Aufgab konzentréieren, sollte Missiounen, déi och vun anere Verwaltunge kéinten ausgeféiert ginn, an deem Sënn nei organiséiert ginn.

D'ADR wëll keng kommunal Police aféieren, ka sech awer virstellen, fir d'Befugnesser vun den „agents communaux" (Pecherten) a vun de Bannhidder ëmmer deenen neisten Noutwendegkeeten unzepassen.

Eng weider Méiglechkeet fir d'Police ze entlaaschten ass déi fir Faiten net ze penaliséieren, déi och op eng aner a méi einfach Manéier kënne gereegelt ginn. E gutt Beispill heifir ass d'Prostitutioun. D'Repressioun an d'Kriminaliséierung vun där Aktivitéit oder, alternativ, vun de Clienten, schaaft nëmmen nei Problemer. Dowéinst huet d'ADR eng „proposition de loi" gemaach, déi déi fräiwëlleg Prostitutioun vun Erwuessene soll, änlech eréi an Däitschland, zu enger berufflecher Aktivitéit mat hiren eegene Rechter a Flichte maachen.

D'Police kann och nach op aner Manéieren entlaascht ginn. D'Police muss z.B. net ëmmer den éischten Intervenant bei Streidereien doheem sinn. Dat kéint a ganz ville Fäll och en „Samu social" iwwerhuelen. D'Police soll do intervenéieren, wou dat wierklech néideg ass.

D'Police kéint och de Gefaangenentransport un d'Giischtercher ofginn. Hei besteet en Intressi esouwuel op der Säit vun der Police wéi och bei de Giischtercher.

Well d'ADR d'Meenungsfräiheet nees wëll respektéieren, gëtt och d'Police méi entlaascht. Déi libertizid Gesetzer iwwer dee sougenannten Hate speech wëlle mir op de Leescht huelen. Diffamatioun, Mobbing, Opruff zur Gewalt an esou weider gehéiere selbstverständlech verbueden a verfollegt. Awer Gedankeverbriechen *à la George Orwell* wëlle mir an eiser Gesellschaft keng, an dowéinst brauchen d'Police an d'Justiz déi och net

ze verfollegen. Mir stinn als ADR fir Demokratie a Meenungsfräiheet, an dat entlaascht och d'Police an d'Justiz.

D'ADR wëll och eng ganz aner Politik am Beräich vun der Migratioun. Fir d'ADR geet et net, datt mir mat vill Opwand Leit op Bréissel féieren, fir datt si do an hire Konsulater sollen identifizéiert ginn, amplaz datt d'Konsulater heihi kommen, fir mat eis ze cooperéieren. Rapatriementer vu Leit, déi illegal am Land sinn, kéinten anescht organiséiert ginn, mat manner Opwand a gär och mat vill méi Zesummenaarbecht mam Ausland.

Der Police feelt et un Effektiver, u Material an u Kompetenzen. De Rekrutement muss kontinuéierlech an héichwäerteg sinn. D'Quantitéit däerf net op Käschte vun der Qualitéit goen. De Rekrutement muss dem Wuesstem Rechnung droen.

Fir d'ADR mussen awer all souverän Funktioune beim Staat och ëmmer vu Lëtzebuerger besat sinn, déi och Lëtzebuergesch an déi aner zwou administrativ Sprooche vum Land op héijem Niveau beherrschen. D'Lëtzebuerger Police bitt interesséierte Leit eng extrem interessant berufflech Carrière. Auslänner, déi un enger Aarbecht an der Lëtzebuerger Police interesséiert sinn, kënnen eiser Meenung no déi néideg Efforte maachen, fir eis Nationalitéit unzehuelen a fir eis Sprooch ze léieren, ier si an d'Police ginn.

D'Kärausso vun der ADR am Beräich vun der bannenzeger Sécherheet ass dës:

D'ADR toleréiert keng Kriminalitéit a geet decidéiert géint si vir. Mir stinn op der Säit vun deenen éierleche Bierger an op der Säit vun de Kriminalitéitsaffer, hirer Famill an hire Frënn. Mir wëllen hinnen hëllefen, si schützen a fir hir Rechter antrieden.

D'ADR wëll d'Justiz an d'Police massiv stäerken, fir de Phänomen vun der Gewalt ze stoppen.

- Mir féiere Schnellgeriichter (d'„comparution immédiate") an, ewéi och nei Forme vu Strofen, inklusiv den temporären Entzuch vum Führerschäin, d'Sträiche vum Kannergeld, an anerer. Krimineller musse méiglechst séier kënne viru Geriicht kommen. Dat gëtt esou reglementéiert, datt d'Rechter vun der Defense respektéiert bleiwen.
- Mir schafe méi Detentiounsméiglechkeete fir mannerjäreg Jongen a Meedercher. Et kann net sinn, datt geféierlech Jonker net kënnen agespaart ginn, well keng Plaz do ass.
- Jonker, déi wéinst Gewaltakten aus enger Schoul entlooss ginn, mussen net méi hei am Land an enger anerer Schoul scholariséiert ginn.

De Jugendschutz an eise Gesetzer gëtt esou opgebaut, datt en eng Verfolgung vu kriminelle Jonken net behënnert. Et ginn nei edukativ Moossnamen agefouert. D'Jugendschutzgesetzer sinn net do, fir jonk Krimineller virun der Police, der Justiz oder virun hirer eegener Verantwortung ze schützen.

Auslänner, déi hei am Land kriminell ginn, mussen eist Land verloossen. D'„interdiction du territoire" gëtt strofrechtlech méi streng begleet. Den illegalen Openthalt hei am Land an d'Bäihëllef zu engem illegalen Openthalt ginn Delikter. Bei schwéiere Verbrieche sollen agebiergert Lëtzebuerger mat duebeler Nationalitéit nees kënnen ausgebiergert ginn.

Mir verbesseren d'Sécherheet vun eise Grenzen, esouwuel op den EU-Baussegrenzen ewéi och op eisen nationale Grenzen.

Fir géint de Mënschenhandel kënne besser virzegoen, ginn déi Gesetzer iwwer déi organiséiert Heescherei iwwerschafft. Si gëtt verbueden an d'Gesetzer ginn esou ugepasst, datt Verfolgung séier, einfach an effikass gëtt.

D'ADR reegelt d'Roll vu private Sécherheetsfirmen am Beräich vun der ëffentlecher Sécherheet.

D'ADR bessert eng ganz Rei vu Gesetzer no, fir der Police an der Justiz méi operativ Méiglechkeeten a méi Rechtssécherheet ze ginn, dorënner dës:

- Kameraen am ëffentleche Raum;
- administrativ Police, en effikasse Platzverweis;
- Bodycams;
- méi eng einfach grenziwwerschreidend polizeilech Zesummenaarbecht;
- Asaz vun den Helikopteren;
- méi Rechter fir de Polizist, fir sech am Noutfall ze wieren;
- Benotzung vun de Fichieren an der Police an an der Justiz. Den Dateschutz ass fir d'ADR ganz wichteg, awer kee Fetisch. Déi Daten, déi d'Police an d'Justiz fir hir Aarbecht brauchen, mussen hinnen direkt an onkomplizéiert zur Verfügung stoen. Den Zougrëff op déi Dateie soll och esou laang méiglech sinn, ewéi déi betreffend Informatioune kënne polizeilech relevant sinn. Datt et dobäi Kontrolle géint e méigleche Mëssbrauch muss ginn, gëtt vu kengem a Fro gestallt.

D'ADR wëll och, datt d'Police all technesch a wëssenschaftlech Methode benotzen däerf, fir d'Identitéit an den Alter vun enger Persoun festzestellen.

D'ADR wëll d'Polizisten och am Beräich vun der Assistance judiciaire besser schützen.

Den „code de déontologie" gëtt nei iwwerschafft, fir e manner politesch ze maachen a méi no un d'Realitéiten erunzeféieren.

Am Sënn vun der Gewaltentrennung gëtt d'IGP nees vun engem Offizéier geféiert an net vun engem Magistrat.

Mir wëllen och, datt d'Police méi Eegeninitiativ kann huelen, wa si Kenntnes vun illegalen Aktivitéite kritt, z.B. och am Internet. D'Police muss och d'Aktivitéiten am Darknet verfollegen an dofir déi néideg Mëttelen hunn.

Den eenzele Polizist soll och méi individuellen Ermiessungsspillraum kréien. Net all Bagatell muss direkt verfollegt ginn.

D'Ausbildung ass bei engem esou wichtege Beruff ewéi dee vum Polizist e ganz wichtegen Aspekt. Mir verbesseren d'Ausbildung vun de Polizisten a mir féieren nees eng taktesch Grondausbildung an.

D'ADR gëtt och all Bierger méi Rechter a Méiglechkeeten, fir sech selwer ze verdeedegen. Dozou gehéiert och eng Revisioun vum Waffegesetz am Sënn vun enger méi grousser Liberaliséierung. Pefferspray soll, wéi an Däitschland, e legaalt Verdeedegungsmëttel ginn.

D'ADR wëll de Polizisten e méiglechst agreabelt Aarbechtsëmfeld bidden:

- D'Karriärsproblemer (B1/C1) ginn definitiv gereegelt. D'ADR hat an deem Kontext schonn e Gesetzesvirschlag gemaach.
- D'Police kritt eng Crèche (24/7).
- D'Police kritt e medezineschen an e psychologeschen Déngscht, respektiv déi Strukturen, déi et scho gëtt, ginn ausgebaut.
- De Primmesystème gëtt op eng gerecht Manéier reforméiert. Ee Krittär dobäi ass, datt Leit, déi dee selwechte Risiko droen, och déi selwecht Primmen dofir solle kréien.
- Déi gewerkschaftlech Rechter vun de Beamte ginn a vollem Ëmfank respektéiert. D'ADR hat an deem Sënn och schonn eng Motioun an der Chamber presentéiert.

- D'Zuel vun den Iwwerstonne gëtt progressiv reduzéiert.
- D'Beamte kréien all déi digital an aner Moyenen, déi si fir hiren Déngscht brauchen.
- D'Police gëtt gesellschaftlech méi gewierdegt, z. B. och iwwer e richtege Policemusée.

Mat der Zäit mussen eng Rei Servicer bei der Police ausgebaut ginn: d'Police judiciaire an d'Police scientifique souwisou, mee och d'Verkéierspolice an d'Police am ëffentlechen Transport. D'Police brauch Spezialisten a ville Beräicher, z.B. am Beräich vun der Lutte géint d'Finanzkriminalitéit, dat organiséiert Verbriechen oder den Terrorismus. Wichteg ass, datt d'Police och spezialiséiert Unitéite kritt, fir op eng Rei vun neien Erausfuerderunge kënne séier a professionell ze reagéieren.

Fir d'ADR läit d'Prioritéit vun der Police bei hire Missiounen heiheem. Auslandsmissioune kënnen zum aktuellen Zäitpunkt, esouwäit sënnvoll an esouwäit Personal zur Verfügung steet, och gemaach ginn, sinn awer net prioritär. D'ADR wëll awer mëttelfristeg eng constituéiert Unitéit vu Militärpolice, zesumme mat der Arméi, aféieren. Esou eng Unitéit kéint esouwuel beim Deploiement vun der Arméi wéi och bei verschiddenen Enquêten am Ausland nëtzlech sinn (Kapitel Verdeedegung).

Leit, déi e fräiwëllegen nationalen Déngscht wëlle leeschten, mussen deen och kënne bei der Police maachen.

Douane

Nieft der Police huet d'Douane eng wichteg Roll, fir d'Anhale vu Gesetzer ze iwwerwaachen, dëst ënnert anerem bei der Wirtschaftskriminalitéit, dem Stroossentransport an dem Aarbechtsrecht. D'Douane ass eng ganz wichteg Verwaltung, vun där een den Androck kritt, datt si aktuell dorënner leit, datt de politesche Wëlle feelt fir hir méi Handlungsméiglechkeeten ze ginn. Virun allem an de Missiounen, wou si mat der Police zesummeschafft, feelt et der Douane u Kompetenzen. Dat ass ëmsou méi schued, well d'Douane e ganz wichtegt Element am Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit ka sinn. D'ADR wäert der Douane nees méi Kompetenzen a Saachen Auslännerrecht ginn.

De Schengen-System soll bäibehale ginn, allerdéngs verlaangt d'ADR awer Nobesserungen. D'Souveränitéit vun de Staate muss besser respektéiert ginn, déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit muss kënne méi liicht an effikass bekämpft ginn, a Persounen, déi sech

baussent de legalen Dispositioune beweegen, mussen och kënnen un EU-Bannegrenzen ofgewise ginn. D'ADR ass och prinzipiell fir d'Bäibehale vun de Prinzippie vum Dubliner System am Beräich vum Asylrecht. Awer och dee muss deelweis iwwerschafft ginn. D'ADR bekennt sech prinzipiell zu oppene Grenzen an der EU an zur Reesfräiheet. Fir de Mëssbrauch vun dësen ze ënnerbannen, wëlle mir, datt punktuell oder limitéiert a cibléiert Grenzkontrollen zu all Abléck kënne souverän decidéiert ginn, ouni datt e Staat aner Staaten doriwwer muss informéieren, esoulaang keng vital Intressie vun anere Staaten duerch esou eesäiteg Moossname beréiert ginn.

Mir sinn der Meenung, datt et genuch Douaniere musse ginn, fir zu all Moment – sollt den internationale Kontext dëst verlaangen – systematesch Kontrollen op de Grenzen organiséieren ze kënnen. Generell solle Stéchprouwen op de Grenze méiglech sinn, dëst z.B. fir de Mënscheschmuggel vun illegalen Immigranten ze ënnerbannen, respektiv fir festzestellen, aus wéi engem Nopeschland si komm sinn.

Op de Grenze bleiwen déi materiell Viraussetzungen erhalen, fir datt zu all Zäit kënne punktuell a limitéiert Grenzkontrolle méiglech sinn. D'Douane gëtt besonnesch gutt op de Kampf géint de Mënscheschmuggel, den Drogenhandel an d'Proliferatioun vu Massevernichtungswaffe virbereet.

D'ADR wëll préiwen, ob de Statut vun der Douane nach hire Missiounen ugepasst ass. Dozou gehéiert en eventuelle Rattachement un d'Force publique, eng Verbesserung vun de Primmen, en Alignement vu verschiddene Kompetenzen un déi vun der Police, méi Ausbildung mat Waffen, e sënnvolle Gebrauch vu Spezialunitéiten an eng Verbesserung vum administrativen a judizielle Suivi vun de Resultater vun den Douanesenquêten. Bei verschiddene Gesetzer, déi Situatioune reegelen, déi och d'Douane betreffen, gouf dee Corps awer vergiess, z.B. bei der Rebellioun. D'ADR wëll do nobesseren. D'Sécherheet ass e wichtege Sujet fir d'ADR. Fir datt d'Leit um Terrain sech am Noutfall schütze kënnen, muss dee gesetzleche Kader ugepasst ginn. Aktuell gesäit de Code pénal keen Artikel vir, deen d'Selbstverteidegung vum Douanier rechtlech ofséchert. Mir wëllen dat änneren an een explizitten Artikel dofir schafen.

D'Reform vum 1. Abrëll 2023 huet Ännerunge fir d'Douane bruecht, déi leider net mat de Leit um Terrain beschwat an ofgekläert gi sinn. Fir d'ADR ass et wichteg, datt sech prinzipiell

ëmmer mat de Leit aus de betraffene Secteuren a grad och deene Leit vum Terrain un en Dësch gesat gëtt, ier esou Reformen decidéiert ginn.

Et wier eventuell néideg hei eng Reorganisatioun vum System ze envisagéieren, fir der Praxis um Terrain gerecht ze ginn. Dobäi soll driwwer nogeduecht ginn, datt en Organigramm bei der Douane opgestallt gëtt, mat deem intern bestëmmte Responsabilitéiten designéiert an zougewise ginn.

D'ADR ass der Meenung, datt och eng administrativ Vereinfachung néideg wier, déi ënner anerem dora bestoe sollt, datt d'Douane ëmmer nëmmen een habilitéierten a kompetenten Uspriechpartner fir d'Betriber soll hunn an d'Betriber net solle gezwonge sinn, fir sech mat verschiddenen Dossiere mussen un ënnerschiddlech Douanesbüroen ze adresséieren.

Och d'Infrastrukture vun der Douane sinn op engem Minimum a sollen de reelle Bedierfnesser ugepasst ginn, och mat deem néidegen Ekipement. D'ADR ass der Meenung, datt d'Verwaltunge sollen, do wou dat sënnvoll ass, dezentraliséiert sinn. Aus Grënn vun der organisatorescher Effizienz an och fir d'Käschten ze reduzéieren, kéinte regional administrativ Bürostrukturen ageriicht ginn, déi vu verschiddene Verwaltungen, jee no Besoinen, kéinten zesumme benotzt ginn. Dëst wier besonnesch am ländleche Raum wichteg. Esou Gebaier kéinten z.B. vun de Steieren, dem Mobilitéitsministère, der Police, dem Rettungsdéngscht, der ADEM, der Douane an aneren zesumme bedriwwe ginn. Mir sinn dofir, datt um Findel an uechtert d'Land Douanesbüroen existéieren, a wiert sech géint iwwerméisseg Zentraliséierung vun den Infrastrukturen. Wou dat sënnvoll ass, kënnen och Déngschtwunnengen zur Verfügung gestallt ginn.

3. D'Famill revaloriséieren

D'Famill am Zentrum vun eiser Politik

D'ADR steet fir eng familljen- a kannerfrëndlech Gesellschaft a réckelt d'Famill an den Zentrum vun hirer Politik. Mir setzen eis fir den „family mainstreaming" an, dat heescht, datt all politesch Initiativ op hir Auswierkungen op d'Famill gepréift gëtt. Als Fundament vun der Zivilisatioun ass d'Famill d'Grondeenheet vun der Gesellschaft, déi en Usproch op Ënnerstëtzung a Schutz duerch de Staat huet. D'Famill ass déi éischt a wichtegst Plaz, wou déi Wäerter vermëttelt ginn, déi fir d'Wuesse vu Kanner a Gesellschaft noutwendeg sinn.

Dowéinst ass d'ADR der Iwwerzeegung, datt all Ënnerstëtzung fir d'Famill, besonnesch fir déi mat klengen a jonke Kanner, dee beschten Investissement fir d'Gesellschaft duerstellt. Eckpunkt vun eiser familljefrëndlecher Politik ass, datt Elteren net forcéiert solle ginn, hir Kanner an enger Struktur versuergen ze loossen, well politesch, finanziell oder ideologesch Zwäng dat verlaangen. Opgrond vun dësen Zwäng ginn entspriechend Betreiungsstrukture vun den Elteren och ëmmer méi verlaangt. D'Konsequenz: eng Entfriemung vun de Kanner vun hiren Elteren.

Mir ënnerstëtzen all Moossnam, déi et engem Elterendeel (Mamm oder Papp) erméiglecht, ganz oder deelweis, bis zum 12. Liewensjoer vum Kand doheem bei der Famill ze bleiwen. D'Eltere sollen also de fräie Choix hunn, ob si selwer bei hire Kanner wëlle sinn oder ob si hir Kanner ëffentlechen oder private Strukturen uvertraue wëllen.

Mir wëllen och, datt all Kand d'Méiglechkeet soll hunn, seng Originnen ze kennen a bei senge biologeschen Elteren opzewuessen, esou wéi d'UNO-Kannerrechtskonventioun dat virgesäit. Ee Problem, deen eis als ADR och ganz besonnesch um Häerz läit, ass dee vun de Kanner a Jugendlechen, déi vun hiren Eltere getrennt ginn an an Heemer placéiert ginn oder bei Fleegeelteren opwuessen. Hei setzt sech d'Regierung net derfir an, datt dës Kanner sou séier wéi méiglech kënnen zeréckgoe bei hir biologesch Elteren. D'ADR hält et awer fir wichteg, datt betraffe Kanner, esoubal et méiglech ass, sollen zeréck bei hir biologesch Elteren däerfen.

Mir sinn averstane mat enger Reform vum Filiatiounsgesetz, awer nëmmen esouwäit dat am Intressi vun de Kanner ass. Vu datt d'ADR sech asetzt fir de Kanner hiert Recht, hir Wuerzelen ze kennen, refuséiere mir d'kënschtlech Befruchtung (PMA, procréation

médicalement assistée) mam Sperma vun engem verstuerwene Mann. Mir schwätzen eis och géint d'PMA aus, an där ee biologeschen Elterendeel jo scho vu vireran aus dem Kand sengem Liewen ausgeklamert gëtt. Mamm a Papp sinn allen zwee wichteg fir d'Entwécklung vum Kand. Mam neie Filiatiounsgesetz soll d'Leihmutterschaft (Gestation pour autrui) offiziell verbuede ginn, wann se um Territoire vum Grand-Duché ausgefouert gëtt. D'ADR ass sech bewosst, datt dës Initiativ net verhënnere wäert, datt Koppelen, déi hei am Land wunnen a sech eng GPA finanziell leeschte kënnen, op eng Leihmnutter am Ausland zeréckgräife wäerten. Dofir setzt sech d'ADR fir e generellt Verbuet vun der GPA an. Et däerf keng Kommerzialiséierung vum Puppelche ginn, sief dat hei am Land oder iwwer Ëmweeër am Ausland. D'Kanner hu Rechter, mee et gëtt kee Recht op e Kand.

E reelle Choix duerch d'ADR Elteregeld

D'ADR wëll erméiglechen, datt ee vun den Elteren, ganz oder deelweis, doheem bei der Famill ka bleiwen, bis d'Kand 12 Joer huet. Wat fir en Elterendeel dann doheem bleift, ob d'Mamm oder de Papp, ob een eleng dat mécht oder dës Charge tëscht béiden Elteren opgedeelt gëtt, dat soll d'Famill selwer entscheeden. Dat wier eng wierklech modern a fortschrëttlech Approche an der Familljepolitik, well et de Famillje géing e relle Choix ginn, ob si selwer bei hire Kanner wëlle sinn a wat fir een Elterendeel déi wichteg Aufgab iwwerhëlt, oder ob si hir Kanner an extern Strukture wëlle ginn.

Elteren, déi sech entscheeden, fir weider Vollzäit ze schaffen, sollen och weider hir Kanner an déi bekannte Strukturen, ewéi Crèchen a Maison Relaisen, kënne ginn. Aner Eltere géife gär fir hir Kanner doheem sinn, dëst z.B. och hallefdaags, an dat bis d'Kand 4, 6 oder 12 Joer huet. Och si missten ënnerstëtzt ginn! Mir wëllen dat mam ADR-Elteregeld méiglech maachen.

D'Eltere sollen op kee Fall dozou forcéiert ginn, hir Kanner an enger Crèche versuergen ze loossen, well finanziell oder ideologesch Contrainten dat verlaangen. A vill Psychologe soe jo, datt d'Kanner dovu profitéieren, wa si méi laang bei hiren Elteren sinn.

Mam ADR-Elteregeld sollen d'Elteren de Choix hunn, ob si dëse Montant benotzen, fir eng Crèche, eng Maison relais oder eng Dagesmamm ze bezuelen, oder fir deen Elterendeel ze remuneréieren, dee sech entschléisst, selwer, doheem, fir d'Erzéie vun de Kanner ze suergen.

An deem Fall misst och obligatoresch en Deel vun deem Elteregeld geholl ginn, fir sech an der Pensiounskeess ze versécheren.

D'ADR-Elteregeld kann net mat der Entschiedegung vum Elterecongé („congé parental") cumuléiert ginn. Bei Elteren, déi geschafft hunn, ier de Puppelchen op d'Welt komm ass, gëtt et am Prinzip nom Elterecongé ausbezuelt. Bei Elteren, déi net geschafft hunn, gëtt et vun deem Mount un ausbezuelt, an deem d'Kand gebuer gëtt. D'ADR-Elteregeld gëtt dann och ausbezuelt bis zur Aschoulung an de Secondaire. Bei Kanner mat spezifesche Besoine gëtt awer esoulaang ausbezuelt ewéi d'Kand doheem versuergt a gefleegt gëtt.

Fir besser a méi gerecht Familljeprestatiounen

D'ADR vertrëtt kloer eng natalistesch Politik. Mir ënnerstëtzen d'Famill zu Lëtzebuerg, esou datt méi Kanner hei gebuer ginn, déi hei opwuessen, hei an d'Schoul ginn an och spéider hei schaffen.

Fir d'Famill ze ënnerstëtzen, wëlle mir fir besser a méi gerecht Familljeprestatioune suergen. Mir wäerten déi automatesch Index-Upassung vum Kannergeld, wéi mir se zënter dem 1. Oktober 2021 nees hunn, bäibehalen. Doriwwer eraus wäerte mir fir en Ausgläich vum Wäertverloscht suergen, deen duerch d'Desindexéierung vum Kannergeld am Joer 2006 bis zu senger Reindexéierung am Joer 2021 entstan ass. Esou sollen d'Famillje bannent der nächster Legislaturperiod etappeweis dat erëmkréien, wat si an de Joren 2006 bis 2021 u Kannergeld verluer hunn. Mir féieren och nees eng Staffelung vum Kannergeld an, also méi Kannergeld fir all weidert Kand an der Famill. Dobäi bleift d'Kannergeld onbesteiert. Deen Abléck, wann d'ADR-Elteregeld agefouert gëtt, fléissen d'Familljeprestatiounen no de selwechte Prinzippien an d'Berechnunge vun deem Elteregeld mat an.

Fir den Aarmutsrisiko vun elengerzéiende Familljen ze bekämpfen, wëlle mir si direkt, an ouni eng global Steierreform ofzewaarden, an d'Steierklass 2 reklasséieren an den „crédit d'impôt monoparental" fir si bäibehalen an op 2500 Euro upassen, dëst ouni Konditiounen, déi un d'Pai oder Alimenter gebonne sinn.

De Chèque-Service gëtt duerch d'ADR-Elteregeld ersat. Dëst gëtt esouwuel un Elteren ausbezuelt, déi hir Kanner a Strukturen oder bei enger Dagesmamm wëlle versuerge loossen, ewéi och un Elteren, déi doheem bleiwen, fir hir Kanner kënne selwer ze versuergen. Domat

kréien d'Elteren eng reell Méiglechkeet, fir doheem bei hire Kanner ze bleiwen, wa si dat wëllen. Am Géigesaz zum Kannergeld gëtt d'ADR-Elteregeld besteiert. Dës Besteierung fänkt eréischt u bei engem Gesamtakommes vum Stot an der Héicht vun zwee Mindestléin.

Fir Mammen, déi keng aner Pensiounsrechter hunn, gëtt d'Mammerent nees vu 60 Joer un ausbezuelt. D'Mammerent gëtt net besteiert an ënnerläit kenge Cotisatiounen.

Eng nei Approche zum Kand

Mir als ADR maachen eis staark fir e Paradigmewiessel an der gesellschaftlecher Approche zum Kand: All Form vu Kannerbetreiung muss erëm ëm d'Bedierfnesser vun de Kanner an net ëm d'Intressi vun den Erwuessenen organiséiert ginn. D'Kand muss hei am Mëttelpunkt stoen. Eng ze fréi an ze laang Friembetreiung wierkt sech negativ op d'Entwécklung vun de Kanner aus. Dat betrëfft och eng Entwécklung, déi mir als ADR mat grousser Suerg verfollegen: Ëmmer méi Kanner a Jugendlecher gi vun hiren Eltere getrennt a wuessen an Heemer op. Dobäi hu mir den Androck, datt dës Heemer net ëmmer op eng transparent Aart a Weis kontrolléiert ginn an datt et doduerch onkloer ass, ob d'Kanner do sécher an optimal versuergt sinn an ob dës Ariichtungen de rechtleche Standarden a beschte Praktiken entspriechen. Dowéinst wäerte mir fir en externen Audit zu dësem Thema suergen, dee sech mat Aspekter wéi Qualitéit vum Ënnerdaach, Ernierung, medezinesch Versuergung, psychosozial Ënnerstëtzung, Erfëllung vun individuelle Bedierfnesser vun de Kanner, Matwierkung vun de Kanner bei der Gestaltung vun de Kannerheemer beschäftegt; mir wëllen och eng objektiv Laangzäitstudie duerchféiere loossen, déi sech mat der Fro beschäftegt, wéi Mënschen, déi an Heemer opgewuess sinn, respektiv en Deel vun hirer Kandheet/Jugend do verbruecht hunn, an hirem spéidere Liewen (Ausbildung, Beruff, Stot...) zurechtkommen; schliisslech wëlle mir, datt dës Heemer vun enger permanenter externer an onofhängeger Instanz kontrolléiert ginn.

Schutz vum Liewen

D'ADR steet fir de Schutz vum Liewen. Schwangere Fraen a Meedercher muss all Hëllef bei der Gebuert vum Kand opstoen. Si solle sech net aus materiellen oder finanzielle Grënn fir

eng Ofdreiwung entscheeden. Dowéinst ënnerstëtze mir Organisatiounen, déi dës Hëllef bidden.

Mir sinn der Meenung, datt d'Gesetz keng Fristeléisung, mee eng Indikatiounsléisung sollt virgesinn. Esoulaang d'Legislatioun nach eng Fristeléisung virgesäit, setzt d'ADR sech dofir an, datt enger schwangerer Fra, déi iwwert eng Ofdreiwung nodenkt, eng zweet fräiwëlleg Berodung ugebuede gëtt. Ier eng Fra sech zu dësem definitive Schrëtt entscheet, muss si op eng vollstänneg an objektiv Manéier informéiert a berode ginn. Si muss iwwert all méiglech Follege kierperlecher a psychescher Natur, déi hir Entscheedung an déi eng oder aner Richtung mat sech brénge kann, informéiert ginn. Besonnesch déi sozial, psychologesch a materiell Hëllefs- an Ënnerstëtzungsméiglechkeeten, déi si kréie kann, wa si sech fir d'Liewe vum Kand entscheede wëll, sollen hir erkläert ginn.

Fraen, déi iwwert e Schwangerschaftsofbroch nodenken, wëll d'ADR encouragéieren, hiert Kand ze behalen. D'Politik vun der ADR stäerkt „d'Recht net ofzedreiwen", well keng Fra mécht dëse Schrëtt mat Freed a liichtem Häerz. D'Ofdreiwung an den 12 éischte Schwangerschaftswoche soll net penaliséiert ginn, awer wann nëmme méiglech evitéiert, an den Delai vun 12 Wochen däerf kengesfalls verlängert ginn. En Agrëff no der zwielefter Woch ass geféierlech a géif e méi grousse Risiko fir d'Mamm (Onfruchtbarkeet, Gesondheetsrisiko) mat sech bréngen, wat och Statistiken aus Frankräich beweisen. Et géif och d'Dieren opmaache fir d'Ofdreiwung opgrond vum Kand sengem Geschlecht. Mam sougenannten NIPT-Test (Non Invasive Prenatal Test), deen an der 12. Woch iwwer Bluttanalys gemaach gëtt, ginn d'Elteren net nëmme gewuer, ob hiert Kand Trisomie huet, mee si ginn och d'Geschlecht vum Kand gewuer. Dat kann dozou féieren, datt Kanner opgrond vun hirem Geschlecht ofgedriwwe ginn. Déi éischt Affer dovu wieren déi kleng Meedercher. Schliisslech ginn et verschidde Kulturen, déi d'Meedercher als mannerwäerteg géintiwwer de Jongen ugesinn an d'Meedercher dofir éischter als Belaaschtung fir d'Famill wouergeholl ginn. Et muss och séchergestallt sinn, datt d'Personal aus dem Gesondheetswiesen net obligéiert gëtt, eng Ofdreiwung virzehuelen respektiv dobäi ze assistéieren oder si ze fërderen.

Mir als ADR verurteele keng Fra a kee Meedchen, dës Decisioun geholl ze hunn. Mir ënnersträichen awer, datt et eng schwéierweiend, déifgräifend an irreversibel Entscheedung ass an och méi wéi just ee Liewe betrëfft, mee ënnert anerem och d'Liewe vum potenzielle

Papp. Aus deem Grond setze mir eis dofir an, datt ëmmer eng psychologesch Berodung no engem Schwangerschaftsofbroch recommandéiert an ënnerstëtzt gëtt.

D'ADR huet eng kloer liewensbejoend Haltung mat enger staarker Wäertschätzung vum Liewen, esoubal dëst entsteet. Dowéinst leene mir d'Konzept vum „Recht op Ofdreiwung" of. Eng Entkriminalisatioun vun der Ofdreiwung bannent den 12 éischte Schwangerschaftswochen däerf net gläichgesat gi mat engem Recht op Ofdreiwung. Et ass d'Recht op Liewen, dat an de groussen Declaratiounen a Konventioune vun de Mënschrechter an de Kannerrechter festgehale gëtt. D'ADR wëll awer verhënneren, datt Ofdreiwungen illegal an heemlech gemaach ginn, well dëst méi Risike mat sech bréngt a ganz geféierlech ka sinn.

De Staat muss hei méi preventiv handelen, wat zouverlässeg Informatiounen iwwert déi spezifesch Situatioun zu Lëtzebuerg viraussetzt. D'Land huet seng ganz eege soziologesch a kulturell Zesummesetzung, dofir kann ee sech net op Daten aus dem Ausland stëtzen. D'ADR wäert dofir eng deementspriechend Studie ufroen, fir Daten a Relatioun mat dem Sujet erhiewen an analyséieren ze loossen. Nëmmen esou kann ee seriö Preventiounsaarbecht leeschten.

De Staat huet Méiglechkeeten, fir e Mentalitéitswiessel ze fërderen an eng Sozialpolitik an Zesummenaarbecht mat de spezialiséierten Organisatiounen ëmzesetzen. Et bestinn haut scho vill Berodungsplazen an Hëllefsofferen. Allerdéngs wäert d'ADR an dësem Beräich nach eng gratis psychologesch Betreiung aféiere fir sozial schwaach Fraen oder Koppelen.

Bestietnes, Scheedung a Familljerecht

Fir homosexuell Partnerschafte proposéiert d'ADR Upassunge beim PACS, deen dem Bestietnes esouwäit ewéi méiglech soll ugepasst ginn, mat Ausnam vum Familljerecht. Et gëtt keng Diskriminatioun vun esou Partnerschaften, esoulaang d'Rechter vun Drëtten – also besonnesch vun de Kanner – doduerch net beréiert ginn.

Bestietnesser, déi zum Schäi geschloss ginn (z.B. wéinst dem Pass), musse wann ëmmer méiglech verhënnert ginn. „Kannerbestietnesser", bei deenen op d'mannst ee Partner manner ewéi 18 Joer huet, ginn net zougelooss. Esou Bestietnesser, déi am Ausland geschloss gi sinn, ginn zu Lëtzebuerg net unerkannt. D'Polygamie gëtt zu Lëtzebuerg net

unerkannt, och wa si an anere Länner legal ass, a si gëtt och bei enger eventueller Familljenzesummeféierung net berécksiichtegt.

Et däerf net méi méiglech sinn, Dispositioune vun der Konventioun (Liquidatioun vun der Gemeinschaft) ze änneren, nodeems dës beim Notaire gemaach ginn ass.

Wann eng Relatioun oder e Bestietnes net hält an eng Koppel sech dann trennt oder scheede léisst, wat hautdesdaags leider ëmmer méi heefeg virkënnt, soll e gemeinsaamt Suergerecht fir Mamm a Papp de Reegelfall ginn. Wann d'Recht dëst och scho virgesäit, esou weist d'Realitéit awer, datt zwar vill vu Gläichberechtegung geschwat gëtt, mee de Papp an der Praxis beim Suergerecht nach ëmmer benodeelegt gëtt. D'ADR wëll dat änneren, fir datt d'Praxis och der rechtlecher Lag entsprécht.

D'ADR steet dem Prinzip vum Familljeriichter (JAF, Juge aux affaires familiales) favorabel géigeniwwer. Kanner solle weiderhi vum Riichter kënne gehéiert ginn. Wann e Kand beispillsweis mat der Organisatioun vum Besuchsrecht oder vun der Garde net zefridden ass, soll et dem Riichter dat och matdeele kënnen. D'Kand soll seng Elteren awer dowéinst net viru Geriicht usiche kënnen.

Vill Etudë beweisen, datt e gemeinsaamt Suergerecht fir Mamm a Papp am Scheedungsfall oder bei enger Trennung den effikasseste Modell ass, fir dem Kand emotional Sécherheet a Stabilitéit ze ginn. Fir d'ADR steet schliisslech ëmmer nach d'Wuel vum Kand am Mëttelpunkt. D'Kand soll déi an esou enger Situatioun beschtméiglech Viraussetzunge bei senger Entwécklung hunn. Mir setzen eis derfir an, datt dat gemeinsaamt Suergerecht fir Mamm a Papp net just, wéi bis elo, ënner ganz bestëmmte Bedingungen applizéiert gëtt, mee datt et zum „modèle par défaut" gëtt.

Bei de Prozeduren, déi d'Suergerecht fir Kanner am Scheedungsfall betreffen, kann de Riichter de Service Central d'Assistance Sociale (SCAS) oder aner Organismen domat beoptragen, d'Elteren an oft och d'Kanner ze treffen, fir sech e Bild vun hirer perséinlecher Situatioun ze maachen. Déi betreffend Rapporte ginn dann direkt un de Riichter geschéckt, ouni datt d'Elteren d'Recht hätten, dës Rapporten, déi oft net objektiv sinn, ze liesen. Dat ass besonnesch problematesch, well d'Riichteren hir Entscheedung an de meeschte Fäll vun dëse Rapporten ofhängeg maachen. Mir setzen eis derfir an, datt all Elterendeel Asiicht an dës Rapporte vum SCAS kréien a sech dozou äussere kënnen.

D'Bestëmmung vun den Alimenter an déi steierlech Situatioun bei getrennten oder gescheeten Elterendeeler sinn och wichteg Punkten, déi iwwerschafft musse ginn. Mir brauchen eenheetlech an objektiv Reegelen, déi kloer sinn a fir déi néideg Transparenz suergen. Zu de Bestëmmungskrittären, déi de Riichter notze kann, fir d'Alimenter auszerechnen, gehéieren ënner aneren den Alter, d'Gesondheet an déi finanziell Situatioun vum betraffenen Elterendeel. Esou objektiv Reegele géifen all Form vun Diskriminatioun géint e bestëmmten Elterendeel vu virera verhënneren. Dozou kënnt, datt mir fir méi steierlech Gerechtegkeet fir gescheeten oder getrennte Partner mat Kanner suerge wëllen, och fir deen Elterendeel, deen d'Garde vun de Kanner net huet. Bei enger „garde partagée" plus enger „résidence alternée" mussen déi zwee Elterendeeler absolut gläich behandelt ginn.

Och wa Scheedungen haut ganz heefeg sinn a quasi „normal", ass et awer esou, datt Scheedungen esouwuel fir d'Kanner wéi och fir déi perséinlech finanziell Situatioun vun den Elteren, och duerch d'Wunnengsproblematik, dacks eng Katastroph bedeiten. Sécher ginn et Fäll, wou Scheedungen noutwendeg sinn. Allerdéngs wier et fir d'Gesellschaft besser, wann et manner Scheedunge géif ginn. An deem Sënn wëll d'ADR den Zesummenhalt vun der Famill promouvéieren an d'Roll vu Papp a Mamm no baussen als eppes ganz Positives duerstellen. Wann een zesummebleift, kann ee vill erreechen.

Adoptiouns- a Fleegefamilljen

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Adoptiounsrecht esou gestalt gëtt, datt méiglechst vill Länner bereet sinn, fir Kanner, déi eng Famill sichen a brauchen, och u Lëtzebuerger Famillje ze vermëttelen. D'Zil vun der Adoptioun ass et, de Kanner dat familiäert Ëmfeld ze ginn, dat d'Ursprongsfamill net méi kann oder wëll bidden. Dobäi mussen déi beschtméiglech psychologesch Bedéngunge geschaf ginn, déi der Entwécklung vum Kand zegutt kommen. D'ADR wäert Adoptiv- a Fleegeelteren och konsequent ënnerstëtzen an hiren Engagement fir d'Wuel vum Kand honoréieren.

Betreiungsstrukture fir Kanner

D'ADR léisst den Elteren de Choix, fir hir Kanner doheem ze versuergen an ze erzéien oder si a Betreiungsstrukturen ze ginn. Wann d'Eltere sech awer entscheeden, hir Kanner an eng Betreiungsstruktur ze ginn, muss hinnen eng qualitativ héichwäerteg Versuergung gebuede ginn.

Et si ganz vill Kanner, déi an esou enger Betreiungsstruktur versuergt ginn. D'Crèchen an d'Maison relaisen an Dageseltere sinn domat e wichtegen Deel an der Kannerbetreiung a spillen eng bedeitend Roll fir eist gesellschaftlecht Zesummeliewen. D'Zesummesetzung vun eiser Gesellschaft ass haut vun enger grousser Heterogenitéit geprääagt, déi eis virun ënnerschiddlech Erausfuerderunge stellt an och ënnerschiddlech Bedierfnesser mat sech bréngt. Dat weist sech natierlech och an der Kannerbetreiung. Fir dës Situatioun ze meeschteren an de Kanner eng qualitativ héichwäerteg Betreiung ze bidden, ginn d'Konditiounen am Hibléck op de Personalschlëssel iwwerschafft an ugepasst. D'Personal muss déi néideg Zäit an Opmierksamkeet kënnen opbréngen, fir de verschiddene Bedierfnesser gerecht ze ginn.

Dozou kënnt, datt eng staark heterogen Gesellschaft Gemeinsamkeete brauch, fir zu enger Gemeinschaft zesummenzewuessen, déi e Matenee lieft amplaz en Niefteneen. Aus deem Grond ass et esou wichteg, datt d'Kanner vu kleng op d'Lëtzebuerger Sprooch léieren, déi mir fir de Schlëssel vun der Integratioun halen. Dowéinst hale mir drop, datt d'Personal, wat kleng Kanner betreie soll an nach keng Kenntnesser vun der Lëtzebuerger Sprooch huet, u Lëtzebuergeschcoursen deelhuele muss, déi op de Sproochecongé ugerechent ginn. D'Lëtzebuerger Sprooch muss eng Konditioun am Aarbechtskontrakt sinn, deen annuléiert gëtt, wann de Betraffene keng oder net genuch Fortschrëtter mécht, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Déiselwecht Sproochekrittäre gëllen och fir d'Minicrèchen.

Fir den Agrement ze kréien, muss Personal agestallt ginn, dat Lëtzebuergesch kann oder et léiert. Fir d'ADR sinn d'Konditioune vum Agrement an de Schlëssel vu qualifizéiertem Personal onbedéngt ze respektéieren.

De Staat finanzéiert iwwer den „chèque-service" eng méisproocheg Fréiförderung fir Kanner tëscht engem a véier Joer am Lëtzebuergeschen ewéi am Franséischen. Strukturen, déi vun deem Programm profitéieren, si verflicht, qualifizéiert Personal fir déi Aufgab ze engagéieren, a kréie bis zu 20 Stonnen d'Woch pro Kand komplett iwwer Steiergelder finanzéiert. Mir als

ADR wëlle fir eng méi streng Kontroll vun de Crèchen am Kader vun der méisproocheger Fréiförderung suergen. Wa sech dobäi erausstellt, datt enge Crèche hiren Aufgaben net nokënnt, soll si iwwert dee Programm och net méi vum Finanzement vum „chèque-service" profitéiere kënnen. Deen Ableck, wou d'ADR-Elteregeld agefouert gëtt, gëtt de System vun der Finanzéierung vun de Crèchë reforméiert an d'Kontrollmechanisme vun de Strukture ginn ugepasst.

4. Schoul

Back on Track - Zeréck an d'Spuer

D'ADR wëll d'Schoul erëm zeréckbréngen op dat Wesentlecht, op hir Haaptaufgaben, nämlech d'Bildung an d'Ausbildung. Dozou gehéieren d'Liesen, d'Schreiwen, d'Rechnen, d'Allgemengbildung, asw. Mir wëllen de schouleschen Niveau förderen an den „nivellement vers le bas" stoppen. Allgemeng soll d'Leeschtungsbereetschaft erëm an de Vierdergrond gestallt ginn. Fläiss an Disziplinn si positiv Wäerter. De Ministère soll doriwwer eraus „Bildungsministère" heeschen, op Franséisch „Ministère de l'Instruction". D'„Education", also d'Erzéiung, ass nämlech haaptsächlech d'Aufgab vun den Elteren an net vun der Schoul. Schoul a Kandheet sinn zweeërlee. Dowéinst wäert d'ADR nees fir eng kloer Trennung tëscht dem Educatiounsministère an dem Familljeministère suergen. Wat Kanner ënner 4 Joer betrëfft, fält d'Erzéiung nees an d'Kompetenz vum Familljeministère.

D'Ofhuele vum Niveau an der Schoul, den „nivellement vers le bas", huet op laang Siicht negativ Konsequenzen: Staark Schüler ginn demotivéiert, well se sech net gefërdert fillen; Allgemengbildung gëtt zur Privatsaach: Schüler mussen aner Weeër fannen, fir hire Bildungshonger an hir intellektuell Ambitiounen ze erfëllen; Patronen, wa se am Virstellungsgespréich mat jonke Leit konfrontéiert ginn, déi grad vun der Schoul kommen, sinn hautdesdaags entsat iwwer déi vill Fäll vu Kandidaten, deenen et un elementaarste Kenntnesser feelt. Grad déi méi schwaach Schüler leiden ënnert dem Opweeche vun de Promotiounskrittären a mussen erëm méi gefërdert ginn.

"Back on Track" bedeit awer och, datt de Schoulsystem, d'Zensuren an d'Orientéierung erëm méi einfach, kloer a verständlech musse ginn. Aktuell hu mir säiteweis Bilanen, eng Orientéierung, déi kee méi versteet, an eng Zerspléckung vum Schoulsystem, wou kee méi duerchbléckt. Mir mussen erëm zeréckfannen zu engem méi eenheetleche Schoulsystem, mat Zensuren, déi iwwersiichtlech an einfach ze verstoe sinn, dëst mat engem klore Bewäertungssystem op 60 Punkten. Mir mussen zeréck zu engem objektiven Opnamexame fir an de Lycée an zu enger Orientéierung mat klore Krittären, déi Elteren a Schüler verstinn.

D'Léierpersonal ënnerstëtzen

D'Roll an d'Autonomie vum Léierpersonal sollen erëm gestäerkt ginn. Si hu vill Autonomie ewechgeholl kritt: bei der Evaluatioun, am Conseil de Classe, am Conseil de Discipline, duerch d'Epreuves standardisées, duerch iwwergeuerdent Projeten, beim Ausschaffe vun de Programmer, asw. D'Léierpersonal weess am beschte Bescheed iwwert d'Situatioun an der Schoul, ass gutt ausgebilt, ass motivéiert an engagéiert an hinne muss erëm méi vertraut ginn. De Beruff vum Schoulmeeschter a vum Professer muss rëm méi attraktiv gemaach ginn, fir datt mir méi a genuch Léierpersonal kréien. D'ADR wëll dëst iwwer folgend Iddien erreechen:

- Manner administrativen Opwand. Den administrative Waasserkapp ass ze grouss ginn, an d'Basis vum Schoulhale kënnt doduerch dacks ze kuerz. D'Léierpersonal soll nees Zäit kréien, fir Schoul ze halen, amplaz an enger onnëtzer Bürokratie ze erstécken.
- Manner iwwerflëssig technesch Contrainten. Mir brauche Vereinfachung. Beispillsweis d'E-Bichelche bedeit keng Vereinfachung, mee eng Verkomplizéierung vun der Kommunikatioun tëscht Maisons relais, Léierpersounen, Schüler an Elteren; den Zougank zu dësem Outil ass fir vill Elteren (bzw. Grousselteren) net evident;
- All Primärschoul soll mat engem Sekretariat ausgerëscht ginn, fir d'Léierpersonal ze entlaaschten;
- Léierpersoune mussen erëm méi Méiglechkeete kréien, fir hir pedagogesch Autoritéit wierksam duerchzesetzen;
- Gewaltpreventioun an de Schoulen: mir sinn derfir, datt all Primärschoul déi néideg Moyenen huet, fir disziplinaresch Moossname géint Schüler ze huelen, déi sech net un d'Reegelen halen. Dat schléisst och, als ultima ratio, e Verweis vun der Schoul mat an.
- Erzéier a Léierpersoune sollen eng iwwerbléckbar Zuel vu Kanner a Jugendlechen uvertraut kréien, fir datt si beschtméiglech op déi spezifesch Bedierfnesser vun de Kanner agoe kënnen.

Stäerkung vun der traditioneller ëffentlecher Schoul

Grad an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou vill Mënsche mat Migratiounshannergrond liewen, ass eng gemeinsam ëffentlech Schoul immens wichteg fir de sozialen Zesummenhalt a fir

d'Integratioun. Déi vill international Schoule bewierken dogéint, datt d'Kanner, jee no hire Wuerzelen, hirer Nationalitéit, hirer Kultur, a verschidde Schoulsträng getrennt ginn.

Aus deem Grond wëlle mir déi traditionell ëffentlech Schoul stäerken. Dofir muss si als dat dohigestallt ginn, wat si ass: en Erfollegsmodell, deen Integratioun an Zesummenhalt garantéiert, eng gutt Bildung förderd, an dat mat guddem, motivéiertem Léierpersonal. Den neimoudeschen „Bashing" vun der klassescher ëffentlecher Schoul muss ophéieren.

Aus deem selwechte Grond si mir och fir eng gemeinsam Alphabetiséierung op Däitsch. Engersäits ass Däitsch déi Sprooch, déi eiser Nationalsprooch, dem Lëtzebuergeschen, am nooste kënnt. Anersäits hätt eng flächendeckend Alphabetiséierung op Franséisch Konsequenzen op de Sproochenunterrecht am Secondaire. Et ass ze erwaarden, datt déi meescht Kanner, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn, no der Primärschoul net genuch Däitschkenntnesser wäerten hunn, fir am Secondaire ze bestoen.

Et ass wichteg, datt all eis Schüler Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch op guddem Niveau léieren. Dëst war ëmmer de groussen Atout vun eisem Land, a mir sinn international fir eise Schoulsystem ëmmer bewonnert ginn.

Mir wäerte keng weider international Schoulen opmaachen a vum Plang vun der allgemenger franséischer Alphabetiséierung ofgesinn. Och elo ass et scho méiglech duerch Kompenséierung an Ewechloosse vun enger Sprooch eng Première ze kréien ouni ganz gutt ze sinn an alle Sproochen. Mir soe kloer: D'Sprooche si keen Hindernis fir d'Schüler, mee eng Chance!

Déi héich Usprëch vun eisem Bildungssystem sinn net ze verdamen, mee ze luewen. Et muss och opgehale ginn, de sozial Benodeelegten a Migranten anzerieden, si géifen et zu Lëtzebuerg an eisem System souwisou net packen. Mat esou Aussoe ginn dëse Schüler vu virera manner Chancen zougeschwat. Besser wier et, si ze motivéieren an hinnen an eisem System gutt Leeschtungen zouzetrauen.

Déi sougenannten international ëffentlech Schoule sti fir fundamental Ongerechtegkeet: D'Schüler léieren hei manner Sproochen an si maachen hiren Ofschloss ee Joer éischter (no fënnef Joer Grondschoul a siwe Joer Lycée) wéi déi aner Schüler.

D'Léierpersonal a staatleche Schoule muss ouni Ausnam déi dräi Amtssproochen op engem héijen Niveau beherrschen.

Promotioun vum Liesen

Et muss een alles ënnerhuelen, fir Initiativen an Organisatiounen ze ënnerstëtzen, déi sech fir d'Promotioun vum Liesen asetzen. Liesen ass fir Kanner eng wichteg Méiglechkeet, fir d'Welt ze entdecken an ze verstoen, fir hir Virstellungskraaft ze entwéckelen, fir hire kritesche Verstand ze trainéieren. Liese vermëttelt net just sproochlech Kompetenzen, mee och Wäerter.

Am gläiche Kontext widdersetzt sech d'ADR vehement der Initiativ vun der aktueller Regierung, fir d'Schoulbicher an Zukunft ëmzeschreiwen am Sënn vun enger „geschlechtssensibeler Duerstellung a Wuert a Bild". Mir wëlle keng „gegendert" Schoulbicher fir eis Kanner. Gender-Sprooch stellt d'Schüler virun nei an onnéideg Problemer a mécht et speziell de Schüler mat Migratiounshannergrond an de Schüler mat Léierschwieregkeete méi schwéier, fir korrekt schreiwen a schwätzen ze léieren.

ChatGPT a kënschtlech Intelligenz si mëttlerweil eng Realitéit, déi net réckgängeg gemaach ka ginn. Dat stellt net nëmmen d'Evaluatioun vu Prüfungen an Hausaufgabe virun nei Problemer, mee konfrontéiert d'Schüler an d'Studenten och mat der Fro, firwat si sech iwwerhaapt nach d'Méi maache sollen, komplizéiert Texter ze liesen an ze schreiwen. D'Liesmotivatioun an d'Lieskompetenz vun eise Schüler kéinten doduerch op laang Siicht dramatesch ofhuelen. Liesen ass eng Fäegkeet, déi just duerch grouss Efforten erléiert ka ginn an déi reegelméisseg trainéiert muss ginn, fir datt se net verluer geet. A wéiwäit d'kënschtlech Intelligenz dës Kompetenz an Zukunft iwwerhuele wäert, bleift ofzewaarden. Et ass awer an dësem Zesummenhang vun ëmsou gréisserer Bedeitung, d'Liesen an d'Schreiwen als fundamental mënschlech Kompetenzen ze förderen.

iPad-Klassen a Smartphone an de Schoulen

Et gëtt kee Gesetz, dat hei am Land d'Benotze vu Smartphonen a Schoule verbitt oder erlaabt, wat doduerch legitiméiert gëtt, datt esou e Smartphone-Verbuet an d'Perséinlechkeets- an Eegentumsrechter vum betreffende Schüler agräife géif. Allerdéngs schwätze vill Argumenter fir e generellt Smartphone-Verbuet a Schoulen, z.B. de Konzentratiounsverloscht, deen duerch d'Benotze vum Smartphone verursaacht gëtt. Cybermobbing wärend dem Unterrecht an d'Ofhuele vun der realer Konversatioun a Pausen

duerch déi virtuell Smartphone-Kommunikatioun si weider Argumenter. Dofir schwätze mir eis prinzipiell fir e generellt Smartphone-Verbuet an de Schoulen aus. D'Benotze vum Smartphone soll just an Noutfäll erlaabt sinn. Et soll awer all Schoul iwwerlooss bleiwen, ob si op dee Wee geet oder net.

De Gebrauch vum iPad an de Schoulen huet bis elo kee Méiwäert bruecht. D'Kanner an déi Jugendlech si scho genuch konfrontéiert mat enger „Bildschirmiséierung" vun hirem Alldag a mir sinn dofir, fir den iPad (an anerer), wann, da réischt vu 4e un an der Schoul anzesetzen.

Déi eenzel Schoul- an Ausbildungsstufen

- Precoce

Am Precoce muss Lëtzebuergesch déi eenzeg Ëmgangssprooch sinn. Donieft ginn d'Kanner, hirem Alter gerecht, an allen néidegen Domänen (z.B. Motorik, sozial Kompetenzen asw.) op d'Primärschoul virbereet. Déi éischt Aufgab vum Precoce muss d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch bleiwen – esou wéi et bei der Aféierung och virgesi war.

- Spillschoul (Zyklus 1 vun der Primärschoul)

Nach méi ewéi am Precoce gëllt et an der Spillschoul, d'Kanner op d'Primärschoul virzebereeden. Dëst betrëfft ganz besonnesch d'Lëtzebuergesch-Kenntnesser. Dat bitt eng gutt Basis fir d'Alphabetiséierung op Däitsch. Nieft der Sprooch soll d'Spillschoul och weider Kompetenze vun de Kanner förderen: d'Kognitioun, d'Motorik an d'Koordinatioun an d'Sozialverhalen.

- Primärschoul (Zyklen 2-4 vun der Primärschoul)

D'Primärschoul ass de Pilier fir de weidere Schoulparcours, an domadder och dacks fir dat spéidert Liewen. Fir d'ADR musse grouss Efforte gemaach ginn, fir datt queesch duerch d'Land qualitativ héichwäerteg Coursen an de Schoule gehale ginn. Mir wäerten nees Rou an d'Primärschoul bréngen. Et däerf net all Joer mat neien Experimenter ugefaange ginn – Kanner si keng Testpersounen.

Mir besti weider op d'Alphabetiséierung op Däitsch a gemeinsam Klasse fir all d'Schüler. D'Klasseneffektiver solle progressiv erofgesat ginn, mat der Prioritéit fir déi Schoulen, an deenen de sozioekonomeschen Index méi déif läit. Am Intressi vum Familljeliewe sollen

d'Kanner, wann d'Elteren dëst wënschen, weider kënne mëttes doheem iessen, ouni datt d'Horairen oder den Transport dat verhënneren.

D'Reformen hu versot. D'ADR féiert de Punktesystem an d'Zensur nees an, genau esou wéi en objektiven Opnamexame fir an de Lycée. Wann d'Resultat vum Opnamexamen an engem konkrete Fall contestéiert gëtt, soll et méiglech sinn, dat Resultat an enger Orientéierungsprozedur ze iwwerpréiwen an eventuell ze korrigéieren. Dobäi sollen Orientéierungsméiglechkeete virgesi ginn, wéi et am Ableck de Fall ass. D'ADR verschléisst sech dobäi net „alternativen" Bewäertungssystemer, déi awer nëmmen zousätzlech däerfe gebraucht ginn. D'Cyclë ginn ofgeschaaft an et gëtt nees eng Spillschoul an en éischt bis sechst Schouljoer.

D'ADR wäert Kanner, déi méi lues léieren, déi néideg Ënnerstëtzung an der Schoul an nieft der Schoul ginn, fir datt si eng Chance hunn, ouni Redoubléieren am nächste Schouljoer matzekommen. Sollt och mat esou enger Hëllef deen Niveau net kënnen erreecht ginn, kann d'Widderhuele vum Schouljoer eng Chance sinn.

Mir ginn den Elteren nees de Choix, hir Kanner an engem Cours „Liewen a Gesellschaft" (Vie et société) oder an engem Reliounscours anzeschreiwen, dëst an der Primärschoul. All Reliounen, déi vum Staat finanziell ënnerstëtzt ginn, däerfen dozou Reliounscoursen ubidden.

- Klassesche Lycée

D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt d'Haaptzil vum klassesche Lycée doranner leie muss, d'Schüler beschtméiglech op d'Universitéitsstudium virzebereeden. Eng weider Missioun vun de Lycéeën ass, de Schüler eng gutt Allgemengbildung ze vermëttelen. Grondsätzlech soll de Premièresexamen säin eegene Wäert behalen an en Antrëtt an d'Beruffsliewen erméiglechen. Mir si géint eng Ausdeenung vun de Sektiounen op all méiglech Nieweberäicher. D'Schoul muss politesch a weltuschaulech neutral sinn a bleiwen. All Form vun Ideologie an Indoktrinéierung huet am Lycée (wéi an der Schoul allgemeng) näischt ze sichen. D'ADR wäert op alle Sektiounen op d'mannst eng Stonn pro Woch fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur aféieren.

- Technesche Lycée

Am „Lycée général/Allgemenge Lycée" sinn déi lescht Jore vill Reforme gemaach ginn, déi onbedéngt mussen op de Leescht geholl ginn an deelweis erëm réckgängeg gemaach ginn. Dozou gehéiert ganz kloer déi ze einfach Promotioun op den niddrege Klassen, vu 7e bis 5e. Et ass de Schüler nämlech absolut net domat gehollef, fir se all Joer einfach duerchkommen ze loossen, egal wéi hir Leeschtung ass. Grad hei zielt et, fir d'Schüler zur Leeschtungsbereetschaft ze motivéieren. D'Promotioun soll och erëm no kloren an däitleche Krittäre geschéien, déi Elteren a Schüler verstinn. Och hei soll d'Unzuel vu verschiddenste Sektiounen erëm op en normaalt Mooss gesat ginn.

Fir d'ADR ass et eng grouss Aufgab vum technesche Lycée, d'Schüler op d'Beruffsliewen (am Handwierk, am Commerce, am Gesondheetssecteur, an technesche Beruffer, asw.) virzebereeden. Mir suergen dofir, datt d'Beruffswelt, iwwer d'Handwierkerkummer an d'Handelskummer, besser an de Beruffsunterrecht agebonne gëtt. Dobäi sollen d'Betriber hir Diere fir d'Schüler grouss opmaachen, dëst a Form vu Schnuppercoursë bis hin zu längere Stagen. Grouss Betriber, déi ganz oder gréisstendeels an ëffentlecher Hand sinn, sollen nees „Léierbuden" opmaachen oder ausbauen, fir datt Jugendlecher méiglechst fréi hirem Beruffswonsch kënnen nokommen. D'ADR wäert de Beruff vum Handwierker esou opwäerten, datt d'Schüler an hir Elteren dësen nees als positiv Optioun ugesinn.

5. Logement

Den onmoossege Bevëlkerungswuesstem bréngt ënner anerem um Wunnengsmaart grouss Problemer mat sech. Et ass onméiglech ginn, zu Lëtzebuerg nach Wunnraum zu verstännege Präisser ze kréien. Déi héich Präisser um Wunnengsmaart dreiwe vill Lëtzebuerger Stéit iwwer eis Grenzen eraus a maache si zu Grenzgänger am eegene Land.

Fir d'ADR ass kloer, datt e gebremste Bevëlkerungswuesstem déi éischt a wichtegst Moossnam bei der Léisung vum Problem ass. Wéinst dem grousse Réckstand ass et awer dréngend noutwendeg, zousätzlech konkret an effikass Moossnamen ze huelen, fir ze erméiglechen, datt e Lëtzebuerger Bierger, deen hei am Land schafft, sech mat där Pai och eng Wunneng um Lëtzebuerger Wunnengsmaart leeschte kann.

Dobäi däerfen awer d'Eegentumsrechter net ausser Kraaft gesat ginn, sief dat duerch Enteegnungen, duerch Requisitiounen oder duerch eng iwwerdriwwe Besteierung vu Bauland oder Wunnengen, déi eidel stinn.

Wunnraum schafen a mobiliséieren

All Moossnamen, déi dës Regierung geholl huet, hunn dozou gefouert, datt d'Wunne méi deier ginn ass – am Kaf ewéi an der Locatioun. D'ADR wëll dat iwwer folgend Punkten änneren:

1. Vereinfachung vun administrative Prozeduren
2. Klima- an Energienorme beim Bau iwwerschaffen
3. D'TVA op Mietwunnechten nees erofsetzen
4. Ännerung am Droit civil : Eegebedarf a Kontrakter op determinéiert Zäit
5. Agrement bei de Successiounen op 12 Méint erhéijen
6. Amortissement fiscal accéléré
7. Portage foncier amplaz Bail emphytéotique
8. Den „capital investi" vu fënnef Prozent halen
9. D'Roll vu Privatpromoteure beim Wunnengsbau unerkennen

1. Vereinfachung vun administrative Prozeduren

D'Vereinfache vun administrative Prozeduren erméiglecht, datt méi séier Wunnraum ka geschaf ginn, an et verhënnert, datt de Wunnraum onnëtz méi deier gëtt, well d'Promoteuren dann net méi esou laang mussen Zënsen op den Terrain bezuelen, wat sech am Endpräis néierléisst.

Hei misst en Delai vu maximal 60 Kalennerdeeg zielen, vun deem Datum un, wou de komplette Projet per recommandéierte Courrier mat Avis de réception un déi zoustänneg Autoritéit geschéckt ginn ass. Déi zoustänneg Autoritéit huet dann déi maximal 60 Deeg Zäit, fir konkreet an detailléiert hir Remarken zum Projet dem Bauhär/Architekt/Promoteur, respektiv deem, deen de Projet eragereecht huet, zoukommen ze loossen. Geschitt dat net, ass de Projet autoriséiert/ugeholl.

Et kéint een eventuell och driwwer nodenken, datt de Staat an de Syvicol zesummen e Bautereglement iwwer allgemeng Bestëmmunge schafen, dat fir d'ganzt Lëtzebuerger Land gëllt. Och dëst géif derzou bäidroen, datt Baugeneemegungen a Prozedure méi séier kéinten ausgestallt ginn, wouduerch dann och méi séier gebaut gëtt. D'ADR bleift awer der Meenung, datt dëst Bautereglement iwwer allgemeng Bestëmmungen d'Gemengen net obligéiert, mee eng Recommandatioun duerstelle muss. Fir eis gëllt ëmmer nach de Prinzip vun der Gemengenautonomie, esou datt d'Gemengen decidéieren, ob si hir eege Bestëmmungen halen oder déi iwwerhuelen, déi si vum Staat a vum Syvicol recommandéiert kréien.

2. Klima- an Energienorme beim Bau iwwerschaffen

De Bau gouf systematesch verdeiert duerch déi ambitiéis Klima- an Energienormen. D'ADR vertrëtt eng ganz liberal Approche. Mir wëllen, datt d'Fräiheet vum Eenzelen duerch manner streng Virschrëften an d'Sträiche vun ideologeschen Oplage geséchert gëtt. Jidderee soll no senger Virstellung a Méiglechkeet baue kënnen, esoulaang den Uertscharakter respektéiert bleift. Bis op e puer néideg Sécherheetsnormen, soll de Staat sech do esouwäit ewéi méiglech eraushalen. De Staat kann a soll ëmweltfrëndlech Bautechnologien, wéi z.B. Passivhaiser, trotzdeem ënnerstëtzen. Och den Accès ouni Barriär fir Leit mat enger Behënnerung wäert d'ADR selbstverständlech a konsequent beim Bau ënnerstëtzen. De

Konsument soll seng Proprietéit einfach an Eegeverantwortung a fräi geréiere kënnen an déi Energieufuerderungen erfëllen, déi hie fir néideg hält.

3. D'TVA op Mietwunnechten nees erofsetzen

D'TVA op Mietwunnechten – déi Investisseure fir d'Locatioun kafen, awer als Zweetwunnecht vun der Regierung klasséiert ginn – gouf vun 3% op 17% erhéicht. Dës Erhéijung ëm 14% gëtt den Investisseur virun un e Keefer oder un e Locataire. Domat gëtt den Akafspräis respektiv de Loyer, also de Wunnraum, nach emol méi deier. Dowéinst wëll d'ADR dës TVA nees op 3% erofsetzen.

4. Ännerung am Droit civil : Eegebedarf a Kontrakter op determinéiert Zäit

Et ginn aner Grënn fir Leerstänn ewéi Spekulatiounen, dorënner och d',,prorogation légale". Et ass ekonomesch fir kee sënnvoll, eng Wunneng eidel stoen ze loossen, wann d'Locatioun eng Einnam erbrénge géing. Eng einfach Ännerung am Droit civil géif de Problem vu Leerstänn a ganz ville Fäll léisen, wat och méi Wunnengen um Maart bedeit.

Wie mat engem Eegebedarf a bestëmmter Zäit rechent oder d'Méiglechkeet vun engem Verkaf net ausschléisse kann, iwwerleet sech aus verständleche Grënn zweemol, fir d'Wunneng an d'Locatioun ze ginn. Am Fall vun Eegebedarf besteet nämlech eng relativ komplex a laangwiereg Prozedur, bei där een en Affekot brauch an déi méi wéi e Joer dauert, fir de Locataire aus der Wunneng erauszekréien. Den Eegebedarf ass dann och den eenzege rechtlech unerkannte Grond. Wann de Proprietär d'Wunneng nämlech verkafe wëll, ass et net emol méiglech, dem Locataire ze kënnegen. Dat féiert onnéideg zu Leerstänn.

Eng einfach zivilrechtlech Léisung wier, verbindlech Locatiounskontrakter op determinéiert Zäit ze erlaben, bei deenen de Proprietär och séier e Jugement d'expulsion kritt, wann de Locataire d'Wunnecht net zum festgeluechten Delai verléisst. Dozou kënnt, datt och de Verkaf duerch de Verkeefer als Kënnegungsgrond soll unerkannt an am Gesetzestext integréiert ginn. D'ADR huet heizou och schonn e Gesetzesvirschlag gemaach.

5. Agrement bei de Successiounen op 12 Méint erhéijen

Bei de Successioune fënnt een e weidert Beispill vun onnéidege Leerstänn. Bei enger Ierfschaft ass en Agrement vum Justizministère néideg, fir däerfen ze verkafen, an dee just 6 Méint valabel ass. Wann z.B. e puer Organisatiounen un der Successioun bedeelegt ginn, kann et sinn, datt deenen engen hiren Agrement schonn ofgelaf ass, ier déi aner hire kréien. Et gëtt e konkrete Fall, wou en Haus eréischt no dräi Joer konnt verkaf ginn, bis datt all Agrement zur gläicher Zäit valabel war. Dofir wëlle mir den Agrement vu sechs op 12 Méint erhéijen, fir ze verhënneren, datt d'Prozedure vum Justizministère zu ongewollte Leerstänn féieren.

6. Amortissement fiscal accéléré

Den Amortissement fiscal accéléré huet dofir gesuergt, datt méi (privat) Mietwunnechten op de Maart koumen. Doduerch hunn d'Promoteuren an engem Projet 50 bis 60 Prozent un Investisseure verkaf. Den Amortissement fiscal accéléré gouf awer méi komplizéiert a manner favorabel gemaach, esou datt d'Investisseuren ausbleiwen, well deen Incentive net méi do ass.

D'Konsequenz dovun ass, datt d'Promoteuren net méi genuch verkafen an doduerch net kënnen ufänke mat Bauen. Dacks musse si hir Projeten op Äis leeën oder et dauert immens laang, bis si déi néideg Quote-parte verkaf hunn, fir datt d'Bank hinnen de Kredit gëtt. Well keng Bank gëtt de Kredit, wann de Promoteur net scho 60 Prozent vum Projet verkaf huet. Projete vu private Promoteuren, déi sprochräif sinn, kënnen also net gebaut ginn, well d'Investisseure verdriwwe goufen an den einfache Bierger kee Prêt méi kritt.

Den Amortissement fiscal accéléré hätt solle bleiwen, ewéi e war. Dofir wëlle mir der Regierung hir Feelentscheedungen hei réckgängeg maachen an den Amortissement fiscal accéléré nees nom ale Modell reegelen.

7. Portage foncier amplaz Bail emphytéotique

Den Ierfpachtvertrag (bail emphytéotique) ass de Leit Sand an d'Ae gestreet. Zum Schluss kritt een hei nëmme seng Suen zeréck, déi ee beim „Kaf" bezuelt huet. Wat nach ze vertriede war, wéi den Zënssaz ganz niddereg an d'Inflatioun nach net ze spiere war. Dëse Bail

verhënnert, datt d'Leit mat hirer Investitioun e Wäertzouwuess erreechen, an ënnert dem Strëch verléiere si esouguer Suen, besonnesch bei der Inflatioun. Hätt ee sech déi selwecht Immobilien um fräie Maart als vollwäertege Proprietär ugeschaf, kéint een eng Plus-value erreechen.

An ëmgedréint gouf den Ierfpachtvertrag och entgéint sengem eigentleche Sënn mëssbraucht. Dat hate mir z.B. an der Stad Lëtzebuerg mam „Baulückenprogramm". Déi Wunnechte goufen ënner Bail emphytéotique verkaf, awer zu esou héije Präisser, datt kee klenge Bierger sech dat leeschte konnt. Dat hu Geschäftsleit kaf, déi op dës Manéier wärend e puer Joer a super Immobilie mietfräi wunne konnten. Si hunn zum Schluss zwar ouni Plus-value verkaf, konnten awer trotzdeem wärend Jore schéi wunnen ouni e Loyer ze bezuelen, obwuel grad si sech ouni Weideres hätten e Loyer leeschte kënnen.

D'ADR zitt dann de Wee vum zäitlech versaten Terrainskaf (portage foncier) vir. Dat bedeit, datt den Terrain an enger éischter Phas fir e symbolesche Loyer zur Verfügung gestallt gëtt an de Verkaf vum Terrain da spéider (z.B. wann de Prêt vum Bau ofbezuelt ass) realiséiert gëtt. De Präis vum Terrain kann dobäi un de Montant gebonne ginn, deen den Ar Terrain zum Moment vum Kaf wäert war.

De Staat huet am Pacte Logement e Virkafsrecht virgesinn an hätt deem och sollte Rechnung droen, wat en zum Deel awer net genuch gemaach huet.

D'Proprietäre vun den Terraine sollen d'Méiglechkeet kréien, hiren Terrain un de Staat ze verkafen, wa si dat wëllen, zum Präis vum Akafspräis plus all d'Fraisen (Notaire, Enregistrementskäschten, Zënsen, Developpementer betreffend de Bauprojet, wéi den Architekt, Ingenieur, an all d'Etüden, déi néideg waren, fir de Bauprojet ze developpéieren), plus eng Marge, déi soll definéiert ginn, vu datt hie seng eegen Zäit och mat dran investéiert huet. (Wann de Staat en Terrain keeft, muss e jo och zum Deel déi selwecht Prozeduren duerchlafen an huet och Fraisen, bis ka gebaut ginn).

Hei däerf een net vergiessen, datt all eventuell staatlech Hëllefen (Subventiounen), déi de Staat huet, jo schliisslech och vum Steierzueler kommen.

Wann de Staat da Proprietär vum Terrain ass, verlount de Staat den Terrain am Portage foncier mat engem Loyer pro Joer oder pro Mount un de Keefer vum Gebai (Haus oder Appartement), dat drop gebaut gëtt.

De Staat soll zesumme mam Privatsecteur (Promoteuren, Bau-Entreprisen) kënnen op esou Terraine bauen, an dat no engem Cahier des charges, dee Baumaterialien a verschidde Präisser definéiert (wéi z.B. de Buedembelag, XY €/m^2, de Choix vun de sanitären Elementer, asw.) an all d'Konditiounen, wéi och z.B. datt deen drop baut, eng Bankgarantie an eng Assurance TRC (tous risques chantier) muss maachen. Sou wéi et och an enger klassescher Promotioun (vefa) haut gemaach gëtt.

Sou kéinte Baupräisser tëscht 30 a 50 Prozent erofgoen, well d'„quote-part" vum Terrain fir de Keefer ewechfält. Beim Verkaf vun esou engem Logement mussen déi un de Bau-Index gekoppelt sinn, esou datt, wann déi Immobilien eng Kéier solle verkaf ginn, de Wäertzouwuess garantéiert ass.

Dës Moossname géifen derzou bäidroen, datt :

- d'Präisser vun de Logementer falen;
- de ganze private Bausecteur zesumme mam Staat op esou Terraine kéint bauen;
- een a kuerzer Zäit relativ vill Wunnraum matenee schafe kéint an dat zu abordabele Präisser fir all Bierger hei am Land.

8. Den „capital investi" vu fënnef Prozent halen

D'ADR ass der Usiicht, datt dat aktuellt Gesetz iwwert de Bail à loyer, am Sënn vun de fënnef Prozent vum „capital investi", gutt gereegelt ass. Déi ugestrieften Neireegelunge riskéieren dogéint den Investissement an de locative Wunnraum manner attraktiv ze maachen. Ausserdeem gëtt am aktuelle Gesetz nach den néidegen Ënnerscheed gemaach tëscht dem normale Loyer an dem Loyer fir „logement de luxe". Dofir wëlle mir hei déi aktuell Reegelung vum Gesetz bäibehalen.

9. D'Roll vu Privatpromoteure beim Wunnengsbau unerkennen

All Joer kommen op d'mannst 10.000 nei Leit an d'Land bäi. De Staat huet awer net dofir gesuergt, datt genuch Wunnraum fir dee séieren an enormen Zouwuess do ass, an duerch d'Regierungspolitik gëtt es nach manner produzéiert. Wien zu Lëtzebuerg schafft an do wunnen a liewe wëll, muss sech dëst och mat engem Lëtzebuerger Gehalt leeschte kënnen.

Dat erreeche mir awer nëmmen, wann d'Quantitéit vum disponibele Wunnraum och der Nofro gerecht gëtt.

Wann de Staat also den néidege bezuelbare Wunnraum schafe soll, muss ee realistesch bleiwen an agestoen, datt d'SNHBM (Société Nationale des Habitations à Bon Marché) an de Fonds de Logement dat eleng net stemme kënnen. Et feelen haut schonn esou vill Wunnengen an de Réckstand gëtt vu Joer zu Joer méi grouss. Aus deem Grond ass et néideg, datt de Staat endlech d'Roll vum Privatpromoteur unerkennt.

Privatpromoteure solle vun deene selwechte staatlechen Hëllefe kënne profitéieren ewéi déi staatlech Institutiounen. Am Géigenzuch musse si dann och déi selwecht Konditiounen a Flichten erfëllen. Domat engagéiert sech de Privatpromoteur, dee vun de staatlechen Hëllefe profitéiert, deen domat finanzéierte Wunnraum wärend enger gewësser Dauer zu engem bestëmmten a mat enger Konventioun festgeluechte Präis ze verlounen. D'Dauer vun de Konventioune fir de soziale Wunnengsbau mat Privatpromoteure gëtt dann och nees vu 40 Joer op 20 Joer erofgesat.

Zousätzlech soll bei Projete fir d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum eng méiglech Zesummenaarbecht tëscht staatlechem a privatem Promoteur net méi kategoresch ausgeschloss ginn, mee als eng favorabel Méiglechkeet genotzt ginn.

Bauland erschléissen

Beim Erschléisse vu Bauland gesäit d'ADR déi folgend Moossname vir, fir d'Effikassitéit an den Notzen dovu méiglechst grouss ze halen:

- Schafung vun engem staatleche Fong fir Wunnengsbau a fir Terrainsacquisitiounen.
- Eng Wäertschëpfungsofgab bei Terrainen, déi an de Bauperimeter geholl ginn an net fir de private Gebrauch oder erschwéngleche Wunnraum bebaut ginn, speist dëse Fong.
- Inventaire vum net bebauten Terrain am Bauperimeter a vu Baulücken an ëffentlecher Hand (Staat a Gemengen) maachen.
- E fräiwëllegen Inventaire vum net bebauten Terrain am Bauperimeter a vu Baulücken a privater Hand maachen.
- PAG/PAP-Prozedure vereinfachen.

- D'Naturschutzgesetz iwwerschaffen, fir datt Flächen, déi schonn am PAG sinn, als Bauzon ausgewise ginn.
- Bei Perimeter-Erweiderungen e méi héije Prozentsaz fir erschwéngleche Wunnengsbau reservéieren.
- Punktuell Perimeter-Erweiderunge solle méiglech sinn, ouni datt d'Land awer soll zersidelt ginn. All Erweiderung muss en adequaten Deel erschwéngleche Wunnraum virgesinn.
- Nieft erschwénglechem Wunnraum muss an all PAG Plaz bleiwe fir de Bau vun Eegenheemer. D'Densitéit an d'Héicht vun de Wunneenheete soll wuel punktuell eropgoen, mee et muss méiglech bleiwen, Eefamilljenhaiser ze bauen.
- Staat a Gemenge gi verflicht, fir Terrainen an Haiser, déi si am Kader vun hirem Virkafsrecht kafen, an engem kuerzen Delai och tatsächlech ze notzen.
- Wa beim Verkaf vun Terrain de Verkeefer oder de Keefer steierlech Virdeeler huet oder vu staatleche Subventioune profitéiert, muss deen Terrain séierstméiglech bebaut ginn, esoubal d'Geneemegungen do sinn.
- Bauland-Verträg verstäerkt notzen – d.h. zousätzlechen Terrain an de Bauperimeter huelen ënnert der Konditioun, datt de Proprietär dësen direkt a mat engem adequaten Undeel u locativem Wunnraum bebaut.
- Bei Lotissementer kann e Proprietär, deen net wëll direkt am Projet matmaachen an deen doduerch ophält, am Kader vun engem Remembrement en anere gläichwäertegen Terrain kréien.
- D'Konzentratioun vu Bauland an „Fonds d'investissement spécialisés" steierlech manner attraktiv maachen. Esou Fonge bidde bei Immobiliegeschäfter enorm Virdeeler, besonnesch fir auslännesch Investisseuren, déi keng Steieren op Dividenden oder op dem Verkaf vun hire Participatioune bezuelen.
- Secteuriell Pläng fir d'Landesentwécklung sollen eng Richtlinn sinn, awer flexibel genuch, fir Gemengen autonom plangen ze loossen.

Landesplanung an erschwénglech Wunnengen

Ee vun de Problemer an der Debatt ëm den erschwéngleche Wunnraum ass de Begrëff vum „logement abordable", deen u sech ni definéiert gouf. Wann erschwéngleche Wunnraum geschaf gëtt, deen u sozial Krittäre gebonnen ass, muss de Loyer och wierklech „sozial" sinn. An eisen Ae wier et räsonabel ze soen, datt de Loyer net méi wéi en Drëttel vum Revenu ausmaachen däerf, well e soss net abordabel ass.

Bei der Landesplanung an dem erschwéngleche Wunnraum hält d'ADR drop, datt déi folgend Punkte berécksiichtegt an ëmgesat ginn:

- A méi grousse Bauprojeten (méi wéi 25 Wunnengen) 10 Prozent vun de Wunnenge fir erschwénglechen, locative Wunnraum reservéieren an zousätzlech 10 Prozent fir eng éischt Acquisitioun reservéieren.
- All private Bauprojet vu méi wéi engem Hektar soll en adequaten Deel un erschwénglechem, locativem Wunnraum virgesinn, deen awer net muss am nämmlechte Projet sinn, mee zäitno anerwäerts an där Gemeng ka gebaut ginn.
- Virkafsrecht vun de Gemenge fir Wunnengen an Haiser, ënnert der Bedéngung, datt déi bannent 3 Joer als erschwénglech Wunnengen zu transparente Krittären an zu abordabelen, un de Revenu vun de Locatairen ugepasste Konditioune verlount ginn.
- Wann de Staat erschwéngleche Wunnraum baut a verlount, muss dëst fair an transparent geféiert ginn. Leit, déi op esou Wunnechten ugewise sinn, stinn op verschiddene Lëschten, déi no ganz onkloere Krittären zesummegesat sinn. Mir wäerten hei fir Kloerheet suergen, duerch d'Schafe vun enger eenheetlecher an transparenter nationaler Waardelëscht fir den erschwéngleche Wunnraum an ëffentlecher Hand, déi op ganz kloere soziale Prioritéitskrittären (Akommes, Familljesituatioun, Kanner, Relatioun mam Land, asw.) baséiert.
- Déi erschwénglech Wunnenge sollen net vu privaten Institutiounen oder ONGe geréiert ginn. D'Gerance, d'Opsiicht an d'Verantwortung iwwert dës Wunnenge sollen dem Ministère ënnerleien, awer de Gemengen hir Autonomie a lokal Prioritéite musse garantéiert sinn.

- Staat a Gemenge mussen hir Efforten op erschwénglechen, locative Wunnraum konzentréieren. Duerfir soll de Bau vun erschwénglechem Wunnraum weider duerch de Staat héich subventionéiert ginn.
- Erschwénglechen, locative Wunnraum an ëffentlecher Hand kann net a Privathänn iwwergoen.
- Erschwéngleche Wunnraum soll kee Ghetto sinn, dofir muss op eng gesond sozial Mixitéit geuecht ginn.

Locatioun

- E Locataire, dee säi Bail aus trëftege Grënn kënnege muss, well en z.B. berufflech versat gëtt oder Nowuess kritt, muss kënne säi Bail an engem normale Preavis vun zwee Méint kënnegen amplaz bis zum Enn vun der Lafzäit vum Bail mussen de Loyer weider ze bezuelen.
- Den Droit civil gëtt duerch kleng Ännerungen ugepasst, fir locative Wunnraum ze mobiliséieren an onnëtz Leerstänn ze verhënneren. Esou gëtt der „prorogation légale" en Enn gemaach, andeems verbindlech Locatiounskontrakter op determinéiert Zäit erlaabt ginn. Donieft gëtt net méi just den Eegebedarf als Kënnegungsgrond unerkannt, mee och de Verkaf, deen deementspriechend am Gesetzestext integréiert gëtt.
- De Loyerssubsid gëtt reegelméisseg un d'Präisdeierecht ugepasst.
- D'Krittären, fir eng Loyerssubventioun ze kréien, gi méi generéis ausgeluecht, esou datt och e méi héicht Nettoakommes (+20%) nach eligibel ass.
- D'Revenusgrenz aus dem Reglement iwwert d'staatlech Loyerskautioun (garantie locative) gëtt ëm 25 Prozent no uewe revidéiert (z.B. 2,5 x de Mindestloun fir eng Eenzelpersoun).
- Nei Wunnforme solle gefërdert ginn, egal ob et sech ëm eng Aart „betreit Wunnen" fir eeler Leit oder Leit mat spezifesche Bedierfnesser handelt oder ëm eng Aart intergenerationell Wunngemeinschaft. Nieft der Colocatioun misste Proprietären oder „Haaptmieter" eenzel Zëmmere verloune kënnen. Am Ausland ass dat méiglech,

och grad an Universitéitsstied. D'Viraussetzung ass awer, datt dës Wunnformen aus fräiem Wëlle gegrënnt ginn.

- Vu datt d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten („Administration des bâtiments publics") méi wéi genuch mat hire Projete beschäftegt ass, soll de Staat elo, wann hien eidel Wunnengen huet, privat Bureaux d'études chargéiere Cahier-des-chargen auszeschaffen, fir all dës Wunnengen ze renovéieren. Dës privat Büroe missten och d'Bauaarbechten iwwerwaachen. Sou kéint de Staat relativ séier bestoende Bauvolume op de locative Wunnengsmaart bréngen.

Proprietär ginn a staatlech Hëllefen

Den Dram vum Eegenheem ass fir ëmmer manner Leit ze erreechen a gëtt an déi héchste Mëttelschicht verréckelt. Nieft der Deierecht sinn onrealistesch Prêtkonditiounen e Grond dofir. Mir als ADR halen et fir falsch, wann d'Bank enger Persoun, déi schafft an hire Loyer all Mount bezilt, kee Prêt gëtt, obwuel de Remboursement vum Prêt méi déif wier wéi de Loyer, dee si bezilt. Dofir sollten d'Prêten no soziale Krittären accordéiert ginn, a wann de Remboursement vum Prêt net méi deier ass wéi de Loyer, deen eng Persoun bezilt, da muss déi Persoun de Prêt och kréien.

De Finanzsecteur muss also deementspriechend opgestallt ginn an de Staat soll esou hëllefen, datt den Accès zur Proprietéit duerch méi realistesch a fair Konditioune fir e Prêt erliichtert gëtt. Mir hunn eng Staatsbank, wou dat sollt méiglech sinn. Mee och géintiwwer enger Privatbank kann de Staat eng Garantie iwwerhuelen, bei Persounen, déi gewësse sozial Konditiounen erfëllen.

Donieft gesäit d'ADR folgend Moossname vir, fir där Situatioun entgéintzewierken an de Leit nees ze erméiglechen, Proprietär ze ginn:

- De Bëllegen Akt beim éischte Kaf vun engem Haus oder enger Wunneng vun 30.000 op 50.000 € eropsetzen (dat entsprécht engem Kafpräis vu +/- 800.000 €).
- D'Wunnengshëllef soll méi Leit zegutt kommen: D'Revenu-Grenzen, déi am Reglement z.B. fir d'Uschafungsprimm definéiert sinn, sollen ëm 25 Prozent gehéicht ginn (z.B. +/- zweemol de Mindestloun amplaz vun 3.046 € fir eng Eenzelpersoun).

- Den zoulässege Gesamtbetrag vun der TVA-Logement (3 Prozent) bei engem Logementskaf vu 50.000 op 100.000 € héijen.
- TVA-Taux vu 17 % fir d'Zweetwunnecht réckgängeg maachen an nees op 3 % fixéieren.
- „Mietkauf": De Loyer gëtt bannent enger Rei Joren op de Verkafspräis ugerechent, fir jonke Leit de Kaf vun enger éischter Wunneng ze erméiglechen.
- De Finanzsecteur muss encouragéiert ginn, fir datt den Accès zur Proprietéit duerch méi realistesch a fair Konditioune fir e Prêt erliichtert gëtt.
- Staat a Gemenge sollen den „Portage foncier" aféieren (wéi en am éischte Pacte Logement virgesi war). Den „Portage foncier" erlaabt et, fir d'éischt d'Haus ze bezuelen an eréischt, wann dat ofbezuelt ass, den Terrain. Jonk Stéit solle sech esou hiert Eegenheem mat enger méi niddreger Belaaschtung am Mount leeschte kënnen.
- D'staatlech Subventioun vun erschwénglechem Wunnraum u Gemengen a privat Promoteure gëtt ausgebaut:
    - Erhéijung vum staatlechen Deel bei Gemengeninvestitiounen
    - Steierfräibetrag fir privat Bauhären
- Staatsgarantie fir eng 100-Prozent-Finanzéierung vun engem Haus: Nieft dem Noweis vu reegelméissegen Erspuernesser oder engem Bauspuervertrag, wéi aktuell gereegelt, gëtt och d'Héicht vum reegelméisseg bezuelte Loyer fir d'Kreditwierdegkeet vum Keefer a Betruecht gezunn, fir datt hie ka fir eng Wunneng 100 Prozent vum Kafpräis léinen.
- Zënssubventioune beim Prêt hypothécaire vun 175.000 op 300.000 € eropsetzen.
- Bau- a Kafprimm héijen: De Montant soll an Zukunft tëscht 1.000 an 12.500 € (aktuell 250 bis 9.700 €) leien. Am Fall vun engem Appartement a Koproprietéit oder engem Reienhaus gëtt dës Zomm ëm 40 Prozent geheicht.
- Net d'ganz Primmen zeréckbezuelen, wann d'Haus virun 10 Joer viruverkaf gëtt: D'Zënssubventioun an d'Bauprimm mussen aktuell integral zeréckbezuelt ginn, wann de Keefer keng 10 Joer am Haus bleift. An Zukunft soll do nëmmen nach de Prorata gerechent op d'Méint, déi de Keefer tatsächlech am Haus war, zeréckgefrot ginn.

- Wunnengshëllefen, gebonnen u kloer Krittären (*), no uewe revidéieren:
  - eenheetlech Konditioune fir all Wunnengshëllef (z.B. Bauprimm, Zënssubventioun, Spuerprimm).
  - De Plafong vun de Revenuen, fir vun der Wunnengshëllef ze profitéieren, gëtt erhéicht an un de Mindestloun gekoppelt. (**)
  - Kompensatiounsausgabe bei Niddregzënsen: De Staat iwwerweist dat, wat hie bei der Zënssubventioun an Zënsbonifikatioun (bei engem niddrege Leetzëns) spuert, an de Wunnengsbau- an Acquisitiounsfong.
- De Verkaf vun enger Wunneng un d'ëffentlech Hand ass steierfräi, wann dës fir erschwéngleche Wunnraum virgesinn ass.
- Sanéierung vun alem Wunnraum iwwert d'Klimabank.

(*) D'Wunnengshëllef kritt een nëmmen, wann een:

- keng eege Wunneng huet (weder zu Lëtzebuerg nach am Ausland);
- schonn 10 Joer am Land wunnt;
- selwer an der Wunneng oder am Haus wunnt;
- d'Wunneng oder d'Haus wéinstens 15 Joer fir den eegene Gebrauch notzt;
- déi aktuell Limitte vun der Wunnfläch (bei Neibauten) respektéiert (140 m² fir en Haus an 120 m² fir eng Wunneng).

(**) Mir setzen d'Plafongen, fir d'Wunnengshëllef ze kréien, esou fest:

- fir den 1. Erwuessenen: 4-mol den onqualifizéierte Mindestloun;
- fir den 2. Erwuessenen: 2-mol den onqualifizéierte Mindestloun;
- fir all Kand am Stot: 0,5-mol den onqualifizéierte Mindestloun.

De Staat iwwerhëlt fir dës Stéit d'Biergschaft bei der Bank, esou datt dës Leit e Prêt vun 100 Prozent vum Präis vun der Wunneng oder dem Haus kënne kréien.

Bezuelbar Wunnenge prioritär fir Leit aus der Gemeng

Fir datt déi bezuelbar Wunnenge fir d'Locatioun gerecht verdeelt ginn, geet et net duer, eenheetlech Krittären auszeschaffen, déi fir all Proprietär gëllen, deen op dësem Wunnengsmaart aktiv ass: Staat, Fonds de Logement, SNHBM, Gemengen a moralesch Persounen, déi dofir subventionéiert ginn. Dës Krittäre mussen och reegelméisseg kontrolléiert a wann néideg ugepasst ginn.

Bei de bezuelbare Wunnengen, sou wéi och allgemeng an der Wunnengsproblematik, engagéiere mir eis fir Transparenz bei de Waardelëschten. Et soll eng eenzeg an transparent Waardelëscht ginn, déi déi verschidde Krittären, ewéi d'Familljenzesummesetzung oder d'Akommes, berécksiichtegt. D'Gestioun vun dëser Lëscht gëtt op nationalem Niveau gefouert. Allerdéngs sollen d'Gemengen hei d'Méiglechkeet kréien, fir eidel Wunnenge prioritär u Leit mam entspriechende Profil ze verginn, déi eng Relatioun zu där Gemeng hunn an natierlech och den néidege Krittären entspriechen. D'Virrecht duerch de Bezuch zur Gemeng géif iwwert e Punktesystem gereegelt ginn. Dobäi gëllt: Wat ee méi mat der Gemeng verbonnen ass, wat ee méi Punkten ugerechent kritt.

Bei dësem System kritt ee beispillsweis Punkten, wann een

- an där Gemeng wunnt oder gewunnt huet – d'Dauer spillt hei och eng Roll;
- Elteren, Grousselteren oder Kanner huet, déi an där Gemeng wunnen;
- an där Gemeng schafft;
- an där Gemeng a Veräiner aktiv ass oder war;
- asw.

Wien also déi néideg Krittären erfëllt an dann nach iwwert dëse System déi meeschte Punkten huet, dee kritt d'Virrecht op eng Sozialwunneng an där respektiver Gemeng.

Aktualiséierung vum Gesetz iwwer Coproprietéit vun 1975 (geännert 1985)

D'Gesetz vum 16. Mee 1975 iwwert de Statut vu Coproprietären a Gebaier, geännert duerch d'Gesetz vum 22. Abrëll 1985, gëtt den haitegen Ufuerderungen, fir d'Aktivitéite vun der Gerance ze reegelen, net méi gerecht. Mir brauchen eng Upassung vum legale Kader fir Syndikater, Proprietärsrechter an technologesch Adaptatiounen. An deem Sënn wäert d'ADR dëst Gesetz am Detail iwwerschaffen. D'Verflichtungen an d'Befugnesser vun der

Gerance bei Coproprietéite ginn nei definéiert an adequat agegrenzt, esou datt d'Gesetz den Ëmstänn, de Kapazitéiten, de Bedierfnesser an technologeschen Ufuerderunge vun haitegen Zäiten nokënnt an d'Coproprietären hei géintiwwer der Gerance net benodeelegt ginn, ganz besonnesch dann, wann et sech ëm kommerziell geréiert Gebaier handelt.

Bei dësem komplexen Exercice ginn déi verschidde betraffen Acteure mat un den Dësch geholl, fir fair Ausgangspositioune fir déi ënnerschiddlech Parteien ze schafen.

Architektur- a Bausecteur

De Beräich vun Architektur a Bau brauch Neierungen an Erliichterungen. Dofir setzt d'ADR op en Ëmdenken a geziilt Efforten, déi folgend Aspekter an deem Secteur betreffen:

- d'Beruffsausbildung
- d'Aarbecht u Gesetzer
- Pilotprojeten
- d'Groussregioun
- administrativ Prozeduren
- Mediatioun
- Energieufuerderungen
- d'Qualitéit beim Bau a Baumaterial

D'Beruffsausbildung muss verbessert ginn, fir den Erausfuerderungen am Bausecteur gerecht ze ginn an de Bedarf u qualifizéiertem Personal ze decken.

Wann am Beräich vun Architektur a Bau legiferéiert gëtt, muss méi op d'Erfarunge vu Leit um Terrain (Architekten, Ingenieuren an Urbanisten), déi all Dag an dësem Domän schaffen, gebaut ginn. Si solle mat Zäiten un den Diskussiounsdësch geholl a gehéiert ginn.

Fir Erneierungen a Fortschrëtter an dësem Secteur ze erreechen, mussen innovativ a kreativ Iddien a Léisungen iwwer Pilotprojeten – nëmme wann si e Méiwäert bréngen a keng Monumenter fir iergendwelch Ideologien duerstellen – erméiglecht an encouragéiert ginn.

Um Verwaltungsniveau sinn och Ännerungen néideg. Déi bestoend Iwwerreglementéierung muss opgeléist gi mat enger administrativer Vereinfachung an d'Prozedure mussen digitaliséiert ginn.

Den iwwerstierzten an direkte Wee op d'Geriicht (Judiciarisatioun) soll evitéiert ginn, andeems bei Konflikter eng Mediatioun favoriséiert gëtt.

D'ADR vertrëtt eng ganz liberal Approche. Mir wëllen, datt d'Fräiheet vum Eenzele muss geséchert ginn duerch manner streng Virschrëften an d'Sträiche vun ideologeschen Oplagen. Jidderee soll no senger Virstellung baue kënnen, esoulaang den Uertscharakter respektéiert bleift. Bis op e puer néideg Sécherheetsnormen, soll de Staat sech do esouwäit ewéi méiglech eraushalen. De Konsument soll seng Proprietéit an Eegeverantwortung a fräi geréieren an déi Energieufuerderungen erfëllen, déi hie fir néideg hält.

Beim Bau vun neie Wunnengen an Haiser ginn ëmmer méi dacks Problemer bei der Qualitéit bis hin zu reegelrechte Bauschied festgestallt. Déi steigend Käschten am Wunnengsbau, de Manktem un Handwierker – u qualifizéierten am Besonneschen – an dozou nach den Zäitdrock, verschlëmmeren déi bekanntlech schonn desastréis Situatioun um Wunnengsmaart zousätzlech. D'ADR leet grousse Wäert drop, datt bei Investitiounen an de Wunnengsbau och d'Qualitéit beim Bau a Baumaterial muss gi sinn. Dëst soll iwwert eng entspriechend rechtlech Basis garantéiert ginn.

Studentewunnengen

Ëmmer méi Studenten entscheede sech, hire Studium ganz oder zum Deel op der Lëtzebuerger Universitéit ze absolvéieren. Ma och eis Studente si staark betraff vum Logementsproblem. Et ginn einfach net genuch Studentewunnengen.

Et sinn och net just Studenten, déi aus dem Ausland kommen, déi op eng Studentewunneng ugewise sinn. Och Jonker vu Lëtzebuerg, déi hire Studium am eegene Land wëlle maachen, sichen dacks eng Studentewunneng. Dobäi wunne verschiddener méi wäit vum Uni-Campus Belval ewech an hunn eng schlecht Ubannung un den ëffentlechen Transport. Anerer wëllen d'Studenteliewe mat allen Aspekter vun der Selbstännegkeet erliewen, wou och d'Elengwunnen derzougehéiert.

D'Uni.lu bitt Studentewunnheemer op ënnerschiddleche Sitten un. Mee d'Nofro ass bei Wäitem méi grouss eweí d'Offer. Eng ze geréng Offer u Studentewunnenge bei gläichzäiteg enorme Wunnkäschten um Lëtzebuerger Wunnengsmaart däerf net dozou féieren, datt Studente sech aus Käschtegrënn géint e Studium op der Lëtzebuerger Universitéit entscheeden.

Dofir wäert d'ADR fir eng méi grouss an ugepassten Offer u Studentewunnenge suergen. Well d'Verwaltung an de Gros vun den Instituter um Site Esch-Belval sinn, sollen och besonnesch an dësem Raum méi Studentewunnenge geschaf ginn. Kuerzfristeg wëlle mir d'Wunnengsbäihëllef fir d'Studente vun der Uni.lu erhéijen, bis déi néideg Offer konnt realiséiert ginn.

6. Kultur a Patrimoine

Denkmalschutz

Liewensqualitéit heescht, laangfristeg en Ëmfeld ze schafen an ze erhalen, an deem d'Leit sech an hir Wuerzelen erëmfannen, a sech doduerch wuel an doheem fillen. Dozou gehéiert d'Erhale vun eiser traditioneller Bausubstanz an domat de Stad- an Duerfcharakter. D'ADR ass iwwerzeegt, datt nieft der Sprooch och eis historesch Bauten an Haiser e wichtege Faktor fir eis Identitéit sinn. Erhalenswäert a regional-typesch Gebaier mussen also déi néideg Fleeg kréien an all Bausubstanz mat kulturellem an historeschem Wäert muss kohärent an effizient geschützt an erhale ginn.

D'ADR plangt kommunal Subside fir d'Renovatioun an d'Sanéierung vun esou Bauten. D'Gemeng soll déi néideg Mëttelen an hire Bebauungsplang kréien, fir ze verhënneren, datt historesch Plazen duerch onpassend Konstruktiounen devaloriséiert ginn. Grondsätzlech soll den Denkmalschutz zu Lëtzebuerg endlech déi wichteg Plaz kréien, déi en an anere Länner huet an déi en hei och verdéngt.

Erhalen an ëmnotzen amplaz ofrappen

Wann ee kuckt, wat hei am Land bis haut ënner Denkmalschutz gestallt gouf, muss ee soen, datt Lëtzebuerg am Verglach zu sengen Nopeschlänner groussen Nohuelbedarf huet. Dat neit Denkmalschutzgesetz vun 2022 wäert d'Situatioun vun eisem Patrimoine leider kaum verbesseren.

En historescht Gebai oder Haus hei am Land gëtt, wann iwwerhaapt, réischt no enger laanger Prozedur offiziell als schützenswäert definéiert. Doduerch sinn och just ee Prozent vun de Gebaier am Land protegéiert (Zuelen, déi eis 2022 virlouchen), wärend an anere Länner dee Prozentsaz dacks wäit iwwerschratt gëtt.

D'ADR betount, datt Kulturschutz an Denkmalfleeg prioritär d'Aufgabe vum Staat sinn. Mir sinn dergéint, datt Gebaier oder Sitte just no ästheteschen oder urbanistesche Krittären ënner Denkmalschutz gestallt ginn. All Gebai, dat mat eiser Kultur a Geschicht verbonnen ass, ass schützenswäert, och wann et eventuell an engem desolaten Zoustand ass.

Just e Brochdeel vun deenen Haiser a Gebaier, déi zu eisem Patrimoine gehéieren, stinn och wierklech ënner Denkmalschutz. Et ginn ëmmer nach vill ze vill wäertvoll Zeie vun eisem Patrimoine ofgerappt, dacks géint de Wëlle vun der Bevëlkerung.

Am neie Gesetz gëtt dacks vun „utilité publique" geschwat, e Krittär, deen noutwendeg ass, fir datt e Gebai geschützt ka ginn. D'Nëtzlechkeet vun den historesche Gebaier däerf awer net enger anerer Nëtzlechkeet geaffert ginn: nämlech dem Wunnengsbau. Dofir betoune mir als ADR, datt Denkmalfleeg prioritär national gereegelt soll ginn.

Eng angeblech schlecht Energiebilanz däerf net als Virwand genotzt ginn, fir e schützenswäert Gebai ofzerappen. Et verwonnert och, datt grad an enger Zäit, wou sou vill vun Nohaltegkeet, CO_2-Emissionen, Recycling, „circular economy" geschwat gëtt, dës Argumenter beim Denkmalschutz keng Roll spillen. Wa mer nämlech déi historesch Gebaier stoe loossen amplaz se ofzerappen, da gëtt vun der bestoender Bausubstanz profitéiert, ouni datt duerch en Ofrëss grouss Quantitéiten u Bauschutt ufalen. Zousätzlech ginn och eng ganz Rei Zäregas-Emissiounen agespuert, déi bei engem Neibau ufale géifen. A wäertvoll Rohstoffer gi geschount. Eppes Neies bauen amplaz eppes Ales nach ze notzen ass eng Verschwendung vu Ressourcen. Aus deem Grond ënnerstëtze mir d'Iddi, datt all d'Haiser an aner Bauten, déi virum Zweete Weltkrich gebaut goufen, duerch en Ofrëss-Moratoire automatesch ënner Schutz gestallt ginn an en deelweisen oder vollstännegen Ofrëss nëmme mat gudder Begrënnung zougelooss gëtt. Ausserdeem soll d'Ëmnotzung vu Gebaier, déi net méi hirem urspréngleche Zweck déngen, erliichtert ginn. Gläichzäiteg soll de Staat d'Entwécklung vun dozou spezifesche Fachkenntnesser an den Handwierksbetriber, den Architektur- an Ingenieursbüroen encouragéieren an ënnerstëtzen.

D'Erhale vun existéierender Bausubstanz spillt eng wichteg Roll, souwuel am Kontext vum Denkmalschutz wéi och um Wunnengsmaart an am Intressi vun enger nohalteger Entwécklung vun eisem Land. Dowéinst wäert d'ADR déi néideg statistesch Donnéeën iwwert d'Unzuel vun ofgerappte Gebaier erhiewen, dëst wa méiglech pro Gemeng, an esouwäit wéi méiglech den Alter vun dëse Gebaier an enger Klassifizéierung duerleeën an dës statistesch Donnéeën och reegelméisseg veröffentlechen.

Als ADR ënnerstëtze mir och all Moossnam, déi zur effikasser Ëmsetzung vun den Dispositiounen zur preventiver Archeologie am neien Denkmalschutzgesetz bäidroen. Mir fannen awer, datt d'Gesetz de Problem vun de Käschten, déi duerch eng Zone d'observation

archéologique ufalen, schlecht geléist huet. Hei ass virgesinn, datt de Bauhär d'Käschten, wann eppes fonnt gëtt, zur Hallschent droe muss. De Bauhär investéiert, a wann dann eppes fonnt gëtt, kann een awer net bauen. Dat ass e finanzielle Risiko, duerch dee vläicht vill Projeten net méi realiséiert ginn. Mir sinn der Meenung, datt de Staat dofir och preventiv soll d'Käschte fir Fouilles archéologiques eleng droen.

De Site vun der Réimervilla zu Schieren ass eng archeologesch wäertvoll Plaz am Land. Mir sinn der Meenung, datt onbedéngt an dréngend e konkrete Projet fir eng nohalteg Valorisatioun vun dësem Site ausgeschafft gi muss.

Och d'Schlass Mansfeld „La Fontaine" a Clausen däerf op kee Fall ofgerappt ginn. De Mansfeld (1517-1604) hat sech géint Enn vum 16. Jorhonnert e Bau erriichte gelooss, deen e Verglach mat Renaissance-Schlässer zouléisst. Aus deem Grond soll och dëse Bau valoriséiert ginn. Eng vollstänneg Rekonstruktioun ass wuel net méiglech, mee d'Strukturen, déi nach iwwert e gewëssen Deel un Originalsubstanz verfügen, sollen ergänzt ginn.

National ewéi kommunal schützen

Dat neit Gesetz geet an déi richteg Richtung, mee et bleift op hallwer Streck stoen. Et ënnerscheet kategoresch tëscht Gebaier, déi op nationalem Plang misste geschützt ginn, a Gebaier, deenen hire Schutz an d'Kompetenz vun de Gemenge gehéiert. Dës Kompetenzopdeelung tëscht Staat a Gemengen ass awer eng Gefor fir eise Patrimoine. Al Haiser a Gebaier, déi vun der Liewensweis vun eise Virfare berichten, gehéieren zum kollektive Besëtz vun der Natioun. Et gëtt een och den Androck net lass, datt d'Gemengenautonomie, déi an anere Beräicher, wéi z.B. am Ëmweltschutz, ëmmer méi zeréckgedrängt gëtt, grad beim Denkmalschutz besonnesch ervirgehuewe gëtt. Leider hunn d'Gemengen awer dacks aner Suerge wéi d'Erhale vun hiren historeschen Haiser. Si solle Wunnraum erhalen amplaz ze zerstéieren.

En anere Punkt ass de Manktem u Kohärenz vun der staatlecher a kommunaler Denkmalschutzpolitik. Fir d'Bierger ass et dacks net nozevollzéien, datt déi eng Gebaier op d'Patrimoine-Lëscht kommen, wärend anerer, déi historesch an architektonesch grad sou wäertvoll sinn, ofgerappt ginn. Et mussen endlech objektiv an eenheetlech Schutzkrittäre fir den Erhalt vun eisem Patrimoine, op kommunalem an nationalem Niveau, geschaf ginn, an

dës mussen dann och respektéiert ginn. Wat déi betraffen ëffentlech Gebaier ugeet, soll d'Bevëlkerung fräien Zougang zu den Ënnerlage vum betreffenden Denkmalschutzdossier kréien. Mir brauchen Transparenz an den Denkmalschutzprozeduren.

Et geet net duer, vum Denkmalschutz a vun der Mise en valeur ze schwätzen, e muss mat konkrete Mëttelen a Förderdermoossnamen ënnerstëtzt an ëmgesat ginn. Dëst muss iwwer Informatioun a Berodung, administrativ Ënnerstëtzung a finanziell Mëttele geschéien. Et däerf net sinn, datt historesch Gebaier wéi d'Ettelbrécker Gare (genausou wéi aner Garen zu Bierchem, Capellen, asw.) – Zeie vun der wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung vum Land – einfach ofgerappt ginn. Déi traditionell an uertstypesch Bausubstanz – dozou gehéieren och Brécken, Maueren, Plazen, Weekräizer, asw. – muss erhale ginn. Grad och ëffentlech Instanzen, wéi z.B. de Fonds du rail, d'CFL an anerer, sollte virbildlech mat eisem Patrimoine ëmgoen an esou och den eenzelen „privaten" Proprietäre weisen, datt et méiglech ass, historesch Gebaier ze halen, a wéi et richteg geet. Och sollt Lëtzebuerg an Zukunft d'Iddi vun der „Gebäudeverschiebung" fir den Erhalt vu wäertvolle Bausubstanze berécksiichtegen, ier Patrimoine zerstéiert gëtt.

Eng effikass Aarbecht a staatlechen Institutiounen

Mir triede fir eng effikass Aarbecht vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA, dee fréiere Service des Sites et Monuments nationaux) an, dee sech och méi heefeg treffe misst. Eng wëssenschaftlech Analys vun den historesche Gebaier an Haiser duerch dës Kommissioun misst fir d'Gemenge bindend sinn. Et däerf an Zukunft net méi dozou kommen, datt d'Gemenge sech einfach iwwer d'Avise vum INPA ewechsetzen, oder et misste scho ganz gravéirend Grënn virleien, a fir déi misst sech déi betreffend Gemeng och justifiéieren.

Den Denkmalschutz muss eescht geholl ginn an däerf net op déi laang Bänk gedréckt ginn, an och net wéinst Personalmangel am Service vum Inventar schleefe gelooss ginn. Wann Dossieren am Beräich vum Denkmalschutz vun der Commission pour le patrimoine culturel (COPAC) positiv aviséiert ginn, da muss de Kulturministère derfir suergen, datt méiglechst séier eng Entscheedung geholl gëtt, fir déi respektiv Objeten ze klasséieren. Fir méi en effikasse Schutz ze erreechen, wäerte mir de Personalschlëssel an déi finanziell Mëttele vum

Institut national pour le patrimoine architectural a vum Centre National de Recherche Archéologique upassen.

Privat Engagementer fir eise Patrimoine ze schützen

Vereenegungen, déi sech privat fir eise Patrimoine engagéieren, sollen eng berodend Funktioun bei de staatlechen Institutioune kréien. Privat Vereenegungen, déi sech dacks zënter Joerzéngten ëm eise Patrimoine verdéngt maachen, sollen net nëmmen a Berodunge vun deenen zwou Institutiounen hir Meenung kënne soen, mee och déi néideg Mëttele kréien, fir hiert Uleies an hir Aarbecht dem breede Publikum bekannt ze maachen.

Iwwerdeems sollen d'Awunner fir d'Schätz vun hirer Uertschaft sensibiliséiert ginn. Zu Lëtzebuerg hu Privatpersounen d'Méiglechkeet, en Objet ënner Denkmalschutz stellen ze loossen. Si mussen eng Demande un de Kulturministère adresséieren, deen dann entscheet, ob der Ufro zougestëmmt gëtt oder net. Wann en Awunner esou eng Ufro stellt, muss dës seriö behandelt ginn, woubäi a méiglechst kuerzen Delaien eng professionell Ënnersichung an d'Weeër muss geleet ginn.

Leider wësse vill Leit hei am Land guer net, datt si dat Recht hunn. Dofir wéilte mir eng Informatiounscampagne organiséieren, déi de Bierger, Entreprisen an Organisatiounen dëst Recht erkläert a si encouragéiert, vun dësem Recht Gebrauch ze maachen. Gläichzäiteg soll eng Sensibiliséierungscampagne iwwert eis schützenswäert Bausubstanz, Deel vun eisem Patrimoine, an déi besonnesch Eegeschafte vun aler Bausubstanz an de Schoule lancéiert ginn. Mir brauchen nämlech eng nei Kultur vun der Denkmalfleeg.

D'ADR wëll och sämtlech Nationaldenkmäler hei am Land fir d'Ëffentlechkeet mat engem Schëld oder enger Plaquette kennzeechnen an am Hibléck op d'Verbreedung vu kulturellem Wëssen iwwer eist Land e QR-Code nieft oder op esou e Schëld ubréngen, deen eppes iwwer d'Gebai erzielt.

Privatleit an Entreprisë muss hei generell besser ënnert d'Äerm gegraff ginn, wa si hire Besëtz reegelkonform erhalen. Mir brauche Prozeduren, déi fir jidderee kloer sinn a séier gräifen, wann et sech ëm e schützenswäerten Objet handelt, besonnesch wann dësen a Gefor ass. De Proprietären hir Projeten däerfen awer net einfach ënnerbonne ginn, ouni datt hinne kloer Alternative gebueden oder Verbesserungsvirschléi gemaach ginn. E privat Gebai

däerf net fir de Gebrauch quasi onméiglech gemaach ginn. D'ADR wëll dann och eng gratis Berodung fir Proprietären, déi en Albau a Stand setze wëllen, onofhängeg dovun, ob d'Gebai ënner Denkmalschutz steet oder net. Hei solle si berode ginn, wa si beispillsweis Bauschied behiewe wëllen oder d'Energiebilanz vun esou engem Albau verbessere wëllen.

De rasante Bevëlkerungswuesstem däerf net als Ausried hierhalen, fir al a wäertvoll Gebaier ze zerstéieren. Zugläich muss de Staat derfir suergen, datt dat, wat hei am Land nach iwwreg ass vun eisem Patrimoine, méi séier an och méi intensiv geschützt gëtt.

Reliéise Patrimoine

D'ADR besteet op e verantwortungsvollen a respektvollen Ëmgang mat kierchleche Bausubstanzen. Och Weekräizer a Kapelle solle geschützt an ënnerhale ginn. Bei de Kierchen ass d'Situatioun besonnesch alarmant. Obschonns déi meescht Kierchen hei – an dat sinn der iwwer 500 – wichteg Bestanddeeler vun eisem Patrimoine sinn, stinn der manner wéi honnert ënner Denkmalschutz. An deem Kontext schléisse mir eis enger Fuerderung vun der asbl „Sauvegarde du patrimoine" un, déi verlaangt, d'Kierchen hei am Land prinzipiell ënner Denkmalschutz ze stellen, woubäi an enger zweeter Phas dann entscheet muss ginn, wéi ee se am beschten notze kéint. D'Kierchegebaier, Kierchen a Kapellen, esou eréi hiert Mobiliar hunn nieft hirem reliéise Charakter e Wäert als kulturelle Patrimoine. Dowéinst däerf a soll d'Allgemengheet weiderhi fir hiren Ënnerhalt opkommen, esou eréi dëst och fir aneren historeschen a kulturelle Patrimoine de Fall ass. Generell soll all Kierch a Kapell ënnert d'Bestëmmunge vum Denkmalschutz falen. Fir de konsequente Schutz vum reliéise Mobiliar ze garantéieren, soll och an der Verfassung verankert ginn, datt de reliéise Patrimoine net just als kulturellen, mee och als reliéise Patrimoine geschützt gi muss.

Eng national a couragéiert Kulturpolitik

Der aktueller Kulturpolitik feelt et un Intressi an Engagement, wann et ëm den nationale Volet geet. Gläichzäiteg doe si der Konscht a Kultur, wéi allen anere Beräicher och, den Ideologie-Korsett un. Der Gambia-Regierung hire Kulturentwécklungsplang (KEP) weist, datt falsch Prioritéite gesat ginn an de Courage feelt, fir déi richteg Kultur vun enger

Scheinkultur ze ënnerscheeden. D'ADR huet awer den néidegen Intressi a Courage, fir sech ëm folgend Punkten ze këmmeren:

1. D'**Geschicht vu Lëtzebuerg** ass e wichtege Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Kultur. Et misste Méiglechkeeten opgewise ginn, wéi een d'Geschicht, an zwar déi spezifesch Lëtzebuerger Geschicht, erëm méi staark am kollektive Gediechtnes vun der Natioun verankere kéint. Et wier och gutt, wann erëm Lëtzebuerger Geschicht op der Uni an an de Schoulen enseignéiert géif.
2. D'ADR ass prinzipiell fir d'Fërderen a Promouvéiere vun Talenter, awer géint **Quoten**. D'Auteure solle mat hirem Talent an hiren Iddien iwwerzeegen. Wa sech do mol méi Fraen oder mol méi Männer ervirdoen, dann ass dat esou. Mir stellen eis kloer géint eng positiv Diskriminéierung, déi en *„plan d'action en faveur de l'égalité femmes-hommes dans tous les domaines de la culture"*, deen de Kulturentwécklungsplang (KEP) virgesäit, mat sech brénge géif.
3. Et muss generell verhënnert ginn, datt de Staat sech ze vill an dat kulturellt Liewen amëscht, wat d'Kreativitéit an d'Originalitéit erstécke géing. D'**staatlecht Fërderen** a Promouvéiere vun der Lëtzebuerger Kultur däerf net zu enger staatlecher Steierung ausaarten. Verschidde Konschtstrukturen hale sech haut schonn un dat, wat beim Ministère „gutt ukënnt", a vernoléissegen doweinst oft de kënschtlereschen Niveau. Dëst muss onbedéngt verhënnert ginn.

   D'ADR stellt sech vehement géint eng progressiv Verstaatlechung vun der Kultur. Dofir wiere mir eis dogéint, datt fënnef Piliere vum Lëtzebuerger Kulturliewen, de Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain, de Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean, den Espace culturel des Rotondes, den Théâtre National du Luxembourg an den Trois C-L – Maison pour la Danse elo „établissements publics" sinn an domat quasi verstaatlecht goufen. Mir mengen net, datt d'Onofhängegkeet vun deenen Institutioune kann ënnert dësen Ëmstänn bestoe bleiwen, a wëllen hinnen en Zeréck an e private Statut erméiglechen.
4. Verschidde **wichteg Kultursecteure** ginn am ambitiéise Kulturentwécklungsplang eiser Meenung no net genuch berécksiichtegt. Dozou gehéieren d'Librairen – well déi der fräier Wirtschaft zougerechent ginn –, déi lokal Kulturveräiner, d'UGDA an d'Bibliothekären, Archivisten an Dokumentalisten. Si all leeschten e ganz wichtege

Bäitrag fir eis Kultur a sollten dofir och déi néideg Ënnerstëtzung an Opmierksamkeet kréien.

5. D'ADR wëll sech asetze fir d'Grënnung vun enger politesch onofhängeger **Fachstell fir ëffentlech Bibliothéiken**. Et gëtt am Moment och nach kee Plan d'urgence vun der Regierung, wat am Fall vu Brand oder Iwwerschwemmung mat wichtege Bibliothéiksbestänn geschéie soll. D'ADR hält dat awer fir immens wichteg an absolut néideg. Iwwerdeems brauche mir an deem Fall och eng national Ulafstell, wou Archiven a Bibliothéiksbestänn stockéiert kënne ginn.

6. Mir brauchen ëmmer méi **Bibliothekären, Archivisten an Dokumentalisten** (BAD) an hunn der elo schonn net genuch. Et ass net just eng Nationalbibliothéik an en Nationalarchiv, déi betraff sinn. De Bedarf an de Kulturinstituter, de Gemengenarchiver, de Schoulbibliothéiken an den ëffentleche Bibliothéiken, de Ministèren an de Verwaltungen, awer och an den Entreprisen an Organisatiounen ass grouss a wiisst weider. Och aus kultureller Siicht ass dëst e ganz wichtege Punkt, dee seriö muss behandelt ginn. Aus deem Grond muss de Staat déi néideg Efforten ënnerhuelen, fir dës Beruffsweeër ze promouvéieren an de Rekrutement vu qualifizéiertem Personal hei ze ënnerstëtzen. Et kann een zu Lëtzebuerg am Beräich BAD weder eng Ausbildung nach e Studium maachen. D'Formatiounen um INAP vermëttele just eng Aart Basiswëssen, sinn awer net equivalent mat enger Ausbildung oder engem Studium. Intresséiert Studente si forcéiert an d'Ausland ze goen. D'ADR wëll dofir Gespréicher mat de Vertrieder vum betraffene Beruffssecteur féieren, fir d'Iddi vun enger richteger Ausbildung respektiv engem Studium hei zu Lëtzebuerg am Hibléck op hir Realiséierungsméiglechkeeten ze préiwen a wa méiglech och ëmzesetzen.

7. Et gi vun de Librairien a vun de Verläg kaum nach **Liesungen** organiséiert, well et souwuel de Librairien ewéi och de Verläg u finanzielle Mëttele feelt. De Staat huet eng Verantwortung dofir, datt souwuel d'Librairië wéi och d'Verläg kënne Liesungen organiséieren, fir onbekannt Auteuren engem gréissere Publikum bekannt ze maachen. Hei kéint de Staat also duerch Subsiden oder Steiererliichterungen derfir suergen, datt rëm méi Liesunge kënnen organiséiert ginn, besonnesch mat jonken, talentéierten Auteuren.

   Mir brauchen och e Prix fixe fir Luxemburgensia, fir d'Lëtzebuerger Buchproduktioun an

déi Lëtzebuerger Librairien ze schützen.

8. Et misste systematesch och Lëtzebuerger Schréftsteller (vu fréier an haut) am **Schoulunterrecht** gelies a besprach ginn. Hei géif et sech och gutt erginn, fir Schréftsteller an de Klassesall ze invitéieren. Dovu géif den Auteur profitéieren, well hie méi bekannt gëtt, an d'Schüler hätten d'Méiglechkeet Froen un den Auteur ze riichten, an nach ongeanten Talenter kéinten zum Virschäi kommen, well si doduerch zum Schreiwen inspiréiert a motivéiert kéinte ginn.
9. De Kulturministère weess eigentlech net, wéi et um Terrain ausgesäit. Hei kann ee richteg **Talenter spotten an férderen** („Scoutsystem"), andeems déi néideg Efforte gemaach ginn. An deem Sënn sollt och fir kulturell Treffpunkter (lieux de rencontre), wéi ee se beispillsweis vu Berlin kennt, gesuergt ginn. Dëst solle Plaze sinn, déi fräi Entfalung a Kreativitéit begënschtegen an den Austausch vun Iddien ureegen. Et wiere Plazen, déi en Närbuedem fir Biergerbeweegunge kéinte bidden an eis Zivilgesellschaft beliewen a stäerke kéinten.
10. Well d'Kultur eng wichteg Roll fir d'Gesellschaft spillt, soll net eleng d'Bestoen, mee och d'Wuessen an d'Entwécklungen am Beräich vu Konscht a Kultur observéiert a systematesch erfaasst ginn. D'ADR gesäit eng deementspriechend Studie vir, fir d'Nofro an d'Kulturbedierfnesser vun de Leit ze erfaassen. Duerch dëse **Monitoring vun der Kultur** soll festgestallt ginn, ob d'Konscht- a Kultursparten zu a fir Lëtzebuerg déi néideg Ënnerstëtzung fannen, fir eng passend Offer kënnen ze bidden.
11. Mir hu kee seriöen **Nation Branding** am Konschtberäich. Lëtzebuerg gëtt am Ausland net als Land mat Konscht gesinn. Mir musse méi Wäert drop leeën, eis Konscht a Kultur och no baussen hin ze promouvéieren an ze demonstréieren.
12. Lëtzebuerg ass e Land mat ville kulturellen Institutiounen, Muséeën, Galerien, Theateren, Filmstudioen a Concertssäll. Zugläich bitt eist Land prestigiéis kulturell Manifestatiounen un. Mir als ADR sinn der Meenung, datt iwwerall do, wou **d'Sprooch an der Konscht a Kultur** genotzt gëtt, eng favorabel Situatioun an e besonneschen Ureiz fir de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch gebuede gi muss. Esou soll generell méi an och an den ënnerschiddleche Beräicher méi an eiser Nationalsprooch geschaf ginn. Dat ass wichteg, fir eis Sprooch ze wierdegen an ze promouvéieren, allerdéngs däerf d'Qualitéit dobäi net vernoléissegt ginn.

13. De **Filmfong**, deen och mat Steiergelder finanzéiert gëtt, brauch eng gutt Gouvernance an eng seriö Finanzkontroll. Mir wieren eis dogéint, datt de Filmfong genotzt gëtt, fir d'Promotioun vu Politiker oder fir Ideologien ze propagéieren. Fir datt Lëtzebuerger Filmproduktioune vun dësem Fong ënnerstëtzt ginn, musse si de Qualitéitskrittär erfëllen. Mir wäerten eis dogéint wieren, datt d'Geschlecht vum Realisateur hei den entscheedende Faktor ass oder d'Vermëttlung vun engem ideologesche Konzept.

14. Lëtzebuerg huet bis elo keng eegen Héichschoul fir Konscht. Dofir musse Lëtzebuerger Studenten, déi spéider eng Konschtkarriär maache wëllen, an d'Ausland studéiere goen. Mir als ADR sinn der Meenung, datt et fir eist Land international vu grousser Bedeitung wier, iwwert eng eegen **Héichschoul fir Konscht** ze verfügen. D'ADR wäert dofir Gespréicher mat de Vertrieder vun der Lëtzebuerger Kulturzeen féieren, fir dës Iwwerleeung am Hibléck op hir Realiséierungsméiglechkeeten ze préiwen an ze konkretiséieren.

15. **D'Zesummenaarbecht mat den Nopeschlänner** misst intensivéiert ginn. Doduerch, datt Lëtzebuerg e klengt Land ass, hu mir gutt Méiglechkeeten an eng grouss Chance, fir grenziwwerschreidend Kollaboratiounen ze erméiglechen. D'Groussregioun kéint an där Hisiicht beispillsweis vill méi a geziilt genotzt ginn.

    D'Regierung soll sech och engagéieren, fir international Dependancë vu Muséeë mat grousse Reserven, déi net kënne gewise ginn, well se net genuch Ausstellungsplaz hunn, op Lëtzebuerg ze kréien. Dat ass gutt, fir déi kulturell Offer ze verbesseren an auszebauen, fir den Tourismus an d'kulturell Bildung vun den intresséierte Bierger.

16. Op der Frankfurter **Buchmesse** waren an der Vergaangenheet verschidde kleng Länner, wéi Malta oder Liechtenstein, mat méi attraktive Stänn vertruede wéi Lëtzebuerg. Dat beweist, datt e gudde Lëtzebuerger Auteur schonn am Ausland liewe muss, fir wierklech vu senge Bicher liewen ze kënnen. Insgesamt wäerte mir derfir suergen, datt déi Lëtzebuerger Verläg an Zukunft op de Bicherfoirë souwuel zu Frankfurt, Leipzig a Paräis mat optimal ausstafféierte Stänn vertruede sinn.

17. Auteuren, déi **eng Iwwersetzung, en historescht oder wëssenschaftlecht Wierk** publizéiert hunn an dofir net eligibel si fir eng „Prime à la publication d'une création littéraire", kënne vun enger „Participation aux frais de traduction" vum Kulturministère wéi vun den „Aides à l'édition" vum FOCUNA profitéieren. D'ADR ass der Usiicht, datt

d'Iwwersetze vun auslännesche Wierker op Lëtzebuergesch grad eréi och d'Iwwersetze vu lëtzebuergesche Wierker an aner Sprooche ganz wichteg ass, engersäits fir d'Promouvéiere vun eiser Nationalsprooch an anerersäits fir d'Promouvéiere vu Lëtzebuerger Kënschtler a Wierker zu Lëtzebuerg an am Ausland. Dofir sollen déi concernéiert Auteuren nach besser ënnerstëtzt ginn.

18. **De Beruff vum Kënschtler** huet sech grondleeënd geännert. Hie verbréngt haut méi Zäit virum Computer wéi am Atelier, well d'Vernetzung ass haut virrangeg an drängt d'Qualitéit vun der kënschtlerescher Aarbecht dacks an den Hannergrond. De Kulturministère muss dréngend méi op déi Evolutioun agoen, andeems déi Vernetzung vereinfacht an duerch eng begleedend Hëllefstellung duerch de Staat ënnerstëtzt gëtt.

    Déi bestoend Hëllefe vum Ministère erreechen dacks just d'Kulturstrukturen, net awer d'Kënschtler, déi zum Deel ofhängeg vun dëse Strukture sinn. Och hei soll de Staat déi néideg Efforte leeschten, fir de Beruff vum Kënschtler ze férderen.

    Och fräischaffend Kënschtler zu Lëtzebuerg wëllen hir Zukunft plange kënnen. De Ministère misst hinnen hëllefen, eng Aart „Stufeplang" iwwer 20, 30 Joer ze erstellen.

    D'ADR verbessert och de Statut vum professionelle Kënschtler, fir dëse materiell besser ofzesécheren. Mir begréissen och, datt den „Congé culturel" nees agefouert gouf. Wann dëst Gesetz bis dräi Joer a Kraaft ass, muss awer eng Evaluatioun vun deem Gesetz am Hibléck op seng praktesch Ëmsetzung gemaach ginn.

19. **Galerien a Muséeën** hunn dacks Problemer, ze iwwerliewen. Dat läit zum Deel un den héije Loyerskäschten, déi sech sécherlech och am Entréespräis néierloossen. Dofir kéint de Staat hei beispillsweis iwwert eng méiglech Steierdeductioun Hëllef leeschten!

20. Lëtzebuerg huet **eng vertikal Kulturzeen** mam Mudam un der Spëtzt. Fir sech hei am Land wierklech en Numm ze maachen, muss e Lëtzebuerger Kënschtler Ausstellungen am Mudam kréien, wat awer just deene Wéinegste geléngt: dës Hierarchie muss duerchbrach ginn.

21. **D'Kommunikatioun tëscht de Konschtinstitutioune** misst däitlech verbessert a vereinfacht ginn iwwert en organisatoreschen an digitalen Ustouss. Ausstellungen a verschiddene Muséeë ginn oft dee selwechten Dag op: et misst eng Aart offiziellen „Eventkalenner" iwwert de Ministère organiséiert a publizéiert ginn. Esou kéint all

Organisateur vu Kulturausstellunge genau informéiert ginn, wéini wat wou geplangt ass, an de Ministère wier an engems informéiert. A Kombinatioun mat enger deementspriechender Plattform hätten d'Organisateuren och d'Méiglechkeet, hir Ausstellungen am Viraus ofzestëmmen.

22. Den „Accès à la culture" ass an der neier Verfassung festgeschriwwen. Dëst geet eis als ADR awer net wäit genuch. Mir fuerderen d'Aschreiwung vun der **Fräiheet vun der Kultur an d'Verfassung**. Well an eisen Aen dës Fräiheet vun der Kultur duerch déi nei Deontologiescharta fir Kulturacteuren ageschränkt gëtt, wäerte mir fir d'Ofschafe vun dëser Deontologiescharta suergen.

23. D'ADR wiert sech vehement géint déi sougenannt „cancel culture", well mir der Meenung sinn, datt dës „Beweegung" eis Kultur an d'Kultur vun der westlecher Welt amgaang ass ze zerstéieren. Fréier war **d'fräi Meenungsäusserung** an eiser Kultur net just „een" Pilier, mee „den" Pilier vun eiser Demokratie. D'Gesellschaft hat, bei allen Differenzen, ee Konsens: Soulaang een net diffaméiert huet, konnt ee seng Meenung äusseren, ouni verklot ze ginn. Haut gesi mer e Phenomen, dat et an där Form an eisem Land virdrun net gouf. Well d'Leit rechtlech Konsequenzen (z.B. eng Uklo oder eng Kënnegung) fäerten a wëlle vermeiden, froe si sech ëmmer méi heefeg: „Soll an däerf ech dat iwwerhaapt schreiwen/soen?", ier si sech äusseren.

24. Fir d'Meenungsfräiheet ze stäerken an d'Sträitkultur hei am Land nees ze förderen, gesäit d'ADR de Modell vum Londoner „**Speaker's Corner**" an eiser Haaptstad vir, als eng Méiglechkeet, fir en Uert vun der Riedfräiheet ze schafen. An dësem Riednereck soll jiddwereen an ouni Umeldung kënnen d'Wuert ergräifen a seng Siichtweis zu engem selwer gewielten Thema däerfe matdeelen an erklären. Mir wëllen och d'Lëtzebuerger Universitéit encouragéieren, de kontroversen Discours, d'Sträitkultur, de Respekt vun ënnerschiddleche Standpunkten an d'Forme vun engem verbale Meenungsaustausch ënnert de Studenten no angelsächseschem Virbild ze trainéieren an ze honoréieren.

Méi Budget fir Konscht a Kultur

D'Kultur verbënnt an ass e wesentleche Bestanddeel vun der gesellschaftlecher a sozialer Kohäsioun vun all Land. Si ass domat net nëmmen d'Affär vum Kulturministère, mee och vun

enger gesonder Allgemengbildung, an där eis Geschicht, eis Wuerzelen an eis Wäerter, mee och d'geeschteg Kreatioun vun eisem europäesche Kulturraum net däerfe feelen.

Fir d'ADR ass et eng vun der Kulturpolitik hire prioritären Aufgaben, déi Lëtzebuerger Kultur ze fleegen, ze förderen, méi bekannt ze maachen a si un déi nächst Generatioune weiderzevermëttelen. Kultur huet e Wäert, deen net nëmmen a Sue gemooss ka ginn. Et kann net sinn, datt de Budget als Ausried geholl gëtt, fir eng historesch Ausstellung, eng grouss Orchestertournée oder d'Existenz vun engem Ensembel net ze sécheren. Dat geet net ouni den dofir néidege Budget, deen d'ADR dofir erhéije wäert. Dës Sue sinn net nëmme fir eenzel representativ Evenementer, mee ginn an eng Offer mat qualitativ héichwäertegen Inhalter investéiert.

D'ADR ass generell dovun iwwerzeegt, datt Konscht fir jiddereen an all Alter muss zougänglech sinn, esouwuel passiv ewéi och aktiv. Kultur a Konscht si fir jiddereen. Mir passen op, datt sozial Moossnamen, besonnesch fir Persoune mat engem méi schwaache sozialen Hannergrond, den Accès zur Konscht a Kultur (kulturell Evenementer, Visitten a Coursen) méiglechst einfach maachen. Een Deel vum Kulturbudget gëtt spezifesch dofir virgesinn.

Zu den Zoustännegkeete vum Kulturministère gehéieren zum engen d'Konscht an d'Kultur, déi hei am Land geschaf ginn a goufen, an zum aneren e Kulturbetrib, deen et erlaabt, um nationalen an internationalen Niveau u bedeitenden Evenementer deelzehuelen.

D'Roll vu Lëtzebuerg an der Welt, eis Wirtschaftskraaft an -ausstralung grad wéi den Tourismus verlaangen no internationalen Evenementer, déi d'Opmierksamkeet weider op eist Land zéien. Wat eis kulturell Evenementer ugeet, muss eng héichwäerteg Offer bestoen, fir d'Attraktivitéit vum Land fir den Tourismus ze vergréisseren a senger Roll als Wirtschaftsmetropol gerecht ze ginn. Selbstverständlech engagéiert d'ADR sech, fir Lëtzebuerger Kënschtler international mat Tournéeën, Ausstellungen, Stänn asw. méi Presenz ze sécheren. Mir vergiessen dobäi awer net, datt Lëtzebuerger Kënschtler an hir Wierker och heiheem déi néideg Opmierksamkeet a Presenz musse kréien.

Eis Muséeën

D'ADR wëll d'Muséeslandschaft weider ausbauen. De Policemusée, de Postmusée, de Musée vun de Rettungsdéngschter, vun der Aviatioun an aner Projete falen heidrënner. Et geet net nëmmen ëm adequat Ausstellungsraim a -flächen, mee och ëm konservatoresch Hëllef fir gréisstendeels privat Sammler. Och e Planetarium mat enger Plaz fir Weltraumtechnologie a -wëssenschaft, an Zesummenaarbecht mam Naturhistoresche Musée an dem „Space Cluster", gehéiert zu eisen Iddien. E Musée fir sakral Konscht ass eng weider Iddi, déi d'ADR gär géif ëmgesat gesinn, wat eng Opwäertung vun enger wichteger kultureller Komponent vun eiser Gesellschaft a Kultur matbrénge géif. Awer och historesch Gefierer – vum Privatauto bis zur Dampmaschinn – sinn et derwäert, geschützt an erhalen ze ginn. Mir plangen de Bau vun engem Musée fir „ëffentlech" Gefierer, Uniformen, asw. vun der Gendarmerie, der Police, der Douane, de Pompjeeën, der Post an dem ëffentlechen Transport.

Historesch wäertvoll Bicher, Biller, Skulpturen, asw. nom leschte Stand vun der Wëssenschaft mussen erhalen, archivéiert, wa méiglech digitaliséiert, an ënner beschtméigleche Konditioune stockéiert ginn. Dobäi muss den intresséierte Publikum awer den Accès op dës Dokumenter behalen. D'ADR setzt sech dofir an, datt wäertvoll Konschtwierker, déi zu Lëtzebuerg hiergestallt goufen (z.B. Manuskripter aus der Iechternacher Abtei, Biller a Skulpture vu Lëtzebuerger Kënschtler, asw.), opkaaft ginn – sollte si um Konschtmaart ugebuede ginn.

De breede Publikum soll reegelméisseg Accès kréien, fir original Artefakter besichtegen ze kënnen. Fir d'ADR ass et kloer, datt an de Muséeën an op anere kulturelle Plazen d'Kopien och als Kopië musse presentéiert sinn.

Den Accès a Muséeën, op historesch Sitten, a Bibliothéiken an aner kulturell Institutioune soll esou einfach eréi méiglech sinn. Nieft der „Luxembourg Card", déi sech an éischter Linn un Touristen adresséiert, fuerdert d'ADR d'Aféiere vun engem kulturelle Pass zu engem verstännege Präis fir all Resident, deen d'ganzt Joer gëlteg ass. Fir Kanner a Jugendlecher bis 25 Joer soll dëse kulturelle Pass gratis sinn.

D'Musek gehéiert zur Kultur

Lëtzebuerger Ensembele solle grad eréi eenzel Kënschtler gefërdert ginn. Eist Aemierk läit do um OPL, dem Orchestre de Chambre (OCL), der Chouermusek an all aner Formatioune mat héijem Niveau aus alle Sparten.

D'Lëtzebuerger „Jeunesses musicales" hu sech no 65-järegem Bestoe bedauerlecherweis opgeléist, wéinst mangelnder Eegestännegkeet an ze héije Käschten. D'ADR hält de Grondgedanken an d'Zil vun dëser Associatioun – d'Kanner a Jugendlecher fir d'klassesch Musek ze sensibiliséieren an ze begeeschteren – awer fir ganz sënnvoll. Deementspriechend ginn d'Jeunesses musicales mat der néideger Autonomie a finanzieller Ënnerstëtzung iwwer adequat Subventiounen an aktualiséierter Form nees agefouert.

D'Jugendorchester „Orchestre national des jeunes du Luxembourg" (ONJ), dat national an international jonk Museker versammelt, huet d'Zil, mat verschiddene Projeten den Austausch tëscht ënnerschiddleche musikaleschen Niveauen a professionelle Museker ze erméiglechen. Den ONG ass den éischte Jugendorchester zu Lëtzebuerg, wat d'ADR fir eng gutt a sënnvoll Initiativ hält, déi dauerhaft Ënnerstëtzung fanne soll. Mir wéilten dëst Konzept och gär op de Ballet iwwerdroe gesinn, wou dat nämmlecht Zil an Engagement fir en nationale Ballet-Jugendensembel ugestrieft gi soll.

Lëtzebuerg huet och vill traditionell Lidder, déi zënter Generatiounen zum Patrimoine vun eisem Land gehéieren an déi souwuel fir d'Museksgeschicht wéi och fir d'Literaturgeschicht vun eisem Land vu Bedeitung sinn. Et ass ze verhënneren, datt dës Lidder aus dem kollektive Gediechtnes verschwannen. An deem Sënn suergt d'ADR fir d'Installatioun vun enger digitaler Plattform, op där all déi bekannt traditionell Lëtzebuerger Lidder repertoriéiert sinn. Dës Plattform gëtt kontinuéierlech erweidert an erméiglecht der Bevëlkerung vum Land a jidderengem, deen un eisem traditionelle Lidderrepertoire intresséiert ass, Zougrëff op dës Lidder.

Kultur iwwer d'Gemenge promouvéieren

Et ass eis als ADR bewosst, datt verschidden Iddien a Proposen an d'Kompetenz vun de Gemenge falen. Mir wollten dës Iddien, déi mir och schonn an eisem Programm fir d'Gemengewalen 2023 vertrueden hunn, trotzdeem hei mat abréngen, well eis dat erlaabt,

e Gesamtiwwerbléck iwwert d'Kulturpolitik vun der ADR ze ginn. Fir eis ass d'Promouvéiere vun der Kultur nämlech eng bedeitend Aufgab, fir déi net eleng de Staat, mee och d'Gemeng Verantwortung dréit.

Nieft de Kulturhaiser an der materieller Ënnerstëtzung vun de Veräiner (z.B. mat Subsiden an adequaten Infrastrukture fir Reuniounen, Prouwen, Opféierungen, Ausstellungen, asw.) gehéiert och d'Ubidde vun engem aktiven a villfältege Kulturprogramm dozou. Kulturell Aktivitéite vun der Grondschoul, der Maison relais oder vun de Jonken (Jugendgemengerot, Jugendhaus, asw.) gi vun der Gemeng gefërdert, an en aktiivt Deelhuelen an Ausschaffe vu Kulturprojete gëtt vun der Gemeng ënnerstëtzt.

Déi kommunal Kulturpolitik muss villschichteg sinn an dat kulturellt Liewe fir jiddereen zougänglech maachen. An deem Sënn wäert d'ADR sech ëm en interkommunalen an interregionalen Austausch këmmeren an eng Zesummenaarbecht op deem Niveau förderen. Op dës Manéier sollen eis Ressourcë produktiv an effektiv genotzt ginn.

D'ADR wäert kulturell Evenementer wéi Concerten, Theateropféierungen, Konschtmäert an -ausstellungen, grad ewéi Expositioune mat kulturellem a sozialhistoreschem Sujet, an der Gemeng organiséieren oder ënnerstëtzen. Dobäi gëtt dann och besonnesche Wäert op d'Lëtzebuerger Kultur geluecht.

Iwwert d'ganzt Joer ginn et sëllege Geleeënheeten, bei deenen eis Stied an Dierfer, respektiv d'Gemengen, dekoréiert ginn an Animatiounen ënnerschiddlecher Aart stattfannen. Dëst si weider Uläss, bei deenen d'Lëtzebuerger Konscht kéint gefërdert a promouvéiert ginn. Dofir wäert d'ADR dës Geleeënheeten notzen, fir dobäi preferenziell a wann ëmmer méiglech mat Lëtzebuerger Kënschtler zesummenzeschaffen.

D'ADR ënnerstëtzt d'Ariichte vu kommunalen ëffentleche Bibliothéiken. Eng Partie Leit zitt haut déi digital Buchform vir, dofir sollt d'Gemeng e Service ubidden, fir digital Bicher erofzelueden. Och an Zäite vun der Digitalisatioun sollen d'Leit awer nach kënnen op Bicher zeréckgräifen an e Lieserliefnes um Pobeier hunn, wat säi ganz eegene Charme a Wäert huet. Mir wëllen och systematesch ëffentlech „Bicherschief" an de Gemengen opstellen, wou d'Leit ganz informell e Buch ausléinen oder och en eegent verléine kënnen.

Fir d'Attraktivitéit vun eisen Duerf- a Stadbibliothéiken ze erhéijen, wëll d'ADR d'Méiglechkeet virgesinn, fir an deenen Infrastrukturen och administrativ Servicer

unzebidden. Heifir wäerte mir eis mat de betraffene Persounen, Federatiounen, Associatiounen a Strukturen austauschen, fir e flott a sënnvollt Konzept auszeschaffen, bei deem déi reng Bicherbibliothéik zu enger moderner Déngschtleeschtungsbibliothéik transforméiert gëtt. D'Clientë sollen dann am Aganksberäich vun de Bibliothéike beispillsweis och kënne Verwaltungsgäng maachen, Attestatiounen ofhuelen, Concertskaarte kafen, digital Déngschtleeschtungen an Usproch huelen oder Fundsaachen ofginn.

D'ADR ass der Usiicht, datt d'Bibliothéikswiesen, dat esou vill Kultur dréit an offréiert, generell nees méi misst ënnerstëtzt an opgewäert ginn. Fir dat ze erreechen, ass den Engagement vun der Gemeng gefuerdert, awer och d'Hëllef vum Staat ass néideg. Dofir setzt d'ADR sech um kommunalen an nationale Plang fir d'Bibliothéikswiesen an. Deementspriechend solle bestoend Gemengebibliothéike vum Staat verstäerkt gefërdert ginn, besonnesch am Hibléck op d'Grënnung vu moderne kommunale Bibliothéiken. Wéinstens all gréisser Gemeng misst esou eng Gemengebibliothéik hunn. Och d'Kommunaliséierung vun ëffentleche Bibliothéiken, déi enger Asbl gehéieren, soll gefërdert ginn. Ausserdeem misst de Staat verstäerkt mat der BNL zesummeschaffen, wann et ëm d'Recuperéiere vun ale Porbibliothéike geet. Wat d'Porbibliothéiken ugeet, misst och eng Dispositioun am Bibliothéiksgesetz gemaach ginn, datt de Staat alles iwwerhuele muss, wat d'Poren net selwer geréiere kënnen. Desaffektéiert Kierche wëlle mir mat Respekt behandelen a sënnvoll notzen, andeems si als Bibliothéike genotzt ginn. Fir d'Opwäertung an d'Ënnerstëtzung komplett ze maachen, ass et néideg, datt d'Gemengen och Archivisteformatiounen ubidden.

U Muséesprojeten, déi bezwecken, lëtzebuergspezifesch Institutiounen, Traditiounen, Geschicht a Kultur ze konservéieren, soll sech net just de Staat bedeelegen. Mat der ADR wäerten och déi betraffe Gemengen hei aktiv ginn an d'Ëmsetze vun esou engem Projet begënschtegen, wa genuch Ausstellungsmaterial do ass.

D'ADR wäert sech och engagéieren, fir d'Iddi vum immaterielle Kulturierwen – no UNESCO-Definitioun – op kommunalem Niveau ze fërderen. Mir notzen dës Méiglechkeet, fir d'Leit, besonnesch awer déi sougenannten „Trägergemeinschaften", dovun a Kenntnes ze setzen, datt si dat ufroe kënnen, a si motivéieren dëst ze maachen. Esou soll beispillsweis dofir gesuergt ginn, datt, och wann eng Kierch desakraliséiert gouf, d'Klacke weiderlauden.

Als konservativ Wäerter vertriedend Partei steet d'ADR natierlech fir d'Erhalen an d'Promouvéiere vun eiser Kultur, eisem Patrimoine an eisen Traditiounen. Aus deem Grond ass et eng vun der Gemeng hiren Aufgaben, derfir ze suergen, datt eis traditionell chrëschtlech Fester respektéiert ginn. (Mir hunn de Chrëschtmaart, net den „Wantermaart", a mir hunn eng Päischtvakanz, keng „Fréijoersvakanz", asw.) Dëst ass en Deel vun eisen Traditiounen a vun eisem kulturelle Patrimoine, wat mir aktiv erhalen a stäerke mussen.

D'Lëtzebuerger Traditioune ginn awer allgemeng net méi genuch gefërdert an zum Deel esouguer ofgeschaf. Dat féiert dozou, datt si net méi vu Generatioun zu Generatioun vermëttelt ginn. D'Leit verléieren de Bezuch dozou an d'Intressi vergeet. Grad an engem Land, dat esou en héijen Undeel un Auslänner zielt, ass et wichteg, aktiv virzegoen an der ganzer Bevëlkerung eis Kultur an Traditiounen ze weisen an dës zesummen ze feieren. Eis Traditioune stierwen haut schonn deelweis lues aus oder änneren hiert Gesiicht. (Beispiller vu Lëtzebuerger Traditiounen: Liichtmëssdag, Buergbrennen, Klibberen, Oktav-Pilgeren, Nationalfeierdag, Allerhellegen an Allerséilen, Te Deum, Stroossemusek duerch Duerfmuseker fir Kiermes a Chrëschtspill, Kleeschen, asw.)

Fir deem entgéintzewierken a gläichzäiteg d'Integratioun ze fërderen, wäert d'ADR sech staark engagéieren, fir d'Lëtzebuerger Sprooch, Kultur an Traditioune verstäerkt a besser un d'Awunner, a besonnesch un eis auslännesch Matbierger, ze vermëttelen. Nëmmen d'Integratioun kann e Matenee schafen an d'sozial Kohäsioun erméiglechen. An deem Sënn ënnerstëtzt d'ADR natierlech och Initiativen ewéi Quartiers- oder Noperschaftsfester mat fräiwëllegem Charakter.

7. Sozial Kohäsioun a Solidaritéit

An den Ae vun der ADR besteet d'sozial Gerechtegkeet net doranner, datt jiddereen „gläich" si muss, wéi am Sozialismus. Eisen Akzent läit net op enger genereller Gläichheet, mee op Chancëgläichheet. De Staat an d'Gesellschaft musse Solidaritéit géintiwwer deene weisen, deenen et aus munchen Ursaache vill manner gutt geet ewéi anere Leit am Land.

Fir D'ADR ass dobäi wichteg, datt och déi sozial Schwaach kënnen e Liewen an Dignitéit féieren. Zur Dignitéit gehéiert, datt d'Leit hir eegen Entscheedungen huelen an zeréck an e Liewen ouni speziell Hëllefe vu Staat a Gemeng begleet ginn, et sief dann, si bréichten déi, z.B. aus gesondheetleche Grënn.

E soziaalt Joer

De gesellschaftlechen Zesummenhalt ass ganz wichteg, wa mir eng Gesellschaft wëllen, déi soziale Geescht huet, solidaresch ass a bereet ass deene méi schwaache Mënschen ënnert eis ze hëllefen. Fir d'Gemeinschaftsgefill ze stäerken, féiert d'ADR d'Méiglechkeet vun engem „soziale Joer" an. Hei soll all Awunner am aarbechtsfäegen Alter a besonnesch déi Jonk, d'Méiglechkeet kréien, e Joer Zivildéngscht ze leeschten.

Dësen nationale biergerlechen Déngscht ass awer fräiwëlleg a gëtt och remuneréiert an der Héicht vum Mindestloun. Dëse sozialen Déngscht vun 12 Méint soll ënner flexibelen Zäitmodeller, wéi ee se och vum Congé parental kennt, kënne geleescht ginn, déi allerdéngs ëmmer mussen an Ofsprooch mam Patron gewielt ginn a säin Accord brauchen. Dësen Déngscht kann och als fräiwëllege Militärdéngscht geleescht ginn.

Aarmut bekämpfen

Am weltwäite Verglach an no internationalen Normen ass Lëtzebuerg eent vun de räichste Länner op der Welt. An dach gëtt et zu Lëtzebuerg Aarmut. D'ADR ass iwwerzeegt, datt d'Aarmut zu Lëtzebuerg net duerch allgemeng Moossnamen a scho guer net duerch nach méi Wuesstem verschwanne wäert. Et ass um Staat, fir duerch eng sozial Preventivpolitik mat geziilte Moossnamen dem Aarmutsrisiko entgéintzewierken. D'Aarmut muss ganz mat konkrete Mëttele bekämpft ginn. Fir eis gëllt: Jidderee muss vu senger Aarbecht wierdeg

liewe kënnen. De Staat muss déi ënnerstëtzen, déi duerch hir Liewensëmstänn zäitweileg oder permanent Hëllef brauchen.

De massiven onkontrolléierte Wuesstem huet d'Land vill kascht a vill Problemer verursaacht. Och op de Logement an d'Wunnpräisser huet en e groussen Impakt. D'héich Wunnpräisser sinn d'Haaptursaach vun der Aarmut zu Lëtzebuerg. Am Kapitel iwwert de Logement hu mir eng ganz Rei Virschléi duerzou, déi och de Leit mat klengem Akommes entgéintkommen.

Keng Famill, keen Elterendeel däerf an d'Aarmut falen, well eent oder méi Kanner am Stot sinn. Fir d'ADR däerf d'finanziell Belaaschtung duerch Kanner keen Aarmutsrisiko sinn. Dowéinst proposéiere mir eng Rei Moossnamen, déi engem Stot oder elengerzéienden Elteren ënnert d'Äerm gräifen. Mir féieren ënnert anerem d'Elteregeld an, dat de Familljen Alternative bitt, fir hiert Zesummeliewen no hirer Virstellung ze organiséieren. (D'Elteregeld gëtt am Kapitel iwwer d'Famill ausféierlech erkläert.)

Ier d'Elteregeld agefouert gi kann, schléit d'ADR zwou direkt Moossname vir: D'Kannergeld gëtt vum 1. Januar 2024 un erëm nom Barème vu virun der Reform vum 1. August 2016 ausbezuelt an indexéiert. D'Ofschafe vun der „allocation d'éducation" huet déi Famillje benodeelegt, an deenen een Elterendeel bei de Kanner bleift. Fir esou Famillje féiert d'ADR déi Hëllef den 1. Januar 2024 nees an.

Wittleit an Elengerzéiender si besonnesch heefeg vum Aarmutsrisiko betraff. Mee och aner Famillje mat engem Familljemember, dee spezifesch Bedierfnesser huet, gerode liicht an eng finanziell schwiereg Situatioun. Schwiereg Liewenssituatiounen (Wittleit, elengerzéiend Persounen a Persounen ënnert oder no bei der Aarmutsgrenz) sollen dofir vu steierlechen Erliichterunge profitéiere kënnen. Wittleit sollten z.B. kënnen an hirer Steierklass 2 bleiwen, ouni no e puer Joer an eng aner Steierklass ze falen. Dobäi mussen awer am Detail Gerechtegkeetsfroe géintiwwer anere Kategorie vu Steierzueler mat gereegelt ginn. Elengerzéiend Leit sollen an d'Steierklass 2 kommen, mat steierlechen Ënnerklasséierungen, jee no Zuel vun de Kanner. Och den „crédit d'impôt monoparental" kann no uewen ugepasst ginn, grad esou wéi d'Héicht vun den Alimenter, déi een däerf kréien, ouni datt dat zu enger Reduzéierung vum „crédit d'impôt monoparental" féiert. Den Index wäerte mir och integral bäibehalen.

Leit mat engem klengen Akommes gi ganz besonnesch belaascht bei Erhéijunge vun Tariffer, Taxen an indirekte Steieren (ewéi d'TVA). Mir si generell géint d'Erhéije vun Taxen. Sollt dëst

awer net ze ëmgoe sinn, da musse gläichzäiteg och déi kleng Akommes (Mindestloun, REVIS, asw.) erhéicht ginn, fir déi weider Belaaschtung auszegläichen.

D'ADR féiert de reduzéierten TVA-Saz vun 3% op enger ganzer Rei vu Produiten an, déi sech präislech gesinn am Budget vu Leit mat klengem Akommes besonnesch bemierkbar maachen. Duerzou gehéiere Wueren aus dem Beräich vun der Hygiène, Honorairë vum Veterinär a Reparaturen.

REVIS eleng geet net duer

D'ADR hat d'Reform, duerch déi den RMG am Januar 2019 vum Revenu d'inclusion sociale (REVIS) ersat gouf, deemools an der Chamber matgedroen. Well et ëm Mënsche geet, déi schlecht dru sinn an an enger prekärer Situatioun liewen, verlaangt dëst Thema esouwuel Opmierksamkeet ewéi Fangerspëtzegefill. D'Mënschen hu ganz ënnerschiddlech Liewensëmstänn an Erausfuerderungen ze meeschteren. Munche Persoune feele leider déi finanziell Mëttel, fir d'Grondbedierfnesser vu sech oder och vun hirer Famill ze erfëllen an e wierdegt Liewen ze féieren. Duerch seng grondleeënd Existenzsécherung bitt de REVIS e Moyen, deen am Kampf géint d'Aarmut a sozial Ausgrenzung hëllefe kann. Duerzou sollt awer och eng adaptéiert Formatioun gehéieren, grad ewéi den Zougang zu Konscht a Kultur an d'Integratioun oder Reintegratioun an d'Gesellschaft ganz allgemeng. D'ADR wëll och spezifesch Moossnamen ergräifen, fir Leit, déi hiert Liewen an Aarmut verbruecht hunn, am Alter ofzesécheren.

Beim Vott vun dëser Reform gouf deemols festgehalen, datt no dräi Joer eng Evaluatioun vun dëser Moossnam misst gemaach ginn. Dës Evaluatioun betrëfft net nëmmen d'Beträg, déi ausbezuelt ginn, mee och déi eenzel Begleetmoossnamen, déi am Gesetz virgesi sinn. Schliisslech huet et bal 5 Joer gedauert, bis endlech de Rapport vum Liser an der IGSS zum REVIS koum. D'ADR zitt doraus, datt a bestëmmte Punkte muss nogebessert ginn. Och, datt Stéit ouni Kanner duerch d'Reform elo manner finanziell Méiglechkeeten hunn an domat ënnert den RMG-Niveau gerutscht sinn, ass fir eis net akzeptabel. Mir sinn och der Meenung, datt am Beräich vun der Kommunikatioun a bei de Prozeduren nach e puer Upassunge kéinte gemaach ginn. Bestëmmte Kooperatioune wéilte mir dann och gär nach ausbauen a verstäerken.

Als ADR si mir trotzdeem der Meenung, datt dës Reform muss permanent begleet, evaluéiert a wann néideg ugepasst ginn. D'ADR bleift och der Iwwerzeegung, datt et mam REVIS eleng net gedoen ass. De Staat ass an der Flicht, fir deene sozial méi schwaache Leit ze hëllefen. Dobäi muss et ëmmer d'Haaptzil sinn, datt d'Leit aus der Aarmut eraus begleet ginn an esou séier ewéi méiglech nees ee vu Sozialleeschtungen onofhängegt Liewe kënne féieren. Fir d'ADR ass et nämlech wichteg, datt och dës Leit e Liewen an Dignitéit féieren. Zur Dignitéit gehéiert, datt d'Leit Eegeverantwortung fir hiert Liewen iwwerhuele kënnen an net op speziell Hëllefe vum Staat ugewise sinn.

Resozialiséierungszentrum

D'ADR wëll eng Aart Resozialiséierungszentrum schafen. Hei solle Leit, déi opgrond vun enger entspriechender Noutsituatioun (wéi z.B. d'Obdachlosegkeet, Laangzäitaarbechtslosegkeet, asw.) op esou eng Hëllef ugewise sinn, déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir aus der Prekaritéit erauszekommen an hire Wee zeréck an d'Gesellschaft ze fannen.

Fir de sozialen a sanitären Tourismus als Resultat vun esou enger Offer ze verhënneren, ass d'Konditioun déi, datt ee muss d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn oder als Auslänner legal eng gewëssen Zäit hei am Land muss gelieft hunn, fir un deem Hëllefsprogramm kënnen deelzehuelen (lien direct crédible mam Land).

Fir dëse Resozialiséierungszentrum muss e Konzept an Zesummenaarbecht mat all den dofir néidegen Acteuren ausgeschafft ginn. Dobäi spillt de Prinzip vum Housing First mat enger Adresse fixe eng wichteg Roll, fir eng sécher a stabil Grondlag ze schafen, op där déi reschtlech Moossnamen opbaue kënnen. Esou soll deene Betraffenen déi néideg Sozialhëllef iwwert den Office social zougänglech gemaach ginn, grad ewéi eng sozial Begleedung duerch d'Assistance sociale. Déi néideg medezinesch Versuergung an e psychologesche Bäistand oder Encadrement soll hei och Deel vum Konzept sinn. Dozou kommen d'Reintegratioun op den Aarbechtsmaart, d'Inklusioun an d'Aarbechtswelt an domat och den Zeréck an d'Gesellschaft, déi an Zesummenaarbecht mat der ADEM a méigleche Formatiounscoursë kombinéiert an organiséiert ginn.

Et ass wichteg, datt heifir e kloert Konzept ausgeschafft gëtt, dat eng allgemeng Handlungsgrondlag festleet, bei där déi eenzel Moossnamen an Ënnerstëtzungen aneneegräifen. Well d'Situatioun vun den eenzele betraffene Leit respektiv d'Grënn fir hir prekär Situatioun ganz ënnerschiddlech kënne sinn, ass et néideg, datt d'Resozialiséierungskonzept awer eng gewësse Flexibilitéit behält, fir et un déi individuell Situatioun unzepassen. Deen Hëllefsprogramm soll schliisslech effikass a laangfristeg Resultater bréngen a keng dauerhaft Betreiung a Begleedung duerstellen.

Assistants sociaux

D'Assistants sociaux leeschten e wichtege Bäitrag, fir Mënschen, déi an eng Noutsituatioun gerode sinn, ze hëllefen, sech erëm sozial a berufflech an d'Gesellschaft ze integréieren. Eiser Meenung no misst déi entspriechend Ausbildung, wéi se vun der Uni Lëtzebuerg ugebuede gëtt, awer verbessert ginn, net nëmmen, fir déi zukünfteg Assistants sociaux besser op d'Aarbecht um Terrain virzebereeden, mee och, fir ganz allgemeng méi Leit fir dëse Studiegang an dëse wichtege Beruff ze intresséieren. Mir bräichten an deem Zesummenhang e Bachelor, dee sech um wallonesche Curriculum orientéiert (Bachelier Assistant social), dee vill méi praxisorientéiert ass. Wat de Master-Studiegang ugeet, plaidéiere mir fir eng Ausbildung nom Modell vun der däitschsproocheger Schwäiz (Master in Sozialer Arbeit), dee praxisno an interdisziplinär ass.

Scheinselbstännegkeet vermeiden

D'ADR trëtt derfir an, fir d'Aarbechtsbedéngunge vu Leit, déi fir digital Plattforme schaffen, ze verbesseren. Dës Leit, vun deenen der vill fälschlecherweis als „Selbstänneger" bezeechent ginn, si ganz dacks vun Aarmut betraff oder vun Aarmut bedrot a si sinn a Krisenzäiten net ofgeséchert, droen all d'Risike vun hirem Beruff a musse selwer fir hir Aarbechtsmaterialien opkommen. Si sinn oft net krankeverséchert, an et kann een hei scho bal vun organiséiertem Mënschenhandel schwätzen. D'ADR setzt sech derfir an, datt si als Salariéen unerkannt ginn, wat all déi Rechter implizéiert, déi dem Salarié gesetzlech zoustinn (z.B. faire Loun, Sozialversécherung, Krankeversécherung a bezuelte Congé).

Prostitutioun reegelen

Genau dat selwecht trëfft och op Sexaarbechter zou. Dofir fuerdere mir fir dës Leit genau déi selwecht sozial Ofsécherung wéi fir Plattformaarbechter. An der Prostitutioun muss ganz kloer de Schutz vun de Sexaarbechter als Independant verbessert ginn. Si sollen hir Aktivitéit ënner Bedéngungen ausübe kënnen, déi si weder an d'Aarmut nach an d'Krankheet bréngen. Den erhéichte gesondheetleche Risiko bei Sexaarbechter däerf keen Ausschlossgrond fir eng Krankeversécherung sinn. An deem Sënn huet d'ADR och schonn e méi zäitgeméisse Gesetzesvirschlag an der Chamber abruecht.

Krankheet duerch Aarmut verhënneren

Et ass och kloer, datt d'Aarmut sech negativ op déi mental an och déi kierperlech Gesondheet auswierkt. Fir datt d'Leit méiglechst gesond sinn a bleiwen, ass also e weidere Grond, firwat mir den Ursaachen, déi d'Aarmut riskéieren, musse méiglechst wäitreechend entgéintwierken an deene Leit, déi scho betraff sinn, op ënnerschiddlechen Niveauen hëllefen, hir sozial Situatioun zum Positiven ze veränneren.

Gläichzäiteg wësse mir, datt Krankheeten an d'Aarmut féiere kënnen. Dofir ass et wichteg, déi mental a kierperlech Gesondheet vun de Leit esouwäit ewéi méiglech ze fërderen an hinnen déi néideg Hëllef an Ënnerstëtzung ze ginn, fir méiglechst gutt duerch déi Zäit vun hirer Krankheet ze kommen, respektiv trotz Krankheet eng gewësse Liewensqualitéit ze behalen.

- Generaliséierung vum Remboursement immédiat

Medikamenter, medezinesch Ënnersichungen a besonnesch Behandelungen an Agrëffer kënnen immens deier sinn. Fir vill Leit ass et e finanzielle Problem, dës Suen „virzestrecken" an op de Remboursement ze waarden, respektiv gréisser Beträg direkt an enger Kéier ze bezuelen. Et däerf net sinn, datt eng Persoun duerch e finanziellen Engpass seng Behandlung net kréie kann, zäitlech verréckele muss oder de Suivi net maache kann. Dat féiert zu enger Verschlechterung vum gesondheetlechen Zoustand respektiv zum ongehënnerte Weidergang vun der Krankheet.

Dofir si mir, ënnert enger wichteger Konditioun, fir eng Generaliséierung vum Remboursement immédiat. Et ass awer wichteg, am Sënn vum Dokter a vum Patient, datt

d'Dokteren hir Onofhängegkeet vun der Gesondheetskeess dobäi behalen an net an hirer Entscheedungsfräiheet ageschränkt ginn. Den Dokter muss e liberale Beruff exerzéiere kënnen, fir an Ofsprooch mam Patient, gemeinsam déi fir hie passend a beschtméiglech Behandlung kënnen ze wielen. D'Aféierung vum Remboursement immédiat däerf dem Dokter dann och keng zousätzlech Käschte verursaachen. Déi néideg informatesch Plattforme mussen him gratis zur Verfügung gestallt ginn an d'Remboursementer mussen a vernënftegen Delaie geschéien.

- Keng Couverture sanitaire universelle

D'Iddi, datt all Mënsch soll kënne medezinesch versuergt ginn, ganz onofhängeg vu sengem soziale Status, ass vum Prinzip hier ze begréissen. Wann een dee Prinzip awer ganz radikal wëll duerchsetzen, kann dat immens vill negativ Konsequenze fir d'Gesellschaft hunn, net wierklech ëmsetzbar sinn an um Enn der ganzer Gesellschaft schueden. Dowéinst muss een och hei mat Mooss a Verstand virgoen.

Mir sinn éischter der Usiicht, datt all Persoun, déi legal hei um Territoire ass, e Recht op eng „adresse fixe" soll hunn an domat och d'Méiglechkeet op eng Krankeversécherung soll kréien. Eng ondifferenzéiert „couverture sanitaire universelle" leene mir awer aus e puer konkrete Grënn of: Duerch den onkontrolléierte massive Wuesstem si mir am Gesondheets- a Fleegeberäich scho laang un eis Grenze gestouss, esouwuel wat d'Dokteren an anert Gesondheetspersonal betrëfft ewéi och eis Strukturen a medezinesch Ekipementer. Mir hu scho grouss Schwieregkeete mat extrem laange Waardezäiten, an de Budget vun der Gesondheetskeess gëtt och ëmmer méi knapp.

Eng Couverture sanitaire universelle, ganz ouni Konditiounen, géif d'Situatioun just verschlëmmeren, well dat illegal Openthalter a sanitären Tourismus fërdert a laangfristeg net ze droen ass, weder finanziell nach personell. Dofir wiere mir eis géint déi Iddi.

8. De Pensiounssystem

Den aktuelle Pensiounssystem ass zum Deel op en net nohaltege Schnéiballsystem opgebaut an zwéngt d'Land zu engem onmoossege Wuesstem. Et besteet e reelle Risiko, datt de Pensiounssystem trotz dem Wirtschaftswuesstem enges Daags zesummebrécht. Den Dag, op deem d'Pensiounen un d'Reserve ginn, kënnt méi no.

Den Asaz vun der ADR an den 1990er Joren huet sech gelount: Aktuell ass de Pensiounssystem vum private Secteur gesond an huet Reserven. De Pensiounsniveau zu Lëtzebuerg ass gutt. Et gi bal keng Hongerrente méi a kaum nach Ënnerscheeder tëscht dem System am ëffentlechen Déngscht an deem am private Secteur.

Aus dem historeschen Asaz vun der ADR ergëtt sech eng besonnesch Verantwortung, fir de Lëtzebuerger Pensiounssystem fir d'Zukunft ofzesécheren. Den Niveau vun der obligatorescher a solidarescher Pensioun muss héich genuch bleiwen, fir och am Alter e wierdegt Liewe féieren ze kënnen, wa méiglech ouni op Zousazassurancen zeréckgräifen ze mussen.

D'ADR erënnert och drun, datt d'Pensiounsreform vun 2012 scho Moossname virgesäit, bei deenen déi Verséchert entweder méi laang musse schaffe goen (bis zu 3 Joer) oder bei gläiche Bedéngunge méi eng kleng Pensioun kréien.

De jéngste Pensiounsbericht vun der Chambre des salariés huet gewisen, datt mat der Pensiounsreform vun 2012 zwou bedeitend Verschlechterunge vum allgemenge Renteversécherungssystem agefouert goufen. Nämlech kréien déi nei Rentner, déi en Duerchschnëttsverdéngscht haten, nodeems si 25 Joer an der Pensioun sinn, eng tëscht 23 Prozent an 32 Prozent méi niddereg Rent ewéi virun där Reform.

Déi aner Verschlechterung duerch d'Reform ass déi, datt wann d'Rentereserven ënner 1,5-mol de Betrag vun de järleche Prestatioune falen, d'Allocation de fin d'année am Privatsecteur ewechfält.

Datt mir am Kompensatiounsfong 23,4 Milliarden Euro hunn, schéngt, am Verglach mat anere Länner, eng komfortabel Situatioun ze sinn. Allerdéngs gëtt gär emol vergiess, datt déi aner Länner net eisen onkontrolléierte Rekordwuesstem hunn, deen d'Land an d'Gesellschaft bis elo méi kascht huet, wéi e gehollef huet.

D'Bevëlkerung an eisem Land ass vu ronn 500.000 Leit am Joer 2010 op ronn 650.000 Leit am Joer 2022 gewuess. Dat ass eng Steigerung vun 30 Prozent an nëmmen 12 Joer. Dës Bevëlkerungsexplosioun ass d'Resultat vun engem politesch onkontrolléierte Wuesstem a wäert op der ganzer Welt bal eenzegaarteg sinn.

Mir kënnen awer net ëmmer méi Leit an d'Land huelen, fir hei ze schaffen, esou datt mir d'Pensioune nach bezuelt kréien. D'ADR kann nëmme staunen, wann déi aner blann Wuesstemsparteien dann awer mengen, et wier nach fir iwwer 300.000 Leit Plaz am Land, wat eis Bevëlkerung bis 2050 op iwwert eng Millioun Leit géing eropdrécken. Dat ass e Wuesstem, dee mir als Land net kënne packen. Weder wat d'Infrastrukturen ugeet, nach wat eis Verwaltungen an eise Sozialsystem ugeet. Fir eis ass kloer, datt mir also e méi moderate Wuesstemsszenario brauchen an aus deem Schnéiballsystem mussen erauskommen, an deem mir elo gefaange sinn, an deen eis praktesch ëmmer weider zu esou engem Wuesstem zwéngt. Mir wëllen als ADR keng esou eng Entwécklung – mir wëllen eng aner Zukunft fir eist Land. Dat bedéngt politesche Courage, an deen hu mir als ADR.

Mir mussen eis agestoen, datt de Wuesstem eis a villerlee Hisiicht méi kascht, wéi en eis bréngt. De fatalen Impakt, deen en op de Logement an d'Wunnpräisser hat, huet d'Ofséchere vun de Pensiounen nach emol méi wichteg gemaach. Well all déi Leit, déi lounen, well si sech en Eegenheem bei deenen onmoosseg deiere Präisser net leeschte konnten, sinn herno ëmsou méi ugewisen op eng Pensioun, déi héich genuch ass, datt si d'Wunn- an d'Liewenskäschte bis zu hirem Liewensowend weider bezuele kënnen. Am Géigesaz zu deene Leit, déi d'Chance haten, sech eng Wunnecht kafen ze kënnen, bei deenen de Prêt, deen all Mount bezuelt gëtt, no beispillsweis 30 Joer ewechfält an déi Ausgaben domat scho mol net méi ufalen.

Iwwert de Wee vun enger dréngend néideger Pensiounsreform kënne mir manner wuesstemsofhängeg ginn, kënnen doduerch eis Zukunft nees besser plangen an an e méi kontrolléierte Wuesstem iwwergoen a schliisslech nees méi Liewensqualitéit erreechen. A wie seng ekonomesch Entwécklung ka steieren an orientéieren, dee kann dann och nees berechtegterweis vu qualitativem Wuesstem schwätzen. D'ADR ass net wuesstemsfeindlech, mee mir sinn awer ganz kloer géint en onkrontrolléierte massive Bevëlkerungswuesstem an eisem Land, deen aus enger Reformonfäegkeet entsteet.

Am Gesetz (loi du 6 mai 2004) vun der „administration du patrimoine du régime général de pension" heescht et:

> Art. 247. La gestion de la réserve de compensation incombe à un établissement public dénommé Fonds de compensation commun au régime général de pension, dénommé ci-après « le Fonds de compensation » (...)
>
> Art. 248. La réserve de compensation est placée dans le but de garantir la pérennité du régime général de pension.

Dës „réserve de compensation" ass den Dréi- an Aangelpunkt vun enger noutwendeger Pensiounsreform am Régime général (zu deem och d'Invaliderenten, awer net d'„régimes spéciaux et transitoires", notamment d'Fonction publique, gehéieren).

D'Geld vun der Rentereserv gehéiert net de Politiker, mee de Rentner. Am Hibléck op d'Tatsaach, datt d'Zuel vun de Rentner hei am Land an Zukunft méi séier klamme wäert wéi déi vun de Beschäftegten (laut „Programme de stabilité et de croissance" vun Abrëll 2022 vum Finanzministère: am Schnëtt 3,9 Prozent méi Rentner pro Joer, mee just 2,2 Prozent méi Beschäftegter), wäert sech iergendwann d'Fro stellen, ob a wéi een d'Rentereserv unzape soll, ouni géint d'Gesetz ze verstoussen, dat am Ablack beseet, datt den „seuil minimal" vun der Rentereserv 1,5-mol dem Volume vun de järleche Rentenausgaben entsprieche muss.

Wann de Pensiounssystem net reforméiert gëtt, wäert d'Pensiounsreserv iergendwann opgebraucht sinn a kann hir gesetzlech Aufgab net méi erfëllen. D'ADR wiert sech awer vehement dergéint, datt ëmmer méi Mënschen an d'Land geschleist ginn, fir dësen Desequiliber ëmmer nees auszegläichen. Dat ass eng Rechnung, déi net opgeet. Schliisslech brauche mir, fir eng Pensioun ze bezuelen, 2,5 Aktiver um Aarbechtsmaart. De Moment hu mir iwwer 600.000 Aktiver. Also hu mir a 40 Joer och ronn 600.000 Leit an der Pensioun, woufir mir dann 1,5 Milliounen Aktiver bräichten, fir déi Pensiounen ze bezuelen. An dat steigert sech ëmmer sou weider. Am beschte Fall gëtt d'Rentemauer domat nach e puer Joer no hanne gedréckt.

Souwuel d'Inspection générale de la Sécurité sociale (an hirem „bilan technique") wéi och d'Zentralbank hu sech d'lescht Joer mat der droender „Pensiounsmauer" auserneegesat. Si sinn dobäi zu änleche Conclusioune komm, woubäi béid Institutioune mat ganz ënnerschiddleche Modeller schaffen. D'Zentralbank analyséiert dobäi de Ratio tëscht

Pensiounskäschten a PIB, hire Modell ass also onofhängeg vun der Inflatioun. De gemeinsame Message vun der IGSS an der Zentralbank ass: An der Période de couverture 2023-2032 mussen Änneruungen am Pensiounssystem gemaach ginn, fir laangfristeg negativ Konsequenzen ze verhënneren. Am Mee 2021 schonn huet d'Europäesch Kommissioun och eng Recommandatioun erausginn, datt de legale Pensiounsalter fir Lëtzebuerg vu 65 Joer op 72 Joer sollt gehuewe ginn.

Fir d'ADR ass d'Pensiounsversécherung schonn zënter laange Joren en zentraalt Thema, well mir eis absolut bewosst sinn, datt mir deen onkontrolléierten a massive Wuesstem laangfristeg net packe kënnen. Dofir verlaange mir konsequent an als eenzeg Partei, datt mir un d'Ursaachen dovunner ginn. Mir brauchen also eng Reform vun eise soziale Versécherungssystemer, bei där d'Finanzéierungsmodeller musse reviséiert ginn. Dat brauch natierlech Courage, mee mir kommen net dolaanscht, a wat mir méi laang waarden, desto méi schwiereg ginn déi Reformen a si wäerten och méi „wéidoen".

Mir mussen eis onbedéngt aus dëser „Wuesstemsfal" befreien a mussen an dësem wichtegen Dossier Pensiounssystem elo handelen. Dobäi musse mir gutt oppassen, datt déi Leit, déi en „droit acquis" hunn, dësen net verléieren. Dofir maache mir déi Reformen iwwert e méi laangen Zäitraum, andeems mir all méiglech Optiounen ausloten. Mir waarden nach op de Rapport vum Comité économique et social, dozou huele mir och aner Contributiounen, natierlech och déi vun de Gewerkschaften, inklusiv déi aus dem ëffentleche Secteur. An da mussen do déi néideg Elementer erausgezu ginn, fir kënnen eng effikass Reform duerchzeféieren.

Mir hunn als Engagement geholl, datt wa mir als ADR sollten an d'Verantwortung kommen, datt mir bis zum Schluss vun der nächster Legislaturperiod eng Reform vun de soziale Versécherungssystemer géingen duerchzéien, déi et erlaabt, d'Rentemauer op d'mannst ëm eng Generatioun no hannen ze verréckelen. Laangfristeg ass eist Zil awer, de Problem wa méiglech ganz grondsätzlech ze léisen an eventuell esouguer eng Strategie ze entwéckelen, fir eise Sozialmodell vun eisem Wuesstemsmodell deelweis ze entkoppelen.

Vill Leit schwätze gär vun „nohalteger" Politik. Fir d'ADR ass d'Ofsécherung vun de Rente fir déi Jonk vun haut an déi zukünfteg Generatiounen e Kärelement vun Nohaltegkeet a vu Verantwortung géintiwwer deene Jonken. Wien haut Rentebäiträg bezilt, muss och drop vertraue kënnen, herno eng wierdeg Rent e kréien.

Eist Zil ass et, datt d'Pensiounen net gekierzt ginn an de Pensiounsalter net gehuewe gëtt. Als ADR vertriede mir déi folgend Usätz, fir déi néideg Pensiounsreform:

- D'Pensiounsreform muss politesch Prioritéit hunn an där kommender Legislaturperiod a muss bis 2028 a Kraaft sinn.
- D'Ofsécherung vun de Pensiounen am Régime général bis 2070 muss en éischt Zil an dësem Dossier sinn.
- De Kompensatiounsfong gëtt genotzt fir d'Pensiounen am private Secteur ofzesécheren an net fir politesch Ideologien ëmzesetzen an ze finanzéieren, wat an engem Renteklau resultéiert an domat net a Fro kënnt.
- D'Investitiounsméiglechkeete vum Kompensatiounsfong musse verbessert ginn. De Staat soll sech hei net amëschen an Investitiounsméiglechkeeten ewéi déi an d'Nuklearenergie an a Gas aus ideologesche Grënn verhënneren, obwuel si finanziell ganz lukrativ sinn.
- Weider Etüde sollen oplëschten, wéi eng Ausmoossen a Konsequenzen d'digital Ekonomie an d'Exportatioun vun de Pensioune fir Lëtzebuerg hunn. Dës Etüde sollen och alternativ Finanzéierunge fir de Pensiounssystem analyséieren.
- De Seuil légal vun der Rentereserv (iwwer 1,5-mol de Betrag vun de järleche Prestatiounen) gëtt onbedéngt bäibehalen.
- A Bezuch op déi dräi Piliere vun eisem Pensiounssystem gëtt gekuckt, wéi een am beschte ka favoriséieren, datt Betriber de Pensiounssystem mat ënnerstëtze respektiv déi individuell Versécherunge verbessert ginn. De Régime de pension complémentaire, also den zweete Pilier vum Pensiounssystem, muss moderniséiert ginn an och den „Recours à la prévoyance individuelle" gëtt encouragéiert. Dat gëtt esou gemaach, datt och déi Leit mat engem klengen Akommes kënnen dovu profitéieren.
- Den Ajustement vun de Pensioune bleift fir jidderee bestoen.
- D'ADR wäert déi aktuariell Berechnung iwwert déi genee Belaaschtung vum Pensiounssystem fir de private Secteur a fir den ëffentlechen Déngscht reegelméisseg aktualiséieren.

- Den „Compte épargne-temps" gëtt flexibel an de Betriber agefouert, dëst mat Urechnung op beispillsweis eng betriblech Renteversécherung. Mir hu schonn esou en Zäitspuerkont, duerch deen d'Leit kënnen éischter an d'Pensioun goen. Et sollt een duerch eng Flexibiliséierung vun dësem erreechen, datt d'Leit motivéiert sinn, hir Pensioun regulär an net éischter ze huelen, an duerch dee Kont awer Urechnungen op hir Pensioun kréien.
- Wa mir all d'Méiglechkeeten ausgeschëpft hunn, dat awer nach net duergoe sollt an et net anescht méiglech ass, schléisse mir eng etappeweis Erhéijung vun 8 op 9 Prozent vun de Cotisatioune mat enger gläichwäerteger Verdeelung op den Ugestallten, de Patron an de Staat net aus.
- Et mussen all Incentivë genotzt ginn, fir datt d'Leit fäiwëlleg an ouni Drock méi laang schaffe ginn, net well si mussen, mee well si wëllen a positiv Ureizer si dobäi encouragéieren. Dozou gehéiere beispillsweis méi flexibel Pensiounsmodeller an d'Ofschafe vun der Limit, wat ee sech nieft der Rent dozouverdénge kann. Esou sollten och Leit, déi an d'Pensioun ginn, d'Méiglechkeet kréien, méi kleng Aarbechte beim Staat oder bei der Gemeng ze iwwerhuelen, wa si dorun intresséiert sinn.
- Mir musse vun der Scholdepolitik ewechkommen, déi zu Laaschte vun den nächste Generatioune geet. D'ADR huet eng ganz Rei Propositiounen (liest och d'Kapitel Staatsfinanzen), wéi mir dat kéinten ugoen – dozou gehéieren international Faktoren, an och d'Budgetsdisziplin, déi iwwerschafft an nei ausgeriicht gëtt. Fir d'ADR ass déi 30-Prozent-Grenz vum PIB a Stee gemeesselt a mir toleréieren och keng temporär Iwwerschreidungen.

9. Lëtzebuergesch: d'Sprooch fir Integratioun a sozial Kohäsioun

Am „Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch", dee vun der Regierung de 14. Dezember 2022 ugeholl gouf, heescht et am Hibléck op déi uviséiert Ziler vun der Regierung: „Et gëtt bewosst drop verzicht, e geneeën Zäitplang an en detailléierte Budget virzeleeën."

D'ADR seet: ELO muss d'Lëtzebuerger Sprooch gefërdert ginn! Mir sinn déi Partei, déi d'Lëtzebuerger Sprooch eescht hëlt an déi sech am längsten an am stäerkste fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt, dëst esouwuel an hire Programmer ewéi an ëffentlechen Debatten. Mir wäerten eisen Asaz fir d'Lëtzebuerger Sprooch weider verstäerken an net noginn, bis ALL eis berechtegt Fuerderungen am Intressi vun eiser Nationalsprooch an eiser Gesellschaft erfëllt sinn.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass dat wichtegst Mëttel fir d'Integratioun. An nëmmen eng gutt Integratioun ass de Garant fir d'sozial Kohäsioun. Fir d'Gesellschaftsliewen zu Lëtzebuerg aktiv matzegestalten, ass et wichteg, datt auslännesch Matbierger op héijem Niveau Lëtzebuergesch kënnen. Domat ginn och weider berufflech Perspektiven op.

En eegene Ministère fir Sprooch, Integratioun a Kultur

Als ADR maache mir eis schonn ëmmer staark, fir datt d'Lëtzebuergescht, eis Nationalsprooch, endlech déi prestigiéis Positioun kritt, déi hir zousteet. An deem Sënn soll si déi éischt Kontaktsprooch ginn, an hir Plaz an der interkultureller Kommunikatioun soll gestäerkt ginn. D'Lëtzebuerger Sprooch muss déi néideg Unerkennung vun der Politik kréien, an dëst net nëmmen a Sonndesrieden. Scho bei der Regierungsbildung muss dës Unerkennung konkret Formen unhuelen. D'ADR schaaft dowéinst en „Ministère fir Lëtzebuerger Sprooch, Integratioun a Kultur". Dëse Ministère suergt fir d'Ëmsetzung vu Moossnamen, déi d'Lëtzebuerger Sprooch betreffen, an d'Kontroll vun deene selwechten.

Weider kréien all d'Ministèren eng offiziell lëtzebuergesch Bezeechnung (z.B. Staatsministère, Ministère fir baussenzeg an europäesch Ugeleeënheeten, Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a Verbraucherschutz asw.). Och op offiziellen Dokumenter an op den Internetsitten ass déi lëtzebuergesch Bezeechnung ëmmer als éischt unzeginn, virun enger Iwwersetzung an aner Sproochen.

D'ADR wäert am Ministère fir Sprooch, Integratioun a Kultur eng Kommissioun asetzen, déi lëtzebuergesch Ausdréck fannen oder formuléiere soll, fir nei Institutiounen ze benennen a friem Ausdréck (z.B. „Maison relais") ze ersetzen.

Gesetzer, déi d'Allgemengheet betreffen (also keng „technesch" Gesetzer eréi z.B. fir d'international Finanzen) ginn op Lëtzebuergesch iwwersat an am „Journal officiel" (fréier Mémorial) publizéiert, woubäi de franséischen Text, eréi am Sproochegesetz festgehalen, juristesch zielt.

De Ministère kritt, méi wéi dat bis elo de Fall war, déi néideg Mëttelen, fir d'Lëtzebuerger Kultur (Film, Literatur, Konscht, Traditioun, Geschicht, Patrimoine) ze ënnerstëtzen a virunzedreiwen. Ausserdeem soll iwwer Förderungen a Präisser oder Auszeechnungen dofir gesuergt ginn, datt méi a Lëtzebuerger Sprooch produzéiert gëtt, wéi Filmer, Bicher Audiobicher asw.).

Et gëtt eng Sammlung vun alle Lëtzebuerger Lidder opgestallt, déi – am Respekt vum Recht op intellektuell Proprietéit – esouwäit eréi méiglech um Internet ëffentlech zougänglech gemaach an, wann net scho geschitt, mat den Noute publizéiert gëtt.

Héichwäerteg Dokumentarfilmer iwwert d'Lëtzebuerger Geschicht an déi verschidde Regioune vum Land an och Kannerfilmer op Lëtzebuergesch ginn, méi wéi dat bis elo de Fall war, vum Ministère gefërdert.

Fir eng wierklech Méisproochegkeet

D'ADR steet fir eng wierklech Méisproochegkeet, ouni datt eng Amtssprooch dominéiert. Dowéinst mussen ouni Ausnam all administrativ Formularen an deenen dräi Amtssproochen (Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch) existéieren – eventuell och a méi Sproochen. Esou kënne Leit, déi an d'Land kommen, sech direkt op d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch konzentréieren.

Unerkennung als offiziell Sprooch an Europa

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Lëtzebuergescht als offiziell Sprooch vun der Europäescher Unioun unerkannt gëtt – dëst esou séier eréi méiglech! All aner Sproochen, déi an Europa

geschwat ginn, ginn als offiziell Landessproochen oder als Minoritéitssproochen unerkannt – ausser Lëtzebuergesch! Dat ass e Skandal. Et geet dobäi net duer, datt europäesch Institutioune mam Lëtzebuerger Staat senger Hëllef op Lëtzebuergesch äntweren, wann si e Bréif oder eng Demande an eiser Nationalsprooch kréien.

Mir verlaangen d'Unerkennung vun der Lëtzebuerger Sprooch als offiziell Sprooch vun der Europäescher Unioun, an zwar no deenen Dispositiounen, déi am EU-Ministerrot fir verschidde Sprooche schonn am Joer 2005 zeréckbehale goufen. Wann een op eng realistesch, duerchsetzbar a vertriedbar Manéier nach kann doriwwer erausgoen, dann ass d'ADR déi éischt Partei, déi dofir suergt, datt Lëtzebuergesch och an Europa op eng progressiv a pragmatesch Manéier méi Gewiicht kritt.

Gutt Kenntnesser vun der Lëtzebuerger Sprooch, eng Konditioun fir d'Nationalitéit

Fir d'ADR ass d'Lëtzebuerger Sprooch eng wichteg Bedéngung, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Si ass de Schlëssel vun der Integratioun a Konditioun, fir um politesche Liewen deelzehuelen. Déi aktuell Legislatioun verlaangt den Niveau A2 (Grondstuf) fir d'Schwätzen oder den Niveau B1 (Mëttelstuf) fir d'Verstoe vun der geschwater Sprooch, fir déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Mir wäerten d'Nationalitéitegesetz dohinner verbesseren, datt nees den Niveau B1 am Verstoen an am Schwätze verlaangt gëtt.

D'Lëtzebuerger Sprooch am ëffentlechen Déngscht

D'ADR verlaangt, datt Kenntnesser vun der Lëtzebuerger Sprooch op héijem Niveau (C2 am Verstoen an am Schwätzen, C1 am Schrëftlechen) eng Viraussetzung si fir e Posten am ëffentlechen Déngscht. Dëst gëllt fir d'Carrière supérieure, awer och an de Karriären, déi dorënner leien! All Mataarbechter vum Staat, de Gemengen, den Administratiounen, den Établissements publics an de Gesellschaften, an deenen de Staat mat iwwer 50 Prozent bedeelegt ass, muss gutt Kenntnesser vun der Lëtzebuerger Sprooch hunn, dëst ganz besonnesch wa si am Kontakt mam Bierger stinn.

Wann op Spezialiste muss zeréckgegraff ginn, déi nach kee Lëtzebuergesch kënnen, mussen déi Leit sech an hirem Aarbechtskontrakt verflichten, Lëtzebuergesch ze léieren. Am

Géigenzuch muss de Staat als Patron dëse Leit iwwert de Wee vum Sproochecongé d'Méiglechkeet ginn, Lëtzebuergesch ze léieren.

D'Lëtzebuerger Sprooch am Gesondheets- a Fleegesecteur

D'ADR begréisst, datt d'Lëtzebuerger Sprooch eng Konditioun ass, fir am Gesondheets- a Fleegesecteur kënnen ze schaffen. Allerdéngs gëtt dëst Gesetz net respektéiert. Gutt Kenntnesser vun der Alldagssprooch mat spezifesche Kenntnesser vun de Fachausdréck aus deem Secteur mussen hei eng onerlässlech Viraussetzung sinn. Dëst op d'mannst fir d'medezinescht an d'paramedezinescht Personal, dat mat de Patienten oder Matmënschen, déi op Fleegepersonal ugewise sinn, a Kontakt ass. Prinzipiell mussen dës Leit scho kënne Lëtzebuergesch schwätzen, oder sech op d'mannst op Lëtzebuergesch kënne verständlech maachen, ier si d'Erlaabnes kréien, fir zu Lëtzebuerg an deem Secteur ze schaffen. Et geet also net duer, datt si sech engagéieren, fir sech déi néideg Lëtzebuergesch-Kenntnesser nodréiglech unzëeegnen.

Kandidaten, déi an dësem Beruffssecteur schaffe wëllen an nach keng Kenntnesser am Lëtzebuergeschen hunn, solle gratis Coursen offréiert kréien, fir op d'mannst en Niveau A1 ze hunn, ier si däerfen ufänke mat Schaffen. Fir dës Coursë kënnen a solle si schonn eng Pai kréien, déi op de Sproochecongé ugerechent gëtt. Sollten d'Coursë fréizäiteg ofgebrach ginn an d'Kandidaten net an de Lëtzebuerger Gesondheets- oder Fleegesecteur schaffe kommen, mussen d'Sue fir de Sproochecours un de Staat zeréckbezuelt ginn. En Aarbechtskontrakt am Gesondheets- a Fleegesecteur muss kënnen annuléiert ginn, wann de Salarié guer kee Lëtzebuergesch versteet. Am Aarbechtskontrakt ginn och Delaie festgesat, bis wéini een e bestëmmte Sproochenniveau muss erreecht hunn.

D'Spideeler musse sech grondsätzlech méisproocheg opstellen. D'Signalisatioun, d'Internetsäiten, d'Formularen, d'Korrespondenz an d'Nimm vun de Servicer mussen an deenen dräi administrative Sproochen sinn.

All Broschüren am Gesondheetsberäich sinn op d'mannst an deenen dräi Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch).

D'Lëtzebuerger Sprooch op der Aarbecht

D'ADR ass sech bewosst, datt eis Ekonomie op d'Aarbechtskraaft vun Net-Lëtzebuerger ugewisen ass. Mir fuerderen trotzdeem, datt d'Lëtzebuerger Sprooch als Ëmgangssprooch an de Betriber erëm zur Normalitéit gëtt, dëst op d'mannst am Kontakt mat de Clienten. Dëst gëllt esouwuel fir den Handel, den Horeca-Secteur, d'Handwierk ewéi och fir d'Personal an de Guichete vu Banken an Assurancen.

Dowéinst ginn, am enke Kontakt mat de Gewerkschaften an de Patronatsvertrieder, vu staatlecher Säit aus d'Efforte vergréissert, fir de Betriber ze hëllefen, d'Lëtzebuerger Sprooch an den Entreprisen a bei hirem Personal ze verbreeden. D'Stonne vum Sproochecongé gi vun 200 Stonnen op 300 Stonnen eropgesat. Dëst mat enger drëtter Tranche, op déi een Urecht huet, wann een déi zwou éischt Tranchë gepackt huet. Ewéi bis elo gëllt de Sproochecongé nëmme fir d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Nom Beispill vun Norwegen an anere Länner wäert d'ADR d'Aarbechtserlaabnes zu Lëtzebuerg u Konditioune vu Kenntnesser an der Nationalsprooch koppelen. D'Aarbechtserlaabnes gëtt nëmmen da verlängert, wann een no engem Joer den Niveau A1, no zwee Joer den Niveau A2 an no véier Joer den Niveau B1 huet, gerechent vum Dag vun där éischter Ustellung un, an dëst am Verstoen ewéi och am Schwätzen.

D'ADEM soll jidderengem, dee bei si kënnt, Coursen an der Lëtzebuerger Sprooch ubidden. Fir Leit, déi d'Sprooch scho verstinn a schwätzen, gi Coursë fir déi korrekt Schreifweis ugebueden. Et soll och mat privaten Entreprisë gekuckt ginn, wéi den Enseignement vun der Lëtzebuerger Sprooch do ka gefërdert ginn.

D'Lëtzebuerger Sprooch am Enseignement

D'ADR wäert d'Lëtzebuerger Sprooch als Integratiounssprooch stäerken, dëst vun der Crèche bis op Première. Mir maachen d'Experimenter, bei deene kleng Kanner an der Crèche an am Precoce scho solle Franséisch léieren, réckgängeg.

D'ADR wäert d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch an den ëffentlechen a subventionéierte Crèchen an am Precoce zur Prioritéit maachen. Dëst huet dat kloert Zil, datt d'Kanner déi néideg Lëtzebuergeschkenntnesser hunn, ier si an d'éischt Schouljoer kommen!

An der ëffentlecher Grondschoul muss d'Lëtzebuergescht déi néideg Plaz kréien, esouwuel am Liesen ewéi am Schreiwen. Och d'Heemecht gëtt hei geléiert. Dat gëllt och fir déi international ëffentlech Schoulen.

D'ADR wäert och an alle Lycéeën an op alle Sektioune wéinstens eng Stonn fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur aféieren. Dat gëllt och fir déi international ëffentlech Schoulen. Am klassesche Lycée gëtt d'Lëtzebuerger Sprooch, Literatur, Geschicht a Kultur op héijem Niveau als eegestänneg Optioun proposéiert.

Kanner, déi nei an d'Land kommen, mussen an der Reegel ee Joer an eng Classe d'accueil kommen. Do gi si virbereet op déi Sproochen, déi an eisem Enseignement gebraucht ginn (dorënner och Lëtzebuergesch), fir sech besser am Enseignement integréieren ze kënnen. Dëst gëllt esouwuel fir d'Grondschoul ewéi fir de Lycée.

Méi Lëtzebuergeschcoursen

D'Fuerderung, datt Lëtzebuergesch muss d'Integratiounssprooch sinn, an d'Invitatioun un d'Net-Lëtzebuerger – déi hei wunnen a schaffen – eis Sprooch ze léieren, huet eng wichteg Viraussetzung: Et musse genuch Lëtzebuergeschcoursen ugebuede ginn, an dëst zu allen Dagesstonnen. Esou Coursë mussen och op Demande kënnen direkt an de Spideeler, Fleegeheemer, Betriber an och an der Groussregioun organiséiert ginn. D'ADR wäert sech drëm këmmeren, datt genuch qualifizéiert Personal ausgebilt gëtt, fir der Nofro vun esou Coursen nozekommen.

Et mussen och weider didaktescht Material an digital Coursen ausgeschafft ginn. D'Leit sollen d'Méiglechkeet hunn, eleng an zu all Stonn Lëtzebuergesch ze léieren.

D'Lëtzebuerger Sprooch an de Gemengen

Fir déi vill Leit, déi nei an d'Land wunne kommen, ass d'Gemeng déi éischt Plaz, wou si mat enger Administratioun a Kontakt kommen. Dowéinst wäert d'ADR schonn hei e kloert Zeeche setzen, dat vermëttelt: Lëtzebuergesch ass d'Sprooch vun dësem Land! Den „Stade de Luxembourg" kritt e lëtzebuergeschen Numm, genau esou wéi aner Gebaier an Institutiounen. D'Haus vun der Gemeng géife mir schlicht „Gemeng" oder „Stadhaus"

nennen amplaz „Mairie" oder „Hôtel de Ville". Och an de Formularen an Informatiounsbroschüre muss d'Lëtzebuergescht an d'A stiechen.

D'Leit ginn esou scho beim Aschreiwen an der Gemeng op d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch fir d'Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft higewisen. Beim Umelle kréien d'Leit och direkt Broschüre mat (ewéi z.B. „100 Wierder op Lëtzebuergesch") a ginn informéiert iwwer d'Méiglechkeeten, Lëtzebuergesch ze léieren.

Nimm vun Uertschaften, Stroossen, Gebaier...

D'ADR wäert systematesch duerchsetzen, datt op den Uertschaftsschëlter am Agank vun den Dierfer a Stied déi lëtzebuergesch Uertschaftsnimm als éischt an am Fettdrock geschriwwe ginn. De franséischen an den däitschen Numm kommen drënner stoen.

Wou lëtzebuergesch Stroossen- oder Flouernimm existéieren, ginn dës exklusiv benotzt. Déi franséisch Bezeechnungen op de Gemengegebaier ginn duerch lëtzebuergesch Bezeechnungen ersat.

Mir wëlle Lëtzebuergesch méi an d'Vitrinn stellen dobaussen am ëffentleche Raum, wou si quasi guer net méi present ass. Wéi sollen Auslänner motivéiert ginn, Lëtzebuergesch ze léieren an ze benotzen, wa mir eis Sprooch mol selwer net benotzen? Dofir ass et eis wichteg, datt esouwuel schrëftlech wéi och mëndlech Lëtzebuergesch déi éischt- a meeschtgenotzte Sprooch am ëffentleche Raum ass an erëm déi Plaz am Alldag kritt, déi si verdéngt.

En nationalen Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur

D'Regierung hat 2017 an hirem „40-Punkte-Programm fir d'Lëtzebuerger Sprooch" ugekënnegt, en nationalen Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze organiséieren. Dat ass awer bis elo net geschitt. D'ADR wäert derfir suergen, datt esou en Dag all Joer am Land stattfënnt.

10. Méi Liewensqualitéit fir Mënsche mat Behënnerung

Den 3. Dezember ass den Internationalen Dag vu Mënsche mat Behënnerung. Datt et esou een Dag gëtt, ass wichteg, fir déi Mënschen, déi net an hirem Alldag domat konfrontéiert sinn, drun ze erënneren, datt vill Leit och haut nach an hirem Alldag op Barriäre stoussen, déi mir ofrappe kënnen a mussen. En Dag, deen op dës Thematik opmierksam mécht, geet awer net duer. D'Ufuerderungen, déi an der UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung festgehale ginn, mussen unerkannt an ëmgesat ginn. D'ADR wäert eng Rei Initiativen ergräifen, fir datt de Lëtzebuerger Staat deem gerecht gëtt a seng Responsabilitéit iwwerhëlt.

Fir d'ADR ass et ganz wichteg, deene betraffene Mënschen, esou wäit eréi nëmme méiglech, eng voll a gläichwäerteg Partizipatioun un allen Aspekter vum gesellschaftleche Liewen ze erméiglechen. D'Politik muss bei dëse Froen ëmmer kloer Prioritéite setzen, an et mussen all déi néideg Ustrengungen ënnerholl ginn, fir dëst Zil ze erreechen. Mir maachen eis et zur Aufgab, deene betraffene Leit, esouwäit eréi méiglech e mënschewierdegt a selwer bestëmmt Liewen an der Mëtt vun eiser Gesellschaft ze erméiglechen. Dofir proposéiere mir e Gesamtkonzept fir hir Integratioun an eiser Gesellschaft. Et gi Beräicher, an deenen d'Politik eng wichteg Roll ze spillen huet, wann et zu néidege positive Changementer fir déi Betraffe komme soll, an d'ADR wäert sech deem unhuelen.

Kommunikatioun ouni Barriären

All Verwaltung kritt e Coordinateur a Saachen „spezifesch Besoinen", deen zoustänneg ass fir Moossname bannent der Administratioun eréi och fir de Kontakt mat de Leit an d'Kommunikatioun no baussen. D'Regierung misst doriwwer eraus endlech derfir suergen, datt dee vun hir geplangten Zentrum fir barriärefräi Kommunikatioun realiséiert gëtt.

D'ADR wëll d'Gebäerdesprooch, déi säit 2018 hei am Land als offiziell Sprooch unerkannt ass, nach méi férderen, zum Beispill duerch gratis Owescoursen. Et ginn och vill ze wéineg Gebäerdesprooch-Dolmetscher hei am Land. Déi professionell Karriär soll verstäerkt promouvéiert ginn, besonnesch bei jonke Leit. Et ginn iwwerdeems ëmmer méi Mënsche mat Schwieregkeete beim Liesen a Verstoe vun Texter. Dofir sollten dës Moossnamen och fir d'Erléiere vun der sougenannter „liichter Sprooch" geholl ginn. Och hei feelt et eis nämlech

un Dolmetscher, esou datt e bestoende Service der steigender Nofro trotz staarkem Engagement net hannendru kënnt.

Allgemeng soll de Staat a Saachen Accès ouni Barriäre mam gudde Beispill virgoen. Dozou gehéieren och seng Kommunikatiounspolitik a seng Internetsitten. D'Publikatioune vum Staat a sengen Institutioune ginn iwwerpréift a wann néideg iwwerschafft, fir datt Leit, déi eng Sehschwächt hunn oder esouguer blann sinn, och d'Méiglechkeet hunn, vun den Informatiounen an deene Publikatiounen ze profitéieren. Bei Online-Formulairë soll och eng extra „Capture" geschaf ginn, déi et de betraffene Leit erméiglecht, d'Online-Versioun trotz hirer Aschränkung ze notzen. Allgemeng soll bei wichtegen Informatiounen a Messagë vum Staat a sengen Institutiounen derfir gesuergt ginn, dës Matdeelungen och fir Mënsche mat Schwieregkeete beim Liesen a Verstoe vun Texter a liichter Sprooch zougänglech ze maachen. D'Awunner solle weider ëmmer och d'Méiglechkeet hunn, Formulairen a Pabeierform auszefëllen. Dobäi muss dorop geuecht ginn, datt déi Formulairë benotzerfrëndlech ausgeschafft ginn, a besonnesch d'Pabeierversioun muss och fir déi Leit gutt lieserlech an auszefëlle sinn, déi eng visuell Beanträchtegung hunn. Leit, déi duerch hir spezifesch Bedierfnesser net amstand sinn, fir administrativ Demanden eleng ze maachen, mussen an de Verwaltunegn domat gehollef kréien. De Staat muss och drop oppassen, datt seng Formulairë benotzerfrëndlech sinn. Ofkierzunge mussen erkläert ginn, laang Zuelen oder Rechnungsnummere sollen a kleng Zuelegruppen opgespléckt a grouss geschriwwe sinn, asw.

An engem Land mat 3 administrative Sprooche misst all Kommunikatioun vu Staat a Gemengen och an den 3 administrative Sprooche geschéien.

Zoutrëtt ouni Barriären

Et sinn hei vill Fortschrëtter gemaach ginn, dat kann een net ofstreiden. Trotzdeem ginn et ëmmer nach Schwaachpunkten. Dofir wäert d'ADR esou wäit wéi nëmme méiglech derfir suergen, datt nei Appartementshaiser a Geschäftslokaler gesetzeskonform no behënnerten- a senioregerechte Krittäre gebaut ginn. Zu dësem Zweck soll e permanenten Austausch mat deenen Associatioune bestoen, déi sech speziell fir d'Intressie vun deene betraffene Leit engagéieren.

D'Liewen ouni Barriären an eiser Gesellschaft gëtt doduerch vereinfacht, datt bei allen ëffentleche Projeten déi néideg adaptéiert Moossname beim Erstelle vum Projet bis zu senger Ëmsetzung systematesch berécksiichtegt ginn. Infrastrukturen an Déngschtleeschtunge mussen esou ugeluecht a konzipéiert sinn, datt jiddereen dovu profitéiere kann, onofhängeg vun Alter, Fäegkeeten oder Aschränkungen. Dofir ass et wichteg, datt dëse Punkt bei Projeten, Initiativen a Konzepter direkt mat afléisst, esou datt dëst direkt mat ëmgesat gëtt a keng spéider Upassungen néideg sinn.

Ëffentlech Infrastrukturen, déi nach net esou ugepasst sinn, datt si fir Leit am héijen Alter, mat kierperlecher Aschränkung oder mat spezifesche Bedierfnesser keen Hënnernes méi duerstellen, sollen endlech ugepasst ginn. Duerfir gëtt en Inventar opgestallt, an deem fir all ëffentlech Infrastruktur festgehale gëtt, ob si behënnerten- a senioregerecht amenagéiert ass. Dozou gehéiert och eng spezifesch Initiativ, déi mat dem néidege Wëllen och ëmzesetzen ass. Nämlech de sënnvollen a fir betraffe Leit hëllefräiche Wéckeldësch fir Erwuessener, a Form vun engem stabille Klappdëschsystem un der Mauer. Et ass e bestoende System, dee kee Verméige kascht an de betraffenen erwuessene Leit hëlleft, fir datt déi net selbstänneg Persoun kann ënner méiglechst wierdegen an och hygieeneschen Ëmstänn, also net einfach um Buedem, ka gewéckelt ginn.

An alle schonn am Land bestoenden ëffentlechen Toilettë fir Mënsche mat Behënnerung, déi iwwert déi fir dëse System néideg Plaz verfügen, gëtt esou e klappbare Wéckeldësch installéiert. Fir all weider ëffentlech Toilette, déi fir Mënsche mat Behënnerung geschaf gëtt, soll dëse System, wann ëmmer d'Plaz et zouléisst, och direkt mat berécksiichtegt ginn.

Onageschränkte Mobilitéit

D'ADR mécht sech staark fir eng séier Verbesserung vun de Moossnamen, fir de Mënsche mat enger Sehbehënnerung d'Beweegung am ëffentleche Raum an d'Benotze vun ëffentleche Verkéiersmëttel méi einfach a méi sécher ze maachen. Dozou gehéieren, ënner anerem, adequat Moossnamen op de Garen an de Busarrêten, awer och eng besser Ofsécherung vun de Schantercher op den Trottoiren.

Et soll jiddereen, also och Mënsche mat kierperlecher Aschränkung oder spezifesche Bedierfnesser, vum ëffentlechen Transport kënne profitéieren. Dofir mussen all d'Garen an

Haltestellen am Land esou ugepasst ginn, datt d'Eran- an Erauskommen aus dem Bus oder Zuch ouni friem Hëllef méiglech ass, z.B. duerch flaach automatesch Rampen, erhéichte Quaien an intakt Lifter – jeeweils dat, wat néideg ass, fir sech ouni Hënnernes fortzebeweegen. Weider si kontinuéierlech Buedem-Féierungslinne wichteg an néideg fir Leit mat enger visueller Aschränkung.

Iwwer Bus-Deklinatiounen, ewéi beispillsweis de Ruffbus, gëtt net just d'Ubannung un dat nationaalt Netz vum ëffentlechen Transport verbessert. Jidderee soll vun dësem flexibele Service och einfach fir déi kleng Trajete profitéiere kënnen. Dëse Service suergt fir eng besser Mobilitéit mat gréisserer Flexibilitéit. Grad och fir Leit mat kierperlecher Aschränkung oder spezifesche Bedierfnesser ass et eng grouss Hëllef, well de Service hinnen e weidert Stéck Selbstännegkeet gëtt oder erhält. Dofir soll dëse Service och genotzt ginn, fir d'Offer vun enger flexibeler Mobilitéit am ëffentlechen Transport auszebauen an ze ergänzen.

Iwwerall do, wou d'Gemeng an der Responsabilitéit ass, mussen d'Gemengen encouragéiert ginn, a wann néideg ënnerstëtzt ginn, datt déi genannten Initiativen a besonnesch déi Upassungen esou konsequent, effikass a séier ewéi méiglech ëmgesat ginn.

Zënter der Reform vum Adapto-Transport am Joer 2020 ginn et vill Reklamatioune vu Leit, wat d'Reservéierung vun deem Service ugeet. Fir Mënschen, déi op den Adapto ugewise sinn, mussen ëmmer méi Méiglechkeete bestoen, hir Faarte mat dësem Service ze reservéieren, och iwwer Telefon.

Mat der Reform goufen och all Beneficiaire vum Service nëmmen 360 Faarten am Joer zougeprach. Déi 360 Faarte ginn als Eenzelfaarte betruecht, dat heescht een Aller/Retour entsprécht zwou Faarten. D'Aarbechtsfaarte fléissen och net mat an de Kontingent vun deenen 360 Faarten an. D'ADR besteet drop, datt bei der Zuel vun den autoriséierten Deplacementer och déi berufflech Besoine musse mat agerechent ginn.

Et goufe scho vill Reklamatioune vu Leit, déi en Adapto-Bus bestallt haten, deen awer ni ukomm ass, esou datt de Service net konnt garantéiert ginn. Et ass e Service, deen et Leit, déi duerch hir Liewensëmstänn drop ugewise sinn, erméiglecht, sech méi selbstänneg am Alldag ze beweegen. Dofir ass et fir d'ADR ganz wichteg, datt dëse Service der Nofro gerecht gëtt a seng Déngschleeschtung mat allen néidege Sécherheetsmoossnamen a Responsabilitéite garantéiert. Dëst Transportmëttel, dat fir vill Leit déi eenzeg Méiglechkeet ass fir selbstänneg mobil ze sinn, stellt e wichtegt Mëttel fir d'Partizipatioun an d'Inklusioun

an dat gesellschaftlecht Liewen duer. Déi Mënschen, déi op dëse Service ugewise sinn, musse sech op e verloosse kënnen. Aus deem Grond wëll d'ADR d'Logistik, d'Organisatioun, de Fonctionnement, de Personalschlëssel an den Ëmgang mat de Beneficiairë kontrolléierten, adaptéierten a verbesserten. Dëst ass déi falsch Plaz, fir Suen am Staatsbudget ze spueren.

Leit, déi opgrond vun enger Behënnerung an hirer Mobilitéit ageschränkt sinn, hunn d'Méiglechkeet e spezielle Parkschäin („carte de stationnement") unzefroen, deen et hinnen erlaabt, op enger Parkplaz fir Leit mat Behënnerung ze parken. D'ADR wëll d'Kontroll vun der Noutwendegkeet vun deem Parkschäi méi flexibel handhaben, esou datt dobäi méi konkret tëscht dauerhafter an temporärer Aschränkung vun der Mobilitéit differenzéiert gëtt.

Doheem betreien a fleegen

Familljememberen, déi sech ëm e Mënsch mat Behënnerung këmmeren, leeschten eng dacks ganz schwéier, awer och eng ganz wichteg a wäertvoll Aarbecht. Dës Leit musse méi staark ënnerstëtzt ginn. Wann Eltere vun engem Kand mat Behënnerung dëst selwer doheem versuergen a fleegen, kréie si d'ADR-Elteregeld ausbezuelt, esoulaang d'Kand lieft an doheem an der Fleeg bleift. Dëst Elteregeld brauch ënnert kengen Ëmstänn un de Staat zeréckbezuelt ze ginn.

Och den „congé social" gëtt fir déi Leit méi generéis gereegelt. D'Iddi, datt Kanner manner elterlech Presenz brauchen, wa si méi al ginn, trëfft bei Mënsche mat Behënnerung dacks net zou.

Wunnstrukture fir Leit mat Behënnerung

D'ADR wëll d'Foyeren an de Modell vum betreite Wunne fir Mënsche mat Behënnerung, virun allem fir déi am Alter, ausbauen. Mir wëlle Waardezäiten, wéi mir se aktuell hei kennen, onbedéngt verhënneren. Et soll deene betraffene Leit dann och méiglech sinn, datt eng Begleetpersoun an/oder en Déier (z.B. e Blannenhond) mat deene Leit an esou eng Struktur kënne wunne kommen.

Reform vum Tutelle-Gesetz

D'Tutelle-Gesetz vun 1982 ass obsolet a misst endlech iwwerschafft ginn, wat am Koalitiounsaccord vun der aktueller Regierung och scho versprach gouf. D'ADR ass der Meenung, datt d'Tutelle dréngend muss reforméiert an differenzéiert ginn.

Leit, déi ënner Tutelle stinn, sinn dacks capabel, fir villes an eegener Verantwortung ze reegelen. Dowéinst muss d'Institutioun vun der Tutelle eng méi grouss Flexibilitéit erlaben. Et mussen adaptéiert Modeller ginn, fir Leit mat spezifesche Besoinen – wann nëmme méiglech – méi Rechter ze ginn (z.B. bei der Gestioun vun hire Finanzen). Eng Persoun, déi ënner Tutelle steet, soll net mussen op gesellschaftlech a politesch Rechter verzichten. Dës Leit solle sech bestueden däerfen a sollen och däerfe wiele goen, wa si geeschteg kloer genuch an dozou fäeg sinn, esou Entscheedungen eegestänneg ze treffen. D'Reegelung vun der Tutelle misst fir bestëmmt Persoune no enger gewësser Frist och automatesch revidéiert ginn. D'Zuel vun den Tutellesriichter gëtt dann och erhéicht, fir datt si méi Zäit fir den eenzelen individuelle Fall hunn.

De Staat misst de Beruffstitel vu Mënschen, déi am Tutellessecteur aktiv sinn, unerkennen an Aus- a Weiderbildungsprogrammer fir si realiséieren. Doriwwer eraus missten d'Tariffer fir Tutellesgesellschafte reforméiert ginn. Hei kéint een och iwwer Konventioune mam Staat nodenken.

Et misst och een „Mandat de protection en avance" instauréiert ginn, dat et beispillsweis Mënschen am Ufanksstadium vun Alzheimer erlabe géif, eng Persoun oder Firma mat der Gestioun vun hire Finanzen ze betrauen.

Schoulesch Inklusioun

Déi héich Klasseneffektiver maachen d'Inklusioun schwéier. Et ass ubruecht ze erwänen, datt mir Inklusiounsproblemer an där Form virdun net haten. Duerch de rasante Bevëlkerungswuesstem vum Land, deen zum Deel zéngmol iwwert deem vu vergläichbaren europäesche Länner läit, ginn d'Erausfuerderungen ëmmer méi grouss. D'Zuel vun de Léierpersoune kann net méi mathale mat der demographescher Entwécklung vum Land. Mir mussen hei kloer soen: d'Bevëlkerungsexplosioun stellt eis Schoul och ouni d'Erausfuerderung vun der Inklusioun virun eng Zerräissprouf.

Wat d'schoulesch Inklusioun vu Kanner mat Behënnerung betrëfft, trëtt d'ADR fir eng realistesch a pragmatesch Approche an, déi esou ville Kanner wéi méiglech eng Partizipatioun um normalen Unterrecht erméiglecht, esou datt betraffe Kanner déi néideg Ënnerstëtzung vum Léierpersonal kréie kënnen, ouni datt déi aner Kanner vernoléissegt ginn.

Vill Enseignantë reklaméieren, datt si der Heterogenitéit am Klassesall net méi kënne gerecht ginn. Et feelt hinnen un den néidege Mëttelen um Terrain, wärend vill wäertvoll Zäit an Energie an d'Prozedur an d'Opstelle vun engem Dossier fléisst. D'Prise en charge vu Kanner mat Behënnerung dauert oft bis zu engem Joer wéinst dem Verwaltungsopwand. D'ADR suergt dofir, datt dëst méi séier an onbürokratesch gehandhaabt gëtt, andeems déi laang Prozeduren, déi mussen duerchlaf ginn, bis e Kand déi néideg Hëllef kritt, ofgeschaf ginn.

Et misst an Zukunft d'Reegel sinn, datt e Kand mat spezifesche Bedierfnesser selbstverständlech an eng „normal" Schoul goe kann. Dëst ass haut awer leider net méi esou einfach méiglech, doduerch datt mir net genuch Léierpersonal hunn, wat eng direkt Konsequenz vum onkontrolléierte massive Bevëlkerungswuesstem ass.

D'Kompetenzzentre maachen awer eng gutt Aarbecht. An den Ae vun der ADR sinn d'Kompetenzzentren eng Plus-Value. Dës ass ginn duerch d'Expertise vun de Leit, déi sech hei ëm Kanner a Jugendlecher këmmeren, an duerch d'Aart a Weis, wéi si no Léisunge sichen, déi de spezifesche Bedierfnesser vun dëse Kanner ugepasst sinn. D'Approche vun de Kompetenzzentren ass „holistesch", dat heescht si berécksiichtegen all Aspekter vum Liewensalldag vun de Kanner a Jugendlechen. Si schaffen och enk mat de betraffene Familljen, mat anere Schoulen a Bildungsariichtungen a mat der Beruffswelt zesummen. Dat verdéngt Respekt an Unerkennung.

Allerdéngs gesi mir de Problem, datt Kanner a Jonker, déi e Kompetenzzentrum besichen, net wierklech op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart virbereet ginn. Bei deene meeschten ass de beruffleche Wee a Form vun „ateliers protégés" virgezeechent. D'ADR wëll dat änneren, andeems déi Betraffen d'Chance kréien, Stagen a Betriber ze maachen, wat am Moment net ëmmer de Fall ass. Domat géif iwwert d'Schoul d'Inklusioun vun de Betraffenen um Aarbechtsmaart gefërdert ginn. Betriber, bei deenen esou e Stage gemaach gëtt, géifen doduerch bestëmmt och méi eng oppen Haltung géintiwwer dësem Sujet kréien, wat sech

warscheinlech esouguer positiv auswierke géif op d'Erfëlle vun der Astellungsquot fir Mënsche mat Behënnerung.

Et ginn ëmmer nach vill ze vill talentéiert a fläisseg Mënsche mat Behënnerung, déi d'Schoul ouni Diplom verloossen. Hei misst analyséiert ginn, wat genau d'Grënn dofir sinn. Nëmmen esou kann een déi néideg Moossnamen huelen, fir hei eng besser Ënnerstëtzung ze bidden.

Et musse genuch qualifizéiert Leit zur Verfügung stoen, fir déi néideg Formatiounen ze ginn an eng sënnvoll Integratioun ze erméiglechen. An där Hisiicht steet d'ADR der Iddi, e Bachelor- a Masterstudium fir Inklusiounspedagogik op der Uni Lëtzebuerg anzeféieren, oppe géigeniwwer.

Wat de Schoultransport vu Kanner a Jonke mat Behënnerung ugeet, solle si nieft dem Chauffer nach vun enger spezialiséierter Persoun begleet ginn, wann dëst néideg ass.

Inklusioun um Aarbechtsmaart

Mir hu schonn zënter dem Joer 2003 e Gesetz, dat Astellungsquote fir Mënsche mat Behënnerung festhält. Fir d'Integratioun um Aarbechtsmaart vu Mënsche mat Behënnerung proposéiert d'ADR eng vill méi enk Koordinatioun tëscht der ADEM an de Schoulen, fir de Betraffenen hir Ausbildung ze optiméieren. Fir Mënsche mat Behënnerung soll et genuch Stagen an Aarbechtsméiglechkeete ginn.

De Staat huet seng Quoten ze erfëllen a soll de private Secteur weider encouragéieren – och duerch generéis Hëllefen – fir Leit mat Behënnerung ze engagéieren. D'ADEM finanzéiert dobäi déi néideg materiell Adaptatiounen op der Aarbechtsplaz. Betriber, déi keng Mënsche mat Behënnerung astelle kënnen, sollten dozou encouragéiert ginn, fir Servicer oder Produkter bei den „Ateliers protégés" anzekafen.

Dës Astellungsquot ass awer kee Selbstzweck, mee e Mëttel ënner aneren. Effikass Moossnamen, déi et erlaben, Mënsche mat Behënnerung an d'Aarbechtswelt ze integréieren an hinnen déi beschtméiglech Aarbechtskonditiounen ze ginn, si méi wichteg wéi arbiträr Quoten. Betriber, déi Mënsche mat Behënnerung astellen, musse vum Staat eng voll ëmfänglech Berodung dozou kréien.

Wat d'Aus- a Fortbildung vu Mënsche mat Behënnerung ugeet, ass et an den Ae vun der ADR néideg, datt den Aarbechtsministère, d'ADEM an de Bildungsministère sech méi staark

concertéieren. Den Jobcoaching a Lifelong-Learning-Initiative missten dozou och méi staark valoriséiert ginn.

Iwwerdeems wëlle mir eng nei Gesellschaftsform schafen, déi vun der „entreprise protégée". Si soll et Mënsche mat Behënnerung erlaben, sech méi liicht onofhängeg ze maachen.

Den Transport op eng Aarbechtsplaz gëtt nei gereegelt. Bei der Zuel vun den autoriséierten Deplacementer ginn och déi berufflech Besoine berécksiichtegt a mat agerechent.

Der ADEM geléngt et net, d'Zuel vun de Chômeure mat Behënnerung ze reduzéieren. D'ADEM däerf awer keng onrealistesch Ufuerderungen un déi betraffe Leit stellen. Ville Mënsche mat spezifesche Bedierfnesser feelen entweder déi physesch oder kognitiv Fäegkeeten, fir kënne vu verschiddene Formatiounen ze profitéieren.

Opgrond vun onzouverlässege Statistiken, a well et keng kloer Definitioun vum Begrëff „behënnert" zu Lëtzebuerg gëtt, ass et kaum méiglech ze wëssen, wéi vill Mënsche mat Behënnerung et um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart wierklech gëtt. Et misst hei awer ganz kloer Donnéeë ginn, fir eng Verbesserung vun der Situatioun ze realiséieren. Dowéinst ass et néideg esou eng Definitioun ze schafen an déi néideg Donnéeen a Statistiken ze erhiewen an ze analyséieren.

D'„Ateliers thérapeutiques et protégés" kréien d'Méiglechkeet, all Betraffenen ouni Waardezäit direkt opzehuelen. Finanziell Iwwerleeungen oder „schwiereg Pathologien" däerfe keen Ausschlosskrittär sinn.

D'Akommes fir Leit mat Behënnerung a besonnesch och den „Revenu pour personnes gravement handicapées" gi reforméiert. Den „RPGH" däerf net méi vum Staat zeréckgefuerdert ginn. D'Zil ass, datt all Leit mat Behënnerung kënnen op en adequat Akommes zielen, dat der Präisentwécklung an hirer Liewenssituatioun och ugepasst gëtt. An deem Sënn wëlle mir och fir e Pensiounsalter fir Mënsche mat Behënnerung suergen, deen däitlech manner ewéi 40 Joer Cotisatioune verlaangt. Domat gëtt och verhënnert, datt eeler Leit mat Behënnerung ongerecht finanziell Verloschter erleiden.

11. Eeler Matbierger – den 3. Alter

D'Politik soll all Generatioun, vu jonk bis al, berécksiichtegen, ënnerstëtzen a vertrieden. D'ADR wëll, datt déi eeler Matbierger eng gutt Liewensqualitéit hunn a behalen, an datt si autonom a selbstbestëmmt kënne liewen.

D'Mënschen alteren net all d'nämmlecht. Verschiddener sinn am héijen Alter nach ganz aktiv a gesond, wougéint anerer scho fréi mat gesondheetleche Problemer a kierperlechen Aschränkungen ze dinn hunn an op Ënnerstëtzung ugewise sinn. Och leide grad Leit dacks ënnert dem Elengsinn. Dowéinst wëlle mir der sozialer Isolatioun aktiv entgéintwierken. Der ADR ass et wichteg, datt dës Leit net vun der Politik a vum Staat vergiess ginn, dofir setze mir eis fir si an.

E méiglechst autonoomt a selbstbestëmmt Liewen erméiglechen

Der ADR ass et wichteg, déi eeler Leit ze ënnerstëtzen, fir datt si esoulaang an esouwäit ewéi méiglech hiert Liewen eegestänneg gestalten a bestëmme kënnen. Dofir setze mir eis dofir an, datt déi néideg Moossname geholl ginn, fir datt eeler Leit esoulaang ewéi méiglech an hire Wunnengen oder Haiser bleiwe kënnen an esou hiren Alldag nach selwer bestëmme kënnen. Mir ënnerstëtzen och déi gemëschte Wunnformen, intergenerationell Projeten an Initiative fir betreit Wunnen.

Eng weider Moossnam, déi d'ADR an deem Sënn huele wäert, ass e Service nom Konzept, ewéi een et vun „lessen op Rieder" kennt, dee qualitativ héichwäerteg ass, deen e Grondbedierfnes vun der Ernärung erfëllt an och zur Freed um Liewe bäidréit. Dëse Service soll méiglechst ëmweltfrëndlech sinn an esouwäit ewéi méiglech saisonal a lokal Liewensmëttel verwäerten.

D'ADR wäert och d'Gesetz iwwer d'Fleegeversécherung upassen, wou et néideg ass. Beispillsweis soll d'„Course sortie" nees integral agefouert ginn. Dofir hate mir och schonn eng Gesetzespropositioun an der Chamber deponéiert. D'ADR ass der Meenung, datt eng qualitativ héichwäerteg Fleeg mam aktuelle Finanzéierungsmodell méiglech ass.

Iwwerdeems wäert d'ADR och dofir suergen, datt Familljememberen oder Bekannter vu fleegebedürftege Leit besser ënnerstëtzt ginn, wa si sech ëm d'Fleeg vun där betraffener Persoun këmmeren, esou datt si weiderhin doheem bleiwe kann an net an eng Fleege- a

Betreiungsstruktur goe muss. Mir wäerten déi heifir ausgestallte Primm nach emol iwwerpréiwen an upassen. Dës Leit leeschten eng ganz wichteg a wäertvoll Aarbecht, déi och net ëmmer esou einfach ass. Dofir sollen déi Leit méi Ënnerstëtzung kréien. Och den „congé social" soll fir déi Leit méi generéis gereegelt ginn.

Et ass och sënnvoll an néideg, datt d'Gemengen, d'Uertschaften a Quartiere liewen, fir datt eeler Leit méiglechst laang an hirer gewinnter Ëmgéigend an an hirem eegenen Doheem kënne wunne bleiwen. Wann den Duerfkär den Awunner e klenge Supermarché oder eng Epicerie bitt, e Metzler an eng Bäckerei, en Zeitungsbuttek, eng Post- an eng Bankfilial a Servicer aus dem Gesondheetswiesen ewéi eng Apdikt an en Dokter-Cabinet, gëtt erméiglecht, datt ee seng Erleedegungen am Alldag ouni laang Weeër maachen a méi liicht organiséiere kann. Esou kënnen och déi eeler Leit, déi manner mobil sinn, reegelméisseg e puer Kommissiounen am Duerf erleedegen. A well een den Auto an deem Fall net zwangsleefeg brauch, net emol den ëffentlechen Transport, hunn d'Leit iwwerdeems ganz niewebäi méi Beweegung am Alldag, wat förderlech fir hir Gesondheet an hiert Wuelbefannen ass. Hei kann net just d'Gemeng intervenéieren, mee och de Staat kann hei iwwert d'Locatioun a Steierdeductiounen an aner favorabel Konditioune geziilt an aktiv dofir suergen, datt sech déi Servicer an eisen Uertschaften nees erëmfannen. A mir als ADR wäerten eis op alle Fall dofir staark maachen.

Der Isolatioun aktiv entgéintwierken

All dës Servicer spillen och eng wichteg Roll als „lieu de rencontre", wou d'Leit, déi dat wënschen, sech treffen, Bekanntschaft maachen, sech austauschen an esou sozial Kontakter fleegen. Den Aspekt vum mënschleche Kontakt ass ganz wichteg, besonnesch fir déi Leit, déi eleng sinn a weider keen hunn an doduerch eng gesellschaftlech Isolatioun riskéieren, wat bei den eelere Leit besonnesch heefeg virkënnt. Dowéinst wäert d'ADR déi lokal Geschäfter a Servicer konsequent ënnerstëtzen, fir datt d'Uertschafte wierklech liewen. Heifir kann de Staat mat de Gemengen zesummeschaffen, fir esou Servicer geziilt an d'Duerfkären ze kréien, dëst beispillsweis duerch d'Schafe vu favorabele Situatiounen iwwert d'Gebailechkeet oder de Loyer.

D'ADR mécht sech géint all Altersdiskriminatioun staark. Mir sti fir eng inklusiv Politik an erméiglechen den eelere Leit a Mënschen, besonnesch deenen, déi duerch den Alter

kierperlech ageschränkt an dofir net net méi esou mobil sinn, eng aktiv a vollstänneg Partizipatioun um gesellschaftleche Liewen. Dofir wäerte mir Associatiounen ënnerstëtzen, déi Initiativen a Programmer hunn, fir déi eeler Leit u kulturellen, sportlechen an anere gesellschaftlechen Aktivitéiten aktiv ze bedeelegen. Och si hunn d'Recht, u gesellschaftlechen Aktivitéiten an Evenementer ënnerschiddlecher Aart deelzehuelen, wa si dat wëllen.

D'Participatioun um gesellschaftleche Liewen ass schliisslech wichteg, fir der Isolatioun entgéintzewierken. An deem Sënn wäert d'ADR an Zesummenaarbecht mat de Gemengen och d'Offer an d'Nofro a Bezuch op de Bus als ëffentlecht Transportmëttel iwwerpréiwen a wann néideg upassen oder ergänzen a verschidden Transportservicer (z.B. PlusBus, Ruffbus, Citybus, Flexibus a Spezialbusser) ausbauen oder aféieren. Hei gëtt och drop geuecht, datt dem Notze vun dëse Servicer keng administrativ Schwieregkeeten am Wee stinn. De Gebrauch soll esou einfach ewéi méiglech organiséiert sinn.

Iwwer Bus-Deklinatiounen, ewéi beispillsweis de Ruffbus oder de PlusBus, gëtt net just d'Ubannung un dat nationaalt Netz vum ëffentlechen Transport verbessert. Eeler a kierperlech beanträchtegt Leit solle vun dëse flexibele Servicer méiglechst vill an och einfach fir déi kleng Trajete profitéiere kënnen. Egal ob fir Akeef ze erleedegen, op e Rendez-vous ze fueren oder fir den Uschloss un en Zuch oder Bus ze kréien, dëse Service suergt fir eng besser Mobilitéit mat gréisserer Flexibilitéit. Grad och fir Leit mat kierperlecher Aschränkung oder mat Behënnerung ass et eng grouss Hëllef, well de Service hinnen e weidert Stéck Selbstännegkeet gëtt oder erhält. Dofir wäert d'ADR den Ausbau an d'Ergänzung vun dësem Service senger Offer ënnerstëtzen.

Fir datt och eis eeler Matbierger sech als Deel vun der Gesellschaft fillen a sech matzendran erëmfannen, wäert d'ADR spezialiséiert Veräiner an Associatioune mat entspriechenden Initiativen, grad ewéi intergenerationell Projeten ënnerstëtzen.

Et gi Leit, déi och am Alter nach wëlle ganz aktiv an der Gesellschaft sinn a sech gewëssen Erausfuerderunge stelle wëllen. D'ADR fënnt dat ganz positiv a wäert dëst och férderen. Dofir sollen d'Méiglechkeeten, fir sech och am Alter nach benevole ze engagéieren, sech weiderzebilden oder eventuell esouguer nach schaffen ze goen, promovéiert an erweidert ginn.

Alters- a Fleegeheemer

All eelere Matbierger soll kënnen eng Plaz an engem Alters- oder Fleegeheem kréien, wann hien dëst wëll oder brauch. Et kann net sinn, datt et zu Lëtzebuerg nees Waardelëschte fir eng Plaz am Alters- oder Fleegeheem gëtt. Dofir wäert d'ADR de mëttel- a laangfristege Bedarf analyséieren an den Aus- an Neibau vum System an den Infrastrukturen der reeller Situatioun upassen.

Et ass gewosst, datt eng Plaz an dëse Strukture vill Sue kascht. Wann eng eeler Persoun op eng Plaz an esou enger Struktur ugewisen ass, an hir awer déi néideg finanziell Mëttele feelen, huet déi Persoun d'Recht op eng Zousazleeschtung. An deem Sënn wäerte mir d'Gesetz iwwert den „Accueil gérontologique" iwwerschaffen an der reeller Situatioun upassen. Fir dem Impakt vun der Inflatioun op d'Tariffer vun dëse Strukturen entgéintzewierken, ass et néideg, datt de Staat vun engem gewëssene Punkt un agräift. Esou kéinten d'Tariffer fir vereenzelt Prestatioune beispillsweis e feste Berechnungsschlëssel kréien.

De Personalschlëssel, haaptsächlech d'qualifizéiert Personal am direkte Kontakt mam Bewunner, gëtt ugepasst, fir datt d'Fleeg an d'Betreiung déi néideg Qualitéit garantéiere kann. Generell ass et néideg, datt de Staat besonnesch déi Jonk sensibiliséiert fir d'Wichtegkeet an de Personalbedarf vum Fleegeberuff an dëse staark promouvéiert, fir datt d'Déngschtleeschtung net um Manktem un néidegem Personal scheitert. Et ass wichteg, datt dëse Service weider ka garantéiert ginn.

D'Personal, dat an dëse Strukture schafft, muss Lëtzebuergesch schwätze kënnen. Dat ass gesetzlech virgeschriwwen an et wäert an Zukunft eemol d'Joer kontrolléiert ginn, ob dës gesetzlech Virschrëft och agehale gëtt.

Fir datt d'Leit qualitativ héichwäerteg Fleegeleeschtunge kréien, ginn dës an Zukunft méi streng a méi heefeg vun enger externer Kontrollinstanz iwwerpréift. Et ass wichteg, datt dës Strukturen, déi Mënsche betreien a fleegen, hir Servicer ënnert den néidege professionellen an hygieenesche Konditioune leeschten an datt d'Mënscherechter grad eréi d'Grondrechter protegéiert a respektéiert ginn. Wa mir hei betounen, datt mir eis asetze fir Qualitéit, Transparenz a Flexibilitéit, da stelle mir d'Mënschen, déi an esou Strukture liewen, an de Mëttelpunkt.

All méiglech Mëssstänn an dëse Strukture mussen onbedéngt verhënnert ginn. Et weist politesch Onfäegkeet a Manktem un Intressi, wann d'Regierung déi ganz Verantwortung un d'Direktioune vun esou Strukturen ofgëtt a si mat wichtegen an déifgräifenden Entscheedungen elengléisst. Dëst huet sech an der Covid-Situatioun besonnesch staark bemierkbar gemaach, mat schlëmme Folgen. Am Hibléck op d'Mënscherechter gëtt et Reegelen, déi net däerfe mëssuecht ginn, a Grenzen, déi net däerfen iwwerschratt ginn. D'Isolatioun huet katastrophal Folge fir d'Psyche vun de Mënschen a wierkt sech och ganz negativ op hire kierperleche Gesondheetszoustand aus. Ob d'Regierung sech dat agestoe wëll oder net, si ass hirer Responsabilitéit hei net nokomm an huet géint d'Mënscherechter gehandelt, wat schliisslech a schlëmme Konsequenze fir déi Betraffe resultéiert huet. Mir mussen eng Léier doraus zéien, fir datt esou Feeler an Zukunft net méi gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wëll d'ADR och drop hiweisen, datt déi Europäesch Sozialcharta vun 1996 vu Lëtzebuerg net ratifizéiert gouf. Mir setzen eis dofir an, datt dëst nogeholl gëtt.

Wann nei Strukture fir eeler Leit gebaut ginn, sollen dës wa méiglech op zentrale Plazen an Uertschafte gebaut ginn, esou datt hir Awunner hir sozial Kontakter besser kënnen oprecht erhalen. D'Hausdéiere si wichteg Gesellen am Alldag a si fir vill Leit e vollwäertege Familljemember, dee si net zeréckloosse wëllen. Dëst soll respektéiert ginn, an dofir musse kleng Hausdéieren an de Strukturen erlaabt sinn.

Kleng Renten an Altersaarmut

Et gi vill eeler Leit mat klenge Renten an d'Altersaarmut fänkt un och zu Lëtzebuerg e Sujet ze ginn. Beim Schafe vu sozialem Wunnraum a bezuelbare Wunnenge sollen déi eeler Leit dofir net vergiess ginn. Bei esou Immobilie kéinte beispillsweis d'Wunnengen um Rez-de-chaussée prioritär als „Seniorewunnengen" fir eeler Leit a Leit mat kierperlecher Aschränkung virgesi ginn. D'ADR wäert dofir suergen, datt nei Appartementshaiser a Geschäftslokaler gesetzeskonform no behënnerten- a senioregerechte Krittäre gebaut ginn. Zu dësem Zweck sollen déi kommunal Bautekommissiounen am permanenten Austausch mat deenen Associatioune stoen, déi sech speziell fir d'Intressie vun deene betraffene Leit engagéieren.

D'Wittleit ginn ëmmer nach duerch de Steiersystem diskriminéiert. Den Aarmutsrisiko fir dës Leit gëtt ëmmer méi grouss. D'ADR setzt sech dofir an, datt dës Leit an der Steierklass 2 bleiwen, woumat déi aktuell bestoend steierlech Ongerechtegkeet fir déi Betraffen en Enn hëlt.

D'ADR seet „Fanger ewech vun de Pensiounsreserven". De Kompensatiounsfong gëtt genotzt fir d'Pensiounen am private Secteur ofzesécheren. Dofir däerf dëse Fong net genotzt ginn, fir politesch Ideologien ëmzesetzen an ze finanzéieren. Esou Investissementer resultéieren an engem Renteklau, wat fir d'ADR net a Fro kënnt. Eise Pensiounsfong soll no Krittäre vu Rentabilitéit investéieren an net no ideologesche Krittären.

Méi flexibel Rentemodeller sinn néideg fir e méi duussen Iwwergang vum Aarbechtsalldag an de Rentenalldag. Dësen Iwwergang fält ville Leit schwéier, well en esou abrupt geschitt. Anerer freeë sech op dësen Dag an hu scho Pläng fir den neie Liewensofschnëtt gemaach. Et ginn awer och Leit, déi hunn trotz Rentenalter nach Loscht a Spaass un der Aarbecht a wéilten hir Aarbecht dofir gären nach weidermaachen, awer vläicht net méi am selwechten Ausmooss. Och dëse Leit wëll d'ADR duerch nei a méi flexibel Rentemodeller entgéintkommen. Et sief betount, datt dëst ëmmer nëmmen op fräiwëlleger Basis entscheet gëtt. Wien d'Konditiounen erfëllt, fir d'Pensioun ze huelen, dee soll dat och selbstverständlech kënne maachen.

Eng vun de gesetzlechen Dispositiounen, déi d'Pensionairen aus dem Privatsecteur anescht behandelen ewéi déi aus der Fonction publique, betrëfft den Nieweverdéngscht zur Pensioun. Hei soll déi selwecht Dispositioun fir de privaten ewéi fir den ëffentleche Secteur gëllen, esou datt d'Pensionairen alleguer an hirer Pensioun däerfe weider schaffe goen, ouni Limitatioun um Betrag vun deem Nieweverdéngscht. Dat wier fir Pensionären, déi nach schaffe wëllen a kënnen, och eng Méiglechkeet, fir eng kleng Rent opzebesseren.

D'Rente mussen och weider automatesch dem Index ugepasst ginn. Ausserdeem ass d'ADR der Meenung, datt déi kleng Renten, déi aus dem Mindestloun resultéieren oder am Beräich vun dësem Betrag rangéieren, sollte steierfräi sinn, esou wéi mir dat och fir de Mindestloun fuerderen.

D'Digitaliséierung däerf eeler Leit net ausgrenzen

D'Digitaliséierung entwéckelt sech ëmmer weider, an eisen Alldag gëtt ëmmer méi vun der Technik gepräägt. Fir verschidde Leit, a besonnesch fir eeler Leit, ass d'Technik dacks nach eng grouss Erausfuerderung an zum Deel och eng Welt, un déi si sech net méi gewinnt oder adaptéiert kréien. Dat muss respektéiert ginn an däerf net zur Altersdiskriminatioun féieren.

D'ADR suergt dofir, datt och déi Leit, déi Schwieregkeete mat der Technik hunn, net aus dem gesellschaftleche Liewen ausgegrenzt ginn an och ëmmer den Accès op all déi am Alldag wéi och an Noutsituatiounen néideg Servicer garantéiert kréien. Trotzdeem sollen dës Leit d'Méiglechkeet hunn, sech mat der moderner Technologie vertraut ze maachen a sech an hirem Rhythmus eranzeschaffen. Dëst läit am Staat senger Verantwortung. Dowéinst wäert d'ADR dofir suergen, datt an de Kulturzentren, Alters- a Fleegeheemer an a Strukture mat betreitem Wunne gratis Coursen zum Gebrauch vun digitaler Technik (Computer, Smartphone, asw.) ugebuede ginn, déi speziell op dës Gesellschaftsgrupp zougeschnidde sinn.

Et ass och wichteg, datt Leit, déi mat der digitaler Technik net esou gutt zurecht kommen, op eng Persoun zeréckgräife kënnen, déi hinnen hëlleft, hir administrativ Demarchen ze maachen. Wa si dobäi net kënnen oder net wëllen op eng hinne bekannte Vertrauenspersoun zeréckgräifen, musse si d'Méiglechkeet hunn, op der Gemeng vun engem vereedegte Beamten ënner Vertraulechkeetsoplage bei den néidegen Demarchë gehollef ze kréien.

12. Fra a Mann

Chancëgläichheet

D'ADR setzt sech a fir eng gerecht a pragmatesch Politik a Saache Chancëgläichheet tëscht Fra a Mann.

Fir eis ass et selbstverständlech, datt Fra a Mann déiselwecht Rechter a Flichten hunn. Dëst gëllt an allen Domäner, déi vum Rechtsstaat ofgedeckt ginn, also och an der Famill, der Beruffswelt an der Politik. De Staat däerf sech awer net an d'Famill amëschen.

Jidderee muss déi selwecht Chancen hunn, fir e Beruff auszeüben, wann en déi néideg Kompetenzen dofir matbréngt. De Staat huet sech net an d'Beruffswiel anzemëschen. Lounläichheet bei Mann a Fra – bei nämmlechter Aarbecht – ass eng Selbstverständlechkeet.

E Mënsch däerf net opgrond vu sengem Geschlecht benodeelegt ginn. Ëmgedréint heescht dat awer, datt Virdeeler oder eng „positiv" Diskriminéierung opgrond vum Geschlecht grad esou inakzeptabel sinn. Dowéinst ass d'ADR géint Quoten, ob an der Politik, an der Ekonomie oder anerwäerts. Den entscheedende Faktor sollen ëmmer d'Kompetenze vun enger Persoun sinn, hiren Engagement an hir Aarbechtsmotivatioun.

Och bei der Gewalt am Stot a beim Ariichte vu Foyere fir Leit, déi hire Stot hu musse verloossen, däerf de Staat keng eesäiteg Politik fir oder géint ee Geschlecht féieren. All Affer muss ënnerstëtzt ginn. Dowéinst muss et och Foyere fir Männer ginn. Och hei ass ze berécksiichtegen, datt et Situatioune ginn, an deene Pappe mat hire Kanner esou Foyeren opsichen.

Allgemeng sollt besser berécksiichtegt ginn, datt d'Pappen hautdesdaags, am Verglach zu fréier, vill méi engagéiert sinn, wann et ëm d'Betreiung vun de Kanner geet. Dat betrëfft Pappen, déi an enger intakter Famill liewen, grad ewéi an enger Trennung liewend oder elengerzéiend Pappen. Dofir soll och bei banalen Installatiounen ewéi Wéckeldëscher op ëffentlechen Toiletten dru geduecht ginn, datt amplaz just d'Fraentoilette och all Toilette fir Mënsche mat Behënnerung am ëffentleche Raum mat engem Kannerwéckeldësch muss ekipéiert sinn, fir datt och d'Pappen d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner frësch ze wéckelen, wa si ënnerwee sinn.

Och tëscht Mamm a Papp muss d'Chancëgläichheet gëllen. Dëst betrëfft beispillsweis den Accès an d'Schoul – wann d'Kand krank ass oder him soss eppes feelt – a ganz besonnesch d'Suergerecht esou ewéi och aner Rechter no enger Scheedung. D'Scheedung verännert zwar d'Bezéiung tëscht den Erwuessenen, mee si soll awer net der Relatioun tëscht den Elteren an hire Kanner schueden.

D'ADR steet ausdrécklech fir eng méiglechst ëmfaassend Meenungs- a Riedfräiheet. Dowéinst wiere mir eis géint all Versuch, fir op Basis vu Krittären, déi mam Geschlecht ze dinn hunn, Medien ze zenséieren oder d'Sprooch nei ze reegelen.

D'Vollverschleierung gëtt zu Lëtzebuerg am ëffentleche Raum verbueden. Eng ënnerschiddlech Behandlung vu Fra a Mann däerf och dann net akzeptéiert ginn, wa si op reliéise Krittäre grënnt. Et sief dann, et handelt sech ëm Dispositiounen, déi direkt mat der Ausübung vu reliéisen Handlungen ze dinn hunn an déi all unerkannte Relioun fir sech festleet. Dowéinst wäert d'ADR d'Vermummungsverbuet dohin erweideren, datt et der Gesetzespropositioun gerecht gëtt, déi d'Partei schonn am Summer 2014 deponéiert hat, fir d'Burqa am ëffentleche Raum („espace public") ze verbidden.

D'Chancëgläichheet vun den zwee bestoende Geschlechter däerf awer net mat Gläichmaacherei verwiesselt ginn. Selbstverständlech erkenne mir un, datt et vun Natur aus Ënnerscheeder tëscht Fra a Mann gëtt. Esou muss zum Beispill déi, fir d'Mënschheet immens wäertvoll Aufgab, fir Kanner op d'Welt ze setzen a si ze erzéien, vun der Gesellschaft unerkannt a belount ginn, dëst zum Beispill iwwer spezifesche Congé a Reegelen, déi eventuell Nodeeler am Beruffsliewen a bei der Pensioun esouwäit ewéi méiglech ausgläichen.

Sexuell Identitéit

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Wäerter vu Famill a Gesellschaft net virun där sougenannter „Genderideologie" kapituléieren. Generell gëllt, datt d'Geschlecht vum Mënsch duerch déi biologesch Grondlage vu sengem Kierper definéiert ass. Fir eis steet fest, datt e Geschlechtswiessel beim Zivilstand ganz kloer op enger medezinescher Grondlag baséiere muss.

Et gëtt seele Fäll vun Intersexualitéit, wat bedeit, datt eng Persoun gläichzäiteg biologesch Eegenaarte vu Fra a Mann opweist. Fir esou Fäll sollen awer spezifesch Méiglechkeete geschafe ginn, fir deene Betraffenen ze hëllefen.

Sexualerzéiung

D'Sexualerzéiung an d'Vermëttlung vu Wäerter an der Sexualitéit sinn eleng den Elteren hir Aufgab. D'Schoul soll – nëmmen am Kader vum Science- oder Biologieunterrecht – en altersgerecht, objektiivt, biologescht Wëssen iwwer d'Sexualitéit vermëttelen. Et däerf ënner kengen Ëmstänn eng Fréisexualiséierung vun de Kanner ginn. Och e staatleche Versuch, deene jonke Leit aus ideologesche Grënn sexuell Verhalensweisen nozeleeën, däerf op kee Fall stattfannen.

Sexaarbecht

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Sexaarbecht vollstänneg legaliséiert gëtt. Dëst bedeit, datt groussjäreg Persounen, déi Geschlechtsverkéier als Déngschtleeschtung géint Suen aus eegener Entscheedung eraus ubidden – also ouni Zwäng duerch Mënschenhandel an Zouhälter –, berufflech unerkannt ginn, sech sozial versécheren an dann och Steiere bezuele mussen. D'Rechter an d'Flichte vu Prostituéierten an hire Clientë gi gesetzlech gereegelt, esou ewéi dat schonn a verschiddene Nopeschstaate praktizéiert gëtt.

Mir si géint e Modell, bei deem de Client bestrooft gëtt („schwedesche Modell"). Dëst ass de Grond, firwat mir géint dat aktuellt Gesetz gestëmmt haten. D'ADR huet an der Chamber och schonn en iwwerschaffte Gesetzestext zur Prostitutioun proposéiert. Wa sech eng Persoun aus fräie Stécker fir d'Prostitutioun als Beruff entscheet, da muss dat respektéiert ginn, an dës Persoun däerf och net fir dës Entscheedung diskriminéiert oder sozial ausgegrenzt ginn. Och dës Déngschtleeschtung soll mat enger gewësser sozialer Sécherheet ofgedeckt ginn. Mir wëllen, datt Sexaarbechter als Independant hir Aarbechtsaktivitéit ënner Bedéngungen ausübe kënnen, déi si weder an d'Aarmut nach an d'Krankheet bréngen. Den erhéichte gesondheetleche Risiko bei Sexaarbechter däerf keen Ausschlossgrond fir eng Krankeversécherung sinn. An deem Sënn schaffe mir zesumme mat de Versécherungen e Plang aus, fir deene Leit eng zouverlässeg Krankeversécherung ze bidden, déi iwwerdeems

och sexuell iwwerdrobar Krankheeten (MST - maladies sexuellement transmissibles) ofdeckt. Dës Fro gehéiert onbedéngt an engem moderne Gesetz iwwer Prostitutioun gereegelt.

D'ADR setzt sech weider dofir an, datt d'Kriminalitéit am Kader vun der Prostitutioun, ganz besonnesch d'Zouhälterei an de Mënschenhandel, staark verfollegt an haart bestrooft ginn. Der Beschafungsprostitutioun a besonnesch der Prostitutioun vu Mannerjärege muss esou wäit et geet entgéintgewierkt ginn.

Persounen, déi vun der Prostitutioun liewen, sollen d'Méiglechkeet hunn, aus deem Milieu nees erauszekommen, wa si dat wëllen. Dowéinst ënnerstëtzt d'ADR Moossnamen, déi genee dofir suergen. Besonnesch den Affer vum Mënschenhandel esou ewéi och mannerjäregen an drogenofhängege Prostituéierten (Beschafungsprostitutioun) wëlle mir hëllefen.

13. Mëndeg Bierger

De Staat huet sech esou wéineg ewéi méiglech an d'Liewe vum Bierger anzemëschen. Mëndeg Bierger droen d'Verantwortung fir sech selwer, huelen hir Entscheedunge selbstänneg a brauche keng Erzéiungsdiktatur duerch d'Politik.

Et ass net dem Staat seng Aufgab, fir d'Bierger ze kontrolléieren. D'Bierger dogéint mussen awer de Staat kontrolléieren.

Keng politesch Erzéiungsdiktatur

Fir op gewësse Geforen (Gesondheet, Verkéiersséicherheet, Wichtegkeet vum Naturschutz, asw.) opmierksam ze maachen, däerf a soll de Staat mat senge Verwaltungen an iwwer d'Ënnerstëtzung vun ONGen Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen duerchzéien. Dobäi däerf de Bierger awer net engem Zwang ausgesat ginn. Hie soll seng eege Meenung hunn an déi vertrieden däerfen.

D'ADR respektéiert dem Bierger seng Privatsphär. Wa Froebéi, déi un all Stot ginn, a bei deenen d'Zuel vu perséinleche Géigestänn am Stot erhuewe ginn (ewéi z.B. bei der PISA-Etüd, asw.), da sollten d'Leit éischter iwwert de Prinzip vun der Belounung dozou motivéiert ginn, un esou Ëmfroen deelzehuelen, amplaz datt d'Leit iwwer méiglech Geldstrofen dozou forcéiert ginn.

Den Artikel 15 vum STATEC-Gesetz gëtt duerhinner geännert, datt et net bei all STATEC-Ëmfro, mee eleng bei der Vollekszielung zu enger Geldstrof komme kann, wann een net op d'Ëmfro reagéiert, se net komplett oder falsch beäntwert. Wuelverstane muss de Froebou vun der Vollekszielung déi néideg Informatiounen erhiewen, ouni dobäi ze vill intrusiv ze sinn.

Den Asaz vun neien technologeschen Iwwerwaachungsméiglechkeeten (Smartphone, Computer, Staatstrojaner, asw.) muss op Fäll vu gréisserer Kriminalitéit an Terrorismus ageschränkt ginn a ganz enk encadréiert ginn.

Mir sinn eis bewosst, datt den Terrorismus an d'organiséiert Kriminalitéit d'Fräiheete vun den demokratesche Gesellschaften ausnotzen. Terroristen a schwéier Krimineller mussen dofir mat aller Häert bekämpft ginn. Bei Gesetzer fir de Kampf géint Terrorismus muss genee

op d'Gläichgewiicht tëscht den néidege Restriktiounen an de Fräiheete vum Eenzele geuecht ginn. Am Zweiwelsfall muss zu Gonschte vum Bierger senge Fräiheeten entscheet ginn.

Déi sougenannten „intelligent Compteuren" (Smartmeter) fir Elektresch a Gas ginn d'Méiglechkeet, de Bierger ze iwwerwaachen. Dës Technologie däerf net ausgenotzt ginn, fir d'Gewunnechte vum Bierger auszespionéieren, a scho guer net, fir him Virschrëften iwwert seng Liewensweis ze maachen. Ausserdeem kann dës Technologie mat Gesondheetsrisike verbonne sinn. D'ADR hält gesetzlech fest, datt nëmmen de Verbrauch iwwer länger Zäitraim (eng Woch oder e Mount) ofgelies gëtt. Et sief dann, den eenzele Verbraucher gëtt seng Awëllegung bewosst, opgekläert a fräiwëlleg, fir d'Iwwermëttele vu weideren Donnéeën.

Meenungsfräiheet a Presseaarbecht

Fir d'ADR ass d'Meenungsfräiheet eng vun de wichtegste Viraussetzunge fir eng demokratesch Gesellschaft.

D'Press gëtt als véiert Muecht an der Demokratie ugesinn. D'Pressefräiheet ass deemno eng Viraussetzung vun der Demokratie a vun der perséinlecher Fräiheet.

D'Gesetz iwwert d'Pressehëllef muss an déi Richtung verbessert ginn, datt nees fir méi Pluralitéit gesuergt ass an d'elektronesch Medien nach besser berécksiichtegt ginn.

D'ADR iwwerdenkt d'Opportunitéit an d'Ausmooss fir berufflech Zouloossungskrittäre vu Journalisten an engem liberale Geescht, dëst no Consultatioun vun de Beruffsverbänn.

Mir verlaangen awer, datt d'Press sech net zum Porte-parole vun der Regierung maache léisst an net just „Mainstream"-Iddie verbreet. An der Press soll all Denkrichtung hiren Ausdrock fannen, ouni datt mir engem Presseorgan d'Recht op eng redaktionell Linn ofstreiden. Medien, déi eng staatlech Pressehëllef kréien, sollen och esou Meenungen eng Plaz ginn, déi net hirer eegener „ligne éditoriale" entspriechen.

Net just d'Pluralitéit muss an der Presseaarbecht assuréiert ginn, mee och d'Objektivitéit ass hei besonnesch wichteg. Journaliste sollen objektiv berichten an informéieren, ouni Partei ze ergräifen. Aus deem Grond solle Journalisten, déi an d'Politik oder an eng staatlech Verwaltung wëlle wiesselen, virdru wärend engem Joer keng aktiv Presseaarbecht bedreiwen.

Nom Virbild vun den ëffentlech-rechtleche Bestëmmungen an Däitschland muss bei den audiovisuelle Medien, déi vum Staat iwwert e Konzessiounsvertrag oder eng direkt Finanzéierung ënnerstëtzt ginn, en „Cahier des Charges" fir politesch Reportagen opgestallt ginn. Presseorganer, déi vun der staatlecher Bäihëllef profitéieren, verflichte sech doriwwer eraus, offiziell Pressematdeelungen vun ASBLen, Gewerkschaften, politesche Parteien, Verbänn, Veräiner, Verwaltungen asw. an engem Delai vu maximal 24 Stonnen op hirem Site ze publizéieren.

De Quelleschutz muss vun alle respektéiert ginn, och vun der Lëtzebuerger Justiz.

D'ADR féiert den Accès op ëffentlech Informatiounen, fir d'Press a fir all Bierger, an. Mir maachen déi indirekt Zensur vun der Press, déi duerch d'Gesetz vum 19. Juni 2012 agefouert gouf, nees réckgängeg.

Mir si géint d'Zensur um Internet. Wéi bei all Fräiheet ginn et sécher och am Internet Grenzen, fir d'Aart a Weis, ewéi ee sech an de sozialen Netzer ausdréckt. Dës Grenze riichte sech awer no klore Krittären (z.B. Opruff zur Gewalt, Kannerpornographie, asw.), déi aus bestoende Gesetzer ervirginn. Politesch Meenungen, och wa si sech net mam „Mainstream" decken, däerfe weder um Internet nach op anere Plazen zenséiert ginn.

D'ADR ass géint e Staat, deen zum Denunzéieren oprifft. D'Méiglechkeeten, fir Leit beim Staat wéinst Meenungsäusserungen unzekloen, ginn op d'Police an op de Parquet limitéiert. Penal Strofe wéinst „Diskriminatioun" am Sënn vun engem „Meenungsverbriechen" ginn ofgeschaaft.

Et gëtt keng staatlech Instanz an d'Liewe geruff, fir ze entscheeden, wat „fake news" an „hate speech" sinn a wat net.

D'ADR wäert e Gesetz iwwer d'Ëmfroe schafen, dat fir méi Transparenz suergt a kloer deontologesch Reegele festleet. Nieft der renger Kommunikatioun an dem Resumé vun esou Erhiewunge mussen d'Froen an d'Äntwerten, och als net verschafften Donnéeën, fir jiddereen zougänglech sinn. D'Publikatioun vun Ëmfroe ginn 30 Deeg viru Walen a Referende verbueden.

Speaker's Corner

Fir d'Meenungsfräiheet an der Gesellschaft ze ënnerstëtzen an d'Sträitkultur hei am Land nees ze förderen, gesäit d'ADR de Modell vum Londoner „Speaker's Corner" an eiser Haaptstad vir, als eng Méiglechkeet, fir en Uert vun der Riedfräiheet ze schafen. Op dësem Riednereck soll jiddereen an ouni Umeldung kënnen d'Wuert ergräifen a seng Siichtweis zu engem selwer gewielten Thema däerfe matdeelen an erklären.

Mir leeën och der Lëtzebuerger Universitéit un d'Häerz, de kontroversen Discours, d'Sträitkultur, de Respekt vun ënnerschiddleche Standpunkter an d'Forme vun engem verbale Meenungsaustausch ënnert de Studenten no angelsächseschem Virbild ze trainéieren an ze honoréieren.

Tubak, Alkohol, Drogen an...

Och beim Konsum vun Tubak, Alkohol, Drogen a Medikamenter ass d'ADR der Meenung, datt all Mënsch an éischter Linn fir sech selwer verantwortlech ass. D'Konsumente vun esou Mëttele mussen dobäi kloer iwwer d'Konsequenzen informéiert a virdru gewarnt ginn.

D'Leit sollen iwwer Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen dovun iwwerzeegt ginn, opzehalen oder guer net eréischt unzefänken. Esou Campagnë sollen och schonn an der Schoul organiséiert ginn.

Mir ënnerstëtzen d'Iddi, deene Leit, déi wierklech wëllen ophalen ze konsuméieren, en Hëllefswee ze bidden, a mir si bereet, dëse Leit déi néideg Hëllef an Ënnerstëtzung ze ginn.

Mir stëmmen och der Iddi zou, datt Tubakprodukter, do wou se verkaf ginn, net direkt an der éischter Rei vum Bléckfeld sollen ugebuede ginn. Mir schwätzen eis awer géint eng quantitativ Limitatioun vum Verkaf aus. Mir sinn kengesfalls bereet de Verkaf vun Tubak ze verbidden. Mir wëllen och d'Reklamm fir Tubakprodukter net generell ënnerbannen. Et kéint een allerdéngs iwwert eng Äschränkung vun esou Reklammen op den ëffentleche Plazen nodenken, besonnesch op Plazen, déi vill vu Jugendleche besicht sinn.

Mir sinn der Meenung, datt et net dem Staat seng Aufgab ass, an d'Privatsphär anzegräifen an de Mënschen esou perséinlech Entscheedungen ofzehuelen an opzezwéngen, och net duerch en erhéichte Präis, z.B. iwwert en erhéichte Steiersaz.

D'ADR erkennt un, datt an ëffentlechen zouene Raim Leit, déi net fëmmen, besonnesch Kanner a Jonker, virum Passivfëmme solle geschützt ginn. An där Hisiicht wier et wuel sënnvoll, a Privatautoen net ze fëmmen, wa Kanner dobäi sinn. Wann eleng Erwuessener an engem Privatauto fueren, sollte si fräi entscheede kënnen, ob si fëmmen, respektiv sech dem Passivfëmmen aussetze wëllen oder net. D'ADR wiert sech generell géint d'Schafe vun engem Staat, dee sech berechtegt fillt, seng Bierger ze erzéien. Mir wëllen de mëndege Bierger a seng fräi Entscheedung stäerken.

D'ADR begréisst ausdrécklech d'Liberalisatioun vu Cannabis fir medezinesch Zwecker. Wat de Konsum vu Cannabis als Drog ugeet, stelle mir fest, datt Fuerschungen ëmmer nees d'Geforen an d'gesondheetlech Schied gewisen hunn, déi esou een net geziilt medezinesche Konsum verursaacht. Et besteet awer och weiderhin nach e grousse Fuerschungsbedarf, well eng Rei vu rezenten Erkenntnesser aktuell diskutéiert ginn. Dat gëllt besonnesch fir spezifesch, laangfristeg Schied bei jonke Konsumenten, och am neuropsychiatreschen an emotionale Beräich. Dowéinst ënnerstëtze mir d'medezinesch Fuerschung iwwert d'Konsequenze vum Drogekonsum, besonnesch och vum Cannabis, deen dacks als „Astigsdrog" ugesi gëtt.

Mir ënnerstëtzen Opklärungscampagnen, déi besonnesch jonk Leit iwwert gesondheetlech an aner Risike vum Cannabiskonsum als Drog objektiv an ëmfaassend informéieren. Besonnesch bei deene jonke Leit ass et wichteg, datt si dat néidegt Wëssen hunn.

D'Police an d'Justiz kréie konsequent all Mëttelen, fir wierksam géint den Drogenhandel virzegoen. D'ADR wëll keen Drogentourismus zu Lëtzebuerg. Aus deem Grond ënnerstëtze mir keng Politik, déi esou e Phenomen ervirrifft oder begënschtegt.

Eng kontrolléiert Ausgab verréngert d'Beschafungskriminalitéit ewéi de Weiderverkaf vun Drogen an d'Prostitutioun. Och de Gesondheetssystem gëtt dobäi entlaascht. Schwéier Suchtkranker kréien esou d'Chance op eng Therapie, déi si aus der Ofhängegkeet erausféiere soll.

Méi strikt Aschränkunge musse gemaach ginn, wou d'Konsumenten d'Liewe vun anere Leit (Famill, Ëmfeld, asw.) a Gefor bréngen. Duerzou gehéiert eng kloer Begrenzung bei Alkohol um Steier an eng Null-Toleranz, wat d'Fueren ënner Afloss vun Drogen ugeet.

De Staat muss all Méiglechkeeten zur Verfügung stellen, fir deenen ze hëllefen, déi aus hirem Suchtverhalen eraus wëllen. Dëst gëllt fir all Suchtverhalen, esou z.B. och fir d'Spillsucht an d'Sucht virum Bildschierm (Tablet, Smartphone, asw.).

De generelle Verbuet vum Fëmmen an de Wiertschafte wäert d'ADR ophiewen. Et soll eleng d'Entscheedung vum Proprietär an/oder vum Exploitant vum Café sinn, ob a senger Raimlechkeet däerf gefëmmt ginn oder net. An der Entrée vum Café muss dann awer kloer op d'Erlabnes oder de Verbuet higewise ginn.

Glécksspill zu Lëtzebuerg

D'ADR wëll d'Glécksspill net verbidden. Soziologesch ass d'Glécksspill an de leschte Joren awer besonnesch op de soziale Medie quasi zu engem Beruff héichstyliséiert ginn, ënner anerem mat weltbekannte Staren, déi dofir Reklamm maachen. Déi Glamour-Welt an d'Reklammspsychologie, awer och e bessert Verstoe vu Suchtmechanisme maachen, datt de Glécksspillproblem méi akut wéi jee ass.

Zu Lëtzebuerg war dëser Versuchung eng zolitt Basis entgéintgestallt ginn:

- de Monopol vun der Nationallotterie;
- eng garantéiert Gewënnausschëddung (bis bei d'Tombola op engem Evenement);
- d'Beneficer aus dëser Form vu Glécksspill sinn un d'Oeuvre gaangen a vun do zeréck u sozial, sportlech oder kulturell Lëtzebuerger Initiativen.

Den Trend zu Online-Glécksspiller huet d'Nationallotterie selwer mam Zubito agelaut. Mee hei ass hire Monopol séier ënner d'Rieder komm. Internet-Borne konnt jo kee verbidden an d'Spiller, déi een op eemol konnt am Café spillen, waren online. D'Gewënner sinn aus schwaarze Keessen an de Caféë bezuelt ginn. Iwwert dee Wee hunn dann och d'franséisch Päerdswetten (PMU) a Wettbüroen hire Wee op Lëtzebuerg fonnt.

Haut kann een esouguer op sengem Smartphone oder Tablet Glécksspiller spillen, iwwerall an zu all Moment. De Misär, dee Glécksspill a Spillsucht bréngen, ass kaum statistesch erfaasst. Et betrëfft och net de Spiller eleng, mee ganz Familljen. Direkt Affer sinn dacks Leit, déi souwéisou scho sozial schwaach gestallt sinn.

Dat huet och negativ Auswierkungen op d'Nationallotterie, déi den Ëmsaz op hire Maschinne fale gesäit. Dovu betraff ass d'Oeuvre, an indirekt trëfft et doduerch ONGen, Sportler a Kënschtler. Awer och de Rechtsstaat gëtt hei affektéiert. Wärend de gesellschaftleche Schued duerch d'Spillsucht kaum ze bezifferen ass, ass et net méiglech, ze kontrolléieren, wou all dat Geld, dat hei fléisst, hierkënnt a wuer et hifléisst, wat et zu Schwaarzgeld mécht.

E Minimum u Kontroll besteet jo nach, wann Automatebesëtzer a Cafetiere vertraglech unenee gebonne sinn. Mee dacks ass de Besëtzer vun esou Glécksspillmaschinnen och schonn de Patron vum Café. Déi Apparater ënnerlafen déi souwisou net streng Reegelen, fir Cafetier ze ginn. Duerch dëst Schwaarzgeld gi Steierhannerzéiung a Blanchiment en einfacht Spill. Verschidde Caféë mutéieren zu Spillhölen a verléieren hiren urspréng lechen Zweck vun der geselleger Zesummekonft. Si rëtschen an eng Grozon tëscht Legalitéit an Illegalitéit. Schold dorun huet de Laxismus vun der Regierung, déi et net fäerdeg bruecht huet, mat kloere Gesetzer dee fir all Säiten zefriddestellende Monopol vun der Nationallotterie ze verdeedegen. Basis ass d'ofgeännert Gesetz vum 20. Abrëll 1977 iwwert d'Glécksspiller. Eng Autorisatioun, fir déi Apparater opzestellen, brauch een net.

Fir dësen Entwécklungen entgéintzewierken, wëll d'ADR fir en zäitgeméisst Gesetz suergen, dat:

- den Erausfuerderunge vum Online-Spill gerecht gëtt;
- eng gewësse Kontroll erlaabt an et eenzele Persoune méi schwéier mécht, ze vill grouss Zommen ze verspillen;
- eng Handhab gëtt, fir den nationale Glécksspill-Monopol ze rehabilitéieren;
- d'Geldflëss vum Glécksspill kontrolléiere kann a privat Automat-Besëtzer dozou engagéiert, Deeler vum Benefice mat der Oeuvre ze deelen;
- international Ubidder vu Spiller a Wetten um Lëtzebuerger Maart verbitt.

Relioun: Fir de Choix!

D'ADR respektéiert déi reliéis a philosophesch Iwwerzeegung vun all Bierger, ënnert der Bedéngung, datt si net an Oppositioun zu de Prinzippie vum Rechtsstaat stinn. Mir bleiwen

der Meenung, datt d'Kierchen a reliéis Gemeinschaften institutionell getrennt vum Staat solle funktionéieren. Dobäi sief un d'Propos erënnert, unerkannte reliéis Gemeinschaften iwwert de Prinzip vum „otto per mille" ze finanzéieren.

Mir bedaueren d'Manéier, ewéi bei der Trennung vu Kierch a Staat aus reng ideologesche Grënn verfuer gouf. Hei ass sech iwwer d'Käpp vu ville Verantwortlechen aus de Poren ewechgesat ginn, ouni den Accord vun Deeler vun anere reliéise Gemeinschaften.

D'Kierchegebaier, Kierchen a Kapellen, esou ewéi hiert Mobiliar hunn nieft hirem reliéise Charakter e Wäert als kulturelle Patrimoine. Dowéinst däerf a soll d'Allgemengheet weiderhi fir hiren Ënnerhalt opkommen, esou ewéi dëst och fir aneren historeschen a kulturelle Patrimoine de Fall ass. Generell soll all Kierch a Kapell ënnert d'Bestëmmunge vum Denkmalschutz falen.

D'Kierche sollen och als Kierchen erhale bleiwen an déi chrëschtlech Wuerzele vun eiser Zivilisatioun sollen an Éier gehale ginn, genausou wéi reliéis Feierdeeg, Fester an Traditiounen oprecht erhalen an ënnerstëtzt musse ginn.

Fir d'ADR gehéiert de Reliounsunterrecht an d'Schoul. Dat léisst dem Staat an dem Schoulministère d'Méiglechkeet vun enger Kontroll vun de Programmer an deem, wat d'Enseignantë soen. D'ADR organiséiert dowéinst an der Grondschoul nees e Reliounscours bannent dem normalen Horaire. Nieft dëse Coursë gëtt alternativ weider de Cours „Liewen a Gesellschaft" ugebueden.

De Staat respektéiert d'Reliounen, awer wëll och vun dëse respektéiert ginn. D'Reliounsfräiheet däerf net alles justifiéieren a muss sech de grousse Prinzipie vun de Mënscherechter an de Gesetzer vum Staat ënneruerdnen, z.B. der Gläichberechtegung vu Fra a Mann.

De Staat muss och verhënneren, datt Relioune sech am zivilrechtleche Raum eegestänneg maachen, z.B. mat pseudo-juristeschen Urteeler, déi sech op d'Sharia oder aner reliéis Texter bezéien. Dofir besti mir drop, datt an der Verfassung muss festgehale ginn, datt déi zivil Hochzäit virun der reliéiser Hochzäit muss zelebréiert ginn an datt eenzeg an eleng déi zivil Hochzäit rechtlech (a steierlech) Konsequenzen däerf hunn.

D'Kannerhochzäiten, egal ob zivil oder reliéis an ob hei am Land oder am Ausland zelebréiert, si verbueden. Geschlechtsverkéier tëscht engem Erwuessenen an engem Kand

ënner 16 Joer – och ënnert dem Deckmantel vum „Bestietnes" – gëtt juristesch als Viol behandelt.

14. Mobilitéit

Déi individuell Mobilitéit

Besonnesch wärend den zéng Joer vun der Gambia-Koalitioun, awer och schonn do virdrun, hu sämtlech Regierungs- an och déi meescht Oppositiounsparteien den Autoschauffer als e Feindbild betruecht. D'Resultat besteet an enger ëmmer méi héijer Vermëschung vu Sécherheets- a Verkéierspolitik zu Laaschte vun der Police, enger Erhéijung vun der Onsécherheet duerch e Manktem u Beliichtung, e Spannennetz u willkürlech opgestallte Radaren, enger Hellewull un ëmmer neien an onkoordinéierte Chantiere bei engem gläichzäitege Stau vun Investitiounen an eis Stroosseninfrastrukturen, en eklatante Manktem u Parkplazen an ëmmer méi willkürlech Agrëffer an d'Eegentumsrecht souwéi de fräie Maart.

Bei wichtegen, technologeschen Entwécklunge verléiert Lëtzebuerg ëmmer méi den Uschloss, zum Deel souguer vis-à-vis vun Nopeschlänner. Sou huet déi lescht Joren a villen EU-Länner, dorënner och Frankräich, eng Liberaliséierung vum Taxisecteur stattfonnt, wou d'Leit iwwer verschidden Applikatiounen op hirem Handy kënnen en entspriechende Service ufroen an a Realzäit ugewise kréien, wou dëse grad drun ass a wéini e bei hinnen ukënnt. De Präis gëtt hinnen am Viraus matgedeelt, wat net nëmmen e Fortschrëtt an der Qualitéit vun der Déngschtleeschtung, mee och eng wichteg Errongenschaft vum Konsumenteschutz duerstellt. Zu Lëtzebuerg feelt dofir awer nach ëmmer en entspriechende legale Kader.

Bei alle Moossnamen, déi zu Lëtzebuerg geholl gi sinn, ass d'Zuel vun den Doudesaffer op eise Stroossen am Joer 2022 vis-à-vis vum Joer virdru massiv geklommen.

D'ADR weit d'Zuel vun de Parkplaze massiv aus, mee gräift géint Leit, déi eng Garagenafaart blockéieren, endlech seriö duerch. Dem Proprietär vun der Garage steet et fräi, eege Fotoe vun der Situatioun ze huelen an dës un d'Autoritéiten ze schécken. Falls opgrond vun deene Biller e Verstouss festgestallt gëtt an den Täter unhand vu senger Plack kann identifizéiert ginn, kritt hien d'Käschte fir den Asaz och dann a Rechnung gestallt, wann hie säi Gefier beim Antreffe vum zoustännege Service mëttlerweil geréckelt huet. D'ADR préift weider, wéi wäit dësen Asaz aus dem Beräich vun der Police erausgeholl a vun de Gemengenagente kann iwwerholl ginn, fir eis Sécherheetsdéngschter ze entlaaschten.

D'ADR setzt e Koordinatiounsbüro an, deen domat chargéiert ass opzepassen, datt Stroossen nëmmen eng Kéier opgerappt ginn, fir sämtlech Aarbechten an engem Rëtsch virzehuelen, d.h. souwuel d'Erneierunge vu sämtlechen ënnerierdesche Leitungen a soss eventuellen Infrastrukturen, wéi d'Erneierung vum Belag an och de Markéierungen.

Och falls de Wuesstem an den nächste Joren nees méi gedam ausfält, ginn eis Infrastrukturen, besonnesch eis Autobunnen, awer och vill Landstroossen den Erausfuerderungen haut schonn net méi gerecht. Mat der ADR gëtt dee säit Joerzéngten iwwerfällegen, véierspueregen Ausbau vun der Nordstrooss realiséiert an d'Vitesse kohärent op 120 Stonnekilometer ugepasst. Mir wäerten och wichteg Ëmgeeungsstroosse sou séier wéi méiglech bauen.

D'ADR setzt sech a Kooperatioun mat de Gemenge fir méi Parkplazen an en Ausbau vum Park&Ride an.

Mir liberaliséieren d'„sharing economy" am Beräich vun der individueller Mobilitéit a gëtt de Bierger sou d'Méiglechkeet, hiert Gefier iwwert déi entspriechend Applikatiounen aus dem Beräich vun de Servicer fir en Nieweverdéngscht anzesetzen.

D'ADR geet dovun aus, datt sech um fräie Maart, wou all Konsument fir sech a seng Famill déi bescht Entscheedung trëfft, den effizienteste Produit duerchsetzt. D'ADR leent e Verbuet vum Verbrennungsmotor duerfir och iwwer 2035 raus of a schwätzt sech amplaz fir de fräie Choix vun de Leit tëscht Elektroautoen, Gefierer mat Verbrennungsmotoren a wou méiglech weideren Untribstechnologien, déi sech duerch nei Fuerschung erginn, aus.

Den ëffentleche Persounentransport op der Strooss

Lëtzebuerg verfüügt mam gratis ëffentlechen Transport, deen eigentlech net gratis ass, well e vum Steierzueler bezuelt gëtt, iwwert e weltwäit eemolege Modell. D'ADR ënnerstëtzt d'Fuerderung vun de Gewerkschaften no spezielle Sécherheetskabinne fir Chaufferen, wouduerch awer just d'Konsequenzen an net d'Ursaach vum Probleem bekämpft ginn. Ausserdeem bleift d'Geforesituatioun fir aner Passagéier bestoen. Systematesch soll d'Police am ëffentlechen Transport, besonnesch op méi kritesche Linnen an zu kriteschen Zäiten, Presenz weisen.

Fir d'ADR ginn e performanten ëffentlechen Transport an de Respekt vun der individueller Mobilitéit Hand an Hand. D'ADR investéiert weider an den Ausbau vun engem biergerfrëndlechen, ëffentlechen Transport, besonnesch och am ländleche Raum. Dozou gehéiert net zulescht de Bau vun entspriechenden Infrastrukture fir d'Chaufferen, déi hir Pausen op der Streck mussen anhalen, notamment am sanitäre Beräich. Op der anerer Säit hëlt d'ADR sämtlech Moossnamen zeréck, déi just Konflikter tëscht den eenzelen Acteure verursaachen an doriwwer eraus och nach d'Gefor am Verkéier erhéijen. Dozou gehéiert besonnesch de Réckbau vun den Abuchtungen op de Bushaltestellen och laanscht Haaptstroossen, deen engersäits zousätzleche Stau verursaacht a besonnesch d'Autoschaufferen a Stresssituatiounen anerersäits zu riskanten Iwwerhuelmanövere verleet. Fir d'ADR gehéiert d'Rëmaféierung vun adequate Bushaltestellen zu den ieweschte Prioritéiten an der Verkéierspolitik.

Déi duuss Mobilitéit

Fir allgemeng méi Sécherheet am Verkéier ze erreechen, muss esouwuel den Autofuerer ewéi och de Vëlosfuerer Disziplin weisen a Verantwortung iwwerhuelen. Wie sech net un de Code de la route hält, muss kënnen identifizéiert ginn, esou datt een, wann néideg, ka protokolléiert ginn. An deem Sënn muss de Code de la route komplettéiert ginn.

D'ADR hëlt d'Erlabnis, fir op der Strooss niefteneen ze fueren, zeréck, well se eng falsch Sécherheet signaliséiert an d'Gefor vun engem Zesummestouss mat motoriséierte Gefierer massiv erhéicht.

Iwwerdeems setze mir eis fir den Ausbau vun de Vëlosweeër an. Grad am ländleche Raum feelt et un engem zesummenhänkenden Netz u Vëlosweeër. Vëlosnetzer sinn nach ëmmer ze vill fraktionéiert a schneiden ëmmer rëm wichteg Verkéiersachsen un. D'ADR engagéiert sech dofir, datt endlech en iwwerregionaalt Gesamtkonzept fir zesummenhänkend Vëlosnetzer ausgeschafft gëtt.

Tempo-30-Zone vernënfteg asetzen

An de Wunnquartiere sollen d'Awunner kënne profitéiere vu verkéiersberouegten Zone mat residentiellem Charakter, wou d'Awunner sech begéinen an d'Kanner och nees kënnen an

der Strooss spillen. D'Stroossen direkt virun de Schoulen, Maison-relaisen a grousse Spillplaze sollte grondsätzlech verkéiersberouegt ginn, z.B. mat enger Tempo-30-Zon.

Den nationalen an internationale Schinneverkéier

D'Fro vum nationalen an internationale Schinneverkéier ass enk mat der Fro vum ëffentleche Persounentransport, awer och mam internationale Reesverkéier verbonnen. De Volet vum Giddertransport gëtt am Logistikkapitel behandelt.

Wärend der vergaangener Legislaturperiod ass d'Eisebunn leider dacks duerch Verspéidungen an duerch komplett Ausfäll vun de Verbindungen opgefall. Och wann den ëffentlechen Transport ëmmer nëmmen eng Ergänzung zum Auto bleiwen an dësen net ersetze kann, ginn et hei awer genuch Baustellen, fir d'Effizienz, de Confort an d'Zouverlässegkeet ze erhéijen. Eng vun den Ursaache fir déi vill Ausfäll louch am Manktem un asazbereetem Rullmaterial. Hei goufe mëttlerweil Commandë fir eng Rei zousätzlech Waggonen a Lokomotive virgeholl, respektiv si geplangt. D'ADR iwwerhëlt dës Projeten, mee bedauert awer, datt dës alt nees nëmmen op d'Konsequenzen amplaz d'Ursaach vum Probleem, an dësem Fall den onkontrolléierte Wuesstem, ofzilen. Ouni eng Limitt vun dësem Wuesstem riskéiert och déi aktuell Erweiderung vum Fuerpark vun der CFL schonn nees iwwerholl ze sinn, ier se richteg an den Asaz kënnt.

Amplaz ëmmer méi quantitativ ze plangen, gëtt et Zäit, déi bestoend Infrastruktur qualitativ ze erweideren. D'ADR ekipéiert eis Zich wärend der nächster Legislaturperiod flächendeckend mat gratis Wifi, genausou eis Garen. Dëst huet och de Virdeel, datt d'Leit sech am Fall vun enger Verspéidung relativ séier a kamoud iwwert hir weider Verbindungen informéiere kënnen. En Nodeel vu ville Garë besteet och doran, datt se net mat Liften ekipéiert sinn, fir duerch d'Unterführung ze kommen. Besonnesch fir eeler Leit, déi nëmme kuerz Zäit hunn, fir tëscht zwou Verbindungen d'Gleis ze wiesselen, stellt dëst e grousse Probleem duer. Genausou fir Leit mat engem kierperlechen Handicap. D'ADR wäert duerfir sämtlech Garen iwwert déi nächst Jore flächendeckend mat Liften ekipéieren an d'Quaie gi securiséiert, fir Accidenter ze evitéieren.

Besonnesch d'Zuchubannung vum Norden huet déi lescht Legislaturperiod fir vill negativ Schlagzeile gesuergt. Fir déi allgemeng Verbindung an den Norden ze stäerken, huet d'ADR

proposéiert, en allgemengen, zweespueregen Ausbau vun der Nordstreck ze préiwen, esou wéi e bis zur Elektrifizéierung üblech war. Jee nom Resultat vun dëser Studie kéint d'ADR sech souwuel de Bau vun ergänzenden Tunnellen, den Ausbau vun deene bestoenden oder och eng Mëschform op Basis vun den individuellen, geologesche Begebenheete virstellen. Déi Uertschaften, déi net iwwert eng eegen Zuchgare verfügen, gi mat speziellen Navetten, déi op de Fuerplang vum Zuch ofgestëmmt sinn, mat der nächster Gare verbonnen. Amplaz vun iwwerdimensionéierte Busse kënnen hei och Minibusse bis 3,5 Tonnen agesat ginn, déi et och méi liicht erméiglechen, entspriechend Personal ze rekrutéieren.

Wärend der leschter Legislaturperiod goufen eng Rei Bauprojete fir d'Erweiderung vun de Kapazitéite vun eise Garen ugefaangen oder op d'mannst op de Wee bruecht. D'ADR hält un dëse Pläng fest, mee bedauert awer, datt dës alt nees nëmmen op d'Konsequenzen amplaz d'Ursaach vum Probleem, an dësem Fall den onkontrolléierte Wuesstem, ofzilen. Ouni eng Limitt vun dësem Wuesstem riskéieren och déi aktuell Erweiderunge vun eisen Zuchgarë schonn nees iwwerholl ze sinn, ier se richteg fäerdeggestallt goufen. D'ADR bedauert iwwerdeems, datt d'Moderniséierung vun deem zweetwichtegste Knuet an eisem nationale Schinnennetz, der Beetebuerger Gare, net virun 2028 wäert ofgeschloss sinn a Lëtzebuerg domat säit dem Ufank vum Betrib 2007 nach ëmmer net iwwert eng eegen TGV-Streck verfüügt. Hei gëllt et déi allgemeng Prozedure ganz kritesch op de Leescht ze huelen an administrativ ze vereinfachen.

D'ADR setzt sech säit ville Joren duerfir an, den nationalen ëffentlechen Transport duerch e City-Tunnel fir den Zuch ze ergänzen. Elo wou den Tram an der Stad erëm fiert, wäert d'ADR d'Tramnetz ausbauen, z.B. am Weste bis op Mamer a Capellen.

Am internationale Reesverkéier muss och Lëtzebuerg eng adequat Äntwert op déi vun der EU gefuerdert Liberaliséierung vum Schinnentransport fannen. D'ADR vertrëtt de Standpunkt, datt dës Liberaliséierung vill negativ Konsequenzen huet an a Fro muss gestallt ginn.

D'ADR setzt sech och duerfir an, datt Lëtzebuerg nees eng direkt Zuchverbindung op Saarbrécken kritt, an hëlt entspriechend Verhandlunge mat den däitschen Autoritéiten op.

Den internationale Fluchverkéier

De Findel stellt d'Verbindung vu Lëtzebuerg mam Rescht vun der Welt sécher, wéi besonnesch wärend der Covid-Situatioun däitlech gouf. E gudde Fonctionnement vun eisem Fluchhafen stellt duerfir en iwwergeuerdent Intressi vun all Lëtzebuerger Bierger duer. Leider hunn sech och hei eng Rei Defiziter a Politiséierungen erginn. Et stellt sech d'Fro, ob de Minister, deen d'Iwwerwaachung vun eisem nationale Loftraum schonn 2016 op Frankfurt wollt auslageren, de Leit um Terrain wierklech all déi néideg Ënnerstëtzung zoukomme gelooss huet. Falls néideg, wäert d'ADR de Personalschlëssel hei no uewen upassen.

Weider gouf de Findel an och esouguer eis national Fluchgesellschaft, d'Luxair, ëmmer méi Affer vu klenggeeschtege Politiséierungen. Et gouf versicht, de Versuch, Lëtzebuergesch als Nationalsprooch, als wichtegst Mierkmol vun eiser Identitéit an domat och als Deel vun eisem Image am Verkéier mam Rescht vun der Welt, komplett vum Findel ze verbannen. Op Drock vun der ADR gouf Lëtzebuergesch iwwerhaapt mol nees an de Repertoire vun de Sprooche vun den Annoncen um Findel opgeholl. Mat der ADR wäerte sämtlech Annoncen um Findel fir d'éischt op Lëtzebuergesch virgeholl ginn, an d'Landessprooch wäert och als éischt Sprooch op den Hiwäisschëlter benotzt ginn. Och op de Flich vun der Luxair gëtt Lëtzebuergesch nees déi éischt Sprooch, wou Dir nees selbstverständlech mam gewinnten „Dir Dammen an Dir Hären" wäert ugeschwat ginn.

Schlussendlech gëtt och ëmmer rëm déi irresponsabel Fuerderung erhuewen, d'CO_2-Steier op de Fluchverkéier auszeweiden. D'ADR schwätzt sech ganz kloer géint eng CO_2-Steier am Fluchberäich aus a wäert dat och ëmmer sou bäibehalen. Iwwerdeems sinn awer och déi Leit net ze vergiessen, déi no beim Findel wunnen an deementspriechend och en Deel vum Kaméidi ofkréien. Fir e méiglechst harmonescht Mateneen ze garantéieren, ënnerstëtzt d'ADR sämtlech Schutzmoossname géint Kaméidi, déi keng Auswierkung op den operationelle Fonctionnement vum Findel hunn. Dozou gehéiere Subsiden, fir Gebaier méiglechst géint Kaméidi ze isoléieren, awer och en Asaz fir international Normen, fir de Kaméidi vu Fligermotore sou niddreg wéi méiglech ze halen. Och d'Reegele beim Ufluch op de Flughafe loosse sech optiméieren.

Logistik an den internationale Schëffverkéier

Fir d'ADR ëmfaasst de Volet vun der Logistik den Transport vu Wueren op der Strooss, op der Schinn, an der Loft an um Waasser. Eng gutt funktionéierend Logistik ass d'Liewensoder vun enger moderner, aarbechtsdeeleger Gesellschaft. Wann dës zum Erleeë kënnt, da kënnen déi humanitär Konsequenzen onvirstellbar dramatesch ausfalen. Leider krut och eise Logistiksecteur, besonnesch op der Strooss, dacks net déi politesch Ënnerstëtzung, déi en dréngend bräicht, fir sech un en ëmmer méi komplext an héich kompetitiivt internationaalt Ëmfeld unzepassen, an dat matzen an Zäite vum onkontrolléierten demographesche Wuesstem.

Schonn 2016 haten eis belsch an hollännesch Partner Lëtzebuerg ugebueden un enger gemeinsamer BENELUX-Testphas fir extra grouss Camionen, sougenannt Gigaliner, déi en erhéichten Transport mat manner Personal an doriwwer eraus och manner CO_2-Emissiounen erlaben, deelzehuelen. D'Regierung verschléisst sech bis haut dës Offer unzehuelen. Weider ass et eise Spediteuren net méiglech, mat engem Camion bis 44 Tonnen déi franséisch Grenz ze passéieren, esou datt fir den Transport an an duerch Frankräich nees zwee separat Gefierer mussen organiséiert ginn, wouduerch eng Rei zousätzlech personell a finanziell Ressourcë gebonne ginn. E ganz grousse Probleem stellen ausserdeem déi héich Energiepräisser duer, mat deene Lëtzebuerg opgrond vun der grénger Steierpolitik säit Joren ze kämpfen huet an déi duerch d'Sanktioune géint Russland nach weider verschäerft goufen. Schlussendlech kämpft de Secteur och nach mat engem massive Personalmanktem.

D'ADR freet bei eise belschen an hollännesche Partner no, fir där gemeinsamer Testphas fir Gigaliner op ausgewisene Strecken iwwert d'Autobunn nodréiglech bäizetrieden. D'ADR intervenéiert massiv bei der franséischer Regierung, fir datt Lëtzebuerger Camionen och mat engem Gesamtgewiicht vu 44 Tonnen d'Grenz dierfe passéieren. Am Kader vun der Ausbildung vun de Camionschauffere préift d'ADR zesumme mat alle Betraffenen d'Méiglechkeet, Camionschaufferen an d'Personal vun der Logistik verdéift iwwer d'Arméi ausbilden ze loossen.

D'Schëfffaart stellt mam Mäerterter Hafen eng wichteg Ergänzung vun der Lëtzebuerger Logistik duer a verdéngt déi néideg Ënnerstëtzung. D'ADR setzt sech fir eng Ofschafung vun der Muselkanaltax an. Weider setzt d'ADR sech fir eng Optiméierung vun der Kooperatioun

tëscht dem Mäerterter Hafen an deenen aneren Acteure vum Logistiksecteur, besonnesch deenen aus dem staatleche Beräich, an.

15. Aarbecht

Eng Pai, vun där een och liewe kann

D'ADR ass fir d'fräi Maartwirtschaft. Dat heescht, datt d'Aarbechtsverträg an éischter Linn tëscht de Salariéen an de Patrone solle verhandelt ginn. Dobäi soll de Prinzip vum Kollektivvertrag, ob am Betrib oder fir e ganze Secteur, d'Prioritéit hunn. Fir datt Patron a Salarié op Aenhéicht verhandele kënnen, muss d'Gesetz iwwert de Kollektivvertrag verbessert ginn. D'Positioun vun de Gewerkschafte muss awer och gestäerkt ginn. Well awer en Deel vun de Salariéen net ënnert e Kollektivvertrag fält, muss de Staat weiderhin de Kader a Standarde setzen.

D'Feststellung, datt ëmmer méi dacks Aarbechtsverträg mat begrenzter Lafzäit ausgestallt ginn, mécht der ADR Suergen. Zu Lëtzebuerg muss den Aarbechtskontrakt ouni Frist (C.D.I.) d'Reegel bleiwen. Den Aarbechtskontrakt op Zäit (C.D.D.) muss fir bestëmmten Zwecker (z.B. d'Ersetze beim Congé de maternité) limitéiert bleiwen.

Am Dialog mat de Gewerkschaften an dem Patronat wäert d'ADR de Mindestloun erhéijen a gläichzäiteg steierlech Moossname fir déi kleng Léin (iwwert de Wee vum „crédit d'impôts") huelen, esou datt den neien Netto-Mindestloun iwwert der Aarmutsgrenz läit. Dës Moossname mussen och reegelméisseg iwwerpréift ginn, fir datt den Ofstand tëscht Netto-Mindestloun an Aarmutsgrenz bestoe bleift. Dozou wäerte mir de Mindestloun och steierfräi maachen. Weider besteet d'ADR op eng automatesch Indexéierung vun der Pai, vun de Pensiounen an dem Kannergeld respektiv dem ADR-Elteregeld.

Mir vertrieden d'Usiicht, datt e Mënsch, deen zu Lëtzebuerg schafft, och zu Lëtzebuerg vun dëser Aarbecht muss liewe kënnen a sech a senger Famill domat erméigleche kann, eng mënschewierdeg Existenz opzebauen. D'Aarbecht däerf net krank maachen a muss sech mam Familljeliewen an Aklang brénge loossen. Méiglech Schicksalsschléi (Accident, Krankheet, Faillite, asw.) an den Alter solle keng Zukunftsängscht ausléisen. Aus deem Grond mussen all déi Leit, déi schaffen – ob Salarié oder Independant – ofgeséchert sinn. Och mussen all d'Independanten, och a Beruffer vun der „neier Ekonomie", iwwer genee déi selwecht sozial Ofsécherungen (Krankheet, Accident, Pensioun, Fleeg) verfügen ewéi d'Salariéen, an dobäi e gerechte Bäitrag dofir leeschten.

Sozial Ofsécherung amplaz bedéngungsloost Grondakommes

D'ADR ass géint e bedéngungsloost Grondakommes fir jiddereen. Dëst virun allem, well esou e Modell sozial ongerecht an net ze finanzéieren ass an de Sënn fir d'Gesellschaft an d'sozial Kohäsioun ënnergrueft. Experimenter am Ausland hunn den utopesche Charakter vun esou enger Léisung scho gewisen. Wëssenschaftlech Berechnungen ënnersträichen, datt e bedéngungsloost Grondakommes de Risiko mat sech bréngt, zu engem generelle Veraarme bäizedroen an existent sozial Ënnerscheeder ze festegen.

D'ADR mécht sech staark fir eng solidaresch, gerecht a finanzéierbar sozial Ofsécherung, déi verhënnert, datt Leit an d'Aarmut geroden. An Zäiten, an deenen d'Digitaliséierung an nei ekonomesch Modeller riskéieren, méi breet Schichte vun der Populatioun an eng gewësse Prekaritéit ze bréngen, si mir bereet, Etüden iwwert dee beschtméigleche System maachen ze loossen an d'sozial Sécherheet nei ze iwwerdenken. D'Zil ass eng zouverlässeg Ofsécherung fir all déi, déi si brauchen an déi rechtlech Viraussetzungen dofir erfëllen. Dëst muss op engem Niveau geschéien, deen d'Dignitéit vun de betraffene Leit garantéiert. Gläichzäiteg soll probéiert ginn, esou vill Leit ewéi méiglech fir eng Aarbecht ze qualifizéieren an ze encouragéiere fir schaffen ze goen. Nëmmen op dës Manéier kann e soziaalt Netz laangfristeg finanzéiert ginn. Mam Aféiere vum bedéngungslose Grondakommes fir jidderee géifen awer d'Akommessteier, d'Betribssteier a Sozialleeschtungen ewechfalen, wat schliisslech all Notioun vu Leeschtung a Kompetitivitéit géing ruinéieren an den ekonomeschen an domat sozialen Néiergang vun der Gesellschaft géing bedeiten. E bedéngungsloost Grondakommes wier ausserdeem net ze finanzéieren.

Aarbechtszäit

D'ADR ass géint eng generell Verkierzung vun der Aarbechtszäit, allerdéngs ënnerstëtze mir all Mesure am Hibléck op eng Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten. Esou eng Flexibiliséierung muss grad ewéi d'Heemaarbecht am géigesäitegen Accord tëscht dem Patron an dem Salarié festgeluecht ginn, dëst an Ofsprooch mat de Gewerkschaften.

Mir ginn also net un d'40-Stonne-Woch réckelen. E Reduzéiere vun der Wochenaarbechtszäit géif zu nach méi Problemer féieren, ouni déi strukturell Problemer vum Chômage ze léisen. Mir hu schonn a sämtleche Wirtschaftszweig an esouguer an der

ëffentlecher Hand e Manktem u qualifizéiertem Personal. Dat ass e seriöe Problem, deen d'Aarbechtszäitverkierzung politesch verschlëmmere géing an d'Erbréngen oder d'Ëmsetzung vun den Déngschtleeschtungen zousätzlech erschwéiere géing. D'Auswierkungen dovunner géife wäit iwwert den Aarbechtsmaart eraus ze spiere sinn.

D'Ausmooss vun der Aarbecht selwer géif doduerch net verréngert ginn. Géing d'Aarbechtszäit beispillsweis ëm zéng Prozent gekierzt ginn, missten de Berechnungen no vun haut op muer theoretesch ronn 50.000 zousätzlech Persounen agestallt ginn, fir d'Déngschtleeschtunge weider ze garantéieren. Do komme mer net laanscht Froen ewéi: Vu wou kommen déi nei Ugestallten all hier? Wou wunne si? Wat heescht dat fir de Wunnengsmaart an d'Entwécklung vun de Präisser? Iwwer wat fir Stroossen a mat wat fir Gefierer kënnt dëst zousätzlecht Personal all Dag op d'Aarbecht? E generellt Verkierze vun der Aarbechtszäit wier verbonne mat engem weidere Verloscht u Liewensqualitéit an engem Wuelstandsverloscht, deen esouwuel déi Ugestallten ewéi och d'Patronen an hir Entreprisen an och den ëffentlechen Haushalt spiere géingen.

Ganz besonnesch fatal wier et fir den Handwierkssecteur. Nodeems duerch staark erhéichte Material- an Energiepräisser, gestéiert Liwwerketten an e grousse Manktem u qualifizéiertem Personal a Congéserweiderungen d'Situatioun am Secteur an d'Aarbechtsorganisatioun scho schwéier genuch sinn, wier eng Aarbechtszäitverkierzung an allen Hisiichte kontra-produktiv. Mir brauche Léisungen, déi eis kleng a mëttelgrouss Betriber net nach méi an d'Laberente bréngen an am Géigendeel fir eng gewësse Sécherheet suergen. Als ADR wëlle mir dofir léiwer op de Wee vun enger méi flexibeler Aarbechtsopdeelung goen, déi de Betriber an hiren Ugestallte selwer iwwerlooss gëtt, well et jee no Aarbecht och aner Méiglechkeeten an Erausfuerderunge ginn, d'Aarbecht ze organiséieren.

D'Flexibilitéit bei der Aarbechtszäit, fir d'40-Stonne-Woch iwwert e puer Méint ze verdeelen, muss dem Patron an dem Salarié Virdeeler bréngen a kann nëmmen tëscht hinne gereegelt ginn. Dëst gëllt och fir „Zäitspuerkonten" an de progressiven Antrëtt an d'Pensioun. De Staat soll dobäi de Kader setzen a muss dofir suergen, datt de Salarié Garantien huet, fir seng Usprréch ze realiséieren (z.B. am Fall vun enger Faillite).

Fir d'ADR sollen de Sonndeg an d'Feierdeeg dann och prinzipiell fir d'Famill reservéiert sinn. Schaffen um Sonndeg soll och am Commerce d'Ausnam bleiwen an nëmmen do Ausnamen

erlaabt sinn, wou et néideg ass. Datt Mënschen op den Zouschlag vun der Sonndesaarbecht ugewise sinn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, sollt net ekonomesch ausgenotzt ginn, mee eis ze denke ginn an no Léisunge siche loossen, wéi een dës Leit besser ënnerstëtzen an esou Entwécklungen entgéintwierke kann. Ofgesi vum Sonndeg, vertrëtt d'ADR d'Positioun, datt d'Geschäfter – bei enger adequater Entschiedegung vun hirem Personal – sollen eng méiglechst grouss Flexibilitéit hunn.

Fir d'ADR ass et also éischter eng Prioritéit, d'Aarbechtsplazen an de Lounniveau ofzesécheren, amplaz mat Experimenter ewéi enger genereller Aarbechtszäitverkierung scho bestoend Problemer ze vergréisseren. Dofir schwätze mir eis fir flexibel Aarbechtsmodeller aus, déi sech positiv op d'Privat- a Familljeliewen auswierken an domat zu enger gesonder Work-Life-Balance bäidroen. Dat kéim dem Ugestallten entgéint, an och de Patron kéint doduerch d'Aarbechtsbelaaschtung un déi individuell betriblech Bedierfnesser an intern Organisatioun besser upassen. Den Aarbechtsministère muss de gesetzleche Kader an d'Bedéngunge festleeën, fir béid Säiten ofzesécheren. Déi konkret Modalitéite vun der Aarbechtszäit sollen awer tëscht dem Patron an dem Ugestallten definéiert ginn.

Heemaarbecht

D'Heemaarbecht ass eng Aarbechtsweis, déi zu méi Produktivitéit ka féieren. Et kann awer och de Géigendeel bewierken, wat net eleng vum Betrib oder der Aarbecht selwer ofhänkt, mee och vum Mënsch. D'Mënsche sinn a funktionéieren ënnerschiddlech. Heemaarbecht kann zu enger Verbesserung vun den Aarbechtskonditioune féieren, well vill Ugestallter, déi Méiglechkeet hunn, vun doheem aus ze schaffen, sech doduerch vu psychologesche Stressfaktore befreit fillen, déi si op hirer Aarbechtsplaz erleiden. Awer och, well si Zäit spueren duerch de feelenden Trajet op d'Aarbechtsplaz an zeréck heem. Fir anerer kann d'Heemaarbecht awer grad zu engem psychologesche Stressfaktor ginn, well een doduerch méi isoléiert gëtt an de soziale Kontakt dorënner leide kann.

Dozou kënnt nach, datt net all Mënsch déi nämmlecht Wunnkonditiounen huet. Wärend verschidde Leit en Haus hunn, an deem si eventuell och nach e separat Zëmmer als Büro ariichten oder notze kënnen, fir konzentréiert an a Rou ze schaffen, liewen aner Leit an engem

Appartement oder engem klenge Studio, an hunn net esou vill Plaz a sécherlech och nach emol eng aner Geräischkuliss, déi vun der Aarbecht oflenke kann.

Et besteet bei der Heemaarbecht och méi e grousse Risiko, datt d'Grenzen tëscht Aarbechtszäit a Privatliewen ëmmer weider opweechen, och doduerch, datt beid Situatioune kenger raimlecher Trennung méi ënnerleien. Et ass dobäi och ganz wichteg, datt den Ugestallte säi Recht op Neterreechbarkeet behält an och wouerhëlt.

Et ginn natierlech Aarbechten, déi net fir dës Aarbechtsweis gëeegent sinn an dofir manner bis guer net op d'Heemaarbecht zeréckgräife kënnen. Grad déi Secteuren, déi am meeschte vu schwéieren Aarbechtsaccidenter betraff sinn, wéi d'Landwirtschaft, de Bau, d'Industrie an d'Transportwiesen, an nach anerer, kënnen iwwerhaapt net drop zeréckgräifen. Déi sougenannten „secteurs faiblement télétravaillables" riskéieren, nei Spannungen an der Gesellschaft ze provozéieren, och bannent engem Betrib: Spannungen tëscht deenen, déi vun doheem aus schaffe kënnen, an deenen, déi dovun ausgeschloss sinn. Zu dëser zweeter Kategorie gehéieren dacks sozial schwaach a manner qualifizéiert Mënschen. Hei kéint een driwwer nodenken, déi Leit, déi vun der Heemaarbecht ausgeschloss sinn, duerch eng Primm o.ä. ze entschiedegen. Et muss ee bedenken, datt hautdesdaags scho fir vill potenziell Ugestallten d'Heemaarbecht eng Viraussetzung ass. Grad fir Firmen, déi besonnesch op héichqualifizéiert Personal ugewise sinn, kann et e Wettbewerbsnodeel sinn, wann si net oder net genuch op Heemaarbecht zeréckgräife kënnen.

Och d'Konzept vun de Groussraumbüroen, huet sech net als Erfolleg erwisen a fir vill Leit bedeit dat eng ganz problematesch Aarbechtskonditioun. D'Open-Office-Konzept ass an de leschte Joren als grousse Virdeel verkaf ginn. Allerdéngs huet dëst zu méi Heemaarbecht gefouert, well vill Leit ënnert deenen Aarbechtskonditiounen net konzentréiert schaffe kënnen.

Heemaarbecht bréngt engersäits méi eng grouss Flexibilitéit a géing sech och ouni Zweiwel positiv op de Verkéiersfloss, besonnesch zu de Spëtzestonnen, auswierken. Et muss ee bedenken, datt 75 Prozent vun den Ugestallten zu Lëtzebuerg an der Haaptstad schaffen. Anersäits hunn d'Restauratioun an de Commerce sech dëser Iwwerkonzentréierung vun den Aarbechtsplazen an der Stad Lëtzebuerg ugepasst a liewen zum ganz groussen Deel vun den Ausgaben, déi Residenten a Grenzgänger an hirem Aarbechtsalldag grad do maachen, well si eben do schaffen. Wat méi Leit op Heemaarbecht zeréckgräifen, wat déi Betriber méi

Aboussen hunn. An dat wierkt sech schliisslech negativ op eis Wirtschaft aus an huet och en Impakt op de Staatsbudget.

Déi Aarbechtsweis huet also net nëmme positiv Effekter, a si ass och net fir all Mënsch gëeegent. D'ADR ass dofir der Usiicht, datt Heemaarbecht muss op fräiwëlleger Basis stattfannen, ausser et gouf am Aarbechtsvertrag bei der Ustellung kloer gereegelt, datt de Salarié e gewëssen Deel vu senger Aarbechtszäit vun doheem aus schaffe muss. An allen anere Fäll däerf de Patron kee Ugestallten zwéngen, vun doheem aus ze schaffen. Et däerf och net dozou kommen, datt de Patron an d'Privatsphär vu sengen Ugestallten, déi Homeoffice maachen, agräife kann oder si ausspionéiere kann. Dowéinst setze mir eis hei fir eng kloer Gesetzgebung an, déi all déi néideg Rechter a Flichten esouwuel vum Salarié wéi vum Patron reegelt, fir Abusen op béide Säiten ze verhënneren. Mir si grondsätzlech fir e flexibelen Ëmgang mat der Heemaarbecht a schwätzen eis géint e generellt gesetzlecht Recht op Heemaarbecht aus an natierlech och géint eng generell gesetzlech Obligatioun.

Eng Iddi, déi een och a Betruecht zéie kéint, wier, en Heemaarbecht-Stonnebudget pro Woch ze erméiglechen, esou datt d'Leit kënnen ëm bestëmmten Auerzäiten en Deel vun der Aarbecht vun doheem aus maachen an dann decaléiert op der Aarbechtsplaz selwer schaffen, fir esou manner Zäit zu de Spëtzestonnen op der Strooss ze verléieren. Domat hätt een op d'mannst en Deel vun de Virdeeler, déi d'Heemaarbecht bréngt, ouni déi méiglech Nodeeler ze hunn.

Wat den Homeoffice fir Frontalieren ugeet, begréisst d'ADR, datt zënter dem 1. Juli 2023 en internationaalt Ofkommes a Kraaft ass, dat et de Pendler erlaabt, méi Zäit wéi bis elo (insgesamt awer manner wéi 50 Prozent vun hirer Aarbechtszäit) am Homeoffice ze verbréngen, ouni datt doduerch hir Sozialversécherungsaffiliatioun wiesselt. Viraussetzung dofir ass awer, datt souwuel d'Wunnsëtzland vum Pendler wéi och d'Land, wou säi Patron usässeg ass, d'Ofkommes ënnerschriwwen hunn. D'Ofkommes ass an enger éischter Phas op 5 Joer ugeluecht. Als ADR besti mir awer drop, datt dozou och eng ganz seriö an detailléiert Analys gemaach gëtt, wat fir eng Auswierkungen dat matbruecht huet op d'Beräicher Gesondheet, Mobilitéit, Produktivitéit, Wirtschaft, Staatsbudget, an nach anerer. Déi nei Bestëmmungen an deem Ofkommes gëllen awer just fir de Beräich vun der sozialer Sécherheet. D'Bestëmmungen am Beräich vun der Besteierung sollen och weiderhi gesonnert iwwer bilateral Ofkommes gereegelt ginn.

Recht op Deconnexioun

Digital Hëllefsmëttele brénge méi flexibel Aarbechtsformen an -zäite mat sech a kënnen hëllefen, mat der Aarbecht verbonnen Aufgabe besser ze organiséieren. Gläichzäiteg verstäerkt dat de Phenomen vun der stänneger Erreechbarkeet, och baussent den Aarbechtszäiten. Dat mécht et fir déi Beruffstäteg ëmmer méi schwéier, e gesond Gläichgewiicht tëscht Beruff a Privatliewen ze fannen, a riskéiert e psychologesche Stressfaktor ze ginn, deen d'Leit krank mécht. D'Gesondheet op der Aarbechtsplaz ass e wichtegen Aspekt, dee muss eescht geholl ginn. Et ass och kloer, datt dës permanent Erreechbarkeet negativ Konsequenzen net nëmmen op d'Gesondheet, mee och op d'Familljeliewe kann hunn. Als ADR maache mir eis staark fir d'Famill an hire gesellschaftleche Wäert. Dat ass e weidere wichtege Grond, datt mir eng gesetzlech Reegelung vum Recht op Deconnexioun wëllen, déi vill méi staark wéi dat neit Gesetz d'Intressie vum Ugestallte senger Gesondheet a vun der Famill verdeedegt.

Dat neit Gesetz iwwer d'Recht op Deconnexioun huet zwar vill Virdeeler, mee déi betreffen am Prinzip just Betriber mat enger Personaldelegatioun bzw. mat Kollektivvertrag. De Patron vun enger klenger Firma ouni Personaldelegatioun gëtt net vun dësem Gesetz dru gehënnert, seng Ugestallten och owes oder an hirer Vakanz unzeruffen. Eng Personaldelegatioun ass just bei 15 Ugestallten oder méi obligatoresch. Ugesiichts vun der Tatsaach, datt d'kleng a mëttelgrouss Betriber 99,5 Prozent vun de Lëtzebuerger Betriber ausmaachen an datt vun hinne 87 Prozent manner wéi zéng Beschäftegter hunn, gëtt kloer, datt dat neit Gesetz nogebessert muss ginn, fir Ongläichheeten ze vermeiden.

Working Poor

De Phenomen vun de Working Poor oder der „pauvreté laborieuse" gëtt et net just am Ausland. Och zu Lëtzebuerg ass de Risiko vun der Erwerbsaarmut an de leschte Joren ëmmer weider geklomm. Elengerzéiender, geréng Qualifizéierter, Zäit- an Deelzäitaarbechter lafen dobäi sécher de gréisste Risiko. Et ass e ganz seriöe Problem an eng politesch Erausfuerderung, déi onbedéngt méi Beuechtung kréie muss. Dobäi ginn et Moossnamen, déi vun der Politik kënne geholl ginn, fir deem Phenomen entgéintzewierken.

D'Steiertabell gouf zënter 2009 net méi un d'Entwécklunge vun de Liewenskäschten ugepasst. Mir als ADR sinn der Meenung, datt déi automatesch Indexéierung vun de Gehälter net duergeet, fir de Kafkraaftverloscht vun de Famillen an Aarbechter ze stoppen, wann de Steierbarème net gläichzäiteg ugepasst gëtt. Glécklecherweis gouf déi „kal Progressioun" am Mäerz 2023 vun der Tripartite ofgefiedert, andeems de Steierbarème fir d'Joren 2023 an 2024 ugepasst gouf. Mee dat geet net duer, fir d'Aarmut vu sou ville Beschäftegten hei am Land laangfristeg ze bekämpfen. Aus deem Grond setze mir eis dofir an, datt déi automatesch Upassung vum Steierbarème un d'Inflatioun dauerhaft a Kraaft gesat gëtt an de Mindestloun integral vun der Akommessteier befreit gëtt. Fir den Aarmutsrisiko vun Elengerzéienden ze bekämpfen, sollten dës Leit an d'Steierklass 2 kommen. Generell soll och d'Kannergeld ugepasst ginn, well och dëst an de leschte 15 Joer net gemaach gouf, wat d'Kafkraaft vu Famillje mat Kanner reduzéiert huet. D'Kannerzoulage goufen am Oktober 2021 nees indexéiert. Dat muss weiderhin esou bleiwen, och dann, wann aner Indexstufe verréckelt oder op aner Manéier ausgeglach ginn.

D'ADR envisagéiert dann och eng Vereinfachung vum System, datt dëse fir jiddereen transparent a kloer ass. Et kéint eng Internetsäit dofir geschaf ginn, déi all déi méiglech Zoulagen oplëscht a verständlech erkläert, grad ewéi déi néideg Demarchen, fir dovu profitéieren ze kënnen. Mir sinn der Usiicht, datt Mënschen, déi zu Lëtzebuerg fir hir Pai schaffen, och mussen zu Lëtzebuerg vun dëser Pai liewe kënnen, an dat am Idealfall och ouni op staatlech Hëllef ugewisen ze sinn. Mir ënnerstëtzen dofir och eng Erhéijung vum Mindestloun a vun den ënneschte Paien.

Schwaarzaarbecht

All déi zoustänneg Instanze musse méi enk zesummeschaffen, fir d'Schwaarzaarbecht an de Sozialdumping, déi ëfters och am Zesummenhang mat Mënschenhandel stinn, ze bekämpfen. Et musse méi Kontrollen duerchgefouert ginn, fir datt d'Bestëmmunge vun der „Directive détachement" genee agehale ginn.

D'Lëtzebuerger Legislatioun, och déi vum Mindestloun, an d'Kollektivverträg, musse vun allen Entreprisen – och vun deenen, déi vu baussen eran an d'Land schaffe kommen – integral agehale ginn. D'ADR wëll explizit a gesetzlech festschreiwen, datt de Mënschenhandel an de Kompetenzberäich vun der ITM fält. D'ITM muss dann och konsequent géint de

Mënschenhandel um Aarbechtsmaart ermëttelen a virgoen. A béide Fäll muss de legislative Kader streng Strofe bei Verstéiss virgesinn. Et ass bekannt, datt d'Zuel vun de Fäll vu Mënschenhandel an der Aarbechtswelt virun allem am Bau, am Horeca an am Beräich vun der Hausaarbecht geklomm ass. Dofir soll grad hei besonnesch staark a geziilt kontrolléiert ginn. Fir dat ëmzesetzen, wëll d'ADR d'Zuel vun den Aarbechtsinspektere bei der ITM erweideren, fir datt verstäerkt Kontrolle gemaach ginn a Bezuch op d'Aarbechtskonditiounen, d'Aarbechtssécherheet, d'Gesondheet op der Aarbecht a besonnesch och, fir d'Schwaarzaarbecht an de Mënschenhandel opzedecken an ze ënnerbannen.

E weidere Problem sinn d'Urteeler, bei deenen ze dacks en ze geréngt Strofmooss ausgeschwat gëtt. D'Vulnerabilitéit vun den Affer muss bei der Gravitéit vun der Dot méi staark unerkannt ginn. An deem Sënn sollen déi aktuell an déi zukünfteg Riichter méi staark fir dësen Ëmstand sensibiliséiert ginn.

Plattformaarbechter

Net just géint d'Schwaarzaarbecht muss ee virgoen, mee och d'Scheinselbstännegkeet muss ënnerbonne ginn. D'ADR trëtt derfir an, fir d'Aarbechtsbedéngunge vu Leit, déi fir digital Plattforme schaffen, ze verbesseren. Dës Leit, vun deenen der vill fälschlecherweis als „Selbstänneger" bezeechent ginn, si ganz dacks vun Aarmut betraff oder vun Aarmut bedrot. Si sinn a Krisenzäiten net ofgeséchert, droen all d'Risike vun hirem Beruff a musse selwer fir hir Aarbechtsmaterialien opkommen. D'ADR setzt sech derfir an, datt si als Salariéen ugesi ginn, wat all déi Rechter implizéiert, déi engem „offline"-Ugestallten zoustinn (z.B. faire Loun, Sozialversécherung a bezuelte Congé). Wann d'Plattform-Firmen domat net averstane sinn, sollt et un hinne sinn, fir nozeweisen, datt keen Aarbechtsverhältnes mat de betreffende Plattformaarbechter besteet an datt et sech bei deenen ëm „richteg Selbstänneger" handelt.

D'ADR wëll natierlech verhënneren, datt et hei am Land zu engem onfaire Wettbewerb tëscht der „Gig-Wirtschaft" an traditionellen Entreprisë kënnt, deen op laang Siicht fir all Salarié negativ bis desastréis Folgen hätt. Déi sougenannten „sharing economy" ass nämlech eng nei Aart, d'Wirtschaft an d'Gesellschaft ze organiséieren, déi de Risiko vun enger moderner Lounsklaverei mat sech bréngt. Et handelt sech ëm e weidere Phenomen, deen d'Gesellschaft individualiséiert an entsolidariséiert. De sougenannten „Clickworker", also

een, deen onofhängeg am Internet iwwer Crowdsourcing-Plattformen net uertsgebonnen Aarbechtsopträg vu Boîten oder Societéiten iwwerhëlt, verdéngt net seele manner ewéi dräi Euro d'Stonn.

Fir dëse Problem reell aschätzen ze kënnen an effikass dogéint virzegoen, ass et wichteg déi néideg Donnéeën dozou ze hunn. D'ADR suergt dofir, datt hei spezifesch Etüden dozou an Optrag gi ginn a Statistike fir Lëtzebuerg domat opgestallt ginn.

Am Verglach mat anere Länner ass dës Aarbecht nach relativ nei. Trotzdeem muss elo méiglechst séier reagéiert ginn, fir den néidege gesetzleche Kader ze schafen, deen d'Richtlinne fir d'Plattformaarbecht festleet. Dobäi musse vill Froe gekläert ginn, ënnert aneren, wéi een d'Plattformaarbecht an -aarbechter definéiert, wat fir e Statut si hunn, wéi et mat der Remuneratioun a mam Sozialversécherungsrecht ausgesäit, an nach méi. D'ADR wëll sech dëser Aufgab unhuelen.

Laangzäitaarbechtslosegkeet

Wärend déi offiziell Zuel vun de Chômeuren („demandeurs d'emploi résidents disponibles") am Ablack (31. Mee 2023) bei 15.188 läit (1242 Persounen, also 8,9 Prozent méi wéi am gläichen Zäitraum 2022), bleift d'Zuel vun de Laangzäitaarbechtslosen („durée d'inscription: 12 mois et plus"), net ze verwiessele mat där vun de Laangzäit-Inaktiven („durée d'inactivité: 12 mois et plus"), stabel. Ronn d'Hallschent vun de Chômeuren hei am Land si Laangzäitchômeuren.

Laangzäitaarbechtslosegkeet ass en Däiwelskrees: Wat ee méi laang dran ass, wat ee méi schwéier erauskënnt. Majoritär sinn et Mënschen iwwer 45 Joer, déi aus gesondheetleche Grënn hiren traditionelle Beruff net méi ausübe kënnen. Oft sinn et och Mënschen, déi e Burn-out haten an dofir gekënnegt hunn. Meeschtens sinn et awer Mënsche mat niddreger Qualifikatioun, déi haart kierperlech Aarbechte maachen (z.B. Mënschen, déi um Bau schaffen). Wann dës Mënsche Problemer mat hirem Réck oder hirem Knéi kréien, musse si dacks eng nei Aarbecht sichen. Weider sinn och vill Leit laangzäitaarbechtslos, déi aus dem Ausland kommen, eis Sprooch net schwätzen an och déi aner zwou administrativ Sproochen net kënnen. Mir wäerten dofir konkret Statistiken iwwert d'Hierkonft vun de Persoune

presentéieren an och Statistiken iwwert d'Integratioun op den Aarbechtsmaart vun den Asylbeneficiairen.

D'Weiderbildung muss d'Qualifikatioun vun den Aarbechtslosen an d'Ufuerderunge vun de Betriber méi no beienee bréngen. D'ADR ass der Meenung, datt d'ADEM, wann d'Aussiicht op Erfolleg reell ass, och Ausbildunge soll matfinanzéieren, déi méi laang daueren (Schoul vun der 2. Chance, Coursen an der Informatik, Ausbildung an der Fleeg an am Gesondheetssecteur). Leit, déi méi al ewéi 45 Joer an doduerch méi schwéier ze vermëttele sinn, musse vun der ADEM geziilt gehollef kréien (z.B. iwwer spezifesch Formatiounen). Dofir musse bei der ADEM genuch Placeure schaffen.

Et muss ee sech awer bewosst sinn, datt et bei allen Ustrengungen ëmmer eng Rei vu Leit wäert ginn, déi aus verschiddenen Ursaachen net oder nëmme ganz schwéier um éischten Aarbechtsmaart anzegliddere sinn. Fir dës Leit sollen, no engem Bilan vun hire Kompetenzen, eventuell gemeinsam mat den zoustännegen Instanze vum REVIS, aner Servicer an Institutiounen de Relais huelen, dëst ganz besonnesch um „drëtten Aarbechtsmaart".

Schliisslech muss een awer och de Problem vun den Abusen uschwätzen. Et ass kloer, datt verschidde Laangzäitaarbechtsloser, déi kéinte schaffe goen, versichen, mat allen Tricke vun Aarbecht „verschount" ze bleiwen. De Staat muss esou Abusen esouwäit ewéi méiglech verhënneren. Bei eis am Land kritt en „Vollzäit-Chômeur" bannent 24 Méint maximal 365 Deeg laang Chômage-Geld, duerno muss en eng REVIS-Demande maachen. D'ADR wëll Moossname géint den Abus, op der enger Säit, a géint den Däiwelskrees vum Verharren a Verweilen an der Aarbechtslosegkeet, op der anerer Säit, ergräifen.

Duerno ass et un der Weiderbildung, fir d'Qualifikatioun vun den Aarbechtslosen an d'Ufuerderunge vun de Betriber méi no beieneen ze bréngen. Up- a Reskilling sinn hei d'Stéchwierder. Dacks entsprécht d'Offer net der reeller Nofro vum Aarbechtsmaart, dofir musse si méi no beienee bruecht ginn. An deem Sënn sollen déi dofir néideg Formatiounen ausgeschafft ginn an iwwert d'ADEM zesumme mat deene verschiddenen Aarbechtssecteuren organiséiert ginn. Dëst soll de Leit hëllefen hir Aarbecht ongehënnert vun neien Entwécklungen an Ufuerderunge weider kënnen ze maachen, an deene Leit ouni Aarbecht hëllefen, nees Fouss ze faassen an dobäi de Radius vu méiglechen Aarbechten ze vergréisseren. Den Aarbechtsmaart verännert sech haut séier, virun allem duerch

d'Digitaliséierung. Wann d'Aussiicht op Erfolleg bei der Aarbechtssich reell ass, soll d'ADEM och Ausbildunge matfinanzéieren, déi méi laang daueren (Schoul vun der 2. Chance, Coursen an der Informatik, Ausbildung an der Fleeg an am Gesondheetssecteur). D'ADEM soll an deem Kader och d'Käschte fir e Führerschäi virstrecken (B, C, D), wann dohannert eng reell Perspektiv op eng Aarbechtsplaz besteet.

Bei der Sich no neie Betriber oder der Hëllef fir den Ausbau vu bestoende Betriber muss de Staat och dofir suergen, datt dobäi Plaze fir manner Qualifizéierter geschaf ginn, ouni datt dofir muss op Frontalieren zeréckgegraff ginn. Zu Lëtzebuerg ginn all Joer iwwer 13.000 nei Aarbechtsplaze geschaf, wat sech awer net positiv op de Chômage auswierkt. Dofir musse geziilt Moossname geholl ginn, fir prioritär Residenten am Chômage zu enger Aarbecht ze verhëllefen. Wann nei Aarbechtsplaze geschaf ginn, sollen dobäi och d'Qualifikatioune vun dëse Leit berécksiichtegt ginn. D'Schafe vun Aarbechtsplazen, déi eng niddereg Qualifikatioun verlaangen a quasi exklusiv vu Frontaliere besat ginn, soll net gefërdert ginn.

D'Haaptmissioun vun der ADEM ass et, tëscht de Bedierfnesser a Kompetenze vun de Leit ouni Aarbecht an de Betriber ze vermëttelen. Eng weider Missioun soll an noer Zukunft d'Hëllefstellung beim Rekrutéiere vun auslännesche Spezialiste ginn. Dat fir Leit mat Kompetenzen, déi hei oder an der EU net ze fanne sinn. Dat gëllt awer besonnesch, wann esou Rekrutementer zousätzlech manner qualifizéiert Aarbechtsplazen no sech zéien, déi da vu Residente besat kënne ginn. Dobäi mussen d'Aarbechtsgeneemegungen op eng einfach, séier an onbürokratesch Aart a Weis ausgestallt ginn, an Zesummenaarbecht mam Bausseministère. Déi laang a schwéierfälleg Prozedur verhënnert aktuell dacks, datt esou Spezialisten hei am Land kënnen engagéiert ginn. Dat verursaacht, datt eng Rei Betriber, déi eng héich Plus-value kéinte bréngen, sech hei net etabléieren oder sech esouguer delokaliséieren.

D'ADR ass der Meenung, datt eng Rei Jugendlecher geziilt Hëllef brauchen, fir eng éischte Kéier um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen. Mir wäerten dowéinst de Programm „D'Jugendgarantie zu Lëtzebuerg" nach verstäerken, woubäi jiddereen (Jugendlechen, Betrib, ADEM, ALJ an SNJ) muss responsabiliséiert ginn.

Aner Programmer, déi de Betriber oder Beschäftegungsinitiative finanziell Ureizer ginn, fir Leit ouni Aarbecht ze beschäftegen, wäert d'ADR enger kritescher Analys ënnerzéien. D'Zil

dobäi ass, datt nëmmen déi Moossname weidergefouert ginn, déi Chômeure wierklech dauerhaft um Aarbechtsmaart integréieren.

Mat grousser Suerg verfollegt d'ADR déi rezent Entwécklunge vun der Europäescher Reglementatioun. Frontalieren, déi hei am Land geschafft hunn an an de Chômage geroden, sollen an Zukunft vun der ADEM integral indemniséiert ginn. Doduerch besteet d'Gefor, datt grouss finanziell Transferten an d'Ausland gemaach ginn, ouni datt dës Mëttelen an d'Lëtzebuerger Ekonomie zeréckfléissen. Fir eis ass kloer, datt eng Persoun vun deem Staat Arbechtslosegeld an och soss Allocatioune kritt, an deem si och tatsächlech wunnt.

Finanziell Belaaschtungen duerch eng eventuell europäesch Reglementatioun vum Chômage däerfen net aus dem Rudder lafen. Dofir denkt d'ADR drun, d'Leeschtunge vun der ADEM méi niddereg ze maachen. Residenten, déi hir Aarbecht verléiere sollen awer iwwert aner Hëllefsmoossnamen d'Restriktioune vun den ADEM-Leeschtungen integral kompenséiert kréien.

Gesondheet a Sécherheet op der Aarbechtsplaz

D'Gesondheet an d'Sécherheet vun den Ugestallten op hirer Aarbechtsplaz léisst an der Praxis ëmmer nach ze wënschen iwwereg. Hei muss iwwert déi entspriechend Mechanismen nogebessert ginn. Mir ënnerstëtzen dofir der „Organisation internationale du travail" hir Fuerderung, datt genuch Aarbechtsinspekteren engagéiert ginn. Generell mussen déi fir d'Kontroll an d'medezinesch Ënnersichung zoustänneg Organer déi néideg Ressourcë kréien, fir sech den haitegen Erausfuerderungen an der Aarbechtswelt unzepassen an Handlungsméiglechkeeten ze hunn. Mir als ADR halen et fir sënnvoll, wann d'„Division de la santé au travail" an d'„Inspection du travail" géinge méi enk zesummeschaffen. Wann néideg, sollten dës zwou Institutiounen ënnert engem eenzege selwechte Ministère funktionéieren.

De Gesondheetsschutz op der Aarbecht ëmfaasst dräi grouss Beräicher: Moossnamen zur Preventioun vu beruffsbedéngte Krankheeten, d'Fërderung vum Wuelbefannen op der Aarbecht an d'Vermeidung vun Aarbechtsaccidenter. Och ginn europawäit ronn 120.000 Kriibsfäll d'Joer gemellt, bei deenen d'Ursaach beispillsweis am Kontakt mat kriibserreegende Stoffer op der Aarbechtsplaz leien, a vun deenen der schliisslech ronn

80.000 mat engem Stierffall endegen. Aarbechtsbedéngt kierperlech a psychesch Problemer a Gefore musse fréizäiteg erkannt an, esou gutt et geet, verhënnert ginn. Dobäi spillen och Aspekter wéi d'Reduzéierung vu pathogenen Aarbechtsstoffer, eng effikass Aarbechtsorganisatioun an eng optimal aarbechtsmedezinesch Betreiung eng wichteg Roll.

De Patron ass verantwortlech fir d'Sécherheet an de Gesondheetsschutz vu senge Beschäftegten, mee och d'Salariéë musse sech un d'Spillreegelen halen. An deem Kontext spillt d'„Inspection du Travail et des Mines" eng wichteg Roll. Leider goufen et an deene leschte Joren net just positiv Nouvellen, wat d'Aarbechtskonditiounen hei zu Lëtzebuerg ugeet, notamment am Bausecteur: An enger Statistik vun „eurostat" iwwer déidlech Aarbechtsaccidenter, déi am November 2020 realiséiert gouf a sech op d'Joer 2018 bezitt, gëtt ee gewuer, datt et dat Joer 3.332 déidlech Aarbechtsaccidenter an der EU-27 gouf, eng Steigerung vu 60 par rapport zum Joer virdrun. Ee Fënneftel vun all dësen Doudesfäll hunn am Bausecteur stattfonnt. Aner Secteuren, déi besonnesch betraff waren, sinn d'Landwirtschaft, d'Industrie an d'Handwierk, awer och de Logistik-Secteur. Fir d'EU-27 louch dat Joer d'Inzidenz bei 1,77 déidlechen Aarbechtsonfäll pro 100.000 Beschäftegter. Lëtzebuerg läit an där Statistik mat enger Inzidenz vu 4,22 un traureger zweeter Plaz, knapp hannert Rumänien (4,33) an däitlech viru Lettland (3,27).

Déi aktuell Gesetzeslag ass lückenhaft, wat d'Preventioun bzw. Sanktioun vu schlëmmen Aarbechtsakzidenter betrëfft. 2020 hat d'ITM 469 Infraktiounen am Zesummenhank mat engem „risque de chute de hauteur" enregistréiert. Dozou koume 606 Infraktiounen am Zesummenhank mat feelerhaften Echafaudagen. Aarbechter, déi hei am Land wuertwiertlech an den Doud stierzen, sinn net rar. D'Verwaltunge maachen zwar op dëse Problem opmierksam, mee wéi ee bei villen anere Beispiller aus der fräier Wirtschaft weess (z.B. Quote fir Leit mat Behënnerung, „devoir de vigilance"), bréngen esou Sensibiliséierungscampagnen net vill, wa se net vu gesetzleche Contraintë begleet sinn. Et misst een der ITM an dësem Zesummenhank däitlech méi Kompetenze ginn oder op d'mannst d'Strofe fir „net asiichteg" Firmen erhéijen.

D'Thema vun de psychosoziale Risiken ass grad sou wichteg: Stress, Burn-out, tëschemënschlech Konflikter, Mobbing sinn alldeeglech Problemer an de Betriber. D'Patrone mussen hei intern Preventiounsstrategië fannen, fir schlecht Aarbechtsbedéngungen ze verhënneren, mee de gudde Wëllen eleng geet net duer.

Dobäi kënnt, datt ëmmer méi Beschäftegter zouginn, datt si Problemer hunn, hire Beruff an hiert Familljeliewen an Aklang ze bréngen. D'Aufgaben, déi ee Beschäftegten hautdesdaags ze erfëllen huet, ginn ëmmer méi komplex, den Aarbechtsdrock an d'Intensitéit vum Aarbechtsrhythmus huelen zou. Vill Beschäftegter, déi dorënner leiden, sinn ëmsou méi onglécklech, well se wëssen, datt se net kënnege kënnen, well se da kee Chômagegeld kréien, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, bis si eng nei Aarbechtsplaz hunn. Fir si ass dat eng qualvoll Existenz. Mir als ADR sinn der Meenung, datt een envisagéiere sollt, d'Chômage-Allocatiounen och deene Leit zouzegestoen, déi aus psycheschem Drock quasi gezwonge ginn, ze kënnegen. Allerdéngs misst esou eng Initiativ gesetzlech encadréiert ginn, mat bestëmmten Dispositiounen, déi Abuse vu vireran ausschléissen.

D'ADR envisagéiert dofir eng Verbesserung vun der Gesetzeslag, déi eng verstäerkt Kontroll an en Ausbau vun der Aarbechtsmedezin hire Preventiounsdéngschter, besonnesch a Bezuch op psychosozial Erkrankungen, bréngt. Wichteg ass awer och, d'Ressourcë vun der Médecine du travail ze vergréisseren an de Pensionairen, déi weiderhi schaffe wëllen oder schaffe mussen, fir iwwer d'Ronnen ze kommen, méi flexibel Aarbechtsmodeller unzebidden, déi et hinnen erlaben, esouwuel vun hirer Pensioun wéi och vu gënschtegen Aarbechtskonditiounen ze profitéieren.

Wat spezifesch de Contrôle médical vun der Sécurité sociale ugeet, ass ze soen, datt sech d'Problemer vun de Beschäftegten iwwert d'Zäit geheeft an zu grousse Spannungen an der Aarbechtswelt gefouert hunn. Fir deem entgéintzewierken, wëll d'ADR folgend Punkten ëmsetzen:

- Bei Iwwerweisunge vu Patienten an d'Ausland däerf et bei der CNS keen iwwerdriwwene Spuerzwang ginn, dee sech extrem negativ op dem Patient seng mental Verfaassung auswierkt.
- All Patient muss kënne mat enger Begleetpersoun beim CMSS erschéngen. Dëst ass wichteg fir seng psychesch Ënnerstëtzung an noutwendeg bei Sproochbarriären.
- Et gi Friste fir d'Äntwert vum „Contrôle médical de la sécurité sociale" (CMSS) an d'Garantie op eng Äntwert festgeluecht.
- D'Doktere vum CMSS sinn oft iwwerlaascht, si hunn och net ëmmer déi néideg Qualifikatioun a ginn aus deem Grond dozou verflicht, sech reegelméisseg fortzebilden.

- Et mussen onbedéngt méi Spezialisten agestallt ginn. Dat erreecht een awer just, wann dës Dokteren en entspriechend Gehalt bezuelt kréien, also „hors cadre" agestallt ginn (sou wéi Ministeren oder Staatssekretären). D'Karriär A1 ass net attraktiv fir esou Dokteren, déi da léiwer am Ausland schaffen.
- Grondsätzlech muss all Dokter zweesproocheg sinn (konkret: op d'mannst Däitsch a Franséisch beherrschen).

16. D'Gesondheetswiesen

De Lëtzebuerger Gesondheetssystem huet gewësse Virdeeler, dozou gehéieren eng solidaresch Finanzéierung esou wéi och eenheetlech Tariffer, déi gereegelt sinn. D'Leit hunn déi fräi Wiel vum Dokter an och Zougang zu deieren Therapië bei spezialiséierte Behandlungen. Et bestinn awer grouss Problemer, déi haaptsächlech enger Politik verschéllt sinn, déi net Schrëtt hält mam Wuesstem a sengen Erausfuerderungen, keng oder falsch Decisiounen hëlt an net bereet ass, sech fir nei Weeër a Léisungen opzemaachen. Déi Haaptproblemer sinn natierlech de Personalmanktem, d'Onflexibilitéit vum System an de Problem vun der flächendeckender Versuergung. Fir d'ADR ass dësen Zoustand inakzeptabel.

Mir sti fir en eenzegen nationale Gesondheetssystem. An dësem ass all Salarié an all Independant automatesch an obligatoresch affiliéiert a verséchert, an all Dokter, deen zu Lëtzebuerg praktizéiert, ass obligatoresch konventionéiert. D'Modalitéite vun deenen Dispositioune sinn ëmmer den Noutwendegkeeten an Entwécklungen dynamesch unzepassen.

Generelles

De Gesondheetssecteur hei am Land muss vu Grond op moderniséiert ginn. Dozou kënnt, datt d'Fuerschung muss staark encouragéiert ginn: op der Uni, am LIH (Luxembourg Institute of Health), am LNS (Laboratoire National de Santé), am LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology), asw., firwat net och an enger zukünfteger„health valley" an och an eise Start-uppen. Nei Entreprisen, besonnesch am Fuerschungsberäich, musse gehollef kréien: steierlech, mat appropriéierte Raimlechkeeten, logistesch, mat Rot an Dot.

Wa mir vun Innovatioun schwätzen, da betrëfft dat net nëmmen d'Wëssenschaft an d'Technologie, mee och aner Beräicher ewéi z.B. de Management. Well mir brauchen eng Spëtzemedezin zu Lëtzebuerg, déi esouwuel an der Primärversuergung ewéi och bei héichspezialiséierten Agrëffer kee Verglach muss scheien.

No Jore vu sozialisteschem Immobilismus am Gesondheetssecteur muss endlech eng grouss Reform op den Dësch: vum obligatoresche Conventionnement bis hin zu der Finanzéierung vun de Spideeler. Mir brauchen en neien Dynamismus, nei Beruffsbiller, nei

Methoden, nei Relatiounen tëscht den Acteuren um Terrain an de Patienten. Mir brauche vläicht och nei Gestiounsformen an den Organisme vun der sozialer Sécherheet. Wat sech bewäert huet, muss kënne bleiwen. Wat awer net méi op der Héicht vun den Erausfuerderungen ass, muss moderniséiert ginn. A verschiddene Gremien, wou bis elo d'Doktere net present sinn, misste si onbedéngt mat vertruede sinn.

Et gouf extra en nationale Gesondheetsobservatoire (Observatoire national de la santé) geschaf, deem seng Aufgab offiziell doranner besteet, Donnéeën ze verwäerten, fir gesondheetspolitesch Entscheedungen ze guidéieren an hiren Impakt ze estiméieren. D'ADR ass prinzipiell der Usiicht, datt mir net ze vill Administratioune sollten hunn. Mee wa mir schonn esou en Observatoire hunn, da muss elo awer och dofir gesuergt ginn, datt dëse senger Aufgab gerecht gëtt a verwäertbar Erkenntnesser a Propositioune virleet.

Als klengt Land musse mir regional an international denken. Dat gëllt a ville Beräicher, och wat d'Zesummenaarbecht tëscht Spideeler betrëfft, an awer och wat eis Ofhängegkeet vun de Frontalieren ugeet. D'Covid-Zäit huet dorun erënnert, datt et och an Europa nach Grenze gëtt an datt déi och kënnen zougemaach ginn. Grenzen hunn hir Bedeitung a mir wëllen eis op eng realistesch a konstruktiv Manéier domat befaassen. Mir mussen international zesummeschaffen – doru besteet keen Zweiwel. Awer mir wëllen als ADR keng Kompetenzen ofginn – weder un d'EU nach un d'Weltgesondheetsorganisatioun (WHO).

Mir si bereet, déi néideg Schrëtter ze ënnerhuelen, a wëllen am Dialog an am géigesäitege Respekt tëscht allen Institutiounen, Strukturen, Beruffer a Karriären, tëscht Patienten an Dokteren, tëscht dem Spidolssecteur an dem Net-Spidolssecteur séier a konsequent all déi wichteg Änderunge bestëmmen an duerchféieren, déi eist Gesondheetswiesen esou dréngend brauch. Anescht ewéi beim „Gesondheetsdësch" däerf d'Gouvernance dobäi keng reng politesch sinn, mee et muss assuréiert ginn, datt och Gewerkschaften, Patientevertriedungen an aner am Gesondheetssecteur aktiv Vereenegungen dobäi vertruede sinn.

Preventioun

Déi beschte Medezin ass déi, déi een net brauch. D'ADR wäert dofir méi Mëttelen asetzen, fir eng konsequent Ënnerstëtzung vun der Fuerschung am Beräich vun der Medezin,

besonnesch och am Beräich vun der Preventioun, an eng permanent Iwwerpréiwung am Sënn vun enger Verbesserung vun de Leeschtungen am Sozial- a Gesondheetsberäich.

D'ADR plangt och, d'gratis Berodung bei Gesondheetsrisiken, bis zur Iwwerweisung bei en Dokter, auszebauen. Hei geet et drëms, de Leit eng éierlech an objektiv Informatioun ze ginn, ouni hinnen dobäi e Liewensstil opzezwéngen. Mir envisagéieren och reegelméisseg Opklärungs- an Informatiounscampagnen, esouwuel wat d'Basis vun der Gesondheet ugeet ewéi och spezifesch Beräicher. Dobäi soll och déi mental Gesondheet déi néideg Opmierksamkeet kréien.

Am Sënn vun der Preventioun suergt d'ADR dofir, datt jiddereen op fräiwëlleger Basis eemol d'Joer e Gesondheetscheck duerchféiere loosse kann, deen integral vun der Gesondheetskeess rembourséiert gëtt. Esou e Gesondheetscheck kann och am Kader vun der Erneierung vum Führerschäi gemaach ginn a gëtt an deem Fall och vun der Gesondheetskeess iwwerholl.

Am Sënn vun der Preventioun duerch méi Beweegung soll och eng Sportoffer am Beräich vum Aarbechtsalldag ënnerstëtzt ginn, wéi een et zum Deel aus de skandinavesche Länner kennt.

Am Kader vun där allgemenger Preventioun däerf och d'Schoulmedezin net vergiess ginn.

Organisatioun, Fonctionnement an Ekipement

Am Spidolssecteur hu mir eng ganz kloer Tendenz zu ëmmer méi Konzentratioun vun de Servicer an a ronderëm d'Stad. Déi Problemer, déi mir a leschter Zäit am Ettelbrécker Spidol gesinn hunn, besonnesch an der Gebuertsmedezin, sinn dofir eis Zeien.

Zum Deel kann dat aus medezinescher Siicht Sënn maachen, an awer däerf dat net eisen eenzege Krittär sinn. Mir kënnen net an eisem Land Bierger vun éischter a vun zweeter Klass hunn. E Kand, dat am Éislek krank gëtt, soll déi selwecht Chance op eng gutt a séier Behandlung hunn ewéi e Kand, dat an der Stad krank gëtt. Nieft der Spezialisatioun muss déi regional medezinesch Versuergung, also besonnesch am Norden an am Oste vum Land, och e wichtege politesche Krittär sinn. Mir kënnen de Leit net zoumudden, nuets an am Wanter iwwer eng Stonn mat engem kranke Kand bis an d'Stad ze fueren, fir dann an eng Kannerklinick ze kommen, déi keng Kapazitéite méi huet, well si vill ze kleng ass. Mir

brauchen also eng nei Landesplanung an der Medezin, inklusiv de Spideeler an de Maisons médicales, an innovativ Iddien, fir Dokteren ze encouragéieren, sech och am ländleche Raum nidderzeloossen.

D'ADR envisagéiert eng Neireegelung vun den Urgencen a vun de Garden, mat anstännegen Aarbechts- a Recuperatiounskonditioune fir dat concernéiert Personal. Och eng adequat Remuneratioun fir d'Garden, reell hierarchesch Kompetenze bei deenen zoustännegen Direkteren an eng héich professionell Logistik bei der Gestioun vun de Patiente gehéieren dozou.

Mir brauchen och eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht de Spideeler. Hei ass scho vill geschitt, awer et ass nach Loft no uewen, besonnesch an der Zesummenaarbecht an der Logistik a bei der Koordinatioun vun de Spideeler, wéi z.B. beim Bestellen an der Gestioun vum Material, bei de Spidolsapdikten oder – hautdesdaags och ganz wichteg – bei der Cybersécherheet a beim Dateschutz. Fir eis ass et och selbstverständlech, datt d'Dokteren an all deene Beräicher musse mat abezu ginn.

Iwwerdeems wëlle mir versichen, de Virage ambulatoire duerhinner ze bréngen, datt mir méiglechst vill baussent der Klinick kënne maachen. An deem Sënn géing d'ADR gär nieft de Spideeler och „Gesondheetshaiser" ariichte fir Patienten, deenen hiren Zoustand net méi schlecht genuch ass, fir nach an engem Spidol mussen ze sinn, awer och nach net gutt genuch, fir kënnen heemzegoen, oder fir Leit, déi eleng liewen a krank ginn an dofir wärend enger Zäit mussen Hëllef bei der Versuergung kréien. Dës sollen e Service accessoire nieft de Klinicken sinn, deen d'Spideeler entlaascht, doduerch datt en d'Openthaltsdauer an der Klinick an de Verbrauch vun de Spidolsressourcë reduzéiert an d'Gesondheetsservicer dem Patient seng Liewensëmstänn méi berécksiichtegen.

Am Beräich vun der Gebuertsmedezin koum et an der leschter Zäit zu villen Diskussiounen. Fir d'ADR gëllt, datt mir keng onnéideg Risike fir d'Kand a fir d'Mamm akzeptéieren. E Gebuertshaus (Maison de naissance) ass dowéinst an eisen Aen nëmmen an enger Klinick integréiert méiglech. D'Sécherheet muss hei Prioritéit hunn.

D'Spideeler kéinten doduerch entlaascht ginn, datt den Depistage vu Krankheeten am Kader vu Preventiounsprogrammer géing ausgelagert ginn. Mir stinn der Iddi vun engem privaten oder ëffentlechen „Centre national de dépistage" ganz favorabel géigeniwwer. Mammographie, Coloscopie an aner Ënnersichunge missten dann net méi ëmmer an engem

Spidol gemaach ginn, wouduerch an de Spideeler kéinte Kapazitéite fir krank Leit fräigemaach ginn. D'Auswäertung vun de Biller kéint an esou engem Zentrum selwer gemaach ginn, oder och vun zertifizéierten a spezialiséierte Bureauen.

Eist Land brauch dann och endlech Reservkapazitéiten a sengem Spidolswiesen. Ënner anerem dowéinst steet d'ADR hannert der Iddi, e Militärspidol ze schafen. Dëst Spidol kéint Lëtzebuerg och erlaben constituéiert medezinesch Unitéite bei humanitären Noutfäll ze deployéieren. Et kéint, an Zesummenaarbecht mat anere Spideeler, och als Universitéitsklinick déngen. Mir hätte jo schliisslech och gär eng komplett medezinesch Ausbildung op universitärem Niveau.

Mir hunn nach ëmmer onnéideg reglementaresch an organisatoresch Problemer, wéi z.B. bei de Krankentransporter per Helikopter nuets. Hei musse séier Léisunge fonnt ginn.

D'ADR wäert d'Entwécklung vun de Spidolsstrukturen, dorënner och d'Zuel vun de Better, kontinuéierlech upassen un d'Entwécklung an d'Bedierfnesser vun der Populatioun. D'Spideeler solle generéis ekipéiert ginn an iwwer genuch vun den néidegen Apparaturen, déi fir spezifesch medezinesch Ënnersichungen (z.B IRMen) gebraucht ginn, verfügen. Diagnosen, Behandlungen an Operatioune sollen ouni onnëtz Verspéidung kënnen am Land garantéiert ginn. Iwwerweisungen an d'Ausland, déi net op Wonsch vum Patient geschéien, mee op ze vill laange Waardezäite grënnen, soll et net méi ginn.

D'ADR wëll och dofir suergen, datt den Zougang zur Schmäerztherapie méi einfach gëtt an och hei laang Waardezäite verhënnert ginn. An deem Sënn wëlle mir fir entspriechend Kompetenzzentren an de Spideeler suergen.

Och d'Infrastruktur, de medezineschen Ekipement an de Personalschlëssel vun der Kannerklinick mussen de reelle Bedierfnesser vum Land ugepasst ginn, fir sécherzestellen, datt all Kand déi néideg a beschtméiglech Behandlung kritt, ouni datt Zäit verluer geet.

Iwwerdeems setze mir eis dofir an, datt den „service de néonatologie" esou ausgebaut gëtt, datt all Puppelchen, deen ze fréi op d'Welt kënnt, adequat hei am Land ka versuergt ginn.

Den Dokter

Et feelt Lëtzebuerg ganz kloer un Dokteren, an déi Dokteren, déi mir hunn, sinn dacks onzefridde mat den Aarbechtskonditiounen an de feelende Méiglechkeeten, déi si hei am Land hunn.

D'Haaptursaach fir de Manktem un Dokteren sinn onattraktiv Aarbechtskonditiounen an déi demographesch Explosioun. Trotz alle Reformen an Efforten am Beräich vun der Médecine ambulatoire halen d'Spideeler net méi mat der Entwécklung vum Land Schrëtt. Net ëmsoss hat d'ADR hei eng Gesetzespropositioun gemaach, fir d'Zuel vun de Spidolsbetter ze erhéijen.

D'Dokteren hei am Land hu berechtegt Suergen, datt si net genuch zukünfteg Dokteren als Nofolger fannen. Lëtzebuerg huet Konkurrenz duerch d'Ausland a kann net mat den Aarbechtskonditiounen a -méiglechkeeten, déi d'Dokteren do gebuede kréien, mathalen, well d'Regierung eng ze vill dirigistesch an zentralistesch Politik bedreift. D'ADR ass bereet dëst ze änneren.

Mir wëllen den Dirigismus an den Zentralismus am Lëtzebuerger Gesondheetswiesen opbriechen, fir déi liberal Medezin ze stäerken. D'Doktere musse méi Méiglechkeeten a méi Flexibilitéit bei der Ausübung vun hirem Beruff kréien, fir medezinesch Servicer an hirer Praxis unzebidden an ëmzesetzen, esou wéi dat och am Ausland méiglech ass. Dokteren, déi dat envisagéieren, sollen endlech déi dofir néideg Tariffuerdnung a sozial Sécherheet kréien. An deem Sënn soll déi liberal Medezin keng onnéideg Hürden opgestallt kréien. D'Diskussioun ëm de Remboursement immédiat huet scho méi ewéi eemol gewisen, datt dës Regierung probéiert aus den Dokteren e Genre vu Salariéë vun der Gesondheetskeess ze maachen, amplaz si an hirer Onofhängegkeet ze respektéieren an hinnen ze erlaben eng liberal Medezin an engem liberale Beruff ze praktizéieren. Et gëtt an deem Kontext sécherlech e puer Froen, déi musse gekläert ginn, mee mir als ADR wëllen, datt dat séier an am Sënn vum Dokter a vum Patient geschitt. An deem Sënn wëll d'ADR och endlech d'Nomenklatur upassen a moderniséieren, wat dem Patient zegutt kënnt an de Beruff vum Dokter nees méi attraktiv mécht.

D'ADR weist sech oppen, fir endlech nei Modeller ze schafen, déi et deenen Dokteren, déi dat wëllen, erlaben, an neie Gesellschaftsformen zesummenzeschaffen. Och vill Dokteren, besonnesch déi méi jonk, bestinn haut op eng gutt Work-Life-Balance. Mir mussen hinnen

dat méiglech maachen, soss verléiere mir vill jonk Dokteren un d'Ausland. Mir wäerten eis generell dofir asetzen, datt Lëtzebuerg, an engem Ëmfeld vun ëmmer méi grousser Konkurrenz tëscht de Länner, attraktiv bleift fir Spezialisten aus alle Sparte vun der Medezin.

Fir d'Attraktivitéit vum Beruff ass et och néideg, datt d'Reegelung vun den Urgencen a vun de Gardë reforméiert gëtt. Mir brauchen anstänneg Aarbechts- a Recuperatiounsméiglechkeete fir d'Dokteren, awer och fir dat reschtlecht concernéiert Personal, eng adequat Remuneratioun fir d'Garden, reell hierarchesch Kompetenze bei den zoustännegen Direkteren an eng héich professionell Logistik bei der Gestioun vun de Patienten. Dëst ass eng Reform, déi d'ADR bereet ass ëmzesetzen.

Lëtzebuerg brauch och en anstännege Versécherungssystem fir eis Dokteren, z.B. en „Fonds pour aléas thérapeutiques" oder eng aner Léisung, déi deen Zweck erfëllt. Och den Dossier schleeft scho ganz laang an et gi Léisunge gebraucht. Haut sinn d'Versécherungskäschten e vill ze héije Faktor fir d'Dokteren zu Lëtzebuerg an et gëtt leider Versécherungsgesellschaften, déi iwwerhaapt keng Doktere méi als Client akzeptéieren. Dëst ass an Zäiten, wou d'Doktere riskéieren ëmmer méi aus ideologesche Grënn ënner Drock gesat, kritiséiert a juristesch poursuivéiert ze ginn, zwar nozevollzéien, awer net ze akzeptéieren. De Staat muss den Doktere besser Versécherungsméiglechkeete bidden, duerch déi si virun net justifizéierte Campagnen a Kloe besser ofgeséchert sinn. Besonnesch d'Gynekologe sinn do ville Risiken ausgesat.

Den Hausdokter ass a bleift fir d'ADR ëmmer nach e wichtege Pilier an eisem Gesondheetssystem.

Lëtzebuerg brauch dann och eng komplett medezinesch Ausbildung fir Dokteren op der Uni.lu, wéi och e komplette Curriculum fir méiglechst vill aner medezinesch Beruffer. Dëst géif och evitéieren, datt eis Medezinstudente mussen an d'Ausland goen an duerno do schaffen amplaz zeréck op Lëtzebuerg ze kommen.

De Staat soll jonken Dokteren dann och e selbstännege Beruffsstart vereinfachen, eventuell duerch gemeinschaftlech Gesondheetszentre mat e puer Dokteren a ländleche Géigenden. Hei soll och eng vereinfacht juristesch Struktur proposéiert ginn, fir datt e puer Doktere kooperéiere kënnen. Och extra Prêt-Konditioune mat engem nidderegen Zënstaux fir eng éischt Praxis opzemaachen, wou een de Prêt och eréischt no z.B. 5 Joer zeréckbezuele muss, si Méiglechkeeten, déi duerch de Staat kënnen encouragéiert ginn. Och eng staatlech Hëllef

bei der Finanzéierung vun der technescher Apparatur, z.B. a Form vun engem gënschtege Prêt oder a Form vun engem „Leasing"-Vertrag, bei deem d'Apparatur dem Staat gehéiert, awer vum Dokter benotzt gëtt, si Méiglechkeeten, déi d'ADR ënnersiche wëll. Mir wëllen och d'Iddi, fir Privatpraxe geziilt beim Spidol oder an noer Ëmgéigend ze installéieren, ënnerstëtzen, wat dem Dokter besser Méiglechkeete schaaft, fir zum Deel a senger privater Praxis ze schaffen an zum Deel an engem Spidol.

Et wier och néideg, datt d'Spezialisatiounen hei am Land ausgebaut ginn, wéi z.B. an der Onkologie, der Neurologie an nach anerer.

D'Gesondheets- a Fleegepersonal

Net nëmmen d'Dokteren hunn als Beruffsgrupp hir Suergen, mee och vill aner Beruffer aus dem Gesondheetsberäich. Als ADR ass eis doru geleeën, fir am Dialog mat den Infirmieren, Aide-Soignanten an anere Léisungen ze fannen, fir hir Beruffer esou héich ewéi méiglech ze qualifizéieren – och duerch eng *formation continue* – a Brécken ze bauen. D'Medezin entwéckelt sech rasant. Et ass also extrem wichteg, datt mir all dës Beruffer mat an eng dynamesch an héichwäerteg Entwécklung vum Gesondheetswiesen zu Lëtzebuerg mat abannen.

D'Penurie beim Personal an dësem Beruffssecteur ass bekannt. Méi wéi d'Hallschent vun eisem Personal am Fleegesecteur (Infirmier an Aide-Soignant) gëtt vu Frontaliere gestallt. Dat bréngt eis an eng grouss Ofhängegkeet zu eisen Nopeschlänner a suergt fir grouss sproochlech Problemer tëscht dem Patient an dem Personal, awer och ënnert dem Personal selwer. D'ADR hält et fir besonnesch wichteg, datt et grad an dësem Beräich net opgrond vun enger sproochlecher Barriär zu Problemer a Feeler kënnt, déi op Käschte vun de Patienten hirer Gesondheet geet. Dowéinst besteet d'ADR weider dorop, datt d'Personal am Lëtzebuerger Gesondheets- a Fleegesecteur ëmmer och Lëtzebuergesch schwätzt oder léiert. Eis national Formatioun an deem Beräich muss iwwerdeems esou opgebaut sinn, datt Lëtzebuerger Schüler am Gesondheets- a Fleegesecteur géintiwwer deene Schüler am noen Ausland keng Nodeeler hunn an datt eventuell sproochlech Defizitter kënne wärend der Beruffsausübung opgeschafft ginn.

Trotz de ville Frontaliere feelt et Lëtzebuerg u Personal, a ganz besonnesch un Nowuess, fir déi vill bevirstoend Pensiounen am Secteur opzefänken. Mir kommen och am medezinesche Beräich dem onkontrolléierte massive Wuesstem net hannendrun. D'ADR wëll de Bedarf un neiem Personal am Gesondheets- a Fleegesecteur an engem pluriannuelle Plang, deen de reelle Bedierfnesser vum Land entsprécht, feststellen. Dorop wäerte mir geziilt Campagnen opbauen, fir d'Leit zu Lëtzebuerg, besonnesch déi Jonk, ze encouragéieren, fir e Beruff am Gesondheets- a Fleegesecteur ze léieren. Gläichzäiteg wäert d'ADR dofir suergen, datt d'Beruffer am medezineschen an am paramedezinesche Beräich nees méi attraktiv ginn. Zu engem attraktive Beruff gehéieren natierlech déi finanziell Konditiounen, mee och gutt Aarbechtskonditiounen a gutt Ausbildungsméiglechkeeten, déi der Bedeitung an Noutwendegkeet vun dëse Beruffer Rechnung droen an der Verantwortung gerecht ginn, déi dës Leit dagdeeglech mussen droen.

D'ADR wëll dann och dofir suergen, datt anstänneg Passerellë geschaf gi fir Aide-Soignanten, déi sech zum Infirmier wëlle weiderbilden, ouni op hire Revenu mussen ze verzichten, wéi dat bei enger Formation initiale de Fall wier. D'Leit sollen déi néideg Entwécklungsméiglechkeete kréien, fir sech méi héich ze qualifizéieren, an den entspriechenden Diplom dofir kréien.

D'Attributiounen am Gesetz, déi d'Akte vun de verschiddene Beruffsgruppe festleeën, mussen och iwwerschafft an der Realitéit ugepasst ginn. Gewëssen Akten, déi den Aide-Soignant a senger Formatioun geléiert huet, soll dësen och onofhängeg uwende kënnen, esou datt wärend der Ausféierung d'Kontroll duerch en Infirmier net néideg ass. Dëst wier eng Valorisatioun vum Aide-Soignant senger Kompetenz a gläichzäiteg eng Entlaaschtung fir d'Infirmieren. Och de Statut vum paramedezinesche Personal bei den Zänndoktere muss nei gereegelt ginn. Generell muss och de Kenntnestransfer duerch dat erfuerent Personal méi wäertgeschat a besser genotzt ginn. De Moment geschitt dëst an eng benevoller Form. Et ass awer e ganz wichtege Punkt, dee konkret sollt organiséiert ginn a Form vun engem „Tutorat". Heifir sollt eventuell och de Statut vum Tutor agefouert ginn.

Mir brauchen och nei Karriärsperspektiven an de Spideeler a mir musse kucken, wéi sech do déi Modeller, déi mir am Ausland gesinn, bewären. Wat gutt ass, sollte mir kënnen och bei eis aféieren. Dobäi denke mir ënner anerem un de Fonctionnement, wéi een et beispillsweis aus däitsche Spideeler kennt, wou et ee Chefarzt, en Oberarzt an en Assistenzarzt gëtt, déi

an engem Roulement zesummen an eleng Visitte bei de Patiente maachen, esou datt méi eng kontinuéierlech Presenz vun Dokteren am Spidol ass.

Mental Gesondheet

Mir wëllen d'Psychotherapie an d'Psychiatrie hei am Land ënnerstëtzen an opwäerten. Mir wëssen, wéi vill Problemer et am Beräich vun der mentaler Gesondheet haut gëtt, besonnesch och bei ville jonke Leit.

Och hei mussen d'Effektiver, besonnesch wat d'Betreiungspersonal ugeet, grad ewéi d'Infrastruktur konstant un déi reell Besoinen ugepasst ginn. Et däerf net sinn, datt Personalmangel iwwert den Asaz vu Psychopharmaka ausgeglach gëtt. Besonnesch bei der Kanner- a Jugendpsychiatrie wäert d'ADR d'Mëttelen, fir de Patienten an hiren Elteren ze hëllefen, verstäerken. Eng Iwwerweisung vu Kanner oder Jugendlechen a speziell Strukturen am Ausland muss déi absolut Ausnam bleiwen.

D'ADR wëll och de Service „Suizidpreventioun" ënnerstëtzen an dofir suergen, datt si genuch Personal hunn, fir de Benevolat ze encadréieren an déi betraffe Familljen ze ënnerstëtzen.

Mir hale Suizidpreventiounskonzepter a -moossname weiderhi fir ganz wichteg a wëllen dës och entspriechend förderen. D'Informatiounen iwwer bestoend Offeren an Ulafstellen an der Suizidpreventioun mussen all Mënsch am Land erreechen, an dëst och iwwer ënnerschiddlech Weeër an a méi reegelméissegen Ofstänn.

D'ADR ass sech bewosst, wéi wichteg déi mental Gesondheet fir d'gesamt Gesondheetsbild vum Mënsch ass. An deem Sënn wëlle mir dofir suergen, datt flächendeckend Éischt-Hëllef-Coursë fir mental Gesondheet ugebuede ginn, déi dann och d'ganzt Joer kënne besicht ginn an op Nofro och op ënnerschiddleche Plazen, wéi a Schoulen, Foyeren, Betriber, asw., kënne stattfannen.

Well d'Leit sech dacks nëmmen Hëllef froen, wa si sech an engem Ëmfeld spieren, an deem si net dofir jugéiert ginn, wëlle mir Selbsthëllefsgruppen ënnerstëtzen, andeems hinnen, iwwert eng professionell Tâche, eng erfuere Persoun zur Säit gestallt gëtt, un déi de Responsabel vum Grupp sech wende kann, wa professionell Hëllef a Rot gefrot sinn.

Wat Psychotherapie an d'Visitte beim Psychiater ugeet, goufen endlech Efforte gemaach, fir d'Leit hei iwwert de Remboursement ze ënnerstëtzen. D'ADR begréisst, datt et endlech

dozou komm ass, mee bedauert, datt d'Visitte bei engem Psycholog nach ëmmer net vun der Gesondheetskeess ënnerstëtzt ginn. Mir sinn eis bewosst, datt och an dësem Beräich e staarke Manktem u qualifizéiertem Personal besteet. An et ass och esou, datt Visitte beim Psycholog fir vill Leit mat mentale Problemer schonn eng grouss Hëllef kënne sinn. An deem Sënn wëlle mir dofir suergen, datt méiglechst séier déi néideg reglementaresch Dispositioune geschaf ginn, fir datt och Visitte beim Psycholog vun der CNS kënne rembourséiert ginn.

D'ADR suergt iwwerdeems dofir, datt méi Plazen an enger Dagesklinick zur Verfügung gestallt ginn, fir ze verhënneren, datt en Hëllefsruff an engem ausgefouerte Suizid endegt. Et ass wichteg, datt den Iwwergang tëscht verschiddene Gesondheetsservicer – z.B. vun enger Hospitalisatioun an eng ambulant Behandlung – e sensibelen a wichtege Punkt ass, dee reiwungslos verlafe muss, fir eng Destabiliséierung ze verhënneren. Aus deem Grond muss d'Infrastruktur fir déi klinesch-psychologesch a psychiatresch Versuergung ausgebaut an och personalméisseg vergréissert ginn, fir ze verhënneren, datt d'Prise en Charge vum Patient duerch laang Waardezäiten oder aner administrativ Opwänn u Qualitéit verléiert oder eng Destabiliséierung begënschtegt. Wichteg ass och „Housing first"-Projeten ze ënnerstëtzen, bei deenen destabiliséiert Leit kënne Rou an Ënnerstëtzung fannen.

D'ADR ass der Meenung, datt Lëtzebuerg dréngend eng wierklech Ausernanersetzung a Studien zu Themefelder ronderëm de Suizid brauch, fir eng landesspezifesch an zilféierend Preventioun kënnen ze maachen. Dowéinst wäerte mir derfir suergen, datt esou Studien an Analysen hei zu Lëtzebuerg realiséiert ginn, dëst natierlech ëmmer ënner Berécksiichtegung vum Schutz vun der Privatsphär.

Schliisslech ass et och wichteg, déi juristesch Begleedung vun de Patienten an der Psychiatrie oder a verschiddenen Heemer nei ze iwwerdenken. Am Ausland, z.B. an Däitschland, gëtt et dofir intressant Modeller. De Fräiheetsentzuch an déi kierperlech Fixéierung vu Patienten si gravéierend Moossnamen, déi mussen extern duerch e Riichter kontrolléiert ginn.

Kontrolldokter

De Contrôle médical vun der Sécurité sociale ass duerch e Gesetz an der leschter Legislaturperiod staark vergréissert ginn. Et bestinn awer nach vill aner Problemer an et muss och eng besser Koordinatioun tëscht der Aarbechtsmedezin an dem Contrôle médical erreecht ginn. Déi néideg Prezisiounen an déi néideg Qualitéit an den Dossieren, déi vum Contrôle médical erstallt ginn, mussen assuréiert ginn.

D'Problemer vun de Beschäftegte vum Contrôle médical hu sech iwwert d'Zäit geheeft an zu grousse Spannungen an der Aarbechtswelt gefouert. Fir deem entgéintzewierken, wëll d'ADR folgend Punkten ëmsetzen:

- All Patient muss kënne mat enger Begleetpersoun beim CMSS erschéngen. Dëst ass wichteg fir déi psychesch Ënnerstëtzung an noutwendeg bei Sproochbarriären.
- Et gi Friste fir d'Äntwert vum Contrôle médical de la sécurité sociale (CMSS) an d'Garantie op eng Äntwert festgeluecht.
- De Rôle vum Kontrolldokter muss méi genee definéiert ginn, besonnesch am Verhältnes zum Aaarbechtsdokter oder aneren Dokteren, déi eng éischt Diagnos vun engem Patient gestallt hunn.
- D'Doktere vum CMSS sinn oft iwwerlaascht, si hunn och net ëmmer déi néideg Qualifikatioun a ginn aus deem Grond dozou verflicht, sech reegelméisseg fortzebilden.
- Et mussen onbedéngt méi Spezialisten agestallt ginn, ënner Konditiounen, déi dat och erméiglechen. Dat erreecht een awer just, wann dës Dokteren en entspriechend Gehalt bezuelt kréien, also „hors cadre" agestallt ginn (sou wéi Ministeren oder Staatssekretären). D'Karriär A1 ass net attraktiv genuch fir esou Dokteren, déi da léiwer am Ausland schaffen. Den Doktertitel muss méi valoriséiert ginn.
- Grondsätzlech muss all Dokter zweesproocheg sinn (konkret: op d'mannst Däitsch a Franséisch beherrschen).

Urgence a Maison médicale

Vill Leit gi bei enger liichter Erkrankung oder Verletzung schonn an d'Urgence. D'Spideeler musse kapabel sinn, fir all Patient esou séier ewéi méiglech ze behandelen. An der Urgence

feelt et schonn u Personal (Dokteren, Infirmieren, Sekretariat) an den néidege Raimlechkeeten. Deementspriechend sinn d'Waardezäite fuerchtbar laang.

D'ADR versprécht, d'Netz vu Maisons médicales nuets an de Weekend ze verstäerken. Mir brauchen esou séier ewéi méiglech och eng Maison médicale am Osten an eng Maison médicale méi héich am Norden. Dës sollten och besonnesch op d'Bedierfnesser vu Kanner ausgeriicht sinn. Et muss dann och Reklamm fir d'Maison médicale gemaach ginn, fir datt d'Leit de Reflex kréien, net ëmmer direkt an d'Urgence ze goen, esou datt déi entlaascht ginn. Dëst däerf awer kee Virwand sinn, fir den Ausbau vun den Urgencen an de Spideeler weider erauszezéien.

Mir stinn der Iddi, fir eng Maison médicale och an de Spidolsstrukturen ze integréieren (z.B. bannent der Poliklinick), favorabel géigeniwwer, grad ewéi enger Upassung vun hiren Horairen.

Des Weidere gëtt de Service fir Noutfäll an der Zännmedezin iwwert de Weekend an d'Feierdeeg besser un d'Besoinen ugepasst.

Generell ass och eng seriö Neireegelung vun den Urgencen a vun de Garden néideg.

Apdikten a Medikamenter

D'Apdikten hunn och déi wichteg Aufgab, dem Patient déi néideg Berodung an Informatiounen iwwer Medikamenter ze ginn. Et gëtt op d'Posologie, d'Niewewierkungen a Konterindikatiounen opmierksam gemaach. Aus dësem Grond ass et wichteg, datt dës wichteg Informatiounen ëmmer och op Lëtzebuergesch kënne vermëttelt ginn. Den Apdikter dréit dobäi eng héich Verantwortung.

Am ganze Land mussen Dag an Nuecht Gardë vun Apdikte kënnen assuréiert ginn. Dofir muss d'Zuel an d'geographesch Verdeelung vun den Apdikten am Land ugepasst ginn. Dat betrëfft besonnesch den Norden an den Osten.

Dokteren, déi Hausvisitte maachen, kënnen e Stock vun heefeg verschriwwene Medikamenter bei sech hunn, fir dem Patient auszehëllefen an de Wee an d'Apdikt ze erspueren.

Op Uweisung vum Gesondheetsministère ginn aus ekonomesche Grënn ëmmer méi Generika-Medikamenter vum Dokter verschriwwen. Net all Generika huet genee déiselwecht Wierkung eméi d'Original, an eng Rei Patiente sinn duerch de Wiessel op de Generika och veronséchert. E weidere Problem ass deen, datt et vill ze dacks zu Liwwerschwieregkeete kënnt. D'ADR fuerdert doméinst méi Fräiheet fir den Dokter an den Apdikter, amplaz op de Präis vum Medikament ze kucken.

D'ADR setzt sech dofir an, datt zu Lëtzebuerg d'Versuergung mat héichwäertegen an innovative Medikamenter garantéiert gëtt an d'Ofhängegkeet vun Importateuren aus der Belsch reduzéiert gëtt. Elo scho ginn et reegelméisseg Enkpäss bei der Versuergung mat Medikamenter.

Mir wëlle Versuergungsproblemer verhënneren an dofir suergen, datt all Moment op eisem nationalen Territoire e gesécherte Stock vun deene wichtegste Medikamenter a sanitäre Produite verfügbar ass, fir d'Bevëlkerung kënnen zouverlässeg och iwwer eng méi laang Zäitdauer ze versuergen. Iwwerdeems suerge mir fir d'Opstellung vun engem laangfristege Plang, deen d'Versuergung vun de medezineschen Ariichtungen an der Bevëlkerung a Krisesituatioune mat medezineschen a sanitäre Produite garantéiert. Dëse Stock muss zu all Abléck professionell a kompetent geréiert a permanent un d'Entwécklung vun der Bevëlkerung vum Land an den Infrastrukturen ugepasst ginn.

Fir d'ADR ass d'APL (Association pharmaceutique luxembourgeoise) e wichtegen Acteur am Lëtzebuerger Gesondheetssecteur, dee bei Verhandlungen iwwert d'Gesondheetsversuergung zu Lëtzebuerg mat um Dësch sëtze muss.

Ëmweltmedezin

Schiedlech Aflëss op d'Ëmwelt kënnen de Mënsch reegelrecht krank maachen. D'Liewensqualitéit ass deemno e weidere wichtege Grond, fir eis Ëmwelt gutt ze behandelen an ze schounen.

Duerch de séieren an onkontrolléierte Wuesstem hunn d'Ëmweltbelaaschtungen hei am Land iwwerproportional zougeholl. Ëmweltmedezinesch Krankheete mussen endlech och an eisem Gesondheetssystem unerkannt ginn.

De fréiere Generaldirekter vum Escher CHEM hat 2019 e Projet ausgeschafft, fir e stationären Déngscht an der Ëmweltmedezin unzebidden. Geplangt gouf eng Ëmweltklinick am Südspidol – eng 200 Quadratmeter grouss Infrastruktur mat speziellen Zëmmeren, fräi vu potenzielle Gëft-, Schued- a Reizstoffer – fir schwéierkrank Ëmweltpatienten net zousätzlech ze belaaschten. Dëst ass awer net realiséiert ginn an déi betraffe Patiente musse sech weiderhi fir deier Suen am Ausland behandele loossen.

Mat der ADR gëtt am Spidolswiesen eng spezialiséiert a stationär ëmweltmedezinesch Unitéit geschaf. Weider gëtt mat eis d'Preventioun an d'Fuerschung an der Ëmweltmedezin ausgebaut, medezinesch Formatiouns- a Weiderbildungsofferen am Kader vun der klinescher Ëmweltmedezin ginn ugebueden an et gëtt eng speziell ëmweltmedezinesch Diagnostik geschaf, bei där d'Therapiekäschten duerch d'Sécurité Sociale rembourséiert ginn.

D'Ëmweltambulanz ass e weidere wichtege Service, bei deem kompetent Experten – op Ufro an den Entreprisen oder och bei Privatstéit – Préiwungen an Analysen op Schuedstoffer maachen an dorops déi néideg Recommandatioune ginn. Dëse Service ass tëscht de Joren 2013 an 2018 komplett restrukturéiert ginn a krut vill manner Moyenen ewéi virdrun.

Well d'ADR dëse Sujet eescht hält an nach ëmmer hannert dem Konzept vun der Ëmweltambulanz steet, gëtt dëse wichtege Service a senger Strukturéierung nach eemol iwwerschafft a mat deenen néidege finanzielle Mëttele versuergt, fir datt d'Leit och tatsächlech déi Hëllef kréien, déi hinne vun dësem Konzept offréiert gëtt.

Alternativmedezin

Ënnert dem Impuls vun der ADR ass schonns 2001 an der Chamber eng Motioun ugeholl ginn, déi fuerdert, datt bestëmmte Forme vun Alternativmedezin gesetzlech encadréiert ginn. Dat ass bis elo eréischt zu engem Deel ëmgesat ginn. D'Patiente mussen d'Fräiheet hunn, sech no där Method behandelen ze loossen, déi hinne richteg erschéngt, esoulaang dat net zu engem gesondheetleche Risiko fir si ka ginn oder eng evident Scharlatanerie ass. Dowéinst ass e gesetzleche Kader wichteg. Et ass och fir d'Genesung wichteg, datt de Patient Vertrauen an d'Behandlung huet.

Bis op e Gesetz iwwert de Remboursement vu gewëssenen homeopathesche Produkter – wat an der Praxis awer kaum ugewannt gouf – sinn an de leschten 20 Joer keng Entwécklungen am Beräich vun der Alternativmedezin constatéiert ginn.

Am Dialog mat alle concernéierten Acteure wëll d'ADR de rechtleche Kader fir d'Alternativmedezin am Sënn vun enger besserer Ënnerstëtzung an Unerkennung iwwerschaffen an domat och de Patienten d'Méiglechkeet ginn, déi Behandlungsforme fir sech ze wielen, deene si am meeschte vertrauen. D'Gesondheetskeess soll och dës Behandlungen a Medikamenter wéinstens deelweis iwwerhuelen.

D'CNS an d'Nomenklatur

D'Gesondheetskeess soll weider paritéitesch vu Salariat, Patronat, Gesondheetsdéngschtleeschter a Staat gefouert ginn. D'Prioritéite mussen am Intressi vum Patient a vun der allgemenger Gesondheet geholl ginn. Fir dat mat ze garantéieren, kréien d'Dokteren an Zukunft och eng adequat Vertriedung an den Instanze vun der Gesondheetskeess.

Et däerf zu Lëtzebuerg keng Zwouklassemedezin ginn. Sollt et néideg sinn, och am Kader vum verantwortleche Wuesstem, d'Budgeten unzepassen, da muss dëst virun allem iwwer d'Recettë gemaach ginn. Reng ideologesch Depensë soll et net ginn, fir datt esou méi Suen do sinn, fir medezinesch noutwendeg Behandlungen ze rembourséieren.

Eng vun de Prioritéiten am Gesondheetsberäich muss d'Iwwerschaffe vun der Nomenklatur sinn, déi vill Behandlungen net oder net genuch rembourséiert. Am Beräich vun der Zännmedezin mussen Upassungen am Sënn vun engem bessere Remboursement gemaach ginn. Dat selwecht gëllt fir Interventiounen a Behandlungen, déi d'Aen oder d'Ouere betreffen, respektiv och de Brëll an den Hörapparat. D'Nomenklaturkommissioun kritt méi Kompetenzen a ka sech och auto-saiséieren.

Medikamenter fir chronesch Krankheeten, Kriibserkrankungen an aner Laangzäiterkrankunge solle vollstänneg rembourséiert ginn. Hei kënnt et dacks zu käschtenintensiven an och reegelméissegen Ausgabe fir d'Behandlung oder hir Niewenerscheinungen, déi fir vill Leit eng grouss finanziell Belaaschtung duerstellen, déi zur Krankheet dozoukënnt. Déi finanziell Suerge beaflossen déi mental Gesondheet, an dës

wierkt sech nees op de Genesungsprozess respektiv d'Krankheet vum Patient aus. Dofir si mir der Meenung, datt Patiente mat Laangzäiterkrankungen och besser Remboursementer vun den entspriechende Gesamtkäschte kréie mussen.

Awer och d'Reegelung vum Ausgangsrecht (droit de sortie) am Krankeschäi vu Patiente mat Laangzäiterkrankunge muss ugepasst ginn. Wëssenschaftlech Studien hu scho beluecht, wéi wichteg et fir dem Patient seng mental Gesondheet an domat och fir seng Genesung ass, datt een erauskënnt an net doheem agespaart ass. Dofir sollen déi Leit en Ausgangsrecht kréien, dat net limitéiert ass.

E weidere wichtege Punkt betrëfft déi progressiv Reprise vun der Aarbecht aus therapeutesche Grënn. Dës gëtt als vollwäerteg Krankeschreiwung gerechent, wat bei engem Kriibspatient beispillsweis duerch déi 78 Wochen Aarbechtsonfäegkeet zu weiderem onnéidege psychesche Stress féiert a kontraproduktiv fir d'Genesung ass. Déi gesetzlech Grenz vun 78 Krankheetswoche stellt fir schwéier krank Mënschen eng existenziell Menace duer, well hinnen no dëser Frist den Ausschloss aus der Sozialversécherung drot. Dofir wäert d'ADR dës Limitt bei Mënsche mat Laangzäiterkrankungen ofschafen an ersetzen duerch e Modell, dee garantéiert, datt schwéier krank Leit entweder esoulaang kënne krankgeschriwwe bleiwen, bis si nees geneese sinn, oder iwwert e reegelméissege Monitoring vum Gesondheetszoustand eng aner Léisung fir si fonnt ka ginn (Reclassement, provisoresch oder definitiv Invaliderent oder Altersrent), woubäi de gesondheetleche Monitoring iwwert de Contrôle médical vun der Sécurité Sociale lafe muss. Donieft wëlle mir, nom Beispill vun der „Commission mixte de reclassement", e speziellen Organe de suivi schafen, deen op Avis vum Contrôle médical iwwert de weidere Suivi vum Versécherte sengem Dossier statutéiert mam Zil, datt zu all Moment seng Sozialversécherung bestoe bleift.

D'Gesondheetskeess soll endlech och alternativ Behandlungen a Medikamenter op d'mannst zum Deel iwwerhuelen, well och dës Behandlunge stellen eng finanziell Belaaschtung duer, déi vill Leit sech net leeschte kënnen.

D'Tester bei Allergien an Intoleranze solle vun der Gesondheetskeess iwwerholl ginn.

Des Weidere sollten och d'Therapiekäschte bei der Dyslexie a Legasthenie rembourséiert ginn.

Mir sinn der Meenung, datt de Katalog vun den „pathologies lourdes" reegelméisseg muss ugepasst ginn an datt eng Rei Krankheeten, ewéi de Lipödem, och sollen doranner opgeholl ginn.

Et ass dem Patient säi Recht, sech am Ausland behandelen ze loossen. Ganz besonnesch dann, wann de Patient hei am Land net déi néideg Hëllef kréie kann, oder net séier genuch. Och dofir mussen d'Prozedure vereinfacht an d'Remboursementer iwwerschafft ginn.

Fir eng Zwouklassemedezin ze evitéieren, fuerdert d'ADR ausserdeem nach, datt en (ambulanten) Akt, deen am Ausland gemaach gëtt, oder e Medikament, dat am Ausland verschriwwen a vun der Lëtzebuerger CNS rembourséiert gëtt, ënnert deene selwechte Bedéngungen och zu Lëtzebuerg muss kënne gemaach oder verschriwwen a rembourséiert ginn. Et däerf keng Diskriminéierung vun de Lëtzebuerger Dokteren oder de Lëtzebuerger Patiente ginn. Beispiller fir esou Akte sinn ënnert anerem d'Mammographie, den IRM, de Scanner, d'Endoskopie, asw.

D'ADR wëll och den Zäitfaktor fir Konsultatioune beim Dokter an d'Nomenklatur aféieren.

Generell soll d'Nomenklatur an Zukunft reegelméisseg iwwerschafft an un d'Fortschrëtter vun der Medezin ugepasst ginn.

Déi zum Deel ganz generéis Reegelungen an eisem Gesondheetssystem kënnen natierlech och zu Abusen a Fraude féieren. Mir mussen dee Risiko ëmmer ganz genee evaluéieren. Iwwert e personell a materiell gutt ekipéierte Kontrollbüro fir d'Bedruchsbekämpfung („Office national anti-fraude"), deen d'ADR grënne wëll, soll all Form vun Abus a Bedruch am Sozialberäich bekämpft an ënnerbonne ginn.

Generaliséierung vum Remboursement immédiat

Medikamenter, medezinesch Ënnersichungen a besonnesch Behandlungen an Agrëffer kënnen immens deier sinn. Fir vill Leit ass et e finanzielle Problem, dës Suen „virzestrecken" an op de Remboursement ze waarden respektiv gréisser Beträg direkt an enger Kéier ze bezuelen. Déi laang Waardezäite beim Remboursement vun der Gesondheetskeess maachen dës Situatioun dann nach méi kritesch. Et däerf net sinn, datt eng Persoun duerch e finanziellen Engpass seng Behandlung net kréie kann, zäitlech verréckele muss oder de

Suivi net maache kann. Dat féiert zu enger Verschlechterung vum gesondheetlechen Zoustand respektiv zum ongehënnerte Weidergang vun der Krankheet.

Dofir si mir, ënnert enger wichteger Konditioun, fir eng Generaliséierung vum Remboursement immédiat: Et ass wichteg, am Sënn vum Dokter a vum Patient, datt d'Dokteren hir Onofhängegkeet vun der Gesondheetskeess behalen an net an hirer Entscheedungsfräiheet ageschränkt ginn. Den Dokter muss e liberale Beruff exerzéiere kënnen, fir an Ofsprooch mam Patient, gemeinsam déi fir hie passend a beschtméiglech Behandlung kënnen ze wielen. D'Aféierung vum Remboursement immédiat däerf den Dokteren dann och keng zousätzlech Käschte verursaachen. Déi néideg informatesch Plattforme mussen hinne gratis zur Verfügung gestallt ginn an d'Remboursementer mussen a vernënftegen Delaie geschéien.

D'ADR wäert d'Aféierung vum Remboursement immédiat généralisé also vun enger Rei vu Konditiounen ofhängeg maachen.

D'Patienten hu Rechter

Dem Patient säi wichtegst Recht ass eng mënschewierdeg Fleeg a Behandlung. Dëst gëllt besonnesch bei der stationärer Fleeg – awer net nëmmen do. Dozou gehéieren och en Empfang op Lëtzebuergesch, kuerz Waardezäiten, genuch Personal, dat net permanent am Stress ass, mee och emol Zäit huet fir nozelauschteren, asw.

Sollt et Komplikatioune bei der Behandlung vum Patient ginn, muss hie vun enger onofhängeger Institutioun gehollef kréien, fir seng Rechter duerchzesetzen. Fir dës Onofhängegkeet ze garantéieren, soll de Service vun der Mediatioun am Gesondheetsberäich net méi dem Gesondheetsminister ënnerstallt sinn, mee un den nationalen Ombudsman ugebonne ginn.

Patienten, déi duerch hir Behandlung oder en operativen Agrëff e Schued erleiden, besonnesch wann et duerch e Feeler vum Dokter oder anerem Gesondheetspersonal geschitt, sollen dofir entschiedegt ginn. An deem Sënn soll e staatlechen Entschiedegungsfong fir therapeutesch Risiken (Fonds public d'indemnisation des aléas thérapeutiques) geschaf ginn, well dëst e wichtegt an noutwendegt Element fir d'Gesondheet vum Mënsch ass. Trotz der Mediatioun am Gesondheetsberäich an engem

staatlechen Entschiedegungsfong fir therapeutesch Risike muss de Patient seng Rechter awer ëmmer nach kënnen akloen.

An deem Kontext schéngt eis e weidere Punkt, deen d'Zouloossung vu Medeziner betrëfft, ganz wichteg. D'ADR passt dat ofgeännert Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwert d'Beruffsausübung vun de Medeziner, Zänndokteren a Veterinairë mat enger neier Reegelung un. Duerch dës Reegelung gëtt séchergestallt, datt eng Persoun, déi zu Lëtzebuerg eng Zouloossung an engem vun deenen dräi Beruffer huet, an an engem anere Land vun der Europäescher Unioun eng Strof mat enger Aarbechtssuspendéierung géint dës Persoun gesprach gouf a si domat hir Zouloossung verluer huet, dann och zu Lëtzebuerg hiert d'Recht ze praktizéiere fir dee selwechten Zäitraum verléiert. Fir e Staatsbierger vun Drëttstaaten ass dat europäescht Land zoustänneg, dat déi éischt Autorisatioun an Europa ausgestallt huet.

D'ADR schaaft e Kontrollorgan, an deem all d'Acteure vertruede sinn, fir Qualitéitsstandarden am Gesondheetsberäich opzestellen an ze kontrolléieren. Fir eng gréisstméiglech Onofhängegkeet ze garantéieren, gëtt dëse Gremium dem Ministère fir Verbraucherschutz ugegliddert.

Am Beräich vun der Telemedezin bleift och nach vill ze maachen an et bleiwen och munch Froen ze klären. Et gëtt hei e gesetzleche Kader gebraucht, dee genau kläert, wéini respektiv fir wat fir Fäll dës Form vu Consultatioun genotzt ginn däerf. Dem Patient säi Recht dorop, vum Dokter op der Plaz ënnersicht ze ginn, muss hei och geséchert ginn.

Den elektronesche Patientendossier

Den elektronesche Patientendossier (DSP, *dossier de soins partagés*) ass keen Erfolleg. E grousse Problem bei dësem Outil ass, datt de Patient net genuch Kontroll huet iwwert d'Donnéeën, déi an dem Dossier sinn. Esou wéi den Dossier opgestallt ass, ass net emol fir vill Doktere kloer, wat scho gemaach ass, wat nach muss gemaach ginn a wat de Suivi ass. Et ass einfach e schlechte System, deen an der Praxis net funktionéiert.

Aus deem Grond ass d'ADR der Meenung, mir sollten den elektronesche Patientendossier ganz anescht opbauen. Dëst kéint een op Basis vun der App maachen, déi d'AMMD entwéckele gelooss huet, esou datt de Patientendossier schliisslech seng

Zilsetzungen erfëllt, d'Patienten e Méiwäert dran erkennen an d'Dokteren och anstänneg domat schaffe kënnen.

Et gëtt eng Rei Beräicher an der Medezin zu Lëtzebuerg, an deenen den Dateschutz vun de Patienten net ëmmer um beschtméiglechen Niveau geschützt ass, dozou zielt och den elektronesche Patientendossier. Dat ass e grousse Problem, deen d'ADR net akzeptéiere kann. Et ass wichteg, datt d'Gesondheetspersonal, jee no Kompetenz, Accès op déi néideg Donnéeë vum Patient huet, mee och den Dateschutz muss garantéiert ginn. Dowéinst ënnerstëtze mir d'Konzept vum engem elektronesche Patientendossier ënnert der Oplag, datt gréisstméiglech Sécherheet fir den Dateschutz gëllt an datt de Patient d'Uleeë vu sengem Dossier refuséiere kann („opt-out"). Dee ganz breeden Zougrëff vum Contrôle médical op verschidde Fichieren ass Géigestand vu Kritik a muss iwwerpréift ginn.

Ëmgang mat der Demenz a Fleeg

Grad bei Demenz ass Opklärung an Informatioun wichteg. D'Gesellschaft muss léieren, mat der Demenz als Krankheet ëmzegoen. Well d'Zuel vun de Betraffenen zouhëlt, mussen d'Strukture fir dës Leit weider ausgebaut an deene spezifesche Besoinen ugepasst ginn. Dëst gëllt och fir d'Fleegeservicer.

D'Betreiung vun Demenzkranken doheem an hirem gewinnten Ëmfeld muss d'Prioritéit sinn. D'Solidaritéit an der Famill an tëscht de Generatioune muss dobäi vum Staat gefërdert ginn, esouwuel steierlech ewéi och mat direkten Hëllefen. Familljememberen, Frënn oder Bekannter, déi esou Leit ënnerstëtzen („aidant informel"), musse reegelméisseg entlaascht ginn – dëst stonneweis, mee och wa si an d'Vakanz wëllen.

D'ADR evaluéiert d'Fleegeversécherung a passt si do un, wou et néideg ass. Dat hu mir och schonn an enger Gesetzespropositioun zum Ausdrock bruecht. Et geet dorëms, datt déi Betraffen net nëmme sollen „versuergt" ginn. Si sollen och hir sozial Kontakter an hirem gewinnten Ëmfeld esouwäit ewéi méiglech kënne bäibehalen. Et ass un der Politik, d'Konditioune fir vernetzte Strukturen an dësem Beräich ze schafen.

An deem Sënn gëtt fir dement Persounen och e weidere Fleegeakt geschaf. Bei de Fleegeakte vun der Fleegeversécherung gëtt nämlech just de jeeweilegen Akt selwer gerechent. Grad bei enger Krankheet ewéi Demenz ass et awer ganz wichteg, datt de Fleeger genuch Zäit

huet, fir sech fir d'éischt emol op de variabelen emotionalen Zoustand a Rhythmus vun enger dementer Persoun anzeloossen an den Zougang zu hir ze fannen, fir dann an engem zweete Schrëtt den eigentleche Fleegeakt kënnen duerchzeféieren. Aus deem Grond gëtt en neien, zousätzlechen „Demenzakt" geschaf, deen dës néideg Zäit berécksiichtegt an esou eng qualitativ méi héichwäerteg Begleedung a Fleeg vu Leit mat Demenz erméiglecht.

Generell wëll d'ADR, datt medezinesch Akten an d'Aarbecht vun den Hëllefsdéngschter net no Minutt a Sekonn berechent ginn. Et muss och mol Zäit sinn, fir e frëndlecht Wuert an e mënschleche Gest, deen net an enger Tariffstruktur steet. Eventuell kéint dat och eng Aufgab si fir jonk Leit, déi e sozialen Déngscht am Kader vun hirem fräiwëllegen „soziale Joer" leeschten.

Palliativmedezin

All Mënsch soll och seng lescht Méint, Wochen, Deeg oder Momenter kënnen an Dignitéit, a Rou a mat esou mann ewéi méiglech Angscht a Péng liewen. Dat ass d'Roll vun der Palliativmedezin, déi mir voll ënnerstëtzen. D'ADR wäert en nationale Plang vun der palliativer Versuergung ausschaffe loossen an och ausféieren.

Zur Dignitéit an zur Rou gehéiert och, datt d'Patienten d'Enn vun hirem Liewen an hirem gewinnten Ëmfeld verbrénge kënnen. Dowéinst soll den ambulante Service esou ausgebaut ginn, datt méiglechst vill Mënschen an hirem Doheem kënne versuergt ginn. Dëse Service muss och bis an d'Senioren- a Fleegeheemer funktionéieren.

D'ADR bleift bei hirer Positioun géintiwwer der Euthanasie, déi si an de leschten 20 Joer konsequent vertrueden huet. Amplaz vun der Euthanasie wëlle mir eng besser Opklärung iwwert déi legal Méiglechkeete fir déi betraffe Leit.

Et ass esou, datt d'Patienten net ëmmer hir Rechter kennen oder d'Recht op eng Palliativversuergung net kréien, well si net als Palliativpatient deklaréiert sinn. Aus deem Grond setzt d'ADR sech dofir an, datt den néidege rechtleche Kader geschaf gëtt, dee kloer an transparent Modalitéite bestëmmt, wéini a wéi e Patient fir palliativ erkläert gëtt. Domat soll verhënnert ginn, datt e betraffene Patient net zu sengem Recht kënnt.

Donieft besteet de Problem, datt déi meescht Leit keng sougenannte Vertrauenspersoun („personne de confiance") hunn. D'ADR hält dëst awer fir eng ganz wichteg Bestëmmung an

ënnerstëtzt d'Iddi, datt all groussjäregen Awunner vu Lëtzebuerg esou eng Vertrauenspersoun ugi soll. Wann de Betraffenen net méi selwer bestëmme kann, géif dëst den Dokteren an der Famill déi Laascht vu schwieregen Entscheedungen ofhuelen, doduerch datt déi Vertrauenspersoun genau weess, wat dee Betraffene wéilt. D'Vertrauenspersoun kéint beispillsweis am Dossier de soins partagés oder am MyGuichet festgeluecht ginn.

Recht op Liewen

D'Ethik an der Medezin ass fir d'ADR e wichtege Punkt. Mir maachen eis schonn zënter ville Jore staark fir d'Recht op Liewen. Dowéinst hale mir och op den Ausbau vun der Palliativ-Medezin.

An der Diskussioun ronderëm d'Ofdreiwung deele mir d'Bedenke vun de Gynekologe géint rezent Fuerderungen, fir d'Frist vun 12 op 14 Wochen eropzesetzen. D'Sécherheet vum Agrëff geet domat erof a geschlechtsspezifesch Ofdreiwunge gi méi liicht méiglech. Mir wäerten eis decidéiert géint esou eng Fristverlängerung wieren. Fir d'ADR gëtt et e Recht op Liewen, net e Recht op Ofdreiwung. Mir bleiwe bei eiser traditioneller Positioun am Beräich vun der Ofdreiwung, dat heescht, datt eng Indikatiounsléisung muss méiglech sinn. Mir wëllen dogéint léiwer Fraen an aneren Ëmstänn hëllefen, fir hiert Kand ze behalen, och wann et mannerjäreg Mamme sinn. Mir wëlle materiell a psychologesch beroden, hëllefen, ënnerstëtzen a schützen. Fir dat Zil ze erreechen, géinge mir och méi budgetär Mëttele mobiliséieren. An deem Sënn wëlle mir och e Foyer grënne fir Fraen a Meedercher an Nout, fir datt déi och kënnen do wunnen an ënnerstëtzt ginn. Dëse Foyer soll konkret dorop ausgeriicht sinn, datt all Grond fir eng Ofdreiwung aus materielle Grënn, fir dës Fraen a Meedercher kann evitéiert ginn.

Nach ëmmer ass eng diagnostizéiert Trisomie 21 en Doudesurteel fir vill Kanner – dat soll eiser Meenung net esou sinn. Och dofir wëlle mir endlech den Elteren, déi e Kand mat Behënnerung hunn oder erwaarden, méi staark hëllefen. Si solle wëssen, datt de Staat sech ëm hir Kanner këmmert, och wa si selwer eemol ze al oder ze schwaach dofir gi sinn. Eis Gesellschaft soll net ëmmer nëmme vun de Rechter vun de Leit mat enger Behënnerung schwätzen, mee si soll sech och aktiv fir déi Leit engagéieren – credibel, resolut a laangfristeg.

Am Fleegesecteur wëlle mir vu Modeller ewechkommen, déi all Gest minutéieren. An eisen Aen ass dat eng Praxis, déi net ganz mënschlech ass, net fir de Patient an net fir déi Persoun, déi sech wëll anstänneg ëm de Patient këmmeren. Zäit ass nun emol e wichtege Faktor bei der Fleeg a Betreiung vum Patient, a si ass onverzichtbar, wann d'Mënschlechkeet an d'Dignitéit dobäi net sollen op der Streck bleiwen.

Déi Leit, déi engem Familljemember oder engem Bekannten Hëllef leeschten, esou datt fir verschidden „actes essentiels de la vie" an „activités d'assistance à l'entretien du ménage" net op e Fleegedéngscht muss zeréckgegraff ginn, hunn no dem Code de la sécurité sociale Prestatiounen zegutt. Dat ass eng ganz wichteg a wäertvoll Aarbecht, déi dës Leit maachen, a sollt am Sënn vun de Betraffenen, déi op hir Hëllef ugewise sinn, och entspriechend ënnerstëtzt ginn. Mir wäerten den Tableau mat de Prestatioune fir déi ënnerschiddlech Forfaiten iwwerpréiwen a wann néideg upassen, esou datt déi individuell Situatioun (z.B. den Trajet) besser a méi gerecht ka berécksiichtegt ginn.

D'ADR huet och d'Iddi, fir zur Assurance-dépendance eng zousätzlech, fakultativ Assurance de vieillesse anzeféieren, fir datt sämtlech Grondbedierfnesser am Alter ofgedeckt sinn.

Eng verfeelte Covid-Politik opschaffen

D'ADR schwätzt sech ganz kloer géint eng Covid-Impfflicht aus a verlaangt, datt si do, wou si agefouert gouf, wéi z.B. an der Arméi, nees ofgeschaf gëtt. D'ADR setzt sech och weider dofir an, datt Impfschied oder Impfniewewierkunge kënnen einfach a séier gemellt ginn, datt si vun den Autoritéiten eescht geholl ginn an datt deene betraffene Leit séier an onbürokratesch gehollef gëtt. D'ADR wëll och e speziellen Effort vum Staat, fir Persounen ze hëllefen, déi berufflech Nodeeler haten, well si sech net impfe gelooss hunn.

Déi Leit, déi ënner Long-Covid leiden, musse selbstverständlech och all Hëllef kréien.

Persounen, déi wéinst Verstéiss géint den Ausgangsverbuet oder Maskevirschrëfte protokolléiert goufen, solle rembourséiert ginn, sou wéi dat deelweis och schonn am Ausland geschitt.

D'ADR hätt gär eng komplett, neutral an objektiv Opklärung vun alle politeschen, diplomateschen, gesetzlechen, reglementareschen, administrativen an anere Virgäng, déi d'Fräiheete vun de Leit an der Covid-Zäit ageschränkt hunn. Dozou gehéieren, ënner aneren:

d'Uerdere vun der Regierung un d'Force publique, d'Aschränkunge vun der Demonstratiounsfräiheet, de Roll vun der Douane bei Grenzkontrolle bei der Ausrees an Däitschland, d'Decisiounen an der EU iwwer d'Aféierung vun Impfpäss mat QR-Code, Aschränkunge vun der Reesfräiheet, an esou weider.

D'ADR huet och initiéiert, datt d'Cour des Comptes aktuell e Rapport iwwer den „Large Scale Testing" virbereet.

Dat nationaalt Covid-Gesetz gëllt bis Dezember 2024. D'ADR wëll, datt et duerno ganz an ersatzlos ofgeschaaft gëtt.

Op internationalem Niveau ass d'ADR strikt géint eng Oftriedung vu Kompetenzen un d'EU, d'WHO oder aner international Organisatiounen. En neien, internationale Pandemievertrag muss déi national Souveränitéit vun de Staaten absolut respektéieren.

Eng Aféierung vun engem EU-Impfpass, mat oder ouni QR-Code, als Reesdokument kënnt fir d'ADR net a Fro.

D'Roll vun der Europäescher Kommissioun an der Pandemie muss politesch a strofrechtlech iwwerpréift ginn, besonnesch wat d'Verträg mat den Impfproduzenten ugeet. Et muss och gekläert ginn, wéi vill Drock op déi Europäesch Medikamentenagentur EMA ausgeüübt gouf.

17. Energie- a Klimapolitik

Energie an Ëmweltschutz

Den Ëmwelt- a Klimaschutz ass natierlech eppes, wat all d'Parteie matdroen, mee d'ADR mécht dat mat Vernonft an ouni Ideologie. Mir si selbstverständlech oppe fir nei Entwécklungen an der Technologie, awer wieren eis och dobäi géint all Dirigismus. An deem Sënn wëlle mir de Leit keng alternativ Energien opzwéngen an och keen Elektroauto. Mir wëllen de Verbrennungsmotor och net verbidden an de Leit d'Wiel loossen, wat fir eng Technologie si notze wëllen. Mir wëllen d'Proprietären och net enteegnen, andeems mir d'Verkafen an d'Verloune vun Immobilien ënnert enger bestëmmter Energieklass verbidden.

An dësem Kontext hält d'ADR et fir wichteg, nach emol drop hinzeweisen, datt den onkontrolléierte massive Wuesstem och en ëmmer méi grousse Bedarf un Energie fuerdert an en negativen Impakt op den Ëmwelt- an Naturschutz huet. Wien de Wuesstem weider esou an d'Luucht dreiwe wëll, soll sech net fir Ecologie ausschwätzen, well béid Iddien am Widdersproch stinn.

E kontrolléierten a qualitative Wuesstem, esou wéi d'ADR dat wëll realiséieren, hëlleft eiser Ëmwelt!

Energieversuergung

Mir brauchen zu Lëtzebuerg an an Europa Energiesécherheet an Energie zu niddrege Präisser, esouwuel fir d'Mënsche wéi och fir d'Industrie.

Wat konkret d'Energieversuergung ugeet, musse mir d'Ursaachen, deenen déi deier Energiepräisser ënnerleien, berengegen. Dat heescht, fir ganz kloer ze sinn, mir wëllen a brauche Fridden an Europa. Mir mussen eis Versuergung mat Energie esou uerdnen, datt mir se gënschteg genuch kréien. Och eis Nopeschlänner sinn dovun direkt affektéiert. Et ass wichteg, datt de Krich an der Ukraine ophält, datt eng schnell Reconciliatioun stattfanne kann an erëm Handelsbezéiungen normaliséiert ginn.

Fir Europa féiert kee Wee derlaanscht, sech mat der Energieproblematik seriö an ouni Ideologie auserneenzesetzen, op eng Manéier, déi eis net vum amerikanesche Fracking-Gas ofhängeg mécht, dee véier bis siwe Mol méi deier ass wéi dat, wat mir bis elo haten, an dee jo schliisslech och eng ganz Rei vun ekologesche Problemer opwërft.

An där ganzer Diskussioun ëm d'Energieversuergung ass d'Schlësselfro, déi mir eis stelle mussen: Wéi kréie mir genuch steierbar a kompetitiv Energie, fir ekonomesch ze iwwerliewen?

Am Abléck hunn d'Regierung an déi aner Oppositiounsparteien eng strikt Orientéierung eleng a Richtung alternativ Energien. Dës Energië bréngen awer leider nëmme ganz wéineg a bei Wäitem net genuch. Si decke grad emol en eestellege Prozentberäich vum Gesamtenergiebedarf, dozou manner wéi 20 Prozent vun der Stroumproduktioun, an dat zu engem héich subventionéierte Präis. Wann d'Sonn net schéngt, da gëtt et keng Solarenergie, a wann de Wand net bléist, da gëtt et keng Wandenergie.

Et muss gekuckt ginn, wat fir Forme vun Energie zu wat fir Konditioune kënne produzéiert ginn. Mir brauchen eng Energieversuergung, déi méiglechst propper a sécher ass; déi steierbar ass an esou de Bedarf zu all Zäit verlässlech ofdecke kann; déi gënschteg genuch as, fir datt d'Leit sech se leeschte kënnen a mir als Land kompetitiv bleiwen an eis ekonomesch Intressien, vun deene mir all liewen, geschützt sinn.

Dat sinn onverzichtbar Konditioune fir d'Energieversuergung vun eise Stéit, vun eiser Ekonomie, an et ass och vu Bedeitung fir dee wichtegste Secteur am Land, eis Finanzplaz. Dowéinst si mir oppen, fir eise Fongen ze erlaben och an déi zwou wichtegst Energieformen ze investéieren: Atom- a Fossilenergie. Sech eenzeg an eleng op erneierbar Energien ze verloossen, ass onrealistesch. Mir schueden de Stéit, eiser eegener Industrie a seeën niewebäi an engems d'Finanzplaz of. Fossilenergie kann als Iwwergang benotzt ginn, fir eis Energieversuergung ze garantéieren.

D'ADR vertrëtt eng realistesch, eng pragmatesch a couragéis Approche, andeems mir ganz kloer soen, datt mir oppe si fir Atomenergie an Europa, esoulaang mir se brauchen. Atomenergie a spéider Atomfusiounsenergie sinn dat steierbaart, disponibelt a bezuelbaart Réckgrat, dat et eis erlaabt, erneierbar Energie ze benotzen, wann déi disponibel ass, an direkt anzesprangen, wa méi Stroum gebraucht gëtt, eréi erneierbar disponibel ass. Eis Intressien am Beräich vun der nuklearer Sécherheet musse garantéiert bleiwen, dofir wäerte mir och der Verantwortung fir eng anstänneg zivilrechtlech Ofsécherung vun de Leit nokommen. Iwwerdeems wëlle mir d'Fusiounsfuerschung an Europa förderen.

Erneierbar Energie

Erneierbar Energie muss do agesat ginn, wou si sënnvoll ass. Lëtzebuerg huet e klengt Potenzial bei der Fotovoltaik, a bedéngt och beim Wand. D'ADR ass awer net bereet illusoresch Ziler, eméi eng zu 100 Prozent op erneierbar Energie ausgeriichte Versuergung, ze verfollegen, egal wat et kascht. D'Land soll net mat industrielle Wandanlagen zougebaut ginn. Déi sinn extrem deier, maache vill Kaméidi an hire Schallpeegel ka gesondheetlech Problemer verursaachen. Se si materialintensiv beim Bauen, schwiereg opzeriichten a brauche vill Ënnerhalt. De Präis läit bei ronn 1,3 Milliounen Euro pro Megawatt installéierter Leeschtung (Quell: badenova.de). Déi grouss Wandrieder vun 250 m Héicht an enger Nominalleeschtung vu 15 MW brauchen e Fundament vun engem Diameter vu 40 m an enger Déift vun 8 m, dat sinn 8000 qm Bëtong respektiv 1000 Bëtongscamione voll. An der Moyenne entsprécht dat 1.475 Tonnen CO_2. Wandkraaftanlage verännere d'Landschaftsbild a beanträchtegen dat kulturellt Ierwen. Se kënne Vigel a Fliedermais, déi mat de Rotore kollidéieren, ëmbréngen oder duerch de Loftdrockënnerscheed verletzen. A schlussendlech fragmentéiere se de Liewensraum an d'Wanderweeër vun de Wëlldéieren. Eis Fläche sollen och net mat groussflächege Solaranlagen iwwerdeckt ginn, well se der Landwirtschaft Terrainen ewechhuelen, d'Buedemqualitéit verschlechteren an d'Aartevillfalt beanträchtegen. Biosprit a Biogasanlagen däerfen net a Konkurrenz mat der Liewensmëttelproduktioun stoen. Gréisser Anlage ginn net méi subventionéiert, mee dofir ginn awer kleng Privatinitiative méi staark ënnerstëtzt.

Fir datt eng Energieversuergung aus erneierbaren Energië funktionéiere kann, musse besonnesch déi grouss Stroumtrassen ausgebaut a méi staark vernetzt ginn. Och den Ausbau vu Späicherkapazitéite muss virugedriwwe ginn. Do muss Lëtzebuerg säi Bäitrag leeschten.

Energieverbrauch mat Mooss reduzéieren

Fir d'Atmosphär net mat Zäregasen ze belaaschten, mussen déi Emissioune reduzéiert ginn. Dëst kann nëmme mat engem verantwortungsvolle Wuesstem erreecht ginn. Och bei enger eventueller Reduktioun vum Energieverbrauch mussen d'Ziler realistesch bleiwen. Beispillsweis däerfen Energiespuermoossnamen am Wunnengsbau net d'Präisser esou an d'Luucht dreiwen, datt nëmmen nach eng Minoritéit sech eng eege Wunneng leeschte kann.

Genau dorop ass awer net geuecht ginn. D'Ëmweltoplagen, do wou se néideg a sënnvoll sinn, hätte vill méi rational a proportional misse sinn. Amplaz vun engem progressiven Iwwergang gouf de Betriber alles direkt a beieneen operluecht. De Staat gëtt wuel Subsiden. Den Amortissement ass awer just rentabel, wann ee grousse Benefice mécht, wat op ganz vill Betriber net zoutrëfft.

Déi ekonomesch Entwécklung däerf net gebremst ginn duerch ze ambitiéis Ëmweltoplagen. Dofir si mir der Meenung, datt de Staat déi domat verbonne Käschten iwwer méi generéis Hëllefe kompenséiere sollt. Haut schonn hu mir dee genannte Problem am Wunnengsbau, wou d'Oplage vun héijen Energieklassen d'Baue verdeieren, an duerch d'Feele vun der néideger Fachkompetenz kënnt et dacks zu Schimmelbildungen an anere krankmaachende Konsequenzen.

D'ADR wäert de Subventiounssystem reforméieren. Hëllefen däerfen net als Steiervergënschtegung ausgeluecht ginn, vun deenen nëmme Leit mat déckem Akommes profitéiere kënnen. Fir wierksam Moossnamen, ewéi z.B. bei der Isolatioun an dem Ersetze vun der Heizung, wëlle mir Prêten ouni Zënsen aféieren. Fir d'ADR ass och kloer, datt d'Leit mussen de fräie Choix behalen, op wat fir eng Manéier si hëtze wëllen. D'Krittären, fir en Energieprêt ze kréien, mussen erweidert ginn. Fir Betriber kéint z.B. och eng Superdeductibilitéit bei groussen Ausgaben, déi mat den Ëmweltoplagen/der Energietransitioun zesummenhänken, erméiglecht ginn.

D'Industrie, a besonnesch d'Autosindustrie, muss weltwäit Norme gesat kréien, fir méi effizient mat der Energie ëmzegoen. Et ass net u Lëtzebuerg, den Energieverbrauch esouwäit erofzeschrauwen, datt de Leit hir Fräiheeten an hir Liewensqualitéit ageschränkt ginn an eis Ekonomie et net iwwerlieft. Dat schuet dem Land an de Leit, awer dem Klima ass domat net gehollef.

Vernënfteg Klimadiskussioun ouni Angschtmaachen

D'ADR dréit d'Beméiungen, fir eis natierlech Ressourcen ze schounen, mat. Mir maachen eis awer keng Illusiounen, datt Lëtzebuerg als klengt Land domat vill um Weltklima ännert. Mir sinn iwwerzeegt, datt Lëtzebuerg nëmme mat engem verantwortungsvolle Wuesstem eng responsabel Roll beim Reduzéiere vum Ressourcëverbrauch ka spillen. A weidere

Verhandlungen op internationalem Plang wäerte mir keng Verflichtungen agoen, vun deenen am Viraus scho gewosst ass, datt si net kënnen agehale ginn.

D'ADR wäert net honnerte vu Millioune fir eng „statistesch" Besserung vum CO_2-Ausstouss, dee Lëtzebuerg zougeschriwwe gëtt, an d'Ausland transferéieren. Mir wieren eis och dogéint, datt zu Lëtzebuerg (an dëst misst europawäit gëllen) Industrien zougemaach ginn, fir datt déiselwecht Wueren dann op anere Kontinenter – ouni vill Ëmweltoplagen a mat Sozialdumping – hiergestallt ginn. Dowéinst ass d'ADR och fir d'Erhale vum Tanktourismus, dee kaum zu den Emissioune bäidréit, awer der Staatskeess vill Recetten abréngt.

Mir setzen eis fir eng sachlech a wëssenschaftlech baséiert Diskussioun an.

Klimawandel gëtt et, zënter datt d'Äerd besteet. Den Undeel, deen de Mënsch ze veräntweren huet, ass schwéier anzeschätzen a soll selbstverständlech reduzéiert ginn. Mee net all Wiederphenomen an all Naturkatastroph sinn d'Resultat vun engem vum Mënsch gemaachte Klimawandel. D'ADR wiert sech géint Campagnen, déi dat behaapten an dacks vun ëffentlecher Hand gesteiert sinn. D'Klima gëtt analyséiert op engem Zäitraum vun 30 Joer. Vereenzelt Naturkatastrophe kënnen also wëssenschaftlech net engem Klimawandel zougeuerdent ginn.

Generell wëll d'ADR d'Fuerschung an technesch Léisunge fir manner Ressourcëverbrauch, an et soll eng breet Diskussioun iwwer Energiespuermoossname ginn, wou dëst och wierklech sënnvoll ass, awer an enger informativer Form, wou de Leit näischt opgezwonge gëtt an d'Leit hiert individuellt Verhale selwer bestëmmen an aus fräie Stécker änneren oder bäibehale kënnen. Beméiungen, fir den CO_2-Ausstouss ze reduzéieren, solle mat Verstand geschéien, mat sënnvolle Moossnamen, déi net onsozial sinn an déi tatsächlech kënne realiséiert ginn an och kloer Resultater bréngen. An deem Sënn stelle mir eis och géint d'Kafe vu Klimaquoten, fir d'Statistik opzebesseren. Dem Klima ass domat nämlech net gedéngt.

D'ADR akzeptéiert och keng onsozial Moossnamen, ewéi z.B. d'CO_2-Steier oder d'Erhéije vun den Accisen, déi dem Klima näischt bréngen. Mir wëllen hei keng Verbueter schafen a keng Steiererhéijungen a keng nei Steieren.

Den héije Ressourcëverbrauch duerch de staarke Wuesstem soll net kompenséiert gi mat engem onkontrolléierten Opriichte vun industrielle Wandanlagen op Plazen, wou si sech net an d'Landschaftsbild integréieren.

Dëst gëllt och fir d'Decarboniséierung. Fir datt eis Betriber an domat eis Ekonomie déi ugestrieften Transitioun iwwerliewen, ass et wichteg an néideg, datt si an engem verstännegen a realisteschen Zäitraum geschitt. Grad als klengt Land ass et besonnesch wichteg, datt mir bei der CO_2-Reduktioun net just un den nationale Raum denken, mee e Bléck a Verständnes fir eng global, also weltwäit CO_2-Reduktioun hunn. Fir eng méiglechst séier a staark CO_2-Reduktioun ze erreechen, sollt ee prioritär do usetzen, wou déi meeschten Emissioune sinn, wéi z.B. bei den Entreprisen, déi weltwäit de gréissten CO_2-Ausstouss hunn.

Mir hunn eng Dose Plazen op der Welt, déi fir de Gros vun der globaler Verknaschtung mat CO_2-Emissioune verantwortlech sinn. Eleng an Indien sinn honnerte vun ale Kuelekraaftwierker a Betrib, déi grouss Emissioune verursaachen. Amplaz datt Lëtzebuerg deier CO_2-Zertifikater keeft, déi guer keng Emissiounen aspueren a keng Auswierkung op de Klima hunn, sollt Lëtzebuerg déi Sue méi sënnvoll notzen. Mir kéinten iwwer geziilt Investitiounen an eng technologesch Moderniséierung vun ale Kuelekraaftwierker an deene Länner, déi fir de Gros vun de globalen Emissioune verantwortlech sinn, weltwäit eng reell CO_2-Reduktioun erreechen. Duerch déi nei a verbessert Technologie, déi mir haut hunn, kënnen d'Kraaftwierker nämlech op eng aner Aart a Weis an domat méi effizient Energie aus der nämmlechter Matière première erauszéien a gläichzäiteg vill manner Emissioune verursaachen.

Heivu kéint Lëtzebuerg och direkt ekonomesch profitéieren, z.B. duerch eng Bedeelegung vu Lëtzebuerger Entreprisen um Projet, respektiv eng stëll Bedeelegung vum Staat. Alternativ kéinten dës Projeten och iwwer Kreditter vu Lëtzebuerger Banke matfinanzéiert ginn, respektiv kéint Lëtzebuerg sech déi entspriechend Depensen op seng Entwécklungshëllef urechne loossen. Iwwert dëse Wee hätte mir tatsächlech eppes fir d'Reduktioun vum CO_2-Ausstouss gemaach, eis Betriber an domat eis Ekonomie kéinten déi ugestrieften Energietransitioun an engem méi realisteschen am Zäitraum packen a mir hätte gläichzäiteg Kooperatiounshëllef geleescht.

An deem Mooss, wéi mir et net fäerdegbréngen, fir Natur-, Ëmwelt- a Klimaziler op eisem Territoire ze erreechen, soll dat – nieft den Investitiounen an eng weltwäit CO_2-Reduktioun duerch eng technologesch Moderniséierung vun ale Kraaftwierker an anere Länner – och duerch Participatioun u Projeten an anere Länner geschéien (Beispill: Opforstung). Bei Offshore-Wandparken an der Nord- oder Ostsee bestinn awer och eng ganz Rei vu

gravéierenden ekologesche Nodeeler, ewéi z.B. den opwändegen an deieren Opbau, déi speziell Kabelen, fir de Stroum u Land ze kréien, déi relativ kuerz Liewensdauer vu 25 Joer, d'Zerstéierung vum Mieresbuedem, d'Beanträchtegung vun der Fëscherei an der Migratioun vun de Vullen a Fliedermais. D'ADR wéilt doweinst den eventuelle Réckgrëff op esou Installatiounen am Mier och méi strengen ekologesche Krittären ënnerwerfen.

Laangfristeg ass um internationale Plang eng grouss ugeluechte Re-Forestatioun eng ganz sënnvoll Initiativ, fir den CO_2-Gehalt an der Atmosphär ze reduzéieren.

Als räicht Land gesi mir eis an der Flicht, genuch budgetär a wëssenschaftlech Ressourcë bereetzestellen, fir realistesch a vernënfteg Ziler fir eis Energieversuergung an eisen Natur- a Klimaschutz ze erreechen. Mee déi Laascht däerf awer net vun de sozial Schwaache gedroe ginn. Ënnert dem Strëch sollen d'Initiative schliisslech fir méi Liewensqualitéit suergen, an net fir manner.

Ëmwelt- a Klimaschutz däerf net dozou mëssbraucht ginn, de Bierger ëmmer méi ze kontrolléieren (z.B. duerch déi intelligent Compteuren). D'Fräiheet an d'Privatsphär vum Bierger däerf net a Fro gestallt ginn. Doweinst suergt d'ADR dofir, datt de Bierger déi fräi Wiel huet, ob hien en digitalen oder analoge Compteur bei sech doheem wëll installéiert hunn.

Verbrennungsmotor a Spritpräisser

Den Individualverkéier soll net ageschränkt ginn. Mir schwätzen eis géint Fuerverbueter a géint den ideologesche Bashing vun enger gewësser Zort Motor aus, wuelwëssend, datt ënnerschiddlech Motortypen ënnerschiddlech Ufuerderunge bedéngen.

D'ADR ass kloer géint e Verkafsverbuet vum Verbrennungsmotor. Dëse mécht iwwer 95 Prozent vum Fuerpark aus an d'Leit, déi esou een notzen, däerfen net benodeelegt ginn, an hir Uschafung däerf net „entwäert" oder verbuede ginn.

Mir toleréiere keen Dirigismus, keen administratiivt Gedierängels a keng Taxe fir Leit, déi keng Elektromobilitéit notze wëllen. Weider däerfe weder d'Produzenten nach d'Fournisseuren hei bestrooft ginn. Mir sinn a bleiwe fir eng fräi Maartwirtschaft an d'fräi Wiel vun de Leit, an dat gëllt och bei der Mobilitéit. Mir sinn also net dofir, datt Elektromobilitéit subsidiéiert gëtt, mee déi bescht Technologie soll sech op eng natierlech Manéier um Maart duerchsetzen.

Mir sinn awer gäre bereet, fir an d'Fuerschung ze investéieren, fir en optimiséierten, emissiounsreduzéierten a méiglechst ëmweltfrëndleche Motor ze entwéckelen, an och fir d'Fuerschung zu E-Fuels a Waasserstoff-Fuels weiderzedreiwen.

D'ADR kritiséiert déi blann Ënnerstëtzung vun der Regierung fir d'Elektromobilitéit. D'Produzéiere vun den Akkuen ass mat massive Mënscherechtsverletzunge verbonnen (z.B. Kanneraarbecht an Afrika). Zousätzlech ass fir d'Produzéiere vun den Akkuen en enormen Energie-, Ressourcen- a Rohstoffverbrauch noutwendeg. Den Ofbau vu seelenen Äerde bedéngt en enorme Landverbrauch, ganz Landstrécher ginn ausdréchne gelooss a verwandelen sech an eng Wüüst. D'Ënnerstëtzer vun der Elektromobilitéit klammeren dës Problematik aus, mir awer net. Kënnt et zum Brand vun engem E-Gefier, kann dat zu enger Kettereaktioun vu Kuerzschlëss an zu extremer Hëztentwécklung féieren. D'Feier ass hei och ganz schwéier ze läschen a brauch, am Verglach zu engem Verbrennungsmotor, dee Feier fänkt, grouss Quantitéiten u Läschwaasser. D'Elektrobatterien enthalen Nickel, Kobalt a Lithium, déi beim Verbrenne Verätzungen a Buedem- a Waasserverschmotzung mat sech bréngen.

D'ADR ënnerstëtzt keng Moossnamen, fir den Tanktourismus, deen eiser Staatskeess vill Recettë bréngt, ze stoppen. Dat schuet eiser Wirtschaft an et bréngt dem Klima och näischt, wann op der anerer Säit vun der Grenz getankt gëtt. Dovun ofgesinn dréit den Tanktourismus och kaum zu den Emissioune bäi.

Bei héije Spritpräisser gëtt natierlech manner getankt, well dat de Portmonni staark belaascht. Dat trëfft awer nees besonnesch déi Leit, déi kee grousst Akommes hunn. Ausserdeem hänken och vill Aarbechtsplazen un dësem Secteur. Sinn d'Bensinnspräisser esou héich, datt ze grousse Verloscht um Litrage gemaach gëtt, an dat iwwert e längeren Zäitraum, huet dëst also och Entloossungen zur Konsequenz.

Bei groussen Haussen ass de Sprit am noen Ausland zäitweileg esouguer méi bëlleg ewéi zu Lëtzebuerg, well et do méi héich staatlech Tankrabatter gëtt ewéi hei. Fir esou Situatioune gesäit d'ADR vir, datt d'Spritpräisser zu Lëtzebuerg ëmmer musse méi niddreg sinn ewéi am noen Ausland/an eisen Nopeschlänner. Mir erreechen dat doduerch, datt d'Accisen entspriechend niddereg gehale ginn, an d'Ofschafe vun der CO_2Steier dréit och dozou bäi. Dëst gëlt och fir den Diesel fir d'Logistik an d'Landwirtschaft.

18. Ëmwelt-, Natur- an Déiereschutz

Naturschutzgesetz nobesseren

Besonnesch am Zesummenhang mam onkontrolléierte Wuesstem muss den Naturschutz en zentraalt Uleies vun der Politik sinn. Dobäi däerf net vergiess ginn, datt de Mënsch an d'Déieren en Deel vun der Natur sinn an den Naturschutz – a ganz besonnesch d'Ëmweltverwaltung – net do ass, fir d'Bierger ze schikanéieren.

Eng Viraussetzung, fir den Naturschutz ze garantéieren, si kloer definéiert Schutzzonen, an deene kloer definéiert Reegelen anzehale sinn. Déi Reegele mussen dann awer net just fir d'Bierger an Entreprisen, mee och fir de Staat gëllen.

D'Schutzzone musse sech ganz genee mat de secteurielle Pläng an de PAGe vun de Gemengen ofdecken, fir datt et net zu engem Hin an Hier bannent de staatleche Verwaltungen, respektiv mat de Gemengen, kënnt. Et gëtt gréisser zesummenhängend Zonen, déi net als Gréngzonen an de Pläng agedroe waren an awer ënner Schutz gestallt solle ginn.

D'ADR hält et fir wichteg, datt mir e gutt Naturschutzgesetz hunn. Mir waren deemools mat engem Deel vun de Bestëmmungen am Gesetz awer net averstanen an haten et dowéinst net matgestëmmt. Aus deem Grond wäerte mir déi Bestëmmungen am aktuellen Naturschutzgesetz verbesseren.

Dozou gehéiert de Punkt, datt d'Kontrollen, bei Verdacht op Gesetzesverstéiss, mat den allgemenge Reegele vum Strofrecht musse konform sinn. Esou mussen dës Kontrollen ëmmer a Presenz vun der Police oder der Douane geschéien, woubäi Spezialiste vun der Ëmweltverwaltung als „Expert" kënne present sinn. Mir wëllen, datt am Kader vun der Police respektiv vun der Douane, eng „Ëmweltpolice" gegrënnt gëtt. D'Membere vun deene verschiddenen Ëmweltverwaltunge sollen hir Roll als OPJ (*officier de police judiciaire*) verléieren. Si solle mat hirer Expertise d'Aarbecht vun der Police an der Douane ënnerstëtzen, mee net ersetzen. Vun dëser Neireegelung sinn d'Fierschter net betraff. Wichteg ass awer, datt:

- et keng Multiplikatioun vun OPJen an ëmmer méi Verwaltunge gëtt;
- all OPJ permanent um neiste Stand vun der Legislatioun ass;

- d'Kooperatioun mat anere betraffene Verwaltungen a besonnesch mat der Justiz optimal gereegelt ass.

D'Kompensatiounsmoossname sinn e weidere Punkt, bei deem d'Gesetz muss nogebessert ginn. D'Bestëmmungen dozou, wéi eng Heck, e Strauch oder e Bam korrekt muss kompenséiert ginn, si fir d'ADR net kloer formuléiert. Et däerf och net sinn, datt déi sougenannte Kompensatiounsmoossnamen et rechtfäerdegen, datt ëmmer nees an ëmmer méi intakt a gesond Natur zerstéiert gëtt, fir Bëtongsbléck a Bëtongsfelder ze weechen.

En anere wichtege Punkt betrëfft den Erhalt vun eisem historesche Patrimoine. Och an de Gréngzone muss et, trotz strikte Konditiounen, méiglech sinn, den historesche Patrimoine ze fleegen an ze restauréieren (z.B. bei ale Millen). Wann e Gebai an der Gréngzon läit a bis elo och legal an autoriséiert war, esou wéi et do steet, da muss dat och weiderhi gëllen. Den Artikel 7 Abschnitt 1 vum Naturschutzgesetz beseet awer, datt de Minister kann decidéieren, e Gebai an der Gréngzon ofzeänneren, wann dëst, senger Meenung no, net zum Charakter vun där Plaz passt. Dat si keng kloer an transparent Krittären, mee reng subjektiv Bestëmmungen, déi dem Staat en déiwen Aschnëtt an d'Privatproprietéit erméiglechen. Dofir wäert d'ADR dëst aus dem Gesetz sträichen an dem Bierger als Proprietär seng Eegentumsrechter schützen.

Qualitative Wuesstem fir den Naturschutz

Och d'Debatt ëm d'Landesplanung an domat och ëm eis Bëscher a Gréngfläche kann een net ouni d'Wuesstemsdebatt féieren. An de leschte Joren huet d'Regierungspolitik virun allem just de Constat gemaach, wéi vill Flächen eist Land an Zukunft zu Bauzwecker zur Verfügung stelle muss, fir weider esou kënnen ze wuessen. D'Regierung verweigert sech deemno weiderhin, de Kär vum Problem, de stramme Wuesstem, iwwerhaapt ze hannerfroen. An dobäi gëtt eist Land am Rekordtempo zougebaut.

De massiven an onkontrolléierte Wuesstem féiert zu engem staarke Landverbrauch a schuet staark eiser Natur a Liewensqualitéit. Eleng tëscht 1990 an 2015 gouf méi Terrain versigelt ewéi déi 2000 Joer virdrun. 1990 ware 4,3 Prozent vun de Fläche verbaut, 2015 waren 10 Prozent vun de Fläche verbaut an haut si mir bei 12 Prozent. Fir dee stramme Wuesstem ze meeschteren, sollen elo, wann et der Regierung no geet, och déi leschte Gréngfläche bannent

den Uertschafte verbaut ginn – datt een dës Gréngflächen och als wäertvolle Biotop ugesi kann, gëtt dobäi net ugeschwat. Ee Grond méi, fir zu engem qualitativen, nohaltege Wuesstem ze kommen.

De Bësch an d'Beem am Allgemenge sinn déi ideal Klimaregulatoren. Si senken d'Temperatur am Summer, filteren d'Loft, verwandelen d'Sonnenenergie an Holz a filteren esou CO_2 aus der Loft, iwwerdeems si Sauerstoff ofginn. Der Erhalung vu gesonde Bëscher kënnt ënnert dem Aspekt vum Natur- a Klimaschutz eng grouss Prioritéit zou. D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Fläch vun eise Bëscher net just erhalen, mee erweidert gëtt. Och d'Uplanze vun eenzele Beem (arbres solitaires) muss, wou nëmme méiglech, promouvéiert ginn, a ganz besonnesch an de Stied an Uertschafte laanscht d'Strooss an den Trottoir.

Déi bestoend Naturparken an d'Naturreserve solle weider ënnerstëtzt an eventuell vergréissert ginn. Dëst geschitt ëmmer am Dialog mat de Gemengen, den Awunner an de Baueren aus de betraffene Regiounen, an ouni dës Zone fir all Aktivitéiten ze spären. Wichteg Schrëtt goufen hei scho gemaach.

D'Usidele vu méiglechst ville Gréngflächen an de Stied (z.B. duerch Parken oder Begrünung vun den Diecher) wëlle mir ausdrécklech fërderen.

Insekteschutz fir méi Biodiversitéit

D'Erhalen an d'Fërdere vu wëlle Beien, Päiperleken an anere Bestäuber ass eng wichteg Aufgab, där sech d'ADR unhuele wäert. An deem Sënn ënnerstëtze mir och d'Beienziichter an hirer wäertvoller Aarbecht. Bestäubend Insekte spillen nämlech eng entscheedend Roll an eisem Ökosystem. Mir hunn haut schonn e Réckgang vu méi wéi 80 Prozent bei de wëlle Blummenaarten. Fir deem entgéintzewierken, mussen déi bestäubend Insekten déi néideg Ënnerstëtzung kréien. Dofir wäert d'ADR Gréngflächen, déi dem Staat gehéieren oder vun him ënnerhale ginn, nom Prinzip vun enger gesonder Natur verwalten. Zu dësem Zweck wäerte mir:

- méi Blummen (Stauden oder Wisen), Beem, Traisch planzen;
- d'Vegetatioun manner stéieren a méi wëll wuesse loossen, ausser wann dat kann zu Sécherheetsrisiken oder gravéierenden ästheetesche Problemer féieren;

- Näschter vun Insekten an Iwwerwanterungsplazen, wann a wou et méiglech ass, net stéieren;
- net esou dacks méinen, nom Prinzip vum spéide Méinen („fauchage tardif"), mat Ausnam vu Plaze mat Prestigecharakter;
- d'Natur esou mann wéi méiglech mat Toxinen (z.B. Pestiziden) belaaschten.

Gréngfläche kënne Wise sinn, ewéi och bestäuberfrëndlech Staudenbeeter a Blummewisen, déi den Insekte vill Liewensraum loossen. Dat fërdert d'Biodiversitéit, mécht manner Aarbecht, gesäit schéin a frëndlech aus, an et bedeit manner Opwand ewéi d'Fleeg vum Wuess.

Ressourcë schounen a weiderverwäerten

D'ADR begréisst Initiative wéi den „Repair-Café", déi drop hischaffen, fir Saachen an Apparater, déi defekt sinn, ze reparéieren, amplaz si direkt ewechzegeheien an eppes Neies ze kafen. Sou kann de Ressourcëverbrauch och erofgesat ginn. Generell soll fir Reparaturen e reduzéierten TVA-Saz agefouert ginn, deen d'Leit motivéiert, hir Saache reparéieren ze loossen amplaz si ewechzegeheien an direkt neier ze kafen. Et soll och driwwer nogeduecht ginn, wéi ee Recycling-Zentre kéint geziilt zu Ressourcenzentren ëmwandelen, wat den Offall zu enger méi direkter Ressource fir eng Weiderverwäertung mécht, déi dann och hei am Land stattfanne sollt.

D'ADR setzt sech a fir d'Promouvéieren an d'Fërdere vum Kreeslafprinzip, bei deem reparéiert, recycelt an „geupcycelt" gëtt. Mir wëllen eng staark Kreeslafwirtschaft, duerch déi den Export vun Offall a Länner, wou kee Recyclage gemaach gëtt, reduzéiert gëtt. An deem Sënn si mir och fir d'Aféiere vun engem Vidange op Plastikfläschen an Dousen, fir esou der Verknaschtung vu Gréngflächen, Parken an och laanscht d'Stroossen entgéintzewierken.

Kaméidi, Loft- a Liichtverschmotzung

Fir d'ADR ass den Natur- an Ëmweltschutz e wichtegen an néidegen Engagement. D'Gesondheet vun de Mënschen ass natierlech grad esou wichteg a steet och an direkter

Relatioun mam Schutz vun Ëmwelt an Natur. D'Reduzéiere vum Kaméidi, der Loft- an der Liichtverschmotzung gehéieren dobäi zu den néidegen Engagementer.

- Kaméidi

D'Belaaschtung duerch de Kaméidi gëtt ëmmer méi grouss. De Schutz hei virdrun muss dowéinst verbessert ginn. Esou Moossname géint de Kaméidi solle bei Autobunnen, Stroossen, Contournementen an der Eisebunn systematesch a wa méiglech am Viraus geplangt a realiséiert ginn. Gestrëpp an Hecke laanscht Autobunnen a Schinne solle stoe gelooss ginn, esoulaang si keng wierklech Gefor fir de Verkéier duerstellen. Laanscht d'Schnellstroosse soll allgemeng gepréift ginn, ob d'Geräischbelaaschtung duerch de staarke Stroosseverkéier net ze grouss ass, do wou Leit no respektiv ronderëm wunnen. Wou dëst de Fall ass, a Leit no respektiv ronderëm wunnen, sollen déi méiglech an néideg Moossnamen ergraff ginn, fir d'Liewensqualitéit vun de Leit ze schützen. Dëst ka beispillsweis de Fall si bei der N7 tëscht Dikrech an Ettelbréck.

Um Findel sollen d'Reegele fir d'Nuetsflich verschäerft ginn a si musse streng agehale ginn. Nei Approchen op de Findel gi festgeluecht, fir de Kaméidi iwwert de bewunnte Quartiere maximal ze vermeiden. De Staat hëlleft do, wou dat ze vertrieden a realistesch ass, fir de Schutz géint de Kaméidi reglementaresch a materiell ze ënnerstëtzen.

- Loftverschmotzung

De Staat muss net nëmmen e Kader setzen, fir Loftverschmotzung ze ënnerbannen, mee och mat guddem Beispill virgoen. D'Flott vun de Staatsgefierer soll esou „propper" ewéi méiglech ginn. Dëst gëllt och fir d'Autobussen, déi vum Staat an de Gemenge subventionéiert ginn (RGTR, CFL, AVL, TICE, asw.). Et soll mat positive Mëttelen och bewierkt ginn, datt Privat- a Firmeween esou emissiounsaarm ewéi méiglech ginn. Bei Verbrennungsmotore muss dowéinst ëmmer de beschte Standard gëllen.

Och d'Industrie soll sech bei den Emissiounen u streng Normen an den neiste Stand vun der Technik mussen halen.

- Liichtverschmotzung

De Kampf géint d'Liichtverschmotzung ass wichteg, mee däerf net dozou féieren, datt d'Sécherheet am ëffentleche Raum reduzéiert gëtt. Dowéinst sinn all Moossnamen esou ëmzesetzen, datt fir de Foussgänger ewéi och fir de Stroosseverkéier keng Aschränkungen

entstinn an awer fir d'Natur an den Energiehaushalt signifikant Virdeeler kënnen erreecht ginn.

D'Liichtverschmotzung huet staark negativ Auswierkungen op d'Ëmwelt an d'Natur. Grad och d'Déierewelt brauch däischter Nuechten. Dëst ass besonnesch fir nuetsaktiv Vulle wichteg. Och speziell Moossname fir de Schutz vun den Insekte sollten ëmmer mat iwwerluecht ginn.

Eng Ëmrüstung op LED-Luuchte féiert eleng net zur Reduktioun vun der Liichtverschmotzung, haaptsächlech duerch eng falsch Notzung. De Liichtstral muss nämlech richteg agestallt sinn, esou datt kee Stree-Effekt vun der Luucht no uewen oder ze vill säitwäerts entsteet.

D'Fuerf vun der Luucht muss och berécksiichtegt ginn. Eng giel Luucht straalt eng méi waarm Luucht aus, déi der Dagesluucht méi no kënnt. Dat ass fir d'Mënsche vu Virdeel, awer eben net fir d'Déierewelt. Blo, rout an orange Luucht dogéint stéiert d'Insekte manner ewéi wäiss oder giel Luucht, déi op engem vill méi breede Frequenzband ausstraalt, an domat méi negativ Konsequenze fir d'Natur huet.

Iwwerdeems spillt d'Intensitéit vun der Luucht weiderhin eng Roll. Wann eng Strooss beliicht gëtt, soll besser fir eng kontinuéierlech Beliichtung gesuergt ginn, bei där an enger Rei vu Strosseluuchten net vereenzelt Luuchten ausgeschalt ginn. Dofir soll d'Intensitéit vun der Liichtkraaft erofgeschrauft ginn, wat fir d'Sécherheet am Stroosseverkéier besser ass ewéi de stännege Wiessel tëscht beliicht an net beliicht. Esou gëtt de Stroboskopeffekt verhënnert.

Eng méi schwaach Beliichtung verbraucht och manner. Déi sougenannten „Nachtabsenkung" vun der Stroossebeliichtung ass eng einfach Moossnam, déi direkt an ouni weideren Investissement kann ëmgesat ginn. Dobäi soll d'Ëmsetzung awer ganz geziilt a cibléiert oflafen, fir datt dës Moossnam keen negativen Afloss op d'Verkéierssécherheet huet. D'Technik erlaabt et, d'Stroossen nom Bedarfsprinzip ze beliichten (z.B. Beliichtungsmanagement mat Presenzmelder).

D'ADR wäert deem Rechnung droen an d'Luuchten am ëffentleche Raum an op de Verkéiersweeër un déi neisten Normen an Techniken upassen, ouni d'Sécherheet vum Foussgänger oder vum Stroosseverkéier ze vernoléissegen. Dozou ginn och d'Gemenge

verflicht, eenzel ze kucken, wat ka wou ëmgesat ginn, fir d'Beliichtung méiglechst virdeelhaft a mat Récksiicht op d'Bedierfnesser vu Mënsch an Natur auszeriichten. D'Sécherheet huet ëmmer nach Virrang.

Iwwerschwemmunge vermeiden

Extrem klimatesch Episoden ewéi Dréchent, Stuerm, extrem staarke Reen, vill Schnéi, asw., kënne vill Schued verursaachen. Preventiv Moossnamen, déi d'ADR virgesäit, wieren ënner aneren den Ausbau vun den Opfänkkapazitéiten, adaptéiert Kanalisatiounen a Mëttelen, fir Héichwaasserschied laanscht déi grouss Flëss ze verhënneren.

Eng einfach Method, fir Héichwaasserkatastrophen entgéintzewierken, wier een duerch d'ganzt Land ugeluechte System vu Mini-Barragen (kleng Rückhaltedämm). Si kënne grouss Quantitéite Waasser zeréckhalen an esou den Offloss vum Waasser zäitlech strecken an domat dem Héichwaasser d'Spëtzt briechen. D'ADR wäert dofir en Accord mat de Proprietäre vu Lännereien, déi entspriechend entschiedegt ginn, landeswäit aushandelen. Domat géing deelweis verhënnert ginn, datt ee mat vill Geld de Schued duerch Naturkatastrophe behiewe misst.

Et solle weider konkret Moossname ginn, fir Iwwerschwemmungen an Héichwaasser entgéintzewierken:

- Renaturéierung vun de Waasserleef, do wou et sënnvoll ass;
- Entsigele vu Buedemflächen a weider Versigelunge vermeiden;
- iwwer Gréngfläche geziilt a systematesch Versickerungsméiglechkeete fir d'Reewaasser schafen.

D'Iwwerschwemmungsgebidder mussen iwwerdeems kloer ausgewise ginn. D'Naturschutzzonen, déi am Bauperimeter leien a schonn als Bauzonen ausgewise waren, kënnen nees als Gréngzon ausgewise ginn, allerdéngs ënner Berécksiichtegung vun de Proprietéitsrechter.

Wou et trotz Preventiounen nach zu Schued kënnt, deen natierlech ni ganz ausbleift, musse Schutzmoossnamen esou wéi och Hëllefs- an Entschiedegungsmoossname geholl ginn. Dës kënnen net eleng vum Lëtzebuerger Assurancen-Secteur en Charge geholl ginn. De Staat ka

steierlech favoriséieren, datt Leit, déi an enger „zone vulnérable" wunnen, eng extra Assurance ofschléissen. Nieft Preventiounsmoossnamen ass och eng punktuell staatlech Interventioun am Katastrophefall néideg, déi de Staat iwwert en Naturkatastrophefong garantéiere soll a séier mobiliséiere kann.

Nieft deem ganz Schued, deen d'Héichwaasser fir d'Bierger bréngt, ginn och d'Gewässer duerch d'Naturgewalt verknascht. Hei muss d'Hëllef fir d'Leit natierlech un éischter Plaz stoen. Duerno soll dann, am Sënn vum Naturschutz, d'Botze vun de Gewässer eng Prioritéit sinn. Dëst soll méiglechst séier geschéien, ouni Zäitverloschter wéinst onnéidegen administrativen Opwänn bei der Entsuergung vun ewechgeschwemmte Géigestänn an den domat verbonnene Käschten.

Fir d'ADR gehéiert d'Entsuergung an domat verbonne Käschte vun deene Géigestänn, déi duerch d'Héichwaasser matgerappt an ewechgeschwemmt ginn, an den Hëllefspak dobäi. An deem Sënn muss hei kloer ënnerscheet ginn tëscht dem Prinzip vum „pollueur-payeur" an engem „cas de force majeure". Dës Differenz muss dann och iwwert eng Upassung am entspriechende Gesetz festgehale ginn.

Waasser

D'Waasser ass e Grondbedierfnes vum Mënsch a stellt den Ëmweltschutz haaptsächlech duerch d'Follge vum ongebremste Bevëlkerungswuesstem viru gréisser Erausfuerderungen. D'ADR hält op eng gutt Versuergung mat propperem Drénkwaasser vun héijer Qualitéit. Mir setzen eis dofir an, datt schounend mam Drénkwaasser ëmgaange gëtt. Et däerf net duerzou kommen, datt mir Waasser aus der Musel opbereede mussen, fir de Bedarf un Drénkwaasser zu Lëtzebuerg ze decken. Entreprisen, déi gréisser Waasserquantitéite verbrauchen, mussen dëst och op eege Verantwortung a Käschte klären. Dobäi ginn och Norme gesat, fir eng Erhéijung vun der Waassertemperatur ze vermeiden.

Iwwert d'Gemengen an d'Gemengesyndikater hält d'ADR d'Produktioun an d'Distributioun vum Drénkwaasser an ëffentlecher Hand.

Nieft dem Schoune vu de Ressourcë mussen och d'Kapazitéit vun der Opbereedung vu Waasser aus dem Stauséi an d'Erschléisse vu Quelle weider geförderd ginn. Esou gëtt

d'Waasser och a Jore mat wéineg Reen net knapp. D'Bauere musse beim Quelleschutz agebonnen an deementspriechend entschiedegt ginn.

D'Schold fir d'Phosphorbelaaschtung vu Gewässer gouf bis elo ëmmer der Landwirtschaft zougeschriwwen. Eng Studie vum Institut für Zukunftsenergie (IZES), déi de Saarbréckener Ëmweltministère an Optrag ginn hat, huet gewisen, datt eng ze héich Konzentratioun vu biologesch verfügbarem Phosphor haaptsächlech op d'Aleedunge vu Kläranlagen zeréckzeféiere wier. Et ass gewosst, datt et och zu Lëtzebuerg Kläranlage ginn, an deenen d'Phosphatfrachte konstruktiounsbedéngt net oder net genuch kënne reduzéiert ginn. Landwirtschaftlech Moossnamen eréi den Erosiounsschutz, d'Fërdere vu Biolandwirtschaft an d'Begrenzung vun der Phosphatdüngung sollen zwar weider verfollegt ginn, allerdéngs geet dat net duer. Fir d'Konzentratioun vum bioverfügbaren Ortho-Phosphat däitlech ze reduzéieren, ass eng technesch Optiméierung an der Phosporfällung an de Kläranlagen néideg. An deem Sënn ginn nei Kläranlagen direkt mat der dofir néideger Technik gebaut an déi bestoend Kläranlage ginn technesch esou ugepasst, fir d'Phosphatfrachten däitlech ze reduzéieren.

Am ländleche Raum solle wa méiglech mëttelgrouss Kläranlage gebaut ginn, fir datt de Präis pro Awunner géigewäerteg ze vertrieden ass. An de Staat soll dëst méi generéis subventionéieren, fir datt esou vill wéi méiglech ka mat enger véierter Rengegungsstuf gekläert ginn. Bei de Spideeler an anere sensibelen Installatioune soll schonn op der Plaz selwer probéiert ginn, Réckstänn vu Medikamenter aus dem Waasser ze filteren.

Och d'Qualitéit vun eise Fléissgewässer muss op dem beschtméigleche Stand gehale ginn. D'Fësche muss iwwerall méiglech sinn. Vun deene gefaangene Fësch däerf kee gesondheetleche Risiko fir de Mënsch ausgoen. D'Waasserqualitéit vun eise Flëss muss d'Normen erfëllen, fir datt een dra schwammen an aner Waassersportaarte maache kann.

Stëllgewässer sinn en Hotspot fir déi heemesch Biodiversitéit. Schonn 80 Prozent vun eise Fiichtgebidder existéieren net méi. Domat si vill heemesch Déieren, déi a Weieren an Dëmpele liewen, bedrot oder esouguer schonn ausgestuerwen. Dozou kënnt, datt e gutt ausgebautent Gewässernetz wichteg ass, fir d'Wanderungen an de geneteschen Austausch vun dësen Déieren ze erméiglechen an domat d'Inzucht ze vermeiden. Dat mécht et zu enger besonnesch wichteger an drénglecher Aufgab vum Naturschutz, datt Stëllgewässer a Fiichtgebidder renaturéiert an nei ugeluecht ginn. D'ADR wäert sech dëser Aufgab unhuelen.

Et geet natierlech net duer, dës Gewässer ze renaturéieren an nei unzeleeën. Mir wäerten och fir déi néideg a passend Fleeg suergen, fir Verbuschungen an en Zouwuessen ze vermeiden.

D'Juegd

D'Juegd gehéiert zu eisen Traditiounen an huet am ländleche Raum och eng wirtschaftlech Bedeitung. Eis Jeeër leeschten e wichtegen Déngscht am Hibléck op den Naturschutz a besonnesch och, wat de Schutz vun eise Bëscher ugeet. D'Jeeër suergen iwwerdeems fir déi noutwendeg Reguléierung vum Wëldbestand, dëst ass och fir déi landwirtschaftlech Acteure wichteg. Reguléierungsbestëmmunge fir eis Jeeër däerfen net aus ideologesche Grënn virgeholl ginn, mee mussen der Realitéit vun eisem Öko-System Rechnung droen. Wéi och bei de Baueren, däerf den „Jeeër-Bashing" – also e bewosst schlecht Bild vum Jeeër molen an hien als Déierefeind duerstellen – zu Lëtzebuerg keng Plaz hunn. Eis Jeeër schaffe fir d'Natur an am Aklang mat der Natur.

Fir d'Biodiversitéit an e gesonden Equiliber am Bësch ze erhalen, muss d'Juegd esou organiséiert sinn, datt d'Biodiversitéit respektéiert a gefërdert gëtt. Vun dohier däerfe Raubdéieren, déi keng natierlech Feinden hunn, vum Jeeër erluecht ginn. Wann de Staat d'Juegd op Raubdéieren (z.B. op de Fuuss) awer verbitt, musse séier, onbürokratesch a gerecht Kompensatiounsmoossname gebuede ginn, déi bei engem Schued gräifen. Och preventiv Moossname géint Raubdéiere musse vum Staat ënnerstëtzt ginn. E Juegdverbuet op Raubdéiere muss all Joer iwwerpréift, justifizéiert an nei decidéiert ginn. Prioritéit huet ëmmer de Schutz vum Mënsch a vu sengen Aktivitéiten.

Wann et keen haarde Wanter gëtt, kënnen d'Wëllschwäin d'ganzt Joer iwwer no Begier wullen a friessen. Et gëtt kee Fuddermanktem a si kënnen onënnerbrach Klenger kréien an zillen, wat an enger Schwéngsplo resultéiert. Wann d'Wëldbestänn net naturbedéngt duerch Ënnerernärung konnte regléiert ginn, dann ass de Mënsch forcéiert anzegräifen an nozehëllefen. Et däerf schliisslech net sinn, datt de Bauer ëmmer nees Schued huet, well d'Wëllschwäin him d'Somstécker a Wisen ëmwullen. Et sollt een an deem Kontext och iwwert d'Ofschafe vum Schéissverbuet no Sonnenënnergang nodenken, wann d'Plo esou grouss ass, datt si net kann anescht regléiert ginn.

Wat „d'Reduktioun vum Wëld" fir d'Erhale vun engem natierleche Bëschopbau mat engem gesonden Equiliber am Respekt vun der Biodiversitéit ugeet, setzt d'ADR op en oppenen Dialog an eng Zesummenaarbecht tëscht de Bëschbesëtzer an de Jeeër. Staatlech Zwangsmoossname leene mir dogéint of. Heizou gehéiert och, datt Wëldfleesch kann zu engem Präis verkaf ginn, dee fair ass a sengem reelle Wäert entsprécht, bei deem d'Nohaltegkeet (lokal/regional) an d'Qualitéit (fräit Liewen an der Natur) berécksiichtegt ginn. De Staat kéint beispillsweis och den Opbau vun enger nationaler Verwäertung vu Wëldfleesch ënnerstëtzen.

Fir Spadséiergänger ze schützen, mussen Tafelen an den Zougäng zu Bëscher, an deenen eng Juegd geplangt oder am Gaang ass, déi néideg Warnunge ginn. Aus Sécherheetsgrënn kann d'Betriede vum Bësch wärend enger Dreifjuegd och verbuede ginn. De Sënn vun enger allgemenger Änderung vun de Juegdlousen, hire Grenzen a gläichzäiteger Verpachtung soll och iwwerpréift ginn.

D'Prüfung fir de Juegdschäin huet zu Lëtzebuerg en héije Standard. D'Ufuerderungen, déi hei gestallt ginn, däerfen ënner kengen Ëmstänn erofgeschrauft ginn. An deem Kontext ass et och wichteg, datt Jeeër, déi hir Juegdprüfung am Ausland ofgeluecht hunn, hire Juegdschäin net zu Lëtzebuerg homologéiert kréien, wann d'Ufuerderunge vun der Juegdprüfung net déi nämmlecht sinn. Dëst däerf och net ofhängeg gemaach gi vun enger gemeinsamer Benelux-Decisioun.

Weider sollten d'Autofuerer, z.B. iwwert de Radio an ënnerschiddlech Zeitungsmedien, och méi staark a widderhuelt a Kenntnes gesat ginn, wann d'Juegd amgaangen ass. Dëst soll si sensibiliséieren an op d'Gefor opmierksam maachen, datt méi e grousse Risiko wéi soss besteet, datt op Stroossen duerch oder ronderëm de Bësch Wëld iwwert d'Strooss lafe kann.

Bëschgestioun an Holzveraarbechtung

D'ADR ass der Meenung, datt eng „filière forêt-bois" sollt opgebaut ginn. Zu Lëtzebuerg gëtt et dat an där Form nach net. Et wier awer e wichtege Schrëtt, fir d'Traçabilitéit vum Bësch iwwert de Produzent bis bei de Konsument ze garantéieren. Dat ganzt Konzept vun esou enger Filière bedéngt awer, datt all déi concernéiert Acteuren – vun der Pépinière iwwert Bëschbesëtzer, Bëschexploitatiounsfirmen, Seeëreien, Energiebetriber, déi holzverschaffend

Industrie, Schräiner, den Handel, asw. – an esou enger Filière mat agebonne sinn. Mir sinn och der Meenung, datt eng Filière besser privatwirtschaftlech geréiert ass ewéi ënnert enger staatlecher Verwaltung.

Generell hale mir näischt vu Symbolpolitik a setzen op eng éierlech Aarbecht mat staarkem Engagement a konkreten Aktiounen. Aus deem Grond steet d'ADR hannert der Fuerderung vun enger seriö a privat gefouerter „filière forêt-bois". Wann en „sommet" oder en „conseil supérieur" zu méi Effizienz bäidréit, stelle mir eis net dogéint. Prinzipiell si mir awer skeptesch, wat d'Multiplikatioun vu Gremien ugeet, a versiche Sujete méiglechst wäit a schonn existente Strukturen ze behandelen. Fir eis ass wichteg, datt déi Leit, déi eng reell Expertise hunn, un den Diskussiounen an Decisioune bedeelegt ginn.

E weidere Problem besteet doranner, datt et un den néidege Statistike feelt, déi demonstréieren, wuer eist Holz higeet a woufir et genotzt gëtt. Och beim Import vun Holz stelle sech déi Froen. Als ADR fanne mir et generell wichteg, virauszekucken a laangfristeg ze denken a mat Zäiten ze handelen. Dofir brauch een awer déi néideg Daten a Statistiken. Aus deem Grond soe mir och hei, datt et noutwendeg ass, fiabel Daten a Statistiken ze erhiewen an auszewäerten, fir Tendenze fréizäiteg ze erkennen an entspriechend ze reagéieren. Dëst ass ëmsou méi wichteg an Zäiten, wou Bëscher als CO_2-Späicher diskutéiert ginn. D'Gestioun vum Holz, inklusiv den Import an Export, d'Noplanzung an d'Verwäertung vun deene verschiddenen Holzqualitéite muss ekonomesch an ekologesch rentabel sinn an huet domat och finanziell Konsequenzen an der Klimapolitik. Et handelt sech ëm eng Datenanalys, déi net aussergewéinlech ass an an eisen Nopeschlänner selbstverständlech gemaach gëtt.

Déi lescht Joren hunn eemol méi gewisen, wéi wichteg et ass, eng gewëssen Onofhängegkeet ze hunn an ze förderen. Mir als ADR wëllen dëst op ënnerschiddlechen Niveaue förderen, woubäi d'Transformatioun an d'Notze vum Holz och eng wichteg Roll spillen. Deementspriechend mussen esou (veraarbechtend) Kleng- a Mëttelbetriber ewéi Seeëreien, Schräinereien an Industriebetriber sech kënnen zu Lëtzebuerg usidelen, wat eng administrativ Vereinfachung viraussetzt a méi realistesch Oplagen a Bezuch op den Ëmweltschutz. Generell si mir der Usiicht, datt Lëtzebuerg nees méi Manufaktur-Betriber an d'Land kréie misst, woufir dann och méi favorabel Viraussetzunge musse geschaf ginn.

Mir als ADR ënnerstëtzen och net déi Positioun, datt d'Holz just als lescht Méiglechkeet däerf fir Brennes genotzt ginn. Holz ass eng natierlech an erneierbar Energiequell, a wann, mat Hëllef vun den néidegen Daten a Statistiken, anstänneg geplangt gëtt, de Wuesstem gebremst a kontrolléiert an domat och d'Land net zoubetonéiert gëtt an e reellen a vernënftegen Naturschutz bedriwwe gëtt, dierft dat kee Problem sinn. Eng gutt Gestioun vum Holz a vun de Bëscher bedéngt natierlech, datt een hei selektiv virgeet an net qualitativ héichwäertegt a wäertvollt Holz als Brennes notzt.

D'Biodiversitéit ass natierlech och en Thema, wann et ëm eis Bëscher geet. All Forme vu Monokulturen, och z.B. bei Energieplanzen, féieren natierlech zu engem Verloscht u Biodiversitéit. Dowéinst musse bei grousse Fläche vu Monokulture begleedend Moossname geholl ginn, fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen.

Den industrielle Wandanlage sti mir éischter kritesch géintiwwer (wéinst dem Natur- an Déiereschutz, der Ineffizienz, der Landschaftsverschandelung, dem CO_2-Verbrauch beim Produzéieren an Opriichten, asw.). Mir wëllen och eis Bëscher schützen, dofir fanne mir d'Iddi, datt esou Wandanlagen och sollen an eise Bëscher opgeriicht ginn, bedenklech.

Wat „d'Reduktioun vum Wëld" fir d'Erhale vun engem natierleche Bëschopbau mat engem gesonden Equiliber am Respekt vun der Biodiversitéit ugeet, setzt d'ADR op en oppenen Dialog an eng Zesummenaarbecht tëscht de Bëschbesëtzer an de Jeeër.

De Groupement des sylviculteurs („Lëtzebuerger Privatbësch" asbl) hëlleft de private Bëschbesëtzer, hir Bëscher nohalteg ze bewirtschaften, fir de qualitativen a quantitativen Ertrag ze steigeren. Hiren Engagement ass ganz wichteg a soll dofir ënnerstëtzt ginn. Vill Leit melde sech bei hinnen, well si spezifesch Problemer oder Froen hunn. Den „Lëtzebuerger Privatbësch" brauch méi Ënnerstëtzung, fir der grousser Nofro fir d'Berodung nozekommen. Dofir wäert d'ADR déi staatlech Ënnerstëtzung iwwert dat néidegt qualifizéiert Personal erweideren, esou datt de private Bëschbesëtzer gehollef gëtt. Wa privat Bëschbesëtzer Subside vum Staat kréien, huet de Staat d'Recht do ze kontrolléieren. Mir wëllen allerdéngs keng Iwwerreglementéierungen a keng Kontrollen, wou de Staat keng Subside bezilt. Hei muss de Proprietär säi Privatbësch an Eegeverantwortung a fräi geréiere kënnen.

Déiereschutz

D'ADR hat d'Gesetz iwwert den Déiereschutz an der Chamber matgestëmmt. Mir bestinn awer weiderhin dorop, datt d'Propositiounen, déi mir gemaach an an der Chamber deponéiert hunn, och ugeholl ginn. Mir verlaangen, datt de Code civil soll esou geännert ginn, datt en Déier net méi als eng „Saach" ugesi gëtt, mee festhält, datt et en „Liewewiese mat Gefiller ass", deem seng Würd ze respektéieren ass.

- Verstuerwen Hausdéieren

Mir setzen eis dofir an, datt endlech och zu Lëtzebuerg e Crematoire fir Déieren ageriicht gëtt. Iwwerdeems sollen och e Bëschkierfecht an eng Streewiss fir Déiere realiséiert ginn, wou d'Leit d'Äsche vun hire verstuerwenen Hausdéiere verstreeë kënnen.

- Assistenzhënn

Grad ewéi d'Mënsche kënnen och Déiere krank ginn oder sech verletzen. Bei Veterinärskäschte kënnen och séier héich Zommen onerwaart zesummekommen. Wann onerwaarte Rechnunge vum Déierendokter direkt musse bezuelt ginn, kann dat heiansdo eng grouss finanziell Schwieregkeet bedeiten. Bei de Veterinärskäschte vun den Assistenzhënn, och Rehabilitatiounshënn genannt, soll sech de Staat staark bedeelegen. Dës Hënn si keng einfach Hausdéieren. Duerch eng speziell Ausbildung si si an der Lag, erwuesse Mënschen an och Kanner mat schwéierer Behënnerung bei liewenspraktesche Fäegkeeten am Alldag ze ënnerstëtzen, esou datt si hiren Alldag méiglechst selbstänneg bewältege kënnen. An där Hisiicht sinn dës Hënn als Deel vun engem Hëllefs- an Ënnerstëtzungsprogramm am mënschleche Gesondheetssystem ze kucken. Doduerch, datt si eng grouss Hëllef an zum Deel eng Noutwendegkeet fir d'Meeschtere vu ganz alldeeglechen Aktivitéiten an d'Wuelbefanne vun deene betraffene Leit duerstellen, sollten hei aner a méi generéis Bestëmmunge virgesi ginn. An deem Sënn soll och generell d'Therapie mat Hëllef vun Déieren am Lëtzebuerger Gesondheetssystem en anere Stellewäert kréien. An dësem Beräich ginn et Therapieformen, déi grouss Erfolleger opweisen a scho ville Leit gehollef hunn. Begleethënn sollen och beim Adaptoservice däerfen am Bus matgeholl ginn.

- Schutz viru landwirtschaftleche Méimaschinnen

Och d'Réikitze leien der ADR um Häerz. Ëmmer erëm kënnt et zu dramateschen Zeenen, wann d'Baueren den éischte Schnatt am Joer maachen. De Grond dofir sinn d'Réikitzen, déi de landwirtschaftleche Méimaschinnen zum Affer falen, well de Bauer si net gesäit am héije Gras. Esou gerode si ënnert d'Méimaschinnen an erliewen e grausamen a qualvollen Doud. Et ass och net just den Nowuess vum Réi, deen hei betraff ass, mee och fir buedembréiend Vullen a Kanéngercher besteet déi nämmlecht Gefor.

Aktuell gëtt et weder kloer Reegelen zu dëser Thematik nach eng finanziell Hëllef fir d'Notze vun Drone mat Wärmebildkamera. Dëst wier awer eng sécher, an net zäitopwendeg, technesch Léisung, déi zum Schutz vun dësen Déiere bäidroe géing, ouni datt de Baueren hir Aarbecht an hir Erträg leide géingen. Den Déiereschutz ass der ADR ganz wichteg, an dofir schafe mir hei eng kloer Reegelung. Dës mécht den Asaz vun där Technologie zu enger obligatorescher Moossnam zum Schutz vun den Déieren. Domat muss deen Dag, wou de Bauer säin éischte Schnatt a senge Felder mécht, moies mat enger Wärmebildkamera iwwert d'Feld geflu ginn, fir sécherzestellen, datt sech kee vun dësen Déieren do befënnt. Dofir muss de Bauer an Zukunft am Viraus Bescheed soen, wann hien den éischte Schnatt a sengem Feld mécht. Heifir huet hien e puer Méiglechkeeten, u wien hie sech wende kann.

De Juegdpiechter ka gefrot ginn, wann dësen am Bësetz vun där Technologie ass. Juegdpiechter a Bauere sollen dozou och finanziell Ënnerstëtzung vum Staat kréien, wa si sech selwer mat dëser Technologie ekipéiere wëllen, fir esou aktiv zum Déiereschutz bäizedroen. Anerwäerts kann och d'Naturverwaltung kontaktéiert ginn, well d'ADR dofir suergt, datt déi Verwaltung dëse Service an Zukunft ubitt. Si ënnerläit nämlech dem Ëmweltministère an zielt den nohaltege Wëldschutz zu enger vun hiren Aufgaben. Eng weider Optioun ass d'Asbl „Sauvons Bambis", déi vollstänneg ekipéiert ass an dëse Service zënter 2021 ubitt. Grad ewéi d'Juegdpiechter an d'Bauere soll dës Asbl dann och finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir déi néideg technologesch Mëttelle kréien.

- Transport a Schluechten

D'ADR iwwerschafft d'Bedéngunge vum nationalen an internationalen Transport vu liewegen Déieren, dëst am Sënn vun engem bessere Schutz. Eis ass d'Déierewuel ganz wichteg. Dozou gehéiert och d'Haltung vun Notzdéieren. Mir sti fir e respektvollen Ëmgang mam Déier a suergen dofir, datt d'Transportweeër méiglechst kuerz gehale ginn. Mat der

ADR gëtt dofir och e Verbuet geschaf, mat deem d'Schluechte vu Lëtzebuerger Notzdéieren an net-EU-zertifiéierte Schluechthaiser ënnerbonnen a strofbar gëtt. Dobäi mussen och all déi néideg Kontrolle verschäerft ginn, fir datt d'Bestëmmunge genee agehale ginn.

- Déiereschutz iwwert d'Landesgrenzen eraus

Fir d'ADR fänkt den Déiereschutz net un der Lëtzebuerger Grenz un an hält och net do op. Net just um internationale Plang, mee och um nationale Plang muss den Déiereschutz méi grouss a méi wäit geduecht, geplangt an organiséiert ginn. Esou si konkret Initiativen op EU-Niveau néideg, fir datt d'Memberstaaten, an domat och Lëtzebuerg, e wierklechen a konsequenten Déiereschutz ëmsetze kënnen. Dat betrëfft d'Déierenzuucht, d'Haltung, den Transport, d'Schluechten, den Import an Export, d'Fuerschung a villes méi. Déi folgend Punkte sinn haaptsächlech international ze reegelen an ze organiséieren, fir datt de Schutz effikass ass a Lëtzebuerg konsequent handele kann.

- Déi europäesch Normen an der Déierenzuucht mussen och bei Importprodukter applizéiert ginn, dëst am Kader vun Handelsaccorden. Den Transport vu liewegen Déieren an d'Schluechthaiser muss op e Minimum beschränkt ginn (lokal produzéieren a lokal schluechten), dëst och iwwert de Wee vun agreéierte mobille Schluechthaiser. An de Schluechthaiser musse vill cibléiert a permanent Kontrollen zougelooss ginn (Videokamera), dëst esouwuel wéinst dem Wuelergoe vun den Déieren ewéi och wéinst der Qualitéit vum Endprodukt fir d'Konsumenten.
- Weider mussen d'Produzenten, d'Schluechthaiser an d'Liewensmëttelindustrie aus Net-EU-Länner, déi awer Liewensmëttele mat déieresche Komponenten an d'Europäesch Unioun exportéiere wëllen, a Koordinatioun a mam Accord vun deene lokalen Autoritéiten, reegelméisseg Kontrollen duerch déi europäesch Veterinärsinspektioun mam Déiereschutz als Schwéierpunkt zouloossen. Selbstverständlech mussen déi selwecht Krittäre wéi an der Europäescher Unioun agehale ginn, z.B. bei der Haltung vun den Hénger oder beim Asaz vun „Medikamenter" (Hormoner, Antibiotika, asw.).
- D'ADR ass fir systematesch Kontrolle vun den Déierentransporter an de Schluechthaiser a fir eng heefeg Revisioun vun den Normen am Déiereschutz, fir dës un déi beschtméiglech Standarden unzepassen.

- D'ADR wëll och eng permanent Iwwerpréiwung vun den Importdispositioune vu raren Déieren, exoteschen Déieren, Planzen a Juegdtrophäen. D'Memberstaate sollen derzou encouragéiert ginn, fir sech géigesäiteg beim Déiereschutz ze ënnerstëtzen. D'Ausbildung vun den Douannen an de Memberstaate gëtt besonnesch och am Intressi vum Déiereschutz verbessert.
- Op europäeschem Niveau soll d'Recherche intensivéiert ginn, fir Déieren, déi vum Ausstierwe bedrot sinn, ze retten. Am Intressi vun der Biodiversitéit solle Schutzraim fir rar Déieren a Planzen och iwwert d'Grenzen ewech etabléiert ginn. All d'Zooen an Déiereparken an Europa sollen an all dës Ustrengungen institutionell mat agebonne ginn.
- Experimenter mat an un Déiere sollen ëmmer weider zeréckgeschrauft ginn, mam Zil, si wa méiglech ganz ofzeschafen. Déierenexperimenter musse streng reglementéiert a kontrolléiert ginn, fir onnéidegt Leiden ze verhënneren.
- Europawäit soll de Gebrauch vun Déieren am Zirkus ageschränkt a reglementéiert ginn. Attraktioune mat wëllen Déieren, Elefanten, Tigeren, Léiwen, Bieren asw. soll verbuede ginn.
- An der Europäescher Unioun soll et keng Pelzfarme ginn. Bei Importpelzer muss ee kënnen noweisen, wou d'Produkt hierkënnt a wéi déi Déiere gehale goufen. Hei ass et wichteg, Zertifizéierunge mat ganz strengen Normen duerchzesetzen.
- D'Formatioun vun de Jeeër soll iwwerall den héchste Standarden entspriechen. De Jeeër muss ëmmer en aktiven Deel vum Naturschutz sinn. Déierentransporter zum Zweck vun der Juegd musse verbuede sinn. Den eigentlechen Zweck vun der Juegd, nämlech d'Reguléierung vum Wëldbestand an eise Bëscher, däerf net verfeelt an duerch e reng perséinlechen Zäitverdreif ersat ginn.

19. De ländleche Raum

Fir d'Problemer, mat deenen de ländleche Raum konfrontéiert ass, effikass unzegoen, muss een als éischt emol de Constat maachen:

D'Erausfuerderungen am ländleche Raum si grouss, net nëmmen am Hibléck op d'Verkéiersinfrastrukturen an d'Gesondheetsversuergung. An de leschte Joren a Joerzéngte konnt ee feststellen, datt ëmmer méi Servicer ofgezunn an zentraliséiert goufen.

Am Wëlzer Spidol gouf ee Service nom aneren ofgebaut, z.B. och d'Wëlzer Maternité, an dann op Ettelbréck verlagert. Et ass evident, datt grad am Gesondheetsberäich kuerz Weeër e wichtegen Aspekt vun engem qualitativ héichwäertege Service sinn an zu enger gudder Liewensqualitéit gehéieren. Ettelbréck ass an där Hisiicht net déi beschte Léisung, well ee vum héijen Norden bis op Ettelbréck trotzdeem mat bis zu 45 Minutten Trajet rechne kann, wann de Stroosseverkéier méi zéi fléisst. D'Ettelbrécker Spidol bitt iwwerdeems och net all néideg Servicer un: Hei besteet z.B. keng Urgence pédiatrique méi, déi ronderëm d'Auer funktionéiert, an d'Maternité schafft och um absolutte Limitt. Dacks bleift just nach den Trajet an d'Stad – d'Dauer vum Trajet kann am schlëmmste Fall iwwer Liewen an Doud entscheeden.

Weider Servicer, ewéi zum Beispill de Büro vun der SNCA an aner Administratiounen, gi vum héijen Norden ofgezunn an zentraliséiert.

Och bei de Verkéiersinfrastrukture besti grouss Problemer. De Schinneverkéier am Norde vu Lëtzebuerg ass immens fragil, dat hunn ënnert anerem den Astuerz vum Tunnel Schieburg an de Rutsch vun der Fielsformatioun bei Bierde gewisen. Méintelaang war an ass nach ëmmer den Zuchverkéier am Éislek lamgeluecht.

Dramatesch ass d'Situatioun iwwerdeems och, wat den Asaz vun de Policebüroen ugeet. Zënter 2016 gouf et eng Well vu Schléissunge vu Policebüroen. Am ländleche Raum muss een – grad och an der Nuecht, z.B. bei engem Abroch – alt emol bis zu eng hallef Stonn waarden, bis d'Police op der Plaz ass.

Doriwwer eraus hält leider den Trend un, datt d'Kantonalhaaptstied, ewéi z.B. Clierf oder Wolz, ëmmer méi ausstierwen. Wou fréier d'Geschäftsliewe floréiert huet, wou ee fréier eng ganz Rei Metzlereien, Bäckereien a kleng Geschäfter fonnt huet, ass haut a ville Kantonalhaaptstied net méi vill iwwereg. Servicer, wou de Staat matbedeelegt ass, ewéi z.B.

d'Post oder d'Bank, wou de Staat zu 100 Prozent Aktionär ass, gi monter ofgezunn an dacks och ganz zougemaach. D'Leit, déi am ländleche Raum wunnen, fille sech verständlecherweis dacks als Stéifkand behandelt.

Iwwerdeems sinn och Entwécklunge festzestellen, déi voll a ganz politesch gesteiert sinn: Déi grouss Parteie weigere sech bis haut, am Bezierk Osten an Norden d'Zuel vun den Deputéierten der Zuel vun de walberechtegte Bierger proportional unzepassen. Deemno misst den Osten néng Deputéierte stellen an de Bezierk Norden eelef.

D'ADR wëll sech dësen Defien unhuelen a gesäit folgend Léisunge vir:

Fir d'Mobilitéit:

- Déi eenzeg laangfristeg Léisung ass, d'Nordstrooss op véier Spueren auszebauen – bis erop op d'Wemperhaart. Mir brauchen hei eng Schnellstrooss mat enger duerchgoender Vitess vun 120 km/h mat enger Oftrennung an der Mëtt.
- De Schinneverkéier muss am Norden duerchgoend op zwou Spueren ausgebaut ginn.
- Eng besser Offer fir den ëffentlechen Transport.

Fir d'Gesondheetsversuergung:

- D'Ettelbrécker an d'Wëlzer Spidol sollen hir Servicer nees ausbauen.
- Den Oste muss endlech eng Maison médicale kréien.

Fir d'Sécherheet:

- Et däerfe keng weider Policebüroen zougemaach ginn an et ginn der zousätzlech nees opgemaach.
- Méi vun de sougenannten C3R-Kommissariater („commissariat à 3 roulements") mussen an de ländleche Raum kommen.

Fir d'Kantonalhaaptstied:

- Ëffentlech Etablissementer, déi am Bank- an am Postwiesen aktiv sinn, sollen op d'mannst eng Filial an all Kantonalhaaptstad am Land mussen hunn. Dëst gëllt och fir d'Geldautomaten.
- Et däerfe keng weider Filiale vun ëffentlechen Etablissementer, déi am Bank- an am Postwiesen aktiv sinn, zougemaach ginn.

- An zukünftege Konventioune mat der Post gëtt d'Notioun vum „service universel" och territorial interpretéiert. Dëst erméiglecht eng flächendeckend Presenz vu Postfilialen am ganze Land.

Fir d'politesch Gerechtegkeet:

- Eis Verfassung gesäit vir, datt all Lëtzebuerger gläich ass virum Gesetz. D'ADR wäert deem Rechnung droen an dofir suergen, datt verfassungswiddreg Dispositiounen, ewéi d'Wiele vun nëmme siwen Deputéierten am Bezierk Osten an och just néng Deputéierten am Bezierk Norden, am Walgesetz ofgeschaaft ginn. Eng Wielerstëmm ass an dësen zwee Bezierker aktuell nach manner wäert wéi z.B. eng Wielerstëmm am Bezierk Zentrum. D'ADR wäert d'Unzuel vun den Deputéierten am Osten an am Norden proportional un déi walberechtegt Bevëlkerung upassen, esou datt de Bezierk Norde eelef an de Bezierk Osten aacht bzw. néng Deputéierter kritt.

Generell wëll d'ADR de Prinzip vun der Zentraliséierung, duerch déi de Gros vun den Ugestallten am Land eleng an der Stad Lëtzebuerg schaffen, ofschafen. Dës Konzentratioun vun den Aarbechtsplazen, awer och vun den administrative Servicer op d'Haaptstad, däerf net nach weider verstäerkt ginn. Zemools doduerch, datt d'Mobilitéitssituatioun esouwuel op de Stroossen ewéi och op de Schinne sech kontinuéierlech verschlechtert. D'ADR envisagéiert an deem Sënn eng Dezentraliséierung vu bestëmmte Servicer.

20. Landwirtschaft

Déi Lëtzebuerger Landwirtschaftspolitik ass staark ofhängeg vun europa- a weltpoliteschen Entwécklungen am Agrarsecteur a muss sech an deem Kontext ausriichten. Haaptaufgab vun der (Lëtzebuerger) Agrarpolitik ass d'Sécherstelle vun der Versuergung mat héichwäertege Liewensmëttel fir déi wuessend Bevëlkerung. Am Hibléck op den Natur- an Ëmweltschutz ass de Bauer net ewechzedenken, well d'Landwirtschaft den Haaptacteur ass beim noutwendege Kultivéiere vun de Gréngflächen an Dauergréngflächen. Och den Erosiouns- a Waasserschutz geet nëmmen am Zesummespill mat de Baueren. Grad am Hibléck op d'Covid-Situatioun an Europa an an der Welt huet sech gewisen, wéi fragil och d'Versuergungsweeër mat Liewensmëttel kënne sinn, an et ass dowéinst vu besonnescher Wichtegkeet, datt d'Lëtzebuerger Landwirtschaft sech a Richtung vun enger méiglechst autarker Versuergung vun der Bevëlkerung entwéckelt.

Agrarpolitik: Wat fir e Modell fir Lëtzebuerg?

Grondsätzlech ass ze ënnerscheeden tëscht biologescher a konventioneller Landwirtschaft. D'ADR ass grondsätzlech der Meenung, datt et eng individuell Entscheedung vum Bauer bleiwe muss, fir wat fir e Modell hien sech entscheet. Et däerf och keen Drock ausgeüübt ginn, datt de Bauer op de biologesche Modell ëmklëmmt. An deem Sënn kritiséiert d'ADR d'Bestriewunge vun der EU-Kommissioun, datt sech bis 2030 den Undeel vun den ökologesch bewirtschafteten Arealer vun der gesamter Agrarfläch an der EU op 25 Prozent belafe soll. Dëst féiert am globaliséierte Kontext éischter zu manner Natur- an Ëmweltschutz, well sech d'EU doduerch méi ofhängeg vum Import aus Drëttstaate mécht. D'Diskussioun ëm d'Biolandwirtschaft muss realistesch an net reng ideologesch gefouert ginn. Et stellen sech och am Beräich vun der Biolandwirtschaft eng Rei Problemer:

- D'Biolandwirtschaft ass manner ertragräich.
- En allgemengt Verbuet vu Planzeschutzmëttel féiert zu enger Rei Problemer am Hibléck op den Erosiounsschutz an de Waasserschutz. D'Bauere si forcéiert hire Buedem op eng Manéier ze beaarbechten, déi wesentlech méi opwänneg ass an eis technologesch ëm Joren zeréckwerft, an deelweis mussen d'Baueren hir Felder duebel esou dacks plouen.

- Och d'Biolandwirtschaft notzt Planzeschutzmëttel, déi zum groussen Deel aus Schwéiermetaller ewéi Koffer an Néckel bestinn. Dës Schwéiermetaller hannerloosse Réckstänn am Buedem an d'Belaaschtung op d'Liewensmëttel gëtt manner streng kontrolléiert ewéi an der konventioneller Landwirtschaft.
- An der Bilanzéierung vum CO_2-Foussofdrock erginn sech keng nennenswäert Ënnerscheeder tëscht biologescher a konventioneller Landwirtschaft, och well déi konventionell Landwirtschaft méi intensiv produzéiert.
- Studie gi vun engem Réckgang vun der Produktioun vu Rëndfleesch a Kären ëm 20 Prozent aus. Parallel féiert dëst zu enger substanzieller Deierecht vun de Liewensmëttel.

D'ADR ass op kee Fall géint déi biologesch Landwirtschaft a wëll dës och net schlecht rieden. Et gëtt bei de Konsumenten eng Demande no biologesche Liewensmëttel, an dës Konsumente sollen och bedéngt ginn. Dee wuel gréisste Problem stellt sech am Hibléck op eng wuessend Ofhängegkeet vum Import vu Liewensmëttel aus Drëttlänner. Dëst gëtt am nofolgende Kapitel behandelt.

Lëtzebuerger Agrarpolitik: Iwwerleeungen an Impulser

- Handels- a Baussepolitik

EU-wäit entfalen zirka 10 Prozent vun den Emissiounen op d'Landwirtschaft. Zu Lëtzebuerg entfale 6 Prozent vun eisen Emissiounen op d'Landwirtschaft (Lëtzebuerger Bauer – Agerechent sinn net nëmmen d'CO_2-Emissiounen, mee och d'Net-CO_2-Emissiounen ewéi Methan an Distickstoffoxid). Dëst ass e virbildleche Wäert. De Lëtzebuerger Bauer weist iwwerdeems drop hin, datt an der EU – am Verglach zum Rescht vun der Welt – exzellent Bedéngungen herrsche fir eng qualitativ a quantitativ héichwäerteg Liewensmëttelproduktioun. D'Liewensmëttelsécherheet an der EU entsprécht Standarden, déi sou héich sinn ewéi néierens soss op der Welt. Déi duerch eng staark Reglementéierung bei der europäescher Landwirtschaftsproduktioun gewonnen Aspuerunge vun Zäregas-Emissioune géifen an deem Kontext duerch eng Steigerung vun der landwirtschaftlecher Produktioun ausserhalb vun der EU net nëmme kompenséiert, mee esouguer staark an d'Luucht goen. D'EU géif an eng disproportionéiert Ofhängegkeet vum Import aus Drëttstaate geroden. D'ADR begréisst déi ambitiéis Ustrengunge fir den Natur- a

Klimaschutz an ënnerstëtzt dës och. Op där anerer Säit fuerdert d'ADR awer och dee selwechten Éiergäiz am Hibléck op eis Handelspolitik. Eng Doutreglementéierung vun eise Bauere féiert onweigerlech dozou, datt sech d'Klufft bei de Produktiounsstandarden tëscht eisem Bannemaart an eisem Importmaart nach méi vergréissere géif. De Lëtzebuerger Bauer appelléiert drun, datt wann sech d'EU-Kommissioun eng nohalteg Landwirtschaft wënscht, si dëst nëmmen doduerch erreeche kann, andeems si Produktiounspotenzial vu Liewensmëttel ënnerhalb vun der EU erhale soll. Den CO_2-Foussofdrock vu landwirtschaftleche Produkter ass an der EU am geréngsten am Verglach zum Rescht vun der Welt. Déi europäesch Landwirtschaft zielt weltwäit zu den effektiivste Produzente vu Liewensmëttel. Den Asaz vu Planzeschutzmëttel ass ënnerhalb vun der EU staark reglementéiert a Réckstänn dovun an den Endprodukter sinn extrem rar. D'Sozialstandarden an der EU-Landwirtschaft sinn héich. Beim Déiereschutz besteet sécherlech nach vill Verbesserungspotential, trotzdeem sief ugemierkt, datt och d'Déiereschutzstandarden an der EU am Verglach mam Rescht vun der Welt ganz héich sinn. Ewéi déi verschidde landwirtschaftlech Interesseverbänn iwwerdeems betount hunn, steet a fält d'Lëtzebuerger Landwirtschaft mat der Mëllechproduktioun. Den CO_2-Foussofdrock fir e Liter Mëllech ass zu Lëtzebuerg historesch niddereg an am Kader vun eiser Import-Export-Politik ass et sënnvoll, datt mir och fir den Export déi héich Mëllechproduktioun bäibehalen. Et ass sécherlech och am Sënn vum Klima- an Naturschutz, datt all Land sech op d'Produktioun vun deene Liewensmëttel spezialiséiert, déi duerch gënschteg klimatesch Bedéngungen en héijen Ertrag liwweren. Eng wierklech Nohaltegkeet besteet also an de Bestriewunge vun der Politik, datt esou vill wéi méiglech Familljebetriber erhale bleiwen. Elementer aus der GAP (Gemeinsam Agrarpolitik vun der EU) sinn dowéinst mat Virsiicht ze genéissen. Och déi am Kader vun der GAP virgesinnen Eco-Schemes si kritesch ze beurteelen, well dëst op den zweete Bléck keng positiv Ureegungen duerstellen, fir méi ëmweltfrëndlech ze produzéieren, mee Konditiounen duerstellen, fir iwwerhaapt nach vu Férdergelder ze profitéieren. Déi an der GAP virgesinnen Nohaltegkeetsbestriewungen – notamment duerch e Reduzéiere vun den Zäregas-Emissiounen an duerch de postuléierten technologesche Fortschrëtt – géife verschiddene Modeller no zu enger Aspuerung vun Zäregasemissioune vu ronn 29 Prozent féieren. Allerdéngs géif e substantiellen Deel vun den agespuerten Emissioune just an Drëttstaate verlagert. De Lëtzebuerger Bauer geet vun enger Zuel vum Ausstouss vun Zäregas-Emissiounen an Drëttstaaten aus, déi substantiell méi héich ass ewéi dat, wat d'EU

duerch d'Bestriewunge vun der GAP aspuere géif. Landwirtschaftlech Betriber, déi sech op d'Fleeschproduktioun spezialiséiert hunn, däerfen och net duerch ideologesch Bestriewungen zum Stéifkand ginn. Lëtzebuerg besteet zu méi ewéi 50 Prozent aus Dauergréngland, an dëst muss duerch Wiederkäuer beaarbecht ginn, fir eng Landschaftsversteppung ze verhënneren. Et besteet also an deem Kontext d'Gefor, datt eis heemesch Agrarpolitik duerch dës Bestriewunge verdrängt gëtt.

- Méi Dialog wannechgelift!

D'Lëtzebuerger Bauereverbänn beschwéieren sech mat Recht iwwert de feelenden Dialog vu Säite vum Landwirtschaftsministère. Den Image vum Bauer ass gesellschaftlech deels ugeschloen an déi politesch Responsabel stinn an der Flicht, fir den onrechtméissegen Image vun der Landwirtschaft als ökologescht Schmuddelkand ze revidéieren. D'Lëtzebuerger Landwirtschaftsverbänn wënschen sech en éierlechen Dialog a keng eesäiteg Bevirmëndung vu Säite vum Landwirtschaftsministère. Schonn am Hierscht 2021 huet en Zesummeschloss vun den Interessevertriedunge vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft der Lëtzebuerger Regierung en detailléierte Pabeier mat Virschléi zur Klimapolitik ënnerbreet. Vu staatlecher Säit gouf et bis dato kaum eng Reaktioun zu dësem Pabeier. D'Lëtzebuerger Landwirtschaftsvertrieder hu méifach drop higewisen, datt si zwar vum Landwirtschaftsministère informéiert ginn, en Dialog géif awer net bestoen.

- Den „Agribashing" huet keng Plaz zu Lëtzebuerg!

Eis Bauere kenne keng normal 40-Stonnen-Woch. Et ass üblech, datt si all Dag 12 Stonnen a méi an hirem Betrib schaffen. Congé ass fir vill Baueren e Friemwuert. Dofir däerf et net sinn, datt den „Agribashing", d.h. e bewosst schlecht Bild vum Bauer molen an hien als Ëmwelt- a Klimasünder duerstellen, sech zu Lëtzebuerg breetmécht. Grad am Hibléck op d'Bestriewunge fir méi Natur- a Klimaschutz spillen eis landwirtschaftlech Betriber eng wichteg Roll. 52 Prozent vun der Gesamtfläch vu Lëtzebuerg sinn „espace agricole", an dofir essentiel fir d'Sequestratioun – also d'Bindung – vu Kuelestoff. Eis Bauere kultivéieren a fleegen dës Flächen. Natur- a Klimaschutz geet just mat de Baueren!

- Lëtzebuerger Landwirtschaft: Méi Ënnerstëtzung fir méi Autarkie!

D'Covid-Situatioun huet däitlech gemaach, wéi fragil och d'Versuergungsweeër mat Liewensmëttel kënne sinn. D'ADR huet an deem Kontext am Abrëll 2020 der Chamber eng Motioun proposéiert, déi eng méi staark autark Ausriichtung vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft fuerdert. Fir datt Lëtzebuerg op de Wee vu méi Autarkie an der Landwirtschaft ka goen, brauch et an éischter Linn méi Ënnerstëtzung fir eis Landwirtschaft. D'ADR kritiséiert an éischter Linn déi feelend Ënnerstëtzung vu landwirtschaftleche Betriber wärend der Covid-Situatioun:

- Kaum e Bauer huet d'Ënnerstëtzung vu 5000 Euro kritt.
- Eis Bauere stinn, wat d'Mëllech- a Fleeschpräisser ugeet, staark ënner Drock.
- D'Aiden, déi eis Baueren a Wënzer am Kader vun der Covid-Situatioun kruten, hu quasi just aus Hëllefsleeschtunge bestanen, déi d'Bauere bis dato souwisou zegutt haten.

Eng weider Kris – sief dat wirtschaftlech, sanitär oder soss eng Kris – ass net auszeschléissen, an am Fall vun enger akuter Situatioun, wou d'Versuergungsweeër géifen zesummebriechen, muss Lëtzebuerg och ouni Hëllef vu baussen d'Bevëlkerung mat genuch héichwäertege Liewensmëttel versuerge kënnen. D'ADR fuerdert an deem Kontext och, datt d'Regierung sech mat de landwirtschaftlechen Interesseverbänn zesummesetzt, fir de Bilan no der Covid-Situatioun ze maachen. Hei soll eng Aart Masterplang ausgehandelt ginn, wou d'Regierung sech kloer dozou bekennt,

- datt och déi konventionell Landwirtschaft am Hibléck op d'Versuergungssécherheet kloer eng Existenzberechtegung behale muss;
- net, ewéi am Koalitiounsaccord festgehalen, op den ideologesche Wee ze goen, fir an Zukunft d'Baueren ëmmer méi ze forcéieren, fir hire Betrib op Bio ëmzestellen, mee fir de Baueren e wierkleche Choix ze loossen, wéi si hire Betrib wëlle féieren.

- De Baueren hiert Land loossen!

De Staat keeft ëmmer méi Betriber op, respektiv de Staat agéiert ëmmer méi als Pächter, deen d'Land just un déi Acteure verlount, déi sech un déi ideologesch Oplagen halen. Doduerch verléiert eis Landwirtschaft e groussen Deel vun hirem Potential, fir ertragräich an extensiv ze wirtschaften. Grouss Landfläche ginn u Baueren oder aner Organisatioune verpacht, déi just da Primme kréien, wann si no biologesche Krittäre wirtschaften. Dës Politik

gëtt dem steigende Bedarf u Liewensmëttel net gerecht, an och doduerch gëtt eist Land méi ofhängeg vum Import. D'Subventionéierungskrittäre sinn dobäi alles anescht ewéi transparent an d'Lëtzebuerger Bauereverbänn hunn drop higewisen, datt bestëmmte Landflächen esouguer méifach subventionéiert ginn. Dëst ass ongerecht! De Staat keeft ëmmer méi Land op, fir doduerch kënnen déi onsënneg Ökopunkten ze kompenséieren, an et stellt sech hei esouguer d'Fro, a wéiwäit dëst kompatibel mam Pachtgesetz ass. An ass dëst Virgoen iwwerhaapt konform mam Artikel 11 vun der Verfassung, dee beseet: „La liberté du commerce et de l'industrie, l'exercice de la profession libérale et du travail agricole sont garantis"? Déi Lëtzebuerger Bauereverbänn kritiséieren iwwerdeems, datt Landflächen dacks u pensionéiert Bauere verpacht ginn, déi d'Land net seelen esouguer braach leie loossen, fir esou kënne vun de Primmen ze profitéieren. D'ADR fuerdert: Loosst de Baueren hiert Land! D'Produktioun vun héichwäertege Liewensmëttel huet Prioritéit géintiwwer ideologesche Krittären, no deenen d'Spillreegele fir d'Landverpachtung definéiert ginn.

- Logementskris: Eis Bauere sinn net de schwaarze Péiter!

Déi verfeelte Wunnengsbaupolitik aus de leschte Joren däerf net um Bockel vun de Baueren ausgedroe ginn. Den Direkter vun der Société Nationale des Habitations à Bon Marché huet viru ronn zwee Méint gefuerdert, datt et un der Politik ass, fir Bestriewungen an d'Weeër ze leeën, datt an Zukunft méi a méi Akerland zu Bauland ëmgewandelt soll ginn. Dëst steet der Tatsaach vun enger steigender Demande no lokale Liewensmëttel diametral géintiwwer. Lëtzebuerg muss säi Wuesstemsmodell grondleeënd ëmdenken. D'ADR fuerdert: Bei der Logementskris däerf et net zu enger eesäiteger Symptombekämpfung um Bockel vun de Bauere kommen.

- Lëtzebuerger Landwirtschaft: Sensibiliséieren, Landtourismus förderen!

Scho virun iwwer 30 Joer huet d'APTR (Association pour la Promotion du tourisme rural au Grand-Duché de Luxembourg) sech dofir staark gemaach, de Landtourismus zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen. Et ass e sënnvollt Konzept, fir Leit, déi net mam landwirtschaftlechen Alldag konfrontéiert sinn, d'Realitéit an d'Wichtegkeet vun de landwirtschaftleche Beruffer ze vermëttelen. De Landtourismus kann esou iwwerdeems och zu engem zousätzleche Revenu bei de landwirtschaftleche Betriber féieren. D'APTR erwaart sech allerdéngs méi Subventioune vum Tourismusministère. De Landtourismus stellt eng Diversifizéierung vun der Landwirtschaft duer a steigert d'Attraktivitéit vun de ländleche Regiounen. Et hapert

allerdéngs nach – wéi sou dacks zu Lëtzebuerg – beim administrativen Opwand. Wien aktuell eng Gîte fir de Public wëll opmaachen, ass – esou d'APTR – mat onméiglechen administrativen Hürde geplot. Hei wënscht een sech eng administrativ Vereinfachung an och méi Reklamm vu Säite vun der Regierung fir dës eenzegaarteg Form vun Tourismus.

- Héichwäerteg Liewensmëttel: Opklären, awer net erzéien!

D'ADR gesäit d'Bestriewungen, fir an Zukunft ëmmer méi Liewensmëttel mam sougenannten Nutri-Score ze kennzeechnen, problematesch. De Nutri-Score steet an der Kritik, Liewensmëttel ganz eesäiteg nom Nährstoffgehalt ze beurteelen. Eng multifaktoriell Analys vu Liewensmëttel besteet net a soumat gëtt dëse keng oder kaum Informatiounen doriwwer, ob e Liewensmëttel gesond ass oder net. D'ADR ass och ganz kritesch am Hibléck op den europäeschen Aktiounsplang fir d'Verbesserung vun der Gesondheet vun den europäesche Bierger. Dëse gesäit ënnert anerem vir, datt z.B. den Alkoholgehalt am Wäin duerch Bäimësche vu Waasser ka reduzéiert ginn. Eng aner Gefor besteet doran, datt net gewosst ass, ob net iergendwann de Wäin-Ubau aus de Férderprogrammer fir d'Agrar- a Liewensmëttelprodukter gestrach gëtt. Fir d'ADR gëllt: Loosst eis Baueren a Wënzer onageschränkt hir Liewensmëttel produzéieren ouni ideologesch Scheiklappen an ouni de Wonsch, de Bierger ëmmer méi erzéien ze wëllen!

- Och déi méi kleng Bauerebetriber musse liewe kënnen

Am Kader vun der GAP ginn europawäit ronn 75 Prozent vun de Subventiounen un d'Bauerebetriber op d'Gréisst vun der Fläch berechent. D'Bauerenzentral huet nach am Juni 2021 drop higewisen, datt déi kritesch Gréisst zu Lëtzebuerg, vun där un e landwirtschaftleche Betrib iwwerhaapt nach fonctionéiere kann, haut bei ronn 100 Hektar läit. Héich Grondstéckspräisser an eng staark begrenzte Landfläch maachen et de Baueren ëmmer méi schwéier, iwwerhaapt nach existéieren ze kënnen. Déi jonk Bauere kommen dacks zum Schluss, datt et sech laangfristeg net méi lount, den elterleche Bauerebetrib weiderzeféieren. De Staat huet dofir ze suergen, fir optimal Konditiounen ze schafen, fir d'Transitioun vum Bauerebetrib un déi jonk Generatioun ze erméiglechen. D'ADR fuerdert, datt d'Hëllefen un d'Baueren am Kader vun eiser nationaler Legislatioun an am Kader vun der GAP net eesäiteg un d'Fläch gebonne musse sinn. D'GAP gesäit vir, datt 30 Prozent vun de Flächen no nohaltege Krittäre musse beaarbecht ginn, fir vun de Férderungen ze profitéieren. Gespréicher mat de Bauereverbänn hunn erginn, datt dëse Prozentsaz duerch

déi aktuell Ëmweltoplagen zu Lëtzebuerg souwisou schonn erreecht ass. Trotzdeem sinn d'Bauereverbänn veronséchert, eréi dës Reegelung vun der GAP an nationaalt Recht ëmgewandelt soll ginn. D'ADR fuerdert hei vis-à-vis vun de Baueren en Entgéintkommen, Transparenz a Planungssécherheet. Eréi scho bei de Bestriewungen no méi Autarkie fuerdert d'ADR hei, an Zesummenaarbecht tëscht der Regierung an de landwirtschaftleche Verbänn en Zukunftsdësch ze organiséieren, fir och hei eng Aart Masterplang op d'Been ze stellen, eréi an no wéi enge Konditioune Fërdergelder an Zukunft reforméiert musse ginn.

- Gentechnik: Fir en differenzéierte Bléck!

Mat enger wuessender Weltbevëlkerung wiisst och d'Nofro u Liewensmëttel. D'Gentechnik kann eng Upak sinn, fir Planze méi resistent géint Krankheeten a méi ertragräich ze maachen. Et muss ee bei der Gentechnik awer staark differenzéieren. Gewëssermoossen handelt et sech hei just ëm en Iwwerbegrëff, deen eng ganz Rei un ënnerschiddlechen Züchtungstechniken ëmfaasst. Nei Technike maachen et méiglech, datt Ierf-Informatioune vu enger Planz just nach punktuell kënne verännert ginn an net méi eréi fréier, wou friem DNA mat geréngem Erfolleg per Zoufallsprinzip iergendwou am Genom ubruecht gouf. D'ADR verschléisst sech net der Diskussioun ëm de Potential vu gentechnesch verännerte Planzen, fuerdert awer eng oppen an transparent Debatt, wou méiglech Virdeeler a Risike vun de jeeweilegen Experten objektiv beliicht ginn.

- Düngemëttel: Keng deloyal Konkurrenz!

Et ass gewosst, datt d'Präisser fir Düngemëttel den Ament historesch héich sinn. Elo plangt d'EU-Kommissioun nach zousätzlech, datt d'Düngemëttel an dee geplangten CO_2-Grenzausgläichsmechanismus mat abezu solle ginn. Bei eisen nationale Bauereverbänn ass dëst Virgoen op haart Kritik gestouss. D'Abezéie vun den Düngemëttel an den CO_2-Grenzausgläichsmechanismus féiert dozou, datt d'Präisser fir Düngemëttel nach zousätzlech an d'Luucht ginn. Dëst dreift och d'Käschte vun der landwirtschaftlecher Produktioun an Europa weider an d'Luucht a gläichzäiteg besteet d'Gefor, datt d'Notze vun importéierte Liewensmëttel méi attraktiv a méi wettbewerbsfäeg kéint ginn. Anescht wéi d'Regierung fuerdert d'ADR, datt d'Düngemëttel net an dee geplangten CO_2-Grenzausgläichsmechanismus mat abezu solle ginn. D'ADR setzt sech dofir an, datt Lëtzebuerg net iwwert d'Zil erausschéisst an nach méi streng Oplage fuerdert, wéi dat am europäesche Kontext souwisou schonn de Fall ass. Elo scho sti vill Betriber ënnert

staarkem finanziellen Drock, a mir däerfen de Baueren net ëmmer weider finanziell Hürden operleeën.

D'Wuel vun den Déieren huet fir eis Prioritéit!

Déiereschutz ass en iwwergräifende Begrëff, deen e gudde kierperlechen an och mentalen Zoustand vum Déier zum Zil huet. Den Déiereschutz ass mat Recht e ganz wichtege Sujet an eiser Gesellschaft an e gëtt tendenziell nach méi staark. E betrëfft och all Phas am Liewe vum Déier, inklusiv d'Froe vun der Zuucht a vu sengem Doud.

- Schluechtung an nationalen an internationalen Déierentransport

Eng schwiereg Situatioun, déi leider nach net gutt genuch legal ofgeséchert ass, ass de Schutz vum Déier bei sengem Transport. D'ADR huet an hirer parlamentarescher Aarbecht vun de leschte Jore méifach drop higewisen, datt ëmmer nach grouss Problemer besti bei internationalen Déierentransporter. Am internationale Kontext fuerdere mir:

Schluss mat der „Mogelpackung" beim Marketing vu Fleeschwueren!

Mir schwätzen eis dogéint aus, datt Déieren aus renge Marketing-Grënn dausende Kilometer Transportweeër erleide mussen. Mir fuerderen, datt Lëtzebuerg esou Transit-Transporter op sengem Territoire verbitt.

D'ADR schléisst sech an deem Kontext de Fuerderunge vum europäesche Rechnungshaff (Document d'analyse 03/2023 „Transport d'animaux vivants dans l'UE: défis et pistes d'action") un, fir den internationalen Déierentransport méi streng ze regulariséieren.

Beim nationalen Déierentransport an d'Schluechthaiser muss séchergestallt ginn, datt eis Déieren an optimale Konditiounen transportéiert ginn. Et däerf net zu onnéidegem Stress fir d'Déiere kommen.

De Prozess an d'Methoden, wéi d'Déiere geschluecht ginn, ass an der EU eenheetlech gereegelt. Lëtzebuerg applizéiert doriwwer eraus déi strengsten Normen, wat de Prozess vum Schluechten ugeet, an d'Schluechten ënnerläit iwwerdeems enger permanenter veterinärmedezinescher Iwwerwaachung. D'ADR begréisst dës streng Normen a Reglementéierungen, an dës mussen ënnert allen Ëmstänn bäibehale ginn.

- Déi veterinärmedezinesch Versuergung ausbauen

Zanter dem Akraafttriede vum Déiereschutzgesetz vun 2018 goufen 272 Verstéiss gemellt. Dovu waren d'Notzdéieren a 65 Prozent vun de Fäll betraff an d'Hausdéieren a 35 Prozent. D'ADR ass dogéint, eis Baueren duerch ëmmer méi Kontrollen ze dirängelen. Eise Bauere läit d'Déierewuel um Häerz. Trotzdeem si periodesch Kontrollen op eventuell Verstéiss noutwendeg a sënnvoll.

D'ADR setzt sech an, fir déi veterinärmedezinesch Betreiung auszebauen. Dofir brauch et awer virun allem méi Personal. Lëtzebuerg huet e Manktem u Veterinären. D'ADR fuerdert – parallel zum Ausbau vum Medezin-Studium – datt zu Lëtzebuerg och eng veterinärmedezinesch Fakultéit gegrënnt gëtt, fir eis Veterinären hei am Land auszebilden, fir esou dem Personalmanktem entgéintzewierken.

Eis Wënzer ënnerstëtzen

- Europäesch Virschrëfte begleeden am Sënn vum Wuel vun eise Wënzer

Lëtzebuerg ass en „Wäiland", an de Wäin ass zënter Joerhonnerten e ganz wichtegen Deel vun eiser Kultur. De Wäibau ass zu Lëtzebuerg och net nëmmen e wichtegen ekonomesche Secteur, mee ass doriwwer eraus och net méi ewechzedenken am Kultur- an Tourismussecteur. D'ADR mécht sech dofir staark, datt déi speziell Bedeitung vum Wäibau fir Lëtzebuerg mat all senge Spezifizitéiten och vun der Europäescher Unioun respektéiert gëtt. Esouwuel d'Kooperativen ewéi och d'Privatwënzer sinn ëmmer méi mat europäesche Veruerdnunge konfrontéiert, déi hinnen d'Aarbecht zum Deel ganz schwéier maachen.

Esou gëtt et am Wäibau-Secteur den Ament vill Opreegung ëm eng geplangte Veruerdnung vun der EU, déi méi streng Reegele beim Gebrauch vu Planzeschutzmëttele virgesäit. D'Wënzer ginn ze bedenken, datt mat dësen Oplagen den Ubau vun Drauwe besonnesch an den ausgewisene Schutzgebidder – betraff si virun allem Schengen, Wuermer, awer och d'Randberäicher vum groussen Trëntengerdall – kaum nach bis iwwerhaapt net méi méiglech wäert sinn.

D'ADR wäert sech dofir asetzen, datt Lëtzebuerg sech an all Etapp vun der europäescher legislativer Prozedur esou abrénge kann, fir de Reglementstext op déi Lëtzebuerger Spezifizitéiten unzepassen. D'ADR wäert sech fir e méi differenzéiert Reglement asetzen,

esou datt séchergestallt ass, datt d'Baueren, Wënzer a Gäertner weiderhin hire Beruff ausübe kënnen a Liewensmëttel produzéiere kënnen – och a Schutzgebidder, dat natierlech am Respekt vun eiser Natur.

- Kontrolle mat Aemooss

Iwwerdeems mussen d'Wënzer, esou wéi d'Baueren, zu all Moment Här iwwert hiren eegene Betrib sinn. Och am Wäibau si periodesch Kontrollen – och wat d'Aarbechtsrecht ugeet, z.B. am Hibléck op d'Astellung vun de Saisonaarbechter – noutwendeg. D'ADR schwätzt sech awer géint exzessiv Kontrollen aus, déi genee dann ufalen, wann am meeschten Aarbecht ass, esou wéi dat an der Vergaangenheet schonn dacks de Fall war. D'ADR setzt sech dofir an, datt an Zukunft Kontrollen esou ausfalen, datt net ganz Wäibierger ofgespäert ginn an den normalen Aarbechtsoflaf net méi méiglech ass.

- Promotioun vu Lëtzebuerger Wäiner a Cremanten

Wat d'Promotioun vun de Lëtzebuerger Wäiner a Cremanten am Ausland ugeet, ass nach vill Loft no uewen. D'ADR setzt sech dofir an, datt méi a méi Wäiner och an auslännesche Supermarchéschaînen ugebuede musse ginn, hei läit et un der Politik, déi néideg Efforten ze maachen. An der Grenz- a Groussregioun fannen sech och Lëtzebuerger Wäiner. D'ADR wäert sech dofir asetzen, datt d'Lëtzebuerger Wäiner iwwert d'Grenz- a Groussregioun eraus hir Plaz an de Supermarchéschaînen hunn.

Zu Lëtzebuerg soll eisen exzellente lokalen Wäi bei ëffentleche Veranstaltungen ëmmer Prioritéit hunn. An de Bistroen a Restaurante wäert d'ADR d'TVA um Lëtzebuerger Wäin erëm vu 16 Prozent op 8 Prozent erofsetzen.

Fazit

D'Versuergung vum Land mat héichwäertege Liewensmëttel verdéngt eis politesch Prioritéit. D'ADR setzt sech an deem Kontext a fir e realistesche Bléck op d'Produktiouns-bedéngungen. En ideologeschen Dirigismus ass net wënschenswäert an net realistesch. Stéchwuert ass an deem Kontext den Dialog – en Dialog, deen de Moment zu Lëtzebuerg feelt op Käschte vun der Zefriddenheet vun de landwirtschaftlechen Acteuren, awer och de Konsumenten, déi dacks veronséchert sinn. Eis Bauere kultivéieren a fleegen iwwerdeems schonn zanter Joerhonnerten eis Natur a Landwirtschaft – hinne muss d'Politik dofir och dat

néidegt Vertrauen entgéintbréngen. D'ADR steet fir hei Konsequenz: e konsequenten Natur- an Ëmweltschutz, awer och déi néideg Konsequenz am Hibléck op d'Wichtegkeet vum Bauer: Hien ass den Ernärer vun der Natioun!

21. Prioritéit fir Lëtzebuerger Betriber

Och a grad am Kader vun engem kontrolléierten a qualitative Wuesstem, dee mir als ADR ustriewen, ass et wichteg, datt eis Prioritéit doranner läit, virun allem deenen zu Lëtzebuerg scho bestoende Betriber e Wuessen ze erméiglechen. Dobäi muss de Staat fir déi néideg Ënnerstëtzung a Viraussetzunge suergen. Dëst gëllt esouwuel bei Investitiounen ewéi bei der Recherche an Entwécklung. Bei alle staatlechen Hëllefe wäert d'ADR de Lëtzebuerger Betriber, besonnesch de klengen a mëttelgrousse Betriber, d'Prioritéit ginn.

Kleng- a Mëttelbetriber

Nieft der Handwierkerkummer an der Handelskummer mussen och all d'Administratiounen, déi mat de Betriber schaffen, sech grondsätzlech als Déngschtleeschter fir d'Betriber gesinn an net als Kontroller.

Fir méi kleng Betriber schaaft d'ADR eng Ulafstell beim Staat („Guichet unique"), nom englesche Modell vum „Small Business Service". Do fannen d'Betriber Ënnerstëtzung a Berodung (Commodo-Incommodo, TVA, asw.) duerch Beamten, z.B. vum Steieramt, vun der Ëmweltverwaltung, vum Enregistrement, vun der Sozialversécherung an der ITM. Entscheedungen, déi vun dësem Service geholl an dem Betrib matgedeelt ginn, gëlle fir all d'Verwaltungen. Dëse Service koordinéiert sech mat der zoustänneger Gemeng an eventuell anere betraffene Verwaltungen. Och hei gëllen d'Entscheedunge fir sämtlech Administratiounen an d'Gemeng.

Dëse Guichet unique ënnerstëtzt och kleng a mëttelgrouss Betriber am Beräich vum Internet an erlaabt hinnen esou, am internationalen Ëmfeld kompetitiv ze bleiwen. Dës Ënnerstëtzung besteet esouwuel aus Formatioun ewéi och aus konkrete Mëttelen (Internetubannung, Service fir e séchert Bezuelen, Logistik bei Liwwere vun de Wueren, asw.).

D'Grënne vun neie Lëtzebuerger Betriber muss gefërdert ginn. Hëllefe beim Start sinn z.B. Prêten, déi vum Staat garantéiert ginn. E frëndlecht Ëmfeld fir Entrepreneure kann een awer schonn an der Schoul virbereeden, fir datt jonk Leit mat enger gudder Iddi net zécken, fir dës ëmzesetzen. Nieft de Patronatskummere muss och de Staat, ënnert anerem mat engem

adequate steierlechen Ëmfeld, positiv awierken, wa Betriber vun engem neie Patron iwwerholl ginn.

Horeca

Den Horecasecteur spillt eng wichteg Roll zu Lëtzebuerg. En ass net nëmme vu Bedeitung fir den Tourismus, d'Ekonomie an d'Aarbechtsplaze fir Leit mat gerénger Qualifikatioun, mee och fir dat gesellschaftlecht Liewen, d'Sozialkontakter, d'Integratioun an domat och fir d'sozial Kohäsioun. D'ADR wäert dowéinst eng Rei Moossnamen, déi d'ekonomesch Basis vum Horecasecteur geschwächt hunn, nees réckgängeg maachen. Duerzou gehéiert, datt den TVA-Saz fir Béier a Wäin, deen zerwéiert gëtt, vu 16 Prozent op aacht Prozent erofgesat gëtt. Dëst ass ëmsou méi wichteg, no enger laanger Zäit, wou d'Betriber vum Horecasecteur ganz besonnesch staark gelidden hunn. Duerch déi extrem Bestëmmungen a Restriktioune wärend der Covid-Situatioun hunn haut nach vill Betriber domat ze kämpfen, hir Verloschter aus där Zäit auszegläichen a sech iwwer Waasser ze halen.

Mir bleiwen och weiderhi bei der Ofleenung vum generelle Fëmmverbuet an de Caféen. Hei soll de Wiert selwer entscheeden, op seng Clientë fëmmen däerfen oder net. Dëst muss awer ëmmer ënnert der Viraussetzung geschéien, datt dëst kloer ugekënnegt ass.

D'ADR wäert d'Subventionéierung fir d'Moderniséiere vun Hoteller weiderféieren. Dobäi soll och dofir gesuergt ginn, datt Hoteller aus alle Kategorien zur Verfügung stinn. Et gi speziell Hëllefen agefouert, wann en Hotelsbetrib vun engem neie Proprietär (keng international Chaînen) soll iwwerholl ginn. Mat der ADR gi keng weider Hoteller zweckentfriemt, fir Flüchtlingen (DPI) ënnerzebréngen.

D'Handwierk

D'ADR gëtt dem Handwierk zu Lëtzebuerg nees dee Wäert, deen et verdéngt. D'Handwierk ass fir Lëtzebuerg en absolut zentralen Deel vu senger Ekonomie. Et handelt sech ëm e Secteur, dee vill an ëmmer méi héich qualifizéiert Aarbechtsplaze schaaft, déi och net liicht an d'Ausland ze transferéiere sinn. D'Handwierk ass och attraktiv doduerch, datt et vergläichsweis krisesécher ass a sech séier un nei Erausfuerderungen upasst. Duerch

d'Leeschtung vum Handwierk an der Ausbildung vu jonke Leit begräife mir d'Handwierk net nëmmen als Deel vun der Ekonomie, mee och als e wichtegen Deel vun der Educatioun.

E qualifizéiert, breet opgestallt Handwierk ass fir Stéit, Betriber an de Staat onverzichtbar. Aktuell steet eist Handwierk opgrond vun de laangen Onsécherheeten duerch d'Covid-Moossnamen, laangen administrative Weeër, ëmmer méi gréng-ideologeschem Dirigismus, der allgemenger Präisdeierecht, besonnesch awer bei der Energie an den Terrainen, engem onflexibele Regimm bei der Aarbechtszäit an engem ëmmer méi staarke Manktem u qualifizéiertem Nowuess, virun enormen Erausfuerderungen, déi nëmmen duerch couragéiert Reforme kënne geléist ginn.

Fir d'Handwierk ze valoriséieren an duerch konkret Moossnamen ze ënnerstëtzen, wëll d'ADR iwwer folgend Punkten eng positiv Entwécklung erreechen:

- Ausbildung upassen a verbesseren

Et muss opgehale ginn, d'Schüler „par l'échec" an d'Handwierk ze orientéieren. Dat schuet dem Handwierk immens, well et e Bild vermëttelt, dat dem Secteur absolut net gerecht gëtt. D'Handwierk ass esou wichteg fir d'Gesellschaft an deementspriechend sollte mir de Secteur och wäertschätzen an aktiv promouvéieren!

D'Qualitéit u Personal, dat aus der Ausbildung nom duale System kënnt, entsprécht aktuell net deem, wat d'Betriber brauchen. Outsourcing duerch Kompetenz-Hubs gëtt ëmmer méi heefeg. Nieft dem allgemengen Nivellement vers le bas am Lëtzebuerger Bildungssystem ass d'Formatioun deelweis vereelzt, si entsprécht net der Zäit. D'Formatioun selwer gëtt ugepasst a mir musse si duerhinner kréien, datt d'Leit méi spezifesch kënnen op eppes schaffen an Expert doranner ginn. Dat huet och en Impakt op de Verdéngscht vun den Handwierker. Wann ee gutt an eppes ass, kann een och gutt Paie verdéngen, well een dem Betrib vill bréngt, also eng Plus-value duerstellt, an deementspriechend wichteg fir en ass. Et ginn och am Handwierk Negociatioune bei de Paien, a wien Expert a gutt ass an deem, wat e mécht, deen huet och eng favorabel Positioun bei der Negociatioun vu senger Pai.

Et missten och onbedéngt méi Passerellë geschaf gi fir Leit, déi sech ëmentscheeden a schliisslech awer nach en Handwierk léiere wëllen. Soss muss een dräi Joer den DAP maachen a fir d'Meeschterprüfung nach eemol dräi Joer, dat si sechs Joer, déi een zousätzlech mécht, well et ze wéineg Passerellë ginn. Mir mussen also dréngend attraktiv

Passerellë schafen. Et sollt dobäi och d'Méiglechkeet geschaf ginn, fir aus allen Niveauen eraus (techneschen oder klassesche Lycéee) en Handwierk kënnen ze léieren. Esou, datt een e System huet, deen engem Kombinatiounen erméiglecht, wéi een et bei de Musek- a Sportklasse kennt. Och hei huet een e gewëssermoosse flexibele System, fir d'Schoul mat der Passioun ze verbannen, an dat kéint ee grad esou mam Handwierk maachen. Domat huet een e gewëssene Bildungsniveau kombinéiert mat den handwierkleche Fachkompetenzen.

Dozou kënnt, datt eisen DAP näischt méi wäert ass, well en esou wäit erofgewirtschaft gouf, fir deene villen Echecken entgéintzewierken, andeems d'Ufuerderunge vum Programm einfach erofgeschrauft gi sinn. Fir d'ADR kann dat net d'Léisung sinn!

Mir brauchen en Imagewiessel, iwwert eng Valoriséierung an eng besser Duerstellung duerch d'ganz Gesellschaft erduerch, d'Formatioun an den Unterrechtswee musse verbessert an ugepasst ginn an och den Niveau vun der Ausbildung muss nees no uewen ugepasst ginn.

- (Ëm-)Orientéierung am Sënn vum reellen Aarbechtsmaart

Nieft der mangelnder Attraktivitéit droen och en ze vill exklusive Fokus op déi akadeemesch Ausbildung an d'Angscht virun der sozialer Onsécherheet dozou bäi, datt sech relativ wéineg Leit fir eng handwierklech Karriär entscheeden. De Problem vum Image an den ze vill eesäitege Fokus op Akademiker si Probleemer, déi just kënnen duerch eng besser Presentatioun an de Schoulen an an der Gesellschaft allgemeng kënne geléist ginn.

De Staat soll eng Analys maachen, bei där festgestallt gëtt, a wat fir Beräicher et Lëtzebuerg u Personal feelt a wéi grouss dëse Manktem ass; elo, mëttel- a laangfristeg. Domat soll e kloert a realistescht Bild vermëttelt ginn, fir deene jonke Leit éierlech ze vermëttelen, wéi d'Besoinen um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart reell ausgesinn, an ze verhënneren, datt si sech opgrond vu falsch ageschate Beruffschancë géint d'Handwierk entscheeden, respektiv dozou bäizedroen, datt si sech duerch d'Aussiicht op gutt Beruffschancë fir d'Handwierk entscheeden.

Mee och Leit, déi keng Aarbecht (méi) fannen, kënnen a sollen esou motivéiert ginn, sech eventuell duerch eng Ëmschoulung oder Weiderbildung anescht oder nei ze orientéieren an hire Wee, ënner Berécksiichtegung vun hiren Intressien a Kapazitéiten, zeréck an de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart an eventuell an d'Handwierk ze fannen. Dat wier eng Hëllef

fir déi, déi eng Aarbecht brauchen, an och fir d'Patronen, déi motivéiert a qualifizéiert Personal brauchen a sichen.

Amplaz de Fokus dorop ze leeën, nei Leit aus dem Ausland unzewerben, sollt sech méi drop konzentréiert ginn, fir d'éischt Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, fir d'Handwierk ze sensibiliséieren, ze begeeschteren, a wann néideg ëmzeschoulen. An där Hisiicht mussen d'Quereinsteiger an hir Méiglechkeeten an d'Handwierk ze wiessele méi grouss Opmierksamkeet kréien.

- Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit

Och d'Aarbechtszäite bestëmmen d'Attraktivitéit vun enger Aarbecht/engem Beruff. Et goufe vill supplementär Congée geschaf an enger Zäit, an där de Personalmanktem wiisst. Dësen Ëmstand gouf kombinéiert mat immens ambitiéisen Ëmweltoplagen, déi d'Aarbecht/Déngschleeschtung méi komplizéiert a méi deier gemaach hunn. D'Betriber mussen awer funktionéiere kënnen an och hir Käschten nach gedeckt kréien. Dofir si mir géint eng generell gesetzlech Aarbechtszäitverkierzung, wat méi Loun fir manner Aarbecht bedeite géing.

Mir wëllen awer d'Iddi vun enger Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit ënnerstëtzen, déi och den Handwierker soll d'Méiglechkeet ginn, d'Aarbecht an d'Privat-/Familljeliewen am Sënn vun der Work-Life-Balance besser ze organiséieren.

- Pensiounsregime änneren

Et feelt de Betriber u Personal a besonnesch u qualifizéiertem Personal. Gläichzäiteg klëmmt d'Zuel vun deenen, déi an d'Pensioun ginn. Fir dat erproufte Personal net op ee Schlag ze verléieren, wier et wichteg, datt de Pensiounsregime flexibiliséiert gëtt. Ugestallter, déi trotz Pensiounsalter nach weider wéilte schaffen, solle méi flexibel Pensiounsmodeller erméiglecht kréien, déi hinnen et erlaben, de gereegelten Aarbechtsalldag net abrupt ofzebriechen an den Iwwergang an d'Pensioun méi fléissend ze gestalten. Ausserdeem soll d'Limitt vum Revenu, deen ee sech zur Pensioun dobäiverdéngen duerf, ofgeschaf ginn.

Grad dat ass och e wichtege Punkt bei Situatiounen, wou Leit an hirer Pensioun eventuell nach dem Handwierk hëllefe wëllen, andeems si Owescoursen an der Meeschterprüfung ginn oder am Formatiounszenter hëllefen, fir Handwierkerausbildungen ze erméigleche fir

Leit, déi vun der ADEM kommen. Mir sollte frou sinn, wa mir kompetent Leit hunn, déi bereet sinn, dat ze maachen. Da sollte mir si net fir hiren Engagement bestrofen.

- Kompensatioun fir Betriber, déi hir Handwierker un de Staat verléieren

A ville Betriber maachen d'Paien 80 Prozent vun de Käschten aus an hir Marge läit dacks just bei 3 Prozent. D'Handwierksbetriber kënnen net mat de Staatsgehälter mathalen, och net mat den „Einstiegsgehälter" vum Staat. Domat ass de Staat ëmmer eng direkt Konkurrenz, wann et dorëms geet, Personal ze kréien an ze behalen.

Et kënnt ëmmer nees vir, datt eng Entreprise e Mataarbechter verléiert, well dësen aus dem Privatsecteur bei de Staat wiesselt. Fir d'Entreprise ass dëst natierlech problematesch, well si zum engen en neie Mataarbechter fannen an aschaffe muss an zum aneren huet d'Entreprise Zäit an (eventuell) och Suen an d'Formatioun vun hirem Ugestallte gestach. Wann dat de Fall ass, soll de Staat d'Entreprise mat enger finanzieller Kompensatioun entschiedegen an der Héicht vun hiren Investissementer an de Mataarbechter.

Et ass allerdéngs néideg, datt hei eng Kontrollfunktioun gräift, bei där séchergestallt gëtt, ob d'Entreprise net scho mol finanziell Hëllef vum Staat fir d'Ausbildung vun deem Aarbechter kritt huet. De Staat soll der Entreprise net mussen zweemol eng Kompensatioun bezuelen.

- Karriär beim Staat

D'Meeschterkaart ass en „critère d'accès", fir un der Prüfung, fir an eng B1-Karriär ze kommen, deelhuelen ze kënnen. D'ADR schwätzt sech dofir aus, datt d'Meeschterkaart systematesch soll valoriséiert ginn, andeems déi betreffend Persounen nom Modell vun der B1-Karriär solle remuneréiert ginn. Et ass fir eis inakzeptabel, datt staatlech oder kommunal Verwaltunge weiderhi geziilt an den Ausschreiwungskrittäre fir eng Plaz eng Meeschterkaart fuerderen, dës Persounen dann awer an enger méi niddereger Karriär, wéi déi vum B1, astellen a remuneréieren. Grad am Hibléck op den Effort, fir méi Handwierker zu Lëtzebuerg auszebilden, ass et e falscht Signal an doriwwer eraus och ongerecht, Persoune mat Meeschterkaart net ugemoossen ze remuneréieren, andeems si an enger méi niddereger Karriär agestallt ginn.

- Administrativ Vereinfachung

D'Bürokratiséierung ass a ville Beräicher e Problem an ass och am Handwierkssecteur ausgeufert. Dat bedeit groussen administrativen Opwand a manner Produktivitéit. Dat trëfft

ganz besonnesch och déi kleng Betriber, déi scho mat wéineg Personal auskomme mussen. D'Rentabilitéit leit immens dorënner. Dofir ass et néideg, datt d'Handwierksbetriber vun enger administrativer Vereinfachung profitéiere kënnen.

- Digitaliséierung ënnerstëtzen

D'Digitaliséierung ass haut och an den Handwierksbetriber néideg, fir kompetitiv ze bleiwen. Dat ass awer net ëmmer esou einfach, an et gi vill Betriber, déi dobäi Hëllef bräichten. Well dat en direkten Afloss op eis Ekonomie huet, si mir der Meenung, datt de Staat hei proaktiv sollt virgoen, andeems eng spezifesch Ulafstell geschaf gëtt mat konkreter Hëllef, fir d'Digitaliséierung bei de Betriber ze ënnerstëtzen an ze begleeden. Hei kéint de Staat och eng Superdeductibilitéit bei groussen Ausgaben, déi mat der Digitaliséierung zesummenhänken, erméiglechen.

- Kompensatioune fir ze ambitiéis Ëmweltoplagen

D'Ëmweltoplagen, do wou si néideg a sënnvoll sinn, hätte vill méi rational a proportional musse sinn. Amplaz vun engem progressiven Iwwergang gouf de Betriber alles direkt a beieneen operluecht.

Et hätt hei solle mat fräiwëllegen Efforten a selwer bestëmmten Ambitioune geschafft ginn amplaz mat obligéierende Responsabilitéiten, mat deene groussen Drock geschaf gëtt.

Et gouf keng Bestandsopnam gemaach a keng Guideline erstallt. D'Betriber kréie just Ziler gesat, awer kee Plang, wat si domat alles erwaart a wéi si dohinner kommen. Et wier néideg gewiescht, datt de Staat déi Suerge bedenkt, déi sech duerch d'Energietransitioun fir d'Betriber stellen, an dann och eng Äntwert op déi Suerge fir si prett hält. Do sinn d'Suerge schliisslech och individuell, well et gi Betriber an Aarbechten, déi méi oder manner energieintensiv sinn.

D'Betriber missten awer, besonnesch bei esou engem groussen Impakt, vun Ufank u wëssen, wat si erwaart, wat si maache kënnen, wéi si investéiere kënnen, op wat fir staatlech Hëllefe si zeréckgräife kënnen, asw.

De Staat gëtt wuel Aiden. Déi sinn um europäesche Plang, awer och schonn hei zu Lëtzebuerg, zum Deel no uewen ugepasst ginn, awer nach net genuch. Den Amortissement ass just rentabel, wann een e grousse Benefice mécht, wat op ganz vill Betriber net zoutrëfft.

Déi ekonomesch Entwécklung däerf net gebremst ginn duerch ze ambitiéis Ëmweltoplagen. Dofir si mir der Meenung, datt de Staat d'Responsabilitéit fir d'Konsequenze vu sengen eegenen Entscheedungen an déi verpassten Organisatioun vun der Ëmsetzung a Begleedung vun de Betriber iwwerhuele soll.

De Staat kéint fir déi domat verbonne Käschten de Betriber méi generéis Hëllefen ausstellen. Do kéint z.B. och eng Superdeductibilitéit bei groussen Ausgaben, déi mat den Ëmweltoplagen/der Energietransitioun zesummenhänken, erméiglecht ginn.

- Verfeelte Sanktiounen

Nieft dem Fait, datt d'Sanktioune géint Russland sech negativ op d'Liwwerketten an domat d'Uschafe vum Material auswierken, sinn héich Energiepräisser eng weider negativ Konsequenz, vun deenen och d'Betriber staark betraff sinn. Mir brauchen awer genuch an och präiswäert Energie, fir kompetitiv ze bleiwen. De Schlësselpunkt bei den Energiepräisser sinn d'Sanktiounen, also eng staatlech Decisioun a Moossnam de Russland-Ukrain-Krich betreffend. Dofir si mir der Meenung, datt de Staat de Betriber hei iwwer Kompensatiounen oder aner Hëllefen ënnert d'Äerm gräife soll, wann d'Sanktiounen, déi haaptsächlech eis selwer an eiser Ekonomie schueden, net sollen agestallt ginn.

Ofsécherung vum Independant

Déi ongläich Behandlung vum Independant an dem Salarié huet en negativen Impakt op de berufflechen Engagement, awer och op d'Privatliewe vum Selbstännegen an domat op seng Liewensqualitéit. Dat ass keng Situatioun, déi d'Leit motivéiert, gewësse Risiken op sech ze huelen a sech selbstänneg ze maachen. Mir wëllen awer, datt d'Entrepreneuriat gestäerkt gëtt, och als Deel vun der dreiwender Kraaft vun der Lëtzebuerger Ekonomie.

Bis haut gëtt de Selbstännegen net genuch vum Lëtzebuerger Aarbechtsrecht berécksiichtegt, wéi z.B. bei de Rechter am Beräich vun der „protection et sécurité sociale". Den Independant bezilt seng Cotisatiounen, grad eréi e Salarié et mécht, dofir soll en och déi nämmlecht Prestatioune kréien. Dat heescht, den Independant soll och vun der nämmlechter „protection et sécurité sociale" profitéiere kënnen, nom Prinzip: gläich Flichten, gläich Rechter.

Mëttlerweil goufe scho vereenzelt Moossname geholl, fir dës Ongerechtegkeet tëscht dem Selbstännegen an dem Salarié ze verréngeren. Dat ass zwar begréissenswäert, mee dat geet net duer. Mir wëllen dës ongerecht Behandlung endlech ofschafen a fir fair Verhältnesser suergen. Zu dësem Zweck wëlle mir d'Legislatioun hei iwwerschaffen, fir déi zwee Rechtssystemer endlech unzegläichen.

An enger Nout- oder Krisesituatioun muss den Independant beispillsweis méi fair behandelt ginn. De Krisemanagement vum Staat muss de Selbstännege besser berécksiichtegen, fir och dësem déi néideg Hëllef an Ënnerstëtzung ze bidden. Esou soll och dem Independant Moossnamen a Reegelungen, déi mat der Kuerzaarbecht vergläichbar sinn, zoustoen. Dozou sollten och d'Konditioune fir d'Recht op Chômage a Krisenzäiten esou iwwerschafft ginn, datt den Zougang fir Selbstänneger, déi hir Beruffskarriär eréischt kuerz virun enger Krisen-/Noutsituatioun ugefaangen hunn, hei vereinfacht gëtt.

Independant déi nämmlecht Rechter wéi de Salarié muss kréien, wann et ëm den „cumul d'un revenu avec une pension de vieillesse anticipée" an den „chômage complet" geet. D'ADR wëll d'Plafonge fir dem Independant seng Contributioune fir d'Pensiounen erhéijen oder wa méiglech ganz ofschafen.

Iwwerdeems sollen d'Méiglechkeete fir eng Prozedur vum externe Reklassement fir Selbstänneger ënnersicht ginn, an de Status vum „conjoint aidant" muss och analyséiert a gegeebenefalls iwwert de rechtleche Kader vum Liewenspartner ugepasst ginn.

Generell wier et och emol un der Zäit, den Droit d'etablissement ze iwwerpréiwen an ze moderniséieren.

D'Handwierks- an Handelskummer hunn 2022 eng Rei Propose virgeluecht, fir d'Independante besser sozial ofzesécheren. D'ADR ënnerstëtzt dës Proposen, souwäit d'Beruffsfräiheet respektéiert gëtt.

An deem Kontext ënnerstëtzt d'ADR och Iddien, déi eng besser finanziell Ofsécherung vum Independant wëllen erreechen. Dozou gehéiert och, datt den Haaptwunnsëtz am Fall vun enger Faillite muss an engem vernënftege Mooss protegéiert sinn. Prezis Modalitéiten iwwer den Ëmgank mat dem Wunnsëtz (ewéi z.B. d'Fixéiere vum Wäert an d'Wäertentwécklung) ginn iwwer Gesetz gereegelt.

Start-ups an „nei Ekonomie"

Nieft den „traditionellen" Betriber am Handwierk, Commerce an Horesca däerf Lëtzebuerg den Zuch vun der neier Ekonomie net verpassen. Och hei muss de rechtlechen a steierleche Kader verbessert ginn, fir déi vill „Start-up"-Entreprisen – déi et scho gëtt an déi nach gegrënnt ginn – besser ze ënnerstëtzen. D'ADR begréisst déi vill Initiativen, déi et an deem Beräich ginn, fuerdert awer eng vill méi grouss Vernetzung an eng besser Koordinatioun. Et muss eng weider Aufgab vum Staat sinn, esou Entreprisen international (z.B. op grousse Foiren a Kongresser) ze begleeden.

Och déi bestoend Entreprisen, besonnesch déi kleng, mussen Hëllef kréien, fir sech an der „neier Ekonomie" ze behaapten a vum Internethandel ze profitéieren. Hei musse Clusteren opgebaut ginn, mam Zil, Lëtzebuerg als Qualitéitslabel ze vermaarten. Wa grouss international Firmen an deem Beräich op Lëtzebuerg gezu ginn, soll och d'Interaktioun mat Lëtzebuerger Betriber bei de Verhandlungen eng Roll spillen.

D'Konsumente schützen

D'ADR leet grousse Wäert op de Konsumenteschutz. Engersäits gëtt d'ULC weider ënnerstëtzt, op där anerer Säit muss de Staat och seng Verantwortung droen, woufir d'ADR en eegene Ressort fir de Konsumenteschutz virgesäit. Et soll beim Konsumenteschutz net dorëms goen, all klenge Geschäftsmann ze dirängelen, dofir mussen awer d'Strofen am Fall vun engem offensichtleche Bedruch dissuasiv sinn.

Esouwuel d'ULC ewéi och déi ëffentlech Regulatiounsinstituter mussen dem Bierger Vergläichsméiglechkeete proposéiere fir eng Rei Déngschtleeschtungen, ewéi Elektresch, Gas, Waasser, Telefon oder Käschte vun de Banken. A Bezuch op d'Bankkäschte muss de Staat elo och konkret Moossnamen ergräifen, fir déi steigend Käschte fir Standardtransaktiounen op ee Betrag ze limitéieren, deen akzeptabel a fir d'Stéit ze droen ass. Och d'Gesetz iwwert d'Sammelklo muss endlech um Wee duerch d'Instanze virukommen.

D'Liewensmëttelsécherheet ass och e wichtege Sujet, wann et ëm de Konsumenteschutz geet. Aus deem Grond begréisst d'ADR, datt 2022 d'Veterinärs- a Liewensmëttelverwaltung ALVA (Administration Luxembourgeoise Vétérinaire et Alimentaire) gegrënnt gouf,

wouduerch Kompetenzen, Bäiträg an Aufgabe vun ënnerschiddlechen Organer bei der Liewensmëttelkontroll ënnert der Verantwortung vun engem eenzege Ministère konzentréiert gi sinn. Domat goufen am Landwirtschaftsministère wichteg Aufgabe vum Gesondheetsministère a vum Konsumenteschutz vereent, déi d'Liewensmëttelsécherheet an domat och d'Gesondheet vum Konsument am Zesummenhang mat lëtzebuergeschen an importéierte Liewensmëttel betreffen.

Fir datt eis landwirtschaftlech Verwaltungen (ASTA, ALVA a IVV) méiglechst effizient schaffe kënnen, hält d'ADR et fir essentiell, datt d'Laboen déi offiziell Analyse fir déi Verwaltungen ausféieren (notamment den Deel vun der Sécurité alimentaire vum LNS), integréiert ginn a soumat dem Landwirtschaftsministère ënnerstinn. Des Weidere muss probéiert ginn, sou vill wéi méiglech Analysen op nationalem Niveau ausféieren ze kënnen a just bei klenge Quantitéiten an Noutfäll op d'Ausland zeréckzegräifen. Iwwerdeems ass d'ADR der Meenung, datt et sënnvoll wier, déi dräi landwirtschaftlech Verwaltunge vum Landwirtschaftsministère zu enger grousser Verwaltung ze fusionéieren (sou wéi d'AFSCA an der Belsch), fir sou déi ganz Liewensmëttelkette vum Stall bis op den Teller ofzedecken. Mir wëllen och dofir suergen, datt dës staatlech Instanzen déi néideg zousätzlech Mëttelen zur Verfügung gestallt kréien, fir Verstéiss an de Bedruch am Zesummenhang mat Liewensmëttel ze bekämpfen.

An deem Kontext wëll d'ADR och drop hiweisen, datt mir et fir wichteg halen, bei all Gesetzesprojet, deen d'Liewensmëttelsécherheet direkt oder indirekt betrëfft, ëmmer och d'ULC ze konsultéieren.

Post

D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt d'Post soll en Établissement public bleiwen. Mir si prinzipiell géint eng Liberaliséierung vun deene Servicer, déi eng wichteg Funktioun am Intressi vun der nationaler Souveränitéit hunn. De Staat muss an deene Beräicher e groussen Afloss behalen. Et läit am Intressi vum Land, datt d'Post hir rechtlech Form vum Établissement public behält.

Fir d'ADR ass et dann och wichteg, datt fir d'Post weider am Régime de droit public rekrutéiert gëtt. Mir wëllen an deene Beräicher, déi eis Souveränitéit beréieren, exklusiv

Lëtzebuerger Staatsbierger rekrutéieren, déi dann och en „statut public" kréien. De Statut vum Personal concernéiert schliisslech en Accord, deen tëscht der Regierung an der CGFP ofgeschloss gouf an dee bestëmmt, datt d'Personal vum Établissement public soll en ëffentlech-rechtleche Statut hunn. An eisen Aen ass d'Regierung duerch hir Ënnerschrëft gebonnen a muss sech un deen Accord halen.

D'Postgesetz vum 10. August 1992 gesäit eng méiglechst paritéitesch Opdeelung tëscht ëffentlechem a privatem Statut beim Recrutement vum Personal vun der Post vir, esou wéi et och am Accord de médiation vum 2. Juni 2017 festgehale gouf. Mat de Wale vun der Personalvertriedung am Verwaltungsrot vun der Post vum 25. Oktober 2022 gouf déi paritéitesch Representatioun an dësem héije Gremium zu Laaschte vum ëffentleche Personal op eng Relatioun vun 1/3 zu 2/3 ofgeännert. Vu datt d'ADR sech fir d'Anhale vun Ofmaachungen asetzt, soll dës Decisioun, déi de Wirtschaftsminister den 1. August 2022 geholl hat, fir déi nächst Wale vun der Personalvertriedung réckgängeg gemaach ginn. Et sollt een, ënner Virbehalt vun zukünftege Geriichtsurteeler an där Matière, déi bewäerte Modeller respektéieren.

Iwwerdeems steet d'ADR der Iddi vun enger „Postschoul", déi bestëmmten technesch Formatiounen an Zesummenaarbecht mat de Schoulen hei am Land géif ubidden, favorabel géigeniwwer. Et bleift awer fir d'eischt emol ze analyséieren, wéi déi genee soll opgestallt an organiséiert ginn. Et ass prinzipiell eng Missioun vum Staat, fir eng héichwäerteg schoulesch an technesch Formatioun am Kader vum ëffentleche Schoulsystem ze garantéieren. Déi Formatioun soll och op déi Karriären a Spezialitéite virbereeden, déi bei der Post gebraucht ginn. Doriwwer eraus soll de Staat et ënnerstëtzen, wann d'Post hiert Wëssen an hir Erfarung an eng weiderféierend Formatioun investéiert, déi fir d'Mataarbechter vun der Post an och fir aner Interessenten op ass.

Wat d'Moderniséierung an den Ausbau vun der Post hiren „Infrastructures critiques" ugeet, si mir der Usiicht, datt eng Zesummenaarbecht mat bausseneuropäesche Firmen, notamment aus dem asiatesche Raum, net sollt grondsätzlech ausgeschloss ginn. An deene Beräicher, wou awer gréisser national Sécherheetsintressien um Spill stinn, eréi z.B. an der Telekommunikatioun, soll mat lëtzebuergeschen an europäesche Partner geschafft ginn. Et däerf och ni dozou kommen, datt, z.B. aus sproochleche Grënn, keng Lëtzebuerger méi kënne mat wichtegen Ekipementer schaffen oder op hinne forméiert ginn.

Duerch d'Gesetz vum 26. Dezember 2012 iwwert d'Postservicer ënnerläit de Verkaafsreseau vun der Post net méi dem Service universel. D'ADR ass absolut fir e grousse Reseau vu Postagencen iwwert d'Land, inklusiv natierlech am ländleche Raum. Mir hunn eis ëmmer nees dogéint gewiert, datt Post- grad eméi Bankagencen einfach zougemaach ginn. Eiser Meenung no muss de Service postal universel esou ëmdefinéiert ginn, datt en net nëmmen zäitlech Norme setzt, mee och geographescher, also spezifesch och e grousst Netz u Postagencë virschreift. Datt de Staat déi Moossnam soll mat subventionéieren, ass fir eis eng Selbstverständlechkeet. De Staat kéint hei Subsiden oder eng Kompensatioun un d'Postservicer ginn, fir datt se kënnen iwwerall present sinn. De Secteur colis a logistique vun der Post soll dann och esou weiderentwéckelt ginn, datt d'Post ëmmer kompetitiv ass géintiwwer anere private Fournisseuren.

Doriwwer eraus kéint een envisagéieren, e Vertrieder vum Banneministère an de Conseil d'administration ze ernennen, speziell och fir dorop opzepassen, datt de Reseau vun den Agencen nees flächendeckend ageriicht an erhale bleift. Déi „onofhängeg" Vertrieder am Conseil d'administration sollen och wierklech onofhängeg Experte sinn a keng pseudo-onofhängeg Membere vun där enger oder anerer politescher Partei.

D'Post soll um Niveau vun der Direktioun nees méi kollegial geféiert ginn, esou eméi dat bis 2016 de Fall war, an net quasi eleng duerch en eenzege Generaldirekter.

An Zäite vun der Digitaliséierung, an där den elektronesche Wee ëmmer méi staark genotzt gëtt, hält d'ADR et dann och fir ganz wichteg, datt d'Weiderbestoe vum Courrier a Pabeierform muss garantéiert ginn. An deem Zesummenhang fanne mir, datt déi sozial Roll vum Bréifdréier sollt méi gewierdegt ginn. Dofir wëlle mir de Beruff vum Bréifdréier karriärsméisseg opwäerten.

Sozial- a Solidarwirtschaft

D'Sozial- a Solidarwirtschaft gëtt ëmmer méi wichteg. An deem Zesummenhang ass d'SIS (société d'impact sociétal) eng Hëllef, fir kleng, sozial engagéiert Vereenegungen ouni Gewënnzweck ze professionaliséieren an hinnen an der Lëtzebuerger Ekonomie Aarbechtsméiglechkeeten ze offréieren. Si kënnen d'Friichte vun hirer Aarbecht esou nees

investéieren, fir datt si deenen zegutt kommen, déi d'Hëllef brauchen. Dofir wëll d'ADR dëse Modell promouvéieren.

Industrie

D'Land gouf op der Stolindustrie opgebaut, déi haut keng vergläichbar grouss Roll méi fir d'Lëtzebuerger Ekonomie spillt wéi an der Vergaangenheet. Mir hunn awer weiderhi grouss Industriebetriber am Land, déi och eng Wichtegkeet an eiser Ekonomie hunn a behale sollen. Haaptgrënn dofir sinn d'Diversifizéierung vun eiser Ekonomie, déi scho staark vun der Finanzplaz ofhänkt, an d'Offer un Aarbechtsplaze mat ville verschiddene Qualifikatiounen.

Dowéinst engagéiert d'ADR sech, favorabel Konditioune fir den Ausbau vu scho bestoenden Industrien zu Lëtzebuerg ze schafen, a verdeedegt dës och bei internationale Verhandlungen, esou datt si weider kompetitiv bleiwen.

Wann nei Betriber sech zu Lëtzebuerg etabléiere wëllen, muss am Sënn vun engem kontrolléierten a qualitative Wuesstem mat kriteschem Bléck drop opgepasst ginn, datt dee Betrib ënnert dem Strëch och e wierkleche Méiwäert fir d'Land a seng Ekonomie bréngt. Fir all nei Industrie muss eng exakt an transparent Etüd opgestallt ginn, fir d'Virdeeler an d'Nodeeler ofzeweien, ier eng Entscheedung getraff gëtt. Bei der Sich no neie Betriber oder der Hëllef fir den Ausbau vu bestoende Betriber muss de Staat och dofir suergen, datt dobäi Plaze fir manner Qualifizéierter geschaaft ginn, ouni datt dofir muss op Frontalieren zeréckgegraff ginn. D'Schafe vun Aarbechtsplazen, déi eng niddereg Qualifikatioun verlaangen a quasi exklusiv vu Frontaliere besat ginn, soll net gefërdert ginn.

Finanzplaz

D'Finanzplaz ass e wichtege Pilier vun der Lëtzebuerger Ekonomie. Fir datt si dat bleiwe kann, wëll d'ADR bestëmmten Erausfuerderungen an dësem Beräich opgräifen. Schonn zënter Joren huet de Lëtzebuerger Bankesecteur Abousse bei der Kompetitivitéit. Dat ass e Problem fir d'Banken an eis Ekonomie, mee och fir Europa als ekonomesch a politesch Muecht. E stabillen a leeschtungsfäege Bankesystem ass néideg, fir datt de Finanzsystem Investitiounen ënnerstëtze kann, wat sech positiv op eis Wirtschaft auswierkt.

De Finanzberäich huet schonn zënter ville Jore mat enger Iwwerreguléierung ze kämpfen, och am Verhältnes zur Konkurrenz. Fir d'Joer 2019 beispillsweis läit den Undeel vun Investitiounen, deen op d'Reguléierung entfall ass, fir grouss Banke bei 38 Prozent a fir kleng Banke bei méi wéi 50 Prozent. Um regulatoresche Plang wëll d'ADR also nobesseren, fir datt eis Finanzplaz kompetitiv bleift. Et ass onverzichtbar, datt d'„Level playing field" fir d'Lëtzebuerger Finanzwelt weider erméiglecht gëtt.

Iwwerdeems ass d'ADR der Meenung, datt mir eis hei haaptsächlech op eis Stäerkte konzentréieren an dës nach weider ausbaue sollten. An de leschte Joren hu mir eng Expertise am Beräich vun de Payement-Servicer opgebaut an hunn d'Potenzial, fir den nächsten europäeschen Hub fir „Service provider" ze ginn, déi och mat de grousse Banken zesummeschaffen. Donieft si mir och staark am Corporate banking, esou datt dëst e Véierel vun der Aktivitéit zu Lëtzebuerg ausmécht. Dat ass eng wichteg a villverspriechend Aktivitéit fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg. Schliisslech kéint Lëtzebuerg eng wichteg Roll am Kader vun der „Union des marchés de capitaux" spillen. Lëtzebuerg huet ëmmehi scho méi laang eng staark Expertise am Beräich vun der internationaler Firmefinanzéierung (financement des corporates) opgebaut. Sou kéint Lëtzebuerg an dësem Beräich eng wichteg Roll anhuelen, a besonnesch och den Zougang zu Investissementer duerch Banken, mee och duerch Fongen an aner alternativ Strukturen, vereinfachen. Och de Beräich vun der Private equity wëlle mir ënnerstëtzen.

Esou soll d'Finanztechnologie (Fintech), déi d'Offer an de Gebrauch vu Finanzservicer verbesseren an automatiséiere soll, mussen och kënne produktiv a méi einfach vun de Banke genotzt ginn. Mat der séierer Evolutioun vun der Informatiounstechnologie (IT), dorënner och d'Opkomme vun der kënschtlecher Intelligenz, huet de Staat d'Aufgab, dës Entwécklungen um legislativen a reglementaresche Plang ze begleeden. An deem Sënn muss och all néideg Moossnam ergraff ginn, fir ze garantéieren, datt d'Cyber-Sécherheet an den Dateschutz an dësem Beräich um beschten an ëmmer um neiste Stand gehale gëtt.

Ënner anere sinn et dës Entwécklungen, déi e ganz spezialiséiert a qualifizéiert Personal verlaangen, dat Lëtzebuerg de Moment net stelle kann, wouduerch mir op Personal aus dem Ausland ugewise sinn. Fir dëst noutwendegt Personal garantéieren ze kënnen, sollt iwwer steierlech Dispositiounen nogeduecht ginn, déi et erlaben an ënnerstëtzen, esou Leit op Lëtzebuerg ze zéien. Mat der ADR gëtt et z.B. och keng zousätzlech Steiertranche.

D'ADR wäert och um internationale Plang d'Lëtzebuerger Finanzplaz konsequent verdeedegen an net bei all „Leak" op d'Knéie falen. Et däerf net nëmme vun engem „level playing field" geschwat ginn. Et muss dofir gesuergt ginn, datt Lëtzebuerg déi selwecht gutt Bedéngungen offréiert ewéi déi aner grouss Finanzplaze ronderëm d'Welt.

„Niewen"-Beschäftegungen

Nieft dem renge Benevolat ginn et zu Lëtzebuerg vill Beschäftegungen, déi fir eng kleng Bezuelung als Niewenjob ausgefouert ginn (ewéi z.B. Sportstrainer, Presse-Korrespondent, Membere vu Gemengekommissiounen, Touristeguide, Assurancen-Agent, asw.). Dës Beschäftegunge sinn insgesamt ganz nëtzlech fir d'Gesellschaft.

D'ADR wäert nom belsche Modell „zousätzlech Revenuen" bis 500 Euro de Mount vun de Steieren an de Bäiträg zur Sozialversécherung befreien. Fir eng méi reegelméisseg Niewebeschäftegung mat engem Joresakommes iwwer 6000 Euro kënne vereinfacht Deklaratioune gemaach ginn, mat enger forfaitairer Besteierung a Cotisatiounen, op de Modell vun der Beschäftegung vun enger Persoun an engem Privatstot.

D'ADR féiert och e Statut mat de Rechter a Flichte fir Assurancen-Agenten an.

Sozial Verantwortung

Betriber, déi sech zu Lëtzebuerg niddergelooss hunn, mussen hirer sozialer Verantwortung gerecht ginn. Dëst gëllt selbstverständlech och fir Firmen, déi international agéieren.

D'Entreprisë mussen d'Mënscherechter, d'Sozial- an d'Aarbechtsnormen an och d'Ëmweltstandarden esou respektéieren, ewéi si vun de Vereenten Natioune festgehale ginn. Bei hire Fournisseuren an Zouliwwerer solle si sech och esouwäit ewéi méiglech zum Affekot vun de Mënscherechter an engem verantwortungsvollen Handel maachen.

D'ADR géing et begréissen, wann d'Entreprisë sech géife fräiwëlleg déi néideg Deontologie ginn. Mir si géint en nationaalt Gesetz iwwer déi sozial Verantwortung vun den Entreprisen oder d'Liwwerketten. Dëst soll op europäeschem Niveau gekläert ginn.

22. Den ëffentlechen Déngscht

E staarken an attraktive Staatsdéngscht

D'ADR mécht sech staark fir e modernen, leeschtungsstaarken an zouverlässegen ëffentlechen Déngscht. Dësen Déngscht zeechent sech aus duerch eng héich qualifizéiert ëffentlech Funktioun. An et ass eng Kritik vun der ADR, datt den Nivellement vers le bas an de Schoulen, grad eréi d'Änneruungen am Staatsexamen, eben net dozou bäigedroen hunn, fir den ëffentlechen Déngscht op deem Niveau ze halen, wou mir e gär hätten. Mir wëllen natierlech gutt Leit rekrutéieren. Dat heescht, mir als ADR géingen dofir bei de Schoulen usetzen, fir den néidegen Niveau am ëffentlechen Déngscht ze garantéieren. Mir musse kucken, datt d'Schoulen och ganz spezifesch kënne Kadere fir Verwaltungsaufgaben ausbilden an datt d'Schoulen op engem héijen Niveau sinn, fir eng gutt Bildung an eng gutt Ausbildung ze garantéieren.

Natierlech soll den ëffentlechen Déngscht och eng berufflech Attraktivitéit matbréngen. De Staatsdéngscht soll aarbechtstechnesch modern ekipéiert sinn an och déi néideg Méiglechkeete ginn, wat d'Digitaliséierung betrëfft. Wichteg ass och eng interessant Entwécklung vun de Karriären, esouwuel materiell eréi och wat den Inhalt vun der Aarbecht ugeet, fir wierklech modern an attraktiv ze sinn. Hautdesdaags ass och e gutt Gläichgewiicht tëscht Beruff a Privatliewe wichteg, woubäi besonnesch d'Familljeliewe muss berécksiichtegt ginn. Gläichzäiteg ass et awer wichteg, datt de Staat géintiwwer dem Privatsecteur net all d'Talenter fir sech rekrutéiert.

Iwwerdeems soe mir als ADR, datt de Staat sech soll op seng Käraufgabe konzentréieren. De Staat soll net ëmmer méi a Beräicher eragoen, déi och de Privatsecteur maache kann. Dowéinst ass et wichteg Staatsaufgabe vu privatrechtlechen a kommerziellen Aktivitéiten däitlech ze ënnerscheeden. Mir schwätzen eis awer allgemeng dofir aus, datt an deene Beräicher, wou Iwwerschneidunge sinn, eng gutt a staark Partnerschaft tëscht dem Staat an dem Privatsecteur soll existéieren. Wann de Staat e bestëmmte Service net leeschte kann, ass natierlech och eng Zesummenaarbecht mam private Secteur méiglech. Mee am Prinzip si mir der Meenung, datt alles, wat zu de klassesche staatlechen Aufgabe gehéiert, och vun der ëffentlecher Hand soll gemaach a kontrolléiert ginn.

De Schutzstatut vum ëffentleche Beamten ass wichteg an däerf net a Fro gestallt ginn. Mir sinn och géint eng Politiséierung vun der Fonction publique. D'Fonction publique muss

absolut neutral an der Ausübung vun hirem Déngscht sinn. De Schutzstatut vum Beamte soll dësen och virun all politeschem oder anerem Drock schützen.

Digitaliséierung

D'Digitaliséierung hëlt hire Laf, an et ass wichteg, datt de Staatsdéngscht hei Schrëtt hält an effizient Aarbecht leescht. Am Weesentleche sinn an deem Kader déi noutwendeg Formatioun an och eng Formation continue wichteg. Dozou kënnt, datt d'Digitaliséierung en Hëllefsmëttel am Aarbechtsalldag soll sinn an net op d'Käschte vun de Beamte goen däerf. Bei aller Chance, déi mir an der Digitaliséierung solle gesinn, muss den ëffentlechen Déngscht ëmmer nach all Bierger erreechen, dat heescht och déi, déi eleng den analoge Wee benotzen oder dëse léiwer hunn. Och hei mussen d'Kommunikatioun an d'Erreechbarkeet garantéiert ginn.

Ënner anerem muss och beim Sujet Digitaliséierung den Dialog tëscht dem Ministère an den Acteuren um Terrain stattfannen a méi seriö geholl ginn. Et muss de Leit vum Terrain nogelauschtert ginn, wat hinne Problemer bei der Aarbecht mécht a wat hinnen u Formatioun oder un néidegem Ekipement feelt, fir datt effikass ka geschafft ginn, andeems d'Ekipement den Ufuerderungen am Aarbechtsalldag entsprécht an d'Personal dëst och richteg ze notze weess. Sou soll och verhënnert ginn, datt Ausgabe getätegt gi fir Uschafungen, déi net de reelle Besoine vum Personal um Terrain entspriechen.

A verschiddenen Administratioune gëtt et en enorme Retard bei der Digitaliséierung, z.B. an der Police. Dëst wëll d'ADR esou séier ewéi méiglech korrigéieren.

Gewerkschaftsfräiheet

Mir stellen d'Gewerkschaftsfräiheet net a Fro, ganz am Géigendeel. Mir ënnerstëtze si, well mir e wichtege Gespréichspartner an de Gewerkschafte gesinn, fir de Staat no vir ze bréngen. D'ADR hat an der Chamber och eng entspriechend Motioun an deem Sënn deposéiert.

Ganz allgemeng sti mir fir d'Verdeedegung vun de Grondrechter, zu deenen natierlech och déi sozial a gewerkschaftlech Rechter zielen. D'ADR gesäit an der CGFP e wichtegen a verantwortungsvolle Sozialpartner an déi eenzeg national representativ Gewerkschaft am ëffentlechen Déngscht, mat där de Staat soll exklusiv Ofkommes ofschléissen.

Etablissements publics

Mir sinn net prinzipiell géint d'Etablissements publics, sinn awer kriddeleg, wann et ëm déi konkret Modalitéite geet. Mir hu kierzlech nach bei der Regierung nogefrot, datt déi Leit, déi do schaffen, den ëffentlech-rechtleche Statut sollen hunn. Et muss een natierlech ëmmer genee kucken, ob et wierklech néideg ass, en Etablissement public ze grënnen, oder ob et net awer aner passend legal Forme ginn, ewéi d'Fonction publique selwer, e Groupement d'intérêt économique oder iergendeng aner legal Form, déi op eng konkret Situatioun gutt passt. Dëst soll pragmatesch am Intressi vun der Saach geschéien, woubäi ganz gutt op d'Rechter vun de Leit muss opgepasst ginn, déi do solle schaffen.

D'Konditioun: Lëtzebuerger Nationalitéit

D'ADR huet sech ëmmer nees kloer dogéint ausgeschwat, datt d'„fonctions régaliennes", also déi eis Souveränitéit betreffen, kënne mat Auslänner besat ginn. Mir wieren eis géint all Tendenzen, fir den ëffentlechen Déngscht ëmmer méi fir Auslänner opzemaachen. Auslänner, déi am ëffentlechen Déngscht wëlle schaffen, solle virdrun déi Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen. Mir vertrieden déi Positioun, datt den ëffentlechen Déngscht soll Lëtzebuergesch schwätzen, an zwar an all Beräich a vu jidderengem. Eis ass wichteg, datt Lëtzebuergesch als National- a Verwaltungssprooch opgewäert gëtt.

D'Gehälterofkommes

Am Sozialdialog tëscht der CGFP an der Regierung goufen et am Dezember 2022 intensiv Verhandlungen, bei deene sech op en neit Gehälterofkommes gëeenegt gouf. D'ADR huet sech als eenzeg Partei vun Ufank u kloer géint de Bewäertungssystem ausgeschwat. Mir hunn et begréisst, wéi en endlech ofgeschaf gouf, a mir wäerten dës Positioun weiderhi verdeedegen.

Mir sinn der Meenung, datt d'Punktwäerterhéijung sollt linear sinn. Mir hunn awer begréisst, datt elo, an deenen aktuellen ekonomeschen Ëmstänn, eng Limitt op déi éischt honnert Punkten decidéiert gouf, wat fir eis en Zeeche vu Verantwortung war, dat der CGFP jo och mat ze verdanken ass. Mee prinzipiell si mir fir e lineare System bei der Punktwäert-

erhéijung an datt domat d'Gläichgewiicht an d'Progressivitéit an der Gehältertabell vum Staat soll preservéiert ginn.

D'ADR wäert sech op alle Fall dofir asetzen, datt bei den Etablissements publics, beim Staat ewéi och an de Gemengen dat agehalen an ëmgesat gëtt, wat am Sozialdialog ausgemaach gouf.

Employés de l'Etat

Generell ass ze soen, datt d'ADR sech d'Fro stellt, ob et nach zäitgeméiss an och nach sënnvoll ass, en Ënnerscheed ze maachen tëscht Fonctionnairen an Employéen. Nieft dëser grondsätzlecher Fro, déi ee sech stelle kann, wëll d'ADR eng Rei Problemer, mat deene spezifesch d'Employés de l'Etat konfrontéiert sinn, behiewen. Et handelt sech dobäi ëm Ongerechtegkeeten oder Kuriositéiten, déi schonn zënter laanger Zäit bestinn an der Moderniséierung net gerecht goufen.

Esou ass de Punktwäert fir den Employé an de Fonctionnaire en aneren, an den Employé gëtt méi schlecht bezuelt. Historesch huet dat säin Ursprong doranner, datt bei der Pensiounsreform verschidden Ausgläicher gemaach gi sinn, déi awer net méi zäitgeméiss sinn, esou datt eng Upassung vum Punktwäert tëscht dem Employé an dem Fonctionnaire hei ubruecht ass.

Grad esou muss ee feststellen, datt d'Karriär vum Employé de l'Etat an all Karriär ee Grad éischter ophält ewéi déi vum Fonctionnaire de l'Etat. Dës Dispositioun muss op hir haiteg Sënnhaftegkeet iwwerpréift ginn.

D'Kontrakter vun den Employés de l'Etat sinn och ganz ënnerschiddlech, jee nodeem, wéi si rekrutéiert goufen. En Deel vun den Employéë ginn zentraliséiert vum Ministère de la Fonction publique rekrutéiert. Et ginn awer nach Ministèren, déi separat Employéë rekrutéieren, an do sinn déi vertraglech Dispositioune ganz ënnerschiddlech. Hei misst een och drop oppassen, datt déi Rechter a Méiglechkeete vun all den Employés de l'Etat harmoniséiert ginn, egal a wat fir enger Verwaltung si engagéiert ginn, an idealerweis sollte si all iwwert eng zentraliséiert Instanz, also iwwert de Ministère de la Fonction publique engagéiert ginn, fir datt et keng kontraktuell Ënnerscheeder tëscht deene Leit ginn.

Am Fall vun engem Changement d'administration gëtt et dacks esou gemaach, datt en Employé demissionéiert op där Plaz, op där hie grad ass, an den Dag drop op der nächster Plaz ufänkt. Dat ass awer eng Prozedur, déi net méi zäitgeméiss ass. Et misst e gesetzleche Kader geschaf gi fir de Changement d'administration bei den Employéen ze erliichteren.

Aktuell kritt den Employé eréischt no bal 10 Joer déi selwecht Rechter ewéi de Fonctionnaire. Virdrun ass et ganz liicht, dem Ugestallten ze kënnegen. Dofir si mir der Meenung, datt d'Disziplinarrecht vum Employé sollt ugepasst ginn un déi Dispositiounen, déi fir Fonctionnairë gëllen. Dat soll eng Prozedur sinn, déi dem Employé seng Rechter protegéiert.

Den Employé de l'Etat soll am Fall vun enger laanger Krankheet net méi kënnen einfach entlooss ginn, wéi dat aktuell méiglech ass. Wann den Employé duerch eng laang Krankheet ausfält, ass et verständlech, datt seng Plaz liberéiert gëtt an hien eventuell och net en Urecht op déi exakt nämmlecht Plaz behält. Mee et kann awer net sinn, datt ee wéinst Krankheet einfach entlooss gëtt. Do muss ee mat der Sécurité Sociale eng aner Léisung fannen. Wann en Employé de l'Etat net aus eegenem Verscholden, ewéi z.B. duerch eng laangwiereg Krankheet, seng Plaz verléiert, soll den Employé awer säin Droit de retour beim Staat behalen.

Jee no Verwaltung fält e Supplément de rémunération ganz ënnerschiddlech aus, och no Karriär, Statut, asw. Mir vertrieden allgemeng d'Positioun, datt Leit, déi beim Staat déi nämmlecht Aarbecht maachen, och déi nämmlecht Pimme solle kréien. A wann d'Ursaach vun der Primm déi nämmlecht ass, da muss d'Primm och identesch ausfalen, onofhängeg vun der Karriär, déi een huet.

En anere Problem stellt d'Unerkennung vun de Joren, déi een am Privatsecteur geschafft huet, ier ee bei de Staat kënnt, duer. Fréier krut een nëmmen d'Hallschent vun deene Joren ugerechent als Bonification d'ancienneté, haut kann dat bal ganz geschéien. Mee et war ëmmer limitéiert op den „grade de début de carrière". Wann een 20 Joer am private Secteur geschafft huet, dann ass een awer ëmmer nëmmen um leschten Échelon vum éischte Grad stoe bliwwen. Et soll awer esou gereegelt ginn, datt da wéinstens nach e Grad dobäikënnt, esou datt da wéinstens déi Gesamtdauer mat den Anciennetéite kéint unerkannt ginn, als Bonification d'ancienneté.

Och beim Pensiounsregime vun Employé a Fonctionnaire ginn et Ënnerscheeder, déi sollen iwwerpréift an ugepasst ginn, esou datt et weder eng direkt nach eng indirekt Altersdiskriminatioun tëscht Employé de l'Etat a Fonctionnaire de l'Etat gëtt.

Allgemeng däerfen d'Dispositioune vum Employé de l'Etat och net méi schlecht sinn, ewéi dat allgemengt Aarbechtsrecht et virgesäit. Et muss drop opgepasst ginn, datt de Salarié net méi favorabel Konditiounen huet ewéi en Employé de l'Etat.

Pensionéiert Employés de l'Etat, déi am Ausland liewen, kréien eemol d'Joer e Bréif, op dee si bannent 14 Deeg musse reagéieren, soss ginn hir Pensiounsrechter ofgeschaf. Wann déi betreffend Persoun an deem Zäitraum awer beispillsweis an der Vakanz ass, am Spidol läit oder an engem Rehazenter ass an dofir net am virgeschriwwenen Delai op dee Bréif reagéiere kann, ka si hir Pensioun gestrach kréien. Iwwer d'Maison de la Grande Région an Accorde mam Ausland misst dat anescht gereegelt ginn, iwwert en Austausch vun Informatiounen, datt d'Leit net an eng Situatioun kommen, bei där si riskéieren hir Pensioun ze verléieren, well si verhënnert sinn.

D'ADR wäert sech op alle Fall dofir asetzen, datt dës Ongerechtegkeete berengegt ginn, wat och eng Opwäertung vun den Aarbechtskonditioune fir den Employé de l'Etat bedeit.

Gewalt am Déngscht

An der Lescht konnt ee feststellen, datt a vereenzelte Beräicher vum Staatsdéngscht d'Gewalt, mat där Ugestallter wärend hirer Déngschtzäit konfrontéiert ginn, zougeholl huet. Fir d'ADR ass de Kampf géint Gewalt a Kriminalitéit generell eng absolut Prioritéit, a mir wëllen natierlech och d'Staatsbeamte schützen. Dofir si mir selbstverständlech der Meenung, datt solle Gesetzer existéieren, déi d'Noutwendegkeet vum géigesäitege Respekt ënnermaueren an all Iwwergrëffer verbidden, fir och e rechtleche Schutz géint esou Verstéiss ze bidden. Fir esou Situatiounen ze ënnerbannen, sollen donieft och all aner Schutzmoossnamen a Repressiounsméiglechkeete geholl ginn, déi passend an néideg sinn, jee no Beräich. Dës kënne ganz ënnerschiddlech sinn, jee no Aarbechtsberäich. Schliisslech stelle mer fest, datt et sech ëm e Phenomen handelt, mat deem eng allgemeng besuergniserreegend Breet scho konfrontéiert ass. De Problem vun der Gewalt betrëfft ganz vill Beruffer. D'ADR huet ëmmer nees konkret Initiative geholl fir d'Leit ze beschützen:

Polizisten, Léierpersonal, Chaufferen, Gesondheetspersonal an esou weider. E gudde Rechtsschutz fir d'Affer ass eis och ganz wichteg.

23. Natioun an Identitéit erhalen

An deene leschten zéng Joer huet eist Land sech op villerlee Manéieren dramatesch verännert. Dat wor jo och déi initial Intentioun vun där lénker Regierungskoalitioun, wéi si 2013 ugetruede war, a si konnt och bal alles duerchsetzen, wat si sech u gesellschaftspolitesche Verännerunge virgeholl hat. D'ADR gesäit ganz vill vun deene Reforme kritesch a wëll fir déi nächst Joren aner Akzenter setzen. Eisen Usaz ass deen, fir eisem Land nees méi vu sengen Eegenaarten zeréckzeginn, fir datt mir nees kënne bleiwen, wat mir wierklech wëlle sinn: eng kleng, souverän a friddlech Natioun matten an Europa.

Dësen Usaz zitt sech eréi e roude Fuedem duerch eise ganze Programm. Ënner anerem fanne sech eis deementspriechend Prioritéiten an de Kapitelen iwwert d'Baussepolitik an déi Lëtzebuerger Sprooch erëm. Op dëser Plaz wëlle mir awer virun allem iwwert eise Staat a seng Institutioune schwätzen.

D'Monarchie

D'ADR bekennt sech zur parlamentarescher Demokratie an zur konstitutioneller Monarchie, déi dem Lëtzebuerger Land a senge Bierger Fräiheet a Prosperitéit garantéiert hunn. Mir wieren eis géint eng Devaloriséierung vun der Monarchie, esou wéi dat an där neier Verfassung gemaach gouf. Mir sinn dofir, datt d'„fidélité au Grand-Duc" an der Eedesformel a bei der „promesse solennelle" nees agefouert gëtt.

D'ADR suergt dofir, datt d'Autoritéit an d'Roll vum Grand-Duc esou respektéiert ginn, datt hie seng Missioun a kompletter politescher Neutralitéit kann erfëllen. Där aktueller Tendenz, fir de Groussherzog duerch politesch Rieden onnéideg ze exposéieren, wëll d'ADR en Enn maachen.

Bei de Reesen, Optrëtter an aneren Aktivitéite vum Staatschef gëtt seng absolut politesch Neutralitéit nees méi wichteg.

Déi reforméiert Verfassung

Den 1. Juli 2023 ass déi nei Verfassung a Kraaft getrueden. Si gouf duerch eng Majoritéit am Parlament ugeholl an net, wéi et versprach gouf, duerch e Referendum. Déi Allianz vun CSV,

DP, LSAP a Gréng hat zesummen decidéiert, hiert Versprieche géintiwwer de Lëtzebuerger ze briechen.

D'ADR hat sech dogéint gewiert a sech als eenzeg Partei konsequent dofir agesat, datt déi politesch Parteien hiert Verspriechen hale sollten. Si huet alles gemaach, wat si konnt, fir e Referendum ze erméiglechen. Leider ass hir dat net gelongen.

D'ADR bleift awer der Meenung, datt déi nei Verfassung, als wichtegst Gesetz vum Land, muss engem Referendum ënnerworf ginn. Sollt d'ADR also an eng Regierung kommen, ass e Verfassungsreferendum dofir eng onverzichtbar Konditioun.

An där neier Verfassung sti vill Saachen, déi, der ADR hirer Meenung no, net gutt fir eist Land an eis Gesellschaft sinn. Si schwächt net nëmmen eis Monarchie an eis Souveränitéit, mee si ass och voll mat politeschen Ziler, déi an esou engem Text näischt verluer hunn. Vill Formuléierungen sinn onkloer, an elo schonn, eréischt e puer Wochen, nodeem si a Kraaft getrueden ass, gesäit een, datt déi schlecht an iwwerflächlech Redaktioun vun deem Dokument zu ganz villen Interpretatiouns- an Applicatiounsproblemer féiert. Wichteg Rechter sinn an der Verfassung mol net ernimmt, anerer, déi et soss op der ganzer Welt net gëtt, goufen ouni Nout doran opgeholl.

D'ADR hat dozou eng grouss an detailléiert Campagne gefouert, déi och vill Uklang bei de Leit fonnt hat. Dowéinst proposéiert d'ADR nach virun de Walen eng eege Verfassungsrevisioun mat enger ganzer Rei vu Virschléi, fir déi aktuell Versioun ze verbesseren. Gläichzäiteg proposéiert si eng „Proposition de loi", fir dësen Text engem Referendum virzeleeën.

Den Nationalfeierdag

Déi wichtegst Änneruungen, déi mir an deem Kontext an deene leschte Jore gesinn hunn, woren d'Aféierung vun enger ziviller Zeremonie an der Philharmonie, nieft der Militärparad an engem protokollaresch zeréckgestuuften Te Deum an der Kathedral, an d'Wechfale vum Automatismus bei der traditioneller Verdeelung vun de Medaillen („distinctions honorifiques").

Déi zivil Zeremonie wëlle mir zwar bäibehalen, awer ouni hire politiséierte Charakter. Vu Joer zu Joer gesi mir, datt vill vun deene Rieden, déi bei där Geleeënheet gehale ginn, sech ëmmer

manner ëm eist Land a seng Monarchie dréinen an ëmmer méi zu reng politeschen Optrëtter verkommen.

D'ADR retabléiert den Automatismus bei der Verdeelung vun de Medaillen, fir all Mëssbrauch a Favoritismus ze verhënneren. Dëst ass e Beräich, an deem an deene leschte Joren arbiträr konnt gehandelt ginn an all Transparenz verluer gaangen ass. Och kréien d'Bijoue vun deene Lëtzebuerger Decoratiounen endlech eng speziell Versioun fir d'Dammen.

De Gebrauch vun de Fändelen a Wopen

D'ADR suergt dofir, datt kloer protokollaresch Reegelen iwwert de Gebrauch vun de Fändelen agefouert an déi national Symboler méi respektéiert a besser geschützt ginn.

Zu deenen neie Reegele gehéiert, datt de Lëtzebuerger Fändel (Rout-Wäiss-Blo) privilegiéiert an de Gebrauch vum Roude Léiw opgewäert gëtt. Den europäesche Fändel kann, awer muss net méi benotzt ginn, ausser z.B. wann de protokollaresche Kontext et däitlech verlaangt. Den europäesche Fändel kann den nationalen eskortéieren, ass awer net um selwechte protokollareschen Niveau.

De Gebrauch vun auslänneschen, staatleche Fändelen zu Lëtzebuerg gëtt méi prezis reglementéiert. Dat selwecht gëllt fir d'Fändele vun internationalen Organisatiounen a vëlkerrechtleche Quasi-Subjekter. Bei verschiddene Monumenter, offizielle Visitten oder wichtege Sports- oder Kulturmanifestatioune bleiwe si selbstverständlech erlaabt. De Pavoisement vu Fändele vu Lobbyen, politeschen oder militante Mouvementer an Änlechem, op oder bei ëffentleche Gebaier ass net méi erlaabt. Hei ass et wichteg ze ënnersträichen, datt staatlech a kommunal Institutiounen an Autoritéiten, inklusiv hir Gebaier, neutral sinn an och eng Neutralitéit weisen. Fir Ambassaden, Konsulater, europäesch an international Institutiounen an Organisatioune gëllen déi pertinent, international Reegelen.

De Gebrauch vun den nationale Wopen („armoiries de l'Etat") gëtt nees verallgemengert, z.B. op offiziellen Dokumenter an op de Lëtzebuerger Päss. De Gebrauch vun engem „Logo" ass fir aner, däitlech manner offiziell Zwecker méiglech.

D'ADR suergt och dofir, datt op allen nationale Grenzen de Lëtzebuerger Fändel hänkt an datt dofir gesuergt gëtt, datt keng futtis Fändele méi do hänke bleiwen. An deene leschte Jore sinn zerfatzte Fändelen zum Deel wochelaang einfach hänke gelooss ginn.

D'Nationalhymn „Ons Heemecht"

Déi éischt an déi véiert Strof vun der Heemecht ginn nees an alle Schoulen de Kanner bäibruecht. Dat gëllt och fir Leit, déi déi Lëtzebuerger Nationalitéit ufroen.

Viru Kuerzem gouf aus offensichtlechen, politeschen Ursaachen agefouert, datt bei ganz ville Geleeënheeten no der Heemecht ëmmer och déi sougenannten „Europahymn" gespillt gëtt. Dobäi gëtt déi wonnerschéin 9. Symphonie vum Beethoven protokollaresch ewéi eng Nationalhymn behandelt. D'ADR hält mat där Praxis op.

D'„Europahymn" huet keen offizielle Statut, esou wéi et aus der Diskussioun ronderëm den europäesche Verfassungs- respektiv de Lissabonner Vertrag ganz kloer erauskomm ass.

Si soll nëmmen da gespillt ginn, wa bei enger bestëmmter Geleeënheet eng direkt an novollzéibar europäesch Dimensioun ze ënnersträichen ass. Dobäi gëtt si protokollaresch net gläichrangeg mat enger Nationalhymn behandelt. Bei reng Lëtzebuerger festleche Geleeënheete gëtt si net gespillt.

De Respekt virun der Erënnerung an de Monumenter

Bei der Neiuerdnung vum Protokoll hei am Land ginn och déi national Monumenter net vergiess. D'ADR constatéiert, datt ëmmer méi heefeg probéiert gëtt, fir hir historesch Bedeitung ëmzedeiten, fir datt si sollen an den Zäitgeescht passen. Et kënnt och vir, datt radikal Mouvementer verlaangen, datt dat eent oder anert Monument soll ofgerappt ginn, well si sech politesch u senger Geschicht oder Bedeitung stéieren.

D'ADR rappt kee Monument of, dat eis Virfaren opgeriicht hunn, a verännert och net hire Sënn, Optrag oder hir Bedeitung. Si respektéiert eis Geschicht esou, wéi si sech och an eise Monumenter an an eisem kollektive Gediechtnis erëmspigelt.

D'ADR wëll och net, datt déi national Erënnerung verfälscht gëtt. Besonnesch d'Regierungserklärungen um nationale Commemoratiounsdag hunn dat an der Lescht ëmmer nees probéiert.

Déi Broschüre vum SIP an aner offiziell Publikatioune mussen nees déi wichteg Date vun der Lëtzebuerger Geschicht ophuelen.

D'Lëtzebuerger Nationalitéit

No dem dräifachen „Nee" beim Referendum vun 2015 hunn déi politesch Parteien, natierlech ausser der ADR, d'Nationalitéitegesetz esou wäit verwässert, datt et extreem einfach ginn ass, fir déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. A verschiddene Fäll ass et duergaang, fir zwanzeg Joer am Land gelieft ze hunn, ouni och nëmmen ee Wuert Lëtzebuergesch ze kënnen.

D'ADR reforméiert d'Nationalitéitegesetz:

- Den Niveau vum Sproochentest gëtt däitlech gehuewen. Et soll net méi méiglech sinn, fir Lëtzebuerger ze ginn, ouni Lëtzebuergesch op guddem Niveau ze schwätzen an déi Lëtzebuerger Kultur a Geschicht ze kennen.
- All Element vum „droit du sol" (ius soli) verschwënnt aus dem Nationalitéitegesetz.
- Ënner bestëmmten Ëmstänn ass et méiglech, déi Lëtzebuerger Nationalitéit oferkannt ze kréien. Dobäi gëtt awer beduecht, datt kee soll staatelos sinn.

D'Walrecht zu Lëtzebuerg

D'ADR trëtt säit Laangem dofir an, datt d'Zuel vun den Deputéierte pro Walbezierk am Aklang mat der Zuel vun de Wieler an deene verschiddene Walbezierker steet. Den Osten an den Norde missten also méi Deputéierten hunn, wéi dat am Abléck de Fall ass. An den Ae vun der ADR ass dat aktuellt Walrecht eng Diskriminéierung vun de Wieler an de ländleche Regiounen, well hir Stëmme proportional manner Wäert sinn eréi déi vun de Wieler aus dem Zentrum an aus dem Süden. Dëst verstéisst géint de Verfassungsprinzip, datt all Lëtzebuerger virum Gesetz gläich sinn.

D'ADR ass och fir eng Mandatstrennung. Eiser Meenung no kann een net gläichzäiteg Deputéierten a Buergermeeschter oder Schäffe sinn.

Mir si géint all Quote bei kommunalen, nationalen oder europäesche Walen.

D'ADR mécht d'Walrecht fir d'Chamberwalen och un der Nationalitéit fest an net un där Plaz, wou ee wunnt. Dowéinst huet si eng Änderung vun der Verfassung a vum Walgesetz proposéiert, fir datt déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, net nëmmen dat aktiivt Walrecht sollen hunn (si däerfe wielen), mee an Zukunft och dat passiivt (fir datt si och däerfe gewielt ginn).

Mat Suerg gesäit d'ADR, datt vill aner Parteien an Associatiounen eng staark Tendenz entwéckelen, fir d'Resultat vum Referendum vun 2015 net ze respektéieren. Ëmmer méi héiert een nees Fuerderunge fir en Auslännerwalrecht an e Walrecht vu 16 Joer un. D'ADR verlaangt, datt d'Resultat vum Referendum zu honnert Prozent respektéiert gëtt.

Patriotismus a fräiwëllegen Déngscht fir d'Land

D'ADR gesäit am Patriotismus eng Dugend, déi si wëll ënnerstëtzen.

Esou encouragéiere mir déi jonk Leit, fir e fräiwëllegen nationalen Déngscht vun engem Joer ze leeschten, dee si kënnen an der Arméi, der Police, am nationale Rettungsdéngscht, a karitativen oder sozialen Ariichtungen, an der Entwécklungshëllef, am Natur- an Déiereschutz oder an aneren Institutiounen an Organisme vun ëffentlechem Intressi leeschten.

Eng Lëscht vun deene Méiglechkeeten an déi domat verbonne Remuneratioun an Avantagë ginn iwwer Gesetz gereegelt.

D'Feierdeeg

D'ADR wäert den 10. Oktober, de Commemoratiounsdag, zu engem offizielle Feierdag maachen, fir esou d'Erënnerung un d'Resistenz vun de Lëtzebuerger am Zweete Weltkrich oprecht ze erhalen. Noutfalls géife mir dofir den Europadag (9. Mee) erëm sträichen.

De Päischtdënsdeg soll schoulfräi ginn, fir datt d'Léierpersonal an d'Schüler kënne bei der Sprangprëssessioun zu Iechternach matmaachen, wa si da wëllen. Dofir fänkt déi grouss Vakanz een Dag méi spéit un.

En Zesumme vu Staat a Relioun

An deene leschten zéng Joer huet d'Regierung villes gemaach, fir de Staat vun de Reliounen ze trennen, besonnesch vun der kathoulescher Kierch. D'ADR hält wuel de Prinzip vun enger Trennung fir richteg, wëll awer de Mateneen amplaz de Géintenee betounen. Si ass dofir, datt d'Relioune respektéiert ginn, genuch finanzéiert sinn (z.B. iwwer e System, deen sech um italieneschen „otto per mille" inspiréiert) an datt de Reliounsunterrecht seng Plaz an der ëffentlecher Schoul huet. Si ass der Meenung, datt dat jüdescht-chrëschtlecht kulturellt a philosophescht Ierwen en zentraalt Element vun eiser Kultur duerstellt, a wëll dowéinst e reliéisen Analphabetismus an eiser Gesellschaft verhënneren.

D'Reliounsfräiheet ass en allgemenge Prinzip, deen d'ADR vertrëtt, inklusiv der Fräiheet keng Relioun ze hunn.

Si akzeptéiert awer net, datt reliéis Praktike vun enger Relioun géint wichteg Wäerter vun eiser Gesellschaft verstoussen, eréi z.B. déi rechtlech Gläichheet vu Mann a Fra, oder eis Forme vum Zesummeliewen a Fro stellen. D'ADR setzt sech dowéinst fir e Verbuet vun der Gesiichts- oder Ganzkierperbedeckung fir Fraen an (Burqa, Niqab, asw.).

D'Relioune mussen och de Schutz vun den Déiere respektéieren.

D'Wäerter am Zesummeliewen

D'ADR baséiert hir Politik op déi Wäerter, déi déi jüdesch-chrëschtlech Zivilisatioun ausmaachen, mat dem kulturellen Ierwe vun der Antiquitéit, komplettéiert duerch déi philosophesch Apporte vun der Opklärung an der Neizäit.

Si bekennt sech zu deenen internationale Konventiounen iwwer d'Mënscherechter an déi politesch, sozial an ekonomesch Rechter. Si bekennt sech zum Asylrecht no der Konventioun vun 1951, ass awer géint eng onkontrolléiert Massenimmigratioun aus ekonomesche Grënn.

D'ADR hält déi sozial Dimensioun an hirer Aarbecht ganz héich. Dës ass vun Ufank un e wichtegen Deel vun hirer Programmatik gewiescht.

Si ass wëssenschaftsfrëndlech a verdeedegt resolut d'Fräiheet vun der Wëssenschaft an de Wëssenschaftler. Basis vun der wëssenschaftlecher Methoud sinn Zweiwel a Kritik.

D'ADR steet fir Meenungsfräiheet. Si wiert sech géint all Form vun Zensur oder Repressioun vu politeschen Iddien. Si ënnerstëtzt keng gesellschaftlech Praxis vun der Delatioun.

D'ADR insistéiert op Chancëgläichheet, Gerechtegkeet, rechtlech Gläichberechtegung, Respekt, Toleranz an Net-Diskriminéierung tëscht de Mënschen, ouni datt déi Notiounen duerch eng Iwwerdeenung vun hirer Bedeitung sech kënnen an hire Géigendeel verdréinen.

Duerch déi europäesch Geschicht ass d'ADR besonnesch drun intresséiert, all Form vun Antisemitismus ze bekämpfen.

Si besteet op d'Recht op Liewen an op der Dignitéit vum Mënsch. Si verdeedegt d'Rechter vum Kand, esou wéi si an der Kannerrechtskonventioun festgehale sinn, a leent all Tendenz of, fir d'Kanner zu Objekter vun engem Commerce ze maachen. Dat medezinescht a para-medezinescht Personal däerf nimools ënner Drock gesat ginn, fir Ofdreiwungen oder Euthanasië respektiv Hëllef beim Selbstmord ze praktizéieren.

D'ADR wiert sech géint de glieserne Bierger. Si setzt sech dowéinst fir e Bankgeheimnis zu Lëtzebuerg fir d'Residenten an, fir d'Fakultéit mat Boergeld kënnen ze bezuelen, a fir en zolitten Dateschutz. D'ADR bekennt sech zum Recht op Eegentum. Besonnesch am Logement ass dat wichtegt Recht net méi genuch ofgeséchert. D'ADR besteet ausserdeem op e strengt Beruffsgeheimnis vun den Acteuren op a ronderëm d'Finanzplaz.

Auslännesch Politik zu Lëtzebuerg

D'ADR bekennt sech selbstverständlech och dozou, datt all Mënsch, deen zu Lëtzebuerg lieft, onofhängeg vu senger Nationalitéit, déi politesch a sozial Fräiheeten, ewéi d'Meenungsfräiheet, d'Fräiheet ze demonstréieren, an esou weider ka fir sech an Usproch huelen.

Si besteet awer gläichzäiteg och dorop, datt déi lëtzebuergesch ëffentlech Uerdnung, Rou a Sécherheet net duerch importéiert Konflikter belaascht ginn. De soziale Fridden zu Lëtzebuerg soll net duerch Konflikter am Ausland bedrot ginn.

Aktivitéite vun auslännesche Parteien a Gruppéierungen zu Lëtzebuerg ginn an deem Sënn reglementéiert.

24. Demokratie an Institutiounen

Direkt Demokratie

D'ADR steet fir méi Matsproocherecht vun de Bierger, net nëmme bei de Walen, a wäert dowéinst d'Wieler méi dacks un de politeschen Entscheedungen iwwert de Wee vum Referendum bedeelegen. Heibäi kann d'Schwäiz e Virbild sinn. Bei enger Referendumsfro mussen déi verschidde Positiounen equivalent Méiglechkeeten hunn, fir sech auszedrécken. Aus dësem Grond féiere mir en allgemengt Referendumsgesetz an, dat och gerecht an ausgeglache Campagnë virschreift. Dat gëllt besonnesch och fir d'Presenz vun deene verschiddene Positiounen an de Medien. Weider fuerdere mir en obligatoresche Referendum bei Änneruge vun europäeschen Traitéen, beim Ophuele vun neie Memberen an d'Europäesch Unioun, beim Oftriede vu Souveränitéitsrechter un d'Europäesch Unioun oder aner international Organisatiounen a bei wichtegen Änneruge vun der Lëtzebuerger Verfassung.

Fir iwwert de Wee vun der Volleksinitiativ e Referendum kënnen an d'Weeër ze leeden, muss déi néideg Zuel vu Wieler erofgesat ginn. Gëlteg sinn nëmmen d'Stëmme vu Bierger mat Lëtzebuerger Nationalitéit, déi an der Wielerlëscht agedroe sinn. D'Prozedur gëtt vereinfacht: D'Wieler musse sech net méi op d'Gemeng deplacéieren, fir sech an eng Referendumslëscht androen ze loossen. Alternativ kënne si dat och iwwer Internet maachen.

Un engem Referendum däerfen nëmmen ageschriwwe Wieler mat der Lëtzebuerger Nationalitéit deelhuelen.

Regierung

D'Ministeren an d'Staatssekretären sollen – eweí et der Etymologie entsprécht – „am Déngscht" vum Land a senge Bierger stoen. De Minister dréit déi politesch Verantwortung fir säi Kompetenzberäich.

Prinzipiell vertrëtt d'ADR d'Doktrin vun engem schlanke Staat. De Staat ass z.B. net do, fir d'Bierger ze erzéien oder hinne virzeschreiwen, wéi oder wat si ze denken, schwätzen oder ze schreiwen hunn. Hie muss am Géigendeel d'Meenungsfräiheet aktiv promouvéieren.

Mir suerge fir en „Ministergesetz", dat d'Rechter an d'Flichte vun de Ministere genee definéiert.

Lëtzebuergesch ass d'Sprooch vum ëffentlechen Déngscht. All Posten, déi d'Souveränitéitsrechter beréieren, an eng Rei vu wichtege Positioune bleiwen exklusiv fir Lëtzebuerger Staatsbierger reservéiert.

All Ministère kritt eng offiziell lëtzebuergesch Bezeechnung (z.B. Staatsministère, Ministère fir baussenzeg an europäesch Ugeleeënheeten, Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a Verbraucherschutz, asw.). Och op offiziellen Dokumenter an op den Internetsitten ass déi lëtzebuergesch Bezeechnung als éischt unzeginn, virun enger Iwwersetzung an aner Sproochen.

D'ADR strukturéiert déi verschidde Ministèren nei.

Reng ideologesch Ministèren, Administratiounen an Organisme ginn ofgeschaaft. Hir eventuell sënnvoll Kompetenzberäicher ginn an aner Ministèren integréiert. Dëst betrëfft z.B. den „Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes" (MEGA). Aktivitéiten ewéi z.B. d'Promotioun vun der Genderideologie an déi entspriechend Sproochreegelunge gi komplett gestoppt an onnéideg Servicer ofgeschaaft. Déi wichteg Servicer, déi sech ëm Mënsche mat enger Behënnerung këmmeren kommen awer an de Kompetenzberäich vun engem anere Ministère.

D'ADR wäert am „Ministère fir Sprooch, Integratioun a Kultur" eng Kommissioun asetzen, déi lëtzebuergesch Ausdréck fannen oder formuléiere soll, fir nei Institutiounen ze benennen a friem Ausdréck (z.B. „Maison relais") ze ersetzen. Gläichzäiteg wëlle mir déi staatlech Institutiounen a Kommissiounen, déi sech bis elo mat eiser Sprooch befaassen, zesummeleeën – esouwäit ewéi dat sënnvoll ass –, fir eng Unheefung vu Gremien an eng Kompetenzerivalitéit ze verhënneren.

Am Kader vun deem Gremium schafe mir och e Service, deen de Betriber hëlleft, fir eng korrekt Kommunikatioun op Lëtzebuergesch ze maachen (Numm vun der Entreprise, Prospekter, Internetsitten, asw.). Dëse Service setzt och rechtsgülteg Normverträg a Lëtzebuerger Sprooch op (Aarbechtsvertrag, Kafvertrag, Loyersvertrag, asw.).

Gesetzer, déi d'Allgemengheet betreffen (also keng „technesch" Gesetzer ewéi z.B. fir déi international Finanzen), ginn op Lëtzebuergesch iwwersat an am „Journal officiel" (fréier

Mémorial) publizéiert, woubäi de franséischen Text, eméi am Sproochegesetz vun 1984 festgehalen, juristesch zielt.

Betriber, an deenen de Staat Aktionär ass, mussen der Lëtzebuerger Sprooch eng méi héich Bedeitung zoumiessen. Bei ëffentlechen Apparater, eméi z.B. Bancomaten, muss Lëtzebuergesch ëmmer déi éischt Sprooch sinn.

D'ADR ass fir e politesch neutralen ëffentlechen Déngscht.

D'Zuel an de Statut vun den „Conseillers de Gouvernement" ginn iwwerpréift. Besonnesch an deene leschte Joren si ganz vill Leit op politeschem Wee an den ëffentlechen Déngscht komm. D'ADR wëll dës Entwécklung stoppen. Si ass prinzipiell der Meenung, datt Leit, déi eng politesch Nominatioun kruten, den ëffentlechen Déngscht musse verloossen, wann dee Minister geet, dee si ernannt huet.

Schliisslech ass ze soen, datt d'ADR déi administrativ Vereinfachung ganz eescht hëlt. Iwwerflëssig Prozedure gi konsequent gestrach.

De Statec verléiert dat Recht, juristesch Prozedure géint Leit anzeleeden, déi net op seng Ëmfroen äntweren. All Ëmfroe mussen ëmmer och op Lëtzebuergesch sinn.

D'Chamber

D'Chamber muss dat eenzegt Parlament bleiwen. D'Iddi vun enger direkt gewielter Vertriedung vun den auslännesche Matbierger zu Lëtzebuerg kann d'ADR ënner kengen Ëmstänn akzeptéieren. Esou en Organ géif sech eméi eng „zweet Kummer" nieft der Chamber fillen an entwéckelen. Dat gëllt och fir eng „Chamber vun de Buergermeeschteren", eméi se alt mol proposéiert gëtt an déi d'Bürokratie géing weider opblosen an de legislative Prozess nach méi an d'Längt zéien.

D'ADR ass d'accord, fir de Statut vun den Deputéierten ze moderniséieren (Immunitéit, Pensioun, Steieren, asw.) a sech dobäi un de Reegelungen an anere Parlamenter ze inspiréieren.

An der Chamber solle Parteien, déi wéinstens 5 Prozent vun de Stëmme kritt hunn, eng Fraktioun mat allen domat verbonnene Rechter däerfe bilden. Fir datt d'Chamber hirer Roll

als Kontrollorgan vun der Regierung besser ka gerecht ginn, sollen d'Rechter vun den eenzelen Deputéierten erweidert ginn.

D'Fraktioune solle méi Personal kréien an, domat verbonnen, och den Optrag, fir eng Kommunikatioun ouni Barriären ze favoriséieren. Dëst kann z.B. duerch e méi grousse Gebrauch vun „liichter Sprooch" geschéien.

D'ADR suergt fir e klore gesetzleche Kader fir d'Jugendparlament, deen der Realitéit vun de Jonken, déi an d'Schoul ginn, entsprécht.

Déi Organismen, déi der Chamber ënnerstallt sinn, eréi z.B. den OKaJu oder den Ombudsman, ënnerleien dem politesche Contrôle vun der Chamber, an hir Aktivitéite ginn an enger ëffentlecher Debatt ënnersicht.

Den „Centre pour l'égalité de traitement" (CET) kritt keng Kompetenzerweiderung a gëtt schrëttweis ofgeschaaft. Seng sënnvoll Aktivitéite ginn an e Ministère verluegt an ënnerleien der politescher Kontroll vun der Chamber.

De Staatsrot

D'ADR ass net zefridde mam aktuelle Gesetz iwwert de Staatsrot. An enger Reform stelle mir kloer Reegelen op, fir datt d'Zesummesetzung vum Staatsrot déi vun der Chamber erëmspigelt. D'Membere sollen exklusiv vun der Chamber ernannt ginn. Mir si géint Geschlechterquoten a schafen déi entspriechend Dispositiounen of.

Wéinst dem Prinzip vun der Gewaltentrennung däerfe Regierungsbeamten oder Magistraten net Member vum Staatsrot sinn. Et däerf een och net gläichzäiteg Member vum Staatsrot a Buergermeeschter oder Schäffen an enger Gemeng sinn.

Fir eng besser a méi séier legislativ Aarbecht ze garantéieren, misst d'Zuel vun de Membere vum Staatsrot an hirem berodenden an administrative Personal erhéicht ginn.

D'Gemengen

En direkt politescht Matsproocherecht huet de Bierger am einfachsten an der Gemeng. An de berodende Kommissioune vum Gemengerot an och an de Lokalsektioune vun de politesche Parteie geschitt e groussen Deel vun eisem politesche Gemengeliewen. D'ADR

setzt sech an, fir déi direkt politesch Participatioun an Transparenz an der Gemeng auszebauen.

All Partei, déi am Gemengerot vertrueden ass, muss och an all berodender Kommissioun vertruede sinn. Bis elo ass dat nach net kloer gereegelt.

D'ADR ass och fir eng méi direkt Demokratie op kommunalem Niveau, dëst z.B. duerch méi Entscheedungen iwwert de Wee vum Referendum. D'Modalitéiten, fir e lokale Referendum ze erméiglechen, musse vereinfacht ginn. Dat kéint ee maachen, andeems ee beispillsweis d'Méiglechkeet gëtt, Ënnerschrëften och elektronesch ze sammelen. Et geet eiser Meenung no duer, wa 5 Prozent vun den ageschriwwene Wieler e Referendum froen, fir datt ee muss ofgehale ginn.

Mir verdeedegen de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. Ganz am Sënn vum Subsidiaritéitsprinzip soll de Staat sech just ëm déi Aufgabe këmmeren, déi net besser um Gemengenniveau ze erleedege sinn.

D'ADR ass fir eng verstäerkten Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen iwwert de Wee vu Syndikater, well dat de Service um Bierger verbessert. Dofir mussen d'Gemengen net onbedéngt fusionéieren. D'ADR ass der Meenung, datt et ka politesch vu Virdeel sinn, kleng Gemengen ze hunn, well dann d'Politik méi no um Bierger ass.

Wann et de Wonsch vun de Bierger ass, kënne Gemengen och fusionéieren. Dës Fusioune mussen awer ëmmer op fräiem Wëlle berouen, woubäi d'Bierger hiren Accord iwwert de Wee vum Referendum ginn. De Referendum gëtt an deene Gemengen organiséiert, déi vun der Fusioun betraff sinn, an net op nationalem Niveau.

25. Baussepolitik

Zil vun der Baussepolitik ass et, an engem méiglechst friddlechen, stabillen an oppenen internationalen Ëmfeld, déi Lëtzebuerger politesch, ekonomesch, konsularesch a kulturell Intressien dynamesch, kompetent a mat Erfolleg ze definéieren, ze verdeedegen an ze promouvéieren. Dobäi mussen déi staatsrechtlech Souveränitéit a multifaktoriell Onofhängegkeet vun eisem Land ëmmer zentral Consideratioune sinn.

Diplomateschen Déngscht

Mir setzen eis fir eng realistesch a glafwierdeg bilateral a multilateral Baussepolitik an, déi den Dimensiounen, der Awunnerzuel an de Méiglechkeete vum Land ugepasst ass.

Fir déi Politik kënnen ze maachen, brauch et e gudde Reseau vun diplomateschen a konsularesche Vertriedungen, déi do sinn, wou wierklech gréisser Lëtzebuerger Intressien um Spill stinn. D'Zuel an d'Lokalisatioun vun den Ambassaden a Konsulater ginn also de reelle Bedierfnesser ugepasst. Dobäi ass nieft där multilateraler Diplomatie och déi bilateral Presenz a fir eis besonnesch wichtege Staate vu grousser Bedeitung.

Nieft der Vertriedung vu politeschen Intressien duerch eng héichwäerteg Diplomatie huet de Bausseministère an enker Zesummenaarbecht mam Groussherzoglechen Haff, mat anere betraffene Ministèren, Promotiounsagencen an de Beruffskummeren d'Baussepolitik am Déngscht vun der Wirtschaftsförderung ze coordinéieren. Mir ënnerstëtzen d'Presenz vu Lëtzebuerg mat engem eegene Pavillon op Weltausstellungen.

Handelsmissiounen (Trade offices) sollen den diplomateschen a konsularesche Reseau komplettéieren. D'Chambre de Commerce an aner Instanze kënne Personal an esou Strukturen detachéieren. Eis Wirtschaftsdiplomatie adresséiert sech un all Länner op der Welt an eis aktiv Mataarbecht an der Welthandelsorganisatioun soll den oppene Charakter vun eiser Ekonomie ënnersträichen. D'ADR wëll d'Zuel vun Handels- an Duebelbesteierungsaccorde mat anere Länner weider erhéijen. E gudden Handelsaccord ass fir vill Länner och méi wichteg ewéi Entwécklungshëllef.

De Statut vun den Diplomaten an deenen anere Persounen, déi Lëtzebuerg am Ausland vertrieden oder déi hiren Déngscht am Ausland leeschten, gëtt endlech iwwerschafft. Besonnesch d'Konditioune fir d'Conjointë gi moderniséiert. Et gëtt legal preziséiert, datt

d'„résidence habituelle" vun deene Leit ëmmer zu Lëtzebuerg ass. Persounen, déi déngschtlech an d'Ausland versat ginn, hu selbstverständlech e Recht drop, hir Wunneng zu Lëtzebuerg fir hiren Eegebedarf ze halen, ouni vun deenen neien, geplangte Steieren (Leerstand) betraff ze sinn.

D'Doktrinn vun enger „feministescher Baussepolitik" gëtt fale gelooss. Lëtzebuerg setzt sech fir all Leit an, onofhängeg vun hirem Geschlecht (an där gëtt et der genee zwee).

Asyl an Immigratioun

D'ADR ass fir d'Erhale vum Asylrecht a wëll dobäi all Mëssbrauch vun deem Recht ënnerbannen.

Mir si kloer dofir, Leit a Länner an Nout, déi humanitär Hëllef brauchen, ze ënnerstëtzen an den UNHCR (Haut-Commissariat des Nations Unies pour les réfugiés) generéis ze finanzéieren. Dëst ass net nëmmen eng mënschlech Verflichtung, mee och e Bäitrag dofir, datt Leit sech net op eng geféierlech Rees maachen, an der Hoffnung, sech an Europa eng nei Existenz kënnen opzebauen. Mir wëllen de Leit do hëllefen, wou si sinn, an dann, wa si Hëllef an Ënnerstëtzung brauchen!

Fir dat wäertvollt Rechtsinstrument vum Asylrecht och a schwéieren Zäite kënnen ze erhalen, ass et awer wichteg, géint all Mëssbrauch vum Asylrecht virzegoen. Dat ass och wichteg, fir déi gesellschaftlech Akzeptanz vum Asylrecht ze erhalen.

Et däerf net sinn, datt e Flüchtling, deem säi Statut unerkannt ginn ass, Vakanz a senger Heemecht mécht an dann erëm zeréck op Lëtzebuerg kënnt. Mir als ADR sinn der Usiicht, datt wann een an engem Land ka Vakanz maachen, do weder a Gefor ass, perséinlech verfollegt ze ginn, nach de Gefore vun engem Krich ausgesat ass. Mat eiser Politik féiert de Fakt, datt eng betraffe Persoun, déi an hiert Land zeréckgeet, zum direkte Verloscht vum Schutzstatut.

Wien aus engem sécheren Drëttstaat op Lëtzebuerg kënnt, kann hei keen Asyl kréien. Ukrainesch Staatsbierger, déi wéinst dem Krich aus der Ukrain hiert Land verlooss hunn, behalen hire spezielle Schutzstatut.

Mir setzen eis a fir eng Erweiderung vun der Lëscht vun de sécheren Drëttstaaten, eng staark Verkierzung a Vereinfachung vun den Asylprozeduren, eng Reform vun der Assistance

judiciaire, d'Eliminatioun vu Mëssbrauchsméiglechkeeten an der Asylprozedur an eng temporär Aféierung vun enger Visasflicht fir verschidde Balkanlänner, bis garantéiert ass, datt keng Asyldemandë méi vu Leit aus deene Länner kënne gestallt ginn.

D'ADR schwätzt sech fir eng korrekt a mënschewierdeg Behandlung vu Leit aus, déi an der Europäescher Unioun Asyl froen. Déi humanitär Ethik an Traditioun vun Europa muss och an der Behandlung vun deene Leit däitlech ginn. Mir halen d'Aarbecht vun de Benevollen – fir esou Leit, déi Schutz brauchen, ze hëllefen – fir éierewäert a sinn hinnen dankbar fir dee wichtegen Engagement, dee si bréngen.

D'ADR bekennt sech zu den internationalen Asylrechtskonventiounen. Lëtzebuerg kann a soll Leit Schutz bidden, déi wierklech Schutz brauchen, an dat esoulaang si e brauchen. Asyl ass awer net dat selwecht ewéi Immigratioun. Leit, déi kee Schutz méi brauchen, mussen zeréck an hir Heemecht, esou bal d'Konditiounen an deem Land dat zouloossen.

Wien aus engem sécheren Drëttstaat kënnt, wien sech senger Identifizéierung widdersetzt, wie Schleiser deckt a wien eis Gesetzer net respektéiert, verléiert all Méiglechkeet, bei eis am Land Schutz ze fannen oder hei ze bleiwen. All déi Méiglechkeete gëtt eis dat internationaalt Recht, an d'ADR zitt dat duerch. Déi administrativ Geriichter sollen däitlech entlaascht ginn.

D'ADR wëll dem Schleisertum an all anere Forme vu Mënschenhandel en Enn setzen. Zu deem Zweck gëtt eng decidéiert Politik geféiert.

D'Autoritéite kréie bei der Altersbestëmmung a bei dem Zougrëff op elektronesch Apparater vu Leit, déi Schutz froen, méi Rechter.

D'Familljenzesummeféierung muss net zu Lëtzebuerg gemaach ginn, mee soll preferentiell an anere Länner gemaach ginn, wann d'Situatioun et erlaabt. Wa beispillsweis d'Eltere vun engem Kand an engem aneren EU-Staat ewéi Lëtzebuerg de Flüchtlingsstatut kritt hunn, sollt d'Kand an dat Land bei seng Eltere gefouert ginn, fir d'Famill do zesummenzeféieren.

Prinzipiell sollen Demanden op Immigratioun oder Asyl scho baussent dem Territoire vun der EU gemaach ginn. Wa Leit am Mëttelmier oder op anere Plazen an Nout sinn, musse si natierlech gerett an dann an den nächsten, sécheren Hafe baussent der EU bruecht ginn. Do kënnen dann eventuell Demanden op Asyl oder Immigratioun gestallt an ënnersicht ginn.

Ukrainesch Staatsbierger, déi wéinst dem Krich aus der Ukrain hiert Land verlooss hunn, behalen hire spezielle Schutzstatut ouni mussen duerch eng Asylprozedur ze goen.

D'ADR ass géint all Verdeelungsschlëssel vu Migranten an der Europäescher Unioun. All Staat muss an där Hisiicht seng komplett Souveränitéit behalen. Et gëtt och kee Verdeelungsschlëssel vu Migranten tëscht de Gemengen hei am Land. All Gemeng ka selwer decidéieren, ob a wéi vill där Leit si wëll ophuelen oder net.

Als eenzeg Partei huet d'ADR sech géint den UN-Migratiounspakt ausgeschwat a mir halen dëse weiderhi fir e Feeler, dee muss revidéiert ginn. Mir gesinn am ëffentlechen, internationale Recht keng Basis fir e Recht op Migratioun a refuséieren e gesteierten Afloss op d'Medien, déi d'Migratioun ëmmer positiv presentéieren.

Mir si fir eng legal Immigratioun, déi de Besoine vun eisem Land entsprécht. Déi Leit, déi dofir a Fro kommen, ginn iwwer e Punktesystem erausgesicht. D'ADR toleréiert awer keng illegal Immigratioun. Leit, déi illegal am Land sinn, mussen d'Land verloossen. Déi illegal Presenz hei am Land an d'Bäihëllef zu enger illegaler Presenz ginn zu strofbaren Delikter. D'ADR steet zu de Prinzippie vun den Accorde vun Dublin. Dat heescht, datt e Migrant, deen den internationale Schutz ufreet, dëst an deem éischten, séchere Land maache muss, dat hie betrëtt.

Grenzkontrollen

D'ADR ass dofir, datt Lëtzebuerg sech u Frontex fir de Schutz vun den europäesche Baussegrenze bedeelegt, a steet och fir eng effikass Sécherung vun allen europäesche Baussegrenzen duerch baulesch an aner Moossnamen oder Infrastrukturen.

Am Schengen-Raum sollen d'Grenzen op sinn, awer nëmme fir déi éierlech Leit. D'ADR verstäerkt punktuell Grenzkontrollen a féiert elektronesch Iwwerwaachungsméiglechkeeten an, genee esou, wéi dat och aner Schengen-Länner maachen. Dëst hëlleft och bei der Bekämpfung vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit. Allerdéngs muss den Dateschutz dobäi garantéiert ginn.

Op de Grenze ginn déi néideg Infrastrukturen installéiert, fir Grenzkontrollen ze ënnerstëtzen, wann déi sollten néideg ginn.

Exportkontrollen

D'ADR hëlt d'Verflichtunge vu Lëtzebuerg am Beräich vun der Net-Weiderverbreedung vu Massevernichtungswaffe ganz eescht. Zesumme mat der Douane an dem Wirtschaftsministère soll de Bausseministère all néideg Moossnamen huelen, fir datt Lëtzebuerg sech an deem Beräich kenge berechtegte Kritike muss aussetzen. D'Participatioun an deenen zoustännegen internationale Gremie gëtt ganz eescht geholl.

International an europäesch Politik

Duerch de Krich an der Ukrain an d'Sanktiounspolitik huet sech d'Welt sécherheetspolitesch an ekonomesch bannent kuerzer Zäit fundamental verännert. Mir erliewen eng nei Blockbildung an eventuell d'Gefor vun engem méi laangen, neie kale Krich. Alles dëst stellt Lëtzebuerg, als e klengt a vulnerabelt Land mat enger ganz oppener Ekonomie, virun enorm Erausfuerderungen.

Wéi et senger Traditioun entsprécht, probéiert Lëtzebuerg zu méiglechst ville Staaten enk a frëndschaftlech Relatiounen ze fleegen. D'Relatioune mat den Nopeschregiounen an eisen Nopeschlänner sinn dobäi besonnesch wichteg.

Mir bleiwen dem Multilateralismus an der Multipolaritéit verbonnen a wëllen eis op d'Stäerkt vum internationale Recht beruffen. Dowéinst ass d'UNO vun zentraler Bedeitung.

Déi Europäesch Unioun soll en Europa vun den Natioune sinn, ouni all federal Usprréch.

Am Beräich vun der Sécherheetspolitik striewe mir eng nei, gesamteuropäesch Friddensuerdnung am Kader vun der OSZE un, fir d'Gefor vun engem neie kale Krich ze reduzéieren. Déi militäresch Sécherheet berout weiderhi prioritär op der NATO (Kapitel Verdeedegung).

Wichteg Wäerter sollen am Europarot (Conseil de l'Europe) an an aneren internationalen Organisatiounen diskutéiert a promouvéiert ginn.

Fir d'ADR ass et wichteg, datt d'Onofhängegkeet vun internationale Geriichter, wéi z.B. dem Europäesche Geriicht fir Mënscherechter zu Stroossbuerg, besser ofgeséchert ass fir d'Glafwierdegkeet vun esou héijen Instanzen net a Fro ze stellen. Dat gëllt fir de méiglechen Afloss vu Staaten a vun Net-Regierungsorganisatiounen op esou Instanzen.

Lëtzebuerg ass e Siège vu villen europäeschen an internationalen Institutiounen. Si an hiert Personal sollen optimal Aarbechtsbedingungen hunn. D'ADR setzt sech besonnesch och fir besser finanziell Konditioune fir EU-Mataarbechter zu Lëtzebuerg an. De Siège Lëtzebuerg soll weider consolidéiert an ausgebaut ginn.

Groussregioun

D'ADR ass sech bewosst, datt den ekonomeschen Afloss vu Lëtzebuerg op den Aarbechtsmaart, d'Mobilitéit an deelweis op d'Wunnengspolitik iwwer d'Grenze vum Land erausgeet an datt dowéinst eng enk Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschregioune wichteg ass. Si wëll dem Dossier Groussregioun dowéinst eng nei Dynamik ginn. Wéinst där institutioneller Architektur vun eisen Nopeschlänner ass et wichteg dësen Dialog zum Deel iwwer déi national Haaptstied ze féieren.

Mir stellen awer fest, datt d'Groussregioun als politesche Begrëff, esou ewéi si haut opgebaut ass, kaum funktionéiert an dem Bierger nëmme wéineg Plus-value bréngt. Dowéinst mussen d'Ziler an de Fonctionnement vun der Groussregioun nei definéiert ginn, besonnesch och ënnert dem Androck vun den Erfarungen aus der Covid-Zäit.

D'Groussregioun muss enk zesummeschaffen, ganz besonnesch am Beräich vun der Mobilitéit, der Gesondheet, dem Ëmwelt- a Katastropheschutz, der Energie, der Kultur an dem Amenagement vum Territoire. Mir suergen dofir, datt d'Gemengen iwwert d'Grenzen eraus zesummeschaffe kënnen an interkommunal Syndikater grënnen däerfen.

Dossiere vu finanzieller Natur (Heemaarbecht, Statut vun de Beruffschaufferen, grenziwwerschreidend Mobilitéit, Infrastrukturprojeten, Diskussiounen ëm finanziellen Ausgläich, an esou weider) gi vun deenen zoustännege Ressorte gefouert a vum Bausseministère koordinéiert. Dobäi mussen esouwuel déi sozial Plafongen (Affiliatioun un d'sozial Sécherheet), ewéi och déi fiskal Plafongen (wou ee seng Steiere bezilt) ëmmer esou verhandelt ginn, datt déi wichteg Intressie vun eisem Land respektéiert sinn.

Déi historesch a kulturell Verbindunge mat eisen Nopeschregioune gi gefleegt an Initiativen an deem Beräich ënnerstëtzt. Lëtzebuerg ënnerstëtzt och lëtzebuergesch Sproochcoursen am Ausland.

Europa

D'ADR ass Member vun der ECR, der Allianz vun de Konservativen a Reformisten an Europa, an erkennt d'Prinzippien aus den Deklaratioune vu Prag* a vu Reykjavik un. (*Referenz: http://www.acreurope.eu/#speaker_info)

Mir bekennen eis zur europäescher Koordinatioun an, esouwäit néideg a sënnvoll, Integratioun a begréissen déi positiv Bäiträg vum europäeschen Integratiounsprozess op den europäesche Subkontinent. Europa huet, mat wéinegen Ausnamen ewéi z.B. dem Jugoslawiekrich an der Invasioun vun Zypern, eng laang Period vu Fridden am Respekt vun de Mënscherechter kannt. De Krich an der Ukrain a seng Konsequenze stellen nei Erausfuerderungen un d'EU an un hir Memberlänner.

D'ADR ass prinzipiell der Meenung, datt bei Adhesioune vun neie Memberen déi Kopenhagener Krittären net däerfen opgeweecht ginn. E Bäitrëtt vun der Tierkei kënnt net a Fro. D'Relatioun tëscht der Ukrain an der EU muss am Liicht vun de Friddensverhandlungen definéiert ginn. E Bäitrëtt vun net-europäesche Staate bei d'EU ass fir d'ADR keng Optioun.

D'ADR wiert sech géint e federaalt Europa. Lëtzebuerg däerf net zu engem vun deene klengsten „Bundesländer" vun engem Staat „Vereenegt Europa" ginn, mat enger, nom Verhältnes vun der Populatioun, minimaler Representatioun an den Institutiounen. Mir bestinn dorop, datt Lëtzebuerg weiderhi vun op d'mannst sechs Deputéierten am Europaparlament representéiert gëtt an, onënnerbrach, vu wéinstens engem Kommissär an der Europäescher Kommissioun.

Eiser Meenung no soll de Kommissär aus enger, vun der Regierung proposéierter an net parteigebonnener Selektioun vu kompetente Perséinlechkeeten, iwwert e geheime Vott vun der Chamber gewielt ginn.

Mir sinn dogéint, datt d'Europadeputéierten iwwer supranational Lëschte gewielt ginn.

D'ADR refuséiert all Opweechung vum Prinzip vun der Eestëmmegkeet am EU-Rot oder EU-Ministerrot.

Mir si fir den Euro als gemeinsam Währung vun de Länner, déi dëse fräiwëlleg gewielt hunn an déi d'Krittäre vu Maastricht, déi als Basis fir dës Währung festgeluecht goufen, och respektéieren. Dobäi mussen déi demokratesch Prozesser an d'Kompetenze vun den nationale Parlamenter och an enger Währungsunioun erhale bleiwen. Den „semestre

européen" gëtt der Kommissioun kee Recht, fir sech an déi intern Lëtzebuerger Politik anzemëschen, a muss doweinst vu Grond op nei reforméiert ginn. Et gëtt sech dobäi op e währungspolitesch relevanten Austausch vun Informatiounen tëscht Staaten an Institutioune limitéiert.

D'ADR verlaangt, datt fir eng eventuell Erweiderung vun der Eurozon strikt op ekonomesch Krittäre gekuckt gëtt. Et solle Méiglechkeete geschafe ginn, fir datt e Staat definitiv oder temporär aus der Währungsunioun austriede kann.

Eng verstäerkten Zesummenaarbecht a verschiddenen Domäner vun der Sécherheet an der Verdeedegung soll an der EU méiglech sinn. Mir ënnerstëtze besonnesch déi europäesch Zesummenaarbecht vu Police a Justiz beim Kampf géint den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit.

Dee besonnesche Statut vun deenen neutrale Staaten ewéi Irland oder Éisterräich muss voll respektéiert bleiwen.

Subsidiaritéit heescht fir d'ADR, datt all Land – also och Lëtzebuerg – säin eegene Gesellschaftsmodell wielen a behalen däerf (z.B. am Familljerecht, bei ethesch relevante Froen, bei der Immigratioun asw.). D'ADR wiert sech dergéint, datt a wichtege Froen Entscheedunge majoritär géint aner Länner duerchgesat ginn. Mir fuerderen, datt d'Entscheedungen an Europa nees nom Modell vum „Kompromëss vu Lëtzebuerg" geholl ginn, dat heescht mat der Unanimitéit oder jiddefalls am Konsens. Qualifizéiert Majoritéite ginn ofgeschaaft.

Subsidiaritéit heescht och, datt der Chamber an dem Land manner Gesetzer (europäesch Reglementer an Direktiven) vun uewen erof diktéiert ginn. D'ADR setzt sech dofir an, datt déi europäesch Legislatioun an och Traitéen, déi vun der Europäescher Unioun mat anere Länner a supranationalen Institutiounen ausgehandelt ginn, vun den nationale Parlamenter ëmmer musse ratifizéiert ginn. D'Rechter vun den nationale Parlamenter musse bannent den europäeschen Entscheedungsprozesser gestäerkt ginn. Bei der Ëmsetzung vun europäesche Richtlinne muss ëmmer de Prinzip „toute la directive, mais rien que la directive" gëllen. Dee sougenannten „gold-plating", also déi Tendenz, fir Direktiven „iwwerméisseg ze erfëllen" gëtt et bei der ADR net. Lëtzebuerg muss och net ëmmer „first mover" sinn, mee kann sech Zäit loossen, fir Entwécklungen iwwer e méi laangen Zäitraum ze observéieren a säi Verhalen entspriechend unzepassen.

Virun europäesche Reunioune wëlle mir déi betraffe Ministeren an d'Chamber ruffen, fir hinnen am Virfeld e kloren Optrag fir Verhandlungen an Entscheedungen ze ginn.

D'ADR ass géint eng ze vill grouss Harmoniséierung op alle Gebidder, eréi Steier-, Sozial- a Budgetspolitik, well dëst mat der Gefor verbonnen ass, datt d'Steieren an d'Luucht ginn an op sozialem an ekonomeschem Plang no ënne géif nivelléiert ginn, wat ganz besonnesch fir Lëtzebuerg grouss Aschnëtter bedeite géif.

Mir si géint nei europäesch Steieren („ressources propres") a géint ëmmer méi héich Contributiounen an den europäesche Budget. Dat gëllt natierlech och fir eng méiglech Finanztransaktiounssteier. Mir sinn och géint en europäeschen (oder en „Euro-") Finanzminister a géint Finanztransferte bannent der Unioun oder der Eurozon, mat deenen déi „räich" Länner déi hausgemaachten Defizitter an déi schlecht Gestioun vun anere Länner ausgläiche mussen.

D'ADR ass fir Steiergerechtegkeet op internationalem Plang, also iwwer d'Europäesch Unioun eraus. Dëst ënnert der Konditioun, datt dëst zu engem „level playing field" féiert. Esou Diskussioune sollen um Niveau vun der OECD gefouert ginn.

Sollt et zu Decisioune kommen, déi e weideren Transfert vun der Souveränitéit vum Nationalstaat un d'Europäesch Unioun bedeiten, oder bei Änneruge vun den europäeschen Traitéen, wäerte mir en nationale Referendum an d'Weeër leeden. Och fir eventuell nei Länner an d'Europäesch Unioun opzehuelen, muss iwwert en nationale Referendum ofgestëmmt ginn.

D'ADR besteet drop, datt d'Lëtzebuerger Sprooch als eng vun den offizielle Sprooche vun Europa gëllt, dëst no de Reegelen, wéi si 2005 an der EU festgeluecht goufen.

Déi géigesäiteg Unerkennung vu Geriichtsurteeler an der EU gëtt iwwerpréift. Prinzipiell sollen nëmmen nach Urteeler unerkannt ginn, déi och zu Lëtzebuerg „ratione materiae" hätte kënne geholl ginn.

Lëtzebuerg an der Welt

D'ADR strieft eng aktiv Baussepolitik un, fir d'Plaz an de Bäitrag zum Fridden vum Groussherzogtum Lëtzebuerg an der Welt ze sécheren an ze verstäerken. Nieft der Mataarbecht an den europäeschen Institutioune sti mir zur voller Memberschaft vu

Lëtzebuerg ënnert anerem an der UNO an an hiren Ënnerorganisatiounen, an der OSZE, am Europarot an an der NATO.

Haaptzil vun der Baussepolitik ass, wéi uewe beschriwwen, d'Vertriedung vun deenen nationalen Intressien.

Doriwwer eraus muss d'Lëtzebuerger Baussepolitik folgend Ziler ënnerstëtzen:

- D'Ofsécherung vum Fridden, der Sécherheet an der Stabilitéit;
- D'Stäerkung vun de Mënscherechter;
- D'Anhale vum Vëlkerrecht;
- D'Promotioun vun der multilateraler Diplomatie;
- D'Ofsécherung vum fräien Handel;
- D'Solidaritéit mat deenen aarme Länner an hiren Awunner;
- De Kampf géint den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit (besonnesch am Beräich Mënschenhandel an illegal Waffegeschäfter);
- De Verbuet an d'Net-Weiderverbreedung vu verschiddene Kategorië vu Waffen an d'Weiderentwécklung vum humanitäre Vëlkerrecht.

Prinzipiell si mir fir d'Anhale vun de bestoende Grenzen, souwuel an Europa ewéi an der ganzer Welt. An deem Kontext verweise mir op déi relevant international Accorden. D'ADR akzeptéiert selbstverständlech och de Prinzip vun der Selwerbestëmmung vun de Vëlker. Mir brauchen eng méi kloer Doktrinn iwwer d'Recht op Sezessioun.

Mir si beonrouegt iwwer d'Instabilitéit a ville Géigenden op der Welt a setzen eis dofir an, datt dës Konflikter a Verhandlungen an ouni Gewalt geléist ginn. Lëtzebuerg soll sech aktiv um Neesopbau vun der Ukrain bedeelegen an dobäi d'Intressien an d'Kompetenze vun der Lëtzebuerger Ekonomie valoriséieren.

Am Kontext vum Noen Oste vertriede mir eng Zweestaateléisung, déi um Verhandlungswee soll erreecht ginn an déi Grenzverännerunge ka virgesinn. D'Unerkennung vum Existenzrecht vun Israel duerch all concernéiert Parteien ass onverzichtbar.

D'Ressourcen an der Welt sinn net onendlech, an déi mënschlech Aktivitéite sollen de Mënschen an anere Länner an der Ëmwelt net schueden. Fir d'ADR ass d'Problematik ëm

eng iwwerméisseg Exploitatioun vun natierleche Ressourcen an d'Reduzéierung vun Zäregasen, déi dem Klima kéinte schueden, eenzeg an eleng op Weltniveau ze léisen.

Mir setzen eis dofir an, datt an Accorden, déi weltwäit oder europawäit ausgehandelt ginn, inklusiv am Ëmwelt- an am Klimaberäich, Lëtzebuerg keng Verflichtungen ageet, déi d'Land géigeniwwer anere Länner aus eiser direkter Noperschaft oder déi mat eis a Konkurrenz stinn, benodeelegt.

Nom Prinzip „pacta sunt servanda" steet d'ADR zu den internationalen Handelsaccorden, déi a Kraaft sinn. Bei Accorden, déi a Verhandlung sinn oder spéider solle verhandelt ginn, besteet d'ADR op Reegele vu Fairness fir all Parteien, woubäi d'Intressie vun den „schwaache Länner", hirer Ekonomie an hiren Awunner musse gewaart bleiwen. Bei all Accord, dee vun der Europäescher Unioun verhandelt gëtt, mussen déi eenzel Memberstaaten agebonne ginn.

International Handelsaccorden ënnerleien, nieft dem Accord vum Europaparlament, och der Kompetenz vun den nationale Parlamenter a mussen doweinst als Ganzt och der Chamber virgeluecht ginn. Eng provisoresch Applicatioun vun Deeler vun esou engem Accord duerch europäesch Institutioune verfält, wann och nëmmen ee Memberstaat net d'accord ass.

Lëtzebuerg am Weltall

Lëtzebuerg ënnerstëtzt den Ausbau vum ekonomesche Weltraumsecteur zu Lëtzebuerg.

Mir wëllen en Ausbau vun ziville Satellitenaktivitéiten am Weltall ënnerstëtzen. Am Kader vun de Prioritéiten an der Verdeedegungspolitik kënnen och militäresch Opklärungs- a Kommunikatiounskapazitéiten am Weltraum opgebaut ginn.

D'Exploitatioun vu Ressourcen am Weltraum muss am Aklang mat dem Vëlkerrecht geschéien. Dat muss also esou geschéien, datt net eleng national Intressie virun den Intressie vun der Mënschheet Virrang kréien. Déi ekonomesch Notzung muss alle Staate profitéieren an et däerf net zu enger Militariséierung am Weltraum kommen. Lëtzebuerg dréit zu enger Weiderentwécklung vum Weltraumrecht an deem Sënn bäi. D'Artemis-Accorde sinn an deem Sënn ze interpretéieren.

D'Fuerschung am Weltraum muss e friddlechen a gemeinsamen Effort vun alle Staaten am Intressi vun der ganzer Mënschheet sinn. Lëtzebuerg schafft doweïnst mat allen interesséierte Staaten zesummen.

An deem Kader ënnerstëtzt d'ADR déi national Legislatioun, déi Lëtzebuerg a besonnesch Entreprisen, déi hei etabléiert sinn, et erlaabt, Ressourcen aus dem Weltall an Zukunft ze notzen. Dobäi gëtt sech op eis national Souveränitéit beruff an et gi Kompetenznische gefërdert. D'ADR verdeedegt och an Zukunft dës Legislatioun weider um internationale Plang, wann eis Souveränitéit sollt vun anere Länner oder supranationalen Institutiounen a Fro gestallt ginn.

Mir fuerderen awer och, bei de Pläng fir Ressourcen am Weltall ze exploitéieren, datt esouwuel d'Entscheedungen ewéi och de finanzielle Risiko prioritär bei der Privatwirtschaft leie mussen. Den Asaz vun ëffentleche Gelder, sief et direkt aus dem Staatsbudget oder iwwer Finanzinstituter, déi dem Staat gehéieren, muss mat der néideger Virsiicht geschéien.

26. Eng Verdeedegungspolitik, déi bei eist Land passt

An Zäite vu Krich an Instabilitéit an Europa réckelen d'Sécherheets- an d'Militärpolitik nees méi an de Mëttelpunkt vun der internationaler an och der nationaler Politik.

Déi Lëtzebuerger Verdeedegungspolitik soll prioritär e Bäitrag zu der Sécherheet vum Land sinn. De wichtegsten Deel vun där Politik ass déi Lëtzebuerger Arméi mat dësen Aufgaben:

- territorial Verdeedegung;
- Katastropheschutz;
- wann néideg eng Verstäerkung vun der Police bei der bannenzeger Sécherheet;
- Ënnerstëtzung vun alliéierte Missiounen hei am Land (Host Nation Support);
- Hëllef a Krisesituatiounen;
- Friddensmissiounen am Ausland;
- humanitär Aufgaben, esouwuel heiheem wéi am Ausland;
- zeremoniell a protokollaresch Aufgaben.

Un Auslandsasätz gëtt si da bedeelegt,

- wann déi national Lëtzebuerger Sécherheetsintressien a Gefor sinn oder
- wa Lëtzebuerg kann dozou bäidroen eng aner Regioun ze stabiliséieren. Friddensasätz ginn opgrond vun engem Mandat vun internationalen Organisatiounen duerchgefouert, déi ëmmer den Accord vun allen direkt bedeelegte Parteie musse viraussetzen.

Well Lëtzebuerg esou kleng ass a sech net eleng ka verdeedegen, partizipéiert eist Land op internationalem Niveau un Allianzen a politesche Strukture mat dem Zil, déi kollektiv an doduerch och déi national Sécherheet ze stäerken. Dat sinn d'UNO, d'OSZE, d'NATO an d'EU. Dobäi komme bi- oder multilateral Ofkommes mat anere Staaten. D'ADR wëll, datt déi Lëtzebuerger Souveränitéit an Autoritéit iwwer d'Arméi allzäit erhale bleift.

D'Arméi kann am Kader vu bilateralen oder multilaterale Verdeedegungsofkommes alliéierten Natiounen hëllefen, déi ouni eege Schold ugegraff goufen, dëst am Kader vum Art. 51 vun der Charta vun de Vereenten Natiounen, respektiv vum Artikel V vum NATO-Vertrag.

D'Arméi ass prioritär dorop ausgeriicht defensiv Operatiounen auszeféieren. Hir Waffe ginn esou erausgesicht, datt si vun héijer Qualitéit an Zouverlässegkeet sinn an dobäi primär en defensive Charakter hunn. D'Asäz vun der Arméi bedéngen de prealablen Accord vun der Chamber.

Niewent der Arméi droen nach aner Verwaltungen zu der nationaler Verdeedegung bäi, dat si besonnesch d'Police, de SREL an déi national Sécherheetsautoritéit. D'Douane, de CGDIS an anerer kënnen am Kader vun der nationaler Sécherheet, der Terrorbekämpfung oder dem Zivilschutz a Krisesituatiounen Aufgaben iwwerhuelen.

D'ADR ënnerstëtzt traditionell déi Lëtzebuerger Arméi a suergt dofir, datt si déi néideg Mëttelen huet, fir all Missiounen, déi hir vun der Politik uvertraut ginn, ënner beschtméigleche Konditiounen ze erfëllen. Si gëtt ausgebaut an op hir verschidde Missioune gutt virbereet.

D'Arméi muss sech konstant op nei Erausfuerderunge virbereeden.

Wéinst den Entwécklungen um internationale Plang an dem staarke politeschen Drock, deen op eis ausgeüübt gëtt, muss Lëtzebuerg, wéi och déi aner europäesch Länner, méi Efforte fir seng eege Verdeedegung maachen a brauch och méi Méiglechkeeten, fir a Krisesituatioune baussent de Grenze Presenz ze weisen. Dës Entwécklunge bedeiten, datt Lëtzebuerg seng Ausgabe fir d'Verdeedegung progressiv an d'Luucht setze muss.

Den nationale Verdeedegungseffort gëtt dowéinst an där nächster Legislaturperiod op maximal 1 Prozent vum Bruttonationalprodukt eropgesat. Mir schléissen awer aus, datt Lëtzebuerg soll zwee Prozent oder esouguer méi vu sengem Bruttonationalakommes fir d'Verdeedegung ausginn. Mir erënneren drun, datt Lëtzebuerg keng eege Rüstungsindustrie huet an dowéinst och manner ekonomesche Retour am Militärberäich eréi aner Länner huet. D'Héicht vun de Militärausgabe muss ëmmer och de spezifesche Konditioune vun engem Land Rechnung droen a fair, raisonnabel an ëmsetzbar sinn. Déi spezifesch militäresch Aufgaben, Intressien, Méiglechkeeten a Besoine vun engem klenge Land sinn net mat deene vun engem grousse Land gläichzesetzen. D'Krittären, no deenen d'Evaluatioun vum Lëtzebuerger „effort de défense" gemaach gëtt, mussen deenen Iwwerleeungen ugepasst ginn.

Iwwerdeems ginn zwee Prozent vun de Gesamtausgabe beim Verdeedegungsbudget a Fuerschung an Entwécklung investéiert, esou ewéi dat och international recommandéiert gëtt. Esou gëtt beispillsweis an d'Beräicher Weltraum a Materialfuerschung investéiert, dëst mat enger klorer Preferenz fir Lëtzebuerger Entreprisen a Fuerschungszentren. D'Zil sinn Innovatiounen, déi gläichzäiteg mat hirem militäreschen Notzen och positiv Auswierkungen op déi national Wirtschaft hunn.

Et ass dobäi gewosst, datt déi militäresch an zivil Effektiver vun der Arméi progressiv mussen eropgesat ginn. Dëst ass absolut noutwendeg fir datt Lëtzebuerg sengen nationalen an internationale Verflichtunge kann nokommen.

De Rekrutement vun Auslänner als Militär am Beamtestatut schléisst d'ADR awer aus. D'Militär ass e Kärberäich vun der nationaler Souveränitéit. Wéinst deene komplexen, neien Entwécklungen a ville Beräicher kënnen auslännesch Beroder fir eng Iwwergangszäit engagéiert ginn, bis si duerch qualifizéiert Lëtzebuerger kënnen ersat ginn. D'ADR encouragéiert déi EU-Auslänner, déi sech als Zaldot an déi Lëtzebuerger Arméi mellen, déi Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen.

Lëtzebuergesch bleift déi eenzeg Ëmgangssprooch an der Lëtzebuerger Arméi.

Déi strategesch Ziler vun der Arméi ginn all zwee Joer iwwerpréift an aktualiséiert. Dës reegelméisseg Analys betrëfft Dokumenter ewéi z.B. „d'Lignes directrices" vun der Defense.

Lëtzebuerg léisst sech seng Prioritéiten am Verdeedegungsberäich net vun auslännesche Staaten oder internationalen Organisatioune virschreiwen.

Am Intressi vun der nationaler, baussenzeger Sécherheet gëtt och d'SREL-Gesetz iwwerschafft, fir de Geheimdéngscht méi effikass ze maachen. Den Numm vum aktuellen SRE gëtt nees SREL. Seng Kompetenzen, déi am Verglach mat auslänneschen Déngschter op engem ganz niddregen Niveau sinn, ginn erweidert an un den internationale Standard ugepasst. De Geheimdéngscht gëtt vun engem Offizéier geleet.

Déi National Sécherheetsautoritéit (ANS) ass virun allem fir de Beräich vun den „Clearancen" zoustänneg. Si kritt all legal Mëttelen, fir déi Aufgab kënnen zouverlässeg a credibel ze erfëllen.

International Zesummenaarbecht

D'UNO, d'OSZE, d'NATO an eng EU-Zesummenaarbecht op sécherheetspoliteschem a militäreschem Plang bleiwen déi wichtegst international Referenzpunkte fir déi Lëtzebuerger Verdeedegungspolitik. D'ADR envisagéiert och eng Neigrënnung vun der Westeuropäescher Unioun (WEU) an Zesummenaarbecht mat dem Vereenegte Kinnekräich, fir enger europäescher Sécherheetsdimensioun eng méi grouss, eege Struktur kënnen ze ginn.

Déi international Zesummenaarbecht huet, wat Lëtzebuerg ugeet, reng defensiv Zilsetzungen. U politeschen oder militäreschen Aktiounen, déi dorop ausgeriicht sinn, fir offensiv Operatioune géint en Drëttstaat ze féieren, an Europa oder soss an der Welt, wëlle mir eis net bedeelegen. D'NATO soll eng regional Organisatioun bleiwen a fir d'Verdeedegung am nordatlantesche Raum zoustänneg sinn. Et besteet keng Noutwendegkeet fir eng NATO-Presenz am asiatesche Raum. Den Erweiderungsprozess vun der NATO a Richtung Osteuropa ass ofgeschloss. D'Sécherheet vu Länner, déi direkt u Russland grenzen an nach net Member vun der NATO sinn, gëtt duerch eng gesamteuropäesch Sécherheetsarchitektur garantéiert an net duerch hire Bäitrëtt zur NATO.

Dofir wëlle mir, am Geescht vun enger gesamteuropäescher Stabilitéit, am Kader vun der OSZE eng europäesch Sécherheets- a Friddensarchitektur opbauen, déi kee Land ausschléisst.

D'NATO ass an deene leschte Joerzéngte bedeitend ausgebaut ginn, wat och eng Rei vu neie politeschen a sécherheetsrelevante Konstellatiounen a Risike bedeit. Fir deene Rechnung ze droen, muss d'NATO och no banne méi flexibel ginn. D'Memberstaate musse méi Flexibilitéit hunn, fir sech u Programmer oder Missiounen ze bedeelegen, oder och net. Mat Ausnam vum Artikel V, deen da soll spillen, wann e Staat ouni eege Schold ugegraff gëtt, muss et d'Méiglechkeet vun enger situatiounsspezifescher Neutralitéit och am Kader vun der Atlantescher Allianz ginn, esou wéi dat an der Geschicht och scho méi dacks de Fall war. Mir erënneren do z.B. un d'„Schockelaskoalitioun" am Kader vun de Krisen am Irak. Dobäi gëllt de Grondsaz „Amis, alliés mais non alignés".

Lëtzebuerg bedeelegt sech net u militäreschen Operatioune baussent dem Nordatlantikberäich. Ausname sinn:

- Friddensmissioune mat UNO-Mandat respektiv OSZE-Mandat;

- humanitär Missiounen.

Dëst gëllt och fir Satelliten, déi zu Lëtzebuerg enregistréiert sinn, a fir Lëtzebuerger Frequenzen op Satelliten. Dee Lëtzebuerger Verdeedegungseffort soll d'Sécherheet vu Lëtzebuerg verbesseren. Mir hunn dobäi keng weltwäit strategesch Ambitiounen, z.B. an Afrika oder am asiatesche Raum, a mir si beméit, mat méiglechst alle Länner op der Welt gutt, vertrauensvoll a frëndschaftlech Relatiounen ze hunn. Dat gëllt ausdrécklech och fir eis Bezéiunge mat der Volleksrepublik China. Eis frëndschaftlech Relatiounen a Kooperatioun mat Taiwan sinn doduerch net beréiert a kënnen ausgebaut ginn.

Mir leeë grousse Wäert op d'Interoperabilitéit vun der Lëtzebuerger Arméi. Ekipementer, Training, Prozeduren, an esou weider solle mat eise wichtegste Partner, also eisen Nopeschlänner, ofgestëmmt sinn. Lëtzebuerg ka sech an engem gewësse Mooss och u multinationalen Unitéite bedeelegen, esoulaang ewéi seng voll Souveränitéit net beréiert gëtt a Lëtzebuerg net nëmmen theoreetesch, mee och praktesch kann eleng iwwer den Asaz vu senger Arméi decidéieren.

D'Iddi vun engem Belsch-Lëtzebuerger Batailloun ass fir d'ADR ausgeschloss. Den Asaz vun esou enger Unitéit géing net méi eleng vu Lëtzebuerg decidéiert ginn. Och déi gefroten Truppestäerkt ass net am Aklang mat eise Méiglechkeeten an Intressien.

Eng attraktiv Arméi

D'Arméi muss als berufflecht Ëmfeld méi attraktiv ginn an de Personalmanktem bei der Lëtzebuerger Arméi muss dréngend geléist ginn. Den Déngscht an der Arméi soll als patrioteschen Engagement besonnesch ënnerstëtzt a belount ginn.

Fir déi Ziler ze erreechen, ass et néideg, datt déi aktuell Karriären an der Arméi zum Deel reforméiert ginn an zousätzlech Formatiounen ugebuede ginn. Dëst soll engersäits deenen ëmmer méi komplexen Erausfuerderunge vum militäresche Beruff Rechnung droen, an anerersäits soll de Beruff fir ganz ënnerschiddlech Kompetenzen a Profiller méi intressant an attraktiv ginn.

Mir brauchen an der Arméi esouwuel héich qualifizéiert militärescht wéi och zivilt Personal. Mir brauchen ëmmer méi Kompetenzen am Cyber- an am Informatiounsberäich wéi och a Weltraumtechnologien.

Mir brauchen e moderne legale Kader, deen den Asaz vun der Arméi an dëse sensibele Beräicher reegelt. Dëse legale Kader soll de Gebrauch vu Kënschtlecher Intelligenz (KI), voll autonomen an automatesche Waffesystemer, Robotertechnologien a moderne Cyber- a Weltraumfäegkeete reegelen. Mir setzen dobäi héich ethesch an deontologesch Standarden. Déidlech Waffesystemer, eréi och z.B. Kampfdronen, sollen ëmmer nach enger wierksamer Kontroll vun engem verantwortleche Mënsch ënnerleien. Déi mënschlech Dignitéit an d'Grondsätz vum humanitäre Krichsrecht mussen allzäit respektéiert ginn.

An der Arméi bleift et wichteg, datt genuch operationell Truppen zur Verfügung stinn.

Wéi wëlle mir dës Ziler erreechen?

De Beruff méi attraktiv maachen

- Mir reforméieren d'Besoldung vun de Volontären, déi an Zukunft ëmmer méi eréi de Mindestloun solle kréien.
- Mir reforméieren de Statut vum Militär, fir dëse méi modern ze maachen, ouni awer déi spezifesch militäresch Funktioun domat a Fro ze stellen. Dat betrëfft ënner anerem d'Disziplin, d'Deontologie an de politeschen Engagement vun de Membere vun der Arméi a vun der Police. An deem Sënn ginn déi karriärspezifesch Reegelunge méi wäit un de Statut général vun der Fonction publique ugepasst.
- Mir professionaliséieren eng Rei vu Funktiounen, déi bis elo vu Volontairë gemaach ginn, wat bedeit, datt et méi militäresch Fonctionnairen um Niveau C1 an C2 gëtt.
- Fir d'Volontairë schafe mir nees Exklusivitéits- a Prioritéitsrechter fir verschidde Karriäre beim Staat. D'Recht op Exklusivitéit respektiv op d'Prioritéit fir eng Rei vu Poste beim Staat, bei de Gemengen, asw. **muss** strikt respektéiert ginn. Sécherheetsposte bei staatlechen Institutiounen a Gebaier (wéi z.B. der Chamber) mussen och, esouwäit eréi nëmme méiglech, vu fréieren Zaldote besat ginn. Déi Dispositioune gi kontrolléiert a bei Net-Anhalen duerch héich Amendë bestrooft. D'Bréifdréier bei der Post an d'Giischtercher ginn nees exklusiv iwwer d'Arméi rekrutéiert. Och d'Personal am ëffentlechen Transport (och bei Luxtram) gëtt verstäerkt iwwer d'Arméi rekrutéiert. Mir froen och déi europäesch an international Organisatiounen, déi hire Sëtz zu Lëtzebuerg hunn, fir hir Sécherheetsdéngschter iwwer d'Lëtzebuerger Arméi ze rekrutéieren.

- Déi berufflech a militäresch Ausbildung vun den Arméi-Fräiwëllege gëtt verbessert. Fir d'Zaldoten esou gutt ewéi méiglech op hir Beruffer nom Militärdéngscht virzebereeden, gëtt d'Rekonversioun an d'Virbereedung op déi verschidden Exame weider verbessert. Am Kader vum Militärdéngscht sollen d'Volontairen d'Méiglechkeet hunn, e Secondaire-Ofschloss ze maachen, wa si deen nach net hunn an dat wëllen.
- Mir erméiglechen eng besser Work-Life-Balance an normalen Zäiten. Et gi vill potenziell Kandidate fir den Arméidéngscht, déi op Grond vum Wonsch no engem intakte Familljeliewen awer en anere Wee aschloen. Dofir ass et wichteg, och an dësem Beruffsdomän d'Work-Life-Balance ze verbesseren, esou datt, baussent de Krisenzäiten, d'Privat- a Familljeliewen, op där enger Säit, an déi berufflech Ufuerderungen, op där anerer Säit, an e méi harmonescht Verhältnes kënne bruecht ginn. An der Arméi gëtt – eventuell an Zesummenaarbecht mat anere Verwaltungen – eng Crèche 24/7 ageriicht, fir dem militäresche Personal méi Flexibilitéit ze ginn.
- Mir suergen dofir, datt dat Personal, dat ganz séier muss zur Verfügung kënne stoen, Déngschtwunnengen zu engem vernënftege Loyer zur Verfügung gestallt kritt.
- Mir schafen eng effikass medezinesch Versuergung a psychologesch Betreiung fir d'Membere vun der Arméi. Grad am Militärdéngscht sinn esou Déngschtleeschtunge ganz wichteg Servicer, déi mussen allzäit garantéiert ginn. Déi rechtlech Grondlagen dofir gi séier geschaf an all Kompetenzschwieregkeete gekläert.
- Och d'Installatiounen an der Kasär um Härebierg an d'Trainingsméiglechkeete mussen um beschtméigleche Stand sinn, esouwuel fir d'Effizienz vun der Ausbildung ewéi och fir d'Attraktivitéit vum Militärdéngscht ze garantéieren.
- Mir diversifizéieren d'Arméi, fir si a verschiddenen Domäner, wéi der Cyberdefense an der Loft- a Weltraumtechnologie, an en internationaalt Spëtzefeld ze bréngen. Doduerch gëtt si fir vill Leit zu engem ganz besonnesch interessante Beruffsëmfeld.
- D'Elittesportsectioun vun der Arméi bleift bestoen a gëtt voll ënnerstëtzt. Si kritt keng Konkurrenz vun enger ziviler Struktur.

De Rekrutement erliichteren

Well mir d'Arméi vill méi attraktiv maachen, kann et och sinn, datt Leit, déi d'Arméi verlooss hunn, fir an zivile Verwaltungen oder an der privater Wirtschaft ze schaffen, ëmdenken a sech wëllen zeréck an d'Arméi mellen. Fir si wëlle mir de Wee zeréck vereinfachen. Hei solle Passerellë geschaf ginn.

Mir ginn och dovun aus, datt an Zukunft méi Jonker sech an d'Arméi mellen. Fir hinnen de Wee an d'Arméi ze erliichteren an hir Chancen an der Musterung ze verbesseren, ginn d'Virbereedungscoursë fir de Rekrutement an der Arméi (COPRAL) ausgebaut.

Fir de Rekrutement ze erliichteren, schafe mir och d'Covid-Impfflicht fir d'Arméispersonal nees of.

Mir schafe Stipendie fir Jonker, déi sech am Géigenzuch dozou verflichten, fir no hirem Studium oder no hirer Ausbildung eng gewëssen Zäit an der Arméi ze déngen. Dës Programmer si fir zukünfteg Studenten, virun allem an den Naturwëssenschaften, an der Mathematik an an der Informatik, awer och z.B. fir héich spezialiséiert technesch an handwierklech Beruffer.

Fir Studenten, déi schonn op net-militäreschen Universitéiten oder Fachhéichschoule studéieren a sech fir eng militäresch Karriär interesséieren, ginn extra Ënnerstëtzungen agefouert, ënnert der Konditioun, datt si sech engagéieren, fir no hirem Studium oder hirer Ausbildung eng Zäit laang als Offizéier an der Arméi ze déngen (A1 – Master, respektiv A2-Bachelor).

Mir schafe speziell Programmer fir Wëssenschaftler, déi an nationalen an internationale Programmer u Projete kënne matschaffen, déi am Intressi vun der nationaler Verdeedegung sinn. Zu deem Zweck an a Kooperatioun mat den Organisme vun der ëffentlecher Fuerschung an Entwécklung gëtt eng Wëssenschaftssectioun an der Arméi agefouert, an där Offizéier mat engem Ofschloss a mathemateschen, techneschen, informateschen an naturwëssenschaftleche Fächer e Bäitrag zur nationaler Sécherheet leeschte kënnen.

Eng intressant Déngschtzäit

Mir wëllen all Zaldot vum Ufank bis zum Enn vun der Déngschtzäit eng Aufgab ginn, déi e Sënn huet a verhënnert, datt en sech langweilt oder iwwerflësseg virkënnt. Jidderee gëtt gebraucht a jiddereen ass wichteg.

An deene Beräicher, an deene Lëtzebuerg an de leschte Jore militäresch Strukturen opgebaut huet, wéi z.B. am Satelliten- an am Cyberberäich, ginn déi national Kompetenzen eropgesat. Dat geschitt virun allem doduerch, datt méi Lëtzebuerger Militär an deene genannte Beräicher méi an eegestänneg Aufgaben iwwerhuelen.

Nei Unitéiten

Nieft deenen Aufgaben an Unitéiten, déi d'Arméi elo schonn huet, wëlle mir dës nei Initiative proposéieren:

- Loftkomponent

Niewent dem Lofttransport gëtt och d'Loftopklärung an d'Arméi integréiert. Bis elo goufen esou Kapazitéiten um private Marché gelount.

D'Arméi kritt Transporthelikopter, déi si och selwer benotzt.

D'Sécherheet vum Findel gëtt och mat militäresche Mëttele verbessert. An deem Sënn kann eng Loftofwier opgebaut ginn.

- Medezineschen Déngscht

Lëtzebuerg kritt e Militärspidol, dat och Reservkapazitéite fir Noutfäll zur Verfügung stellt.

Et gëtt dru geschafft, eng medezinesch Unitéit ze schafen, déi ka kuerzfristeg deployéiert ginn, a Form vun engem HMC (Hôpital militaire de campagne), deen och bei Naturkatastrophen an am Zivilschutz kann agesat ginn.

- Police a Justiz

Zesumme mat der Police gëtt d'Militärpolice ausgebaut, déi besonnesch fir den Asaz bei Operatiounen am Ausland geduecht ass. Dës Unitéit gehéiert zur Arméi, wa si am Ausland operéiert, an ënnersteet dann och hirem Disziplinargesetz. Bei Asäz zu Lëtzebuerg ass si Deel vun der Police an ënnersteet der Police-Legislatioun.

Mir wëllen, datt eng Militärjustiz bestoe bleiwe soll, mee datt si soll reforméiert ginn, fir rechtsstaatleche Prinzippien a vollem Ëmfang ze entspriechen.

An Zesummenaarbecht mat der Universitéit soll d'Arméi en internationalen Zentrum fir d'Entwécklung an d'Ënnerriichtung vum humanitäre Krichsrecht ariichten.

- Génie militaire a Logistik

Mir grënnen eng Unitéit vu Pionéier (Génie militaire), déi schwéier Material huet, dat och am Katastrophefall kann agesat ginn. De Génie militaire, wéi och de medezineschen Déngscht vun der Arméi, schaffen enk mam nationale Rettungsdéngscht zesummen.

Och op d'Protektioun géint nuklear, chemesch oder biologesch Menacen (NBC) gëtt méi Gewiicht geluecht. D'Land soll domat besser op terroristesch Menacen an all méiglech Zorte vun Accidenter oder Noutfäll, speziell am nukleare Beräich, virbereet ginn. D'Pläng fir Evakuatioune ginn iwwerschafft an déi néideg Virbereedunge gi getraff.

- Traditiounsfleeg

Mir féieren d'Garde grand-ducale nees an, déi soll all representativ, zeremoniell a protokollaresch Aufgaben am Staat iwwerhuelen.

D'Militärmusek gëtt vergréissert a gëtt Deel vun der Garde grand-ducale.

- Reserv

Fir am Noutfall kënne genuch Leit ze hunn, schafe mir eng Fräiwëllegen-Reserv, déi ënner anerem och bei Katastrophefäll oder bei terroristesche Menacen („Vigilnat") ka mobiliséiert ginn. Esou eng Arméi-Reserv géif och zur Vernetzung vun der Arméi an der Gesellschaft bäidroen.

Dës Reserv kann och iwwert e fräiwëllegen nationalen Déngscht mat opgebaut ginn, deen et deenen intresséierte Lëtzebuerger erlaabt sech an engem „soziale Joer" fir déi national Sécherheet ze engagéieren. (Kuckt och d'Kapitel iwwer sozial Kohäsioun a Solidaritéit) D'Dauer vun deem Engagement géing vun der Zort vum Engagement, der verfügbarer Zäit an den Noutwendegkeete vun Ausbildung an Training ofhänken. Den Déngscht kéint an Administratiounen, wéi der Arméi, der Police, dem Rettungsdéngscht, oder bei internationalen Engagementer, z.B. an der Entwécklungszesummenaarbecht oder bei

humanitären Aufgaben, geleescht ginn. Parallel kéint eng änlech Struktur och fir sozial Aufgaben entstoen.

- Renegade

Fir de Fall vun enger Menace am Loftraum ass et bis elo deenen auslännesche Fliger, déi sollen iwwer dem Lëtzebuerger Loftraum intervenéieren, net erlaabt, hir Waffen ze gebrauchen. Dës Interventiounsreegelen ënnerscheede sech vun deenen, déi an eisen Nopeschlänner gëllen. D'ADR passt dowéinst déi Lëtzebuerger Reegelen un déi an de Beneluxlänner an a Frankräich un.

27. Justiz

Recht hunn a Recht kréien ass bekanntlech zweeërlee. Fir d'ADR musse Bierger, déi Recht hunn, dëst och wann néideg virun der Justiz verdeedege kënnen.

D'Justiz muss d'Gesellschaft virun deenen schützen, déi d'Gesetzer net respektéieren. Si huet dës Aufgab – mat Hëllef vun der Police – a verstännegen Delaien ze erfëllen. Eng Iwwerlaaschtung vun der Justiz däerf net dozou féieren, datt Stroffälleger „lafen" gelooss ginn, wann anerer wéinst Klengegkeete verurteelt ginn. Mir féiere Schnellgeriichter (d'„comparution immédiate") an ewéi och nei Forme vu Strofen, inklusiv den temporären Entzuch vum Führerschäin (woubäi an dësem Fall keen Zesummenhang mat engem Verkéiersverstouss bestoe muss), d'Sträiche vum Kannergeld, an anerer. Krimineller musse méiglechst séier kënne viru Geriicht kommen, woubäi d'Defense hir Aarbecht awer ëmmer nach muss op eng effikass Manéier maachen.

Méi Mëttele fir d'Justiz

D'Justiz muss – qualitativ a quantitativ – déi néideg Mëttele kréien, fir hiren Aufgabe gerecht ze ginn an Entscheedungen a verstännegen Delaien ze treffen. Dës Mëttele mussen dem Wuesstem vun der Populatioun, den neie Forme vu Kriminalitéit an den Änderunge vun der Legislatioun ugepasst ginn.

D'Gesetzer gi vun der Chamber gemaach a ratifizéiert. Dofir läit et an hirer Verantwortung, datt d'Gesetzer esou geschriwwe ginn, datt si liicht ze verstoe sinn an um Terrain och wierklech kënnen ëmgesat ginn. Weider däerf et am Strofrecht („le tout-judiciaire et le tout-pénal") net zu enger Flut vun neie Virschrëfte kommen, déi d'Bierger schikanéieren an d'Geriichter iwwerlaaschten.

D'ADR steet zur Gewaltentrennung, awer kee Pouvoir däerf ouni Kontroll ausgeüübt ginn, weder d'Legislativ (Chamber, Staatsrot) nach d'Exekutiv (Regierung) oder d'Justiz. D'ADR hätt eng Preferenz, fir de Parquet, vum administrative Standpunkt hier, als Deel vum Justizministère ze gesinn, ouni datt dem Parquet seng Onofhängegkeet ka beréiert ginn. Dat bedeit, datt de Parquet keng Instruktioune ka kréien, wat eenzel Affären ugeet, mee datt d'Regierung, wéi och an anere Länner, ka gewëssen Akzenter an der Strofverfolgung setzen.

D'ADR steet prinzipiell fir d'Souveränitéit vun de Lëtzebuerger iwwer hir eege Justiz. Et ass fir eis inakzeptabel, datt verschidde Justizkompetenzen an d'Hänn vu Persoune iwwerginn, déi net déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Fir de Rekrutéierungsproblem an der Magistratur ze léisen, mussen aner Weeër fonnt ginn. Zugläich muss séchergestallt sinn, datt zu Lëtzebuerg all Magistrat a Referendaire déi dräi Verwaltungssprooche vum Land beherrscht.

D'Bierger mussen a verständlecher Form iwwer d'Prozedure bannent Justiz a Geriicht informéiert ginn. Ganz besonnesch musse si, grad wa si keen Affekot hunn, iwwert de Fortschrëtt vun hirer Affär (z.B. bei enger Plainte) informéiert ginn, och wann et zu engem „classement sans suite" kënnt.

All Bierger muss seng Rechter akloen oder sech viru Geriicht mat der Hëllef vun engem Affekot verdeedege kënnen. Dofir ass d'Assistance judiciaire fir Leit, déi net iwwert déi néideg finanziell Mëttele verfügen. D'ADR begréisst, datt d'Assistance judiciaire elo méi flexibel ginn ass, a mir si bereet weider Schrëtt a Richtung vun enger méi generéiser Assistance judiciaire ze maachen. Op där anerer Säit muss d'Klausel, déi keng Hëllef erlaabt, wann d'Affär offensichtlech irrecevabel oder disproportionéiert ass, méi streng ugewannt ginn. Dëst zielt och an Asylfroen.

Onofhängegkeet vun der Justiz

Net nëmmen an der UNO, mee och am Europarot hunn NGOen an deene leschten 10-15 Joer massiv un Afloss gewonn. Si beaflossen och dat Europäescht Mënscherechtsgeriicht. Dëst Geriicht hëlt Decisiounen, déi fir dat Land verflichtend sinn, dat vun enger Eenzelpersoun oder enger Organisatioun beim EMRG verklot gouf. Mir engagéieren eis, fir d'Onofhängegkeet vun deenen internationale Geriichter besser ze assuréieren.

Verfassungsgeriicht

D'ADR wëll d'Modalitéiten, fir d'Verfassungsgeriicht ze befaassen, erweideren. Sou soll et méiglech sinn, datt dës Instanze sech kënnen un d'Geriicht adresséieren:

- all Deputéierten, deen d'Constitutionalitéit vun enger legaler Dispositioun wëll iwwerpréiwe loossen;

- d'Regierung, wa si Zweiwel huet iwwer d'Constitutionalitéit vun engem Text, dee si soll ausféieren;
- op d'mannst een Drëttel vun de Membere vum Staatsrot;
- all Bierger, wann hien deen normale Rechtswee ausgeschëpft huet.

E Steiergeriicht fir Lëtzebuerg

D'ADR hält et fir wichteg, datt de Staat e Steiergeriicht huet. Et ass besonnesch wichteg fir e Staat ewéi Lëtzebuerg, deem seng Ekonomie staark ofhängeg vun der Finanzplaz ass. Grad an haitegen Zäiten ass et noutwendeg, datt déi néideg Moossname geholl ginn, fir géint Bedruch virzegoen an e gesonde Steiersystem ze garantéieren. Aus deem Grond wäerte mir eis dofir staark maachen, datt mir zu Lëtzebuerg endlech e Steiergeriicht asetzen, dat onofhängeg vum Verwaltungsgeriicht schafft.

Barème fir d'Affekoten

Zu Lëtzebuerg gëtt et kee konkrete Barème fir Affekoten, duerch deen de Sträitwäert kloer an transparent definéiert gëtt. D'ADR wëll dëse Barème, also den definéierte Montant vum Affekot sengen Honorairen, zu Lëtzebuerg aféieren, dee sech no Krittären ewéi dem Statut vun der Karriär riicht, dem Rechtsberäich an dem Dossier. Dat bedeit, datt de Sträitwäert net kann den eenzege Krittär sinn. Och der Komplexitéit vun enger Matière muss kënne Rechnung gedroe ginn.

Doduerch soll de Bierger als Client vum Affekot besser geschützt gi virun eventuelle Mëssbräich an ze héijen Tariffer. Esoubal de Sträitwäert festgeluecht an iwwert de rechtleche Kader a Kraaft getrueden ass, ass et méiglech, méi streng beim Montant vun den Affekotenhonorairen ze sinn.

Code civil

D'ADR suergt dofir, datt d'Notiounen „Papp" an „Mamm" nees agefouert ginn an déi aktuell Notiounen „parent 1" an „parent 2" ersetzen.

Recours collectif/utile

D'Sammelklo, also eng Plainte, déi net vun enger Persoun, mee vun engem Grupp vu Mënsche gemaach gëtt, ass eng zivilrechtlech Plainte, déi et zu Lëtzebuerg esou net gëtt. Dës Form vu Plainte ass duerch d'Bestëmmungen an déi restriktiv Moossname wärend der Covid-Zäit a villen, besonnesch westeuropäesche Länner en Thema an der Gesellschaft ginn. An Amerika schwätzt ee vun enger „class action" an huet do eng legal Basis.

D'ADR hält dës Form vu Plainte fir eng berechtegt a wichteg Méiglechkeet vum Bierger, fir sech besonnesch géint mëssbräichlecht Verhale vu Säite vu grousse Konzerner an och staatlechen Institutiounen ze schützen. An deem Sënn envisagéiert d'ADR, fir dës Form vu Plainten zu Lëtzebuerg eng legal Basis ze schafen, bei där d'Dispositiounen an d'Uwendungsberäicher esou ausgeluecht ginn, datt d'Bierger als Demandeure méi Méiglechkeeten hunn.

Schutz fir de Bierger

- Recht op Boergeld

D'Benotze vum Boergeld kritt ëmmer nees nei Limitte gesat. Mir halen d'Boergeld awer fir e ganz wichtegt an noutwendegt Mëttel bei der Sécherung vum Bierger senge Fräiheeten.

Wann d'Boergeld ofgeschaf a ganz duerch digital Bezuelmëttelen ersat gëtt, da bréngt dat gewëss Gefore mat sech. Zum enge gëtt dem Bierger säi Recht op Privatsphär an Dateschutz a Fro gestallt, well d'Méiglechkeet geschaf gëtt, de Bierger op Schrëtt an Trëtt duerch all méiglech Transaktiounen ze kontrolléieren. Domat gëtt de glieserne Bierger geschaf. A wann dëse seng Finanzen dann nëmmen nach iwwer digital Suen a Konte klären an notze kann, maache mir all d'Dieren op fir e System, deen dem chineesesche Punktesystem änlech ass. Esou kéinten d'Konte beispillsweis u sozial Krittäre geknäppt ginn, duerch déi de Staat seng Bierger an hiert Handele gänzlech kontrolléiere kéint. Schliisslech ass all Bierger op d'mannst esou wäit ofhängeg vu Suen, datt seng Grondbedierfnesser kënnen erfëllt ginn.

Am Hibléck op déi totalitär Tendenzen, déi sech besonnesch wärend der Covid-Zäit, awer och am Kader vun den ëmmer méi ideologesche politesche Bestëmmunge schonn däitlech gewisen hunn, sollten dës Geforen net méi esou liichtgleeweg ausgeschloss ginn.

D'ADR ass d'Partei, déi fir d'Fräiheet vum Bierger antrëtt, a wiert sech dofir och géint d'Ofschafe vum Boergeld, esou datt d'Leit och hei sollen d'Wiel hunn, fir wat fir e Bezuelsystem si sech entscheeden. Aus deem Grond wëlle mir d'Recht op Boergeld an d'Verfassung schreiwen.

- D'Waffegesetz

D'Sécherheetssituatioun zu Lëtzebuerg gëtt vill Grond zur Suerg. D'Klengkriminalitéit an och d'Gewalt géint Persoune kommen ëmmer méi heefeg an eisem Alldag vir, an d'Gewaltakte ginn dobäi och ëmmer méi brutal. Wat den Alter vun den Täter ugeet, ginn et och grouss Änderungen. Scho ganz jonk Leit weisen ëmmer méi heefeg, wéi vill Gewaltbereetschaft a kriminell Energie an hinne stécht, an datt si bereet sinn, déi ouni Skrupel auszeliewen, ob bei hellliichtem Dag, owes oder nuets.

Dës Situatioun, kombinéiert mat dem Ëmstand, datt et der Lëtzebuerger Police u Personal feelt a si d'Sécherheet vun de Leit net garantéiere kann, mécht et verständlech, datt sech vill Leit net méi a Sécherheet spieren an d'Bedierfnes hunn, sech am Noutfall selwer beschützen ze kënnen.

Dowéinst wëll d'ADR de Pefferspray zum Zweck vun der Selbstverdeedegung legaliséieren. De Lëtzebuerger Bierger soll d'Recht hunn, deen zu all Moment däerfe bei sech ze hunn a wann néideg anzesetzen, fir sech selwer ze schützen.

Aus deem selwechte Grond wëll d'ADR d'Waffegesetz duerhinner iwwerschaffen, fir datt ganz kloer ass, datt jiddereen, deen e Waffeschäin huet an doduerch am legale Besëtz vun enger registréierter Schosswaff ass, sech am Noutfall a sengem eegenen Doheem däerf mat dëser Waff verdeedegen.

- Fräiheetsentzuch

Eng beträchtlech Zuel u Persoune goufe bis haut scho géint hire Wëllen an der Psychiatrie hospitaliséiert. Vun deene Persoune ginn et der net grad 90 d'Joer, déi dës Decisioun ufechten an a Recours ginn. Fir d'Noutwendegkeet vun esou engem Fräiheetsentzuch ze préiwen, muss dës Decisioun vun enger neutraler Inspektioun gepréift ginn. An deem Sënn wëll d'ADR den aktuelle rechtleche Kader esou upassen, datt de Bierger géint eng méiglech mëssbräichlech Uwendung vum Fräiheetsentzuch an der Psychiatrie geschützt gëtt. Et kéint

ee sech um däitsche Beispill inspiréieren, dat virgesäit, datt all Moossname vu Fräiheetsentzuch a Fixatioun musse vun engem Riichter decidéiert ginn.

Wat d'Grënn fir e Placement ugeet, solle kloer an transparent Krittären opgestallt ginn, unhand deene festgemaach gëtt, wéini eng Persoun „eng Gefor fir sech oder déi aner" duerstellt. Esou soll verhënnert ginn, datt e Placement kéint genotzt ginn, fir eng Persoun aus net medezinesche Grënn ewechzespären.

Jugendrecht

D'Intressien an de Schutz vun de Kanner a Jonke musse virun all aner Iwwerleeung gëllen. Esou gehéiert kee Mannerjäregen an de Prisong fir Erwuessener. D'Jugendstrofrecht gesäit vir, datt Mannerjäreger bei méi schlëmmen Delikter an der UNISEC zu Dräibuer placéiert ginn. Dat ass richteg, well wien al genuch ass, fir schlëmm Doten auszeféieren, ass och al genuch fir dofir bestrooft ze ginn.

Mir stellen awer scho méi laang eng Entwécklung an eiser Gesellschaft fest, déi vu kriminellen an extreem gewaltbereete Kanner a Jugendleche geprääagt ass. Brutal Attacke vu Jugendlecher op aner Leit, dacks och Jugendlecher, sinn zu Lëtzebuerg keng Seltenheet méi. Mësshandlungen, déi mam Handy gefilmt ginn an duerno stolz am Internet verbreet ginn. Dëser Entwécklung muss mat der néideger Konsequenz entgéintgewierkt ginn.

Der UNISEC feelt et awer un den néidege Plazen, fir all déi jugendlech Stroffälleger ënnerzebréngen. Déi ginn dann dacks an enger vun den oppene Strukture vum CSEE (Centre socio-éducatif de l'État) ënnerbruecht, an heiansdo gi si och guer net placéiert. Et däerf awer net sinn, datt stroffälleg Mannerjäreger einfach guer net fir hir Dote bestrooft ginn, well eis Strukturen et net erlaben. Mir schafe méi Detentiounsméiglechkeete fir mannerjäreg Jongen a Meedercher. Et kann net sinn, datt geféierlech Jonker net kënnen agespaart ginn, well keng Plaz do ass.

Et ass net de Moment, fir et gesetzlech méi schwéier ze maachen, kriminell Jugendlecher zur Rechenschaft ze zéien oder dëst duerch mangelnd Strukturen ze verhënneren. D'Kriminalitéit a Gewalt duerch Jugendlecher – och an neie Formen – hëlt weider zou. Dowéinst muss d'Jugendrecht un dës nei Ëmstänn ugepasst ginn, genee ewéi d'Mëttelen,

déi dem Jugendriichter zur Verfügung stinn. Dat selwecht gëllt fir déi dofir néideg Strukture mam entspriechende Personal.

D'ADR bedauert, datt ze vill Kanner ze séier placéiert ginn, an dann nach meeschtens ausserhalb vun der Famill. Dës Praxis muss iwwerpréift (an nei gereegelt) ginn. Sollt e Placement wierklech noutwendeg sinn, muss gekuckt ginn, ob net z.B. Grousselteren do sinn, déi bereet a fäeg sinn, d'Kand bei sech opzehuelen. Ass dëst de Fall, däerf et prinzipiell net zu engem Placement an e Foyer oder bei friem Leit kommen.

De Prisong

Fir d'ADR ass kloer, datt de Prisong fir verurteelt Leit muss eng Strof sinn. Grad esou soll en och eng Resozialiséierung virbereeden. D'ADR steet dobäi fir en humane Strofvollzuch. De Staat huet ëmmerhi Flichte géintiwwer deene Persounen, deenen hien d'Fräiheet entzitt. Sou muss de Staat déi kierperlech Integritéit an déi séilesch Gesondheet vun de Prisonéier an ugemoossener Weis schützen. Vulnerabele Prisonéier, z.B. mat enger kierperlecher oder geeschteger Behënnerung, muss e verstäerkte Schutz zoukommen. De Staat huet och d'Bereetstellung vun der erfuerderlecher medezinescher Versuergung fir all kranke Prisonéier ze assuréieren. Och Persoune mat psychesche Problemer mussen am Prisong déi néideg Hëllef kréien. Donieft mussen drogekrank Prisonéier, déi Entzuchserscheinungen hunn, den néidege medezineschen Encadrement garantéiert kréien, woufir Drogen-Substitutiounsprogrammer mussen ugewannt ginn.

Nodeems si hir Strof ofgesiess hunn, mussen d'Prisonéier awer d'Méiglechkeet hunn, en anere Liewenswee anzeschloen, deen net zur Kriminalitéit aus Nout féiert. Dofir ass eng seriö Resozialiséierung wichteg an noutwendeg. D'Gefaangener solle beschtméiglech preparéiert ginn op hiren neie Liewensofschnëtt baussent de Prisongsmaueren. Dat bedéngt e puer Verännerungen, fir Réckfäll esouwäit ewéi méiglech ze verhënneren. Dofir muss de Prisong déi néideg Infrastrukturen a genuch Fachpersonal hunn, fir beispillsweis Formatiounen, Weiderbildung an Aarbecht ze sécheren. Wat d'physesch oder d'psychesch Gesondheet ugeet, muss de Prisong mënschewierdeg Konditioune bidden.

Et sollen iwwerdeems méi alternativ Méiglechkeeten zur Prisongsstrof agefouert ginn. Dëst gëllt haaptsächlech fir Verurteelter, déi keng Gefor fir d'Allgemengheet duerstellen.

Gläichzäiteg mussen d'Kapazitéite fir de Strofvollzuch awer weider ausgebaut ginn, well d'Entwécklungen an eiser Gesellschaft zu méi Kriminalitéit tendéieren. Prisonéier, déi kee Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, sollen hir Strof mussen am Ausland ofsëtzen.

Déi aktuell Prozedur, déi et erlaabt, eng Demande fir d'fréizäiteg Entloossung ze stellen, wëll d'ADR komplettéieren duerch eng reegelméisseg an „automatesch" Prozedur vun der „Haftprüfung".

D'ADR wëll erliichteren, datt de Riichter kann an de Prisong kommen, fir d'Zuel vun de Gefaangenentransporter erofzesetzen. D'Méiglechkeet, speziell Säll fir d'Instruktioun bannent dem Prisong ze installéieren, oder d'Méiglechkeet vun der Videokonferenz mussen dobäi a Betruecht gezunn, respektiv ausgebaut ginn.

D'Police soll entlaascht ginn a Gefaangenentransporter, déi net onbedéngt musse vun der Police assuréiert ginn, solle vun de Giischtercher iwwerholl ginn.

An hirer Karriär sollen d'Giischtercher kënne méi sozial Aufgaben iwwerhuelen, fir d'Resozialiséierung vun de Gefaangenen ze ënnerstëtzen.

Geriichtsakten, an deenen d'Giischtercher genannt ginn, mussen d'Privatdonnéeë vun dësen an Zukunft verstoppen.

Prisonéier, déi aus dem Prisong entlooss ginn, kréien eng fest Adress an eng provisoresch Wunneng („maison de transition" – Iwwergangshaus), fir hinne besser Viraussetzungen ze schafen, datt si och wierklech nees kënne Fouss an der Gesellschaft faassen.

D'Verwaltung vum Prisong an d'Opsiicht vun de Prisonéier mussen an eisen Ae vu Staatsbeamte mat Lëtzebuerger Nationalitéit ausgefouert ginn – dat gëllt also och fir Giischtercher.

D'ADR fänkt direkt mam Rekrutement a mat der Formatioun vun de Giischtercher un, déi fir d'Personal, dat a Pensioun geet, oder fir den neie Prisong gebraucht ginn. Eventuell Schwieregkeete beim Rekrutement si keng Ursaach, fir Leit aus dem Ausland am Prisong anzestellen. D'Karriär vum Giischtje muss méi attraktiv gemaach ginn. D'Giischtercher sollen all néideg legal a materiell Mëttele hunn, fir d'Disziplin an de Prisongen ze assuréieren.

Strofrechtlech Verfollgung vu Söldner

D'ADR positionéiert sech kloer géint de Prinzip vum Söldner a geet géint Mercenairë vir. Aus deem Grond gëtt e legale Kader geschaf, fir Lëtzebuerger Bierger, déi a Krichsgebidder ginn a sech do, ouni offizielle Kombattantestatus, aktiv u Krichs- respektiv Kampfhandlunge bedeelegen, strofrechtlech ze verfollegen. D'Referenz ass d'Definitioun vum Mercenaire, esou wéi si an de Genfer Konventioune steet.

Verjärungsfriste bei schlëmme Sexualdelikter

An der Chamber gouf eng Ophiewung/Verlängerung vun de Verjärungsfriste bei schlëmme Sexualdelikter gestëmmt. D'ADR ass awer net domat averstanen, well mir déi méiglech Geforen dobäi erkennen. D'Gediechtnes an d'Erënnerung loosse mat der Zäit no a kënnen och verwëschen, esou datt si net méi ganz der Realitéit entspriechen.

Doduerch schafe mir de Risiko, datt Mënschen opgrond vun enger feelerhafter Erënnerung zu Onrecht ugeklot a bestrooft ginn. Dowéinst wäerte mir dëst Gesetz nees änneren.

Wat mir awer bräichten, si méi Enquêteuren. Et misst een alles ënnerhuelen, fir datt d'Affer vu sexueller Gewalt esou séier wéi méiglech Plainte géint den Täter kënnen erhiewen. Dozou kënnt, datt et weiblechen Affer vun enger Sexualstrofdot soll erméiglecht ginn, mat engem weibleche Policebeamten iwwert de Virfall ze schwätzen.

Den Täterprofil däerf hei och keen Tabu sinn. Fraen, déi vun engem Mann sexuell bedrängt oder mëssbraucht goufen, deen zu engem frieme Kulturkrees gehéiert, sollen net eng Plainte ënnerloossen, aus Angscht, „Rassismus" oder Friemenhaass virgeworf ze kréien. Et muss een hei e Rechtsraum schafen, wou d'Affer kënne séier, sécher a virurteelsfräi Plainte erhiewen a séier psychologesche Bäistand kréien.

Leihmutterschaft

Leihmutterschaft („gestation pour autrui" – GPA) ass keen Tabu méi hei zu Lëtzebuerg. Dobäi ass si eng Form vu sexualiséierter Gewalt. Ganz dacks grënnt d'Leihmutterschaft fir d'Mamm, déi d'Kand ausgedroen huet, op Zwang. Dausende Fraen, haaptsächlech an Osteuropa, ginn iwwer organiséierten Handel gezwongen, fir Eenzelpersounen oder

Koppelen, déi genuch Geld hunn, Kanner auszedroen, déi da wéi eng Wuer verkaf ginn. GPA ass a kenger Form ze justifiéieren, a mir wäerten eis all Form vu Liberaliséierung entgéintstellen.

Transgender

D'ADR setzt sech derfir an, datt d'Gesetz vum 10. August 2018 „relative à la modification du sexe et du/des prénoms à l'état civil" modifizéiert gëtt. Et soll Mannerjäregen nemméi erlaabt ginn, hiert biologescht Geschlecht zivilrechtlech änneren ze loossen. Och fir déi kierperlech Transitioun zum anere Geschlecht gesäit d'ADR am rechtleche Kader vir, datt ee muss volljäreg sinn, ier d'Uwendung vun Hormonpräparater oder chirurgesch Agrëffer zu dësem Zweck däerfen agesat ginn.

D'ADR distanzéiert sech an deem Kontext vun allen Entwécklungen, déi drop ofzilen, sou wéi dat scho mat de Begrëffer „Papp" a „Mamm" geschitt ass, d'Begrëffer „männlech" a „weiblech" ofzeschafen.

Zugläich ass d'ADR strikt dergéint, datt iergendwann hei am Land biologesch Männer u weibleche Sportskompetitiounen deelhuele kënnen (an ëmgedréint). D'ADR wäert dofir suergen, datt hei den entspriechende gesetzleche Kader geschaf gëtt.

28. Steierpolitik a Staatsbudget

A Westeuropa zeechent sech d'Gefor vun enger méi grousser a méi laanger Rezessioun of. Als klengt Land, dat bal komplett vu sengem europäeschen Ëmfeld ofhängeg ass, ka Lëtzebuerg séier an esou eng negativ Dynamik mat erageroden. Dat ass e grousse Problem, deem mir, esou gutt ewéi méiglech, elo entgéintwierke mussen. Dobäi spillen de Staatsbudget an eis Steierpolitik eng zentral Roll, well si en direkten Afloss op déi ekonomesch Situatioun vum Land hunn an domat op eise Wuelstand an eis Zukunft.

Allgemeng gëtt manner an Europa investéiert, vill Entreprisë gi faillite an mir gesinn eng Desindustrialiséierung vun Europa. Eng Rei vun Entreprisë verleeën hir Produktioun op aner Plazen, besonnesch och an d'USA. Dat bréngt grouss Nodeeler fir eise Kontinent an de Risiko vu vill méi Chômage. Och zu Lëtzebuerg kënnegen d'Previsioune méi Chômage un. Déi prioritär an existentiell wichteg Erausfuerderung fir d'EU a fir eist Land ass also déi, fir eis Kompetitivitéit an eis Attraktivitéit esou séier ewéi méiglech ze retabléieren. Dobäi soll et fir eist Land eng kloer Maxime ginn: Lëtzebuerg soll nees „business-friendly" ginn. Lëtzebuerg soll nees e Land vun de kuerze Weeër, de flexibelen an hëllefsbereete Verwaltungen an der vernënfteger Politik ginn.

Fir Lëtzebuerg nees méi eng grouss Resilienz ze ginn a keng Politik op Käschte vun deenen nächste Generatiounen ze maachen, wëll d'ADR dofir suergen, datt de Staatsbudget an d'Gläichgewiicht kënnt an d'Staatsverscholdung ofgebaut gëtt.

Fir eis Staatsfinanzen ze sanéieren, verzichte mir op Ideologie, falsch Ecologie, Iwwerreglementéierung, Bürokratiséierung a kuerzsiichteg a schlecht iwwerluechten Initiativen.

Mir wëllen d'Staatsschold reduzéieren, well all Su, dee mir fir Zënse mussen ausginn, onproduktiv a fir eise Wuelstand verluer ass. Mir wëllen net, datt de Staat iwwer seng Verhältnisser lieft. Am Géigendeel, hie soll endlech och mol d'Scholden zeréckbezuelen amplaz si einfach ëmmer nëmmen ze refinanzéieren, wat onweigerlech an eng Scholdespiral féiert.

An där Logik kënnt et fir d'ADR selbstverständlech net a Fro, datt Lëtzebuerg sech méi ewéi 30 Prozent vum PIB verschëllt. Eist Zil ass et, d'Scholdequot an absolutten an a relativen Zuelen zeréckzeschrauwen.

Well mir och keng verstoppte Scholde wëllen, déi eis Zukunft an déi vun deene jonke Generatioune belaaschten, ass an eisen Aen eng Reform vun eise soziale Systemer, inklusiv de Pensiounen, méi ewéi iwwerfälleg. Jee méi séier den Dossier ugepaakt gëtt, desto méi einfach loosse sech gravéierend Reforme verhënneren. D'Zil vun der ADR ass et, déi Systemer laangfristeg ofzesécheren.

Fir d'ADR ass et wichteg, datt regulatoresch an Iwwerwaachungsautoritéiten, z.B. fir de Finanzsecteur oder fir d'Assurancen, net iwwerméisseg restriktiv virginn an och keng ze vill héich Tariffer berechnen. Schonn elo verléiert Lëtzebuerg international u Kompetitivitéit duerch ze vill streng Reegelen, déi dann och nach dacks iwwerdriwwe pedantesch applizéiert ginn. D'Gréisst vun deene Verwaltunge muss ëmmer de reelle Bedierfnesser am Intressi vun enger kompetitiver Ekonomie ugepasst sinn.

D'ADR wëll oppassen, datt eis Legislatioun allzäit d'Initiativ favoriséiert a mat den Entwécklunge Schrëtt hält. Dofir gëtt si permanent moderniséiert, och z.B. am Gesellschaftsrecht, de Start-ups oder deenen neien Technologien.

Fuerschung an Entwécklung mussen an alle Beräicher ënnerstëtzt a begënschtegt ginn.

Steieren

Op fiskalem Plang bleift d'ADR bei hirer traditioneller Positioun: mir si géint Steiererhéijungen an dofir, datt de Staat anstänneg mat deene Suen ëmgeet, déi hie kritt. Wa mir soen, datt mir prinzipiell géint Steiererhéijunge sinn, zielen dozou och all méiglech indirekt Steieren, Taxen, Cotisatiounen oder Akzisen.

Mir wëlle kee Staat, deen onendlech wiisst, mee e méiglechst schlanke Staat, dee sech op seng Käraufgabe konzentréiert. Och doweinst ass an eisen Aen d'Steierbelaaschtung vun de Bierger an den Entreprisë schonn héich genuch, jo, a verschiddene Beräicher esouguer ze vill héich.

De Staat erhieft Steieren, fir seng Ausgabe kënnen ze decken – dat ass dat wichtegst Zil vun de Steieren. De Staat erfëllt domat seng Primäraufgaben (ewéi z.B. déi bannenzeg a baussenzeg Sécherheet, Justiz, Diplomatie, Infrastrukturen, Verwaltung, Gesondheet an Educatioun) a suergt och mat fir Gerechtegkeet a Solidaritéit. De Staat ass awer net fir alles zoustänneg, an en ass scho guer net do, fir de Leit bestëmmte Verhalensweisen iwwert de

Wee vu Steieren opzezwéngen. D'Steieren däerfen och ni ze héich sinn: Aarbecht an entrepreneuriale Risiko musse sech lounen.

Dat internationaalt Ëmfeld féiert zu enger ëmmer méi staarker Harmoniséierung vun der Steierlandschaft. An der OECD gëtt aktuell nees un neie Steierreegele fir d'Entreprisë geschafft. Esoulaang dat zu engem „level playing field" féiert, ass dat och ze begréissen. D'ADR wëll awer keng international Steierharmoniséierung a gesäit och an der Steierkonkurrenz tëscht Staate vertrietbar Virdeeler, déi op méi Effizienz vun deenen eenzele Staate berouen. Si huet doduerch positiv Effekter op d'Staaten, déi hir Fiskalitéit mussen ënner Kontroll halen. Dovu profitéieren esouwuel d'Leit ewéi och d'Entreprisen, iwwerdeems eng Steierharmoniséierung bal automatesch d'Steieren no uewe schrauwe géing.

Déi international Steierlandschaft beaflosst natierlech och all intern Gerechtegkeets- a Verdeelungsdebatten. Ëmmer méi e groussen Undeel vun eise Steierrecettë kommen haut vun de private Stéit an net vun de Kollektivitéiten. Déi international Entwécklunge maachen et ëmmer méi schwéier, doru vill ze änneren. Fir d'ADR steet net zur Debatt, datt mir mussen international kompetitiv sinn an déi ekonomesch Basis vun eisem Wuelstand net däerfen a Gefor bréngen. Mir mussen awer d'Fro stellen, ob d'Aarbecht net ze staark an an aner Forme vun Akommes net ze wéineg besteiert gëtt. Jiddefalls wëll d'ADR déi Entwécklunge kritesch hannerfroen an, esouwäit ewéi méiglech, nationalen Handlungsspillraum behalen. Wa mir wëllen d'Prinzippie vun der Solidaritéit a Gerechtegkeet am Steierwiese respektéieren, da gëllt dat fir kleng a grouss Akommes an awer och fir Akommes aus der Aarbecht an aus anere Quellen.

D'ADR wëll net, datt d'Steieren dat Recht op Eegentum a Fro stellen. Et gëtt ze vill dacks vergiess, datt dat Recht op Eegentum en internationaalt unerkannte Mënscherecht ass, an et besteet och doran, fir kënne mat sengem Eegentum – a vertrietbare Grenzen – ze maachen, wat ee wëll. Virun allem an der Logementsdiskussioun gëtt dat wichtegt Recht op Eegentum hei zu Lëtzebuerg net méi genuch respektéiert. Steiere ginn zu Zwangsmëttelen ëmfunktionéiert a méi ewéi eng Partei dreemt vu Verstaatlechungen.

Op internationalem Niveau wiert d'ADR sech dogéint, datt iwwer de Wee vum „europäesche Semester" d'EU-Kommissioun ëmmer méi probéiert fir sech als eng Zort vu supranationaler Regierung opzeféieren. D'ADR vertrëtt de Prinzip vun der nationaler Souveränitéit,

besonnesch och a Finanz- a Steierfroen. D'Steiere sollen op nationalem Niveau fixéiert ginn, vu Parlamenter, déi virun hire Bierger verantwortlech sinn.

D'ADR wëll d'Finanzplaz ënnerstëtzen an ofsécheren. Si steet fir 65.000 Aarbechtsplazen, ee Véierel vum BIP a 75 Prozent vun den direkte Steieren. Dozou gehéiert och, datt mir keng Politiséierung vun der Finanzplaz wëllen, z.B. iwwer kontraproduktiv Sanktiounen. Dëst féiert just dozou, datt ëmmer méi Aktivitéiten op aner Finanzplaze verluecht ginn, besonnesch och op asiatesch Finanzplazen ewéi Hongkong oder Singapur. D'Finanzplaz soll och net mat ekologeschen oder anere politesche Fuerderungen iwwerluede ginn. Si muss technologesch permanent op dee beschtméiglechen Niveau bruecht ginn, attraktiv fir héichqualifizéiert Spezialiste bleiwen, steierlech kompetitiv sinn a si däerf net iwwerreglementéiert ginn. Nei Finanzstrukturen, z.B. och elektronesch Wärungen oder Aktiva, musse gerecht besteiert ginn an och, am Intressi vun de Clienten, adequat kontrolléiert ginn.

Lëtzebuerg soll e Land mat engem geschäftsfrëndleche Klima sinn. Dowéinst solle mir nees dat Land vun de kuerze Weeër ginn, an deem national an auslännesch Investisseure mat oppenen Äerm vun der Politik an de Verwaltungen empfaang ginn. Mir hunn eise Wuelstand op eng oppen a frëndlech Geschäftskultur opgebaut, an esou soll et och bleiwe respektiv nees ginn.

Mir gesinn och, datt ëmmer méi Leit eist Land verloossen, well si hei keng Perspektive méi gesinn. Nieft villen anere Konsequenze vun dem Phenomen verschäerft en zousätzlech deen, datt een ëmmer méi héijen Undeel vun eise Sozialleeschtungen an d'Ausland transferéiert gëtt.

Fir déi nächst Legislaturperiod huet d'ADR dës Prioritéiten am steierleche Beräich:

a) Institutionell Prioritéiten

- Verdeedegung vun der nationaler Souveränitéit och an der Steierpolitik géintiwwer internationalen an europäeschen Organisatiounen an Institutiounen. Eng A-Fro-Stellung vun der Eestëmmegkeet an der EU kënnt fir d'ADR net a Fro.
- Eng méi grouss Flexibilitéit bei der Steierverwaltung. An der Folleg vun „Luxleaks" ass déi Lëtzebuerger Verwaltung, am Verglach zu deenen an anere Staaten iwwervirsiichteg an dacks och onflexibel ginn. An eisen Nopeschlänner sinn Operatioune legal méiglech

a ginn och routinneméisseg gemaach, déi bei eis net méi erlaabt sinn, inklusiv z.B. am Beräich vun de Rulingen. Fir d'ADR muss Lëtzebuerg awer op d'mannst esou kompetitiv, flexibel an innovativ sinn eréi seng Konkurrenten. Wat op aneren OECD-Finanzplaze méiglech ass, soll et och hei sinn. D'ADR ass selbstverständlech och fir eng weider Moderniséierung an Digitaliséierung vun der Steierverwaltung, e Beräich, an deem et nach grouss Defizitter gëtt.

- Schafung vun eegenen a spezialiséierte Steiergeriichter. Dëst géing et der Justiz erlaben, an deem Beräich, dee fir eist Land ganz wichteg ass, méi Expertis an domat méi Rechtssécherheet ze schafen an d'Delaie fir Prozesser erofzesetzen.
- Ganz allgemeng wëlle mir d'Delaien op de Geriichter kierzen. Eng effikass an héichwäerteg Justiz ass och e Standuertvirdeel. D'Credibilitéit an d'Reputatioun vu Lëtzebuerg als Finanzplaz sollen och doduerch nach verbessert ginn, datt d'Police judiciaire méi Spezialisten am Finanzberäich kritt. D'Prozeduren am Anti-Blanchiment ginn un den Niveau ugepasst, deen op deene konkurréierende Finanzplaze gëllt. Och an dësem Beräich sinn déi aktuell Lëtzebuerger Prozeduren am Verglach iwwerdriwwe komplizéiert.

b) Eng méiglech Steierreform

Duerch déi schwiereg ekonomesch a finanziell Situatioun vum Land versprécht d'ADR keng generell Steierreform fir déi nächst Legislaturperiod, mee geet an d'Richtung vu punktuellen Upassungen, besonnesch fir esou genannten „Häertefäll" ze redresséieren.

Trotzdeem ass d'ADR dofir, de Steiersystem esouwäit eréi méiglech ze moderniséieren an dobäi déi grouss Iddi vun der Steiergerechtegkeet, inklusiv duerch eng vläicht méi fein justéiert Progressivitéit vun der Steiertabell, net a Fro ze stellen. Ganz allgemeng soll d'Steierlaascht awer esou niddereg eréi méiglech gehale ginn. Et muss ee wëssen, datt ze vill héich Steieren esouwuel Leit eréi och Entreprisë verdreiwen. Wien ze vill Steiere freet, huet der herno net genuch.

Déi wichtegst konkret Punkte fir d'ADR sinn dës:

- D'ADR wëll keng steierlech Ofschafung vun der Famill iwwer eng komplett Individualiséierung vum Steiersystem. D'Famill, als Grondzell vun der Gesellschaft, soll

weider steierlech privilegiéiert sinn. D'ADR ass och dofir, datt d'Zuel vun de Kanner soll steierlech consideréiert ginn, z.B. duerch d'Neesaféiere vu steierlechen Ënnerklasse jee no Zuel vun de Kanner. 2.1, 2.2, an esou weider. Dat ka fir Leit, déi keng oder wéineg Steiere bezuelen, well si en nidderegt Akommes hunn, och iwwer eng Negativsteier geschéien.

- D'Steiertabell muss reegelméisseg an automatesch un d'Inflatioun ugepasst ginn. D'ADR ass géint déi verstoppte Steiererhéijung, déi déi sougenannten „kal Progressioun" duerstellt. Dëse Retablissement vun Transparenz an Éierlechkeet am Steiersystem géing zu considerabelen, steierlechen Erliichterunge fir jidderee féieren.
- D'ADR ass fir eng Reform vum steierleche Statut vun de Politiker, fir méi Transparenz ze schafen, an zwar am Kader vun enger Gesamtreform, déi all statutarech Aspekter vun de Mandater erfaasst a moderniséiert.
- D'ADR ass fir eng Reduktioun vum „taux d'intérêt légal" a fir gläich Rechter vun der Steierverwaltung, engersäits, an dem Steierzueler, anerersäits, a Froen z.B. vun Delaien.
- D'ADR ka sech d'Aféierung vu méi Tranchen an der Progressivitéit vun der Steiertabell virstellen, besonnesch, fir datt bei deene méi nidderegen Akommes d'Belaaschtung net esou séier klëmmt (1% amplaz 2%). Si wëll awer keng Erhéijung vum Spëtzesteiersaz.
- Aus Grënn vun der Liesbarkeet an der Vereinfachung vun de Steieren zu Lëtzebuerg kéint een och d'Solidaritéitssteier als separat Steier ofschafen an an d'Akommessteier respektiv an d'Betriibsbesteierung integréieren. Dëst misst awer gepréift a mat de Sozialpartner diskutéiert ginn.

Méiglech Steiererliichterungen

D'ADR wëll dës Reforme préiwen an, wann nëmme méiglech, ëmsetzen:

- Upassung vun de Méiglechkeeten an och vun der Héicht vu steierlechen Ofschreiwungen, also den „Abattementer" (op Zënsen, Assurancen, asw), déi zum Deel zënter 20 Joer net méi ugepasst goufen;
- Ofschafe vum „Mëttelstandsbockel";
- Verbreederung vun de Steiertranchen;

- Schwiereg Liewenssituatiounen (Wittleit, elengerzéiend Persounen a Persounen ënnert oder no bei der Aarmutsgrenz) kréie steierlech Entlaaschtungen, déi och kënnen a Form vun enger Negativsteier (dat si Sun, déi de Staat ausbezilt) geleescht ginn. Detailer ginn iwwer Gesetz gereegelt, mee bei de Wittleit sollt et z.B. eist Zil sinn, datt si kënnen an hirer Steierklass 2 bleiwen, ouni no e puer Joer steierlech an eng aner Klass ze kommen. Dobäi mussen awer am Detail Gerechtegkeetsfroe géintiwwer anere Kategorië vu Steierzueler mat gereegelt ginn. Elengerzéiend Leit sollen an d'Steierklass 2 kommen, mat steierlechen Ënnerklassen, jee no Zuel vun de Kanner. Och den „crédit d'impôt monoparental" kann no uewen ugepasst ginn, grad esou wéi d'Héicht vun den Alimenter, déi een däerf kréien, ouni datt dat zu enger Reduzéierung vum *crédit d'impôt monoparental* féiert.
- Steierfräiheet fir de Mindestloun (qualifizéiert an net qualifizéiert) a fir déi kleng Renten, allerdéngs just fir déi, déi och Empfänger vun deene Léin a Rente sinn;
- Steierkredit fir Beruffsufänger;
- Esoubal d'wirtschaftlech Situatioun et erlaabt, soll d'Besteierung vu Jonggesellen iwwerschafft ginn, fir och hinnen eng Steiererliichterung ze schafen;
- Augmentatioun an Indexéierung vun der Kilometerpauschal, wat besonnesch och de Leit aus dem ländleche Raum zegutt kënnt;
- D'TVA op Reparaturaarbechte soll reduzéiert ginn. Do wou dat net méiglech ass, soll, no éisterräicheschem Virbild, en „Reparaturbonus" agefouert ginn. Aktuell gëtt dësen iwwer „NextGenerationEU" bezuelt. Besonnesch bei der Reparatur vun elektreschen an elektroneschen Apparater ass dëst eng interessant Optioun.
- Revenuen aus der GLS (gestion locative sociale) gi steierlech begënschtegt;
- Aus Grënn vun der Gerechtegkeet däerfe Leit, déi keen Teletravail leeschten an doduerch méi Onkäschte kënnen hunn, keen Nodeel géintiwwer deenen erleiden, déi hir Aarbecht vun doheem aus maachen. An déi Diskussioun fléissen och steierlech Aspekter mat eran.
- Méi steierlech Gerechtegkeet fir gescheeten oder getrennte Partner mat Kanner, och fir den Elterendeel, deen d'Garde vun de Kanner net huet. Bei enger *garde partagée* plus enger *résidence alternée* mussen déi zwee Elterendeeler absolut gläich behandelt ginn.

- Méi Méiglechkeete fir d'Entreprisen, fir Investissementer an digital oder ekologesch Projete generéis ofzesetzen;
- Steierlech Erliichterunge fir Entreprisen, déi Wunnenge fir hir Mataarbechter bauen.
- Méi steierlech begënschtegt Investitiounsméiglechkeeten an d'Ekonomie („Loi Rau bis"), an zwar ouni all ideologesch Konditiounen;
- Eng steierlech Begënschtegung fir Fuerschung an Entwécklung an den Entreprisen;
- Upassung vun der „Taxe d'abonnement", fir eis Fongenindustrie géintiwwer der auslännescher Konkurrenz kompetitiv ze halen, an zwar net nëmmen am Beräich vun de Fongen, déi an ESG-Domäner investéieren;
- Wichteg ass et och, fir déi steierlech Belaaschtung vun de Bauerebetriber niddereg ze halen, z.B. och bei landwirtschaftlech benotzte Flächen, déi am Bauperimeter leien;
- Reduzéierung vun de Steieren am Logement. Prinzipiell wëlle mir, esouwäit eréi mam EU-Recht kompatibel, d'Steieren op all Wunnraum erofsetzen, z.B. op 3 %, och bei de VEFA (*ventes en état futur d'achèvement*) oder bei *contrats de construction.* Logescherweis wëlle mir dann och bei der superreduzéierter TVA-Logement d'Uewergrenz ofschafen an denken, datt all Bau- a Renovatiounsaarbecht op Wunnraum soll prinzipiell op engem TVA-Taux vun 3 % leien.
- Ausserdeem wëll d'ADR déi steierlech Situatioun bei allen Transaktioune vun Immobilien iwwerpréiwen, fir si eventuell un d'Entwécklungen an aneren europäesche Länner unzepassen. De Lëtzebuerger Staat encaisséiert aktuell vergläichsweis héich Taxen. Mir proposéieren doréinst, fir op Wunnechten den Enregistrements- an Transkriptiounstaux vun (6+1=) 7 Prozent op 4,5 Prozent erofzesetzen.
- Eng weider, generéis Upassung vum bëllegen Akt no uewe wier e sënnvollen Deel vun esou Moossnamen.
- D'ADR proposéiert och, den Niveau vum Steieragangsmontant – dee Montant, bei deem een ufänkt Steieren ze bezuelen an deen nach aus dem Joer 2009 ass – no uewen unzepassen.
- Neesaféierung vun engem generéisen „amortissement accéléré" bei Investissementer an de Wunnengsbau.

- Den entrepreneuriale Risiko vun de Fräiberuffler soll an där Phas, an där si mat enger neier Entreprise ufänken, steierlech besser honoréiert ginn. D'ADR ka sech virstellen, fir de Statut vum Independant op déi Manéier substantiell opzewäerten.
- Pertë vun Entreprisë sollen och kënnen an der Vergaangenheet ofgesat ginn, net nëmmen an der Zukunft;
- Eng manner héich Besteierung fir Bauerwartungsland („zone différée").

D'ADR wëll och an der Groussregioun, duerch Verhandlunge mat deene kompetenten Autoritéite vun eisen Nopeschlänner:

- déi steierlech Konditioune fir d'Aarbecht doheem (Teletravail) optiméieren, méiglechst harmoniséieren an op Dauer ofsécheren. Och déi sozial Sécherheet vun deene Leit muss optiméiert ginn.
- steierlech Konditioune fir international Wirtschaftszonen aushandelen. Dës kënnen an der Groussregioun sinn oder och op Lëtzebuerger Territoire, jee nodeem, wat am Intressi vum Land ausgehandelt ka ginn;
- d'ADR wëll der Diskussioun ëm e steierlechen Ausgläich fir d'Nopeschregiounen net aus dem Wee goen. Si akzeptéiert awer net, datt dat op Basis vun engem theoreetesch „verluerene Steieropkommes" soll verhandelt ginn, wéi dat am Ausland dacks behaapt gëtt. Déi Rechnunge si vill méi komplex, an d'Grenzregioune profitéiere massiv vun deene Suen, déi duerch Frontalieren an hir Regioune fléissen. D'ADR denkt awer, datt et ka sënnvoll sinn, Infrastrukturen, déi am géigesäitegen Intressi sinn, an de Grenzregioune mat ze finanzéieren.

Eng Rei vu Revisioune vum europäesche Recht si fir d'ADR ganz wichteg, dorënner d'Reegele fir d'Besteierung an déi sozial Sécherheet am Secteur vun der Logistik. Déi aktuell Reegelen sinn net flexibel genuch, an et ass wichteg, datt d'Chauffere vu Lëtzebuerger Entreprisë kënne flexibel agesat ginn, inklusiv op laang Dauer an deem Land, deem seng Nationalitéit si hunn.

c) Steieren ofschafen

Fir d'ADR gëtt et eng Rei vu Steieren, déi kee Sënn maachen an déi mir doweinst wëllen ofschafen oder, nach besser, iwwerhaapt net wëllen aféieren.

- D'CO_2-Steier: D'ADR ass der Meenung, datt de Staat och am Energieberäich soll Fuerschung an Entwécklung ënnerstëtzen an eng technologieoppe Politik bedreiwen. Déi beschten technesch Systemer, déi och vun de Leit akzeptéiert ginn, solle sech duerchsetzen. Eng staatlech Steierung féiert zu massive Konkurrenzverzerrungen, déi eis ekonomesch Effizienz géintiwwer konkurréierenden Ekonomien erofsetzen. Den Handel mat CO_2-Zertifikater huet d'Absurditéit vun esou Systemer an deene leschte Jore méi ewéi bewisen. Fir d'ADR kënnt et och net a Fro, individuell „CO_2-Budgeten" anzeféieren, déi zu enger totaler staatlecher Kontroll iwwert d'Bierger géinge féieren. D'ADR stellt och den individuellen Transport, also virun allem den Auto mat Verbrennungsmotor, net a Fro. Si wëll den Tanktourismus erhalen a wëll, datt de Sprit zu Lëtzebuerg ëmmer méi bëlleg ass ewéi an eisen Nopeschlänner. Dat gëllt och fir den Diesel an de Kerosin an der Landwirtschaft an am Logistiksecteur. Et ass dem Klima jo net doduerch gedéngt, datt d'Leit, amplaz zu Lëtzebuerg, an eisen Nopeschlänner tanken. Fir eise Budget mécht dat awer e groussen Ënnerscheed. D'ADR kéint sech och eng Ofschafung vum Kyoto-Cent virstellen.
- D'ADR wëll och keng nei Steieren am Beräich vum Logement, déi de Leit d'Liewe just nach méi schwéier a méi deier maachen an den Investissement an de Logement drastesch reduzéieren. Et gëtt mat der ADR also keng Erhéijung vun der Grondsteier, keng Mobilisatiounssteier fir Terrainen a keng Steier op eidel Wunnengen. Am Kapitel Logement ginn d'ADR-Propositioune fir de Logement presentéiert. Eng Besteierung vun enger „résidence secondaire" (Zweetwunneng) kënnt fir d'ADR natierlech och net a Fro. Si huet dozou eng „Proposition de loi" gemaach. D'ADR akzeptéiert och net, datt Leit, déi beruffsbedéngt an d'Ausland versat ginn, gezwonge ginn, hir Wunnecht heiheem ze verlounen. Och net besteiere wëll d'ADR Wunnengen, déi d'Gemenge fir Noutfäll reservéieren.
- Keng Erhéijung vun den Autosteieren an och keng Kilometertax. Esou Fuerderungen, ewéi si a verschiddene gréngen a lénke Kreesser erhuewe ginn, komme fir d'ADR net a Fro.

- Mir wëllen de Spëtzesteiersaz net eropsetzen, also keng zousätzlech Steiertranche. Esou eng Initiativ géing just dozou féieren, datt Lëtzebuerg fir héich qualifizéiert Leit, déi mir jo awer hei am Land brauchen, nach manner attraktiv gëtt. Mir wëllen am Géigendeel eng legal Migratioun vun héich qualifizéierte Leit erliichteren, an dozou kënnen och steierlech Virdeeler gehéieren. An deem Sënn soll d'Prime participative iwwerpréift a vläicht nach méi attraktiv gemaach ginn.
- D'ADR ass kloer géint all Ierfschaftssteier an direkter Linn. Si soll bis an de véierte Grad ganz ofgeschaaft ginn. Bei der Successioun vun Entreprisë kënnt et zu Vereinfachungen.
- D'ADR wëll d'Leit net zillen, z.B. doduerch, datt d'Accisen op Tubak oder Alkohol sollen eropgesat ginn. Nieft eiser politescher Iwwerzeegung, datt d'Erzéiung vun de Bierger keng staatlech Aufgab ass, wieren esou Iwwerleeungen och sozial ongerecht.
- Keng Nees-Aféierung vun enger Verméigenssteier fir Privatleit a Bäibehale vum nationale Bankgeheimnis fir Residenten.
- Keng Mindeststeiere fir Betriber, déi Verloscht hunn.
- D'ADR wëll och keng nei Steieren op EU-Niveau. Weder solle méi national Steieren un d'EU ofgetruede ginn, nach soll d'EU Méiglechkeete fir méi „eege Ressourcen" kréien. Och eng Erhéijung vun den Douanestariffer op de Baussegrenze féiert just zu méi Käschten zu Laaschte vun den europäesche Konsumenten. D'ADR betount, datt si ganz prinzipiell fir de fräien Handel an en Ofbau vun Douanestariffer ass.

Staatsbudget

Dat iwwergeuerdent Zil vun der ADR ass et, de Staatsbudget an d'Gläichgewiicht ze bréngen an d'Scholden zeréckzebezuelen. D'Depensë vum Staat klammen zënter Joren iwwerproportional am Verglach mat de Recetten. Fir dëst Land kënnen ze reforméieren, musse mir eis also neien, budgetäre Spillraum schafen.

Eist Land soll nees en attraktiven Investitiounsstanduert mat héijer Liewensqualitéit ginn, wouzou och de Staatsbudget muss bäidroen.

D'ADR betount dobäi ëmmer nees, datt mir den onkontrolléierte Wuesstem mussen duerch e qualitative Wuesstem ersetzen, an dat heescht un éischter Plaz e Wuesstem, dee mir

kënne steieren a kontrolléieren. Fir aus deem duerch de Finanzéierungsbedarf vun de Sozialversécherungen opgezwongene Wuesstemsautomatismus erauszekommen, brauche mir eng nohalteg Reform vun eise Sozialversécherungen, besonnesch vum Pensiounssystem, an zwar esou séier ewéi méiglech. D'Follgekäschte vum aktuellen, onkontrolléierte Wuesstem sinn enorm a stinn net méi a Proportioun zu deem, wat e bréngt. D'Land kënnt net méi no mat deene wuesstemsbedéngten Investissementer, an de Staatsbudget gëtt just nach ëmmer méi belaascht. Natierlech brauch Lëtzebuerg – wéi all Land – e gesonde Wuesstem, allerdéngs kann et net esou weidergoen, wéi dat aktuell de Fall ass. Keen anert Land an Europa kennt z.B. eng Bevëlkerungsexplosioun ewéi Lëtzebuerg. D'Wunnengskris ass zu engem ganz groussen Deel duerch déi enorm Demande duerch déi héich Immigratioun bedéngt. Mir brauchen also e méi qualitative Wuesstum an e méi moderaten Zouwuess vun der Bevëlkerung. Fir eis heescht dat, datt mir musse Courage fir déi néideg Reformen hunn.

Den onkontrolléierte Wuesstem an déi domat verbonne Knappheet an Deierecht um Logementsmaart bedéngen och, datt vill Lëtzebuerger an d'Grenzregioune plënneren. Dat ass keng gutt Entwécklung fir eist Land an d'ADR gesäit doran e weidere wichtege Grond, fir déi néideg Reforme séier ze realiséieren. Fir d'Staatsbilanze bedeit déi aktuell Entwécklung, datt ëmmer méi sozial Prestatiounen exportéiert ginn.

An der Wirtschaftspolitik bekennt d'ADR sech zu enger liberaler Politik an zum fräien Handel. Si erlaben et am beschten de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg attraktiv a kompetitiv ze halen. Eng erfollegräich Ekonomie ass och d'Basis fir eng gutt Sozialpolitik am Kader vun enger sozialer Maartwirtschaft.

D'ADR wëll den „Triple A"-Rating vun eisem Land net a Gefor bréngen. Sollte mir dëse verléieren, hätt dat direkt Konsequenze fir d'Finanzplaz, eise bedeitendste Wirtschaftssecteur. Eng Iwwerverschëldung vum Land muss also onbedéngt verhënnert ginn. Déi néideg budgetär Spuermoossnamen an Ëmstrukturéierunge sollen awer esou mann ewéi méiglech zu Laaschte vun deene private Stéit an den Entreprisë goen. Dofir muss den „train de vie" vum Zentralstaat awer ugepasst ginn, an dat heescht manner Depensen am Budget.

Mir wëllen, datt de Staat mat de Suen anstänneg ëmgeet, ouni all Korruptioun, Nepotismus oder Favoritismus. D'Cour des comptes muss eiser Meenung no méi Kompetenze kréien an

och fir d'Gemengen zoustänneg ginn. Si soll och kënnen a-priori-Avisen ofginn. Affären ewéi de Filmfong, d'Superdreckskëscht, de Large Scale Testing (de Rapport vum Rechnungshaff, dee vun der ADR initiéiert gouf, läit hei nach net vir) an de Luxembourg Science Center weisen, ewéi wichteg et ass d'Staatsfinanze genee ze kontrolléieren.

Eisen dräifachen Engagement, wann d'ADR sollt an d'Regierung kommen, ass also dësen:

1. Dës Regierung schreift en Defizit a Milliardenhéicht am Zentralstaat – mir schaffen den Defizit of.
2. Mir schrauwen de Scholdequotient an der nächster Legislaturperiod däitlech zeréck.
3. Mir ënnerhuelen déi néideg Reformen, fir nees en ausgeglachene Budget an eng gesond a stabill Ekonomie ze kréien.

Ouni Spuermoossnamen a Reforme geet dat awer net. Zu de méigleche Moossname gehéieren:

- Eng Reduzéierung oder Stornéierung vun eise fräiwëllege Bäiträg un international Organisatiounen oder Fongen, an deene mir de facto keng Kontrollméiglechkeeten iwwer eis Contributiounen hunn. Dat selwecht gëllt fir Subventiounen an Transferten u staatlech an net-staatlech Organisatiounen, bei deenen d'Zweckméissegkeet, d'Destinatioun an d'Kontroll vun de Fonge kënne Froen opwerfen.
- E Plafonnement vun der Entwécklungshëllef op 0,7 % vum Bruttonationalakommes, wat eisem Versprieche vun 1992 op der Konferenz vu Rio de Janeiro entsprécht, mat där explizitter Méiglechkeet vun engem ekonomesche Retour fir eis Entreprisen. An de Budget fir d'Cooperatioun gëtt an Zukunft alles mat agerechent, wat d'Reegele vum CAD a vun der OECD erlaben. All PICen („Programmes indicatifs de coopération") ginn an der Chamber ratifizéiert.
- E Plafonnement vum Militärbudget op maximal 1 Prozent vum Bruttonationalprodukt, woubäi virun allem Depensë gemaach ginn, déi en direkten Notze fir eist Land hunn.
- Keng Erhéijunge vun eise Contributiounen an den EU-Budget an Neiverhandlungen iwwer d'Héicht vun eise Contributiounen an deenen internationalen Organisatiounen, fir déi mir iwwerproportional vill bezuelen;

- Eng Energiepolitik, an där d'Investissementer an d'Depensen zu enger effektiver, zouverlässeger, steierbarer, bëlleger a suffizienter Energieversuergung vum Land bäidroen. Ofschafung vu reng ideologesche Projeten an de Secteuren Energie a Mobilitéit.
- Ofschafung vun alle gesellschaftspoliteschen Ëmerzéiungsprojeten an hire Strukturen (z.B. Genderpolitik).
- Eng Reform vun der Asyl- an Immigratiounspolitik, fir dee massiven, illegalen Zoufloss vu Leit aus ekonomesche Grënn an eist Land ze stoppen. Déi international Asyl-Konventioune ginn awer selbstverständlech respektéiert, fir Mënsche Schutz ze bidden, déi e wierklech brauchen, an zwar esoulaang ewéi néideg. D'ADR akzeptéiert keng europäesch Verdeelungsmechanisme fir Flüchtlingen, respektiv ekonomesch Migranten. Leit, déi illegal am Land sinn, gi konsequent rapatriéiert a verfüügbar Foyere ginn duerno aneren Zwecker zougefouert, z.B. fir Leit, déi hei am Land an Nout sinn.
- Eng resolut administrativ Vereinfachung. Mir iwwerpréiwen all eis bürokratesch Prozesser, ganz am Sënn vun engem schlanken, modernen an effiziente Staat.
- Méi Transparenz a Lisibilitéit an der staatlecher a kommunaler Steierstruktur. Dozou gehéiert och eng Reflexioun iwwer den *taux d'affichage* bei der Kierperschaftssteier a bei der Gewerbesteier. Am Ableck ginn et bei der Gewerbesteier 15 verschidden Tauxen. D'Kierperschaftssteier muss eventuell, am Liicht vun der Entwécklung an deenen anere Länner, ugepasst ginn, fir Lëtzebuerg als Investitiounsstanduert attraktiv ze halen.
- Keng „Iwwergewënnsteier" aféieren. D'Betriber, déi héich Gewënner maachen, sollen no deenen normale Gesetzer besteiert ginn, fir all arbiträr Besteierungen ze verhënneren.
- Aféierung vun enger maximaler Scholdegrenz duerch eng Verfassungsännerung.

Bei aller Spuersamkeet mussen am Staatsbudget ëmmer genuch Margë sinn, fir Häertefäll ofzeschafen. Dat reecht vun engem engagéierte Kampf géint d'Aarmut an d'Precaritéit bis hin zu méi gerechte Steiere fir eleng erzéiend Leit a fir Wittleit oder och zu enger Reform vun der Assurance-dépendance a vum Adapto.

D'ADR wëll och all Form vu finanziellem Mëssbrauch bekämpfen. Mir wëllen also e personell a materiell gutt ekipéierte Kontrollbüro fir d'Bedruchsbekämpfung („Office national anti-fraude") grënnen. Dëse soll all d'Allocatiounen an hir Applicatiounsmodalitéiten

iwwerpréiwen a kontrolléieren, fir all Form vu Bedruch am Sozialberäich ze ënnerbannen. Esou sollen Abusen, déi de finanziellen Intressie vum Staat an domat der Gemeinschaft schueden, geziilt, séier an effikass bekämpft ginn. Dëst gëllt och fir Fäll vu falschen Umeldungen, fiktiven Adressen, *mariages blancs* an esou weider. D'ADR suergt dofir, datt all déi Phenomener, déi et an eisem Land leider massiv gëtt, ënnerbonne ginn.

Natierlech wëll d'ADR net nëmme spueren, mee och **politesch Iddie realiséieren, déi an eisen Ae besonnesch wichteg a wäertvoll sinn**. Prioritär sinn dat am Intressi vun eiser Gesellschaft an där nächster Legislaturperiod:

- Eng däitlech Verbesserung vun der Sécherheet an de Kampf géint d'Kriminalitéit. Dëst bedéngt ë.a. en Ausbau vu Police a Justiz;
- D'Aféierung vum ADR-Elteregeld. Mir wäerten d'Famillje konsequent ënnerstëtzen. D'Verloschter, déi d'Familljen duerch déi zäitweileg Desindexéierung vun de Familljenzoulagen haten, gi kompenséiert.
- Eng Pensiounsreform am Intressi vun deenen nächste Generatiounen, déi bis 2028 soll a Kraaft sinn. Mir brauchen dréngend esou eng Reform, fir datt och déi kommend Generatiounen eng ofgeséchert an anstänneg Pensioun kréien. Aus deem Grond steet fir eis och de Kompensatiounsfong vun de Pensiounen net fir aner politesch Zwecker oder Ideologien zur Verfügung. En ass do, fir déi zukünfteg Pensiounen ofzesécheren, a fir soss näischt. Dofir soll en, mat méiglechst wéinegen Ausnamen, kënnen an déi Secteuren investéieren, déi rentabel sinn.
- Ofschafung vun de strukturellen Defizitter bei der sozialer Sécherheet. Dëse Beräich ass ee vun deenen dräi, déi am Gesamtbilan vum Staat mat consideréiert ginn, an, grad wéi de Budget vum Zentralstaat, gëllt et och hei negativ Entwécklunge mat Zäit ze erkennen an déi néideg Reformen duerchzeféieren.
- Den Index gëtt integral bäibehalen. Fir d'ADR sinn och e gedeckelten oder gestaffelten Index keng Optiounen. D'Modalitéite vun der Applicatioun (z.B. déi esou genannten „effets d'auto-allumage") solle wëssenschaftlech analyséiert ginn, fir eventuell Verbesserunge virzehuelen. Mam Index hu mir en Instrument, dat d'Kafkraaft och am Fall vun héijer Inflatioun ofséchert. D'ADR ass och géint eng Manipulatioun vum Wuerekuerf. De Wuerekuerf soll dee reelle Konsum duerstellen an ass net do, fir dem

Staat eng Méiglechkeet ze ginn, fir d'Leit no etheschen oder pseudo-ethesche Krittären ze zillen.

- De Mindestloun, zesumme mat der Steier- an der Sozialpolitik, soll et erlaben, datt déi Leit, déi schaffen, virun der Aarmut geschützt sinn, an domat hëllefen de Phenomen vun den „working poor" ze verhënneren. D'Héicht vum Mindestloun an de Sozialleeschtunge muss deem Rechnung droen. De Kampf géint Aarmut a Precaritéit bleift eng Prioritéit vun der ADR, déi sech ëmmer als sozial Partei versteet. Fir eis gëllt: Jidderee muss vu senger Aarbecht wierdeg liewe kënnen. De Staat muss déi ënnerstëtzen, déi duerch hir Liewensëmstänn zäitweileg oder permanent Hëllef brauchen.

29. Fir eng staark Ekonomie

D'Perspektive fir déi Lëtzebuerger Ekonomie sinn aktuell net gutt. Egal ob een d'Statistike vum IMF oder d'Previsioune vum STATEC kuckt, de Constat ass dee selwechten: et kënne schwéier Zäiten op eis duerkommen! Mir gesinn och, datt d'Ekonomie an der Eurozon stagnéiert an, op internationalem Niveau, eng Verstäerkung vu protektionistesche Moossname muss festgestallt ginn. An den internationale Kompetitivitéitsrankinge fält Lëtzebuerg zënter e puer Joer ëmmer méi wäit zeréck.

An der Covid-Zäit hu mir gesinn, datt Europa eng konsequent Reindustrialiséierung brauch. An de Beräicher vu Cyber, Informatik, Elektronik, Pharmazie a Cybersécherheet brauche mir eng richteg Offensiv. Lëtzebuerg muss als Industriestanduert dozou säin Deel bäidroen. Dofir muss d'Versuergung vum Land mat genuch, mat bëlleger a mat steierbarer Energie garantéiert sinn. E komplette Verzicht op fossil oder nuklear Energie ass also nach op laang Siicht net méiglech.

Lëtzebuerg soll also eng staark, kompetitiv an diversifizéiert Ekonomie hunn. Nëmmen esou kann och genuch Räichtum geschaf ginn, fir eng gutt sozial Ofsécherung vun de Leit kënnen ze garantéieren. Lëtzebuerg brauch eng kohärent a credibel Standuertpolitik.

D'ADR ass vum Notzen vun engem gudde Sozialdialog, z.B. am Kader vun der Tripartite, iwwerzeegt. E gudden, konstruktiven a vertrauensvolle Sozialdialog ass och e wichtege Standuertvirdeel.

De Staat soll den Entreprisë méi hëllefen. Verschidde Prozeduren a Formulairë sinn ewell esou komplizéiert ginn, datt e klenge Betrib dofir d'Hëllef vun engem Comptabel brauch. Esou Zoustänn wëlle mir änneren. Et brauch eng drastesch administrativ Vereinfachung, an déi staatlech Verwaltunge selwer sollen den Entreprisen hëllefen, fir mat de Prozeduren eens ze ginn.

Fir d'Handwierk mussen a villerlee Hisiicht Initiative geholl ginn: bei der Orientéierung, an der Ausbildung, bei der administrativer a steierlecher Ënnerstëtzung vun de Betriber an esou weider. D'ADR wëll och, datt Betriber, déi op hir Käschte Leit ausgebilt hunn, déi duerno bei de Staat oder d'Gemenge wiesselen, dofir kompenséiert ginn.

Och d'Banke musse méi fir déi reell Ekonomie maachen an et besonnesch deene klenge Betriber méi einfach maachen, fir Konten opzemaachen an hir Finanzen ze geréieren.

Am Verglach mat eiser auslännescher Konkurrenz gëtt et zu Lëtzebuerg vill ze vill Formalien, z.B. och wann ee wëll eng Firma grënnen. Esou Prozedure misste kënne bannent maximum e puer Deeg ofgewéckelt ginn. A verschiddene Staaten ass dat esouguer bannent véieranzwanzeg Stonne méiglech.

Wat fir d'CSSF a fir de Commissariat aux assurances gëllt, ass och fir d'ITM richteg. Si ass do, fir e vernënftegen a proportionéierte Contrôle ze assuréieren a fir de Betriber ze hëllefen.

Mir wëllen de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg och doduerch stäerken, datt d'Offer vun der Uni an d'Programmer an de Schoulen d'Besoine vun eiser Ekonomie besser berécksiichtegen. Finanziell Uräizer an den Entreprisen, ewéi z.B. „primes participatives", kéinte steierlech méi generéis behandelt ginn.

D'Entwécklung an der Wëssenschaft an an den Technologië geet rasant virun. D'Progrèsen an der kënschtlecher Intelligenz sinn dofir e gutt Beispill. D'ADR wëll net nëmmen, datt Lëtzebuerg an esou Beräicher, wéi der KI oder der Robotik, net den Uschloss verléiert, mee datt eist Land selwer mat zu den Entwécklunge ka bäidroen.

Fir eis Entreprisen an eis Ekonomie allgemeng ze förderen, gesäit d'ADR ënner anere folgend Moossname vir:

- En däitlechen Ofbau vu Virschrëften a bürokratesche Prozeduren. Dozou gehéiert och e méi verstännegt Mooss am Beräich vun der sozialer an ekologescher Verantwortung vun den Entreprisen. D'Finalitéit vun enger Entreprise läit prioritär an hirer Rentabilitéit an an der Schafung vun Aarbechtsplazen. Hire Flichte géintiwwer der Gesellschaft kënnt si schonn iwwert déi Steieren no, déi si bezilt. Mir wëllen also d'Entreprisen net iwwerbelaaschten an hinne méiglechst vill Fräiheet ginn.
- Erliichterunge fir auslännesch Investisseuren, déi wëllen an d'Land kommen, am Respekt vun eisen nationale Sécherheetsintressien. Ausbau vun der industrieller Basis zu Lëtzebuerg a méi Ënnerstëtzung fir déi strategesch wichteg Secteuren ewéi Landwirtschaft, Energie a Logistik. Och d'Handwierk brauch méi Ënnerstëtzung vum Staat.
- Keng reng national Méibelaaschtunge fir eis Entreprisen am Verglach mat där auslännescher Konkurrenz. Mat der ADR gëtt et keen nationaalt Liwwerkettegesetz, an

dat rezent Gesetz iwwer d'„lanceurs d'alerte" (*whistleblower*) gëtt an deem Sënn iwwerschafft.

- Ënnerstëtzung vu Start-ups, Spin-offs a jonken Entreprisen, esouwuel logistesch eweí och steierlech, iwwer e méi laangen Zäitraum.
- Méi Hëllef fir Fuerschung an Entwécklung
- Keng gesetzlech Reduzéierung vun den Aarbechtszäiten, mee e gudden Encadrement vu Flexibiliséierungsméiglechkeete bei den Aarbechtszäiten, déi tëscht de Sozialpartner verhandelt ginn.
- Administrativ Vereinfachung an den Industrie- an Aktivitéitszonen, fir Investissementer ze erliichteren. Genuch Aktivitéitszonen, déi den Ausbau vun den Industrien a vun deene klengen a mëttlere Betriber zouloossen.
- Léisung fir de Problem vun de Bauschuttdeponien.
- D'ADR wëll, zesumme mat den Entreprisen, d'Emwelt esou vill eweí méiglech schounen. Dofir gi rational a sënnvoll Ëmweltoplage geholl. Ze vill ambitiéis Ëmweltoplagen am Verglach mat der auslännescher Konkurrenz bremsen déi ekonomesch Produktivitéit a Rentabilitéit. D'Betriber sollen dofir méi generéis budgetär a steierlech Hëllefe kréien. Do wou Ëmweltoplagen agefouert goufen, déi net sënnvoll sinn, gi si ofgeschaf oder ersat.
- Ënnerstëtzung bei der Successioun/Transitioun vu Betriber un nei Proprietairen, och bei Familljebetriber, inklusiv duerch steierlech Moossnamen.
- D'Sanktiounen, déi d'Regierung opgrond vun der Situatioun an der Ukrain decidéiert huet, hu sech negativ op d'Energiepräisser an op d'Liwwerketten ausgewierkt. Dofir soll de Staat de Betriber hei iwwer Kompensatiounen oder aner Hëllefen ënnert d'Äerm gräifen, fir den ekonomesche Schued vun deene Sanktiounen opzefänken. Baussepolitesch muss et d'Zil sinn, zu enger Normalitéit kënnen zeréckzefannen.
- Eisen Energieverbrauch kann nëmmen iwwer fossil an atomar Energien ofgedeckt ginn, woubäi déi alternativ a volatil Energien aus physikalesche Grënn nëmme kënnen e moderate Bäitrag leeschten. Am Verglach zu dem Gesamtenergiebedarf vum Lëtzebuerger Land läit d'Contributioun vun deenen alternativen Energien an engem nidderegen, eestellege Prozentberäich a kann net vill eropgesat ginn. Well dat esou ass, wëll d'ADR Investitiounen an déi fossil Energien an an d'Atomenergie encouragéieren.

Och de Fonds de compensation vun de Pensioune soll kënnen an déi Secteuren investéieren. Dat Gesetz iwwer d'„responsabilité civile nucléaire" dat vun där aktueller Regierungskoalitioun geholl gouf, ass komplett ineffektiv. Et gëtt iwwerschafft an déi international Konventiounen an där Matière, déi Lëtzebuerg iwwregens schonn zum Deel viru Joerzéngten ënnerschriwwen hat, ginn endlech ratifizéiert.

- Den Horeca-Secteur an den Tourismus spillen eng wichteg Roll fir eis Ekonomie an eist gesellschaftlecht Liewen. Et ass eng Branche, déi an de leschte Joren – opgrond vu politeschen Entscheedungen – besonnesch staark gelidden huet. Fir datt dëse Secteur recuperéiert an nees op stabillem Buedem steet, wëll d'ADR dee Secteur besonnesch ënnerstëtzen, inklusiv duerch Steierreduzéierungen. Dozou wëlle mir d'TVA op de Wäin a Béier hei vu 16 op 8 Prozent erofsetzen.
- Am Finanzsecteur ass et wichteg mat den Entwécklunge Schrëtt ze halen an z.B. am Beräich vun de Crypto-Assets an de Finanztechnologien der Finanzplaz déi beschtméiglech Bedéngungen ze offréieren, dat awer och ëmmer am Respekt vun den Intressi vun de Clienten a Konsumenten. A Beräicher, déi Zukunftstechnologië benotzen, wéi z.B. och Blockchain, muss d'Finanzplaz Lëtzebuerg ëmmer am Spëtzepeloton leien.

D'ADR ass och dofir, datt sech Lëtzebuerg soll eng Konzentratioun vu **Know-how a verschiddene Beräicher** opbauen, inklusiv och am Gesondheetssecteur („health valley"), der Digitaliséierung oder an Ëmwelttechnologien. Dobäi kënnen och „Clusteren" vu Firme constituéiert ginn, änlech ewéi am Weltraumberäich. D'Zesummenaarbecht mat der Universitéit an deenen nationale Fuerschungsinstituter gëtt dobäi ënnerstëtzt.

D'ADR wëll och **d'Investitiounsméiglechkeeten an déi Lëtzebuerger Ekonomie** stäerken (Loi Rau bis). Mir wëllen dobäi keng ideologesch Krittäre fir esou en Investissement. Mir wëllen einfach de Leit eng Méiglechkeet ginn, fir hei am Land, nieft dem Logement, nach op aner Investitiounsopportunitéite kënnen zeréckzegräifen.

Mir brauchen eng konsequent **Ënnerstëtzung fir de Logistiksecteur**, inklusiv d'Aféierung vun Ecoliner a kompetitive Präisser fir Diesel. An deem Kontext erënnere mir drun, datt d'ADR d'Kuelendioxyd-Steier wëll ofschafen. Et ass dem Klima jo bekanntlech net doduerch gehollef, datt den Diesel an der Belsch getankt gëtt amplaz hei zu Lëtzebuerg. Mir mussen och méi Chaufferen ausbilden an op europäeschem Plang nei Reegele fir hiren Asaz an eisen

Nopeschlänner verhandelen. An ausgewisenen Industriezone kënnen op verschiddene Plazen och méi héich Lagerhale gebaut ginn.

Fir Lëtzebuerg fir de **Krisefall méi resilient** ze maachen, féiere mir national Reserve vu wichtege Versuergunsgidder fir 90 Deeg op eisem nationalen Territoire an, inklusiv bei de Petrollsproduiten. Mir schafen en „Fonds des calamités", deen de Leit bei Katastrophe kann hëllefen. Mir ginn och der Cybersécherheet eng grouss Prioritéit a gesinn doran e Feld, wou d'Arméi, de CTIE an den HCPN kënne Kompetenzen a Servicer opbauen, déi där ganzer Gesellschaft zegutt kommen.

Wat de **Klima** ugeet, sollte mir och nei Weeër goen. Amplaz hei d'Leit an d'Entreprisen ze dirängelen an ze kujenéieren, sollte mir léiwer massiv Energiezentrale mat héijen Zäregasemissiounen am Ausland sanéieren, an zwar a Form vun engem Investissement mat enger Participatioun an engem *retour économique.* Dat bréngt méi CO_2-Reduktiounen ewéi déi am internationale Verglach winzeg Lëtzebuerger Emissiounen. Donieft kéinte mir hei zu Lëtzebuerg weider decarboniséieren, allerdéngs progressiv, vernënfteg an am Rhythmus, ewéi och eis ekonomesch Konkurrenten et maachen. D'ADR wëll de Verbrennungsmotor bäibehalen a mécht keen Drock op d'Leit, fir hinnen e bestëmmten Heizungstyp virzeschreiwen. Jidderee ka sech déi Technologie eraussichen, déi hie wëll. Alternativ Energien, ewéi industriell Wandanlagen a Solarzellen, däerfen nëmmen do installéiert ginn, wou si der Natur net schueden. Dat gëllt fir eis Bëscher a Planzewelt genee esou wéi fir eis Vullen, Flantermais an aner Déieren. D'Liichtverschmotzung gëtt bekämpft.

D'ADR wëll och déi **sozial a solidaresch Ekonomie** ënnerstëtzen. Projeten, déi et op eng sënnvoll Manéier erlaben d'Konsumverhalen op fräiwëlleger Basis ze veränneren an z.B. méi Gebrauchsartikelen ënnert enger Rei Leit ze deelen, wëlle mir ënnerstëtzen.

Do wou et méiglech ass, eng Kreeslafekonomie (économie circulaire) anzeféieren, selbstverständlech op fräiwëlleger Basis, wëll d'ADR dat ënnerstëtzen.

D'Energieeffizienz an d'Neesverwäertung vu wichtege Réistoffer gi favoriséiert.

30. Digitaliséierung

Digitaliséierung: E Plus ouni Zwang

D'Digitaliséierung hëlt hire Laf an alle Beräicher. D'ADR erkennt den Notze vun digitale Méiglechkeeten un, verschléisst d'Aen awer net virun de reelle Problemer an deem Kontext. Wierder an Ofkierzungen, ewéi Industrie 4.0, IoT, ML, KI, prägen d'Diskussioun ëm d'Digitaliséierung. Vu Roboter iwwer Drone bis hin zu autonomen Autoen, gi mir mat villen neien Entwécklunge konfrontéiert, déi eng gesetzlech Reguléierung brauchen. Hei geet et ëm Sécherheets- an Assurancëfroen, Urheberrechter, Dateschutz a Mëssbrauchpotential. E rechtleche Kader, deen dës Froe kläert, ass wichteg an noutwendeg. Et muss dobäi awer och opgepasst ginn, datt et net zu enger Iwwerreglementéierung kënnt, déi d'Weiderentwécklung am Beräich vun der Digitaliséierung onnéideg erschwéiert. Zwou Saache kënnen de Fortschrëtt vun der Digitaliséierung bremsen oder souguer verhënneren, nämlech: staatlech Iwwerreguléierung a feelend mobil Netzer.

Besonnesch fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie ze sécheren, ass den Ausbau vun der Digitaliséierung vun héijer Prioritéit. D'Sécherheet an de Schutz vun de Bierger däerf deem Uleies awer net geaffert ginn. Mir als ADR sinn oppe fir den technologesche Fortschrëtt a wëllen dësen och ënnerstëtzen. Mir halen awer drop, datt déi Leit, déi d'Technologie nëmmen a begrenzter Form notzen – sief dat duerch feelend Kompetenzen, Interessen oder eng bewosst Ofleenung – net ausgeschloss gi vu gesellschaftlecher Partizipatioun, keng wichteg Informatioun a Kommunikatioun virenthale kréien, net vun institutionellen Déngschtleeschtungen an och net vu staatlechen Hëllefen an Ënnerstëtzunge privéiert ginn an hir Bierger- a Mënscherechter a vollem Mooss behalen an notze kënnen.

Fir d'ADR gëllt och hei de Prinzip vum fräie Wëllen. De Bierger soll entscheede kënnen, ob hie seng administrativ Demarchen op digitalem oder analogem Wee maache wëll. Et gi Leit, déi wëllen den digitale Wee aus ënnerschiddleche Grënn net notzen, an dat sinn och net just eeler Leit. Dat muss respektéiert ginn. Jiddereen huet d'Recht op en analoogt Liewen. Dofir wäert d'ADR dofir suergen, datt nieft dem digitale Wee och de gewinnten analoge Wee weider ugebuede gëtt.

Fir déi Leit, déi den digitale Wee notze wéilten, deenen awer déi néideg Kenntnesser a Fäegkeete feelen, gi gratis Coursen offréiert, déi hinnen erméiglechen, onofhängeg am digitale Beräich ze agéieren. Leit, déi net déi dofir néideg technesch Ausstattung hunn, fir

den digitale Wee ze notzen, sief dat aus finanziellen oder anere Grënn, sollen den digitale Wee net verspaart kréien. Mat der ADR schaaft de Staat en ëffentleche Raum, wou déi néideg technesch Geräter fir d'Awunner zur Verfügung gestallt ginn, déi d'Leit brauchen, fir administrativ Demarchen digital ze erleedegen.

D'ADR steet fir e vernënftegen Ëmgang mat der Digitaliséierung, duerch deen de Bierger net kontrolléiert an exposéiert gëtt an deen dofir vum néidegen a sënnvolle rechtleche Kader, deen de Bierger schütze muss, begleet gëtt.

En effikassen Dateschutz

Doduerch, datt ëmmer méi iwwert den digitale Wee gereegelt gëtt, ass et wichteg, datt de Staat a seng Institutioune fir hir ganz digital Aarbechten a Servicer e gutt a passend Sécherheetskonzept hunn, fir déi vill sensibel Donnéeën ze schützen. Den Dateschutz muss mat aller Seriositéit behandelt ginn.

Perséinlech Donnéeë sinn Informatioune vu Privatleit, déi och solle privat bleiwen däerfen. Et handelt sech also ëm sensibel Informatiounen, iwwert déi d'Leit eng gewëssen Handhab behale mussen. D'ADR ass wuel fir Transparenz, virun allem, wann et ëm den ëffentlechen Intressi geet. Allerdéngs si mir och ganz kloer fir den Dateschutz.

Fir en zukunftsorientéierte MyGuichet

De MyGuichet ass ee vun de wichtegsten Outilen, fir séier an digital Demarchen, fir u perséinlech Dokumenter ze kommen oder Demanden ze stellen. Trotzdeem missten hei nach Ännerunge fir d'Benotzerfrëndlechkeet ënnerholl ginn. D'Sécherheet vun de Bierger hiren Donnéeë muss selbstverständlech och ëmmer garantéiert ginn, woufir all déi néideg Sécherheetsmoossnamen ëmmer um neiste Stand musse gehale ginn.

D'ADR wëll d'Notzungsméiglechkeete vun dësem System dann och duerhinner ausbauen, datt en net just den zäitgeméissen Entwécklungen nokënnt, mee och der Demokratie déngt an dës iwwert d'Méiglechkeet vum E-Voting stäerkt. Op déi Manéier sollen d'Leit hir Stëmm net just an hirer Gemeng op der Plaz kënne ginn, mee och iwwer MyGuichet hir Ënnerschrëft ginn, fir e Referendum ze froen oder hir Stëmm bei engem Referendum ofginn.

D'ADR betount awer ausdrécklech, datt de MyGuichet-Outil ëmmer eng zousätzlech an domat fakultativ Optioun fir de Bierger bleiwe muss an de perséinleche Service an engem reelle Guichet an och d'Méiglechkeet vun den administrativen Demarchen um Pabeier ni ganz ersetzen duerf.

Fir e séieren a sécheren Internet

Dacks ass et esou, datt ee jee no Standuert nëmme ganz schlechten Empfang huet, respektiv guer keng Méiglechkeeten huet, fir eng Internetverbindung opzebauen. Dowéinst ass et wichteg, datt déi Plazen am Land, déi e schlecht Netz hunn, däitlech besser ënnerstëtzt ginn. Mat neien Technologien ewéi beispillsweis de Satellitten-Internet-Systemer, kënne Plazen, déi am mannsten Netz hunn, mat séierem Internetzougang versuergt ginn. Och mussen eis sécher Netzwierker den Transfert vu groussen Datemengen ëmmer iwwerdroe kënnen. Esou Netzwierk-Systemer sinn e Virdeel an där Hisiicht, datt si Lëtzebuerg säi Standuertvirdeel sécheren, duerch en Netzwierk, dat d'Kompetitivitéit ënnerstëtzt, ouni de 5G flächendeckend anzesetzen.

D'ADR setzt sech a fir Ramebedéngungen, an deene sech de Gebrauch vun digitaler Technologie an Dateleeschtung entwéckele kënnen, an dat och am héchsten Norde vum Land ewéi och am Osten, wou d'Internetverbindunge leider ëmmer nach dacks net staark genuch sinn.

Eis Datenzentren, déi fir ganz vill Attraktivitéit suergen, sollen och ausgebaut ginn, an eng héich Cyber Security ass eng vun de Grondlagen, fir d'Bedierfnesser vun der Datesécherheet ze garantéieren. Mat dëse Viraussetzunge gesäit d'ADR nei technesch a mobil Méiglechkeete fir Lëtzebuerg. Mir wëllen also den Ausbau vum mobillen Netz, vu Satelliten-Internet-Systemer (z.B. Starlink) a vum Lux Data Hub förderen, ouni déi néideg Moossname bei der Cybersécherheet ze vernoléissegen.

Kënschtlech Intelligenz: Opbroch an eng nei Ära

D'Entwécklungen am Beräich vun der Technologie ginn ëmmer virun, an dëst mat groussem Tempo. Och am Beräich vun der Digitaliséierung si vill Fortschrëtter ze erkennen: Kënschtlech Intelligenz (KI) begleet eis schonn zënter Joren, méi oder manner bewosst, op

eise Weeër duerch den Alldag. Elo ass et esou wäit, datt d'Bierger selwer KI-Technologie benotze kënnen. D'ADR ass dem Gebrauch vu kënschtlecher Intelligenz géintiwwer oppen, allerdéngs mat kriteschem Bléck. Et kann natierlech eng Entlaaschtung sinn an ënnerschiddleche Beräicher. Et däerf awer net sinn, datt de Leit hiert Recht op Dateschutz doduerch verletzt gëtt, an dës Entwécklungen däerfen och net genotzt ginn, fir d'Leit monddout ze maachen a si esou an hire Grondrechter ze beschneiden. Mir denken dobäi och u scho bestoend Filter-Software-Systemer zur Iwwerwaachung a Repressioun bei fräier Meenungsäusserung an de soziale Medie mëttels der „Strofbarkeet" ënnert dem Virwand vum sougenannten „Hate Speech".

Et ass awer och wichteg, datt dës automatesch Algorithmen zu all Zäitpunkt vun der mënschlecher Hand begleet ginn an datt et op kee Fall dozou kënnt, datt d'KI eleng Decisioune fir an iwwer Mënschen treffen. Esou Decisiounen, déi iwwert d'Liewe vun engem Mënsch entscheeden, mussen ëmmer nach duerch eng reell Persoun geholl ginn.

Méi spezifesch Uwendungen, ewéi zum Beispill ChatGPT, markéieren eng Revolutioun, an där eng kënschtlech Intelligenz, déi scho säit Éiwegkeeten erwaart gëtt, realiséiert gouf. ChatGPT an änlech Applikatioune sinn elo schonn immens beandrockend, awer si stiechen nach an de Kannerschong. No der Meenung vu villen Tech-Experte wäert sech d'Leeschtung vun neie KI-Systemer an der nächster Zäit nach staark erhéijen. Ewéi beim Buchdrock oder beim Erfanne vum Internet ginn och hei duerch d'Entwécklung vun der KI nei Horizonter opgemaach. Ënnert deem Aspekt, datt en automateschen Algorithmus ni eleng dierf Entscheedunge fir an iwwer Mënschen treffen, ass et awer wichteg, datt och hei e vernënftege rechtleche Kader mat spezifesch limitéiertem Asaz definéiert gëtt.

Gläichzäiteg muss een d'Gesellschaft awer och op bestoend Geforen am Ëmgang mat der KI opmierksam maachen an dozou déi néideg Informatioune vermëttelen. Awer och am Wirtschaftsberäich muss op spezifesch Problemer higewisen an opgepasst ginn. D'Opklärung an d'Bewosstsinn iwwert déi mat der KI verbonne Risiken, notamment déi am Zesummenhang mam Dateschutz, däerfen net op déi liicht Schëller geholl ginn. Dofir soll de Staat preventiv Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnë lancéieren. Dat fänkt an der Schoul un a soll un all Haushalt wéi och un all Entreprise am Land vermëttelt ginn.

D'Gefor vun der sougenannter Wirtschaftsspionage ass reell. Vun dohier muss d'ëffentlech Hand Regulativer schafen, fir d'Wirtschaft an d'Bierger ze schützen an d'Fro vun de

Responsabilitéiten ze klären. D'EU huet an dësem Sënn schonn e gewëssene regulatoresche Kader ausgeschaf, deen awer fréistens 2026 a Kraaft trëtt.

Fir digital Fräiheet, Privatsphär a Souveränitéit am Netz

D'online-Medien hu sech an de leschte Jore staark entwéckelt a si mëttlerweil omnipresent. Et ass awer esou, datt dës Medien haaptsächlech duerch eis Steiergelder finanzéiert ginn an och selwer entscheede kënnen, wat fir eng Kommentaren a wat fir eng „Experten''-Meenunge bei hinnen zougelooss ginn. Well d'ADR sech ganz staark asetzt fir Meenungsfräiheet a -pluralismus, wëlle mir hei och eng méi grouss Transparenz.

Den Dateschutz ass do, fir de Bierger och virum Staat an aneren ze schützen. Dowéinst ass et wichteg, datt garantéiert gëtt, datt eis digital Prozesser méiglechst lokal an net iergendwou anescht gespäichert ginn.

Et ass awer och esou, datt wichteg Fournisseuren am sozialen Onlinedomän – also Suchmaschinnen a sozial Netzwierker – den ënnerschiddleche Staaten hir eege Reegelen operluecht hunn. Dat huet a munche Beräicher zu Problemer gefouert, déi vun europäescher Säit opgedeckt goufen, well d'Reegelen, no deenen dës sozial Medie funktionéieren, net ëmmer kohärent si mam nationalen oder mam EU-Gesetz. Dowéinst ass et wichteg, datt an dëse Beräicher eng enk Zesummenaarbecht tëscht der Police an der Justiz koordinéiert gëtt bei Ermëttlunge mat Bezuch op Online-Belästegungen, -Diffaméierungsstrofdoten an -Fälschungen, fir datt d'Täter identifizéiert a strofrechtlech kënne verfollegt ginn. Aus deem Grond ass et och besonnesch wichteg, datt eis europäesch a lëtzebuergesch Gesetzer strikt agehale ginn, fir de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën ze garantéieren.

Kommentarer a Bäiträg vu Bierger/Notzer op de soziale Medie sollen net däerfe geläscht, ënnerdréckt oder op eng aner Manéier zenséiert ginn, just well dem Bierger/Notzer seng Meenung oder Usiicht net deene vum Mainstream gepushten Ideologien entsprécht an doduerch net vum genotzte Medium vertrueden a promouvéiert gëtt. Mir kënnen eleng d'Uwendung vum nationale Recht, z.B. mat Bezuch op de Schutz vu Mannerjäregen asw., als Grondlag fir d'Läsche vun Inhalter oder fir d'Zoumaache vu Konten akzeptéieren. Dës Entscheedungen däerfen awer net vun auslännesche Déngschter getraff ginn, déi sech vu

Reegelen an enger Kultur leede loossen, déi net deene vun eisem Land an eiser Gesellschaft entspriechen a gerecht ginn. Alles anescht féiert zur Verzerrung vun der ëffentlecher Debatt. An deem Sënn setzt d'ADR sech dofir an, datt eis Date vu lëtzebuergesche Firmen oder ëffentleche Stellen zu Lëtzebuerg, respektiv an der EU vu lëtzebuergeschen oder europäesche Fournisseure gehostet ginn.

FinTech

De Finanzsecteur befënnt sech mat der zouhuelender Digitaliséierung am Ëmbroch. Besonnesch wichteg ass hei ze ënnersträichen, datt innovativ IT-affin Betriber Finanzservicer digitaliséieren a selwer als Fournisseur entspriechend Léisungen an Infrastrukture mat enger ganzheetlecher Approche dem Client ubidden.

Si entwéckelen an dëser Hisiicht mobil Bezuelungsmethoden a Blockchain-Technologien, bidden Déngschtleeschtunge ronderëm Kryptowärungen un a grënne Crowdfunding-Plattformen. Duerch hir Offer, déi sech opgrond vun der technologescher Innovatioun stänneg weiderentwéckelt, ergänzen oder ersetze si an dëser Hisiicht zum Deel déi bestoend an traditionell Finanzservicer.

Eis Finanzplaz zu Lëtzebuerg ass fir d'Kompetitivitéit an de Wuelstand vun eisem Land immens wichteg. Dofir ass et wichteg, datt Lëtzebuerg bei der Moderniséierung an der finanzieller Digitaliséierung ka mathalen!

Als ADR fuerdere mir en *Digitaliséierungspakt*, deen déi verfassungsrechtlech Méiglechkeete vun der Kooperatioun tëscht dem Staat an de Gemenge vollstänneg notzt. Mir stinn och engem europäeschen digitale Bannemaart favorabel géigeniwwer, wouduerch eis Geschäftsmodeller europawäit méi einfach skaléierbar sinn. An dëser Hisiicht wëlle mir och Barriären ofbauen, déi opgrond vun Iwwerreguléierunge bestinn, ouni d'Vertragsfräiheet a Fro ze stellen. Sou schafe mir en Europa, dat digital onofhängeg ass, ouni engem digitale Protektionismus ze verfalen.

D'ADR setzt sech a fir Netzneutralitéit an eng fair Konkurrenz am Internet, fir konkret Regulatiounen iwwerall do, wou se sënnvoll an noutwendeg sinn, a fir eng verstäerkten Digitaliséierung fir aktiv Kollaboratiounen ze ënnerstëtzen (LPEA, ALFI, ABBL, HCPF).

31. Sport

Breedesport: De Schlëssel fir Gesondheet a sozialen Zesummenhalt

Och hei am Land si mir mat enger steigender Zuel vun Zivilisatiounskrankheeten, ewéi z.B. Obesitéit, konfrontéiert – an dat ëmmer méi och scho bei Kanner. De Breedesport bleift dofir e Schlësselfaktor, fir d'Gesondheet an dat allgemengt Wuelbefannen an allen Altersklasse beschtméiglech ze förderen. Nieft dem gesondheetlechen Aspekt spillt beim Breedesport och déi sozial Dimensioun eng wichteg Roll. Beim Sport ginn et keng Klassenënnerscheeder: Kanner aus ënnerschiddlechste sozialen a familiäre Strukture fannen zesummen, fir sportlech Aktivitéiten ze praktizéieren, déi Spaass maachen. Och bei der Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger spillt de Sport eng wichteg Roll a verbënnt. Sport am drëtten Alter erhéicht statistesch gesinn d'Liewenserwaardung a schützt viru sozialer Isolatioun an Einsamkeet.

D'ADR wëll déi gesamt Bevëlkerung iwwert d'Virdeeler vu sportlechen Aktivitéite sensibiliséieren – ugefaangen am edukative Beräich. Vun de Crèchen iwwert de Precoce an d'Grondschoul bis hin an de Lycée mussen adequat Programmer ugebuede ginn. D'Personal – Educateuren an Enseignanten – mussen iwwert déi néideg Formatioun verfügen, fir allgemeng Sport a Beweegung kënnen unzebidden. Vun der Primärschoul u muss kënnen op spezialiséiert Personal (Sportseducateur, Turnproff, Schwammmeeschter, asw.) zeréckgegraff ginn.

Mir suergen dofir, datt bestoend Problemer – notamment bei Schoulen a Lycéeën, déi net iwwert eng optimal sportlech Infrastruktur verfügen – séier an onbürokratesch kënnen ugepaakt ginn. All Lycée muss doriwwer eraus iwwert déi néideg Infrastruktur verfügen, fir de Sport an der Hal ewéi och dobausse kënnen auszeüben. Eng weider Méiglechkeet, fir virun allem de Jonke sportlech Aktivitéite méi no ze bréngen, geet iwwert de Wee vun der „non-formaler Bildung". D'ADR engagéiert sech dofir, datt Kanner a Jugendlecher esou – z.B. duerch Aktivitéiten an der Maison relais oder duerch Vakanzenaktivitéiten – mat méiglechst ville Sportaarten a Kontakt kommen.

D'ADR setzt sech iwwerdeems fir eng séier Ëmsetzung vun der „licence unique" an, esou datt Kanner a Jugendlecher mat enger eenzeger Lizenz a belibeg ville Veräiner kënnen aktiv ginn. Dëst erméiglecht e méi onkomplizéierten Zougang zu sportlechen Aktivitéiten.

D'Sportsveräiner, besonnesch bei der Jugend, spillen eng immens wichteg Roll, esouwuel wat d'Méiglechkeet ugeet, fir an engem gudde Kader sportlech aktiv ze sinn, mee och am gesellschaftleche Liewen. D'Veräiner erméiglechen de Leit, fir sech fräiwëlleg zesummen ze engagéieren, a sinn och duerch d'Organisatioun vu ville Manifestatiounen a Fester ganz wichteg fir dat soziaalt Liewen. Hei kënne sech all d'Leit erëmfannen, vu jonk bis al. D'Veräiner maachen och eng wäertvoll Integratiounsaarbecht fir auslännesch Kanner a Jonker. An deem Sënn ass et fir Lëtzebuerg wichteg, esou vill wéi méiglech gutt funktionéierend Sportsveräiner ze hunn. Leider geet den Trend awer an déi Richtung, datt et trotz dem enorme Bevëlkerungswuesstem ëmmer manner Sportsveräiner ginn. Hei wäert d'ADR e Förderungsprogramm opstellen, fir

- d'Grënnung vun neie Sportsveräiner ze ënnerstëtzen.
- de Sportsveräiner besonnesch fir d'Jugendaarbecht méi Subsiden ze ginn.
- d'Veräiner an d'Federatiounen an der Gestioun an Organisatioun ze ënnerstëtzen.

Wat de Sport am drëtten Alter ugeet, engagéiert sech d'ADR dofir, datt de Familljeministère e kloert Konzept ausschaffe soll, wéi een eelere Persounen de Sport méi nobréngt. Et brauch dofir en iwwergräifend Konzept, wou z.B. heifir geschoult Personal an den Altersheemer adequat sportlech Aktivitéiten ubitt, respektiv, eelere Persounen, déi nach doheem liewen, eng erweidert Offer un Aktivitéiten ubitt. Den Ament ass et leider sou, datt dëst am Ermiesse vun den Altersheemer läit, wéi si eeler Persounen u sportlechen Aktivitéite wëllen deelhuele loossen. D'ADR setzt sech dofir an, datt dëst vun der Politik koordinéiert a begleet gëtt, esou datt all eis eeler Matmënschen e Recht op déi selwecht Offer u sportlechen Aktivitéiten hunn.

Héichleeschtunssport

Den Héichleeschtungssport ass integrale Bestanddeel vum internationale Renommée vun eisem Land. Et ass dofir wichteg, eis Elittesportler ze förderen a geziilt Konzepter auszeschaffen, fir datt dës Sportler déi beschtméiglech Konditioune virfannen, fir ze trainéieren an och international ze agéieren. Mir als ADR schwätzen eis och dofir aus, datt de Fraesport, besonnesch am Ekippesport, méi Consideratioun kritt.

D'ADR engagéiert sech fir kloer definéiert Krittären, no deenen eenzel Sportler oder Ekippen, déi international op héijem Niveau untrieden, finanziell gesponsert ginn.

E wichtege Pilier ass dofir, datt mir eisem Sportlycée, deen nieft der Arméi d'Basis fir d'Ausbildung vun eisen Elittesportler duerstellt, déi néideg Ënnerstëtzung zousécheren. Allerdéngs besteet hei nach Verbesserungsbedarf: Aktuell hu vill Verbänn a Federatioune Schwieregkeeten, fir Héichleeschtungssportler déi néideg Konditiounen ze erméiglechen, fir u Léiergäng oder Auslandskompetitiounen deelzehuelen. Dacks spillen hei och finanziell Aspekter eng Roll. Et ass dobäi kloer, datt Lëtzebuerg net op déi selwecht Unzuel un Héichleeschtungssportler zeréckgräife kann ewéi z.B. gréisser Länner. D'ADR engagéiert sech dofir, datt d'Fërdere vun Elittesportler – dozou gehéiert notamment och d'Deelhuelen un internationale Competitiounen – net däerf u finanziellen a bürokrateschen Hürde scheiteren. Mir géifen dofir den Dialog mat de Responsabele vum Sportlycée verbesseren, fir esou geziilt a séier op Problemer ze reagéieren.

E weidere Problem besteet doran, datt de Sportlycée net iwwert déi néideg Infrastrukture verfüügt, fir eng optimal Ausbildung ze garantéieren. D'ADR begréisst dofir, datt en neie Site zu Mamer geplangt ass, wou d'Sportler besser gefërdert a begleet kënne ginn. Allerdéngs kënnt dësen Ëmzuch, wann een déi Responsabel vum Sportlycée héiert, ze spéit. Och hei spillt den Dialog eng Schlësselroll: D'ADR engagéiert sech dofir, datt esouwuel d'Verwaltung ewéi och d'Sportler eng besser Previsibilitéit iwwer zukünfteg Änderungen – sief dat am Beräich vun der Infrastruktur, oder och Programmännerungen – hunn an domat d'Planungssécherheet verbessert gëtt.

Sportschüler hunn en Trainigsvolume vu ronn 25 Stonnen, dobäi komme 25 Stonne regulär Coursen. Zäit fir ze léieren an Hausaufgaben ze maachen ass dobäi nach net mat agerechent: Déi néideg Flexibilitéit beim Ausschaffe vun de Programmer ass dofir en Haaptkrittär fir eng erfollegräich Ausbildung. D'ADR verdeedegt de Sonderstatut vum Sportslycée: D'Symbios vu Sport a Bildung muss lafend op d'Besoine vun de Schüler ugepasst an optiméiert ginn.

D'Elittesport-Ausbildung iwwert de Wee vun der Arméi bleift och en onverzichtbare Pilier fir d'Fërdere vum Héichleeschtungssport. Dës Sportler profitéieren deemno vun engem Revenu a si sozial ofgeséchert. Dës sozial Ofsécherung stellt eng wierklech Plus-value duer fir Persounen, déi sech an den Héichleeschtungssport woen.

D'ADR engagéiert sech iwwerdeems dofir, datt am Staatswiesen, wou duerch dat ofgeännert Sportsgesetz vun 2005 och den „Horaire aménagé" definéiert ass, eng flexibel Interpretatioun vum „horaire aménagé" fir Spëtzesportler méiglech ass.

Am Privatsecteur muss iwwerdeems déi néideg Balance fonnt ginn, datt de sportlechen Engagement op héijem Niveau vum Ugestallten net zu Laaschte vum Betrib oder Patron ass. De Staat soll, do wou et néideg ass, d'Betriber geziilt ënnerstëtzen, och finanziell, datt och Ugestallte vum Privatsecteur dem Héichleeschtungssport kënnen an engem Mooss nogoen, dee fir si zefriddestellend ass.

Allgemeng ass ze soen, datt d'Professionalitéit an den Niveau am internationale Sportberäich rapid klëmmt. Ëmmer nei Ufuerderunge ginn un déi sportlech Ausbildung gestallt. Den Elittesport steet a fält dofir mat der Professionalitéit vun de Coachen an Traineren. Fir am internationale sportlechen Ëmfeld bestoen ze kënnen, ass dofir eng gerecht Remuneratioun vun deene Leit essentiel.

Als ADR si mir strikt dergéint, datt iergendwann hei am Land biologesch Männer u weibleche Sportskompetitiounen deelhuele kënnen (an ëmgedréint). Mir wäerten dofir suergen, datt hei den entspriechende gesetzleche Kader geschaf gëtt.

Federatiounen a Sportveräiner ënnerstëtzen a fir déi néideg Infrastruktur suergen

Déi sëllege Federatiounen a Sportveräiner bilden d'Grondbasis fir de sportlechen Engagement vun der Bevëlkerung. D'Aarbecht vun deene ville Fräiwëllege stellt d'Sail duer, op déi d'Aarbecht vun de Federatiounen opgebaut ass. Leider ass iwwert déi lescht Jore festzestellen, datt d'Zuel vun de Fräiwëllegen – net nëmmen am sportleche Beräich – tendenziell erofgeet.

Fir déi onverzichtbar Aarbecht vun de Fräiwëllegen ze valoriséieren, muss d'Politik dofir déi néideg Ureizer schafen, fir datt dës Leit an engem zefriddestellende Mooss hirer Aarbecht kënnen nogoen: D'ADR engagéiert sech dofir, datt all national Federatiounen op d'mannst iwwert eng national Infrastruktur matbestëmme kann, an där „hir" Sportler ënner optimale Konditiounen trainéiere kënnen. Bei international wettbewerbsfäege Leeschtunge subventionéiert de Sportsministère e professionellen nationalen Trainer. Dëst

geschitt, nodeems sech mam COSL berode gouf, woubäi och net olympesch Sportaarte berécksiichtegt ginn.

An engem Ëmfeld, an deem den administrativen Opwand zouhëlt, engagéiert sech d'ADR dofir, datt d'Federatiounen och ënnerstëtzt ginn, fir dat néidegt Verwaltungspersonal anzestellen.

Do, wou aktuell am Hibléck op déi néideg Infrastrukturen nach Problemer bestinn, muss nogebessert ginn. Dëst geet net ouni deen néidegen Dialog mat den Acteuren um Terrain. An deem Kontext sief z.B. de Klammsport, deen zu Lëtzebuerg ëmmer méi beléift gëtt, ernimmt. D'Lëtzebuerger Klammfederatioun FLERA fuerdert zanter Joren d'Ouverture vun neie Sitten. An den 80er Jore goufen et siwe verschidde Klammgebidder am Land, zënter 2002 däerf ee just nach an der Wanterbaach zu Bäerdref klammen – e Gebitt, wat op 0,5 Hektar reduzéiert ass. Dëse Site ass grad am Summer an de Weekend iwwerlaascht. D'ADR engagéiert sech an deem Kontext dofir, datt weider Sitte sollen opgemaach ginn, fir ze dezentraliséieren an esou d'Belaaschtung vum aktuelle Site ze reduzéieren.

Och aner Sportaarten, ewéi z.B. de VTT-Enduro/Downhill-Biking, ginn ëmmer méi beléift. Hei soll eng Analys gemaach ginn, ob een net hei am Land méi Bike-Parken uleeë sollt. Esou e Bike-Park géif och zu der Attraktivitéit vun eisem Land als Sport- a Fräizäit-Standuert bäidroen.

Mat der ADR kréien d'Federatiounen an d'Veräiner besser Infrastrukturen an e méi generéise staatleche Finanzement fir hiert Engagement, sportlech Aktivitéite fir eis gesamt Gesellschaft zougänglech ze maachen.

Parasport: Fir eng wierklech Gläichstellung

D'ADR ass prinzipiell der Meenung, datt sportlech Meritte vu Persoune mat engem Handicap oder mat spezifesche Besoinen déi selwecht Unerkennung verdéngen ewéi am reguläre Sportberäich.

D'Acteuren um Terrain bekloen allerdéngs, datt déi heifir noutwendeg Ënnerstëtzung feelt. D'ADR engagéiert sech dofir, datt dem Parasport dat selwecht Mooss u Professionaliséierung zoukënnt, ewéi dat am reguläre Sportberäich de Fall ass.

D'ADR wäert déi laang Fuerderung vun enger absolutter Gläichstellung vum Parasport par Rapport zum reguläre Sportberäich endlech ëmsetzen.

E wichtege Pilier heifir ass, datt schonn am schoulesche Beräich Kanner a Jugendlecher mat engem Handicap oder mat spezifesche Besoinen déi nämmlecht Perspektiv fir eng Professionaliséierung vum sportlechen Engagement erwaarde kënnen ewéi am reguläre Sportberäich.

Duerch eng vun der Politik begleete Sensibiliséierung soll déi gesondheetlech a sozial Bedeitung vum Para-Sport ënnerstrach ginn.

Nei Tendenzen erkennen a begleeden

Gesellschaftlech an technologesch Verännerunge fannen och de Wee an de Sport. Neierungen, déi d'Definitioun vun deem, wat gemenkerhand als „Sport" definéiert ka ginn, a Fro stellen, mussen dofir eescht geholl ginn. Dëst betrëfft virun allem de sougenannten „E-Sport" – also Sport iwwert de Wee vun elektroneschen an digitalen Instrumenter a Plattformen. Haut scho ginn international renomméiert Kompetitiounen organiséiert, wou professionell Videospiller géinteneen untrieden. Dës Competitiounen si ganz änlech wéi klassesch leeschtungssportspezifesch Kompetitiounen organiséiert – et gëtt dobäi en entspriechende Valoriséierungssystem, och z.B. duerch Medailen.

D'ADR engagéiert sech dofir, esou Neierungen am Sportberäich ze begleeden, an de gesetzleche Kader wann néideg unzepassen. Och hei zu Lëtzebuerg besti Gruppéierungen, déi op méi oder manner professionell Manéier esou Sportaarten noginn. Hei feelt et awer virun allem un där néideger Kommunikatioun vu Säite vum Sportsministère. D'ADR engagéiert sech fir e wierklechen a permanenten Dialog, fir esou Neierungen am Sportberäich professionell ze encadréieren.

32. Eis Jugend héieren an ënnerstëtzen

Der Jugend eng Zukunft ginn

Eis Jugend stellt d'Zukunft vu Lëtzebuerg. Et ass héich Zäit, deene Jonken eng sécher Hand ze reechen a keng Politik op Käschte vun den nächste Generatiounen ze maachen. D'ADR wëll, datt déi Jonk houfreg drop sinn, zu Lëtzebuerg ze gehéieren, datt si dynamesch sinn, innovativ, kreativ, motivéiert a voller Zouversiicht. Mir wëllen déi Jonk op hirem Wee an en eegestännegt Liewen ënnerstëtzen. Dozou gehéieren d'Ausbildung an de Studium, den Zougang zum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, d'Acquisitioun vun engem Logement an d'Grënnung vun enger eegener Famill.

Déi Jonk méi abannen

Organisatiounen ewéi d'Jugendparlament an aner Jugendorganisatioune sollten duerch e konkret Abannen an d'Nationalpolitik méi geschat ginn, andeems hiren Avis bei bestëmmte Gesetzesprojeten, déi virun allem déi Jonk zu Lëtzebuerg betreffen, consideréiert gëtt. D'ADR setzt sech dofir an, datt den Avis vu verschiddene Jugendorganisatioune bei der Entwécklung vun esou Projete gefrot an diskutéiert gëtt.

Jonker, déi schaffe ginn, entlaaschten!

Jonk a motivéiert Studenten, déi eng Bourse an e Prêt ufroen, sinn a Bezuch op en Nieweverdéngscht u gewësse Limitte gebonnen an däerfe sech doduerch net méi wéi 700 Euro de Mount niewelaanscht verdéngen. Dat ass problematesch, well et ville jonke Studente verbitt, sech e konkret Niewenakommes opzebauen. E jonke Mënsch, dee motivéiert genuch ass, wärend sengem Studium nach niewelaanscht ze schaffen, soll seng Bourse bäibehale kënnen, ouni datt säin Niewenakommes un eng Limitt gebonnen ass. An deem Sënn wëll d'ADR dës Restriktioun ofschafen an déi Jonk domat ënnerstëtzen, datt si wärend hirem Studium scho kënne spueren, fir hire Studenteprêt nom Studium ofzebezuelen an doduerch manner finanziellen Drock bei hirem Start an d'Aarbechtswelt ze hunn.

Studentewunnengen a Wunngemeinschaften

An Zäite vun enger Wunnengskris ass et wichteg d'Studenten net ze vergiessen. Och déi si staark betraff vum Logementsproblem. Et ginn einfach net genuch Studentewunnengen. Et sinn dobäi net just Studenten, déi aus dem Ausland kommen, déi op eng Studentewunneng ugewise sinn. Och Jonker vu Lëtzebuerg, déi hire Studium am eegene Land wëlle maachen, sichen dacks eng Studentewunneng. Dobäi wunne verschiddener méi wäit vum Uni-Campus Belval ewech an hunn eng schlecht Ubannung vum ëffentlechen Transport. Anerer wëllen d'Studenteliewe mat allen Aspekter vun der Selbstännegkeet erliewen, wou och Elengwunnen derzougehéiert.

D'Uni.lu bitt Studentewunnheemer op ënnerschiddleche Sitten un. Mee d'Nofro ass bei Wäitem méi grouss eméi d'Offer. Eng ze geréng Offer u Studentewunnenge bei gläichzäiteg enorme Wunnkäschten um Lëtzebuerger Wunnengsmaart däerf net dozou féieren, datt Studente sech aus Käschtegrënn géint e Studium op der Lëtzebuerger Universitéit entscheeden.

Dofir wäert d'ADR fir eng méi grouss an ugepassten Offer u Studentewunnenge suergen. Well d'Verwaltung an de Gros vun den Instituter um Site Esch-Belval sinn, sollen och besonnesch an dësem Raum méi Studentewunnenge geschaf ginn. Kuerzfristeg wëlle mir d'Wunnengsbäihëllef fir d'Studente vun der Uni.lu erhéijen, bis déi néideg Offer ka realiséiert ginn.

De momentane gesetzleche Kader fir WG'en ze grënnen ass fir de Proprietaire net lukrativ genuch, a fir d'Locatairen ze komplizéiert. An deem Sënn envisagéiert d'ADR, fir hei e bessere gesetzleche Kader auszeschaffen, deen attraktiv Viraussetzunge schaaft, fir eng Wunngemeinschaft vu Studenten ze grënnen.

33. Staark an autonom Gemengen

Kompetent politesch Gouvernance

D'ADR verdeedegt de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. Am Sënn vum Subsidiaritéitsprinzip soll de Staat sech just ëm déi Aufgabe këmmeren, déi net besser um Gemengenniveau ze erleedege sinn. Mir wieren eis géint eng Entmuechtung vun de lokale Strukturen.

Fir datt d'Membere vu Gemengen- a Schäfferéit hirer Aufgab kënne gerecht ginn, ënnerstëtzt d'ADR systematesch Formatiounen, déi hinnen z.B. am Kader vum Congé-formation offréiert ginn. Esou wéi d'Gemenge wuessen, wuessen och d'Ufuerderungen un d'Gemengen an hir Ugestallten. Hiren Aufgabeberäich gëtt méi komplex an dowéinst suergt d'ADR fir eng konsequent Weiderbildung an investéiert geziilt an den Know-How vun der Gemeng hire Beschäftegten.

Fir eng staark a modern Gemeng ze hunn, mussen och d'Gemengestrukture gestäerkt ginn. An deem Sënn schwätzt d'ADR sech och dofir aus, datt de Buergermeeschter an d'Schäffen am Verwaltungsrot vum jeeweilege Sozialbüro kënne sëtzen, fir esou eng virdeelhaft Zesummenaarbecht ze begënschtegen. Et si virun allem de Buergermeeschter an d'Schäffen, déi als Exekutiv eng politesch Responsabilitéit droen. Well dës awer ëmmer weider wiisst an d'Erausfuerderungen och méi grouss a méi komplex ginn, ass et schwéier deem lokalpoliteschen Engagement no beschtem Wëssen a Gewëssen nozekommen, wann dofir net genuch Zäit zur Verfügung steet. Mee och d'Membere vum Gemengerot brauche méi Zäit, wa si sech seriö an der Gemengepolitik engagéiere wëllen.

De gudde Wëlle geet einfach net duer, fir dat lokalpolitescht Mandat effikass am Déngscht vun den Awunner auszeféieren a gläichzäiteg dem Haaptberuff nozegoen. Dat ass dacks besonnesch da schwiereg, wann déi gewielte Lokalpolitiker an der Privatwirtschaft schaffen oder mat aarbechtsrechtlechen oder gesetzleche Restriktioune konfrontéiert sinn.

An den Ae vun der ADR wier et néideg, datt d'Gemengen – onofhängeg vun der Awunnerzuel – e Vollzäitbuergermeeschter hätten, dee sech ganz an haaptberufflech op seng Aarbecht an déi wichteg Decisiounen an der Gemeng konzentréiere kann. Et gëtt Zäit, datt endlech de Statut vum lokale Politiker agefouert gëtt, wat eventuell och nach méi Jonker encouragéiere kéint, sech lokalpolitesch anzebréngen. Duebelmandater fir Buergermeeschter a Schäffe

sollen ofgeschaf ginn, esou datt national a lokal Mandater mat Exekutivfunktioun kloer solle vunenee getrennt ginn. An deem Sënn setzt d'ADR sech op nationalem Niveau dofir an, datt Lokalpolitiker an Zukunft méi Disponibilitéit kréien an datt kloer Dispositioune festgeluecht ginn, wat hir Aufgaben a Rechter ugeet. Bei kommunale Gesetzer a Reglementer missten d'Gemengen dann och méi an d'Legislatiounsprozedur mat agebonne ginn. D'ADR vertrëtt d'Meenung, datt d'Gemengen net just solle staatlech Decisiounen empfänken an ëmsetzen, mee och aktiv um Entscheedungsprozess kënnen deelhuelen a fir hiren Avis zu Gesetzesprojeten, déi si betreffen, gefrot ginn. Och bei den Themen, déi eng national oder esouguer iwwerregional Bedeitung hunn, eréi z.B. d'Landesplanung, de Waasserschutz oder d'Mobilitéit, sinn d'Gemenge fir eis e wichtegen, wäertvollen a kompetente Partner, deen an allen Diskussiounsphase muss agebonne ginn. Des Weidere sollten d'Gemengen och bei Reformen am ëffentlechen Déngscht a bei Gehälterverhandlunge mat an d'Diskussioune geholl ginn, schliisslech sinn de Gemengen hir Beschäftegter dobäi och betraff.

D'ADR wäert an der Gemeng e Poste vun engem Familljebeoptraagte schafen. Mir sinn net iwwerzeegt vum Regierungskonzept, dat e Gläichstellungsbeoptraagten an all Gemeng recommandéiert. Et wier vill méi sënnvoll an néideg, datt d'Gemengen e Familljebeoptraagten hätten, fir Eltere mat hire Kanner beschtméiglech ze ënnerstëtzen. Dofir wäerte mir dëse Posten amplaz vum Gläichstellungsbeoptraagten an Ärer Gemeng aféieren.

Pecherten

D'Kapazitéite vun der Police gi scho laang net méi duer, fir d'Sécherheet am ëffentleche Raum ze garantéieren. Dofir begréisst d'ADR, datt de Kompetenzberäich vun de Pecherten (Agents municipaux) erweidert gouf. Allerdéngs wäert d'ADR sech engagéieren, fir datt dat betreffend Gesetz, dat sech deelweis nach an enger rechtlecher Grozon befënnt, esou séier wéi méiglech ugepasst a wann néideg erweidert gëtt.

De Gewalt- an Aggressivitéitspotenzial beim Feststelle vun Delikter ass net ze ënnerschätzen an d'Beamte mussen iwwert déi néideg Kompetenze verfügen, fir hirer Aarbecht op eng sécher a professionell Manéier kënnen nozegoen a sech am Noutfall och kënnen ze verdeedegen. Dofir musse si onbedéngt déi dofir néideg Formatiounen,

Infrastrukturen an Ekipementer kréien. Och dorëm wëlle mir eis um staatlechen Niveau këmmeren.

Iwwerdeems bedeit d'Beaarbechte vun de Verwaltungsstrofen e groussen administrativen Opwand. D'Gemenge kéinten hei séier un hir Grenze stoussen, dofir si mir der Opfaassung, datt de Staat dës Aufgab iwwerhuele soll oder op d'mannst dobäi hëllefe muss.

Duerch dës Entlaaschtung kann d'Police sech méi op d'Sécherheet konzentréieren, esou datt verschidde Gemengen net op privat Sécherheetsfirmen zeréckgräife mussen, fir d'Sécherheetsgefill bei de Leit ze stäerken an d'Kriminalitéit ze verhënneren.

Lieweg Gemengen

Fir d'ADR ass et aus ville Grënn wichteg, datt d'Gemengen, d'Uertschaften an d'Quartieren uechtert d'ganzt Land nees opliewen. Wann den Duerfkär den Awunner e klenge Supermarché oder eng Epicerie bitt, e Metzler an eng Bäckerei, en Zeitungsbuttek, eng Post- an eng Bankfilial a Servicer aus dem Gesondheetswiesen, eréi eng Apdikt an en Dokter-Cabinet, gëtt erméiglecht, datt ee seng Erleedegungen am Alldag ouni laang Weeër maachen a méi liicht organiséiere kann.

Et hëlleft eelere Leit, méiglechst laang an hirer gewinnter Ëmgéigend an an hirem eegenen Doheem kënne wunnen ze bleiwen. Och fir Familljen a Jonggesellen, déi vollzäit schaffen, ass et méi einfach an zäitspuerend, wa si no der Aarbecht nach e puer Kommissiounen am Duerf erleedege kënnen. All dës Servicer spillen och eng droend Roll als Begéinungsraum, wou d'Leit sech treffen a sozial Kontakter fleegen. Dat ass wichteg, fir d'gesellschaftlech Isolatioun ze evitéieren an d'sozial Kohäsioun ze stäerken.

Iwwerdeems ass grad d'Epicerie an der Uertschaft favorabel fir d'Promouvéieren an d'Verkafe vu regionale Lëtzebuerger Produkter. Dëst schaaft praktesch niewebäi eng favorabel Situatioun fir d'Lëtzebuerger Produzenten an Ekonomie. E weidere Pluspunkt ass, datt een net op den Auto ugewisen ass. Dat ass férderlech fir d'Gesondheet, well d'Leit ganz niewebäi nees méi Beweegung am Alldag kënnen hunn, an et ass sécherlech och net vun Nodeel fir de Verkéier.

Et bréngt eng besser Liewensqualitéit, wa mir lieweg Duerf- oder Quartierszentren hunn, mat all deene genannten néidegen Déngschter. Hei kann net just d'Gemeng intervenéieren,

mee och de Staat kann hei iwwert d'Locatioun a Steierdeductiounen an aner favorabel Konditioune geziilt an aktiv dofir suergen, datt sech déi Servicer an eisen Uertschaften nees erëmfannen.

Och wat d'Bankfilialen a Geldautomaten ugeet, huet de Staat eng Handhab. Et ginn ëmmer weider Déngschtleeschtunge gestrach, Geldautomate verschwannen a Filiale ginn zougemaach. Mir als ADR suergen dofir, datt de Banken en Ultimatum gestallt gëtt, sech selwer ze verflichten, nees méi Geldautomaten an all Uertschaft oder Gemeng, uechtert d'ganzt Land, opzeriichten. Anerefalls géinge si per Gesetz dozou verflicht ginn, de Bierger méi Méiglechkeeten ze bidden, Boergeld opzehiewen. De belsche Premier a seng Regierung hunn dëst mat Erfolleg virgemaach. Deemno gëtt an all Gemeng e Geldautomat installéiert. Donieft ginn elo eng 80 Automaten, déi eigentlech sollten ofgeschaaft ginn, bäibehalen. Bis 2025 sollen an der Belsch eng 720 Automaten installéiert ginn, fir den Accès op Boergeld fir jiddereen ze assuréieren. Dat weist, datt de Staat mam néidege Wëllen an Engagament genuch Afloss huet. Mir wäerten op déi Manéier och fir nees méi Bankfiliale suergen. Mat de Geldautomaten a Filiale vun der Post wäerte mir et d'selwecht maachen.

Gemengefinanzen

De Gemengebudget muss mat der néideger Verantwortung geréiert ginn. An deem Sënn setzt sech d'ADR um nationalen Niveau derfir an, datt d'Gemengefinanzen der Kontroll vum Rechnungshaff ënnerstallt ginn.

Nom Prinzip vun der direkter Demokratie wëll d'ADR d'Awunner méi staark bei den Decisiounen iwwer gréisser Investissementer abannen. Bei Projeten, déi mat groussen Investissementer verbonne sinn an domat e groussen Impakt op de Gemengebudget hunn, soll fir d'éischt e Referendum ofgehale ginn, bei deem d'Awunner mat entscheede kënnen, ob si dee Projet an hirer Gemeng wëlle realiséiert hunn a mam Investissement averstane sinn. Fir d'ADR ass déi direkt Biergerbedeelegung ganz wichteg. Dofir wëlle mir och generell d'Modalitéite vereinfachen, fir e lokale Referendum op Initiativ vun de Bierger ze organiséieren. Esou misst ëmmer e Referendum ofgehale ginn, wa 15 Prozent vun de Bierger, déi op der Wielerlëscht ageschriwwe sinn, dëst fuerderen. D'Asammele vun den Ënnerschrëften zu deem Zweck soll iwwer Internet an um Pabeier organiséiert ginn.

D'Finanzsituatioun vun de Gemengen däerf net onnéideg belaascht ginn, doduerch datt hinnen ëmmer weider nei Aufgaben operluecht ginn. Dëst dreift nämlech d'Gemengentaxen an d'Luucht, well déi weider Ausgabe musse finanzéiert ginn. Dowéinst setzt sech d'ADR op nationalem Niveau dofir an, datt de Staat d'Finanzéierung garantéiert, wann der Gemeng weider Aufgaben operluecht ginn. D'Gemenge mussen awer och ëmmer nach e gewëssene Spillraum behalen, an deem si eegestänneg decidéiere kënnen, wéi si hir Geldmëttelen notzen. Allgemeng sollen un d'Gemengen delegéiert Aufgaben, respektiv d'Gemenge betreffend Gesetzer ëmmer eng Berechnung vum finanziellen Impakt bäileien hunn, fir datt d'Gemengen hir Finanze mat der néideger Seriositéit verwalte kënnen. Fir d'ADR ass et dann och néideg, datt dës Gesetzer an déi zougedeelten Aufgaben no e puer Joer an dann och reegelméisseg evaluéiert ginn op d'Funktionalitéit an d'Käschten, fir datt, wann néideg, Upassunge kënne gemaach ginn. Och d'Inflatioun muss hei mat berécksiichtegt ginn. Dëst wäert d'ADR op nationalem Niveau upaken.

D'ADR setzt sech dann och dofir an, datt d'Spezialsubventioun fir Gemenge mat manner wéi 2000 Awunner ugepasst an erhéicht gëtt.

Fir datt d'Gemengen um Wunnengsmaart méiglechst aktiv agéiere kënnen, sollte si bei der Verwaltung vu soziale Mietwunnenge méi staark ënnerstëtzt ginn. D'Joressubventioun pro Wunneng fir d'Begleetkäschte vun der Gemeng sollt ugepasst a gehéicht ginn.

D'Entwécklungshëllef ass prioritär eng staatlech, an net eng kommunal Aufgab. Well d'Gemengen awer eege Programmer fir Entwécklungshëllef opstellen, sollen dës mam Staat koordinéiert ginn, fir duebel Aarbecht an Inkohärenzen ze verhënneren.

Gemengefusiounen

D'ADR ass éischter skeptesch, wat Gemengefusiounen ugeet. A grousse Gemenge ginn d'Weeër méi wäit an d'Politik ass net esou no beim Bierger wéi a klenge Gemengen. Wichteg ass, datt dës Fusiounen awer ëmmer mussen um Prinzip vun der Fräiwëllegkeet berouen, woubäi d'Awunner hiren Accord iwwert de Wee vum Referendum musse ginn. Et däerf net sinn, datt dëst iwwert eng zentral geplangten Territorialreform vum Banneministère entscheet an ëmgesat gëtt.

De Wee vun der Fusioun ass radikal, an et kann ee Gemengen net dozou forcéieren. Trotzdeem ass um klenge Lëtzebuerger Territoire eng besser a méi käschtegënschteg Opdeelung vun de Lokalitéite méiglech. An den Nopeschlänner (z.B. Frankräich) hu sech Forme vu Gemengekooperatioun entwéckelt, déi manner definitiv a manner radikal sinn eréi eng Fusioun. An awer bidden dës Kooperatiounen e Kader, deen d'Existenz, den Numm a vill Kompetenze vun enger Gemeng net a Fro stellt, mee d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen encouragéiert, do wou et Sënn mécht.

D'punktuell Zesummenaarbecht vu Gemengen ass zu Lëtzebuerg schonn iwwer Syndikater méiglech, déi ënnerschiddlech Schwéierpunkten hunn.

D'ADR huet awer d'Iddi, de Gemengen eng Organisatiounsform ze presentéieren, déi eng méi groussflächeg Kooperatioun erlaabt eréi en (éischter) onpolitesche Gemengesyndikat. Dogéint wier déi Organisatiounsform awer geographesch méi begrenzt (op Nopeschgemengen) a géing de Schäfferéit en direkt, och politescht, Matsproochrecht garantéieren (z.B. a gemeinsame Sëtzunge vun de Schäffe- bzw. Gemengeréit). Wichteg wier och, dës Kooperatioun zäitlech ze limitéieren a si duerno, wa gewënscht, nees ze verlängeren. Dat géing et de Gemengen erlaben, d'Virdeeler an d'Friichten, déi aus dëser Kooperatioun entstane sinn, ze evaluéieren. Dorops kéint dann iwwert de Sënn vun enger Verlängerung vun der Kooperatioun entscheet ginn.

Anescht eréi a Frankräich, hätt d'Lëtzebuerger Gemengekooperatioun net d'Recht, Taxen ze erhiewen. Et géing sech och net vill um Gemengefinanzement änneren, esou datt d'Aspuerungen duerch Synergië géingen an d'Täsche vun de bedeelegte Gemenge fléissen.

De Staat kéint dës Kooperatiounen ënnerstëtzen duerch eng nach méi generéis finanziell Bedeelegung u spezifesche Kooperatiounsprojeten an duerch e méi generéise politesche Congé fir d'Schäffen- an d'Gemengeréit, déi weider Zäit fir interkommunal Reunioune brauchen. Gemengen, déi op de Wee vun enger Deelfusioun ginn an doduerch verstäerkt kooperéieren, sollten op déi Manéier zousätzlech subventionéiert ginn.

34. E stabilt Konzept fir den Tourismus zu Lëtzebuerg

Lëtzebuerg huet mat sengen eenzegaartegen Natur- a Kulturlandschaften e grousst touristescht Potential. D'Politik, fir den Tourismus ze fërderen, däerf dofir net dra bestoen, ewéi dat aktuell zum Deel de Fall ass, fir méi oder manner onkoordinéiert Subsiden ze verdeelen. Lëtzebuerg brauch e Gesamtkonzept fir déi touristesch Promotioun vun eisem Land.

Grondbasis fir e geléngend Vermaarte vun eisem Land ass e positiivt Selbstbild vun eiser Natioun. Sech zum Tourismus bekennen, heescht an éischter Linn sech zu eisem Land bekennen. Dee vun der Regierung ausgeschaffte Slogan „Luxembourg – Let's make it happen" ass banal, austauschbar a seet an deem Sënn näischt aus. D'ADR huet sech an hirer parlamentarescher Aarbecht iwwert déi lescht Joren dofir staark gemaach, datt d'Touristen, wann si an eist Land kommen, direkt e positiivt Bild vun eisem Land solle vermëttelt kréien. Mir setzen eis dofir an, datt – wéi dat an anere Länner iwwregens scho laang de Fall ass – op eisem Flughafen an op eise Garen, also do, wou d'Touristen zum groussen Deel hiren éischten Androck vu Lëtzebuerg kréien, direkt grouss Affichen – sief dat a Form vu grousse Plakater oder elektronesche Werbetafelen – mat eise schéinsten Uertschaften, Landschaften, Kulturinstitutiounen an -gidder, asw. siichtbar sinn. Dëst ass aktuell just ganz begrenzt de Fall, amplaz z.B. vum Veianer Schlass fënnt een éischter kommerziell Affichen. Och d'Promotioun vu Lëtzebuerg am Ausland muss natierlech zentraliséiert gemaach gi mat entspriechende Prospekter, déi eist ganzt Land presentéieren.

Regional denken – iwwerregional vernetzen!

Déi touristesch Promotioun vun eisem Land kann nëmmen da geléngen, wann d'Politik keng dirigistesch Approche anhëlt a virun allem de verschiddene regionale Syndikater deen néidege Fräiraum fir d'Ausschaffe vun touristesche Konzepter zougesteet. Déi sëllegen Acteuren, déi regional vernetzt sinn, wëssen duerch hir alldeeglech Aarbecht um Terrain am beschten, wéi si hir Regioun opwäerte kënnen. D'ADR begréisst an deem Zesummenhank, datt sech an alle Bezierker vum Land sëlleg Syndikater an Associatiounen, déi zum Deel och kommunal organiséiert a gefërdert ginn, zesummefanne fir déi regional Promotioun vum Land. Konzepter, ewéi z.B. déi rezent Initiativ vum „Wëlle Westen" – d'Promotioun vum Weste vum Land mat senger joerhonnertenaler Industriegeschicht vum Schiferofbau zu

Uewermaartel – si beispillhaft dofir, wéi sech déi verschiddenst Acteuren, d'Gemeng, privat Associatiounen, asw. zesummefannen, fir hir Regioun opzewäerten an touristesch ze vermaarten. D'ADR setzt sech dofir an, datt esou Initiativ generéis finanziell geförderd ginn, och schonn op kommunalem Plang. Am Hibléck op déi grouss landschaftlech a kulturgeschichtlech Diversitéit vu Lëtzebuerg ass et dofir wichteg, zum enge regional ze denken, zum aneren awer déi verschidde Konzepter iwwerregional ze förderen an ze vernetzen. D'ADR setzt sech an deem Kontext dofir an, datt déi verschidde regional touristesch Konzepter fir eis auslännesch Gäscht zentral erëmzefannen sinn, dofir brauch et e permanent Upasse vun touristesche Broschüren, Publikatiounen, asw. – och an digitaler Form.

Keng sozial Diskriminatioun beim Tourismus!

Et ass iwwert déi lescht Jore leider festzestellen, datt käschtegënschteg Méiglechkeeten, eist Land touristesch ze erfuerschen, méi a méi zeréckginn. Iwwert déi lescht 20 Joer hu 40 Camping-Betriber am Land hir Dieren zougemaach. Dëst huet besonnesch och de ländleche Raum haart getraff, well duerch d'Zoumaache vu Camping-Betriber och sëllegen Horeca-Betriber hir Dieren zougemaach hunn. D'ADR setzt sech nieft héichwäertegen Horeca-Infrastrukturen dofir an, datt och Leit mat klengem Portmonni eist Land weiderhi besiche kënnen. Virun allem beim Ausbau vun de Jugendherberge besteet nach vill Loft no uewen. Konzepter fir eng Jugendherberg feelen an de meeschte Fäll awer nach ëmmer. D'ADR setzt sech dofir an, datt de Staat de Gemenge beim Ausbau vu käschtegënschtegen Tourismusalternativen ënnert d'Äerm gräift. Kritt eng Gemeng ee fir d'Regioun wichtege Projet – en aktuellt Beispill ass z.B. déi Veianer Schwämm – eleng net gestäipt, soll de Staat de Gemengen ënnert d'Äerm gräifen.

Kongresstourismus förderen

Als wichtege Finanzstanduert a Standuert vun internationalen Organisatiounen ass zu Lëtzebuerg och de Kongresstourismus net méi ewechzedenken. Dacks feelt et awer un Offeren, fir koordinéiert dagestouristesch Aktivitéiten unzebidden. D'ADR mécht sech

staark dofir, datt dagestouristesch Aktivitéite besser ausgebaut a koordinéiert ginn. D'Regierung soll dofir suergen, datt d'Hoteller dëst verstäerkt promouvéieren.

Fir déi néideg Infrastruktur suergen!

D'ADR engagéiert sech dofir, datt touristesch Offere besser mat der Groussregioun koordinéiert ginn – dëst fänkt scho bei de verkéierstechneschen Infrastrukturen un. Besonnesch beim Zuchreseau feelt et – grad am Hibléck op Däitschland – un direkte Verbindungen op Lëtzebuerg. Et brauch koordinéiert Efforten, fir d'Reesdauer op Lëtzebuerg an d'Zuel vun den Echangë beim Zuchreseau ze reduzéieren. D'Diskussioun ëm d'Infrastrukture bezitt sech awer och op Lëtzebuerg selwer, notamment op de Vëlos- a Wandertourismus. Et sinn an de leschte Jore grouss Efforten ënnerholl ginn, fir déi verschidde Wanderregioune besser ze beschëlderen an ze vernetzen. Well awer ëmmer nei Wanderweeër entstinn a matenee vernetzt ginn, ass et wichteg, d'Beschëlderung permanent unzepassen. Et mussen doriwwer eraus verstäerkt Efforten ënnerholl ginn, fir geféierlech Passagen – also do, wou Wanderweeër zu engem klengen Deel nach iwwert Nationalstroosse verlafen – ze entschäerfen an esouwäit wéi méiglech vun Haaptverkéiersachsen ewechzehalen.

Och wat d'Vernetze vun de Vëlosweeër ugeet, bleift nach vill ze maachen – grad am ländleche Raum feelt et un engem zesummenhängenden Netz u Vëlosweeër. Vëlosnetzer sinn nach ëmmer ze vill fraktionéiert a schneiden ëmmer rëm wichteg Verkéiersachsen un. D'ADR engagéiert sech dofir, datt endlech en iwwerregionaalt Gesamtkonzept fir zesummenhängend Vëlosnetzer ausgeschafft gëtt.

Wann et dem Tourismus gutt geet, geet et eisem Land gutt!

E floréierenden Tourismus ass e Gewënn fir eist Land, a Lëtzebuerg profitéiert a senger Integralitéit dovun. Et kënnt eise Gemengen zegutt, eisem Horeca-Secteur, eisem Geschäftsliewen, kuerz: eiser gesamter Wirtschaft. D'ADR engagéiert sech dofir, datt Lëtzebuerg attraktiv bleift fir eis auslännesch Gäscht. Eisen Tourismussecteur fousst iwwerdeems nieft der Aarbecht vu Professionellen och op dem Engagement vu sëllege Fräiwëllegen. Si gëllt et ze ënnerstëtzen, fir datt eist Land mat senger regionaler Diversitéit

eng wierklech Revelatioun fir eis Touristen duerstellt. D'ADR wäert aktuell bestoend Erausfuerderunge mat Courage a mam néidegen Engagement ugoen.